Déi meescht Fäll vu Rassismus ginn an de Beräicher Wunnengssich, Aarbechtsmaart an Education erlieft, wéi de CEFIS (ndlr: Centre d'étude et de formation interculturelles et sociales) a sengen Etüde betount. Si hunn iwwregens och eng ganz interessant exemplaresch Etüd zu der Situatioun a Benodeelung vun de Kapverdianner zu Lëtzebuerg gemach.

An der Education, esou héiert ee bei ville Leit, mierkt een de Problem besonnesch beim Punkt Orientéierung an de Classique, de Général oder soss emol den Technique, oder an de Préparatoire, soss emol Modulaire. An dat verstärkt erëm eng Kéier déi sozial Ongläichheeten an An hannen um Enn si mer an engem Däiwelskrees. Logement, Aarbechtsmaart, Schoul, dat nennt een iwwregens net individuellen Alltagsrassismus, mee strukturellen, systeemesche Rassismus.

D'European Union Agency for Fundamental Rights (FRA) huet 2018 mat hirer Etüd „Being Black in the EU“ fir allgemeng Konsternatioun gesuert, och hei zu Lëtzebuerg. Bei der empfongter rassistesch motivéierter Belästegung vu Mënschen afrikanescher Ofstamung läit Lëtzebuerg mat 52 % - 52 % ! - op där zweetschlämmster Plaz vun deenen zwielef Länner, déi matgemaach hunn.

Bei der Diskriminatioun opgrond vun ethnescher Hierkonft oder Migratiounshannergrond si mer bäi Wäitem déi Schlämmst, souwuel am leschte Joer wéi och iwwert déi lescht fënnf Joer gekuckt. 14 % vun hinne sinn extreem aarm opgrond vum Logement am Verglach zu 2 % vun der Gesamtbevëlkerung. A wann een



dat zesumme kuckt, da muss ee soen, do gëtt et tatsächlech e Problem. A bei der legendärer Konferenz „Being Black in Luxembourg“ goufen dës Zuelen duerch erschreckend Temoignagë mat Liewe gefëllt. An da sinn déi eng iwwerrascht, dass esou eppes hannert dem schéine Riddo vum Nationbranding iwwerhaupt ka stattfannen, an déi aner ootmen op, well endlech driwwer geschwat gëtt, endlech een de Courage huet, et ze soen, an déi Betreffend d'Chance gesinn, dass eppes fir si geschitt.

An elo?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et wär zum Beispill eng Iddi, déi Fuenderung vun den 21 Organisatiounen betreffend de CET opzegräifen, déi se an engem Bréif souwuel un lech, Här President, wéi och un de Premierminister gericht hunn, woubäi si hirersäits déi lännerspezifesch Recommendatiounen vun der ECRI, der European Commission against Racism and Intolerance opgräifen. Hinne geet et drëms, de CET ze stäerken duerch Mëtzel an Handlungsvollmachten, wéi zum Beispill déi, selwer viru Gericht ze zéien.

Wéi wär et dann, wa mer als Chamber erëm dee Projet géifen opgräifen an a senger Faisabilitéit präiwen, dee scho viru Jore mäi Kolleeg Marc Spautz an d'Spill bruecht huet a proposéiert huet, deen Agang fonnt hat an de Koalitionsprogramm an hinnen um Enn net ëmgesat gouf, nämlech déi Iddi, fir CET, Mënscherechtskommissioun, Ombudsmann an Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand zesummen ze regruppieren, ze kucken, wat méiglech ass, och am Respekt virun deene Grenzen, déi mer deemools an der Diskussioun gemierkt hunn. An dann hätte vläicht och grad déi doten Organisatiounen zesummen e Service juridique, eng staark Juridictioun.

Ausserdeem, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, brauche mer kloer Zuelen. Da kann nämlech net méi dat geschéien, wat ee vun de Partecipanten am „Kloertext“ um RTL d'lescht Woch gesot huet: en hält vun engem Beamte vum Educatiounsministère einfach emol gesot kritt, et géif zu Lëtzebuerg kee strukturelle Rassismus. Ministère locutus, causa finita? Dat däerf net geschéien! An dofir ass et eng Iddi, net eppes Neies ze grënnen, mee besteeënden Organer den Optrag ze gi vun engem „Observatoire des discriminations et du racisme“ am systemateschen an am systeemesche Sënn, mat kloeren Resultaten, mat kloeren Zuelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat mer brauchen, sinn dräi Saachen:

Dat Éischt, vill a respektvoll Nolauschteren deene Leit, déi betraff sinn, an dat seriö huelen a kloer Analysen an Zuelen.

Dat Zweet, däitlech denoncieren, Rassismus als Rassismus entlarven. Aner Meenunge muss ee kënnen aushalen, Rassismus an Diskriminatioun nimools! Déi däerf een ni mussen aushalen.

An dat Drëtt, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, politesch Hiewelen abauen, do-riwwer diskutieren. An ech hunn hei just zwou kleng Iddien an d'Spill bruecht, déi kéinten zu engem grouse Resultat kommen.

Dräi Saachen also: voir, juger, agir. Ech soen lech villmools Merci fir d'Opmierksamkeet.

De Martin Luther King huet gesot: „Wann et drëms geet, eppes ze kucken, dann ass et net dat, wat Leit gesot hunn, mee dann ass et dat, wat verschwiegen ginn ass an iwwer wat fir eng Leit net geschwat ginn ass.“

Merci villmools!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Sven Clement als Vertrieeder vun der politescher Sensibilitéit Piraten. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Exposé relatif à l'heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Doud vum US-Amerikaner George Floyd huet fir Empörung iwwer de ganze Globus gesuergt.

De 5. Juni hu sech laut der Lëtzebuurger Police virun der amerikanescher Ambassade ronn 1.500 Demonstranten afonnt - d'Quelle vun den Organisateuren soen, et wäeren der däitlech méi gewiescht -, dat fir en Zeechen ze setze géint Friemefeindlechkeet a Rassismus. Eppes fällt op: Et si gréisstendeels jonk Leit, déi sech mobiliséieren.

Als Zweet wëll ech awer och soen: Wa mer iwwer Rassismus schwätzen, mussen mer och

generell iwwer all Form vun Diskriminatioun schwätzen. Béides ass enk liéiert.

Här President, zanter gëschter leeft déi 44. Sessioum vum Conseil des droits de l'homme vun de Vereenten Natiounen un. Um Ordre du jour stinn ënner anerem d'Theeme Rassismus a Xenophobie. Virun allem awer soll d'Deklaratioun vun Durban a Südafrika vun 2001 reaffirméiert ginn. Dës Deklaratioun huet viru bal 20 Joer eng ganz Partie u Recommendatiounen a Mesurë festgehalen, fir de Problem vum Rassismus innerhalb vun der internationaler Communautéit unzegoen, der internationaler Communautéit, déi aus engem bluddege Weltkrich eraus entstanen ass. Mir hu gesinn, zu wat Friemahaass ka féieren!

D'international Communautéit hält op d'Anhale vun de Mënscherechter. A mir Piraten halen drop, dass d'international Communautéit e Garant vun universale Wäerter muss sinn.

Ech hu viru Kuerzem déi Emissioun, déi de Paul Galles schonn ugeschwat huet, op der Lëtzebuurger Télee gekuckt, wou d'Theema Rassismus war. Et huet sech erausgestallt, dass Rassismus an Diskriminatioun eppes ass, wat am Liewe vu ville leider nach ëmmer un der Dagesuerdung ass.

Här President, Mënsche mat net Lëtzebuurger Originnen oder enger anerer Hautfaarf hunn hei am Land Problemer, eng Wunneng ze fannen. Si kennen et, um CV d'Foto ewechzeloosen, si benotzen heiansdo en aner Numm, fir dass net direkt hir Originnen erkenntlech sinn. Jo, mir hunn zu Lëtzebuerg e Problem mat Alldagsrassismus!

Mee Alldagsrassismus, et geet net duer, dat einfach als individuell Fäegkeet, individuell Tätigkeet ofzeklassieren. Alldagsrassismus féiert, an dat huet de Paul Galles virdu ganz gutt illustréiert, zu engem strukturelle Rassismus. A strukturelle Rassismus, dee féiert a leschter Konsequenz zu sozialen Inegalitéiten. An esou oft, wéi mer hei an der Chamber iwwer d'sozial Inegalitéit schwätzen, misst eis bewusst sinn, dass ee vläicht do och eng Kéier un d'Wuerzel vum Problem muss goen.

Jo, net all sozial Inegalitéit ass duerch Rassismus. Mee wa mer emol all déi sozial Inegalitéiten, déi duerch Rassismus, duerch Alldagsrassismus, duerch deen dach esou harmlose Rassismus, deen an de Kommentarspalte vun Internetplattformen postuliert gëtt, wa mer déi géifen an de Grëff kréien, da géife mer schonn e grouse Sprong no vir maachen, wann et ëm sozial Ongläichheete geet.

Et ka jo net sinn, dass eng Schülerin oder e Schüler an enger Lëtzebuurger Schoul domat rechnen mussen, dass se vun hirem Schoulmeeschter oder vun hirem Proff gesot kréien: „Jo, nee, du pass hei net hin!“ Sou héieren! Oder de Saz: „O, du schwätzt awer gutt Lëtzebuergesch!“ Ee mat wäisser Haut, ee wéi mir heibanne kennt dee Saz éischer net: „O, du schwätzt awer gutt Lëtzebuergesch!“ Dat ënnerstellt nämlech jiddwerengem, deen anescht ausgesäit, dee vläicht en Numm huet, deen net stacklëtzebuergesch klängt, dass e kee Lëtzebuurger wär.

Bref, Lëtzebuerg ass eng Terre d'accueil gewiescht, ass et nach ëmmer. A mir hunn eng ganz grouse Populatioun, déi d'Lëtzebuurger Nationalitéit hunn, déi net wéi den typesche „Biolëtzebuurger“ ausgesinn. Mir hunn eng ganz Rëtsch Leit an der Populatioun, déi net wäiss sinn, déi net e lëtzebuergesch Numm droen, mee déi méi exotesch Nimm hunn, déi eng méi exotesch Hautfaarf hunn. An awer, et si Lëtzebuurger, déi sech all Dag unhéiere mussen: „O, du schwätzt awer gutt Lëtzebuergesch!“

Dat implizéiert iergendwou: „O, du schwätzt awer gutt Lëtzebuergesch fir deng Hautfaarf, fir deng Originn, fir deng ...“, jo, fir wat eigentlech? Et kéint ee bal soen, iergendwa seet een dann: „fir deng Rass“. A spéitstens da si mer beim Wuert „Rassismus“, e Wuert, wat iwwerengs ganz batter ass, well et benotzt eng biologesch Differenz als Grondlag, eng soi-disant Differenz, déi an enger Theorie baséiert ass, déi ewell laang widderleecht gouf, eng Theorie, déi zu gräissleche Schanddote virun 80 Joer gefouert huet, eng Theorie, déi dovunner ausgeet, dass Mënschen inhärent ze ënnerdeele sinn.

Nee, ech gleewen net drun, dass eng Rassen-theorie hautdesdaags nach hir Plaz huet. Eng Rassen-theorie, déi d'Grondlag war, nach virum Zweete Weltkrich, vum Kolonialismus, e Kolonialismus, wou och Lëtzebuerg säi Rôle hannerfroen muss am Congo belge. D'belsch Kinneksfamill huet sech rezent nach eng Kéier entschëllegt fir dat, wat se am Kongo gemaach hunn. D'Roll vu Lëtzebuerg ass an deem Kontext nach ëmmer net genuch erfuerscht.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn der Meenung, dass mer och do nach eng Kéier e Schrëtt no vir sollte maachen, eis eiser Vergaangenheet sollte stellen an eis dann och do ent-

schëllege sollten, do, wou Lëtzebuurger mat am Coup waren.

Wäiss a Schwaarz si keng Faarwen. Schwaarz a Wäiss si sozial Konstrukter, déi déif an der Gesellschaft an an der Geschicht verankert sinn. Et freet mech ze gesinn, dass déi Jonk sech haut fir en oppenen an tolerante Contrat social staarkmaachen, andeem se keng Differenz tëschent Schwaarz a Wäiss maachen.

Mee, Här President, nodeem ech déi Rassismusdebatt op der Lëtzebuurger Télee gekuckt hunn, hunn ech e grouse Feeler gemaach. Ech hunn erofgescrolled, ech hunn d'Kommentare gelies. An do liest een dann direkt am éischte Kommentar, deen ech fonnt hunn, dass et jo och Rassismus géint Wäisser géif ginn. Jo, interessant! Et si Leit, déi soen: „Mir wëlle bleiwen, wat mer sinn!“ An da soe se am nächste Saz: „Ech si jo kee Rassist, mee ...“

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fannen esou Aussoen inakzeptabel. A wann dann och nach drënnersteet: „Wann der eppes hei net geet als Schwaarzen, da géi zrëck an däi Land!“, adresséiert un d'Personen vun enger Lëtzebuurgerin mat schwaarzer Hautfaarf.

Ma, a wéi ee Land soll déi Fra dann zrëckgoen, wann net an hirt Heemechtsland, wat Lëtzebuerg ass? Do muss ee sech awer dann d'Fro stellen: Gëtt et Rassismus zu Lëtzebuerg? A bref, de Constat ass leider: Jo. An dat heescht, mir müssen Zivilcourage weisen, mir müssen deene Leit widersprechen, mir däerfen esou Aussoen net einfach onkommentéiert stoe loos-sen.

Et gëtt Zäit, dass mer alleguerten deem Alldagsrassismus eppes entgéintsetzen, fir dass esou de strukturelle Rassismus d'Grondlagen entzu kritt, fir esou a leschter Konsequenz sozial Ongläichheete kënnen ze reduzieren.

De Legislatuer, mir heibannen, kënnen dat net eleng. Jiddwereen ass gefuerdert! Jiddwereen dobaussen ass gefuerdert, seng Reflexer ze iwwerdenken. Seng Reflexer ze iwwerdenken, wann e seet: „O, dee Jugo do!“, oder: „O, dee Guall!“ Nee, och dat sinn inakzeptabel Sätz, déi een heiansdo oniwierleecht benotzt an déi awer weisen, wéi déif verankert Rassismus, Xenophobie, d'Angscht virum Friemen zu Lëtzebuerg heiansdo sinn.

Loosst mech op e leschte Punkt agoen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zäit leeft mer fort. Mir Lëtzebuurger kultivéiere grondsätzlech d'Diversitéit. Gäre setze mer se a faarwege Publicitéitscampagnen an Tourismus-katalogen an Evidenz. Gäre weise mer, dass Lëtzebuerg e Land ass, wat méi ass wéi nëmme wäiss, e Land, wat Faarf kennt, e Land, wat Terre d'accueil ass, e Land, wou jiddweree wëllkomm ass a senger Diversitéit.

Ma kommt, mir kucken eis eng Kéier heibannen ëm! Verschidden Nimm kenne mer heibannen ewell. Dat weist op eng laang Immigrationsgeschicht vu Lëtzebuerg hin. Aner Hautfaarwe sinn am héijen Haus bis haut éischer rar geséit. Och d'Chamber ass net deen eenzege representative Echantillon vun der lëtzebuergescher Gesellschaft. Mir sinn een Echantillon. Mee si mer representativ? Nee! A genau dorunner mussen mir och alleguerten als Politiker schaffen. Well wat mir méi inklusiv sinn an eisem Behuelen, wat et méi kredibel ass, wa mer dobausse fir méi Inklusioun optrieden.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn agedroen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. „Mir sinn alleguer just Mënschen.“ Dat ass e Saz aus enger Ried vun Monica Semedo, déi si zu Bréissel den 19. Juni am Europaparlament gehalen huet. Et ass en einfache Saz, deen awer e wichtege Message vermëttelt: Obwuel mir all ënnerschiddlech sinn, si mir alleguerten d'selwecht. Egal wou mir hierkommen, wie mir gär hunn, wourunner mer gleewen oder wéi mer ausgesinn, mir alleguer hunn Ambitiounen, Wënsch a Gefiller. Eis sexuell Orientierung, eise Glawen oder eis Hautfaarf bestëmme sécher net eise Charakter oder eis Kompetenzen. Si dierfen dofir och keen Afloss op eise Liewenswee hunn.

„Mee, d'Hautfaarf ass net onsiichtbar.“ Dat ass e weidere Saz aus dem Monica Semedo hirer Ried. An och deesen dréit eng méi déif Bedeutung, nämlech dass och haut nach Leit diskriminiéiert ginn, obwuel mir et dach besser misste wëssen. Jo, och hei zu Lëtzebuerg!

Mir sinn e multikulturell Land. Bal 50 % vun eisen Awunner hunn net déi lëtzebuergesch Nationalitéit, an ënnert de Lëtzebuurger sinn

och ganz vill Leit mat ..., also ënnert deene Leit mat der Lëtzebuurger Nationalitéit sinn och ganz vill Leit mat Migratiounshannergrond. Wéi kann et do sinn, dass Diskriminierung hei am Land nach ëmmer zum Alldag vu ville Mënsche gehéiert? Dat ass fir mech absolutt onverständlech.

Mir alleguer wënschen eis natierlech, et wier anescht, mee Rassismus existéiert och hei zu Lëtzebuerg, an dës trotz eiser Multikulturalitéit an trotz all de Mesuren an Organisatiounen, déi e gutt Zesummeliewen an eisem Land féieren. De Rapport „Being Black in the EU“ huet och fir eist Land kee positive Bilan gezunn. An dat huet vill Leit schockéiert.

Et stëmmt, dass bei eis am Land Fäll vu Gewalt am Zesammenhang mat Rassismus oder aneren Aarte vun Diskriminierung siele sinn. Et gëtt awer aner, méi ënnerschwellig Zorte vun Diskriminatioun, déi oft op gesellschaftlech déif verankerte Virurteeler baséieren. Et mécht ee sech e Bild vun engem Mënsch, ouni en ze kennen, leet en an e bestëmmten Tirang a stellt dat Bild dann net méi a Fro. Dës Zort vu Rassismus oder Diskriminierung ze bekämpfen ass schwierig an, jo, och laangwierig. Denkmuster, déi vu Generatioun zu Generatioun oft onbewusst vermëttelt goufen, mussen opgebrach an hannerfrot ginn. Dat geschitt net vun haut op muer.

Här President, et ass un eis alleguerten an natierlech och un der Politik, de Kampf géint all Form vun Diskriminierung virunzedeiwen. Mir als Politiker hunn als öffentlech Persounen eng Virbildfunktion an der Gesellschaft ze erfüllen. An eisen Discoursen, an eisem Optriede mussen mir fir d'Wäerter wéi Toleranz a Respekt fir all Mënsch astoen. Wann ee sech d'Beispill vun den USA ukuckt, da gesäit een, wat geschitt, wa Politiker dës Verantwortung net iwwerhuelen. Un éischer Plaz steet dowéinst, d'Kommunikatioun tëscht alle Mënschen ze féieren. Mir mussen méi matenee schwätzen an eis géigesäiteg kenne léieren.

Mir mussen eis d'Méi maachen, net nëmme eis eege Realitéit, mee och d'Realiteit vun all eise Matmënschen ze verstoen an ze considerieren. E Saz oder eng Bemierkung, déi ee selwer als harmlos ophëlt, empënnt en anere vläicht als ganz verletzend. Mir mussen léieren, matenee ze schwätzen an nozelauschteren. An domadder muss ee schonn an der Schoul bei de ganz kleng Kanner ufänken. A genau dowéinst gouf 2017 an der Grondschoul an 2016 am Lycée dat neit Fach „Vie et société“ agefouert. Mat deem Fach gëtt e Raum fir den Dialog geschaaft an de Respekt virun der Diversitéit gëtt do vermëttelt.

Nieft der Kommunikatioun, déi esou wichteg ass, fir géint Diskriminierung a Rassismus virzegoen, kann och d'Inklusioun e wichtege Bäitrag leeschten. D'Zesummeliewen an der Diversitéit gëtt an der Schoul dowéinst och iwwer d'Inklusioun vu Kanner mat spezifesch Besoinen an d'Reegelschoul geféiert. Mat engem neie Gesetz vun 2018 sinn nei Kompetenzentren entstanen, déi dofir ënner anerem d'Schoule mat Hëllef a Berodung bei der Inklusioun ënnerstëtzen.

A fir d'Diversitéit ze liewen a si als Stärkt vun eisem Land unzeerkennen, ass virun e puer Joer och d'„Charte de la diversité“ an d'Liewe geruff ginn. Entreprisë kënnen dës Charte ënnerschreiwen an engagéiere sech domadder, géint d'Diskriminatioun virzegoen a Chancëgläichheet an Diversitéit innerhalb vun hirem Betrib ze féieren.

Zwee spezifesch Projete vun dëser Charte leeën e Fokus op Persounen mat Migratiounshannergrond an op Persounen mat engem Handicap, fir Inklusioun op der Aarbecht ze ënnerstëtzen. An deem Kontext hu mir d'lescht Joer och e Gesetz gestëmmt, dat eng Assistance à l'inclusion dans l'emploi fir Leit mat Behënnerung agefouert huet, déi och de But huet, d'Diskriminatioun ze bekämpfen.

Am Juli 2018 huet d'Regierung deen éischten nationalen Aktiounsplang fir d'Förderung vun de Rechten vun den LGBTIen adoptéiert. Och Leit mat ënnerschiddleche sexueller Orientierung sinn nach ëmmer vill an oft vun Diskriminatioun betraff. Och deesen Aktiounsplang setzt sech fir méi Chancëgläichheet, de Schutz vun ënnerschiddleche Familljeformen an de Kampf géint all Form vun Diskriminierung an.

Léif Kolleegen, fir dass Diskriminatioun a Rassismus hei am Land esou ëmfaassend wéi méiglech bekämpft kenne ginn, ass et natierlech onerlässlech, dass Mënschen, déi Affer vun Diskriminatioun ginn, dës och melle kënnen. Dofir ass am Kader vum Gesetz vun 2006 zur Gläichbehandlung vun all de Mënschen de Centre pour l'égalité de traitement geschaaft ginn, kuerz de CET.

Leider sinn dem CET seng Kompetenzen ageschränkt, wat dozou féiert, dass vill Fäll vun Diskriminatioun ouni Konsequenze bleiwen.



Dowéinst reechen ech am Numm vun den dräi Koalitionspartner dës Resolutioun an, an där d'Chamber sech ënner anerem engagéiert, dem CET méi Moyenen ze ginn, fir seng Aufgaben erfëllen ze kënnen, an do dernieft de CET och méi oft an Entscheidungsprozesser, déi d'Chancégläichheet betreffen, anzebannen.

Résolution 1

La Chambre des Députés, considérant

- que la loi du 28 novembre 2006 sur l'égalité de traitement interdit formellement toute forme de discrimination, directe ou indirecte, aux lieux de travail et de vie, à l'école et l'espace public en général;

- le rôle important du Centre pour l'égalité de traitement (CET) qui permet à tout citoyen de signaler des comportements discriminatoires et qui rapporte ces constatations au Gouvernement et à la Chambre des Députés;

- que le CET exerce ses missions en toute indépendance et a pour objet de promouvoir, d'analyser et de surveiller l'égalité de traitement entre toutes les personnes sans discrimination fondée sur la race ou l'origine ethnique, le sexe, l'orientation sexuelle, la religion ou les convictions, le handicap et l'âge;

- les recommandations de la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance dans son cinquième rapport sur le Luxembourg;

- les résultats et avis émis par l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne dans sa deuxième enquête sur les minorités et la discrimination dans l'Union européenne « Being Black in the EU »;

s'engage à

- impliquer davantage le CET dans les prises de décision concernant la lutte contre toutes formes de discrimination et la promotion d'un vivre-ensemble harmonieux au Grand-Duché de Luxembourg;

- lui conférer plus de compétences;

- augmenter la dotation budgétaire et le cadre de personnel du CET;

- inscrire, dans le cadre de la révision du règlement de la Chambre des Députés, une clause explicite concernant les discriminations dans les principes directeurs du code de conduite des député(e)s en s'inspirant de l'Art. 1^{er} de la loi du 28 novembre 2006 sur l'égalité de traitement;

- offrir des formations « antidiscrimination » aux député(e)s, aux salarié(e)s de la Chambre des Députés ainsi qu'aux collaboratrices et collaborateurs des groupes et sensibilités politiques, leur permettant de se rendre compte des préjugés qui pourraient donner lieu à toute sorte de discrimination.

(s.) Max Hahn, Yves Cruchten, Charles Margue.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, niert dem CET existéiert och de Conseil national pour étrangers, deen d'Regierung bei alle Sujete beréit, déi eis auslännesch Matbiieger an hir Integratioun betreffen. Dëse Conseil kann zu Gesetzesprojeten Avisen ofginn an och Propositione maachen, déi fir eng verbessert Situation vun den Ausländer zu Lëtzebuerg bäidroen kënnen.

Den CNE huet seng Fonctioun an der leschter Zäit leider net erfëllt. Dowéinst striift den Integratiounsministère eng Reform vum CNE un. D'Integratiounskommissioun vum de Gemenge sollen an Zukunft Leit ernennen, déi si am neie Conseil national pour étrangers representéiere sollen.

Här President, mir mussen eis och d'Fro stellen, firwat Rassismus iwwerhaupt entsteet. Fir hei e komplett Bild ze erhalen, mussen mir niert den Affer vun Diskriminatioun och déi Leit erreechen, déi rassistesch handelen. Mir mussen wëssen, wéi eng Aarte vu Rassismus an Diskriminierung hei am Land am meeschte virkommen an ob et Regionen a sozial Schichte ginn, déi besonnesch betraff sinn. Nëmme wa mir dat wëssen, kënnen mer Mesuren huelen, déi och genee do wierken, wou se mussen.

Dowéinst reechen ech och op dës Plaz am Numm vun den dräi Koalitionsparteien eng Motioun an, déi d'Regierung dozou opfordert, eng Etüd zum Rassismus zu Lëtzebuerg an Optrag ze ginn an d'Resultater der Chamber ze presentéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le Grand-Duché de Luxembourg est un pays multiculturel dans lequel cohabitent des ressortissants de plus de 170 nationalités différentes;

- considérant que ce multiculturalisme est une richesse du Luxembourg;

- regrettant cependant que le racisme persiste en Europe et dans le monde entier;

- considérant que le racisme représente une menace pour nos sociétés modernes, démocratiques et interculturelles;

- regrettant que le racisme demeure aussi une réalité au Luxembourg;

- constatant que les gouvernements successifs du Luxembourg ont accordé une priorité au vivre-ensemble harmonieux dans notre société;

- rappelant dans ce contexte l'accord gouvernemental 2018-2023 aux termes duquel « Le vivre-ensemble entre tous les résidents du Grand-Duché de Luxembourg constitue un atout qui sera promu activement. La lutte contre toutes formes de discrimination en constitue un élément essentiel »;

invite le Gouvernement

- à poursuivre de façon soutenue ses efforts dans la lutte contre le racisme;

- à faire élaborer une étude sur le phénomène du racisme au Luxembourg afin de développer une stratégie de lutte cohérente contre le racisme. Cette étude aura comme principaux objectifs :

i. d'analyser les formes de racisme identifiées au Luxembourg;

ii. d'identifier les contextes et situations dans lesquels les concernés subissent des actes et traitements discriminatoires;

iii. d'avisier l'efficacité des mesures contre le racisme actuellement en place;

iv. de faire des recommandations;

- à associer la Chambre des Députés étroitement à la conception de l'étude;

- à présenter les résultats de l'étude fin 2021;

- à présenter les résultats de l'étude à la Chambre des Députés afin qu'elle puisse en tirer les conclusions nécessaires.

(s.) Max Hahn, Yves Cruchten, Charles Margue.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, Rassismus an Diskriminatioun ginn eis alleguerten eppes un. An et ass un eis all, derfir ze suergen, dass Intoleranz an eiser Gesellschaft absolut keng Plaz huet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Ech schwätzen direkt zur Motioun an zur Resolutioun mat.

Här President, Dir Dammen an Hären, loosst mech emol ufänke mat engem grouse Merci fir d'Initiativ zu dëser Debatt, déi mer haut féieren. Et ass allerdéngs ze fäerten, dass mer dës komplexe Sujet net eleng kënnen haut an enger Heure d'actualité traitéieren. Dës Sujet hätt eigentlech méi eng déif gräifend Diskusioun verdéngt. An ech soen duerfir och dem Max Hahn speziell Merci fir d'Motioun an d'Resolutioun, well ouni dës hätt déi Debatt vun haut riskéiert, ze enger flotter Posterstënnchen ze ginn. Mee duerch d'Motioun assuréiere mer, dass mer e Suivi assuréieren an dass d'Chamber sech weider mam Sujet befaasst.

Iwwert den Ausléiser vun der Debatt brauch ech eigentlech net méi vill ze soen. Jiddwereen, deen d'Norichte gekuckt huet an deene leschte Wochen a Méint, dee weess, dass den Ausléiser an den USA war, wou d'Policebrutalitéit géint déi schwaarz Communautéit an de Rassismus insgesamt fir berechtegt Entrüstung gesuergt hunn, iwwerall op der Welt, och zu Lëtzebuerg, och hei an Europa.

Munchereen freet sech awer vläicht, ob dës Debatt vun haut da wierklech néideg ass, besonnesch hei zu Lëtzebuerg. An effektiv an och, géif ech soen, glécklecherweis kenne mir kaum esou Fäll vun exzessiver Policebrutalitéit wéi an den USA. Dat huet eng ganz Rei Ursachen: Eis Poliziste si gutt forméiert a geschoult, an et gétt och gutt Kontrollmechanisme bannent der Police, fir esou Fäll ze verhënnern.

Et duerf een och roueg behaupten, dass mir bis elo a par rapport zu anere Länner d'Erausfuederunge vun der Immigratioun besser gemeeschtert hunn an nach ëmmer meeschteren. Eist Zesummeliewe vu verschidde Kulturen, verschidde Nationalitéiten, Reliounen an esou weider fonctionéiert dacks besser wéi an eenzelne vun eisen Nopeschlänner.

Ech soen awer domat net, dass mir bis elo alles richteg gemaach hunn. Bestëmmt net! A bestëmmt kënnen och mir hei zu Lëtzebuerg eis Integratioun nach besser reusséiere wéi bis elo. Ze dacks liewe mer leider nach laanschteenen an net genuch mateneen. Ze grouss sinn

nach d'Ënnerscheeder an der Schoul, heiansdo am Beruff, gradesou wéi a villen anere Beräicher.

An duerfir dierfen eis Meritten och net zu enger Selbstzefriddenheet féieren. Op déi grouss Diversitéit vun eise Land hincweisen, duerf net zu engem eidele Mantra ginn, dee verhënnere géif, dës Problemer unzuegoen. Rassismus an Diskriminatioun, direkt oder indirekt, strukturell oder aldeeglech, fënnt ee praktesch an alle Gesellschaften.

De Michael O'Flaherty, Direkter vun der European Union Agency for Fundamental Rights, soll op der Konferenz am Cercel gesot hunn: « Nous sommes tous des racistes quelque part. » Gemengt huet en domat wuel déi psychologesch Tendenz, Leit ze kategoriséieren, sech vun aneren ze ënnerscheeden an esou och seng eegen Identitéit ze schafen. Problematesch gétt dat awer, wann dës Differenzen esou ausgeluecht ginn, dass verschidde Kategorie vu Leit mannerwäerteg solle sinn, wa se also devaloriséiert ginn.

E groussen Undeel dorunner huet d'Xenophobie, also d'Angscht virum Friemen, virun deem, wat mer net kennen. Verschidde Parteien a Gruppéierunge benotzen d'Angschte vun de Leit an d'Onsécherheet vun eiser Zäit, fir mat Diskriminatioun Politik ze maachen, fir „déi aner“ als Feindbild ze zeechen, si fir allméiglech Problemer responsabel ze maachen a fir eng restriktiv Identitéitspolitik ze féieren an hir Kultur soi-disant ze schützen. Alles dat féiert weltwäit zu Konflikter, zu der Ënnerdréckung vu Minoritéiten an der Violatioun vu Mänscherechter.

Duerfir ass et engersäits wichteg, weiderhin d'Bekämpfung vu Rassismus an Diskriminatioun als e feste Bestanddeel vun eiser Aussepolitik ze behalen an d'Mänscherechter heiheim an dobaussen ze schützen.

Anerersäits mussen mer eis méi seriö mat der Problematik hei am Land beschäftegen. Sécher huet dës Phenomeen bei eis eng aner Dimension wéi an Amerika oder an anere Länner. An awer mussen mer eis agestoen, dass et och zu Lëtzebuerg op där enger Säit nach ëmmer Privileegie gétt an op där anerer Säit nach ëmmer Diskriminatioun.

Et ass warscheinlech d'Diskriminatioun am Alldag, déi dee Lëtzebuurger Phenomeen vum Rassismus charakteriséiert, ugefaange bei Klengegkeete wéi domme Witzer an topege Bemierkung bis hin zu méi groussen Ongerechtgekeiten, zum Beispill wann eng Aarbechtsplaz besat gétt. An dat kann dann och systematesch Auswierkungen hunn an Ongläicheete verdéiwen.

Nee, mir mussen éierlech sinn, och mat eis selwer: Wat deng Hautfaarf méi däischer ass, wat et zum Beispill méi schwéier gétt um Wunnengsmaart. Alles anescht wär gelunn. An duerfir ass dës Debatt esou wichteg. Well nëmmen, wa mer eis emol selwer agestinn, dass mer nach wäit ewech si vu gläiche Chancen am Liewen, gläiche Behandlung a gläiche Perspektive fir jiddwereen, eréischt dann, wa mer de Problem och als Problem unerkennen, kënnen mir als Politik, awer virun allem als Gesellschaft deem Phenomeen vum Rassismus hei zu Lëtzebuerg entgéintrieden.

Dass et néideg ass, dës Debatt ze féieren, beleet och d'Ëmfro „Being Black in the EU“, déi jo schon ugeschwat gouf an an där iwwert d'Hallschent vun de Befroten uginn hunn, bannent de leschte fënnf Joer Affer vun engem Harcèlement raciste gewiescht ze sinn. Dat sinn erschreckend Zuelen! Och Temoignagé vu verschidde Leit, déi dës Zuelen déi noutwendeg mänschlech Dimension ginn, mussen eis als Chamber an och als Mänschen interpelléieren.

Nee, dat heescht net, dass mer zu Lëtzebuerg alleguerte Rassiste wäeren. Mee et weist eis, wéi wäit mer ewech si vun där egalitärer Gesellschaft, déi mer eis esou staark wënschen.

Eis dës Froen a Problemer ze stellen, dat rëselt natierlech och un eise Selbstverständnis als Einzelnen, mee och als Land. Vill Lëtzebuurger si sech dësiger ganz Problematik an hirem privilegéierte Confort vläicht net esou bewosst respektiv verkennen d'Gravitéit vun der Situatioun fir déi, déi drënner leide mussen. Duerfir ass et och wichteg, dass mer eis mat eise eegene Privileeg ausenanersetzen, dass mer akzeptéieren, dass vill Leit d'Welt ganz anescht erliewe wéi mir an dass eis Experienz, eis eegen Experienz, net onbedéngt d'Norm ass.

Mir mussen verstoe léieren, dass Leit mat enger anerer Hautfaarf eng sëlliche Barriären an hirem Alldag erliewen, während mir dacks duerch oppen Dieren trëppelen, ouni wëllen awer ze verkennen, dass och wäiss Lëtzebuurger et heiansdo net einfach hunn.

An duerfir mussen mer deene Stëmme eng méi wichteg Plaz an eiser Gesellschaft ginn, och

wann oder grad well dat heiansdo desagreabel ass. Do dierfe mer net direkt defensiv ginn an eng Diskussioun ofwiergen, vläicht och aus Angscht, dass mer eppes ze verléieren hätten. Mir sollen net déi sinn, déi hinne soen, wéi si sech ze spieren hunn. Nëmme si hunn déi Experienz an et ass un eis, hinnen nozelauschteren.

Loosst mech an deem Kontext, wéi och schonn e puer vu menge Virriedner, kuerz op eise Sproochgebrauch agoen. Warscheinlech denkt sech kaum een eppes Béises, eppes Schlechtes derbäi, wann en enger Pâtisserie e Mourekapp oder en Neegerkuss bestellt. An dach ass et net un eis ze jugéieren, ob dat blessant ass oder diskriminéierend. Et ass un de Betreffene selwer, dat ze jugéieren. An duerfir sollte mer et loosse.

Der Politik kënn do och eng gréisser Bedeutung zou: Besonnesch mir sollten oppassen, wat fir eng Begrëffer mer gebrauchen. „Schwaarzafrikaner“ ass en Term, wéi en deslescht hei op der Tribün gefall ass. An dat ass e Begrëff aus der Kolonialzäit, dee mer eigentlech sollte vermeiden. Lëtzebuerg hat d'ailleurs, wann och an engem vill méi klenge Mooss wéi vill aner Länner, eng Kolonialpolitik am belsche Kongo, eng Period, déi bis elo relativ wéineg ëffentlech opgeschafft gouf.

Mat deene Constaten, déi mir gemaach hunn, ass et evident, dass mer no Léisunge siche mussen, fir de Phenomeen vun dem Rassismus an der Diskriminatioun anzédämmen. D'Regierung huet scho viles gemaach an deene leschte Joren, an de Max Hahn huet dat alles opgezielt.

D'LSAP wëilt haut nach e puer Piste proposéieren, déi och an där Motioun an an där Resolutioun virkommen:

Éischtens: Et feelt eis zu Lëtzebuerg un Zuelen, Statistiken an Donnéeën, déi et eis erlabe géifen, de Phenomeen a senger ganzer Komplexitéit ze erfassen an esou d'Problemer méi kloer ze ëmräissen. Mir mussen also méi e komplett Bild kréien. Ech hat virun e puer Wochen eng Question parlementaire an déi Richtung gestallt.

An hirem Rapport vum Februar 2017 hat d'European Commission against Racism and Intolerance (ECRI) der Regierung och recommandéiert, e System op d'Been ze setzen, deen d'Ophuelen an de Suivi vu rassistesche Virfäll erlabe géif, fir op dës Manéier systematesch Statistiken zu xenophobe Phenomeener sammeln ze kënnen. Mat der proposéierter Motioun komme mer dësem Zil e Stéck méi no.

Zweetens, an dat ass och scho gesot ginn: De Centre pour l'égalité de traitement, also den Haaptacteur zu Lëtzebuerg an deem Domän, ass chronesch ënnerfinanziert an ënnerbesat, wat him et onméiglech mécht, seng Missiounen effikass ze erfëllen. Seng Kompetenze si jo och éischer limitéiert. Am Gesetz vum 7. November 2017 gouf de CET jo dann och un d'Chamber rattachéiert.

Der LSAP no sollte mer de CET kloer stäerken. Dat war jo och eng vun de Recommandatiounen vun der ECRI, an duerfir ënnerstëtze mir och d'Resolutioun, déi genee dat festhält. Doriwwer eraus mussen mer awer och méi e klore Suivi maache vun de Recommandatiounen vum CET.

Drëttens: An den Ae vun der LSAP kënn der Educatioun an der Bekämpfung vun dem Rassismus an der Diskriminatioun méi generell eng wichteg Roll zou. Eng Fro, déi mech ëmmer beweegt huet, ass: Wéi gétt een zu engem Rassist? Ech gleewe jo net drun, dass een als Rassist gebuer gétt. Et brauch ee just déi kleng Kanner ze kucken an der Crèche, op der Spillplaz, am Veräin, wéi se matenee spillen, sech an den Aarm huelen, frou matenee sinn. An dach ännert dat sech bei verschidde Leit am Laf vum Erwuesseginn.

A wa mer de Kanner duerfir net kënnen d'Schold ginn, da mussen mer feststellen, dass mir Erwuessener eigentlech schold doru sinn. D'Erzéiung vun eise Kanner ass eis Verantwortung, kengem anere seng. Ech gi staark dovunner aus, dass de Sujet Rassismus an der Schoul thematiséiert gétt. D'Fro ass awer, ob et mat den aktuelle Programmer duergeet, ob mer net de Phenomeen vum Rassismus a besonnesch vun der Alldagsdiskriminatioun behandelen a Stereotype bekämpfe mussen.

An deem Kontext hat ech och eng Fro un den Educatiounsminister gestallt an ech si gespaant op seng Äntwert.

Et geet och drëms, Rassismus an Diskriminatioun an de Schoule selwer ze bekämpfen an hei och d'Roll vun de soziale Medien ervirzehiewen, déi dacks zu méi engem staarke Mobbing bäidroen.



Här President, mir hunn am Fong en zimmlech robuste gesetzleche Kader, wat Rassismus an Diskriminatioun ugeet, och wann dee punktuell eventuell kéint erweidert ginn. Zum Beispill kéint ee bei de Strofdoten, déi e rassistescht oder diskriminatoireesch Motiv hunn, eng méi héich Strof virgesinn. Dat ass a verschiddene Länner haut schonns de Fall, zum Beispill wann et ëm Strofdote géint d'LGBTI-Communautéit geet.

Mee Gesetzer aleng ginn net duer. Parallell muss och e Mentalitéitswiessel kommen. Vill huet sech an de leschte Jorzéngte gedoen. Villes huet sech positiv entwéckelt a mir sinn eis sécher, dass mer mat enger éierlecher Debatt an engem konstruktiven Dialog mat de betraffene Communautéiten och an Zukunft mat Recht an Houfert op eis Diversitéit weise kënnen, déi Diversitéit, déi Lëtzebuerg ausmécht an déi eis eigentlech staark mécht.

Op der Tëlee huet virgëschter e jonken Här seng Erfarunge mat Alldagsdiskriminatiounen duergeluecht. Mech huet dat - an lech bestëmmt och - beweegt, besonnesch, well e sech um Enn vum Reportage méi Solidaritéit gewénst huet vu senger Matmënschen. An do huet hien absolutt Recht: Et ass mat Solidaritéit, wou mer dësem Phenomeen kënnen a mussen entgéintrieden. Dat kënnen mir zesummen upaken, well de Rassismus ass net de Problem just aleng vun deene Betraffenen, et ass de Problem vun eis allegueren.

Ech sinn elo aus Aktualitéitsgrënn virun allem op de Rassismus agaan. Dobäi dierfe mer d'Diskriminatioun op Basis vun anere Charakteristiken, der Relioun, dem Handicap, der Sexualitéit oder der Nationalitéit, net aus den Ae verléieren. Heibäi ass et och wichteg, dass mer déi intersektional Diskriminatioun adresséieren.

Diskriminatioun ass villschichteg, ka vill Ursachen hunn, déi mer an der Analys, an der Sich no Léisungen a Consideratioun huele mussen. All Diskriminatioun ass anescht, mee all Diskriminatioun ass inakzeptabel!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleginnen, d'Debatt iwwert de Rassismus, déi eis net nëmmen haut muss beschäftegen, ass eng, déi eis de Spiegel weist. Mir, enfin vill vun eis, hu jo d'Virstellung an ech géif och soen, den Eiergäiz vun enger multikultureller, weltoffener Gesellschaft zu a fir Lëtzebuerg, an där e gutt Zesummeliewen en Zil ass a wou Diskriminatioun a Rassismus, latent oder manner latent, kaum e Problem sollte sinn. An awer diskutéieren haut hei an der Chamber 60 wäiss Leit ënner anerem iwwert d'Suergen an d'Problemer vun eise schwaarze Matbiergerinnen a Matbierger.

De Rapport vun der Europäescher Agence fir Grondrechter vun 2018 huet sech mat der Expéienz vu Schwaarzen an Europa beschäftegt an en ass kloer: Mir brauchen eis do net ze bretzen, Lëtzebuerg huet e Rassismusproblem! Wéi scho gesot, d'Hallschent vun deenen, déi befrot gi sinn, haten eng Erfahrung vun enger Diskriminatioun an deenen zwielf Méint ier se befrot gi waren.

D'Fro, déi mer eis stellen, ass net déi, ob mer Rassismus zu Lëtzebuerg hunn oder net, mee wat mer kënnen maachen, fir en ze bekämpfen. A fir Äntwerten op dës wichteg Froen ze fanen, mussen mer verstoen, wat déi strukturell Charakteristike vum Rassismus hei am Land sinn. Wat sinn d'Ursachen? Wéi oft kéint e vir? Wou a wien ass betraff dervun? A wat misste mer an eisem Émgang matenee maachen, fir deem Zil vum gudden Mateneen, vum Zesummeliewen op Aenhéicht méi no ze kommen?

Zënter laange Joren hunn ech mech mam Thema vum Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg beschäftegt, an do gëtt et och vill Positives ze berichten. Mir si jo multikulti, jo, mee de Communautarismus ass och eng Realitéit hei am Land: Mir kennen eis net genuch a liewen zu Lëtzebuerg éischer nientenee wéi mateneen. Doriwwer besteet en zimmleche Konsens.

Sech a senger Communautéit zesummefannen a wuelfillen ass verständlech, legitim an normal. Sech awer mat senger Communautéit vun aneren ofgrenzen entsprécht net dem Ideal vun engem respektvolle Mateneen. De Risiko vu Konkurrenz a Jalousie, besonnesch, wann et wirtschaftlech net gutt geet, féiert da méiglecherweis zu Konflikter.

Wéi scho gesot, d'Fro ass net, ob et e gëtt, de Rassismus. Wivill Rassismus mer hei hunn, ass awer schwéier novollzéien, an dat läit dorunner, dass mer eis net d'Mëttele ginn hunn, wéi scho meng Virgänger et gesot hunn, fir duerno ze kucken. Mee ech hunn och d'Gefill, dass mer iergendzousch léiwer doriwwer eweckucken. Et ass jiddefalls net op der Prioritéitléischt gewiescht - an deem Awanderungsland, wat mer sinn, fir mech awer als Sozialwëssenschaftler iergendwéi schwéier novollzéien.

Et ass scho gesot ginn, zënter iwwer zéng Joer gëtt et de CET an dee seet eis kontinuéierlech, dass ventiléiert Donnéeën iwwert d'Diskriminatiounen zu méi cibléierten Antidiskriminatiounsmaassnahmen an zu engem bessere Schutz vun den Affer féiere kéinten.

Et ass och schonn op de Bréif higewise gi vun den 21 ONGen, deen un d'Chamber an un d'Regierung gericht ass, fir dem CET méi Mëtelen ze ginn an opzestocken a seng Kompetenzen auszeuerten.

Mir brauche reegelméisseg an objektiv Zuelematerial, fir iwwert d'Joren d'Phenomeen vum der Diskriminatioun a vum Rassismus ze suivéieren. Mir sollen domat ufänken, mee mir sollen net als „one-shot“ maachen, well wann ech den Differenzen an der Gesellschaft net kloer an d'Ae ka kucken, dann hunn ech keng Basis, fir Gläichberechtigung erbäzeféieren, fir derfir ze suergen, dass jiddwereen zu senger Rechter kéint. Ech kann ongerecht Ennerscheeder nëmme bekämpfen, wann ech se kann dokumentéieren.

De Match iwwert d'Gläichberechtigung téscht Fraen a Männer wier och net vun der Plaz komm ouni statistesch Beweismaterial, sachant dass mer och do nach net esou wäit sinn, wéi mer am Fong sollten.

Den Eloge vun der Diversitéit hei zu Lëtzebuerg, dat dierf keng Alibivirstellung sinn. Ech hunn de Verdacht, dass dat an de leschte Joren ze vill oft geschitt ass a Sonnesrieden oder a Businessrieden. De Koalitionsvertrag gesäit vir, dass, ech zitieren: « Les compétences en matière d'anti-discrimination des différents acteurs seront revues. » Also mussen mer eis un där eegener Nues huelen an aktiv ginn.

D'Opwärtung vum CET, et ass scho gesot ginn, ass e wichtige Jalon. Well en anere Problem vum CET ass laut deene reegelméisseg Etüden, dass de CET net immens bekannt ass, obscho seng Missioun als immens wichteg agestuut gëtt. De CET läit jo och elo ënner der Verantwortung vun der Chamber a mir sollen eis dann och mat him zesummesetzen, wéi et an der Motioun gesot ass, fir iwwert d'Kompetenzen an eng besser Reorganisatioun vum CET ze schwätzen. Ech sinn och frou, dass déi éischt Demarchen an dësem Haus an d'Wee geleet gi sinn.

„Zënter wéini ginn déi Schwaarze dann an de Classique?“, dat ass en Zitat vun engem Enseignant, en Zitat, dat d'lescht Joer op der Konferenz zum Schwaarszinn zu Lëtzebuerg ernimmt ginn ass. Mir huet dat deemools an den Ouere geklongen, wéi déi Zäit, wou meng Kanner an d'Privatschoul, pardon, net an d'Privatschoul, an d'Primärschoul gaange sinn, wou et geheescht huet: „An zënter wéini ginn d'Portugisen an de Classique?“! Esou wéi wann d'Geschicht sech géif widerhuelen; se waren all an der éffentlecher Schoul, meng Kanner.

(Brouhaha)

Wéi schonn op där Konferenz, ass d'lescht Woch an der Emissioun „Kloertext“ nach eemol daitlech erauskomm, wéi wéi esou Bemierkunge kënnen dinn a wéi se derzou féiere kënnen, dass e Kand, e Jugendlechen no an no verënnerecht, wou seng Plaz an der Schoul an ipso facto och duerno an der Gesellschaft ze sinn huet. Dëse Verënnerechtungsprozess fanen ech besonnesch bedenklech, well en hält dem Mënsch säi Réckgrat, säi Selbstvertrauen an domat och e Stéck vun senger Würd.

D'Personal an de Schoule soll forméiert ginn, fir d'Facett vum der Diskriminatioun an déi eege Prejugéen ze erkennen an dës oft schwéierg Sujeten op eng konstruktiv a pedagogesch Aart a Weis am Kllassesall selwer ze thematiséieren. Well e rassistesche Virfall einfach ze bestrofen, ouni weider driwwer ze diskutéieren, dat bréngt leider net vill, well déi Sätz, déi do falen, déi komme jo meeschtens aus der Kannerstoff vun doheem.

Da wär et asoufern och gutt, mat Referenz op de „Kloertext“ vun der leschter Woch, wann et an de Schoule géif Prozedure ginn, wéi een domadder émgeet, an dass dat net bei deenen enge Schoulen thematiséiert gëtt a bei deenen aneren, jee, vun dem Responsabelen e wéineg ënner den Dësch fale gelooss gëtt oder als manner weesentlech betruucht gëtt.

Et ass och scho gesot ginn, dass mir eis mussen mat der Lëtzebuerg an der europäescher Kolonialgeschichte auserreesetzen. Eist Land a

seng Leit hu vu kriminellen a mënscherechtswidrege Praktiken a Systemer profitéiert, déi ganz Bevëlkerungen ënnerdréckt hunn, Beispiller: Kongo, Geschäfte mat dem südafrikaneschen Apartheidsregimm oder den USA zu der Zäit vun der Segregatioun. Glécklecherweis ass déi lescht Méint och d'Diskussioun am éffentleche Raum ugelaft.

Den Unterrecht an d'Recherche sinn also gefuerdert: Wéi vill wësse mer allegueren iwwer eis eege Geschicht, zemoos déi rezent? Wat wësse mer iwwert d'Relatiounen téscht Lëtzebuerg an dem afrikanesche Kontinent, iwwert déi afrikanesch an aner Diasporaen zu Lëtzebuerg? Soulaang do grouss Mängel sinn, ass et schwéier, de sougenannten Travail de mémoire ze maachen an e Geschichtsbewusstsein ze entwéckelen.

Erlaabt mer, och e Wuert iwwer eis Verwaltungen ze soen. Ech wëll emol fir d'éischt ervirhiewen, dass aus alle Befroungen eraus, déi ech fir d'Fonction publique gemaach hunn, d'Lëtzebuerg Verwaltungen duerch d'Bank gelueft gi vun de Lëtzebuerg, awer besonnesch vun den Ausländer, ob se hei am Land wunnen oder hei schaffen. Dat ass e gutt Zeechen. Eis Beamte sinn nämlech den Interface téscht dem Staat a senger Bierger. Dofir mussen si och d'Prinzipien, déi mir als Land héichhalten, an der Praxis beschtméiglech applizéieren. De Staat huet, wat d'Sensibiliséierung zu Egalitéitsfroen an dem korrekte Matenee ugeet, jo eng Virbildfunktoun.

Rassismus ass, wéi gesot, en transversaalt Thema - et ass vu meng Virgänger ugeschwat ginn -, wat an all Beräich agräift: d'Aarbecht an d'Schoul, de Wunnengsmaart, d'Fräizäit, de Sport an d'Kultur, d'Gesondheet, d'Interaktioun vun der Persoun mat de staatleche Betriber an Institutionen an eisen alleegeleche Sproochgebrauch.

Meng Chancen am Liewen, déi dierfen net hypothekéiert ginn duerch meng Originen a meng Hautfaarf. An ee klengen Tuyau fir d'Employeuren: Wéi wär et dann dobäi, wa mer géifen um Bewerbungsschreiwe, um CV, den Numm ewechloossen an och d'Foto? Bei eis an der Fraktioun ass dat d'Praxis, mat engem gudden Resultat.

Fir Rassismus ze bekämpfen, mussen mer eis an dëser Chamber, déi zum gréissten Deel aus privilegéierte Männer a Frae besteet - zum gréissten Deel, soen ech -, all Dag selwer un der Nues huelen, fir eis eege blann Flecken ze erkennen, ze korrigéieren an en engem kontinuéierleche Prozess eis Institutionen an eis Gesellschaft méi inklusiv a méi gerecht ze gestalten.

D'Problemer, déi et gëtt, de Konfliktpotenzial, deen do lauert, unzeschwätzen, ass e Schrëtt an déi gutt Richtung. Dofir der CSV an de Piraten merci, dass se dës Debatt haut op den Agenda gesat hunn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Margue. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem Merci un d'Kollege vun der CSV a vun de Piraten, dass se dee Sujet hei thematiséiert hunn. An ech wëll direkt och ufänke mat engem Satz, mengen ech, deen eis alleguer heibanne verbënt: Rassismus ass net akzeptabel! Dat ass eppes, wat mer alleguer verurteilen, an do si mer eis eens.

Awer ech wëll elo mol ufänke mat e puer Kommentaren, fir op dat ze reagéieren, wat mer haut hei gehéiert hunn, fir ze ënnersträchen, wou mer eis dann net méi eens sinn. An där Punkte gëtt et och vill.

D'CSV huet gesot, an do ginn ech hir 100%eg Recht: „Lëtzebuerg ass keng rassistescht Gesellschaft!“ An dunn ass et weidergaange mat: mee, mee, mee, mee. Mir soen als ADR: Lëtzebuerg ass keng rassistescht Gesellschaft, weeder strukturell nach legal nach institutionell! Mir hunn eppes Fantastesch geleescht hei am Land. Mir hunn eng grouss Zuel vun Ausländer, mat déi héchst op der Welt fir e Staat. Mir hu Grouss geleescht, fir se bei eis opzehuelen. Mir hunn net vill Alldagsrassismus. Et gëtt es. Mir hu wierklech d'Recht, houfreg ze sinn op déi Manéier, wéi mir hei am Land mat der Diversitéit émgin.

An et ass dach ze einfach fir ze soen, well elo déi Affär mam George Floyd an Amerika war, fir eis hei Äschen op d'Stier ze streeën an ze soen: „Mir sinn och dorunner schëlleg.“ Mir sinn net dorunner schëlleg! Mee wou et Eenzelfall gëtt, wou et Rassismus gëtt, mussen mer natierlech dergéint optrieden.

Awer wat heescht dat konkret? Loosse mer dach emol kucken, wat hei esou proposéiert gëtt an ob mer da wierklech Konsequenze wéilen doraus zéien.

An der Schoul ass et net akzeptabel, wann e Kand gesot kritt: „Wéinst denger Hautfaarf gees de net an de Classique!“, oder wéi och ëmmer. Natierlech net! Da kommt, mir maachen en Examen! Gitt Der dann dee Wee mat? En neutralen Examen, anonymiséiert, well et ass jo och eng Kritik un där Orientéierungsprozedur, déi mer elo hunn, wou eeben dat, wat hei gesot ginn ass, net anonymiséiert spillt. Da maache mer en anere Wee. Gitt Der dee mat?

An hei gëtt gesot: „Rassismus“, och beim Mobbing bei Kanner. Et ass jo och dat, wat mir ëmmer gesot hunn: Et gëtt och Gewalt a Mobbing an de Schoulen. déi gréng hu mer d'lescht Kéier erkläert, dat wär alles net esou schlëmm, d'Gewalt wär haaptsächlech doheem. Nee. Da kommt, mir zéien d'Konsequenzen doraus a mir maachen eng Politik, déi dat mat verhënnert.

Da gëtt hei dat gesot vum Logement. Déi Schwaarze hei am Land oder anerer sinn net déi Eenzeg, déi Problemer hu mam Logement. Mee wat si konkret déi Propositionen? An zu wat géif dat féieren? Wëlle mer higoen an de Propriétaire virschreien, u wie se solle verlouenen an u wien net? Do soe mir: „Nee!“ Dat ass den Droit de propriété: De Propriétaire huet nach ëmmer d'Recht ze decidéieren, u wien e wëllt verlouenen an u wien net! Wëllt Dir dat änneren? Sot eis dat!

Oder och mat de Sozialwunnengen: Mir hunn als ADR ëmmer derfir plädéiert, dass mer eng Lëscht, eng transparent Lëscht hei am Land hu mat de Sozialwunnengen, no objektive Krittären, wou jiddweree kann novollzéien, wéini en drun ass, fir eng Wunneng ze kéieren. Do ginn awer vill Saachen hei am Land gemaach, déi net transparent sinn.

D'LSAP zum Beispill hat eng Pressekonferenz gemaach nach viru Kuerzem: Ee Logement fir en Demandeur de protection internationale an een da fir e Resident! Gëtt dat applizéiert? Mee dat ass alles anescht wéi transparent. Wa mer da gär eng Objektivitéit hätten an och Diskriminierung wëlle verhënnern, da gi mer op de Wee vun der Transparenz.

Oder d'Patronen, hei gëtt gesot: „Jo, um Aarbechtsmaart!“ Wëllt Der dann d'Patrone forcéieren, dass Dir heibanne bestëmmt, d'CSV an all déi aner, déi mat esou Iddie kommen, wien de Patron soll engagéieren? Huel Dir dann och de Risiko fir vläicht Defizienzen herno a senger Entreprise, wou de Patron awer da verantwortlech ass?

Ech mengen, mir sollten hei emol op de Buedem vun de Realitéite kommen an einfach soen, dass mer natierlech sollte probéieren, virbildlech ze agéieren, selbstverständlech, awer dach wannechgelift déi Grondprinzipien, déi den Erfolleg vun eiser Gesellschaft ausmaachen, hei net a Fro stellen.

D'Police ass genannt ginn. Ech mengen, et hat ee gesot: „Mir hu Gott sei Dank keng exzessiv Policeviolence!“ Jo, mir vertrauen eis Police. Mir stinn hannert der Police. Déi Police huet eng ganz schwéier Situatioun all Dag ze meeschten. A mir hätten och gär eng Eierlechee, a mir hunn et hei schonn e puermol gesot, an der Kommunikatioun vun der Police.

Mir haten eng Question parlementaire gestallt sengerzäit, wou Dir, Madamm Minister Cahen, bei der Police intervenéiert hat, well do Elementer an enger Täterbeschreiwung waren, déi lech derangéiert hunn, an dësem Kontext iwwregens. Do krute mer eng Äntwert op déi parlamentaresch Fro, wou gesot gëtt, d'Police wier zoustänneg fir déi operationell Informatioun, an d'Regierung mécht dee politesche Volet.

Nee, mir wëllen eng Gesellschaft, an där Eierlechee ass, an där Transparenz ass. Wéi wëlle mer dann e Problem upaken hei am Land, wa mer mol net wëssen, wa mer net méi dierfe gewuer ginn als fräi Bierger, wéi d'Situatioun hei am Land ass? Wéi wëlle mer dann eng Situatioun soziologesch oder ekonomesch upaken an eppes besseren, wann d'Leit emol net méi am eegene Land gewuer gi vun där Police, déi si bezuelen, vun där Regierung, déi si bestëmmen, wat hei am Land lass ass?

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Sidd Dir dann déi, déi de Leit hei soen: „Dir sidd net mündeg, Dir dierft net méi wëssen, well Dir potenziell Rassiste sidd, wat hei am Land lass ass!“ Mat eis net!

Gradesou wéi d'Piraten. D'Piraten kommen heihinner, ech weess net, fir wat ... Ech weess iwwerhaapt net, fir wat se stinn, mee si sinn dach hei ugetratt iergendwéi als Internetpartei.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Dir stitt eebe fir Rassismus, Här Kartheiser, Dir weist et.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Si sinn iwwerhaapt hei ugetrueden als Internetpartei



an ech héieren den Här Clement hei soen: „Mir mussen déi Kommentare op Facebook an de Grëff kréien!“ Ma mir wëlle keng Zensur! Well dat ass jo dat, wat eigentlech méi schlëmm ass: fir dat Iwwel vum Rassismus soi-disant ze heelen, hei eng ëmmer méi staark Zensur ze maachen, fir de Leit praktesch de Mond ze verbidden. Si mengen elo schonn, si kéinten net méi soen, wat se denken.

Et ass dach esou eng „chape de plomb“ iwwert dem Land, esou eppes, wat der Demokratie schuet, der Meenungsfräiheet schuet, eigentlech deem, wat eis Gesellschaft ausmécht, deem fräie Charakter. An allkéiers, wann hei ee kënnt a seet: „Mir mussen dee Facebook, deen Internet besser kontrolléieren!“, ass et dach e Schrëtt a Richtung Totalitarismus, dee mir als ADR op jidde Fall net matmaachen.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et sinn hei Saache gesot ginn, déi selwer rassistesch sinn. Zum Beispill déi Iddi, datt hei „60 Wäisser“ - ech mengen, den Här Margue war dat -, „60 Wäisser“ iwwert de Problem schwätzen. Och dat ass eng Form vu rassistescher Bemierkung. Wat hätt Der gär?

Déi Definitioun vum Rassismus ..., an ech gesinn, d'Zäit leeft, dofir stellen ech der Regierung nach dräi Froen herno.

(Brouhaha)

Mee déi Definitioun vum Rassismus, dat ass dach eng Form vun deem moderne Verbalfeitschismus. Mir wëssen dach - mir wëssen et an hei schwätze mer dauernd drüwer -, datt et ënnerschiddlech Mënsche gëtt! Et gëtt wäisser, et gëtt schwaarzer, et gëtt Asiaten, ob een dat elo eng Rass nennt oder eppes anescht. Ech hu mat Begeescherung déi Kommentaren an déi Publikatiounen zu deem Thema gelies. Mee dat ass einfach ee Begrëff duerch een aneren ersat, well et gëtt Ennerscheeder tëschent de Mënschen! Et gëtt se geneetes, et gëtt se an den Enzymmen, et gëtt se an dem Fonctionnement vum Kierper, et gëtt se an der Recherche médicale.

An déi selwecht Leit, déi hei d'Diversitéit héichhalen an eiser Gesellschaft, si genau déi, déi de Begrëff vun der Diversitéit wëllen ënnerdrécken, well se de Begrëff vun de Rassen oder vun de geografesche Populatiounen oder de geneeteschen Iwwereneestëmmungen, wéi dat haut genannt gëtt, wëllen aus der Welt schafen. Wat hätt Der da gär?!

Ech wëll der Regierung dräi Froen stellen - well ech hunn nach 2 Minutten an 41 -, einfach fir emol ze soen, wou de Rassismus ass oder wou e ka sinn: eng un déi gréng, eng un déi Rout an eng un déi Blo.

Ech fänke bei deene Gréngen un. Den Här Margue interesséiert sech fir de Kongo vu viru ville Joren an e seet, mir missten eis als Lëtzebuerg entschëllegen, well e puer Lëtzebuerg am belsche Kongo waren.

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Dat hunn ech net gesot.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Oder ...

(Brouhaha et interruptions)

Boff. Okay, op jidde Fall huet de Verrieder vun deene Gréngen och vum Kongo geschwat. Ech weess elo net de Verbatim, wéi, mee et ass och net dat, wat wichteg ass.

(Exclamations et coups de cloche de la présidence)

Nee! Nee, nee, mäi Punkt ass deen hei: déi gréng an hirer Ried interesséiere sech méi fir de Kongo vu gëschter wéi fir de Kongo vun haut. An ech hu schonn e puermol gesot: Wéi ...

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

(Exclamations)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... ass dat méiglech, datt déi Kanner, déi an de Kobaltminne sinn, dat sinn nämlech schwaarz Kanner, lech net interesséieren? Datt Dir eng Elektromobilitéit hei subventionéiert op Käschte vu schwaarze Kanner am Kongo? Géift Dir, Här Turmes, dat och maachen, wann dat Dikrecher Kanner wären? 45 Meter ënnert dem Buedem! Elektromobilitéit, vum Staat finanzéiert, an et ass lech objektiv komplett egal, wéi déi Kanner leiden! Ass dat och Rassismus? Eng Fro.

Eng Fro un déi Rout.

(Interruption par M. Yves Cruchten)

Eng Fro un déi Rout. Mir haten... Ou, elo ass ee gespaant, wat déi Rout als Fro kréien. Mee ech soen lech, wat déi Rout als Fro kréien.

(Brouhaha et interruption)

An der Entwécklungshëllef: De President Trump, deen hei am Sall bei villen net populär ass, ...

► **Une voix**.- Bei lech awer.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... huet virun enger gewëssener Zäit Ofdreiwungspro-

grammer an Afrika gestoppt, well en dat net fir moralesch hält - do ginn d'Meenungen ausereen -, an direkt huet eng hollännesch Ministeresch gesot: „Da sprange mir dohinner!“ She decides! An d'Lëtzebuerg Regierung ënner engem LSAP-Minister, deen zoustänneg war, huet direkt gesot: „Mir finanzéieren dat mat.“

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- U sech finanzéiere mir Ofdreiwung an Afrika. Do kann een diskutéieren: Ass do net och e rassisteschen Aspekt wéinst der Bevëlkerungsexplosioun op deem Kontinent? 8,2 Milliounen Ofdreiwungen d'lescht Joer.

► **Une voix**.- Wou sidd Der déi Zuel do da siche gaangen ...?

(Interruption)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ass do net och e rassisteschen Aspekt?

Drëtt Fro, un déi Blo.

► **Une voix**.- Wou ass do dat Rassistesch?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Drëtt Fro un déi Blo. Eng vun deene schlëmmste Forme vu Rassismus ass den Antisemitismus. Gëschter hu mer de Rapport kritt hei vum RIAL (ndlr: Recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg), an de Champion vum Antisemitismus zu Lëtzebuerg, esou wéi am Rapport beschriwwen, ass alt nees de Comité pour une paix juste au Proche-Orient. E Kommittee, dee vun der Regierung massiv ënnerstëtzt gëtt an deen d'Recht huet, an eise Schoulen opzetrieden, ënnert der Verantwortung vun engem DP-Minister. Misst d'DP net e bësse méi sensibel sinn um Dossier Antisemitismus? Och dat ass eng Fro.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, d'ADR ass ganz kloer, an ech wëll do keen Zweifel looszen, eng Partei, déi géint de Rassismus ass! Géint de Rassismus! Awer Dir fannt eis net op der Säit vun deenen, déi mengen, de Rassismus géif doduerch bekämpft ginn, datt mir eis Fräiheete beschränken, datt mir eng Hypokrisie ënnerstëtzen, datt mir leegen, wat gutt an eiser Gesellschaft ass. Oder datt mir de Lëtzebuerg am Allgemengen e Reproche géife maache fir eppes, e Reproche, dee se net verdéngen! Well, wéi gesot, mir hu Groussaarteges hei am Land fir d'Integratioun gelescht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Jo, och wann dat dem Här Kartheiser net gefält, wéilt ech awer och ënnersträchen, datt et tatsächlech net esou evident ass, iwwer Rassismus ze schwätzen, wann een e wäisse Mann ass, esou wéi dat bei mir eeben och de Fall ass. An dat huet einfach nëmmen domadder ze dinn, datt een ni Affer war vum Rassismus. Dann ass et och schwéier anzuschätzen, wéi sech dat am Alldag uspiert.

Et ginn der natierlech, déi behaupten, als wäisse Mann wier et apaart schwéier, als Wäisse wier een och Affer vu Rassismus oder als Mann wier ee souguer Affer vun der Diskriminierung duerch d'Fraen oder duerch de Feminismus. Ech kann nëmme vu menger Perspektiv aus schwätzen: Ech sinn elo zënter 41 Joer e wäisse Mann, an ech mengen net, datt dat sech wäert änneren, ...

(Hilarité)

... an ech hat ni den Androck - ech hat ni den Androck, ech soen „ni den Androck“, keng eenzeg Kéier a mengem Liewen! -, wéinst menger Hautfaarf oder mengem Geschlecht op iergendeng Manéier et am Liewe méi schwéier gehat ze hunn. Ganz am Géigendeel, ganz am Géigendeel!

Natierlech kann een diskriminéiert ginn, well een aarm ass zum Beispill, oder dem Proletariat entspréngt, mee net, well een e Mann ass, oder net, well ee wäiss ass. Dat stëmmt net!

Wann een awer e Mann ass, wäiss ass a wuelhabend, ech mengen, dat spillt och eng Roll, an d'Eltere waren et och, dann ass et natierlech einfach ze soen, datt déi ganz Diskussioun iwwerdrüwe wier. Firwat soll ee sech bekloen, wann een d'Diere scho bei der Gebuert all opgemaach krut? Ech géif souguer souwäit goen a behaupten, wann ech géif gefrot ginn, mech ze reinkarnéieren - ech gleewen zwar net dorunner -, mee da géif ech nëmmen aus Kamoudheet mech fir dee selwechte Programm entscheeden, wäiss an e Mann, awer nëmmen aus Kamoudheet.

(Interruption)

Jo, well et ass weiderhi méi einfach als wäisse Mann wéi als schwaarz Fra op dëser Welt, an Europa, op jidde Fall!

A bon, et huet jiddwereen och iwwert dee leschte „Kloertext“ geschwat. An de Micro-trottoir, dee virdu gewise gouf, deen ass immens interessant, well déi, déi gefrot ginn a soen: „Jo, et gëtt eng Form vu Rassismus hei zu Lëtzebuerg op déi eng oder aner Aart a Weis!“, waren éischter jonk Leit an och déi mat engem Migratiounshannergrond, meeschtens, net nëmmen. An da gouf et dräi Persounen, eeler Hären, an déi och, mengen ech emol, net zu deenen Äermste gehéieren, déi gesot hunn: „Nee, hei leeft et u sech relativ gutt!“

Ech wëll bei Wäitem net domadder behaupten, datt déi Hären iergendwéi rassistesch wieren. Mee ech wëll domadder behaupten, datt et awer méi schwéier ass fir gewësse Leit, déi ni ënner Rassismus gelidden hunn, well se éischter zu deene verschiddensten dominante Kategorie gehéieren, fir dat iwwerhaupt kënnen ze verstoen.

Et ginn awer Leit, ech kennen der vill, an et ginn der souguer och hei an dëser Chamber, déi vläicht Häre sinn, vläicht souguer eeler Häre sinn, déi vläicht och souguer aus guddem Haus kommen, déi sech awer mat der Fro ausereesetzen. Et ass net onméiglech, empathesch ze sinn. Et ass net onméiglech, deem aneren nozelauschteren, deen an enger anerer Situatioun ass, an net nëmme vu sengem Standpunkt aus ze kucken. Well dat ass eng kannereg Approche, soen ech. Et ass eng kannereg Approche, fir ze mengen: Mir geet et gutt, da geet et der Gesellschaft gutt, da brauch een näischt méi dorunner ze änneren!

An dat si meeschtens och déi Leit, déi grad déi Denkmaldiskussioun net esou richteg verstinn - well dat huet een och gemierkt.

Et ass jo meeschtens elo den Orwell erausgekroopt ginn - deen Aarmen, wann deen dat géif erliewen -, wou dann de Winston Smith, den Protagonist vun „1984“, zitéiert gëtt, wéi e seet, de Regimm vun Ozeanien, dee wéilt d'Vergaangenheet fäerdegmaachen.

Déi Parallell hierzestellen, ass total falsch, well grad eng vun de Grondiddie vum Orwell féint een net nëmmen a sengem Haaptwierk „1984“ erëm, mee an der „Animal Farm“ féint een dat erëm, an „Homage to Catalonia“, „Dans la déche à Paris et à Londres“ - ech weess net méi, wéi een et op Englesch seet - an esou weider. D'Haaptiddi, do geet et allkéiers ëm d'Gesellschaftsverzerrung an d'Inversiouen vun de Fakten, fir nei Dominatiounen ze schafen.

Et geet guer net drëms, alles futti ze maachen oder Denkmaler futti ze maachen. Mee et geet drëms, déi ganz Geschicht ze erzielen. A grad dann déi Denkmaler hei an der Géigend - do diskutéiere mer iwwert dee fréiere belsche Kinnek Leopold II -, déi reie sech jo grad an dës Logik a vu subjektiver Interpretatioun vun der Geschicht am Sënn vun den herrschende Klassen. Et steet jo och eppes drënner, ënnert deene Statuen, wéi mer ganz genau wëssen: „À la gloire“, ech weess net méi ganz genau, „du roi Léopold qui a apporté la civilisation au Congo“. Et ass komesch, datt d'Kongoleesen dat ganz aneschters gesinn. Si nennen hien „le Hitler africain“, an net fir näischt! An ech mengen, si hunn net Onrecht domadder.

Bon, de belsche Kinnek elo, de Philippe, dee regrettéiert déi Situatioun. Ech fannen et e bësse schwach, muss ech awer éierlech soen, well e regrettéiert an e seet och net ganz genau, wat geschitt ass. Hien hätt kënnen e klengen Effort maachen. Bon!

An natierlech, dat ass och schonn ugeschwat ginn, mir haten och eng Vergaangenheet am Kongo. Et waren net just e puer Leit, déi dohinergaange sinn, an et war och verstréckt mam Lëtzebuerg Staat. Ech invitéieren lech all, dat Buch vun Régis Moes ze liesen. Et ass immens interessant.

(Interruption)

Ech mengen, mir mussen eis iergendeng Kéier och mat de Konsequenzen ausereesetzen. Mir mussen eis Froen stellen, vläicht och d'Fro vun de Reparatiounen opwerfen. An ech mengen, et wier vläicht un der Zäit an et wier och zur Eier vun der Chamber, vläicht un enger Resolutioun ze schaffen. Mir wollte se net selwer virbereeden, well mer mengen, datt dat eng iwwerparteilech Saach misst sinn. Ech mengen, dat wier eng interessant Saach.

Et ginn natierlech och Stëmmen, déi soen: „Allez hopp, déi Saach mam Kolonialismus, dat muss een nuancéiert gesinn! Déi bekannten „nuancéiert“ Leit, d'Leit, déi ëmmer alles wëllen nuancéieren. Et ass net alles schwaarz a wäiss. Mee déi Argumentatioun ass absurd! Well déi kann een un all, all Regimm applizéieren. An et deet mer leed, déi kann een och un de Faschismus an och nach à la limite un den

Nationalsozialismus applizéieren: nuancéiert kucken. Si mer bereet, esou Regimmer nuancéiert ze kucken? Ech mengen net. Ech sinn op jidde Fall net dozou bereet.

An dann dat anert Argument: d'Infrastrukturen, déi do opgebaut gi sinn. Jo, d'Kolonialhären hunn Infrastrukturen am Kongo an op anere Plazen opgebaut. Mee firwat? Si haten eng utilitaristesch Approche. Et ass drëms gaangen, datt déi Infrastrukturen hu missen dozou dëngen, fir justement d'Kolonialherrschaft weider ze festegen.

Zu der Beweegung „Black Lives Matter“, wat op Lëtzebuergesch iwwersat heescht „Schwaarz Liewen zielt“. Et ginn natierlech Leit, déi soen: „O nee, et muss ee soen „All Lives Matter““. Mee dat ass, wéi wann ee géif soen, et dierft een zum Beispill net méi vum Antisemitismus schwätzen ënnert dem Virwand, datt et och e Rassismus géint aner Communautéite géif ginn, géint Schwaarzer, géint Homosexueller, géint reesend Leit, et cetera, et cetera.

Jo, et gi vill Forme vu Rassismus. Mee den Antisemitismus ass eng spezifesche Form vu Rassismus, exklusiv gerichtet géint d'Juden, wéi och déi verschidde Rassismen, wéi d'Negrophobie an esou weider, géint spezifesche Persoune gerichtet gi si mat och spezifeschen Auswierkungen oft an der Geschicht. Wann een zum Beispill vum Antisemitismus schwätzt, da schléisst ee jo och keng aner Forme vu Rassismus aus. Meeschtens leiden Antisemite souwisou och nach ënner anere Forme vu Rassismus, muss een och soen.

A „Black Lives Matter“ ass genau dat selwecht. Dat heescht souvill wéi ze soen, datt et an den USA, awer net nëmmen an den USA, e spezifesche Rassismus- an Diskriminierungsproblem gëtt vis-à-vis vu Schwaarzen. Et ass komesch, datt am Joer 2020 dat nach ugezweifelt gëtt.

Rassismus ass keen individuelle Problem, zum Beispill ronderëm déi Diskussioun iwwert d'Gewalttätgekeete vun der US-amerikanischer Polizei vis-à-vis vu Schwaarzen. Wat ee verstoe muss, ass, datt déi Beweegung jo emol net behaapt, datt all individuelle Polizist e Rassist wier. Et gi souguer Polizisten an den USA, déi sech mat dëser Beweegung solidariséiert hunn. Dat wat déi Beweegung uprangert, ass e System, en net formale System, mee eng strukturell, politesch, sozial an ekonomesch Praxis, déi doranner besteet, schwaarz Mënschen un de Rand vun der Gesellschaft ze drängen.

An do gëtt et e konkret Beispill, historesch, dat Beispill vun dem „redlining“. Dir wësst et vläicht, an den 30er Joren huet de Roosevelt jo am Kader vu sengem New Deal esou e Programm gemaach, wou ee Prête konnt einfach kréien, fir en Haus ze kafen, en eegent Haus. Dat war alles ganz gut, just datt duerno urbanistesche ganz konkret Quartiere mat enger roudier Linn esou getrennt goufen. U sech, wann een op där enger Säit gelieft huet, op der richteger Säit gelieft huet, da krut een e Prêt, a wann een op där falscher Säit gelieft huet, an dat waren - duerch Zoufall - d'Quartieren, wou Schwaarzer gelieft hunn, krut ee kee Prêt.

Duerno, 1947, ass och nach e Gesetz komm, d'Levitt-Gesetz, wat gesot huet, datt schwaarz Leit net konnten déi aner Säit vun dëser Linn lieve goen. 1947 waren an den USA nach ëmmer keng fortschrëttlech Saachen. Bon! An net nëmmen an de Südstaaten! Dat Gesetz ass natierlech ofgeschafft ginn.

Mee an der Tëschenzäit konnten déi, déi e Prêt kruten, déi an deene bessere Quartiere gelieft hunn - dat ware Wäisser, an et ass net hir Schold, datt si dovunner profitéiert hunn, tant mieux fir si -, mee déi konnten natierlech Kapital accumuléieren, si konnten hir Kanner op d'Uni schécken. An d'Inegalitéiten hu sech weiderhi verschäerft bis haut, bis haut, soudatt et déi Quartieren nach ëmmer gëtt, datt et nach ëmmer déi Segregatioun bis haut gëtt.

Wann een net versteet, datt dat nach ëmmer eng Realitéit ass a wann een net versteet, datt déi racial an ekonomesch Segregatioun u sech Hand an Hand matene ginn an datt dat och Auswierkungen huet bis haut par rapport zur Gewalt, par rapport zur Police ... Natierlech, wann een aarm ass, geet een heiansdo aner Methode sichen, déi vläicht manner legal sinn, an et fält een an en aneren Däiwelskrees eran. „Dann huet een och mat anere Konsequenzen ze rechnen“, dat ass dat, wat gesot gëtt.

An ech mengen, dee Problem vun de rassistierte Mënschen ass net just en amerikanesche Problem. Ech mengen, do gëtt et och e Messverständnes. Et gëtt ëmmer gesot: „Voilà, dat Wuert „rassistiert“ dierf een net benotzen, well et keng Rasse ginn.“ Jo, selbstverständlech



ginn et keng Rassen ënnert de Mënschen. Mee de Problem ass, déi Leit, déi kruten eng Zouschreiwung, si si „rassisiéiert“ ginn. Si krute gesot: „Du bass e Schwarzen, du bass en Asiat, du bass e Judd, du bass en Zigeiner“, an esou weider. Si sinn an eng gewësse Situatioun gedriwwen ginn. An dofir, dat hat eng Konsequenz politesch, ekonomesch a sozial, an et sinn natierlech déi Eischt, déi géint de Rassismus kämpfen.

Ech muss elo ganz schnell maachen. Ech wollt just nach zur Konklusioon kommen. Och wann et formal keng Gesetzer ginn - déi napoleonesch Gesetzer hunn d'Judden emanzipéiert, och hei zu Lëtzebuerg -, heescht dat, datt op eemol den Antisemitismus verschwonne wier hei zu Lëtzebuerg? Bei Wäitem net! Et huet jo nach laang gedauert an et hat duerno souguer nach katastrofal Folgen. Also d'formal Realitéit an duerno déi richteg Realitéit, sozial, politesch, ekonomesch Realitéit, dat ass zweeërlee.

Ech wollt awer nach just soen: Mir mussen eis dekoloniséieren, och an eiser Approche mat Afrika, mat de Fräihandelsvertrëg zum Beispill, déi weiderhin nach ëmmer eng kolonial Approche hunn.

A schlussendlech wollt ech awer nach drun erënneren, well et betrëfft eis all, déi Saach: A senger Korrespondenz mam Abraham Lincoln huet de Karl Marx geschriwwen, hie géif en natierlech ënnerstëtzen a sengem Feldzuch géint d'Sklaverei an e géif nach ënnersträchen, d'Befreiung vun de Sklave wier eng éischt Etapp fir d'Befreiung vun der ganzer Mënschheet, déi ënnert dem Joch vum Kapital ze leiden hätt.

Dofir, ech mengen, den Haaptmessage ass nach weiderhin deen: Wann ee géint de Rassismus geet, wann ee géint all Form vun Hierarchiséierung geet, wann een och géint all Denkweis geet, déi doranner besteet: „Et ginn Hären an et gi Sklaven, et ginn Décker an et gi Klenger“, dann hu mer nach ëmmer all, déi ganz grouss Majoritéit vun der Bevëlkerung hei op dëser Welt, eppes ze gewinnen!

An ech mengen, den Haaptmessage ass weiderhin deen: Mir wëllen einfach keng Hären. Mir wëllen all fräi Mënsche sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn elo laang iwwer Rassismus an Diskriminatioun diskutéiert. An ech mengen, datt et nach vill méi dozou ze soe géif ginn. Dofir erlaabt mer, datt ech ganz kuerz och schonn zur Motioun an zur Resolutioun schwätze vun de Kolleegen vun der Majoritéit. Dat sinn zwou gutt Initiativen, déi mir kënnen esou matdroen. Ech deelen awer do och dem David Wagner seng Meenung, datt et vläicht gutt gewiescht wär, zumindest d'Resolutioun mat gréisstméiglecher Zoustëmmung heibannen zesummenzékriegen. Eventuell léisst sech do jo nach eppes maachen.

Dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech och nach zwee Texter deposéieren. Dat eent, dat ass eng Resolutioun, déi u sech fuerdert, d'Fuerderung vu „Black Lives Matter Lëtzebuerg“ unzekerken. Em wat geet et dobäi? Ma et ass ganz einfach: „Black Lives Matter Lëtzebuerg“ luttéiert fir eng „transformation sociale à travers le changement du traitement et de la perception des personnes subissant des discriminations“. Ech mengen, dat ass eng Fuerderung, där mer eis hei net sollte verschléissen. Dat ass un d'Chamber adresséiert. Dat ass, fir datt mir als Chamber eis do och beswost sinn, wat et heescht, déi Leit ze ënnerstëtzen, déi am Reen, trotz Corona, virun der amerikanescher Ambassade demonstrieren, eebe fir dem George Floyd ze gedenken, mee net nëmmen, mee fir insgesamt op systeemesch Diskriminatioun hinzewisen.

Résolution 2

La Chambre des Députés,

- *vu la déclaration universelle des droits de l'homme de 1948 ;*

- *vu la déclaration et le programme d'action de Durban de 2002 et leur suivi, ainsi que le rapport de la rapporteuse spéciale des Nations Unies sur les formes contemporaines de racisme, de discrimination raciale, de xénophobie et d'intolérance qui y est associée sur la lutte contre le racisme, la discrimination raciale, la xénophobie et l'intolérance qui y est associée ;*

- *vu le rapport 2020 sur les droits fondamentaux de l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne ;*

- *considérant que le 25 mai 2020, George Floyd, un Afro-Américain âgé de 46 ans et non armé, a été arrêté au motif qu'il aurait utilisé un faux billet et tué à Minneapolis (Minnesota) par un policier blanc qui l'a asphyxié en exerçant une pression du genou contre son cou pendant 8 minutes et 46 secondes; que George Floyd a répété à plusieurs reprises qu'il n'arrivait pas à respirer ;*

- *considérant que la mort de George Floyd a donné lieu à des manifestations et à des protestations de masse contre le racisme dans l'ensemble des États-Unis et du monde ;*

- *considérant que le racisme sévit dans le monde entier et que les attitudes racistes et xénophobes persistent ;*

- *considérant que le racisme structurel se reflète également dans les inégalités socio-économiques et la pauvreté, et que ces facteurs interagissent et se renforcent mutuellement; que ce phénomène est particulièrement visible sur le marché du travail, où la plupart des travailleurs précaires sont des personnes de couleur, mais également dans le logement et l'éducation; que les actions en faveur de l'égalité et contre le racisme structurel doivent aller de pair et être menées de manière systématique ;*

- *considérant que le Luxembourg doit prendre des mesures concrètes pour lutter contre le racisme structurel, la discrimination et la sous-représentation des groupes raciaux et ethniques minoritaires au sein de ses structures ;*

- *réaffirme le rôle crucial de l'éducation dans la mise en échec des préjugés et des stéréotypes, dans la promotion de la tolérance, de la compréhension et de la diversité, et souligne que l'éducation est un outil essentiel pour mettre fin à la discrimination et au racisme structurels dans nos sociétés,*

- *de reconnaître officiellement la légitimité des revendications des manifestants de #blacklifers au Luxembourg.*

(s.) *Sven Clement.*

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dat Zweet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass eng Motioun, déi d'Regierung invitéiere géif, fir en État des lieux ze maachen iwwert d'aktuell Legislatioun am Beräich vun der Antidiskriminéierung. Dat ass mam Zil, datt dësen Debat hei net haut ophält, mee datt mer eeben déi Datebasis hunn. De Paul Galles huet virdrun ugefaange mat de statisteschen Datebasen. Ech mengen, datt mer awer och mussen eng Kéier eis Legislatioun op de Leescht huelen, datt mer musse kucken: Wat hu mer schonn a wou geet et net duer? An dat ass nun emol esou, datt an eiser spezieller Form vum Parlamentarismus, wéi Lëtzebuerg dee leeft, d'Regierung do weess, wéi eng Gesetzer se schonn huet, an der Pipeline huet, a potenziell eis dann och ka weisen, wat do nach an hiren Ae soll verbessert ginn.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *vu la déclaration universelle des droits de l'homme de 1948 ;*

- *vu la déclaration et le programme d'action de Durban de 2002 et leur suivi, ainsi que le rapport de la rapporteuse spéciale des Nations Unies sur les formes contemporaines de racisme, de discrimination raciale, de xénophobie et d'intolérance qui y est associée sur la lutte contre le racisme, la discrimination raciale, la xénophobie et l'intolérance qui y est associée ;*

- *vu le rapport 2020 sur les droits fondamentaux de l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne ;*

- *considérant que le 25 mai 2020, George Floyd, un Afro-Américain âgé de 46 ans et non armé, a été arrêté au motif qu'il aurait utilisé un faux billet et tué à Minneapolis (Minnesota) par un policier blanc qui l'a asphyxié en exerçant une pression du genou contre son cou pendant 8 minutes et 46 secondes; que George Floyd a répété à plusieurs reprises qu'il n'arrivait pas à respirer ;*

- *considérant que la mort de George Floyd a donné lieu à des manifestations et à des protestations de masse contre le racisme dans l'ensemble des États-Unis et du monde ;*

- *considérant que le racisme sévit dans le monde entier et que les attitudes racistes et xénophobes persistent ;*

- *considérant que le racisme structurel se reflète également dans les inégalités socio-économiques et la pauvreté, et que ces facteurs interagissent et se renforcent mutuellement; que ce phénomène est particulièrement visible sur le marché du travail, où la plupart des travailleurs précaires sont des personnes de couleur, mais également dans le*

logement et l'éducation; que les actions en faveur de l'égalité et contre le racisme structurel doivent aller de pair et être menées de manière systématique ;

- *considérant que le Luxembourg doit prendre des mesures concrètes pour lutter contre le racisme structurel, la discrimination et la sous-représentation des groupes raciaux et ethniques minoritaires au sein de ses structures ;*

- *réaffirme le rôle crucial de l'éducation dans la mise en échec des préjugés et des stéréotypes, dans la promotion de la tolérance, de la compréhension et de la diversité, et souligne que l'éducation est un outil essentiel pour mettre fin à la discrimination et au racisme structurels dans nos sociétés,*

invite le Gouvernement

- *à dresser un état des lieux concernant les politiques antidiscriminatoires dans tous les domaines et à élaborer un plan d'action national contre le racisme qui aborde des domaines tels que l'éducation, le logement, la santé, l'emploi, la police, les services sociaux, le système judiciaire et la participation et la représentation politiques.*

(s.) *Sven Clement.*

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An da profitéieren ech vu menge puer Minuten, déi mer nach bleiwen u Riedezäit, fir awer op een „Eenzelfall“, wéi en et selwer genannt huet, hei zrëckzekommen. An ech hoffen, datt den Här Kartheiser wierklech en Eenzelfall ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen, well esou e Brach hunn ech scho laang net méi héieren hei am héijen Haus!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Als Éischt ënnerstellt e mer Saachen, déi ech net gesot hunn. An, Här Kartheiser, Dir sidd en intelligente Mënsch, a wann Der litt, just fir e politesche Punkt ze maachen, dann ass dat aarm-séileg! Mat kengem Wuert a menger Ried hunn ech gesot, datt iergendwellech Zensur misst kommen. Ech hu mat kengem Wuert gesot, datt iergendee vun deene Commentairen, déi Dir zitëiert hutt - warscheinlech komme se vun Äre Wieler -, geläscht muss ginn. Nee, ech hu gesot, mir sollte se net onkommentéiert stoe loosser. Ech hunn un den Zivillcourage vun all den Antirassisten hei zu Lëtzebuerg appelléiert fir ze widdersprieche, fir den Debat net ze scheien, fir eebe grad an den Debat eranzegoe mat Argumenter, fir ze weisen, wou dividéiert gëtt a wou net.

Ech hunn net gesot, mir wéilten eng Zensur. A wann den Här Kartheiser dat hei um Podium behaupt, da litt en! A wie litt, dee kann ech net ganz eescht huelen.

(Interruption)

An dat Schliëmmst ass: Mir schwätzen hei zwou Stonnen iwwer Rassismus, an zéng Minuten dovunner schwätzt een, dee sech all eenzelt Argument vun „Ech si kee Rassist, mee ...“ zu eege mécht, fir hei zéng Minuten um Podium ...

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An dat ass Meenungsfräiheet, dat ass keng Zensur! Den Här Kartheiser huet dat Recht, fir hei ze soen, hie wär anerer Meenung wéi d'Majoritéit. Ech sinn heefeg anerer Meenung wéi d'parlamentaresch Majoritéit. Dat ass e gutt Recht. Mee dann ze mengen, datt ee misst hei am Debat vu Rassismus iwwert d'Zensur schwätzen, déi mat kengem Wuert ugeschwat gouf, während ee gläichzäiteg déi Dausend vun Doudegen, déi duerch Lëtzebuerg am Kongo zustane koumen, denigréiert ... Jo, och dat ass erëm, och dat Wuert „denigréieren“ ass esou iergendwou e bësse rassistes, e bëssen implizit eppes gemeengt, wat explizit net dierf gesot ginn. A genau dat huet den Här Kartheiser hei gemaach. En huet grouss Wieder benotzt, fir an engem Debat déi Kleng nach méi kleng ze schwätzen. En huet grouss Wieder benotzt, fir vun „Eenzelfall“ ze schwätzen.

(Interruption)

Ech si frou, datt den Här Kartheiser heibannen ee vun de weinigen „Eenzelfall“ ass, wann et em déi Attitud geet. Well leider ass Rassismus, an dat hunn déi meescht Riedner heibannen haut wierklech gutt illustréiert, keen Eenzelfall. Et ass keen Eenzelfall, wat Leit, déi net wäiss sinn, reegelméisseg ze héiere kréien. An et ass leider keen Eenzelfall, datt vill ze heefeg Wäisser derniewentstinn a just hir Zéiwespëtze kucken, well se net wëssen, wéi se mat Zivillcourage deem eppes entgéintsetze sollen.

Dorunner muss mer schaffen, datt mer eis alleguerten trauen, de Mond opzemaachen, wann een Haass verspree, de Mond opzemaachen, wann een anerer méi kleng mécht wéi se sinn, de Mond opzemaachen, wann een der Meenung ass, datt een awer gutt Lëtzebuergesch schwätzt fir déi Hautfaarf oder fir dat Erscheinungsbild, wat en huet.

Mir mussen alleguerten de Mond opmaachen, an dofir dierf en esou Deklaratiounen net einfach am Raum stoe loosser. An ëmsou méi schlëmm gi se, wa se op Lige baséieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Minister fir Famili an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen.

Prises de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools merci, Här President. Ech géif fir d'Éischt gären den Initiateur vun dëser Heur d'actualité villmools Merci soen. Ech denken, dass et wichteg ass an dësem Kontext, mee awer och ausserhalb vun dësem Kontext, ëmmer nees iwwert d'Thema Rassismus an Diskriminéierung ze schwätzen, Diskriminéierung am Allgemengen. An ech mengen, dass dat vun deenen allermeeschten de Mëtten hei och esou gemaach ginn ass.

Et ass net, well zu Lëtzebuerg manner Rassismus ass, dass een net soll driwwer schwätzen. Dat war eng Ausso an deem „Kloertext“, deen haut e puermol zitëiert ginn ass. An ech denke mer, wann ee sech diskriminéiert fillt, dann hu mer e Problem mat Diskriminatioun. An da muss mer kucken, dass mer dee Problem an de Grëff kréien.

Rassismus an der Gesellschaft, dat ass ganz sécher e Problem, dee weltwäit existéiert. En existéiert leider och hei zu Lëtzebuerg. An dofir sollt een och reegelméisseg iwwert dës Problematik hei eebe schwätzen.

Mir hunn, dat ass och gesot ginn, hei zu Lëtzebuerg eng oppe Gesellschaft. Mir setzen eis all Dag derfir an, dass dat och esou soll bleiwen. Mee Lëtzebuerg muss och eng inklusiv Gesellschaft sinn, wou et egal ass, wou een hierkënn, egal, wien een ass, egal, wéi eng Relioun een huet, wéi eng Hautfaarf, wéi eng sexuell Orientéierung dass een huet. Dat muss egal sinn. Et soll een op Kompetenze bewäert ginn an net op iergendepes aneschtens.

Lëtzebuerg muss eng Gesellschaft sinn, déi hire Räichtum aus der kultureller Diversitéit erauszitt. An ech zitëieren do elo direkt schonn de Charles Margue, dee gesot huet: „Den Eloge vun der Diversitéit dierf keen Alibi sinn.“ Dat ass richtig! Mir hunn eng diversifiéiert Gesellschaft. Mir sinn alleguerten aneschtens. Dat ass och d'Stärkt vun eisem Land! Mee dat soll awer net den Alibi sinn dofir, dass mer net iwwer Rassismus dierfe schwätzen, dass mer net iwwer Diskriminatioun dierfe schwätzen an dass mer esou maache sollen, wéi wann et dat hei zu Lëtzebuerg net géif ginn.

Inklusioon an Integratioun, geliefte Diversitéit, dat mécht sech leider net vum selwen, an dat gesi mer och all Dag. D'Regierung, déi hält dat Thema natierlech ganz seriö. A mir hunn eis am Koalitionsaccord dozou verflucht, fir e gutt Zesummeliewen an eiser Gesellschaft ze férdere. Mir schaffen dofir zesummen op allen Niweaue vun der Gesellschaft.

Beim Staat zum Beispill hate mer elo dat Gesetz vun der Accessibilitéit, wat de Max Hahn zitëiert huet, wat um Instanzewe ass. Och dat ass géint Diskriminatioun, dat ass d'Gesetz och, fir d'Accessibilitéit eebe fir jiddwereen ze garantéieren. Bei de Gemenge schaffe mer dorun, natierlech. Ech denken do zum Beispill un d'CCCLen (ndlr: CCCI Commission consultative communale d'intégration), déi Integrationskommissiounen, déi deelweils wierklech Formidables leeschten.

Ech denken awer och un d'Veräiner! D'Veräiner, wou d'Integratioun, d'Inklusioon sech am Alldag leeft, wou een net jugéiert gëtt no senger Hautfaarf, wou een néierens sollt iwwerengs jugéiert ginn no senger Hautfaarf, mee no sengem Kënnen an no sengem Matmaachen, a wou vläicht och de Rassismus kann an deem Sënn bekämpft ginn, well ee sech kenne léiert. Ech weess net méi, wien et gesot huet, mee wann een deen anere kenne léiert, dann huet ee schonn e gutt Stéck vun der Debatt hannert sech, well da gesäit een, dass mer alleguerte Mënsche sinn an dass jiddweree seng Stärkten a seng Schwächen huet.

Den Departement vun der Integratioun am Familljeministère, dee gëtt et elo zënter annerhallwem Joer. Deen ass amgang, nei Impulser ze ginn a sech Moyenen ze ginn, fir eeben déi vill Mesuren aus dem Plan d'action national Integratioun ëmzesetzen. Dobäi baut den Integrationsdepartement op Instrumenter op, déi mer mat vill Erfolleg zënter Laangem och notzen. Ech denken do zum Beispill, an déi ass och schonn ugeschwat ginn, un d'Charte de la diversité Lëtzebuerg oder och nach un d'Diversity Awards.

Et gëtt och en neien Elan an der Zesummenaarbecht mat den Associatiounen a mat de Ge-



mengen. Mee mir wëllen awer do net stoe bleiwen. Mir mussen eis weider Moyene ginn, och Moyenen, fir méi déif gräifend Analysen ze maachen, fir verschidde Phänomene an eiser Gesellschaft ze detektieren, se ze analysieren an dorauer och déi richteg politesch Konsequenzen ze zéien, esou wéi den Yves Cruchten dat gesot huet.

Mir mussen nämlech aus deem Emotionalen erauskommen! Mir mussen d'Diskussion versachlechen. Mir brauche konkret Mesuren, déi een och moosse kann. An dofir brauche mer natierlech och objektiv Donnéeën.

Déi Motioun, déi d'Majoritéitsparteien haut de Mëtteg hei deposéiert hunn, ass, fannen ech, ganz néizlech, well mir mussen onbedéngt méi objektiv Donnéeën eebe kréien, wat d'Diskriminatioun hei am Land ugeet. Déi Motioun confirméiert déi Approche a si gëtt eis, der Regierung, zousätzlechen Elan, fir grad an deem Beräich méi genee hinzekucken a méi cibléiert Äntwerten dann dee Moment och kënnen ze ginn.

Well, jo, Diskriminatiounen existieren, a mir sollen als Gesellschaft genee kucken, wat d'Ursache vun deenen Diskriminatiounen sinn. A mir sollen och vehement géint déi Diskriminatiounen kämpfen, wa mer wëllen eng oppen an inklusiv Gesellschaft bleiwen.

Ech zitieren de Régis Moes, och nees am „Kloertext“, dee gesot huet: „Dat, wat vläicht nei ass zu Lëtzebuerg, dat ass, dass effektiv déi Betreffte sech elo emol äusseren an op dee Problem hiweisen. Dat heescht, dass et vläicht eng Prise de conscience bei der gesamter Gesellschaft brauch. Et ass eng Verantwortung vun eis all. A mir mussen eebe léieren, dass Saachen, déi mer soen, aner Leit blessieren. Domat fänkt et schon un.“

Am Plan d'action national d'intégration, do ass d'Lutte géint d'Diskriminatioon en transversaalt Thema, well et betrëfft allméiglech Beräicher. Am Kader vum Appel à projets goufen iwwerengs dräi Projeten zréckbehalen a ginn deemno och finanzéiert, Projeten, wou et ëm d'Bekämpfung vum Rassismus geet.

Dat Éischt - ech soen lech se séier -, dat ass eebe vum Dokumentationscenter iwwert d'Migration humaine. De Projet heescht „A fleur de peau - être de couleur au Luxembourg“. Do geet et drëms, en Istzoustand ze maachen, wéi méi donkelhaiteg Leit am Espace public, zum Beispill an de Medien, an de Reklammen, an de Muséeën, representéiert sinn, dëst fir eebe ze verstoen, ob och hei Diskriminatioon sinn.

Den zweete Projet ass en Empowermentatelier „Peanut Project“ vu Lëtzebuerg Up Asbl. Do geet et drëms, verschidde Frae mat ganz ënnerschiddlechen Hannergrënn ze ënnerstëtzen, wa se sech selbststänneg wëlle maachen.

An deem drëtten Projet, dat ass ee vu respect.lu, „Dialog statt Hass“ heescht deem. Mir gesinn, dass ëmmer méi Hatespeech am Internet gemaach gëtt, notament op de Social Media, déi jo haut och schon ugeschwat gi sinn. Ech soen lech just eng Kéier pour info: D'Police huet an deem Kontext 2019 op 50 Dossieren enquêtéiert géint 20 2018. Also, mengen ech, ass et wierklech méi wéi néideg, dass mer och do opklären a géint den Hatespeech virginn.

D'Justizministesche wäert no mir schwätzen. Mee et stëmmt net, dass een am Internet egal wat d'äerf schreien! Et stëmmt net, dass een am Internet egal wat géint egal wien d'äerf soen! Dat geet net! Och do hu mer Gesetzer an och dat muss bestrooft ginn, wann ee rassistesch Sätz an den Internet, op Facebook oder op soss Social Media oder op soss Plazen hirschreift.

Mir sollen net vergiessen, dass Diskriminatioon kee Kavaliersdelikt ass. Si gëtt vum Gesetz bestrooft, d'Diskriminatioon. Et ass d'Verantwortung vun eis allequerten, fir fir déi oppen an inklusiv Gesellschaft a géint d'Diskriminatioon ze kämpfen.

Den honorabelen Deputéierte Clement huet et gesot: De Legislateur kann dat net eleng! Nee, jiddweree vun eis muss et, souwuel heibannen, mee och dobaussen, a jiddweree ass mat responsabel dofir, dass mer eng oppe Gesellschaft sinn an dass mer géint Diskriminatioon kämpfen.

Et ass wichteg, dass d'Affer vun Diskriminatioon och driwwer schwätzen an dass déi Persounen, déi diskriminieren, och bestrooft ginn, souwuel am reelle Liewe wéi och, wa se um Internet diskriminieren. Bestrofen ass awer net eleng d'Léisung. Mir mussen d'Valeur vun enger oppener an inklusiver Gesellschaft no baussen droen. A mir mussen eis fir en harmonesch Zesummeliewen asetzen an eisem Alldag.

Vläicht nach e Wuert dann och zum CET. Ech mengen, souwuel de Paul Galles wéi och anerer hu gesot, dass dee muss gestärkt ginn, de Centre pour l'égalité de traitement. De CET soll d'Plainté géint Diskriminatioon entgéinhuelen,

vun all Diskriminatioon. Fir e Statut ze hu wéi dee vum Ombudsman, gouf de CET eeben un d'Chamber rattachéiert. Ech fannen et eng gutt Iddi, dass d'Chamber sech d'Moyene wëllt ginn, fir d'Missioun vum CET ze iwwerdenken an em weider Moyenen eeben zur Verfügung wëllt stellen.

Well och dat ass aus deem „Kloertext“ kloer ginn, an och, wann ee soss mat Leit schwätzt: Wann ee sech diskriminéiert fillt, da weess een dacks net, wou ee sech muss hiwinnen, da weess een net, u wéi eng Instanz ee sech kann wënnen. An ech mengen, do muss de CET gestärkt ginn. An et stëmmt, dass en och der Chamber rattachéiert ginn ass an der Iddi, fir eeben d'nämmlech wéi den Ombudsman och kënnen ze fonctionieren als onofhängeg Instanz.

Ech kucken eng Kéier séier meng Notten, well et ass vläicht awer eng Saach, op déi ech nach eng Kéier ganz kuerz wëll agoen - ech hu mer iwwerluecht, ob ech dat wëllt oder net -, nämlech op dem Här Kartheiser säi Schlusssaz. Fir de Rescht, do sinn ech souwiesou net mat em averstanen. Mee wann Der sot, wann Der de RIAL-Déngens (veuillez lire: de RIAL-Rapport) hei weist - Dir hutt jo un dräi Parteien eng Fro gestallt - an Dir schwätzt da vun Antisemitismus, wann ech dosetzen a jiddweree weess, dass ech vu Relioun hier jiddesch sinn, an Dir sot dann: „Grad d'DP misst jo do da reagieren!“ an esou weider, abee, ech fannen, dass dat eng Form vun Diskriminatioon ass!

Villmools merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Madamm Minister, ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Villmools merci, Madamm Cahen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Kartheiser freet d'Wuert fir Fait personnel.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, ech hu verzicht, op dem Här Clement seng Kommentaren ze äntwerten, well ech ëmmer mengen, dass eng parlamentaresch Debatt e gewëssenen Niveau net sollt ënnerschreiden.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Dir hutt domadder ugefaangen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Mee bei der Madamm Minister ass dat anescht. Si representéiert hei d'Regierung. An dofir ass et wichteg, dass mir als Parlament besonnesch gutt drop oppassen, wat si hei seet.

Si huet awer, souwäit ech dat verstane hunn, an ech wëll dat kloerstellen, elo an hirer Qualitéit als DP-Parlamentspresidentin zum Schluss geschwat, well si jo och op hir Partei ugespillt huet.

(Interruption par Mme Corinne Cahen)

Ech mengen, dat war esou.

Da wëll ech soen, dass ass komplett onofhängeg vun Ärer Relioun, Madamm Minister, dass ech dat soen. Ech hunn zu kengem Abléck op lech an Ärer Qualitéit als eng Persoun vu jiddeschem Glawen ugespillt. Dat géif ech hei och net maachen. Dat huet hei iwwerhaupt näischt verluer.

Wat ech awer soen, dass ass, dass d'DP de Minister stellt, dee fir d'Schoul zoustänneg ass, dass ass den Här Claude Meisch. An ech constatieren, dass dee Comité pour une paix juste au Proche-Orient kann an de Schoulen optrieden, Ausstellungen organisieren, Rieden halen. An dee Comité pour une paix juste - esou nennt e sech, dat ass diskutabel - konzentréiert sech a senger Aarbecht notament op d'Kritik vun Israel, an zwar op eng Manéier, déi eeben als antisemitesch vum RIAL consideréiert gëtt. Esou hunn ech dee Rapport verstane.

Derbäi kënn, dass hei e BDS-Kongress vun deenen organiséiert ginn ass, e Seminär, an der Abtei Neumünster viru Kuerzem. An Dir wësst, dass dee Mouvement BDS - Boykott, Desinvestitiounen an esou weider - vum Bundestag, vum Däitsche Bundestag, dat ass jo awer elo net egal wéi eng Institutioun, viru Kuerzem als rassistesch denoncéiert gouf an dass den Däitsche Bundestag mat deenen och net zesummeschafft!

Bei eis ass et awer esou, dass d'Regierung den Här Jean Asselborn als Welcomespeaker vun deem Kongress do hat. An dat ass eigentlech dee Punkt, deen ech wollt opwerfen. Déi Lëtzebuurger Regierung, duerch déi Zesummenaarbecht, duerch déi Ennerstëtzung vun enger Associatioun, déi vum RIAL als antisemitesch, awer op jidde Fall an der Proximitéit dovunner, agestuft gëtt, duerch d'Presenz vun engem Lëtzebuurger Minister op enger Veranstaltung, déi de BDS hei promovéiert, soll sech Froe

stellen, wéi dann hir Astellung zum Antisemitismus ass! A mengen Aen ass dat eng Trennung, déi net kloer erkennbar ass!

An dat ënnerscheet eis och als ADR. Dat huet mat lech oder mat Ärer Relioun näischt ze dinn. Et ass eng Fro, wéi déi Lëtzebuurger Regierung sech zum Antisemitismus zu Lëtzebuerg stellt. An do soe mir: „Do ass nach vill ze maachen!“ Déi Trennung ass nach net kloer, notament duerch den Här Meisch an der Schoul an duerch den Här Asselborn, duerch seng Astellung géint iwwer der BDS-Bewegung.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. D'Madamm Cahen wëllt dorobber reagieren.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Dann hunn ech vläicht falsch geäntwert gehat, well Dir hat dräi verschidde Parteien dräi verschidde Froe gestallt. Déi heiten ass un d'DP gaangen. Da soen ech lech: Grad d'DP ass eng liberal Partei!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass och net esou evident, Madamm Minister.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Minister. An elo kritt d'Madamm Justizministesche d'Wuert, d'Madamm Sam Tanson.

► **M. Paul Galles (CSV).** - Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Den Här Galles freet d'Wuert.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Galles huet d'Wuert gefrot.

► **M. Paul Galles (CSV).** - Jo, pardon. Et ass heiansdo schwéier, mech ze gesinn hei hannen am Eck.

(Hilarité)

Ech wollt awer der Madamm Ministesch, der Madamm Cahen, nach zwou Froe stellen, wann ech d'äerf. Et ass jo en Theema, wat eis allequerte beschäftegt a wat eis allequerten ëmdreift. Engersäits si mer jo am Fall, dass mer eis allequerten eens sinn, dass mer keng Rassisten wëlle sinn an dass mer kee Rassismus wëllen. Dat ass esou e breede Konsens. Et ass esou schued, wa gewësse Stéchwierder genannt ginn, dass dann déi Stéchwierder géinteneen ausgespillt ginn, dass trotzdem een deen aneren erëm eng Kéier ausgrenzt a senge Meeungen.

An ech géif mer esou vill wënschen, dass mer hei an iwwerall an eiser Gesellschaft op dee Punkt géife kommen, kloer ze ënnerscheeden do, wou mer ënnerschiddlecher Meinung sinn, an do, wou eng Meinung rassistesch an diskriminatesch gëtt, well do si mer an engem Beräich, deen net méi akzeptabel ass.

Ech hunn elo der Madamm Ministesch ganz gutt nogelauschert an ech soen hir Merci fir vill Saachen, déi se gesot huet, déi ech ganz interessant fannen. Mee erlaabt mer, lech just zwou Froen ze stellen, déi a Richtung Präzisioun ginn.

Et ass virun de Conseil national pour étrangers genannt ginn. Ech wollt lech froen, ob Dir eis kéint Präzisioun ginn zum Stand elo vun der Reform, déi do geplangt ass, vun där ech och mengen, dass se ganz gutt a ganz néideg wär. Dat ass dat eent.

An dat Zweet ass, Dir hutt deem Appel à projet genannt. Dir hutt elo dräi Projete genannt. Ech wollt froen: Sinn do méi wéi déi dräi Projeten erakomm? Ass do méi Interessi? Wéi ass dat Selektiounsverfahre passéiert? A wéi geet dat och weider an deenen nächste Joren? Well eeben hannendrun déi Fro steet: Wéi staark reagiert d'Zivillgesellschaft op dat Theema Diskriminatioon oder Rassismus? A wéi staark ass d'Engagement vun de Leit an eiser Gesellschaft, fir eppes do ze ënnerhuelen?

Merci villmools.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Jo, villmools merci fir déi zwou Froen. Ech géif da mat där éischter ufänken. De CNE, do muss mer leider feststellen, och no deene leschte Wale, dass deen net wierklech esou fonctionéiert, wéi e selwer vläicht och wëllt fonctionieren. A mir sinn elo do um Stand, dass mer eng Émfro gemaach hu bei all de Membere vun de Commission-d'intégrationen, vun deene CClen, fir emol vun hinnen ze wëssen, wat deen Engagement

heescht, wéi si d'Integratioun gesinn, d'Representatioun vun der auslännescher Communautéit och zu Lëtzebuerg. A mir sinn amgaangen, déi auszewäerten.

Dofir sinn ech och am Fong ganz frou, ech hat vergiess, dat ze soen, Här Galles, dass mer Enn des Joers nach eng Kéier wäerten iwwert d'Integratiounspolitik schwätzen, well bis dohinner wäert ech dann och vill méi Informatiounen hu respektiv warscheinlech och virdu scho mat lech allequerte geschwat hunn an och mat der Zivillgesellschaft fir ze kucken, wéi mer elo, wat de CNE ugeet, wëlle weiderfuere.

Ech wëll dat ganz sécherlech net am Alleingang maachen, mee ech proposieren, dass mer dat an enger breeder Consultatioun maachen, well et awer wichteg ass. Mir wäerte keng „Chamber bis“ schafen, weeder wëllen nach kënnen, mee et ass awer och wichteg, wa mer vun Integratioun schwätzen a vun Auslänner zu Lëtzebuerg a vu Leit, déi eng duebel Nationalitéit hunn, a vu ganz verschidde Leit mat verschidde Backgrounden, dass mer och kucken, wéi déi Representatioun ka sinn, fir wat de CNE iwwerhaupt wëllt existieren. Ass dat just, fir vläicht Gesetzer ze avisieren? Oder soll en do nach eng aner Roll hunn, wat d'Integratioun ugeet hei am Land, oder de Vivre ensemble? Mir schwätzen am Fong léiwer vum „Vivre ensemble“, well wa mer haut héieren hunn, dass mer vill laanschte-nee liewen, dass d'Communautéen awer dacks ganz fir sech sinn, da solle mer méi vu Vivre ensemble schwätzen a mir sollen och kucken, wéi mer dee Vivre ensemble promovieren kënnen a wéi mer och nach méi zesummewuesse kënnen hei am Land.

Déi zweet Fro: Ech hunn elo déi Lëscht net matbruecht. Ech proposieren lech, dass ech déi e bësse behandle wéi eng Question parlementaire, wann dat fir lech okay ass. Ech géif lech dat norechen, déi Äntwerten. Ech géif lech alleguer d'Projeten an och, wéi se erausgesicht gi sinn - do war e ganze Jury -, ganz gären norechen, all d'Detailer, fir dass Der genau wësst, wat d'Projeten allequerte sinn, déi zréckbehalen gi sinn, wann dat okay ass.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Cahen. An elo iwwerhëlt dann d'Madamm Justizministesche Sam Tanson de Relais fir d'Regierung. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, ben, och vu mir aus villmools merci, dass mer déi Diskussioun haut kënn feieren. Ech si mer bewosst, si baséiert op den dramateschen Incidenten, déi mer gesinn hunn an den USA. Et soll ee keen Amalgam maachen. Mee nawell ass et wichteg, sech erëm eng Kéier hei dermat ze befaassen an ze iwwerleeën, wéi d'Situatioun hei ass.

A wann ech verschidde Aussoen, oder d'Ausso vum Här Kartheiser, fir en net ze nennen, hei haut héieren, da soen ech mer, dass et och méi wéi néideg ass, dass mer weiderhin doriwuer diskutieren. Fir op där enger Säit ze soen: „Mir si géint Rassismus!“, an op där anerer Säit eigentlech all déi Texter, déi mer hunn, dee ganz legale Kader ze niieren, da brauch een och net ze behaupten: „Ech si géint Rassismus!“

Ech maache vläicht dann e bësse Pedagogie. Den Här Clement huet virdu bei senger Motioun gesot, mir sollten en État des lieux maache vun de Gesetzestexten, déi mer hunn. Elo hunn ech gesinn, den Text seet e bësse eppes anescht, duerfir ass dat dann okay. Mee mir hunn eng ganz Rei Texter. Déi fannt Der natierlech all op legilux.lu och, Här Clement.

Den Artikel 454 vum Code pénal, deen definéiert d'Diskriminatioon. A verschidde Saache vun deenen, déi Dir elo virdu genannt hutt, Här Kartheiser, déi fale ganz kloer do drënner. « Constitue une discrimination, toute distinction opérée entre les personnes physiques à raison de leur origine, de leur couleur de peau, de leur sexe, de leur orientation sexuelle, de leur changement de sexe » et cetera. Dat heescht, wann Dir een net astellt oder em eng Wunneng net gitt wéinst senger Hautfaarf, dann ass dat net de fraie Wille vun enger Sociéité, de fraie Wille vun engem Propriétaire, da sidd Der am Kontext vun enger Diskriminatioon.

(Brouhaha)

Dat Zweet ass ...

Dir kënn herno ganz gären alles soen, wat Der wëllt. Mee ech maache mäi Punkt och fäerdeg.

Dat Zweet ass, d'Madamm Cahen huet et och schon ugedeit: Den Internet ass glécklecherweis kee rechtsfraie Raum, loin de là! An och -

ech kommen herno nach drop zréck - eis Statistike weise vun de Plainten, déi gemaach ginn, vun de Signalementer, déi gemaach ginn, dass d'Leit och ganz opmierksam sinn, wat do gesot gétt.

Dir hutt en aneren Artikel am Code pénal, de 457-1, dee seet, dass «toute forme de communication par quelque moyen que ce soit qui incite à la haine ou à la violence à l'égard d'une personne, physique ou morale, [...] sur base d'au moins un des critères énoncés à l'article 454 », deen ech virdu genant hu vum Code pénal, do sinn da méi streng Strofe virgesinn.

Dir kënn net am Internet wéinst enger Hautfaarf, wéinst enger Relioun, wéinst deenen Elementer, déi diskriminatoirech sinn, Saache soen an zum Haass opruffen. Dat geet net. Do si mer net bei der Liberté d'expression, do si mer bei engem Fait pénal.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Voilà! Bon! Dann ass ganz vill geschwat gi vun engem Rapport an deene leschte Méint, deen heescht „Being Black in the EU“, deen explizit an op konzernant Aart a Weis drop hiweist, wéi et op d'mannst fir Schwaarzer och a puncto Gläichheet zu Lëtzebuerg nach ëmmer steet. Et ass och net deen éischte Rapport an deem Sënn, loin de là. Schonn zënter hirem zweete Rapport vun 2002 iwwert d'Situatioun vum Rassismus generell zu Lëtzebuerg huet d'ECRI mat Preoccupatioun notéiert, dass et souwuel am Zesammenhang mat Administratiounen wéi och um privaten Niveau ëmmer nees Allegatiounen gëtt vu rassistescher Diskriminatioun, an och Diskriminatioun fondéiert op reliéis Iwwerzeugungen.

Déi Analys ass iwwert d'Jore méi etofféiert an awer dowéinst net manner kritesch ginn. An och wann d'Efforten, fir d'Legislatioun wéi och Organer ze verbesseren, notéiert goufen, schéngt se op d'mannst zum Deel net duerzegoen. An d'Associatiounen, déi sech verstärkt och asetzen um Terrain, déi weise regelméisseg dorobber hin.

Et ass e Behuelen an e System, déi de Concernéierten e Stéck Mënschlechkeet huelen, hinne bewosst oder onbewosst d'Méiglechkeet huelen, vun deene selwechte Chancen an der selwechter Liewensqualitéit ze profitéieren wéi hir Matbiirger. An dee System, deen ass esou déif verankert, dass déi Concernéiert sech dacks scho ganz fréi als op d'mannst potenziell viséiert gefillt hunn, quasi vun Ufank un och op d'mannst d'Impressioun kruten, si wiere manner wäert wéi déi vläicht awer iwwerlieft Virstellung vum „Stacklëtzeburger“.

Effektiv hu mer hei keng US-amerikanesch Zoustänn, ee Gléck! Mee et ginn awer och hei Mënschen, déi zwar vläicht net un de Suite vun enger rassistescher Dot stierwen, awer drënner leiden, psychesch, physesch, mee och sozial an ekonomesch. An do musse mer ons weider all d'Moyene ginn, fir dat ze evitéieren. Politesch kann ee streiden, mee d'Rechtsslag ass glaskloer: De Staat kann an der Fro vum Rassismus net neutral sinn. Mir hunn eng Obligatioun, antirassistesch ze handelen. Mir hunn eis an deem Sënn verpflichtet.

Rassismus ass eng besonnesch seriö Atteinte un d'Dignitéit vum Mënsch. An des Form vun Diskriminatioun ass a quasi sämtleche Mënscherechtreitsträitë verbueden, als Beispiller natierlech d'Europäesch Mënscherechtkonventioun, d'EU-Mënscherechscharta an natierlech och eisen Artikel 111 vun der Verfassung.

Datt onse rechtliche Kader prinzipiell all Form vun Diskriminatioun verbitt, reflektéiert och eis Legislatioun, déi iwwert d'Jore substanzuell adaptéiert ginn ass, fir kënnen ze sanktionéieren, wann eng Persoun wéinst hirem reellen oder supposéierten Originn den Accès op e Service, eng Aarbecht, e Logement refuséiert kritt.

Souwuel direkt wéi indirekt Diskriminatiounen, fondéiert och op Nationalitéit, Rass, Ethnie, si vum Artikel 1 vum Gesetz vum 28. November 2006 verbueden. Och de Code pénal, ech hunn et virdu schon ernimmt, sanktionéiert a sengen Artikelen 444, 450 Alinea 1, 453, 454 a 457-1 Infrafraktiounen, déi ënner anerem rassistesche motivéiert sinn. Déi Dispositiounen applizéieren sech och op d'Personnes morales. Et sief och nach erwänt, dass den Artikel 444 Paragraph 2 vum Code pénal virgesäit, dass eng Calomnie oder Diffamatioun, déi rassistesche motivéiert wier, méi schwéier sanktionéiert gétt wéi eng gewéinlech Calomnie oder Diffamatioun.

Ons Gerichter féiere Statistike betreffend d'Incitation à la haine raciale. Ech ginn lech där e puer mat - d'Joer vum Urteel ass natierlech net onbedéngt dat vun der Denonciatioun vun der

Geschicht -: Et goufen 2017 28 Plainten an 18 Condamnatiounen, 2018 43 Plainten an 12 Condamnatiounen, 2019 fir d'Incitation à la haine 5 Condamnatiounen an 2020 och bis ewell 5 Condamnatiounen mat, an dat ass déi Zuel, déi ech interessant fannen am Kader vun der Liberté d'expression am Internet, enge 45 Signalementer am virtuelle Beräich.

An da si mer och bei der Problematik dovun, wéi een dergéint virgeet, wann een Affer gétt vun enger rassistescher Diskriminatioun. Net all Mënsch traut sech och hält et fir realistesch, iwwert de Wee vun enger Plainte dergéint virzegoen, dacks och, well ee weess, dass et schwierig ka sinn, fir déi néideg Beweiser virzebréngen oder well ee schon iergendenger Form vu Rassismus oder Ignoranz säitens enger Autoritéit, gefillt op d'mannst emol, ausgesat war.

Déi Analys weist also, dass et duerchaus eng Necessitéit gétt, fir et net just de Betroffenen ze erlaben, direkt eng Plainte bei der Police ze maachen, mee och fir ze kucken, dass aner Entitéit kënnen virgoen. Den Artikel 3 (1) vum Code de procédure pénale erlaabt et Associatiounen, déi vum Justizministère deen néidegen Agreement kruten, géint rassistesche Diskriminatiounen ze kloen. Et sinn och e puer Associatiounen, déi schon dovunner Gebrauch maachen. Des Méiglechkeet soll natierlech net de Staat vu senger Responsabilitéit dedouanéieren, mee e gesäit sech als complémentaire.

D'Fro stellt sech awer och, ob eis aktuell Legislatioun respektiv déi vum Code pénal festgehalen Infrafraktiounen duerginn. D'Fro, mat där d'Servicer am Justizministère sech befaassen, ass, ob et - wéi vun der OSCE 2009 decidéiert an och vun der ECRI ganz speziesch fir Lëtzebuerg scho gesot gouf - pertinent ass, d'rassistesche Motivatioun zur Circonstance aggravante fir all Droit-commun-Infrafraktioun ze maachen.

Ech sinn der Meenung, dass et eng wichteg Diskussioun ass, där mer eis net solle verschléisen, ganz au contraire. Mee et ass awer och eppes, wat de Problem insgesamt net géif léisen, och dowéinst, well d'Beweislaascht sech kann als gréisseren Obstakel erausstellen.

Et kéint een et an deem Fall och op aner Hypotheesen ausdeenen. D'Fuerderung besteet zum Beispill och fir Infrafraktiounen mat homo- oder transphober Motivatioun. De belsche Code pénal zum Beispill viséiert awer och d'Geschlecht, den Alter an d'Verméigen.

Et gétt och d'Méiglechkeet, just eng Lëscht vun Infrafraktiounen virzugesinn, fir déi d'Circonstance aggravante gëlle géif. Et stellt sech dann natierlech och nach d'Fro, em wéi vill déi Strof konkret soll gehéicht ginn an deene Fäll. Dëst ass fir mech e ganz aktuelle Chantier, un deem mer schaffen a wou ech lech wéll an den nächste Méint do konkret Propose maachen. Eis Aarbechten op der Fro vum „hate crime“ brauchen nach ganz e bëssen, well mir brauchen virun allem och eppes: Mir brauchen de Retour vun de potenziell Concernéierten, op d'mannst iwwert d'Associatiounen, déi sech engagéieren, se ze verrieden!

Et war am État de crise, wéi Der wësst, net esou evident, all d'Reuniounen an d'Consultatiounen wéi geplangt ze organiséieren. Mee vu dass mer hei definitiv amgaange sinn, eis ënner Wäissen ze froen, ob de Problem vun Rassismus zu Lëtzebuerg reell ass a wéi een en, le cas échéant, kéint léisen, sinn ech awer der fester Iwwerzeugung, dass et ganz wichteg ass, deen Echange ze hu mat deenen Associatiounen, déi sech um Terrain fir des Causen engagéieren an déi och ganz direkt Retourre kréien.

Ech soen lech alleguerter Merci fir Ären Engagement op dese Froen. A mir wäerte garantéiert an den nächste Méint nach d'Geleeënheet kréien, iwwer konkret Textproposen ze diskutéieren.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Justizministerin. Den Här Kartheiser hat nach eng Fro.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Nee, Här President, eigentlech keng Fro. D'Madamm Minister war esou kloer, ech huele Parole après ministre!

Här President, éischtens soen ech der Madamm Minister Merci, dass se esou frëndlech war, mer déi Eier ze maachen, mech ze ernimmen an hirem Discours. Ech wéll hir op zwee Punkten äntwerten.

Deen éischten ass deen, wou se gesot huet, ech hätt eppes ënnerstallt oder ech hätt eppes gemengt, wat kloer net de Fall war. Wat mir soen als ADR, ass: Mir schreiwen de Proprietären net vir a mir schreiwen de Patrone vun de Firmen net vir, wie si engagéieren oder wien si e Bien immobilier wëlle verlounen. Mir iwwerloossen dat deene Leit, well mir den Droit à la

propriété respektéieren a well mer de Risiko vun der Entreprise respektéieren.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Den Droit au racisme och!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Hei ass vun der Madamm Minister eppes anescht an d'Welt gestallt ginn. Dat weise mir zréck.

(**Brouhaha**)

Wësst Der, an dat ass vläicht eppes, wat mer och sollte mol hei diskutéieren, well da brauch ech dat herno net ze maachen, well mer jo ëmmer erëm soen, mir sollten deem Centre pour l'égalité de traitement méi Kompetenz ginn.

Och de Centre pour l'égalité de traitement huet eng Geschicht. An dat, wat do zum Deel proposéiert ginn ass oder diskutéiert ginn ass, dat ass och esou eppes, dat sinn och esou Methoden, déi nennt een „Testing“. Ech weess net, ob jiddwereen heibannen domadder bekannt ass. Den Testing besteet doranner, dass eng Persoun, e Schauspiller u sech, bei Leit geet fir ze kucken, ob en eng Wunneng gelount kritt oder ob en eng Plaz kritt. Dat ass praktesch eng Incitatioun, fir Leit zu engem diskriminéierende Verhale kënnen ze verleeden. Dat si Methoden, ...

(**Brouhaha**)

... dat si Methoden, ...

(**Interruptions**)

... dat si Methoden, déi mir refuséieren! Ech héieren hei schon dohannen: „Wann ee kee Rassiss ass, brauch een dat net ze fäerten.“ Nee! Mee e Staat oder eng staatlech Instanz oder eng vun der Chamber, wéi de CET, déi hunn net iergendeen ze engagéieren, fir en aneren ze testen, ob dee wéilt oder net wéilt en Akt maachen, deen deen anere kéint als eng Diskriminatioun interpretéieren.

Deen zweete Punkt, deen d'Madamm Minister genannt huet, ... Wësst Der, jo, ech soen dat nach derbäi, well och an deenen do Froe gétt et en eethesche Standard, an deen hale mir gär bäi.

(**Brouhaha**)

Deen zweete Punkt, op deen ech wéll agoen, deen och derwärt ass, hei diskutéiert ze ginn: D'Madamm Minister huet hei eng Virlesung gemaach iwwert de Code pénal, Artikel fir Artikel fir Artikel.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Nee, dat waren der zwee, Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi Konkusioun, déi mer doraus zéien, ass net nëmmen, dass se hire Code pénal kennt, mee och, dass et eng ganz Rei Dispositiounen an deem Code pénal dozou gétt, an dat ass net onproblematesch.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - A!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Well, ...

► **Plusieurs voix.** - A!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ... well - jo! -, et gétt nämlech Grondrechter. Et gétt demokratesch Grondrechter, Verfassungsrechter, mënscherechtlech verbréifte Rechter, ...

(**Brouhaha**)

... an dat ass ënner anerem d'Liberté d'expression, d'Meenungsfräiheet. An dat heiten, wat mir hei diskutéieren, ass net harmlos. Et sinn Aschränkungen zur Meenungsfräiheet. Dat ass gravissime! Dat ass eppes, ...

(**Brouhaha**)

... wat een net soll maachen. An elo ass nämlech interessant: Mat wéi enger Argumenter gétt hei un d'Meenungsfräiheet gaangen? Majo, mat relativ vage Begrëffer - déi vläicht gutt gemengt sinn, dat stellen ech emol net a Fro -, mee ass eppes wéi den Haass eng rechtliche Kategorie?

Mir wëssen alleguer heibannen, dass besonnesch am Droit pénal d'Prezisioun vun der Infrafraktioun eng wichteg rechtsstaatlech Garantie muss sinn. An den Haass ass e Gefill. Wat ass eng Incitation à la haine? Wéini haast een? Dat ass eng gutt Fro. Et ass eng penalistesche Fro. An ech géif déi net hei op den Niveau vun engem politeschen, anekdotische Gespréich reduzéieren.

Et ass eng Grondfro vun eise ganze Penalrecht a vun der Fro, wéi mir eis verfassungsrechtlech garantéiert Grondrechter respektéieren, ob mer wéinst der Beschriewung vun engem Gefill kënnen iwwerhaupt Strofe verhängen.

Ech soen net, a meng Partei huet ni gesot, dass mer solle Rassismus toleréieren. Awer mir soen, wa mer do wëlle Strofe virgesinn, well e flagrante Fall existéiert, da muss dat kompatibel si mat de Grondwäerter, och mat deenen anere Grondwäerter vun eiser Gesellschaft. Soss si mir net méi tre! Soss si mir net méi dat, wat mer

wëlle sinn: Representanté vun enger fräier, demokratescher, staatlecher Struktur. Dat musse mer bleiwen. An och kredibel bliewen!

An dowéinst sinn all déi do Diskussiounen net harmlos. Net well mer eis wëlle verwieren, géint Rassismus oder grav Diskriminatiounen, zum Beispill géintiwirer Behënnerten, anzetrieden. Dat wëlle mer maachen! Awer mir mussen de Wee fannen, dass mer géintiwirer eis an eisen Uspréich, eise moralesche rechtlechen an traditionelle rechtlechen Iwwerzeugung Kredebilitéit behalen a virun allem och eis selwer muer nach kënnen soen, dass mir déi Wäerter, fir déi mer gewielt gi sinn, net verroden.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Justizministesch.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Jo, well et sinn awer zwou Saachen, déi ech nach ëmmer net kann esou am Raum stoe loossen. Dat éischt ass, Här Kartheiser, wann Dir sot am Kader vun enger Rassismusdebat, wou kee Mënsch iergendeen an deem Sënn gesot huet, dass een net dierft engem Proprietär imposéieren, wien en als Locataire hält, oder engem Employeur, wien en astellt, dann ass et entweder en Hors sujet oder et ass e Fräifaartschäi fir diskriminatoirech Aktiounen. Et ass entweder dat eent oder dat anert.

(**Brouhaha**)

An dat Zweet ass: Dir schwätzt hei vu Grondrechter. Et gétt kee Grondrecht op Rassismus! Dat gétt et net.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Kartheiser freet nach eemol d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, ...

(**Brouhaha**)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et ass Parole après ministre. Dir hat virdu scho fënnf Minutte voll ausgeschëpft.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ganz kuerz.

► **Une voix.** - Parole après ministre!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Parole après ministre si fënnf Minutten. Ech hätt virdu, vu dass d'Madamm Minister mäin Numm genannt huet, och de Fait personnel kënnen invoquéieren. Mee ech huele mer dat Recht ze äntwerten, well an enger Debatt wéi där hei kann een dat net stoe loossen.

Verschidden Intervenanten an där Debatt, déi mer virdu haten, hunn de Problem opgeworf, dass hei zu Lëtzebuerg eng Diskriminatioun géif dora bestoen, dass verschidde Persounen e besonnesch schwierigen Accès zum Logement hätten. A meng Fro, déi ech du gestallt hunn, ass déi: Wat ass dann Är Äntwert dorobber? Ass et dat, fir de Leit wëlle virzeschreiwen, fir Quoten anzeféieren, zum Beispill? Oder fir de Leit wëlle virzeschreiwen, wien se da solle verlounen? Oder wéi wëllen dann déi Parteien, déi dee Problem opgeworf hunn, dat upaken?

Déi Fro steet am Raum, si ass net beäntwert ginn. An déi Fro, déi sech opdrängt, ass: Sollen da Leit eppes virgeschriwwé kréien? An do soe mir: „Nee!“ An déi aner soen näischt! An do kann ee sech da froen: Wat wëllen dann CSV, déi gréng, LSAP, DP, wat wëlle se da maachen, fir dee Problem unzepaken?

Mir soen, wat mer net wëllen, well déi aner jo anscheinend awer vläicht op dee Wee wëlle goen. An dat wësse mer eeben net. Da sot eis et! Da sot eis, da sollen déi verschidde Parteien opstoen a soen: „Nee! Mir respektéieren d'Recht vun de Proprietären op hir Proprietéit a mir schreiwe kengem vir, wien e soll engagéieren.“ Da si mer wéinstens kloer. Da weess jiddwereen doheem, deen eis elo nokuckt, wou déi eenzel Partei stinn an dass dat do net geschitt. Am Abléck wësse mer et net. Mir wësse just d'Positioun vun der ADR: Mir maachen dat do net!

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Madamm Cahen wëllt dorobber reagéieren.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Antidiskriminatiounspolitik, do geet et grad drëms, d'Leit esou opzeklären, dass een een net jugéiert par rapport zu senger Hierkonft oder par rapport zu sengem reliése Glawen, par rapport zu sengem Hautfaarf oder senger sexueller Orientéierung. An der Antidiskriminatiounspolitik geet et grad drëms opzeklären, fir dass d'Leit eeben op d'Fakte jugéieren an net op aner Saachen.

Et ass awer scho komesch, ech muss awer eng Sekonn soen, et ass scho komesch, dass Der sot: „A jo, also mir mussen nees en Opnamexamen aféieren, wou keen Numm op der Kopie



steet, fir Gläichberechtigung ze hunn.“ Ma da muss et och esou sinn, fir eng Aarbechtsplaz oder en Appartement ze sichen. Et deet mer leed, de deux choses l'une. Dir sot eng Kéier dat eent an eng Kéier dat anert!

Mir sinn derfir - ech schwätzen elo mol fir meng Partei, mee ech huelen emol un, dass de Rescht oder déi meescht heibannen dat och esou gesinn -: Et geet net drëms ze soen, wat een däerf, wien een däerf astellen oder wien net. Et geet drëms, de Leit ze soen: Jugéiert d'Leit net par rapport zu hirer Hautfaarf, par rapport zu hirer Relioun, par rapport zu hirem Kappduch, par rapport zu hirer sexueller Orientéierung. Jugéiert se op dat, wat se kënne, op dat, wat se wëssen, an op dat, wat se kënne am Betrib schaffen.

► **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Justizministesch.

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Ech kann dat natierlech nëmmen zu 100 % ënnerschreien, wat d'Madamm Cahen grad gesot huet. Mee ech wollt lech awer nach eppes hannendrusoen, an et ass och dowéinst, wou ech lech virdu Lektür ginn hu vun deenen zwee Artikelen aus dem Code pénal - net vum ganze Code pénal. Et ass, Stand haut, wann déi Oplärungsarbecht net fonctionéiert: Et däerf ee keen diskriminéiere wéinst senger Hautfaarf, weeder op der Aarbecht, nach wann et drëms geet, eng Wunneng ze sichen! An dat ass de Message, ...

(Brouhaha)

...deen et wichteg ass ze vermëttelen. An d'Äntwert dorobber ass net, Här Kartheiser, d'Äntwert dorobber ass net: „Et kann ee maachen, wat ee wëllt!“, well mir hu Reegelen an déi si kloer!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Nach eng Kéier Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo. Also ech fannen dat hei wierklech extrem interessant an ech soen deenen Damme Merci fir hir Interventiounen. An ech si speziell der Madamm Cahen dankbar. Well et ass nämlech ganz interessant fir mech an der Politik hei ze sinn an ausgerechent d'Presidentin vun der Demokratescher Partei soen ze héieren: „Ma da maache mer et d'selwecht mat de Propriétaires a mat de Chefs d'entreprise.“ Dat ass jo eng Clientèle, déi awer dacks der DP relativ no steet. An dann héiere mer hei: „Da maache mer et d'selwecht mat de Wunnengen oder mat den Entreprises, zum Beispill anonymiséiert.“ An da musse schlussendlech déi Propriétaires dann no der Päif danzen, wéi hei d'DP-Parteipresidentin dat gesäit.

Mir soen, déi Leit hunn dat Recht, ze engagéieren oder ze verlounen, u wie si wëllen, a si kënnen déi Leit kucken a si kënnen se gesinn a solle sech selwer hir Meenung maachen. Och dat ass Fräiheet. Ech hunn ëmmer méi den Androck, datt d'ADR haut déi Wäerter vertritt, déi fréier d'DP emol eng Kéier vertrueden huet. Mee et ass laang hier!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser.

Motions

Ech mengen, mir kënnen elo zur Diskussioun iwwer d'Motiounesche Resolutiounen kommen. Mir fänke mat de Motiounen un. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Max Hahn deposéiert ginn ass.

Wëllt nach een dozou eppes soen? Den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Dir hat mech och virdrun net gesinn. Ech hat virdu schonn eng Kéier d'Hand ausgestreckt, well ech wollt awer eppes soen zu engem Saz, deen haut déi eng oder déi aner Kéier a verschiddene Formen hei erëmkomm ass. Dee Saz: „Ech si jo kee Rassist“, ...

► **Plusieurs voix.** - ... mee ...

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - An hannert dee Saz: „Ech si jo kee Rassist“, do gehéiert weeder e Mee nach en Awer, mee just e Punkt! A soss glat a guer näisch!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Cruchten. Dann hat d'Wuert gefrot den Här Paul Galles.

Motion 1

► **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Zur Motioun 1: Mir kënnen déi als CSV ënnerstëtzen. Mir wëllen ënnersträchen, dass et wierklech drëms geet, hei Resultater ze

kréien, mat deene mer kënnen schaffen. Déi Motioun gesäit vir, dass et eng Etüd gëtt, déi fir Enn 2021 da ka presentéiert ginn. Dat fanne mer och gutt. Mir wäere frou, wann där Saach och eng Suite géif gi ginn an dass mer déi kéinten abetten an en Debat, beziungswies kucken, wéi dann och nach duerno kënnen erëm nei Resultater recenséiert ginn.

Merci villmools.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Andeems ech mech hei zu Wuert mellen, kann ech e klenge Feeler vu virdu réckgängig maachen. Ech hat nämlech vergiess, deenen zwee Merci ze soen, déi déi Aktualitéitsstonn hei op den Ordre du jour gesat hunn, de Sven Clement an de Paul Galles. Iech dofir e grouse Merci.

Zur Motioun da selwer - net dass ech e Rappel à l'ordre vum President kréien, well ech soll dozou schwätzen -, wéi gesot, wat den Här Galles grad ugeschwat huet, dat ass d'Zil heivun. Et sollt drëms goen, dass et net eng Poterstonn - et ware jo zwou Stonnen -, dass et net soll eng Poterstonn herno sinn, mee dass konkret eppes erauskéint. Dofir déi Motioun hei, déi am Numm vun de Koalitionsparteien op den Agenda gesat ginn ass. Ech wier frou, wa mer hei eng breet Zoustëmmung géife kréien, well deem heite soll eng Suite gi ginn. An dofir hu mer och bewosst en Datum dropgesat, well mer gesot hunn: „Mir hätten dat gär bis Enn 2021.“

An natierlech wäerte mer eis dann an der zoustänneger Kommissioun mat där breeder Etüd befaassen: Firwat gëtt et iwwerhaupt Rassismus? Firwat sinn esou Tendenzen? An a wéi enge Fäll geschitt dat? Ech mengen, et gëtt ganz, ganz vill Froen. An et ass dat, wat d'Motioun hei fuerdert. Ech géif mech freeën, wa mer hei eng breet Ennerstëtzung fir des Motioun géife kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Hahn. An dann huet den Här David Wagner d'Wuert gefrot.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, mir wäerten des Motioun och matdroen. Et ass wichteg, esou eng Etüd ze maachen. Et ass och wichteg, datt een déi Betraffe matabezitt bei der Elaboratioun duerno vun deser Etüd. Et gëtt jo schonn eng Partie Associatiounen - ech ziele se elo net op, et gëtt der vill, déi méi oder wéineger institutionell sinn -, mee och vu Leit, déi selwer betraff si vum Rassismus an déi en och verstinn an erlieven. Cacci étant dit, wäerte mer dat mat ënnerstëtzen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Kënnen mer elo zum Vott vun där Motioun kommen? Ass de Vote électronique gefrot?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Vote sur la motion 1

Da kënnen mer à main levée ofstëmme. Wie mat deser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domadder eestëmmeg uegholl.

Motion 2

Da kënnen mer zur Motioun Nummer 2 kommen, déi vun der Sensibilité politique Piraten deposéiert ginn ass. Ass do nach eng Wuertmeldung do?

Den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Et war e bësse schnell gaangen. Merci, Här President. Jo, ech mengen, mir schwätzen elo vun der Motioun natierlech, net vun der Resolutioun Okay, vun der Motioun.

(Interruptions)

Vun der Motioun vun de Piraten, voilà.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Vun der Motioun.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Ech mengen, mir ënnerstëtzen natierlech och déi Motioun vun de Piraten. Et ass wichteg, datt déi Referenz gemaach gëtt op dat, wat virdu geschitt ass. An et geet jo och an déi Richtung u sech, déi mer elo grad diskutéiert hunn.

Et ass immens wichteg, justement déi verschidde Punkte mateneen opzezielen. De Problem vum Rassismus ass jo och e soziale Problem, e Problem vu Besëtztum. Ech mengen, et ass evident, dat gesäit jiddereen: Wien d'Inte-

resse vun de grouse Besëtzer verteidegt, verteidegt ganz oft och d'Interesse vun deenen, déi mengen, si missten d'Recht hunn, rassistesch Aussoen ze maachen, wéi dat bei der ADR ass. Dat illustriert et op eng perfekt Aart a Weis.

Mir wäerten dat matdroen. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëilt drop hiweisen, dass déi Motioun jo aus zwee Volete besteet. Dat eent ass, den État des lieux ze maachen, wou d'Madamm Minister jo gutt erkläert huet, dass mer eigentlech de Legilux hunn, wou all Gesetzer drastinn, déi d'Diskriminatioun verbidde respektiv penaliséieren. Duerfir gesi mer elo net an, wéisou mer dat elo nach sollen hei der Regierung als Aufgab ginn. Mir hunn de Legilux. Do si mer net esou derfir a leenen dee Volet of.

Deen anere Volet besteet jo aus dem Plan d'action national, wat dat rejoignéiert, wat mer och an eiser eegener Motioun fuerderen. Wann d'Piraten elo der Meenung sinn, dass se eis Motioun kéinte mat deem zweete Volet verschmelzen, huele mer deen un. Awer dann den éischte Volet strächen, well dat fir eis iwwerflësseg ass.

Ech mengen, wann Der bereet wäert, just deen éischte Volet erauszehuelen, vu dass mer jo längst de Legilux hunn, dee jiddweree ka consultéieren, ech mengen, do si mer all grouss an al genuch, fir eis do selwer eranzeknéien.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, merci, Här President. Ech mierken, datt den „état des lieux concernant les politiques antidiscriminatoires“ vläicht e bësse falsch verstane gouf, och well ech virdrun dat e bësse kuerz duergestallt hunn, d'Zäit ass mer fortgelaf, als Inventaire vun de Gesetzer, déi et gëtt op deem Plang. Et geet och drëm, wéi eng Politik géint Diskriminatioun gemaach gëtt.

Wann ech awer mierken, datt et eng Majoritéit sollt ginn, fir déi Motioun hei unzehuelen, andeem mer deen éischten Deelsaz strächen, da maachen ech dat am Interêt vun deem zweeten Deelsaz, datt mer e Plan d'action national contre le racisme kréien. Ech mengen, domadder wär schonn e ganz groussen éischte Schrëtt gemaach. An dofir kann ech deen éischte Saz gare strächen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Kartheiser freet nach d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech weess elo net, wat elo déi lescht Version soll sinn a wat deen éischten Deel oder den zweeten Deel dann elo konkret sollte sinn. Awer esou, wéi déi Motioun hei am Abléck dosteet, stëmme mir se net mat. An d'Ursaache si ganz einfach: Hei gëtt vun engem „racisme structurel“ zu Lëtzebuerg geschwat. Mir soen, dee gëtt et net!

Dat Zweet ass: Et gëtt vun der „sous-représentation“ geschwat. Mir si géint Quoten. Mir wëllen also och keng Quoten no Rassen oder eethnische Gruppen, wéi et hei heescht. Woubäi ech och muss soen, wann ech dem Här Clement virdu gutt nogelauschert hat, huet en e Plädoyer gehale géint de Begrëff Rass. Hei fanne mer en erëm a senger eegener Motioun, mat de „groupes raciaux et ethniques“. Ech weess elo net genau, wat d'Positioun vun de Piraten ass. Et ass och wierklech egal!

Den zweete Punkt ass, am „invite le Gouvernement“, do gëtt esou e Generalverdacht opgestallt. „Mir brauchen“, soen d'Piraten, „e plan d'action national contre le racisme“, zum Beispill bei der Police an esou weider. Dat brauche mer net, well mir hu keen allgemenge Problem vu Rassismus hei am Land! Do, wou en optrëtt, solle mer eis dergéint stellen, awer mir sollen net eng ganz Gesellschaft ënner Generalverdacht stellen, wéi dat hei probéiert gëtt! Dat hei ass fir eis net akzeptabel.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da ginn ech d'Wuert un den Här Paul Galles.

► **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Dës Motioun fënnst eis Ennerstëtzung. An zwar aus deem einfache Grond, dass mer mengen, dass hei kee Generalverdacht dran ass. Mee mir stelle fest, dass, wann et esou wär, dass strukturellen oder individuelle Rassismus bestinn, dat och muss opgeléicht a gesi ginn. A wann een elo direkt vun engem Generalverdacht schwätzt, da geet een dervun aus, datt dat och ni kéint de Fall sinn. A beim strukturelle Rassismus sinn ech perséinlech mer och net ganz sécher, ob et net awer Strukture gëtt, déi genau dat do erëmispigelen.

A mir als CSV sinn net der Meenung, dass bei der Police e strukturelle Rassismus besteet, guer net. An trotzdem muss een och an all deenen Domänen einfach kënnen kucken, ob et net d'Gefor gëtt, dass eppes géif geschéien. Dofir fënnst des Motioun eis Ennerstëtzung.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Jo, ech gesinn déi hei Motioun éischer als klengen Zousaz par rapport zu där Motioun, déi mer elo virdu gestëmmt hunn, mat natierlech deem Ofstréch, deen d'Madamm Lorsché hei ugekënnegt huet oder gefrot huet, wou den Här Clement jo och frëndlecherweis gesot huet: „Da kéinte mer dorop verzichten“, Soudass een dat kann ënnerstëtzen.

Ech verweisen awer dorop, dass déi Etüd, déi mer virdrun hei mat esou breeder Majoritéit gestëmmt hunn, essenziell ass, fir an deem Dossier hei virunzekommen, ier mer heihinner kënnen goen. Dat heescht, dat sollt ee schonn zäitversat gesinn. Mee ech sinn awer absolutt averstanen, dass, wa mer bis konkret Zuelen um Dësch hunn, mer eis dann heroiber kënnen fixéieren, soudass ech dann och géif eiser Fraktioun recommandéieren, déi heite Motioun dann ofgeännert matzestëmme, wéi gesot mat deene Remarken, déi ech grad genannt hunn.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- vu la déclaration universelle des droits de l'homme de 1948 ;

- vu la déclaration et le programme d'action de Durban de 2002 et leur suivi, ainsi que le rapport de la rapporteuse spéciale des Nations Unies sur les formes contemporaines de racisme, de discrimination raciale, de xénophobie et d'intolérance qui y est associée sur la lutte contre le racisme, la discrimination raciale, la xénophobie et l'intolérance qui y est associée ;

- vu le rapport 2020 sur les droits fondamentaux de l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne ;

- considérant que le 25 mai 2020, George Floyd, un Afro-Américain âgé de 46 ans et non armé, a été arrêté au motif qu'il aurait utilisé un faux billet et tué à Minneapolis (Minnesota) par un policier blanc qui l'a asphyxié en exerçant une pression du genou contre son cou pendant 8 minutes et 46 secondes; que George Floyd a répété à plusieurs reprises qu'il n'arrivait pas à respirer ;

- considérant que la mort de George Floyd a donné lieu à des manifestations et à des protestations de masse contre le racisme dans l'ensemble des États-Unis et du monde ;

- considérant que le racisme sévit dans le monde entier et que les attitudes racistes et xénophobes persistent ;

- considérant que le racisme structurel se reflète également dans les inégalités socio-économiques et la pauvreté, et que ces facteurs interagissent et se renforcent mutuellement; que ce phénomène est particulièrement visible sur le marché du travail, où la plupart des travailleurs précaires sont des personnes de couleur, mais également dans le logement et l'éducation; que les actions en faveur de l'égalité et contre le racisme structurel doivent aller de pair et être menées de manière systématique ;

- considérant que le Luxembourg doit prendre des mesures concrètes pour lutter contre le racisme structurel, la discrimination et la sous-représentation des groupes raciaux et ethniques minoritaires au sein de ses structures ;

- réaffirme le rôle crucial de l'éducation dans la mise en échec des préjugés et des stéréotypes, dans la promotion de la tolérance, de la compréhension et de la diversité, et souligne que l'éducation est un outil essentiel pour mettre fin à la discrimination et au racisme structurels dans nos sociétés,

invite le Gouvernement

- à élaborer un plan d'action national contre le racisme qui aborde des domaines tels que l'éducation, le logement, la santé, l'emploi, la police, les services sociaux, le système judiciaire et la participation et la représentation politiques.

(s.) Sven Clement.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech mengen, da kënnen mer zum Vott komme vun där ofgeännerten Motioun Nummer 2. Ech ginn dervun aus, datt de Vote électronique gefrot ass.

Vote sur la motion 2 modifiée

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.



Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechge-lift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Résolution 1

Da kéime mer zur Resoloutioun Nummer 1, déi vum Här Max Hahn deposéiert ass ginn.

Ass do nach eng Wuertmeldung do? Den Här Kartheiser, wannechgelift.

M. Fernand Kartheiser (ADR).- Jo, Här President, ech soen lech Merci. Ech wollt lech soen, datt mer dës Resoloutioun och net wäerte matstëmme als ADR. An zwar gétt et hei e puer Punkten, déi eis wierklech interpelléieren.

Deen éischten ass: Hei gétt erëm gefuerdert, dem Centre pour l'égalité de traitement méi Kompetenzen ze ginn, ouni datt hei spezifizéiert gétt, wéi eng Kompetenzen. Gewéinlech gétt domadder gemengt, datt de CET och soll kenne viru Gericht goen. A wat mir fäerten an deem Kontext ass, datt eis Justiz ëmmer méi instrumentaliséiert gétt, fir gesellschaftspolitesch Ziler duerchzusetzen. Dat ass awer net Sënn an Zweck vum Justizsystem. A mir solle kucken, datt mer d'Justiz net politiséieren. An dat hei kann e Schrëtt an déi Richtung ginn.

Dat Zweet, wat mer wierklech och net akzeptéieren, och wéinst de Mataarbechter an eisem Parlament net, an och net wéinst den Deputéierten, datt ass, datt mir elo solle Formatiounen offréiert kréie fir ze mieren: Wou kënnen Diskriminatiounen sinn? Dat ass a mengen Aen ...

M. Marc Baum (déi Lénk).- Verschiddener hätten dat awer néideg!

(Brouhaha)

M. Fernand Kartheiser (ADR).- ... a mengen Aen ... Ech gesinn, datt heibanne vläicht eenzel Leit sech op esou Formatiounen géife freeën, awer ech soen lech, wat ech driwwer denken: Et ass eng Frechheet géintiwuer den Deputéierte fir ze mengen, datt mir net kapabel wäeren, Diskriminatiounen ze erkennen ouni esou eng Formatioun! An et ass genauou eng Frechheet géintiwuer de Mataarbechter an der Administration parlementaire. Fir eis kënn dat do net a Fro.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Kartheiser. Den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk).- Jo, merci. Mir wäerten dës Resoloutioun matdroen, selbstverständlech. Ech sinn elo amgaangen ze verstoen, firwat d'ADR e Problem domadder huet, datt een ...

M. Marc Goergen (Piraten).- Dat ass onmeiglech!

M. David Wagner (déi Lénk).- ... net soll d'äerf rassistesch Aussoe maachen. Dat huet warscheinlech domadder ze dinn, datt an dräi Joer Wale sinn a si schaffe warscheinlech geschwënn un hirem Walprogramm. Wa se do-rober musse verzichten, da besteet hire Walprogramm nach just aus enger Säit.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Wagner. Dann hat den Här Paul Galles d'Wuert gefrot.

M. Paul Galles (CSV).- Merci, Här President. Mir wäerten dës Resoloutioun och matdroen. Mir wëllen awer nach eng Kéier betounen, dass mer urspringlech eng Iddi haten, déi nach méi wäit gaangen ass. Ënner dësen Emstänn kënne mer awer dës Resoloutioun elo mat ënnerstëtzen, well si féiert schonn zu engem Schrëtt, dee mer ganz wichteg fannen: dass de CET gestärkt gétt. A si ass och oppe genuch gehalen, fir dat kënnen inhaltlech ze fëllen.

An ech muss soen, ech probéieren, genuch Demut ze halen, fir kënnen ze soen: Ech freeë mech op esou eng Formatioun, well hoffentlech kann ech do nach eppes léieren.

Merci.

(Interruption)

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Galles. An dann hat den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

M. Sven Clement (Piraten).- Merci, Här President. Och vu menger Säit kënne mer déi Resoloutioun matdroen. Ech hu se elo nach zweemol gelies, nodeems den Här Kartheiser hei gemengt huet, de CET géif elo op d'Gericht goen. Bon. Et muss een da ganz vill zwëschen den Zeile liesen, fir op déi Iddi ze kommen. Ech wëll him elo net nach eng Kéier ënnerstellen, wat ech him virdu riicht an d'Gesicht gesot hunn.

Ech verstinn net, wéi ee kann dergéint sinn, eng fräiwëlleg Formatioun offréiert ze kréien. Déi Discoursen, déi haut während deene leschten zwou Stonne vum der ADR gehale goufen, sinn de Beweis, datt et jiddwerengem vun eis géif guttduen, heiansdo mol eng Kéier sech mat Prejugéen ausermeenzesetzen ...

M. Fernand Kartheiser (ADR).- Eng Frechheet, dat do ...

M. Sven Clement (Piraten).- ... a sech ze informéieren an esou eng Offer unzehuelen.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här ...

M. Sven Clement (Piraten).- An, Här President, ech géif lech bieden, ech hat d'Wuert an net d'Kollege vun der ADR!

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Clement. Den Här Hahn huet nach d'Wuert gefrot.

M. Max Hahn (DP).- Jo, ech mengen, ech kann am Numm vun den dräi Regierungsfaktiounen heibanne schwätzen. Merci fir dann déi breet Zoustëmmung hei zu dëser Resoloutioun, iwwert déi mer eis freeën. Wéi gesot, déi Formatiounen si jo natierlech fakultatív.

An op där anerer Säit geet et drëms, de CET ze stäerken, ech hat dat virdu schonn a menger Interventioun gesot, fir en eebe grad och an Entscheidungsprozesser, déi d'Chancégläicheit betreffen, nach méi kenne matanzebanne wéi dat haut de Fall ass. An ech mengen, dass de CET, oder mir mengen zesummen, dass de CET tatsächlech e ganz, ganz wichtegt Schléselelement an där ganzer Debatt hei ka sinn.

Dofir soen ech lech alleguerte villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci, Här Hahn. Ech mengen, da kënne mer zum Vott kommen.

Vote sur la résolution 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme.

Deen, deen e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Resoloutioun mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Résolution 2

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Resoloutioun Nummer 2, déi vun der Sensibilité politique Piraten deposéiert ginn ass. An ech ginn d'Wuert direkt un den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten).- Jo, merci, Här President. No Récksprooch mat de Kollege vu relativ all de Parteien, wann net allen, géif ech proposéieren, datt mer déi Resoloutioun an eng Kommissioun verweisen, wann dat géif d'Zoustëmmung vun de Kollege fannen, well dat géif et erméiglechen, virun allem den Invite nach ze preziséieren, fir esou all Ambiguitéiten aus dem Wee ze raumen.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Clement.

Vote sur le renvoi en commission de la résolution 2

Wien domadder d'accord ass, fir déi Resoloutioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Resoloutioun eestëmmeg an d'Kommissioun verweisen.

(La résolution n° 2 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission de la Famille et de l'Intégration.)

3. 7216B - Projet de loi portant transposition de l'article 31 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission (UE) 2018/843 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive (UE) 2015/849 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme ainsi que les directives 2009/138/CE et 2013/36/UE

A mir kënnen direkt zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtte kommen, dem Projet de loi 7216B, enger Transpositioun vun enger europäescher Direktiv, déi d'Benotze vum Finanzsystem, fir Geld ze wäshen oder den Terrorismus ze finanzéieren, verhënnert. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur gi vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler (DP), rapporteur.- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, Här Finanzminister, bei dësem Gesetzesprojet handelt et sech éischer em en ondigesten, jo, séier technesche Sujet. Einfach gesot: Et geet hei em d'Schafe vun engem Regëster vun de Fiducien an den Trusten.

Wat ass dat genee? Fiducië sinn Operatiounen, bei deenen e Patrimoine zäitweilig un eng Drëttpersoun iwwerdree gétt, eng Fiduciaire, déi d'Mandat krit, fir dës Verméigen ze verwalten. Dës Operatiounen sinn och nach ënner „Treichandgesellschaften“ bekannt. Truste sinn am Fong näischt anescht wéi Fiducien, déi iwwer angelsächsegt Recht gereegelt sinn.

De Gesetzesprojet 7216B reit sech an an eis Eforte vum Kampf géint d'Geldwäscherei, wéi de President elo just gesot huet, respektiv an de Kader vun eiser Lutte géint d'Finanzéierung vum Terrorismus.

Et handelt sech heibäi em e Projet, deen eng speziell parlamentaresch Dossiersnummer huet. Dat ass lech vläicht - fir déi, déi nach heibanne sinn - direkt opgefoll. En huet nämlech, wéi all eis Projets de loi, eng véierstellig Zuel, mee déi gétt an dësem Fall vum Buschtaf B suiwiéiert. De Grond dofir ass, datt mir am Ufank e Projet uni-

que haten, den 7216, deen den Artikel 31 vun der Direktiv 2015/849 iwwert d'Lutte géint d'Geldwäsch a géint d'Terrorfinanzéierung ëmsetze sollt. Dese Gesetzesprojet gouf awer aus Ursaache vun Delaien an zwee gespléckt.

Fir e wichtige Volet vum genannten Artikel zurzäit an nationaalt Recht ëmsetzen ze kënnen, hu mir virun zwee Joer, am Joer 2018, de Gesetzesprojet 7216A uegheoll.

Bei där deelweiser Transpositioun vum Artikel 31 vun der Direktiv vun 2015 ass et, kuerz resuméiert, drëms gaange fir festzeleeën, wéi eng Informatiounen d'Fiduciaire vun hire Clientë froe mussen, a fir méi genau ze sinn, et goung drëms, fir Informatiounen ze kréie betreffend de Bénéficiaire effectif, also wiem in fine d'Sue gehéieren oder wie Sue kritt.

Dat Gesetz gesäit och vir, datt déi verschidden zoustänneg Kontrollautoritéiten iwwert déi néideg Pouvoire verfüegen, fir hiren Aufgaben a Verflüchtungen am Beräich vun der Preventioun vu Geldwäsch an Terrorfinanzéierung nozekommen. Si sollen den Accès zu den néidegen Informatiounen vun de Fiduciaire respektiv dem Bénéficiaire effectif vun de Fiducië kréien.

Wat den zweete Volet vum urspringleche Gesetz betrëfft, wou et em de „Registre des fiduciaires et des trusts“ geet, hu mir bis dëst Joer mat der Transpositioun, mat der Ëmsetzung an nationaalt Recht also, Zäit gehat. Dësen zousätzleche Sputt ass doduerch ze erklären, datt am Joer 2018 eng nei Antiblanchimentdirektiv zu Bréissel gestëmmt ginn ass, déi substanzuell Annerunge fir de Registre des fiduciaires et des trusts virgesinn huet.

A genau dëse Volet setze mer elo, ënner anere, mat dësem Gesetzesprojet an nationaalt Recht em. Ech soen „ënner anere“, well mir och Dispositiounen vum Gesetz vun 2018 mat eriwuerhuelen, fir um Enn net zwee Gesetze zu dësem Sujet ze hunn. D'Gesetz vun 2018 wäert doduerch abrogéiert ginn. Zu den Dispositiounen, déi am Gesetz vun 2018 festgehale goufen, gi bei dësem Projet de loi e puer Adjustementer gemaach, fir an Aklang mat der Direktiv vun 2018 ze sinn.

Mir limitéieren eis heibäi awer net nëmme dorop, fir d'EU-Legislatioun ëmzesetzen, mee de Projet de loi huet och d'GAFI-Recommendatioun Nummer 25 iwwert d'Transparenz an d'Bénéficiaires effectifs vun de juristesche Konstruktioneen agebaut. D'Zil heivunner ass et, fir déi strengste Reegelen unzewenden a soumat de Ruff vun eiser Lëtzebuerger Finanzplaz weider ze stäerken.

Komme mer elo awer bei den Inhalt vun dësem Gesetzesprojet. Wéi scho gesot, setzt en d'Obligatioun fir d'Fiduciairen an d'Truste fest, wat d'Informatiounen betrëfft, déi iwwert d'Bénéficiaires effectifs gesammelt a gespäichert mussen ginn. Wéi ginn dës Informatiounen ofgespäichert? Dese Gesetzesprojet gesäit vir, datt e Registre des fiduciaires et des trusts bei der Enregistrementverwaltung agefouert gétt, an deem d'Fiduciairen an d'„Trusteeën“, wéi dat esou schéin heescht, d'Informatiounen androe mussen.

Wichtig ze bemerken ass, datt hei opgepasst ginn ass, datt den Accès, den Zougang also op dese Regëster streng gereegelt ass. D'Autorités nationales an d'Organismes d'autorégulation kënnen nëmme op dese Regëster zréckgräfen, wann dat an hirer respektiver Iwwerwachungsmissioun am Kader vum Kampf géint de Blanchiment an d'Terrorfinanzéierung néideg ass. Fir Professioneller ass den Zougang nëmme dann erlaabt, wann dëst am Kader vun der sougenannter „application des mesures de vigilance“ géintiwuer hire Clientë stattfënt.

Ze notéieren ass och, datt verschidden Informatiounen aus dem Regëster fir d'Personnes physiques et morales gekuckt kënne ginn, wa se en Intérêt légitime am Kontext vun der Lutte géint de Blanchiment an d'Terrorfinanzéierung bewiese kënnen. Den Direkter vum Enregistrement oder säin Delegéierte kann dann decidéieren, ob eng Persoun en Intérêt légitime huet oder awer och net. Ech wäert duerno nach eng Kéier op dës Prozedur a besonnesch d'Recoursméiglechkeeten zréckkommen, vu datt et heiwéinst e puer Echangé mam Staatsrot gouf. Selbstverständlech sinn an dësem Gesetzesprojet och Strofe virgesinn, falls d'Spillregele vun den Acteuren net agehale ginn.

E leschte Volet vum Gesetzesprojet dréit em déi national an international Kooperatioun tëscht den Autoritéiten. Um nationalen Niveau sollen d'Cellule de renseignement financier, d'Autorités de contrôle an d'Organismes d'autorégulation enk zesummeschaffen an Informatiounen austausche kënnen, déi an hire respektive Missiounen an der Lutte géint de Blanchiment an d'Terrorfinanzéierung néideg sinn. D'Autorités de contrôle kréien och d'Befugnis, fir mat hiren auslänneschen Homologen ze kooperéieren.

Wat déi europäesch Zesummenaarbecht ubelaangt, setzt dese Gesetzesprojet de Kader, fir



datt den Enregistrement eng Interkonnexioun vun eise Register des fiduciaires et des trusts mat de Regëster vun den anere Memberstaaten schafe kann. Dëst soll iwwer eng europäesch zentral Plattform geschéien.

Komme mer dann elo zu den Avisen. De Staatsrot huet a sengem éischten Avis e puer Observatioune gemaach. Notamment huet déi héich Kierperschaft Prezisioune fir verschidden Terme gefrot, ouni déi se eng Oppositioun formuléiere misst.

Den Artikel 27 huet zu e puer Echangé mam Staatsrot gefouert. Engersäits huet de Staatsrot fir den initiale Projet feststelle mussen, datt et eng Inkohärenz bei de Krittere gëtt, fir op Basis vum Intérêt légitime Accès op de Regëster ze kréien. Anerersäits gouf et Bedenke bei der Recoursméglechkeet géint d'Decisioun vum Direkter vum Enregistrement am Kader vum Intérêt légitime, deen énnert der Form vun enger Referenzprozedur vum Verwaltungsgericht, vum Tribunal administratif also, geschéie sollt.

Fir dës zwee Punkten huet de Staatsrot allkéiers eng Opposition formelle formuléiert. Am Avis complémentaire konnt de Staatsrot bis op d'Amendementen zu den Artikelen 27 an 31 all seng Bedenken ophiewen. Déi héich Kierperschaft huet d'Amendementen vum 8. Juni guttgeheescht, soudatt et vun hir aus de Feu vert fir dese Projet de loi gëtt.

D'Chambre de Commerce huet an hirem éischten Avis vum 10. Dezember 2019 de Projet de loi positiv entgéintgehol. Si huet just e puer punktuell Prezisioune gefrot. Si hätt sech och an der Fiche financière e Montant fir d'Schaffen an d'Verwaltung vum Regëster erwaart.

An hirem Avis complémentaire huet d'Handelskummer sech iwwert d'Amendementen gefreet, déi d'juristisch Sécherheet stäerken, virun allem wat d'Méiglechkeete vum Recours ubelaangt. Eng weider Observatioun betrëfft de Champ d'application, fir deen d'Chambre de Commerce sech eng weider Prezisioun am Text selwer amplaz am Commentaire des articles gewünscht hätt.

D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis vum 11. Dezember keng weider Bedenken zum Gesetzesprojet formuléiert.

D'CNPD, also d'Dateschutzkommissioun, huet an hirem éischten Avis och e puer Prezisioune gefrot, besonnesch wat d'Informatiounen sinn, déi vun de Fiduciairen an den Trusteeën gesammelt mussen ginn, an awer och, wat den Accès vun den Autorités nationales op de Regëster betrëfft.

D'CNPD huet sech awer erfreet gewisen, datt d'Donnéen, déi am Fall vun enger Demande op Basis vum Intérêt légitime accessibel sinn, kloer begrenzt sinn. Si freet trotzdeem, datt den Direkter vum Enregistrement prezis Krittere kritt, op Base vun deenen hie seng Entscheidung treffen kann, ob en Intérêt légitime besteet oder net.

Nieft weidere prozedurale Froen, déi opgeworf goufen, huet sech d'CNPD zefridde gewisen, datt d'Späichere vun den Donnéeën am interkonnektéierte System op fennef Joer, de Minimum, dee vun der Direktiv virgesinn ass, begrenzt gouf. An hirem Avis complémentaire huet d'CNPD d'Amendementen an Erklärungen bis op e puer kleng Remarque guttgeheescht.

Fir weider Observatioune erlaben ech mer, fir lech op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen.

Här President, merci fir déi Gedold, déi Der mat mir elo hat. Et konnt keng Punktlandung an der Zäit ginn. Ech wollt awer trotzdeem e puer Detailler hei erklären.

Dat gesot, géif ech dann och den Accord vun menger Fraktioun zu deemem Projet abréngen, ouni ze vergiessen, verschiddene Leit awer Merci ze soen: den Häre Vincent Thurmes a Carlo Zwank vum Finanzministère, dem Caroline Guezennec aus der Chamber, dem Boris Meyer vun eiser Fraktioun, déi dësen dach séier komplizéierten, héich techneschen Dossier mat vill Kompetenz a Gedold begleet hunn.

Merci och alle Kolleegen aus der Cofibu (ndlr: Commission des Finances et du Budget), déi wierklech ëmmer ganz ugestrengt, konzentriert nogelauschert hunn, ënner anerem och dem Laurent Mosar fir säi kritescht Hannerfroen, besonnesch am Kontext Brexit. Dorober kennt e jo herno nach zréck. An och fir seng Asiicht bei den Erklärungen.

Merci och alle Kolleegen dann, wéi gesot, an lech heibanne fir Är Opmerksamkeet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Rapporteur, dem honorabelen Här André Bauler. Da géif ech d'Wuert un deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar, ginn.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci och. Merci un de Rapporteur fir d'alleréischte, en

huet vu Gedold geschwat. Ech lauschten dem Rapporteur ëmmer ganz gär no, well en dat op eng roueg, détailléiert, profund Aart a Weis mécht. A wann hie fäerdeg ass, bleift engem eigentlech net méi vill Zousätzlech ze bemierken. Ech soen em awer och Merci fir dee Merci, deen e mir fir meng kritesch Froen hei ausgedréckt huet. Ech mengen, mir hunn eng ganz gutt Ambiance an der Finanzkommissioun. An och wann déi Projeten heiansdo technesch schwierig sinn, fannen ech awer, dass d'Diskussiounen ëmmer interessant sinn an datt och jiddwereen do ka seng pertinent Froen stellen.

Ech wollt awer ganz kuerz, Här President, op dräi Punkten nach eng Kéier agoen. Deen éischte Punkt ass: Ech wär frou, wann de Finanzminister eis kéint e bëssen den État de ratification soen. Wou si mer ongeféier dru mat der Transpositioun vun där Direktiv iwwert d'Fiducies? Notamment, wat mech natierlech besonnesch interesséiert, et schéngt jo esou ze sinn, datt de UK, iwwert dee mer herno am Kader vum Brexit da méi am Detail schwätzen, net wëlles hätt, hei nach ze transposéieren, wou mer dann um Niveau vum Level-Playingfield e ganz seriöse Problem kréien, well dann d'Trusten zu London weider kënnen fonctionéieren ouni sou e Regëster. Si kënnen bien entendu net an anere Länner vun der Europäescher Union aktiv sinn. Déi kënnen awer um Niveau vu Groussbritannien ouni déi Constraints do funktionéieren.

Eng zweet Remark, déi huet och mat Regëster ze dinn, awer manner mat deem dote Regëster, mee mam Register des bénéficiaires économiques, wat och e Regëster ass, deen eis scho méi oft an der zoustänneger Kommissioun beschäftegt huet. An do ass et jo esou, datt anscheinend eng Rei vu Recourse gemaach gi si géint Refuse vun Derogatiounen. Mengen Informatiounen no ass et esou, datt quasiment nach guer keng Derogatioun vun deem Regëster akzeptéiert ginn ass, ausser a Mineursdossieren.

Mech géif et interesséieren, vläicht vum Finanzminister ze héieren, ob et entre-temps eventuell schon éischt Decisioune vum Tribunal administratif zu där ganzer Thematik ginn. Well ech mengen, et si ganz, ganz vill Leit, déi do robber waarden. A mir mussen eis och bewosst sinn, datt deemno wéi elo déi Arréten do ausfallen, datt och ka Konsequenzen op de Level-Playingfield hunn. Ech wollt just de Finanzminister dorop opmierksam maachen. An e kann eis vläicht herno och do e puer zousätzlech Informatiounen ginn.

Dann en drëtte Punkt, deen nëmme indirekt domadder ze dinn huet, deen awer net onwichtig ass a wou ech wollt eigentlech och vun där Debatt vun haut profitéieren, fir deen eng Kéier opzeweifen. Virun enger Rei vun Deeg war a sech e ganz interessanten Artikel an der „Süddeutsche“. En ass d'ailleurs och vun engem Lëtzeburger Informatiounskanal, „Reporter“, zum Deel iwwerhol ginn. An deen Artikel, dat ass a sech e Rapport, deen do gemaach ginn ass, iwwert de Fonctionnement vun Échange d'informations.

A wat een do liest, mécht engem eigentlech keng Freed. Well en conclusion heescht et, datt quasiment den Informatiounsaustausch par rapport zu Groussbritannien a ganz besonnesch zu de Kanalinselen iwwerhaapt net fonctionéiert. Eppes, wat mer par ailleurs och schon oft ëmmer erëm kritiséiert hunn. An dat schéngt och ganz kloer hei aus deem Rapport erauszegoen, datt dat net klappt. Datt och do carrement refuséiert gëtt, ganz speziell ass dat natierlech um Niveau vun de Kanalinselen, déi soen, si wären autonom a si bräichte sech net un dee System do ze halen.

Ech muss lech allerdéngs soen, wann dat esou bleift an d'Engländer kënnen, och besonnesch elo no engem Brexit, einfach virufueren, ouni sech iergendwéi un en Échange d'informations ze halen, da kréie mer, Här Finanzminister, e reelle Problem um Level-Playingfield. Duerfir wär ech frou, wann Der eis vläicht och dozou kéint e puer Informatiounen ginn. Wann dat haut net méiglech ass, kënnen mer dat awer och gär vläicht zu engem spéideren Zeitpunkt an enger Finanzkommissioun nohuelen.

Dat gesot, bréngen ech awer den Accord vun menger Fraktioun zu deemem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Alles, wat eist Land stäerkt op der Finanzplaz, soll een ënnerstëtzen. Sou och dese Projet, deen eng gutt Saach ass. An duerfir ginn ech hei den Accord vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Och mir als gréng Fraktioun soen dem André Bauler villmools Merci fir säi Rapport. Ech mengen, en huet déi néideg pedagogesch Kompetenz, fir eng ganz komplex an technesch Matière an einfach Wierder ze faassen. Dat muss ee fäerdegbréngen.

Natierlech ënnerstëtze mir dese Projet de loi, well en e weidere Schrëtt zu méi Transparenz am ganze Finanzsektor bedeit, e weidere Schrëtt am Kampf géint d'Geldwäisswäscherei a géint d'Finanzéierung vum Terrorismus an natierlech och e Schrëtt an der internationaler Zesummenaarbecht, wat eis Ënnerstëtzung féint.

An dofir den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Fir d'alleréischte merci effektiv un den André Bauler fir en, wéi ëmmer, fantasteschen a komplette Rapport.

D'Madamm Lorsché huet elo grad d'Stéchwuert gesot, dat ass Transparenz. Mir befannen eis hei an engem Spannungsfeld tëschent Transparenz op där enger Säit an op där anerer Säit Respekt virun der Privatsphär a Respektéierung vum Dateschutz.

A wat ech besonnesch gutt un deemem Projet fannen a woufir mir deen och als ADR wäerte matstëmmen, ass, datt cgontrairement zum berüumte Register des bénéficiaires économiques net Jänni a Männi - deemools, wéi dat Gesetz gestëmmt ginn ass, hunn ech e bëssen iwwerdrivwe gesot: „all Topert“ - kann Abléck huelen. Mee hei ass et wierklech reservéiert fir d'Autorités nationales, déi sollen Abléck hunn, an och un all Partie intéressée. Dat ass eng gutt Limitatioun. An dat hätt ech mer och gewünscht am Register des bénéficiaires économiques.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. An da wär et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, dat heite Gesetz ass schon e Fortschrëtt am Kampf géint de Blanchiment. An deementspreechend wäerte mir dee Projet de loi och matstëmmen.

Allerdéngs maache mer eis awer och keng ze vill grouss Illusiounen. Mir sinn eis scho bewosst, datt dee Mechanismus, deen do implantiert gëtt, dozou wäert kënnen féieren, datt ee gréisser Reseau kann demanteléieren, Reseau vu Blanchiment a Reseau vun Terrorismus, déi meeschtens matenee verbonne sinn. Mee et soll ee sech keng Illusioune maachen, well wann et em manner grouss Reseau geet oder em eenzel Fiducien, wou nach aner Forme vu Blanchiment kënnen stattfannen, wäert et e bësse méi komplizéiert ginn.

Ech wollt awer och nach drun erënneren, datt mer awer e bëssen a Verspéidung sinn. Et hätt sollen ëmgesat gi bis 2017. Mir sinn 2020. De Projet de loi, mengen ech, ass souguer och 2017 deposéiert ginn. Mir si rëm relativ a Verspéidung, wann et drëms geet, Saachen ëmzesetze géint de Blanchiment. Dat ass dat éent. An dat ass och vläicht net onbedéngt ganz gutt fir d'Kreditléit vu Lëtzebuerg, op jidde Fall wat eise Kampf ugeet géint de Blanchiment.

Zweetens, wat den Accès och ueget. Mäi Virriedner sot natierlech: „Jo, dat heite geet net méi wäit wéi de Register des bénéficiaires.“ Dat ass richtig. Mir bedauern dat awer. Well mir sinn net der Meenung, datt „Jänni a Männi“ kann Accès drop hunn. Well zurzäit ass et jo esou, datt souwuel d'ONGen wéi och d'Press zum Beispill, déi jo meeschtens un der Spëtzt vun Kampf géint de Blanchiment stinn, ganz oft justement e ganz schwéieren Accès wäerten hunn, ...

(Interruption par M. Roy Reding)

... well se mussen dann d'Fiducijé bewiesen. Et wëll keen ... D'Press wëll net Äert Privatlieue kennen, Här Reding. Also dat interesséiert franchement keen.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Mee op jiddwer Fall wëll d'Press wëssen, wat fir eng Machenschaften derhannert sinn. An déi heiten Ëmsetzung wäert hinnen d'Aarbecht net méi einfach maachen, hir Investigatioun op jidde Fall net. Schon nëmme déi Notioun vum Intérêt légitime, déi relativ flou gehalen ass a wou ee kann dovunner ausgoen, datt den Accès vill méi schwéier wäert gemaach ginn. An en plus hu se nëmme op all eenzel Fiducie mat der Nummer Accès.

Dat heescht, esou e grouse Quantesprong ass et lo och net am Kampf géint de Blanchiment. Et ass eng Verbesserung, mee et hätt kënnen eendeitig besser sinn. Mir wäerten et trotz-

deem dann, vu datt et eng Verbesserung ass, matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. De Kolleeg David Wagner huet et elo grad gesot: Dat heiten ass eebe grad e Quantesprong. Et ass de minimal klengste Sprong no vir. Dat ass eppes, wat e Quant nun emol u sech huet, datt en net ganz grouss ass. Mee et ass eng Verbesserung. Et geet no vir. Mir maachen hei eppes géint d'Geldwäsch. Mir maachen hei eppes, fir e bësse méi Transparenz an de Sektor eranzekréien.

An nodeem souwuel d'CNPD wéi och de Staatsrot jo awer an hiren éischten Avis kloer Baustellen opgewisen hunn, konnten déi behuewe ginn. An deementspreechend soen ech als Éischt dem Rapporteur André Bauler Merci fir säi ganz extensive Rapport, deen déi iwwer zwee Joer Kommissiounsaarbecht, déi awer an deen Text hei gefloss ass, ganz gutt resuméiert huet. An da kann ech awer och den Accord vun de Piraten fir dese Projet de loi ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech fänke gären un, andeem ech dem Rapporteur André Bauler villmools Merci soe fir säi ganz gudden an extensive schrëftleche Rapport a mëndleche Rapport.

Dat hei ass eng Prozedur, déi huet laang gedauert. Firwat huet se laang gedauert? Mee si huet haaptsächlech laang gedauert, well Europa selwer ganz vill op deemem Sujet schafft a seng eegen Direktiven déi ganzen Zäit nach nobesert. An dofir hu mer hei e ganz Zesummespill zwëschen der Directive antiblanchiment n° 5 an der Directive antiblanchiment n° 4. An ech muss lech soen, och fir de Ministère a fir d'Leit, déi sech heimat beschäftegen, ass dat guer net esou einfach, wéi dat vläicht vu bausse ka gesi ginn, fir sech do esou ze organiséieren, dass een dat do ëmgesat kritt.

Ech deelen d'Analys vun deenen, déi e bësse kritesch waren, dass dat hei nëmme e ganz kleng Sprong wär. D'AMLD V ass eng ganz wichteg Direktiv, déi ganz schwéier auszuhandele war a wou d'Transpositioun an alle Länner ganz vill Schwierigkeete mat sech bruecht huet, well se natierlech konnt ... Et gëtt e Konflikt tëschent de Reegele vun der Protektioun vun den Donnéeën, der Protektioun vun Privatlieuen op där enger Säit an der Bekämpfung vum Finanzement vum Terrorismus a vum Wäisswäsche vu Geld.

Dat hei ass dat siwent Gesetz, wat Dir hei stëmmt, fir d'AMLD V ëmzesetzen, dat siwent Gesetz! Do sinn der zwee, wann ech mech elo net ieren, déi si vum Ministère de la Justice gewiescht, a fennef vum Finanzministère.

Ech sinn och frou iwwert d'Zesummenaarbecht, déi mer do hate mat der Commission des Finances. An dat huet mat sech bruecht, dass mer, mengen ech, hei eng Transpositioun hunn, déi jo ganz vill Zousproch kritt. Wann ech mech net ieren, kréie mer hei jo dann Unanimitéit. Dat freet mech.

Wat geschitt hei? Mir schafen e Register des fiduciaires et des trusts. Trusten hu mer an der Lëtzeburger Gesetzgebung en fait net. Mee et gëtt Trusten am Ausland, déi dann hei unerkannt sinn. Och dat ass eng Schwierigkeet méi am ganze Processus.

An dann hu mer Fiduciairen, dat hu mer, dat ass eng Lëtzeburger Spezialitéit, déi kenne mer besser, déi awer änlech Resultater mat sech bréngen an änlech Zwecker erfëlle wéi d'Trusten.

Wat gëtt hei gemaach? Majo hei gëtt emol gesécher, dass déi Professionell, d'Autorité-nationall an d'Organismes d'autorégulation Accès op déi heiten Informatiounen kréien. Et ass fir déi, wou de Regëster gemaach gëtt. Do niwendru sinn da Personnes physiques ou morales, déi en Intérêt légitime hunn an déi deen da mussen bewiesen, déi och da kënnen Accès kréien. Dat ass anescht wéi de Register des bénéficiaires économiques, dee vu Verschiddenen ugeschwat ginn ass, deen et scho gëtt, wou den Accès eebe fräi ass oder vill méi fräi ass. An dat huet Lëtzebuerg net esou gewielt, dat ass esou vun den Direktive virgesinn. A mir sinn och hei an engem Esprit vun der Transpositioun vun der Direktiv.

Ech wëll och ënnersträchen, dass mer hei an engem Gebitt sinn déi ganzen Zäit vun Antiblanchiment, wou et Recommandatiounen vun der OCDE an dem GAFI, dem Groupement d'action financière, op där enger Säit gëtt an dann derniewent europäesch Direktive gëtt, déi heiansdo guer net oder net ganz am Aklang sinn. Heiansdo ass d'europäesch Direktiv méi streng an heiansdo ass d'Recommandatioun vun der OCDE méi streng. Wat natierlech och d'Komplexitéit mat sech bréngt, wann een dat heiten ëmsetzt.

An deem heite Projet hu mer d'Recommandatioun 25 vum GAFI, déi dat heite matofdeckt, en considération geholl. Déi ass a verschiddene Passagé méi streng. An dat hu mer da mat u Bord geholl. Mir ginn och d'nächst Joer vum GAFI gemonitort a kontrolléiert. Dofir hu mer och all Interêt, dass d'Recommandatioun vum GAFI och hei matofgedeckt gëtt.

Ech mengen och, et ass eng generell Remark, dass mer keen Interêt hunn, an där heiter Matière wëllen total minimalistesch ze sinn. Mir waren dat vläicht an der Vergaangenheet ze vill an all deene Matière, déi mat Transparenz ze dinn hunn. An ech mengen, mir sinn hei gutt beroden, eng equilibriert Transposition ze maachen. An dat geschitt mat deem heiten Text.

► **M. André Bauler (DP).** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Mir hu villes, wat de Conseil d'État eis mat op de Wee ginn huet, integréiert. Mir hunn och Saachen, déi d'Commission nationale pour la protection des données mat op de Wee ginn huet, integréiert. Mir konnten allerdéngs net alles iwwerhuelen, well mer dann net méi konform zur Direktiv gewiescht wieren.

Zum Schluss zwou Saachen. Fir dem Här Mosar seng dräi Froe wéilt ech em soen, dass fir déi Froen, déi e gestallt huet iwwert de Registre des bénéficiaires économiques, dat am Domän vum Ministère de la Justice ass an ech och dofir keng Informatiounen doriwuer ka liwweren, mee dass de Ministère de la Justice bestëmmt bereet ass, dat dem Här Mosar oder dem Parlament matzedeelen.

An zu deenen zwou anere Froen, déi si jo en fait matenee verbonnen allen zwou, déi hu mat dem Vereenegte Kinnekräich ze dinn a mam Level-Playingfield, do géif ech proposéieren, dass mer dat herno an der Debatt uschwätzen, fir elo hei net e bëssen ze derivéieren par rapport zu dësem Projet de loi. Ech wär och mal à l'aise, fir elo bei engem Projet de loi iwwer ee spezifesch Land ze schwätzen. Mee ech mengen, déi Fro kënnen mer ganz utilement herno beim Debat vum Brexit matenee diskutéieren.

Zum Ofschluss, ech mengen, dass dat heite fir Lëtzebuerg, wat d'Transparenz ubelaangt, e wichteg Gesetz ass. Et ass och wichteg fir eisen Image no baussen.

Dir hutt warscheinlech alleguerter verfollegt: An de leschte Jore si ganz vill Affären iwwer Antiblanchiment oder Financement vum Terrorismus an Europa opgedeckt ginn. Net zu Lëtzebuerg, mee an anere Länner. Mee et ass kee richteg parat, fir ... Et ass keen, dee ka soen: „Ech sinn honnertprozenteg sécher, dass bei mir kee Blanchiment geschitt!“ Dat ka kee Mënsch soen. Mee natierlech, mat deene Reegelen, déi mer hei fir Lëtzebuerg och dann transposéieren, gëtt dee Risk esou kleng wéi méiglech. An ech mengen, dat ass fundamental, och fir d'Reputatioun vun eiser Finanzplaz, dass mer hei ganz exigent sinn.

Ech kann lech soen: Au jour le jour schaffe mer do drop. An ech kann lech och soen, dass Europa nach weider dorobber schafft an dass d'Kommissioun elo nei Texter proposéiert huet, déi scho méi wäit gi wéi dat, wat mer hei haut unhuelen. Et ass ënner anerem eng Iddi, déi doruechter schwief, fir eng europäesch Agence fir de Blanchiment d'argent an de Financement du terrorisme op d'Been ze setzen. Dat ass an der Diskussioun. Dir gesitt, dat hei ass eng Matière, déi u Wichtigkeet nach just zouhëlt; merci fir d'Ennerstëtzung.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Finanzminister. Den Här Laurent Mosar huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci. Ech sinn d'accord mam Finanzminister, dass mer dann op dee Punkt do vum Échange d'informations herno am Kader vu menger Question élargie zrëckkommen. Ech hu leider Gottes net esou vill Zäit wéi Dir, Här Finanzminister. Duerfir hunn ech alt elo scho profitéiert, fir ee klengen Deel vun där Fro ze thematiséieren.

Par contre ass awer eng Fro, déi näischt domadder ze dinn huet, déi Der mer net beäntwert hutt. Dat ass den État de la transposition: Wéi vill Länner hunn a sech hei hire Projet de loi scho gestëmmt? Wou si mer do drun? Wann Der mer haut net kënn äntweren, géif ech just vläicht drëm bieden, dass ech eng schrëftlech Äntwert kéint nokréien.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo. Et sinn nach eng ganz Rëtsch Länner, déi dat heiten net transposéiert hunn. Ech kann lech awer d'genau Ziffer op haut net soen, mee ech schécken lech dat no.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7216B. Den Text steet am Document parlementaire 7216B¹⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7216B et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7216B eestëmme mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme-Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7567 - Projet de loi relative aux garanties professionnelles de paiement

Deen nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7567 iwwert d'Garanties professionnelles de paiement. An ech géif d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm en neie Regimm vun de perséinlechen, wat mer nennen „Sûretéiten“ oder Sécherheeten, déi kënnen am professionelle Kontext agesat ginn. Ënner de Sécherheeten, Sûretéite versteet ee Garantien, déi bei Transaktiounen an d'Spill kommen, fir Kreditter oder Risiken, déi mat Kreditter a Verbindung stinn, ze decken.

Et ginn zwee Typen vum Sécherheeten: enger-säits, wat mer nennen d'„sûretés réelles“, also Garantien, déi op Gidder geholl ginn. An do ass en typesch Beispill d'Hypothék bei engem Immobiliarkredit. Anersäits schwätze mer vun de „sûretés personnelles“ fir Garantien, déi net op Gidder, mee op Persoune geholl ginn. Fir dësen Typ hu mer zu Lëtzebuerg am Moment haaptsächlech zwee Instrumenter. Dat ass enger-säits, wat mer nennen d'Biergschaft oder de „cautionnement“, deem iwwert d'Artikelen 2011 bis 2043 vum Code civil gereegelt ass, an déi sougenannt „garantie autonome“. An dat ass e Konstrukt vun eiser Rechtsprechung, vun eiser Jurisprudenz.

D'Garantie professionnelle de paiement vun dësem Gesetz wäert sech à mi-chemin, op hallwem Wee tëschent dem Cautionnement an der Garantie autonome aglidderen.

De Projet de loi ass wichteg, well dacks musse Garantien fir eng Rëtsch Finanztransaktiounen opgestallt ginn, fir déi weeder de Cautionnement nach d'Garantie autonome dat passend Instrument sinn. Doduerch kënn et bei deenen Transaktiounen zu enger juristescher Onsicherheit, well e Richter déi Garantie, déi gi gëtt, requalifizéiere kéint.

Fir eng méi grousse kontraktuell Fräiheet zouze-loossen a fir d'Volonté commerciale vun de Parteien kënnen ze respektéieren, kënnen des Leit mam neie Gesetz op e Regimm vun de Sûretés personnelles zrëckgräifen, deem de Parteien enger-säits eng méi grousse Flexibilitéit gëtt an anersäits eng Rechtssicherheit garantéiert.

D'Garantie professionnelle de paiement soll net nëmme fir lëtzebuergesch Transaktiounen eng Roll spillen, mee et geet hei drëm, e modernt Kreditrecht ze hunn, dat duerch seng Flexibilitéit a Rechtssicherheit och soll fir international Finanz- an Handelstransaktiounen attraktiv sinn.

Dobäi gëtt sech um Succès vum ofgeännerte Gesetz vum 5. August 2005 inspiréiert, dat e grousse Strukturierungsraum bei de Sûretés réelles zouléist. Ënner esou eng Sûretéit fält zum Beispill de sougenannten „nantissement sur valeurs mobilières“, deem engem Bankclient et erméiglecht, fir op eng onkomplizéiert Manéier senger Bank Finanzproduiten als Garantie auszustellen. D'Sûretéit-reëllé sinn zu engem wichtege Atout fir d'Attraktivitéit vun Lëtzebuerg Recht bei internationale Finanztransaktiounen ginn. Dat heite Gesetz soll eis och an internationale Transaktiounen positiv positionéieren.

De Gesetzesprojet u sech definéiert am Artikel 1 e puer Notiounen, déi net onwichtig si fir d'Versteesdemech vum Text.

Den Artikel 2 setzt am Fong de Kader vun der Garantie professionnelle de paiement. Dat ass en Engagement, wéi ech scho gesot hunn, duerch deem eng Persoun, de Garant, sech géint-iwwer engem Beneficiare verpflichtet, fir e Betrag ze bezuelen, dee virdrun an engem Vertrag festgehale ginn ass. Dëst kann a Relatioun mat Creancen oder Risiken, déi mat Creancen associéiert sinn, stoen.

Den Artikel 3 setzt d'Konditiounen fir d'Applikatioun vum neie Regimm fest. Engersäits gëtt verlaangt, dass d'Parteien explizitt festhalen, dass se d'Garantie professionnelle de paiement uwenne wëllen. D'Zil ass, fir d'Rechtssicherheit ze stäerken. Anersäits muss d'Garantie de paiement kënnen schrëftlech op engem, wat mer nenne „support durable“ oder an digitaler Form attestéiert ginn.

Den Artikel 4 gesäit de Prinzip vun der Liberté contractuelle vir a gesäit eng Rei optional Méiglecheete vir, duerch déi d'Vertragsparteien hir Garantien strukturéieren kënnen.

Här President, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 16. Juni 2020 d'Schafe vun engem legale Kader fir d'Garanties professionnelles de paiement begréisst. Fir déi ganz technesch Commentairen, déi opgeworf goufen, verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Wichteg awer ass, dass déi héich Kierperschaft Bedenken hat mam zweete Paragraf vum Artikel 3, deem eng Persoun physique als Garant ausgeschloss huet, wat dem Staatsrot no géint de Gläichheitsprinzip vum Artikel 10bis vun eiser Verfassung verstouss gëtt.

De Staatsrot huet entweeder no enger preziser Begrënnung fir des Exklusivoun gefrot oder hien huet proposéiert, fir dëse Paragraf einfach ze strächen. De Conseil d'État hat seng Dispens vum zweete Vott doduerjer reservéiert. An d'Finanzkommissioun huet sech fir déi zweet Optioun ausgeschwat, dat heescht, de Paragraf einfach ze strächen.

D'Handelskummer huet hiren Avis den 28. Abrëll ofginn. Och si begréisst d'Afféiere vun der Garantie professionnelle de paiement, déi d'Mise en œuvre vun den Hëllef fir d'Entreprises an der Covid-19-Kris vereinfacht an awer och e weideren Atout fir eis Finanzplaz duerstellt, besonnesch am Kader vun internationale Finanzoperatiounen.

D'Chambre de Commerce begréisst hirersäits, dass d'Personnes physiques fir hire Schutz explizitt vun dëser Sûretéit ausgeschloss sinn. Dat war natierlech am Originaltext, mir hu jo virdrun elo gesinn, dass mer dat awer gestrach hunn.

D'Handelskummer stellt sech awer d'Fro, ob verschidde Gesellschaftsformen, fir déi et keng separat Persoun juridique nieft där vum Associé gëtt, vun dësem Gesetzesprojet viséiert sinn. De Staatsrot hat des Fro och opgeworf. Am Commentaire des articles ass dowéinst preziséiert ginn, dass och Gesellschaften ouni Personnalité juridique vum Gesetz kënnen profitéieren.

Weider freet d'Handelskummer, dass den Artikel 3 Paragraf 1 soll ëmformuléiert ginn. Hei gëtt festgehale, dass des Garantie nëmme da kann agesat ginn, wann et eng „référence expresse“ zum Gesetz gëtt. D'Chambre de Commerce mengt, dass et zu Missverständnissen bei der Interpretatioun vun dem Term „référence expresse“ kéint kommen. Et géng net duer, fir d'Gesetz ze erwänen, fir de Risque de requalification ze ëmgoen. D'Chambre de Commerce huet an deem Kontext eng Textpropos formuléiert, déi mat der Remark vum Staatsrot mat iwwerhol ginn ass. De genannte Paragraf gesäit elo vir, dass d'Garantie professionnelle de paiement nëmme da gëllt, wann d'Parteien explizitt festgehale hunn, dass dëst Gesetz ze applizéieren ass.

Fir weider Detailer erlaben ech mer, op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen. An dat gesot, géif ech all deenen, déi hei matgeholl hunn, sief et vu Chamber, Ministère, Kollegen aus der Cofibu an och aus der Fraktioun, e grouse Merci soen, an lech alleguerten och fir d'Nolauschteren.

An ech ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Text.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Rapporteur, dem Här Guy Arendt. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, a mäi ganz grouse Merci geet un de Rapporteur, dee grad wéi säi Virgängerreporter hei eng exzellent Aarbecht gemaach huet an eis dat Gesetz erkläert huet, awer haaptsächlech op d'Wichtigkeet insistéiert huet fir d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz. Ech mengen, hei ass wierklech ee vun deene ganz, ganz wichtege Projeten, déi mer an de leschte Wochen a Méint gestëmmt hunn. A mir sinn duerfir och vun deem Projet iwwerzeegt a wäerten deem Projet eis Zoustëmmung ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, merci och dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engel. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Och déi gréng soen dann dem Här Guy Arendt villmools Merci fir säi gudden Rapport. An ech ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Lorsché. Da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Och fir d'ADR bleift de Wiederer vun de Virriedner näischt derbäizefügen. Mir wäerten dësen Text matstëmme.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding. Da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerten dësen Text net matstëmme, well mir der Meinung sinn, dass et zu enger Deregulierung vun engem Instrument féiert, dat schonn en place ass. D'autant plus, dass verschidden Dispositiounen eis guer net gefalen: de Caractère volontaire justement tëschent de Partner iwwert dee Garantiesystem, deem do agefouert gëtt, deem an eisen Ae relativ flou ass.

A mir mengen och, dass et à long terme zu enger Destabilisierung vum Finanzsystem kéint bäidroen. D'autant plus, dass dee komplexe System vu Garantien och derzou wäert féieren, dass d'Banken och hir Fonds propres diminuieren, wat an eisen Aen, zemoos an der aktueller Situatioun, keng gutt Iddi ass.

Deementspriedend wäerte mer dergéint stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. A leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Ech wollt och profitéieren, fir dem Rapporteur fir den exzellente Rapport Merci ze soen. Et ass keng einfach Matière, et ass awer eng wichteg Matière. An dofir gi mir och eisen Accord.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci. Här President, Dir Dammen an



Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt e grouse Merci un de Guy Arendt fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Besonnesch och fir de mëndleche Rapport, well en op déi verschidde Punkten higewisen huet, wou e puer Schwierigkeete waren. Ech mengen, hei solle mer eis bewosst sinn, dass mer en neit Instrument schafen, wat fir eis Finanzplaz wichteg ass, wat awer souguer iwwert d'Finanzplaz ewechgeet an einfach fir d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg wichteg ass.

Mir hunn am Code civil de Cautionnement, deen et säit Jorhonnerte gëtt. An dann huet effektiv d'Jurisprudenz, wéi den Deputéierten Arendt dat richteg gesot huet, d'Garantie autonome geschaf. Mee vu dass et eng Jurisprudenz ass, feelt et do u Rechtssécherheet. Dofir hu mer dann déi Garantie professionnelle de paiement hei elo virgesinn, déi sech do tëschent deenen zwou existéierenden Notiounen u Cautionnement a Garantie autonome befënnt.

Ech mengen, ganz kuerz gesot, mir schafen hei en Instrument, wat méi Sécurité juridique gëtt op där enger Säit, an op där anerer Säit awer och déi néideg Flexibilitéit, déi de Secteur brauch. Wann ee kuckt, wéi de Secteur vun den Investitiounsfonge sech entwéckelt huet, wéi eis Finanzplaz en général sech entwéckelt huet, dann ass dat heiten e ganz wichtegt Instrument. Mir haten och scho Süreté-réelle-mobilière geschaf iwwert d'Joren. Hei schafe mer eeben nei Instrumenter.

Wat een och vläicht muss soen, wat vläicht net esou bekannt ass, dat ass, dass dat heiten och warscheinlech wichteg gëtt am Kontext vun de Mesuren, déi Europa wëll huelen, fir d'Ekonomie ze relancéieren. An eng vun den drai Mesures d'urgence, déi am Eurogroup decidéiert gi sinn, eng vun deenen drai ass jo, fir 200 Milliarden Cautionnement iwwert d'BEI a ganz Europa ze maachen, fir den Entrepreneuren ze hëllef. An dëst Instrument wäert der BEI et erméiglechen, effektiv dee Cautionnement esou gënschteg wéi méiglech ze gestalten a justement op déi Garantie professionnelle de paiement zréckzegräifen, well dat en Instrument ass, wat och international ganz gutt gebraucht ka ginn.

Ech mengen, dat wollt ech ennersträchen, dass mer also domadder och am Kontext vun der Crise sanitaire a vun der Relance vun der Wirtschaft hei e Bäitrag maachen.

All deenen, déi heidrop geschafft hunn, wollt ech Merci soen. Erëm eng Kéier och eng komplex Matière, mee et ass net, well et eng komplex Matière ass, dass et oninteressant ass. An et ass net, well et eng komplex Matière ass, dass et net ganz wichteg ass fir eis Ekonomie.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vott iwwert de Projet de loi 7567. Den Text steet am Document parlementaire 7567³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7567 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. Question élargie n° 43 de M. Laurent Mosar relative aux négociations post-Brexit

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 43 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Post-Brexit-Negotiatiounen. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an eventuell no der Antwort vum Minister eng Zousatzfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Finanzminister, ech wollt haut eng Fro stellen iwwert de Brexit. Muer wäert mäi Kolleeg Claude Wiseler eng zweet stellen. Mir hunn eis dat e bëssen ennereneen agedeelt. De Claude Wiseler wäert méi eng generell iwwert de Brexit stellen, an ech wäert mech de Mëtteg haaptsächlech mat de Service-financierë beschäftegen.

Här President, den 29. Juni hunn erëm d'Verhandlungen zwëscht deenen zwou Delegationen ugefaange fir ze kucken, en Handelsaccord zwëscht der Europäescher Union a Groussbritannien ze finaliséieren. Déi Delegationen hu sech fënnf Woche ginn - et ass also sportlech - a bis Enn vun dësem Mount respektiv Ufank vun August soll dann eigentlech deen Accord stoen. Dee muss och da stoen, well wann et zu engem Accord géif kommen, muss dee jo nach vun deenen 28 Parlamentarier ratifizéiert ginn. Dat heescht, do kënt also och nach munch Aarbecht op déi national Parlamentarier zou, wann et dann zu engem Accord géif kommen, wat mer, mengen ech, jo nach allegueren hei hoffen.

Et ass awer och schon esou, dass vill iwwer e sougenannten No-Deal geschwat gëtt. An do ass et natierlech ganz kloer, dass jo eigentlech am Prinzip eng Verlängerung vun där Iwwergangsperiod nach méiglech wier, zumindest emol während engem Joer. Allerdéngs, mengen ech, huet den englesche Premier, de Boris Johnson, esou eng Verlängerung relativ kloer ausgeschloss, soudatt mer mol dervu mussen ausgoen, dass et entweeder zu engem Accord da bis Enn vun dësem Mount kënt respektiv dass et dann zu engem No-Deal kënt.

Ech wollt haaptsächlech op e puer Punkten agoen an och do eng Rei vu Froen stellen. Dat éischt Theemegebitt ass dat, dass déi Service-financierë jo a sech net an der Diskussioun mat dra sinn. Dat heescht, déi si jo am Prinzip rausgeholl ginn an eigentlech sollen herno déi ganz Relatiounen an de Service-financieren iwwer Equivalenze geléist ginn. Et ass och dat, wat de Michel Barnier eis virun eng Rei vu Wochen oder Méint, wéi en hei war, gesot huet.

Do muss een awer direkt preziséieren, wat d'Equivalenze ubelaangt, an dat ass eng News vun haut, déi an der Press elo ze liesen ass, dass anscheinend d'englesch Regierung den Delai verpasst hätt, fir op 28 Froen ze äntworten. An esou wéi een dat kann noliesen, schéngt dat och eng Quasiforclusioun ze sinn, op déi se net méi kéinten zréckkommen, wat da géif heeschen, dass se en enger ganzer Rei Beräicher eigentlech elo keng Equivalenz méi kéinte kréien. Ech sinn elo kee Spezialist, ech mengen, de Finanzminister kann eis sécherlech do méi driwwer soen.

Dann en drëtten Punkt, an ech erënnere do un d'Aussoe vum Xavier Bettel, deen huet ganz am Ufank gesot, dass et hei an de Verhandlungen net dierft zu engem Cherry-picking komme vu Groussbritannien. Ech mengen, dat ass e Prinzip, dee misst jo nach ëmmer stoen, an deen ass och nach ëmmer richteg.

Eng véiert Iwwerleeung, an déi ass awer grade-sou wichteg, ganz besonnesch och fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg: Ech mengen, mir hunn ëmmer mat Groussbritannien exzellent enk Relatiounen ennerhalen an et ass och wichteg, dass iwwer en No-Deal eraus - wann et dann zu engem No-Deal géif kommen, wat mer net hoffen - et awer virun do ganz gutt Relatiounen gëtt. Well et dierft een net vergiessen, dass de UK fir eis de fënneftwichtigsten Handelspartner ass, laut deene leschten Zuele vum Statec.

Do stelle sech also eng ganz Rei vu Froen, déi ech dann elo wëll resuméieren an dem Finanzminister nach eng Kéier stellen. Déi éischt Fro ass natierlech déi: Wéi schätzt den Här Finanzminister d'Chancen an, dass et dann hoffentlech nach zu engem Deal géif kommen?

Zweetens: Steet nach ëmmer déi Exklusivitéit vun de Service-financieren, wéi den Här Barnier

eis dat deemools hei gesot huet, oder gëtt et eventuell do awer elo aner Iwwerleeungen, fir se mat eranzebréngen?

Drëttes, an dat ass natierlech eng weesentlech Fro: Wéi geet et dann herno viru mat den Equivalenzen? An ech hu viru schon d'Fro opgeworf: Ass dat esou, dass effektiv do 28 Questionnaire vu Groussbritannien net beäntwert gi sinn? A wat huet dat eventuell vu Konsequenzen? A wa mer vun Equivalenze schwätzen, stellt sech natierlech déi Fro, déi dem Finanzminister an eis och staark um Häerz läit, déi vum Level-Playingfield, wou mer mussen kucken, wéi et virugeet.

Eng nächst Fro ass: Wéi geet et och am Kontext vun deenen Equivalenzbestëmmungen mam Passporting européen? Eng net onwichtig Fro fir de Fongesecteur.

Eng nächst Fro ass: Wéi ass et mam Acquis communautaire? Do hu mer ëmmer erëm gesot kritt, och vun den englesche Kolleegen, deen Acquis communautaire géif respektéiert ginn, wat natierlech e ganz weesentleche Punkt wier. Duerfir och do meng Fro: Wat ass do den Informationsstand vum Finanzminister? A wann dat de Fall wier, wéi ass et dann allerdéngs och mat der Kompetenz vum Europäesche Gerichtshaff? Bleift den Europäesche Gerichtshaff weider kompetent, fir deen Acquis communautaire ze jugéieren? Sollt dat nämlech net de Fall sinn, muss ee sech froen, wat dann nach de praktesche Meerwäert vun deem Acquis communautaire ass.

Dann, déi nächst Fro ass déi, wann et wierklech géif zu engem No-Deal kommen, wat mer net hoffen: Mir hunn eng Rei vu Gesetzter schon an de leschte Méint gestëmmt, déi esou en No-Deal virbereeden, an ech mengen, mir mussen et awer nach fäerdegbréngen, normal Bezéiungen zwëscht eisen zwou Handelsplazen a Finanzplazen ze kréien. Wéi ass d'Regierung do amgaange sech drop virbereeden? Wat kënt eventuell do nach vu Verhandlungen? An och an deem Kontext, ass eventuell do envisagéiert, Här Finanzminister, e bilaterale Accord dee Moment ze maachen zwëscht Groussbritannien a Lëtzebuerg?

Dat sinn elo mol an enger éischter Etapp all meng Froen. Ech mengen, et sinn der scho ganz vill. Merci schon am Virus fir all Är Äntwerten, Här Finanzminister.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Jo, dat si ganz vill Froen an op verschidderer kann een einfach net äntwerten, well de Lëtzeburger Finanzminister oder d'Vertrieder vun der Lëtzeburger Regierung setzen net am Sall, wann d'Verhandlungen zwëscht dem Vereenegte Kinnekräich an der Kommissioun gefouert ginn. Ech mengen, dat ass de Mechanismus, wéi e funktionéiert.

Dofir, ech wäert versichen, vill Elementer hei ze ginn. Mee ech mengen, wat ech muss evitéieren, ass - net evitéieren ..., oder evitéieren, well et institutionell net richteg wier - Interpretatiounen ze ginn op Kommentaren, déi ee vun de Medie kritt oder vun deem engen a vun deem aneren, an dat versichen ze interpretéieren, zu wat dat ka féieren. Ech mengen, wat een net dierft vergiessen ass, dass hei vill Taktik op béide Säiten ass, an dat mécht d'Negotiatioun net méi einfach an och net méi transparent.

Ech wëll och soen: De Mandat, deen huet natierlech d'Kommissioun preparéiert an esou ass vun de 27 Memberstaate guttgeheescht ginn. An där Hisiicht hu mir participéiert a contribuéiert zu dësem Mandat. Dir wësst, dass Lëtzebuerg warscheinlech eent vun deene Länner war, wann net dat Land, wat sech am meeschten agesat huet, fir dass d'Service-financierë sollten eng méi grouss Roll hei spillen. Déi sinn elo tel quel net als grouse Punkt am Mandat dran, spillen awer, esou par la bande, eng gewësse Roll.

Fir d'éischt géif ech awer gäre soen, dass fir eis dee Brexit en fait zwee Defien duergestallt huet an duerstellt. Deen éischten Defi war: Wann dann de Brexit elo geschitt, an elo ass dat jo alles amgaang, ass Lëtzebuerg attraktiv, fir en Deel vun deem Business op Lëtzebuerg ze kréien? Mir kennen haut d'Äntwert. D'Äntwert ass: Jo! Mir hu méi wéi 60 Acteuren, déi gewielt hunn, sech zu Lëtzebuerg niddereeloossen.

Wat seet eis dat? An ech mengen, dat dierft mer ni aus dem Kapp vergiessen, wat seet eis dat? Et seet eis net nëmme, dass Lëtzebuerg attraktiv ass. Et seet eis och, dass déi ganz Affär vum Accès jo ka geléist ginn, andeem een eng Niddereeloosung, eng Filial, heiansdo eng Succursale um Territoire vun der Union européenne opriicht. An anere Wieder: Den Accès automatique général, dee jo de UK elo hei verléiert, heescht net, dass all déi Acteuren, déi zu London sinn, iwwerhaupt net méi kënnen mat

eis schaffen. Mir hunn dat, mengen ech, gutt anticipéiert.

Ech si frou, dass vill Acteuren Lëtzebuerg erausgewielt hunn. Mee dat muss een och am Kapp behalen, wat dann d'Endresultat vun dëser Verhandlung ass. Majo, wann d'Endverhandlung eeben esou ass, dass mer eis op näischt eens ginn no der Phase de transition, majo da wäert deen Trend, fir sech weider op dem Kontinent vun Europa niddereeloossen, sech poursuiviéieren. Dat huet och seng Virdeeler fir Lëtzebuerg. Et huet net nëmme Nodeeler. Mee dat ass eeben déi éischt Iddi: d'Iddi Niddereeloosung.

An da kënt déi zweet Iddi. Mir schaffe vill mam Vereenegte Kinnekräich, mat London. Wéi kënnen mer déi Relatiounen esou gutt wéi méiglech halen? Dat heescht, och dat muss mer kucken. Mee do si mer net Meeschter, do ass de Meeschter d'Kommissioun a wat an där ganzer Verhandlung erauskënn. A jee nodeem, wat hanneren erauskënn, eppes Guddes, eppes Mëtteméissegdes oder eppes Schlechtes, muss een eventuell kucken, wat ee bilateral ka maachen. Haut kann een dat net anticipéieren. Ech schléissen awer näischt aus.

Ech mengen, ech hu virun e puer Deeg gelies, dass d'Vereenegt Kinnekräich mat der Schwäiz amgaangen ass, eppes Bilaterales auszemaachen. Jo, d'Schwäiz kann dat maachen, si ass net an der Unioun, si verhandelt fir sech selwer. An d'Engländer och. Mir sinn och ganz gespaant, wat do erauskënn. Also, dat ass eng Deeläntwert op Är Fro: „Sidd Der bereet, eppes Bilaterales ze maachen?“ Jee nodeem, wat hanneren erauskënn, kann een dat natierlech erwägen.

Eng wichteg Fro ass déi vun den Equivalenzen. An do ass vill ronderëm geschwat ginn. Et ass esou fir d'Europäesche Union, bis haut ass déi Prozedur vun der Equivalenz iwwerhaupt vu kengem Mënsch gesi ginn. Dat war eppes, wat d'Kommissioun op techneschem Niveau mat ville Länner bilateral verhandelt huet, an d'Visibilitéit ass nëmme grouss gi wéinst dem Brexit. An et ass natierlech d'autant plus wichteg, well d'Vereenegt Kinnekräich jo Member war an dee selwechten Acquis communautaire huet an do eis englesch Partner zu Recht soen: „Mir kënnen a mir sollen net traitéiert gi wéi en Drëtland, wat souwiesou aner Reegelen huet.“ Also den Ausgangspunkt ass en aneren.

Mee wann eis englesch Frënn awer och parallel soen: „A mir wëllen herno alles anescht maachen a mir wëllen Här a Meeschter sinn, mat wem mer Accords commerciaux maachen. Mir wëllen Här a Meeschter sinn, wéi mir eis Reegelunge muer maachen“, jo, dann entferne se sech jo vum Acquis communautaire an dann hu mer net méi déi selwecht Reegelen. An dann ass et kee Level-Playingfield. An dofir hängt och villes dovunner of, wat fir eng Strategie eis englesch Partner an Zukunft wäerte fueren.

Dofir, op vill vun Äre Froen kann een net richteg äntwerten. Wann hir Taktik oder hir Strategie ass: „Wa mer bis dobausse sinn, hale mer den Acquis communautaire esou vill wéi méiglech an, well dat an eisem Interêt ass, well mer dann den Accès un de Marché unique erliichter“, jo, dann ass villes einfach. Wann hir Strategie awer genau déi opposéiert ass, alles anescht ze maachen, jo, da gëtt den Accès ëmmer méi schwierig an da muss se eeben d'Niddereeloosung um europäeschen Territoire maachen, um Kontinent, fir da kënnen vum Marché unique ze beneficiéieren. Ech wollt dat eng Kéier erklären, dass déi Saachen all matenee verbonne sinn an een och do keng definitiv Äntwerte ka soen.

Vläicht nach zu den Equivalenzen: Mir sinn eent vun deene Länner, wat gesot huet, et kéint ee sech virstellen, dass déi Prozedur vun der Equivalenz e bësse méi transparent géif ginn an och op jidde Fall par rapport zu England méi Zäit géif loossen. De Moment kënnen déi Décision-d'équivalencé vun der Kommissioun ganz kuerzfristeg nìcht gemaach ginn. Dat heescht, vun haut op muer kann d'Kommissioun soen: „Do war eng Equivalence. Elo ass keng méi ginn, well Dir Är Reegele geännert hutt!“, oder Gott weess wat. Et war also ganz unilateral.

Ech verstinn zum engen, dass eis englesch Frënn soen: „Esou kann een net gutt mat engem Partner schaffen!“ Op där anerer Säit verstinn ech awer och d'Positionen vun den Engländer net, déi soen: „Mir mussen eis do ronderëm en Dësch setzen, mir mussen dat alles verhandelen!“ Nee. Si sinn net méi an der Unioun. Da kënnen se net mat eis verhandelen a soen: „Är Reegele gefalen eis net gutt, mir hu besserer. Mir gesinn dat anescht.“ Wa se esou wëlte mat eis schwätzen, hätt se sollen an der EU bleiwen, an da kéinte se alles mat eis diskutéieren. Dofir,



d'Equivalenzdiskussioun ass eng komplizéiert, eng qualitativ Diskussioun, an dat muss een esou verstoen.

Iwwert d'Equivalenz ewech stellt sech eeben d'Fro vum Futur, wéi d'futur Reegelen, zum engen eis eegen, aus der EU, evoluéieren, a wéi déi an England evoluéieren. Jo, wann déi komplett auserneeginn, wéi gesot, da gëtt den Accès ëmmer méi schwéier.

Zur Cour de justice: Et ass ee vun de sprangende Punkten. Eis englesch Frënn hu kategoresch refuséiert, dass déi Equivalenzaachen oder aner Saachen der Cour de justice des communautés kéinten ënnerworf ginn. Et ass jo och esou, dass am Accord, dee mer am Espace économique européen gemaach hunn, deen an den 90er Jore gemaach ginn ass, do eng extra Cour geschaf gi war, fir dee Problem ze léisen. Ech mengen, deen heite Problem vun der Juridictioun wäert sech en fait nëmme richteg stelle ganz zum Schluss vun der Negociatioun, wann ee gesäit, op wat een do erausgeet.

An dat erlaabt mer da vläicht, zum Schluss Follgendes ze soen: „Mir liewen an enger ganz bizarer Zäit.“ Ech erkläre mech. Mir hunn an de Relatiounen mat dem Vereenegte Kinnekräich als EU elo eng Période de transition vun engem Joer, wat mat sech bréngt, dass en fait fir d'Finanzplaz London a fir d'Entreprises am Vereenegte Kinnekräich de Brexit nach net agetrueeden ass. En ass nach net agetrueeden. Hir Gidder kënnen erakommen. Hir Servicer kënnen se leeschten, wéi wa se nach ëmmer dobanne wäeren, wat jo eng privilegiéiert Situatioun ass.

An da kéint ee sech jo vläicht virstellen, well dat eng privilegiéiert Situatioun ass a wann ee sech net eens gëtt, dass grad d'Engländer géife froen: „Wa mer net eens ginn, da brauche mer méi Zäit, da verlängere mer d'Période de transition.“ Mee nee, et ass ëmgekéiert. Si sinn déi, déi soen: „A wa mer net eens ginn zum Schluss, da muss dat alles ophéieren, déi Période de transition!“ Wéi wann dat eng Strof wier! Wéi wann dat eng Strof wier. Et ass e Privileeg!

Also dofir ass dat alles esou komplizéiert. Ech mengen, ech hunn och haut en Interview gesinn, net en Interview, eng Konferenz, déi de Michel Barnier gehalen huet per Telekonferenz, wou e ganz kloer ënnersträicht: „Mir kënnen als Europäesch Unioun“, an ech sinn do komplett bei em, „mir kënnen eisen englesche Partner net erlaben, Cherrypicking ze maachen“, dat ganz kloer net. Wann et se arrangéiert, e Fouss dobanne ze hunn an der Europäesch Unioun, a wann et se op engem anere Sujet arrangéiert, dann dobaussen ze sinn an ze soen: „Mir si souverän, mir wëlle maachen, wat mer wëllen. Mir wëlle komplett souverän sinn.“ An dat ass dat, wat et wierklech schwéier mécht.

Mee ech kann lech als Konklusioun soen: Ech sinn iwwerzeegt, dass ech net op all Är Froe konnt konkret äntwerten, mee et war méi eng Impressioun, wou mer elo dru sinn. Mir poursuiwéieren dat ganz no. A wann et e ganz haarde Brexit gëtt, da muss verschidden Acteure vu London, déi dat nach net gemaach hunn, sech um Kontinent niddleossen. A vu dass mer a verschiddenen Domänen - ob dat elo Assurance sinn, am Management vun de Fonge - ganz attraktiv sinn, kann dat och positiv Konsequenzen hu fir Lëtzebuerg.

Wann den Accord méi ausgeräift ass, dass déi Facilitéiten zum Deel bleiwen, jo, da kënnen mer bilateral déi Geschäfte gutt weiterféieren. An dann hu mer nach déi drëtt Optioun, déi Dir selwer jo och erwänt hutt: Wann et zu engem Exit kéint mat kengen Accorden, da muss een natierlech och exploréieren, wat ee bilateral mam Vereenegte Kinnekräich ka maachen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo. Merci fir d'alleréisch dem Minister trotzdem fir déi scho ganz interessant Erklärungen. Ech verstinn och, dass een à ce moment net op alles kann äntwerten. Fir d'alleréisch begrëssen ech awer expressement och déi Disponibilitéit fir ze soen: „Wa mer gesinn, dass dat do schifgeet, da si mer bereet, a bilateral Verhandlungen anzutrieden.“ Ech mengen iwwregens, dass mer och net déi Eenzeg sinn, Här Finanzminister. Eis Nopeschlänner wäerte warscheinlech och schonn an de Startbléck sinn. Duerfir ass et just gutt, wann ee matzäit do preparéiert ass.

Eng Fro, déi ech awer nach hätt - ech verstinn awer, dass Der net do kéint drop äntwerten, well se justament am Moment an der Aktualitéit ass -, ass déi Geschicht do mat deenen 28 Formulären, wou anscheinend déi brittesch Regierung net drop geäntwert hätt, an do wär

elo esou eng Aart Forclusioun. Also ech weess et net. Wann Der mer elo net direkt kéint drop äntwerten, da verst mer dat och, mee ech mengen, et ass awer eng net onweesentlech Fro, well hei geet et justament ëm dee Punkt, wou Dir och ënnerstrach hutt, dass et vläicht dee wichtigsten ass, dee vun den Equivalenzen.

Dann nach eng Kéier eng lescht Fro, well do hat Der mer virdrun net drop geäntwert, Dir hutt mer och elo nach net drop geäntwert, dat ass déi Schwieeregkeet, déi ee mat eisen englesche Frënn huet, bon, éischstens, wat den Acquis communautaire ubelaangt: Mee souguer beim Acquis communautaire a souguer elo, wou se mol nach net aus der Europäescher Unioun eraus sinn, gëtt sech systematesch net un europäesch Spillreegele gehalen.

An ech hunn lech virdu gesot, wat déi ganz Diskussioun iwwer Échanges d'informations ubelaangt, wou einfach refuséiert gëtt, fir en Échange d'informations ze maachen. Hei schéngt et jo och prezis ëm een ze goe par rapport zu Däitschland, wat jo och e grouse Partner ass; dat ass jo net egal wien. A wa souguer do keen Échange d'informations praktizéiert gëtt, muss ee sech awer Froe stellen! A mir mussen dann trotzdem awer iergendwéi kucken, och wa muer Groussbritannien net méi an der Europäescher Unioun ass, si sinn awer an der OECD, an et kann net sinn, dass si sech iwwer all Reegelen, all Spillreegelen ewechsetzen, well da kréie mer e reelle Problem um Niveau vum Level-Playingfield.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, ech mengen, déi zwou Froe vun den Equivalenzen an dem Respekt vum Acquis communautaire si wierklech zwou Schlëssel-froen. Ech kennen deen Detail vun den 28 Äntwerten oder Kommentaren, déi se net gemaach hunn, net. Mee et ass ganz kloer, wann een d'Kommentare vum Michel Barnier haut liest, dass et do net gutt weidergeet am Domän vun den Equivalenzen. An et ass ganz kloer, wéi de Michel Barnier hei war - ech mengen, Dir hutt e jo och gesinn -, de Michel Barnier huet gesot: „Ech loosse mir, an och d'EU soll sech net an hir Saachen draschwätze loosse vun engem Land, wat net méi dobanne ass.“ Wa mir decidéieren, dass alleguerten d'Direktiven elo op roudem Pabeier gedréckt ginn, dann decidéiere mir dat! A wann d'Engländer eis soen: „Dat ass verbëtztent Geld, et ass méi bëlle op wäissem Pabeier. Mir géifen lech recommandéieren, dat op wäissem Pabeier ze maachen“, dann däreif d'EU sech net do draschwätze loosse. Dat ass dat eent.

An dat Zweet ass: Déi ganz Diskussioun vun den Equivalenzen mécht jo nëmme Sënn an där Logik, wann eis englesch Partner als État d'esprit hunn, fir den Acquis communautaire weiderzeféieren. Wa se dee jo lénks a riets leie loosse, majo da geet d'Equivalenz jo schonn iwwerhaupt net! Dat heescht, déi zwou Saache si jo matenee verbonnen. Déi kann een net separat kucken. A si sinn doranner net kloer. Heiansdo soe se engem: „Mir brauchen immens vill an der Equivalenz. Mir brauchen do eng Prozedur, déi vill méi transparent ass. Mir brauchen Delaien.“ An den Dag drop seet dee selwechte Minister oder d'Regierung: „Mir wëllen awer kënnen komplett onofhängeg sinn an där Matière oder am Ganzen, well mir e souveräant Land sinn.“ Jo, et kann een net dat eent an dat anert wëllen. Déi zwou Saache schlësse sech praktesch aus.

Ech muss lech zwar soen, mee dat ass meng „intime conviction“, dass et net den Interêt vum UK ass, aus Saachen - kommt, mir huelen déi AMLD V, déi Dir haut unanimement ugeholl hutt -, ech mengen net, dass et den Interêt ass vu London a vun eisen englesche Partner, fir do Cavalier seul ze maachen an do e bëssen eppes aneschtens ze maachen. Ech mengen net, dass dat déi Sujete sinn, wou se dat wëlle maachen. Well wa se dee Risiko aginn, majo da spille se jo mat hirem Gléck a mat der Reputatioun vun hirer Finanzplaz! Dofir, ech mengen, et muss een dat observéieren. Mee et muss een déi Kontradiktioun, déi d'Engländer selwer an hirer Positioun hunn, gutt verstoen. Si hätte gäre méi Equivalenzen an an engems wëlle se awer och kënnen erausgoen.

Ech sinn à tout moment bereet - an deem heiten Dossier wäert jo och nach villes geschéien an den nächste Méint -, d'Cofibu oder déi Deputéiert, déi dat wëlle wëssen, ze informéieren, insoufern mir informéiert ginn, well déi Negociatiounen si geheim.

A vläicht zu den nationale Parlamenten hire Rôlen: Dat hänkt ganz dervun of, wat de Contenu herno vum Accord ass. Also wa keen Accord do ass, brauch jo näischt ratifizéiert ze ginn. Mee wann deen Accord ganz schmuel ass, da kéint et sinn, dass dat lauter Matière

sinn an der Compétence exclusive vun der Kommissioun, wou da keng Ratifikatioun vun den nationale Parlamenten de Fall wier, an da bräicht dat just vum Europäesche Parlament ratifizéiert ze ginn. Ech mengen, dat ass e bëssen déi grouss Reegel, wéi dat de Moment gekuckt gëtt.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna.

6. Question élargie n° 47 de M. Laurent Mosar relative à la zone franche opérée au Luxembourg

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eisen Ordre du jour vun haut. Dat ass déi erweidert Fro Nummer 47 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Fräihandelszon hei zu Lëtzebuerg. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Virdu war e groussen internationalen Dossier. Hei ass en Dossier, iwwert dee mer schwätzen, deen, mengen ech kënnen ze soen, eis an de leschte Joren net ëmmer Gléck bruecht huet. An ech ka mech erënneren, e puer Kolleegen, déi och elo hei sëtzen, waren deemools beim éischte Spuetestéch derbäi. Ech selwer och. Deemools ware mer voller Begeescherung, wéi mer do gehollef hunn, dee Spuetestéch ze maachen. Leider Gottes, wann een elo e bëssen d'Evolutioun an deene leschte Jore kuckt, muss ee soen, dass dat vläicht alles net esou gelaf ass, wéi mer eis dat warscheinlech virgestallt haten.

Ech wëll elo net op dee ganzen Historique vun deem Freeport nach eng Kéier agoen, awer just soen, dass ech haut déi Fro gestallt hunn, well awer an deene leschten Deeg erëm ganz vill Wellen an deem Dossier waren doduerch, dass de President vum Conseil d'administration, den Här Goebbs, demissionéiert huet, relativ plötzlech. Déi Demissioun ass schonn op Ufank März datéiert, ass awer elo érischt bekannt ginn. Och den Administrateur délégué huet sech an de Medien esou ausgedréckt, wéi wann en net méi géif dru gleewen, nach ganz laang op sengem Posten ze bleiwen, soudatt sech trotzdem do d'Fro stellt, wéi et hei beim Freeport virugeet.

Ech wëll vläicht nach eng Kéier ganz kuerz un zwee Elementer erënneren, déi natierlech derzou gefouert hunn, dass dee Freeport wierklech dobaussen net déi bescht Reputatioun an deene leschte Joren hat. Dat éischt, dat si leider Gottes déi ganz Procédure-judiciaire, an deenen den Haaptaktionär a Grënner vun deem Freeport involvéiert war. Dat si Prozeduren, déi sech e bëssen duerch d'ganz Welt zéien an déi, wéi gesot, natierlech och net zu enger gewësserer Rou a Stabilitéit vun deem Freeport bäigedroen hunn.

En zweete Punkt ass, an dat muss een awer och ënnersträichen, dass natierlech och um Niveau vun der Europäescher Unioun nei Reglementatiounen komm sinn. Notamment geet dat zréck op eng Enquêtékommmissioun vum Europaparlament vun 2018, wou doropshin och eng Decisioun vun der Kommissioun komm ass, fir generell déi Freeporten op déi Lëscht vun deenen Etablissementen ze setzen, déi e besonnesch grouse Risiko um Niveau vum Blanchiment hunn, wat natierlech och derzou gefouert huet, dass et fir de Freeport net onbedéngt méi einfach ginn ass.

Elo kéint awer en drëtt Element derbäi, Här Finanzminister, wou ee sech awer wierklech muss Froe stellen. Dat ass, dass déi zwou Societéiten, well et geet a sech hei ëm zwou Societéiten, et ass eng Real-Estate-Gesellschaft, déi d'Infrastruktur huet, an da gëtt et eng, déi de Management mécht, dass fir déi zwou Societéiten, wann een do d'Billan vun 2018 kucke geet - déi vun 2019 sinn nach net public -, do relativ substanzieel Perté gemaach si ginn. An et muss een och einfach soen, säit dee Freeport fonctionéiert, sinn do nach ni Benefisser gemaach ginn. Dat heescht, do sinn iwwer Jore just Perten ugeheeft ginn.

Bis elo ass et esou, dass d'Banken hir Kreditter warscheinlech nach ëmmer zréckbezuelt kritt hunn. Mee d'Fro muss ee sech awer stellen, wéi laang dat nach wäert guttgoen. A mir sinn eis hei alleguerten eens, an ech weess, dass ech do och an Ärem Sënn schwätzen, Här Finanzminister: Mir kënnen eis hei wierklech net nach eng Kéier e Skandal erlaben! Dat geet hei fundamental ëm d'Reputatioun vun eisem Land. A mir sti scho souwisou duerch dee Freeport zum Deel ënner enger Kritik, fir déi kee kann.

Ech wëll elo wierklech duerfir net d'Regierung responsabel maachen. Dat ass éischer eppes, wat mat de Promoteure vun deem Freeport ze dinn huet. Mee et muss een awer einfach wëssen, wat de Risiko ass. An duerfir wollt ech eigentlech och déi Fro eng Kéier hei opwerfen. Well wann et do géif zu enger Faillite kommen, brauch ech lech net ze soen, Här Finanzminister, wat dat géif bedeiten, well do sinn awer

ganz vill Œuvre-d'arten an och ganz vill aner Produiten deposéiert. Hei si Juristen, déi wëssen, wann eng Faillite kéint, wat dat heescht: Da bleiwen alleguerten déi Saachen do blockéiert, déi kommen net eraus. An ech brauch lech net ze soen, wat dat och international géif bedeiten um Niveau vun der Reputatioun. Duerfir mengen ech wierklech, dass et der Regierung hei net kann egal sinn, wéi et do virugeet.

Duerfir wollt ech lech, Här Finanzminister, eng Rei Froen dozou stellen:

Éischstens, ech ginn dervun aus, dass der Regierung déi Problematik bewosst ass. D'Fro ass awer, wat ech haaptsächlech wollt wëssen: Wéi hutt Der wëlles do virzegoen? Ech huelen un, Dir sidd vläicht amgaangen, eng Rei vun Optiounen ze kucken. Lafen och do Diskussiounen mam aktuellen Aktionär a mam Founder vun deem ganze Freeport? Ass eventuell envisagéiert, dass de Staat géif déi Infrastruktur iwwerhuelen? Wat vläicht net déi schlechteste Léisung wier.

Dann ass einfach e Punkt, deen ëmmer erëm kritiséiert ginn ass, dass eigentlech ni richteg vun där fantastescher Infrastruktur profitéiert ginn ass, fir en enke Lien mam Flughafen ze maachen, notamment mam Cargozone. Dat huet zum Deel och net fonctionéiert duerch de Statut vun engem Freeport. An do stellt sech wierklech d'Fro, ob een net kéint dee Freeport vill méi an de Flughafen, an de Cargoberäich selwer abannen.

An da sinn ech bei där nächster Fro, där vum Statut. Ech stelle mer wierklech d'Fro - an dat ass einfach eng Suggestioun, déi ech hei wollt maachen -, ob mir iwwerhaupt nach Interêt hunn, dee Statut vum Freeport bäizebehallen. Deen huet esou eng schlecht Reputatioun, international eng schlecht Reputatioun op EU-Niveau. Firwat gi mer net einfach dohinner a mir maachen en normale Warehouse, wat een op ville Flughäfen féint? Ech kéint mer virstellen, dass dat méi Sënn géif maachen - einfach eng Fro, déi ech trotzdem wollt opwerfen.

Dann eng lescht Fro. Et war ursprénglech geplangt, fir eng Aart Artcluster ze maachen. Et huet een awer gesinn, dass dat net esou fonctionéiert huet aus Grënn, op déi ech elo am Detail net wëll agoen. Et kéint een awer parfaitement déi super Infrastrukture fir aner Zwecker gebrauchen. An do gëtt et wierklech déi Iddi - mir kommen aus enger Covidkris, oder mir sinn an enger Covidkris dran -, dass een do zum Beispill, an ech mengen, dass geschitt d'ailleurs och schonn zum Deel, d'Réserve-sanitaire-stratégique kéint deposéieren. Dat ass eppes, wat ëmmer méi wichtig gëtt. Och wär et gutt, wann déi Réserve-sanitaire-stratégique op enger sécherer Plaz wäeren. An déi Fro, déi ee sech wierklech muss stellen: ob een net och éischer do a Richtung vun esou enger Diversifikatioun géif goen. Ech weess och, dass den Här Goebbs eigentlech wollt, mengen ech, an esou eng Richtung goen, awer do net op en Accord mam Haaptaktionär gestouss ass.

Ech mengen, dass dote sinn alles Pisten, déi een zumindest sollt iwwerleeën. Eis, der CSV, geet et op jidde Fall drëm, dass hei méiglechst schnell vun der Regierung Initiative geholl ginn, ier d'Kand, le cas échéant, am Pétz läit. Well mir sinn eis alleguerten bewosst: Dat wär dat, wat mer eis op kee Fall kënnen erlaben. Duerfir wollt ech och nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir en Appell un d'Regierung ze maachen, sech wierklech deem Dossier unzehuelen. Well laut deenen Informatiounen, déi een an der Press kann noliesen an déi och bekannt sinn, ass déi finanziell Situatioun wierklech net gutt.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, fir d'éischt, mengen ech, muss ee ganz kloer hei soen: Dee Freeport ass eng privat Gesellschaft, an där de Staat net vertrauden ass an an där de Staat keng Aktien huet. Dat ass eng honnertprozentig privat Gesellschaft! Wann ech awer d'Kommentaren am Ursprung vum Här Mosar hei gutt verstanen hunn: „Wat mécht de Staat? Wat soll en ënnerhuelen?“, an esou weider an esou fort, wa mir elo hei Porteur vun deem Projet wieren, à part entière oder zum Deel, da géif ech vill vun Ären Usätz besser verstoen. Mee ech muss wierklech à l'ingrès soen: Hei ass eng Gesellschaft, där et net gutt geet, aus ganz ville Grënn. Mee dann ze soen, an do sinn ech wierklech mat Ärer Analyse net d'accord, fir dat ze soen: „Wann déi faillite ginn, dann huet de Lëtzeburger Staat e grouse Problem an e reputationelle Problem“, ech mengen, do ass e logeschen Denkfeeler dran.

Ech hunn dat vu ganz no verfollegt. Vläch kuerz en Historique: Firwat ass dat hei gemaach ginn 2012? Et war eng Initiativ vun der Regierung, wou eng Rëtsch Ministeren han-



nendrustoungen. Dat war den Här Jeannot Krecké, dat war och dann de Luc Frieden, deen zoustänneg war fir d'Douane, déi dat wollte maachen. Dat huet sech gutt ugesinn, huet gutt ausgesinn, déi Saach. Dat ass 2012 gestart ginn an ass da gebaut ginn. An dann ass nach implizéiert gewiescht de Minister, deen zoustänneg war fir de Flughafen, fir den Terrain, wou déi Gesellschaft en Droit de superficie huet. An ech wëll och hei kloer soen, dass, wann déi Gesellschaft Schwieeregkeete kritt an esou, de Staat natierlech deen Terrain kann zréckkréien. Dat ass spezifesch virgesinn. Mais pour le reste ass et eng privat Gesellschaft.

Firwat hu mer et gemaach? Zweek Grënn: Lëtzebuerg als Logistikhub. Dofir och um Flughafen. An d'Diversifikatioun vun der Finanzplaz mat engem Artcluster. Effektiv, Konscht ass ëmmer méi wichteg ginn.

A wat parallel geschitt ass dobaussen, ass, dass natierlech och mat deene ganz niddregen Zënsen, déi par ailleurs op de Spuerbicher bezuelt ginn an an den Transaction-financière sinn, an der Welt vun der Konscht natierlech eng Opportunitéit opgaangen ass, a ganz vill Leit hunn hiert Geld an d'Konscht placéiert. An dofir ass dat eppes gewiescht, wat an der Gestion de fortune ëmmer méi wichteg ginn ass.

Wéi ech Minister gi sinn, hunn ech vill Froe gestallt, wéi d'Kontrolle solle gemaach ginn. An ech hunn erkläert kritt, dass d'Opérateurs agréés, déi do déi Eenzeg sinn, déi Saache kënnen am Freeport deposéieren, mussen eng ganz Rëtsch Konditiounen erfëllen an dass déi dofir kënnen zertifizéieren, dass déi Gidder kënnen erakommen. En fait ass dee System esou gemaach ginn, dass an där Zone franche, well et ass eng Zone franche, déi Gidder vun der Douane kontrolléiert ginn, mee de Gros vun der Kontroll gëtt en fait vun deenen Opérateurs agréés gemaach.

A wéi ech do vill nogefrot hunn, huet sech awer erausgestallt, dass d'Douanieren awer elo net dee ganzen Aspect Antiblanchiment géife kontrolléieren! Wéi solle se dat och maachen? Dat ass jo net hir Spezialitéit. An doropshin hunn ech dann insistéiert, dass de Freeport, wéi eng ganz Rëtsch aner Professioneller, déi tätég sinn op der Place financière, sollen d'Antiblanchimentsreegelen anhalen! Dat war och schonn eng Zäit, wou international ëmmer méi an den Zeitung stoung, dass an deenen Zone-franchen d'Blanchimentsgesetz net géife vill oder iwwerhaupt net applizéiert ginn. Ech muss lech soen, mir sinn d'Ae ganz grouss opgaangen, wéi ech erkläert krut, dass dat esou war an deene meeschten. An dunn hunn ech gesot: „Dat kënne mir eis zu Lëtzebuerg net erlaben!“ Do ass de Staat intervenéiert fir ze soen: „Dir muss d'Antiblanchimentsreegelen applizéieren!“

► **M. André Bauler (DP)**.- Très bien, Här Minister!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- An déi Administratioun, déi dat mécht, dat ass d'Administration de l'enregistrement.

A säitdem dat dann de Fall ass, ass natierlech de Businessmodell net méi esou gutt gaangen!

Ech zitieren, wat den Här Goebbels am Interview gesot huet - hie seet dat, mee ech ... -: « Suite au conflit avec ... » - de russeschen Här - « le Gouvernement a souhaité », mee et war net nëmme dowéinst, ech hat et scho virdru reperéiert, « le Gouvernement a souhaité protéger la place financière luxembourgeoise du risque réputationnel. » Richtig! « Il a considéré que l'axe art-finance était à risque et a imposé aux opérateurs du Freeport les mesures supplémentaires telles que l'identification du bénéficiaire économique final et les preuves d'origine de l'œuvre d'art, des mesures applicables uniquement au Freeport ... », „au Freeport“, wat mengt en domat? A kengem anere Freeport an der Welt ass dat esou! Ben, ech muss lech soen, ech si frou, dass zu Lëtzebuerg deen eenzege Freeport ass, wou d'Antiblanchimentsreegelen mussen agehale ginn!

► **M. André Bauler (DP)**.- Ganz gutt!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- An dobäi wäert et och bleiwen. A wann hire Businessmodell elo net méi opgeet, do kann een zwar soen, dass dat ass, well deen Haaptaktionär aner Problemer hat mat aneren Intermediären; dat huet bestëmmt eng Roll gespillt. Mee ech kann lech soen, deen anere Grond, firwat en net esou gutt fonctionéiert huet, ass, well d'Blanchimentsreegelen elo zu Lëtzebuerg mussen agehale ginn! Dat heescht, ech gesinn en fait kee Risque réputationnel fir Lëtzebuerg, wann déi Firma Faillite mécht!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Wann déi Firma Faillite mécht a se och nach géife soen: „Dat ass wéinst de Lëtzeburger, well déi eis do déi Reegelen opgedrummt hunn“, ma da solle se dat roueg soen!

(Interruption)

An ech gi ganz gären och en Interview zum Sujet.

(Interruptions)

Mee ech mengen, dat ass d'reell Situatioun.

Nun, dat wëllt awer elo net heeschen, dass mir net interesséiert sinn ze wëssen, wéi dee Freeport evoluéiert. Wéi bei all Gesellschaft zu Lëtzebuerg, déi Schwieeregkeeten huet an déi eng gewëssen Envergure huet, versiche mer ze kucken, wat do ze maachen ass. Mee mir sinn do net Aktionär!

An dofir, fir op all Är Froen ze äntworten: Kenne mir d'Situatioun vun där Gesellschaft? Jo. Mir wëssen, dass se schlecht drun ass, dass se all déi Jore Perté gemaach huet.

Wéi ass et mat der Infrastruktur? Ech mengen, do hunn ech drop geäntwert. Den Droit de superficie, deen hu mir där Gesellschaft ginn. Wann déi Gesellschaft deen Terrain net méi kann utiliséieren, well se faillite geet oder well se

aner Problemer huet, recuperéiere mir eng Kéier deen Terrain.

An ech mengen, dat sinn déi wichtegst Saachen, déi ech haut kann dozou soen. De Fait, dass de President demissionéiert huet, ass, mengen ech, accessoire zur ganzer Geschicht. Ech mengen, déi Haaptaktionären, déi Hauptgestionnaire mussen sech selwer eens ginn, wat se domadder wëlle maachen. An dofir mengen ech, dass mer, wat d'Reputatioun ubelaangt, kee Risk hunn, well eng privat Gesellschaft faillite geet. Mee eis Dier ass natierlech ëmmer op, wann esou e Player wéi deen, deen hei eppes opgericht huet, Schwieeregkeeten huet. Den Dialog ass ëmmer méiglech. Mee méi kann ech lech haut dozou net soen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci. Den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

► **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Jo, merci dem Minister fir seng Äntwerten. An der Analys si mer eis eens, Här Minister. Ech hu genau dat selwecht gesot, wat d'Grënn sinn, firwat dee Freeport eeben net méi esou fonctionéiert, wéi e misst. Do si mer eens.

De Punkt ass just deen, wou ech net ganz mat lech averstane sinn: De Staat huet op zwee Niveaue mat deem Projet eppes ze dinn. Dat eent, dat hutt Der gesot, dat ass, well e Propriétaire vun den Terrainen ass. An dat Zweet ass awer duerch déi Zone franche, déi do instituéiert ginn ass, wat natierlech eng Decisioun vum Staat ass. Dat ass jo näischt, wat elo generell ass. Dat ass just op där doter Plaz, op Base vun engem Gesetz, mat ganz spezifesche Reegelen, déi och gutt sinn. Also huet de Staat trotzdeem eppes domadder ze dinn.

Meng Asiicht - an ech mengen, ech si wierklech net deen Eenzegen - ass, an Dir wësst dat: Dee Freeport ass an de leschte Joren oft an enger net gudder Aktualitéit gewiescht. Wéi gesot, net - nach eng Kéier -, well d'Regierung oder well soss een eppes falsch gemaach huet; haaptsächlech wéinst deenen Aktionären, awer och zum Deel, well eeben dee Freeport net esou gutt fonctionéiert huet.

Menger Meenung no, an Dir sidd jo eigentlech och do mat mer d'accord, kann dee Modell quasiment net méi fonctionéieren. A mir wëllen et net änneren. Ech wëll et och net änneren. Da muss ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob een net Interêt huet, op e Wee ze goen, dass dat machbar ass. Well do, wou ech wierklech net mat lech eens sinn: Wann do muer eppes geschitt, et kënnt zu enger Faillite, dann ass dat wuel d'Faillite vun där Firma oder vun deenen zwou Firmaen. Mee dobaussen an der Press wäert dat d'Faillite vum Freeport sinn! Esou gëtt dat duergestallt. An ech soen lech - mir kennen déi auslännesch Press, mir wëssen, wéi déi reagéiert -: Ech mengen net, dass mir schrecklech gutt dostinn, wann dat kënnt.

Hei ass jo bis elo nach näischt geschitt. Mir wëssen, wéi d'Situatioun ass. An duerfir géif

ech lech awer nach eng Kéier bieden - an ech hu jo och gespuert, dass Der net dergéint sidd, fir op dee Wee ze goen -, dass een awer soll versichen, ier et eventuell dozou kënnt, vläicht awer Weeër ze sichen, fir och deem Freeport vläicht eng Affektatioun ze ginn, déi och an Zukunft méi Sënn géif maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Regierung.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Jo, ech verstinn Äre leschte Saz elo besser. Well déi Formulatioun, déi Der am Ufank gebraucht hat, wou Der gesot hutt, fir d'Zone franche do ewechzehuelen: Jo, wann ech dat elo géif maachen, wann d'Gesellschaft nach dran ass, da géif ech se jo wierklech an d'Faillite precipitéieren! Ech hat dat esou verstanen. Dofir hunn ech ...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Nee, mee ech hat et falsch interpretéiert. Also, natierlech soll de Staat elo net higoen an enger Privatgesellschaft soen: „Dir hat elo e Statut. Elo huele mer lech deen ewech.“ Also, dat maache mer natierlech net! An dee Statut, deen ass legal an dee gëtt et op ville Plazen op der Welt. Dat ass jo dann net de Problem.

Ech verstinn elo, Äre Kommentar ass: „Kënne mer mat deem Gebai net eppes aneschtens maachen et cetera, et cetera?“ Natierlech kann ee mat deem Gebai eppes aneschtens maachen. Den Dialog mam Haaptaktionär huet och iwwer all déi Méint ëmmer stattfonnt. An do sinn eng Rëtsch Ministeren, déi sech domat befaasst hunn. Ech sinn och do regelméisseg au courant gehale ginn.


Ech kann lech vläicht berouegen an deem Sënn, dass mer wäerte versichen, mat deem Projet, deem seng Destination actuelle jo net méi gutt fonctionéiert, deen net méi ka Profitt generéieren, fir do kënnen eng Léisung ze fanen, wat déi Infrastruktur ubelaangt, déi immens gutt läit. Et ass och eng ganz schéin Infrastruktur, do kéint ech mer als Staat oder als Société aéroportuaire vill Saache virstellen, déi ee kéint maachen. Also, dat ass e ganz gudden Usaz, dee mir och hunn, emol am Hannerkapp.

Mee et hänt villes vun der Gesellschaft selwer of! Hu si wëlles, nach Kapital an déi Gesellschaft ze stellen? Hu si wëlles ofzesprangen? Dat muss een natierlech mam Haaptaktionär kucken. Mee d'Dier fir den Dialog ass op.

► **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.57 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

- Exposé : M. Fernand Kartheiser

3. Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler

- M. Claude Wiseler

4. Dépôt d'une motion par M. David Wagner

- M. David Wagner

5. Question élargie n° 42 de M. Claude Wiseler relative aux négociations post-Brexit

- M. Claude Wiseler - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - M. Claude Wiseler - M. le Ministre Jean Asselborn - M. Claude Wiseler - M. le Ministre Jean Asselborn

6. Résolution de M. Yves Cruchten au sujet du soutien de toutes les initiatives de l'UE visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967

- Exposé : M. Yves Cruchten

- Discussion générale : M. Claude Wiseler - M. Gusty Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser

7. Ordre du jour

- M. Fernand Kartheiser

8. Résolution de M. Yves Cruchten au sujet du soutien de toutes les initiatives de l'UE visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967 (suite)

- Discussion générale (suite) : M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement

- Vote sur la résolution (adoptée)

9. Motion de M. David Wagner au sujet des initiatives avec des pays tiers, aux niveaux européen et multilatéral, afin de prévenir l'annexion de territoires palestiniens par l'État d'Israël

- Exposé : M. David Wagner

- Discussion générale : M. Fernand Kartheiser

- Vote sur la motion (adoptée)

10. Motion de M. Claude Wiseler relative au soutien de toutes les initiatives diplomatiques de l'UE et des pays européens pour convaincre Israël de ne pas annexer la vallée du Jourdain

- Exposé : M. Claude Wiseler

- Discussion générale : M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Claude Wiseler

- *Prise de position du Gouvernement* : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - M. Laurent Mosar (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Jean Asselborn) - M. le Ministre Jean Asselborn - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Jean Asselborn) - M. le Ministre Jean Asselborn

- *Vote sur la motion* (rejetée)

11. Question urgente n° 2462 de Mme Martine Hansen concernant l'organisation scolaire dans le cadre de la crise de la Covid-19

- Mme Martine Hansen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

12. Question élargie n° 30 de Mme Martine Hansen relative aux élèves à besoins spécifiques (EBS)

- Mme Martine Hansen

13. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

- Exposé : Mme Martine Hansen

14. Question élargie n° 30 de Mme Martine Hansen relative aux élèves à besoins spécifiques (EBS) (suite)

- M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

15. 7599 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. André Bauler

- Discussion générale : Mme Octavie Modert - Mme Tess Burton - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement

- *Prise de position du Gouvernement* : M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

16. Motion de Mme Martine Hansen au sujet de la mise en place au sein de l'enseignement fondamental de services ou structures d'accompagnement et d'encadrement des élèves à l'instar du SePAS

- Discussion générale : M. Gilles Baum

- *Vote sur la motion* (rejetée)

17. Question urgente n° 2465 de M. Marc Spautz concernant la détection de la Covid-19 au sein de l'armée

- M. Marc Spautz - M. François Bausch, Ministre de la Défense

18. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle deuxième vague de l'épidémie Covid-19

- Exposé : M. Claude Wiseler

- Débat : Mme Carole Hartmann - M. Georges Engel - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement

- *Prise de position du Gouvernement* : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

19. Dépôt d'un projet de loi par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

20. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle deuxième vague de l'épidémie Covid-19 (suite)

- *Prise de position du Gouvernement* (suite) : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

21. 7619 - Projet de loi portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Marc Spautz - Mme Carole Hartmann - M. Charles Margue - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement

- *Prise de position du Gouvernement* : M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. Claude Meisch et Mme Paulette Lenert, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Ech maa-chen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre.- Dat ass net de Fall, Här President.

2. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Da géif ech direkt d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser gi fir den Depot vun enger Motioun. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir haten hei virun enger gewëssener Zäit eng Diskussioun iwwert den drëtten Alter, notament wéi et deenen eelere Leit während der Covidkris gaangen ass an nach ëmmer geet. A mir hunn am Kader vun där Debatt eng Rei vu wichtege Froen opgeworf. A mir denken, datt de Sujet esou wichteg ass, datt mer och wëllen assureieren, datt e Suivi op dësen Debat kënn, an notament op dräi Punkten, déi d'ADR an hirer Interventioun ugeschwat hat.

Deen éischte Punkt ass dee vun der Mobilitéit. Mir hu gesinn, datt d'Regierung - den Här Bausch an ... - virun der Covidkris grouss Efforte gemaach huet, fir d'Leeschtung vum Adapto ze reduzéieren. Mir wëllen an déi aner Richtung goen. Mir hätte gär, datt d'Mobilitéit vun deenen eelere Leit verbessert gëtt, datt mer net a Richtung Aschränkung vun den Déngschtleeschunge ginn, well d'Mobilitéit e ganz wichtegen Deel vun der Liewensqualität vun de Leit ass. A mir hätten eebe gär, datt mer deenen eelere Leit einfach d'Méiglechkeet ginn, sech méi ze beweegen am Land.

An dofir proposéiere mer als éischten Turet an dëser Motioun, datt mer d'Mobilitéit vun deenen eelere Leit verbesseren.

Deen zweeten hänt och mat der Uni Lëtzebuerg zesummen. Do hätte mer gär, datt och méi Recherche gemaach gëtt, fir deenen eelere Leit et méi laang ze erlaben, gesond ze bleiwen - gesond al ginn! Ech mengen, mir hunn ëmmer méi wëssenschaftlech Mëttele, fir dat Zil ze errechen. A mir sollten dowéinst och an dee Beräich investéieren, notament elo, wou

mer eeben och d'Medezinn op der Uni Lëtzebuerg envisagéieren.

An een drëtten Punkt ass: Et feelt un engem richtegen Uspriechpartner fir den drëtten Alter hei am Land. Mir hunn dat, wat d'Kanner, déi Jugendlech ugeet, a mir denken, datt dat, wat mer hu fir déi eeler Leit, einfach net duergeet, fir déi ganz Panoplie u Froen ofzedecken, déi sech an hirer Existenz, an hirem Liewen awer stellen. A mir hätten dowéinst gär, datt mer en Ombudsmann fir den drëtten Alter kréien, oder alternativ, datt mer dem Ombudsmann, dee mer hunn, méi Kompetenze ginn a méi Leit dann och, fir sech méi intensiv kënnen ëm déi eeler Leit an eiser Gesellschaft ze këmmere.

Also fir d'Verbesserung vun der Liewensqualität, méi gesond al ginn, méi sécher al ginn a méi mobil, méi Mobilitéit am Alter, dat ass de Sënn vun dëser Motioun.

Motion

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt eng Gesellschaft hiren eelere Matbierger ganz selbstverständlech Respekt, Unerkennung an Dankbarkeet fir hir Liewensleeschtung, vun där all Generatioun profitéieren, schëlleg ass,

- datt all Mënsch, besonnesch och am Alter, en natierlecht Recht drop huet, datt seng Dignitéit allzäit respektéiert gëtt,

- datt och eeler Leit an all Hisiicht vollwäerteg Mënschen a Bierger sinn an datt deemtsprechend hiert Matsproocherecht an hire Wëlle mussen respektéiert ginn, besonnesch och dann, wa si an enger Situatioun vu Krankheet oder Ofhängegkeet sinn,

- datt eis Gesellschaft an der Flicht steet, den eelere Leit e frëndlecht an altersgerecht Ëmfeld ze bidden, fir datt si esou laang wéi méiglech kënnen mat grousser Autonomie eng héich Liewensqualität hunn an ni dat Gefill kréien, net méi erwünsch ze sinn oder aneren zu enger Laascht ze ginn,

- datt déi eeler Leit sollen als en aktiven a wichtege Deel vun eiser gesellschaftleche Liewen ugesi ginn an datt all Politikberäich och géintwärtig den eelere Leit soll inklusiv geduecht ginn, zum Beispill och am Beräich vun der Mobilitéit,

- datt vill eeler Leit mat, zum Deel, altersspezifische Problemer konfrontéiert sinn an dowéinst Hëllef, Berodung an Ennerstëtzung brauchen,

- datt am Abléck nach keng zentral staatlech Ulafstell speziell fir den drëtten Alter besteet, déi déi ganz Bandbreet vu Froen a Problemer kann ofdecken, mat deene speziell méi eeler Leit konfrontéiert sinn,

fuerdert d'Regierung op,

- d'Liewensqualität vun den eelere Leit duerch eng besser an eng méi onofhängeg Mobilitéit ze verbesseren an dofir d'Leeschtunge vum Adapto grousszügig eropzesetzen,

- den institutionellen Effort ze maachen an eng berodend, ennerstëtzend a vermëttelend staatlech Struktur speziell fir eeler Leit ze schafen - äinlech wéi den Ombudsmann fir d'Kanner an de Jonktem -, déi hinnen an all Liewenslag kann hëllef,

- déi medezinnesch Fuerschung ze ennerstëtzten, fir eis Kennntnesser am Sënn vum besseren, méi gesonden Alteren auszebauen.

(s.) Fernand Kartheiser.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci, Här Kartheiser.

3. Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler

An da géif ech d'Wuert un den honorabelen Här Claude Wiseler gi fir den Depot vun enger Resolutioun.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Et ass effektiv fir den Depot vun enger Motioun. De President vun der Aussekommis-sioun, den Här Cruchten, huet virun zwee Deeg eng Resolutioun deposéiert iwwert déi ganz Fro vun der Annexioun vun der Vallée du Jourdain mat Israel. Mir hunn déi mat Attentioun gelies. Dat stellt och eis als Sujet eng ganz Rei Suergen. Mir kënnen awer net mat allen Deeler vun der Resolutioun vum Här Cruchten liewen, mat groussen Deeler zwar, mee net mat allen Deeler.

Dofir hu mer eis erlaabt, dat ëmzeformuléieren als Motioun an et och esou auszedrücken, datt se och deem entsprécht, wat mir iwwert dee Sujet denken. Ech wëll elo net an den Detail goen, well ech denken, datt mer an e puer Minutten dann nach méi driwwer schwätzen. Ech erlabe mer dann, den Detail vun deem, wat ech wëll duerstellen, dee Moment duerzeleeën.

Här President, ech ginn lech d'Motioun.

Motion

concernant l'annonce du Gouvernement d'Israël de vouloir annexer une partie du Territoire palestinien occupé

La Chambre des Députés,

- considérant l'annonce par le Gouvernement de l'État d'Israël de vouloir procéder, à partir du 1^{er} juillet 2020, à l'application de la souveraineté d'Israël sur des parties du Territoire palestinien occupé depuis 1967 ;

- considérant l'inadmissibilité de l'annexion de territoire par la force comme principe fondamental du droit international ;

- considérant l'initiative du Ministre des Affaires étrangères et européennes Jean Asselborn et du Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce de l'Irlande, Simon Coveney, en faveur d'une déclaration forte de l'Union

européenne contre l'annexion par Israël d'une partie du Territoire palestinien occupé, appuyée par 25 États membres lors de la vidéoconférence du Conseil « Affaires étrangères » de l'UE du 15 mai 2020 ;

- soulignant que la solution des deux États, promue avec constance par le Luxembourg et l'Union européenne comme la seule solution possible au conflit israélo-palestinien, suppose la coexistence et la reconnaissance mutuelle de deux États démocratiques et souverains, l'État d'Israël et l'État de Palestine ;

- constatant que l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé représenterait une violation grave du droit international, y inclus de la Charte des Nations Unies et des Conventions de Genève, et risquerait de porter un coup fatal à la solution des deux États,

invite le Gouvernement

- à soutenir toutes les initiatives diplomatiques de l'Union européenne et des pays européens pour convaincre Israël de ne pas procéder à l'annexion de la vallée du Jourdain ;

- à soutenir les efforts du Gouvernement en faveur de toutes les initiatives au niveau de l'Union européenne visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967 ;

- à souligner la nécessité d'une paix globale qui mette un terme à toutes les revendications et réponde aux aspirations légitimes des deux parties, notamment celles des Israéliens en matière de sécurité et celles des Palestiniens en faveur de la constitution d'un État palestinien ;

- à souligner que la seule solution possible au conflit est la coexistence de deux États, à savoir Israël et la Palestine.

(s.) Claude Wiseler, Martine Hansen, Viviane Reding, Marco Schank, Marc Spautz.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci, Här Wiseler.

4. Dépôt d'une motion par M. David Wagner

Da géif ech nach d'Wuert weiderginn un den Här David Wagner fir den Depot vun enger neier Motioun, wann ech dat richteg verstanen hunn, déi déi vu virgëschter ersetzt?

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Genau. Merci villmools, Här President. Ech wäert mech kuerzfaassen, well ech jo d'Motioun virun zwee Deeg och iwwert d'Annekterierung vun der Vallée du Jourdain presentéiert hunn. Et ass eng nei Motioun. Et ass u sech keng esou nei Motioun, si bleift intakt. Mir hu just nach een Invite derbäigesat, well mer awer geduecht hunn, datt ee se misst e bësse completéieren



an drun erënneren, datt d'Regierung misst, wann et oportoun ass, de Staat Israel ..., de „Staat Palästina“ unerkennen - Lapsus, dat ass souwisou geschitt, mee de Staat Palästina unerkennen -, esou wéi d'Chamber dat 2014 an dem Vott vun de Motioune och ugeholl huet.

Wannechgelift!

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant la publication, le 28 janvier 2020, du « plan de paix » américain pour le conflit israélo-palestinien ;

- considérant l'accord du Gouvernement israélien publié le lundi 21 avril 2020 qui prévoit des initiatives concrètes à partir du 1^{er} juillet 2020 en vue de concrétiser le plan américain et de procéder à l'annexion de jure de territoires palestiniens, à savoir les colonies juives et la vallée du Jourdain ;

- considérant que toute annexion de territoires palestiniens par l'État d'Israël constituerait une grave violation du droit international et serait notamment en contradiction avec les résolutions du Conseil de sécurité 242 (1967), 1515 (2003) et 2334 (2016) ;

- considérant notamment la résolution relative à l'annexion par Israël de territoires occupés en Palestine votée à très large majorité le 27 juin 2020 par le Parlement belge ;

- considérant les lourdes implications que cette annexion aurait pour la solution à deux États et la coexistence entre les Israéliens et les Palestiniens ;

- soulignant l'importance d'en arriver à une solution négociée du conflit qui soit acceptée par les deux parties,

invite le Gouvernement

- à prendre des initiatives avec des pays tiers, aux niveaux européen et multilatéral, afin de prévenir l'annexion de territoires palestiniens par l'État d'Israël ;

- à s'engager aux niveaux européen et multilatéral en faveur de la mise en place de contre-mesures efficaces destinées à répondre de manière proportionnelle à toute annexion israélienne de territoires palestiniens occupés ;

- au cas où un consensus s'avère impossible entre États membres de l'Union européenne, à jouer un rôle actif dans la mise en place d'une coalition entre États membres qui élabore des réactions possibles de manière à apporter une réponse proportionnée à toute annexion israélienne de territoires palestiniens occupés ;

- à consulter et à informer la Chambre des Députés activement et régulièrement sur la mise en œuvre des éléments exposés ci-dessus ;

- à considérer le moment opportun de reconnaître l'État de Palestine dans les frontières du 4 juin 1967, avec d'autres États membres de l'Union européenne, ceci dans l'objectif de souligner l'appui du Luxembourg à la solution des deux États.

(s.) David Wagner, Marc Baum.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wagner.

5. Question élargie n° 42 de M. Claude Wiseler relative aux négociations post-Brexit

An da fänke mer d'Sitzung vun haut u mat der erweiterter Fro Nummer 42 vum Här Claude Wiseler iwwert d'Post-Brexit-Negotiatiounen. De Frosteller huet fénnef Minutten, fir seng Haaptfro an eng eventuell Zousazfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou.

Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här Président. Dës Fro ass am Fong e Complement zu där Fro, déi mäi Kolleg, de Laurent Mosar, gëschter gestallt huet. Hien huet déi gëschter zu deem Volz gestallt, deen d'Finanzen ugeet, d'Finanzplaz Lëtzebuerg, an d'Konsequenzen, déi en eventuellen No-Deal an de Brexit-Negotiatioun wäert op eis Finanzwelt hunn.

Ech wëll deen aneren Deel vun där Fro ugoen, wéi gesot, well mir hu gesinn, datt dës Woch d'Veereenegt Kinnekräich an d'EU eng nei Negotiatiounsrönn ugefaangen hunn. A fénnef Woche gesi mer dann, ob se weiderkommen oder net weiderkommen, fir en No-Deal ze vermeiden, en No-Deal, dee soss den 31. Dezember, um Enn vum Joer, wäert anrieden.

Ech weess net, wéi et lech geet, mee wann ech kucken, wéi déi Negotiatioun momentan lafen, da soen ech mer, datt den No-Deal awer eng grous Chance huet, fir Realitéit ze ginn. Leider kann een ëmmer Surprisen an esou Diskussiounen erfueren. Mir hate schonn eng déi leschte Kéier, wou mer alleguer gemengt hatten, et géif net richt ausgoen, wou dunn awer am leschte Moment den Accord komm ass. Mee wéi och ëmmer, et ass natierlech gutt,

wann een op déi eng an op déi aner Solutioun virbereet ass.

Dir kënnt lech vläicht erënneren, datt mer eng Rei Rechnunge kruten, notamting wat en No-Deal géif fir Europa, géif fir Groussbritannien, mee awer och fir Lëtzebuerg heeschen. Fir Groussbritannien gëtt ausgerechent, datt et minus 6 %, minus 8 % vum Wuesstum kascht. An dat ware Rechnungen, déi virun der Covidkris gemaach gi sinn.

Lëtzebuerg huet eng enk Verzännung mat der City: Si ass de fénnefte Partenaire am Export, si huet 16 % vun der Serviceexportatioun, den zweete Partner no Däitschland, an e grousse Indice de sensibilité op esou en No-Deal, an zwar deen zweeten, no Irland. Quitte datt mer wëssen, datt eng Rei Entreprisë sech op Lëtzebuerg säithier deplacéiert hunn, wäert dat awer fir d'Lëtzebuenger Entreprisën eng Risenëmstellung ginn.

Mäin éischt Deel, dat sinn am Fong Froen, déi ronderëm d'Betrieb an déi Virbereedung ginn. An ech wollt am Fong den Ausseminister froen, wéi de Virbereedungszoustand haut vun de Lëtzebuenger Entreprisë wär. Mir wëssen, datt bei deem viregte Risk vum No-Deal eng ganz Rei Preparatiounen, eng ganz Rei Ronne mat Entreprisë gelaf sinn, wou gekuckt ginn ass, wat se brauchen, wat d'Gefore sinn, wéi se sech op déi Gefore kënnen virbereeden. Wéi ass haut déi Diskussioun gelaf? Sinn do Diskussiounen, wou de Staat en eventuellen No-Deal mat den Entreprisë virbereet, a wéi geet dat?

Meng zweet Fro, dat ass: Wéi schätzt de Minister de makroökonomeschen Impakt op Lëtzebuerg an, an dat an engem Kader vu souwisou schonn enger geschwächter Economie duerch de Covid? Et ass also eng aner Situatioun, an där mer momentan dostinn, wou mer am Fong missten eng Relance den 31. Dezember maachen. Dir hutt virgesinn als Economie, datt mer 2021 erëm plus 7 % vum PIB hätten. Dat ass awer warscheinlech eng Rechnung, déi mat engem Deal gemaach ginn ass. Wéi gesäit dat aus, wa mer an engem No-Deal-Situatioun sinn?

Den zweeten Deel vu menger Fro, dat ass déi ronderëm dat, wat mat de Leit geschitt. Dir kënnt lech erënneren, Här Asselborn, mir hatten am März 2019 dat, wat mer zesummen eng „brittesch Woch“ nennen, wou mer eng ganz Rei esou Texter gestëmmt hunn, fir de Fall vun engem No-Deal virzubereeden a fir Preventiounsmoosnamen ze huelen.

Ech hunn déi Texter nach eng Kéier ugekuckt a meng Froe wäeren do iwwert déi Texter. Do steet nämlech dran zum Beispill, am Fall vun engem No-Deal, wéi et mat deene Leit geet, déi dann Engländer sinn, déi de REVIS kréien, wéi et mat Opendhaltsgeneemegungen ass, déi e Joer méi laang daueren, wou awer de Stéchedatum dann op den 1. Januar 2021 gesat ginn ass. Elo sinn déi Delaie jo alleguer anescht. Brauche mer nach esou eng Iwwergangszäit? Brauche mer keng méi? Maache mer nach Gesetzer, zousätzlech Gesetzer, fir esou eventuell Iwwergangszäiten ze reegelen, oder net? An déi Frist vun zwielef Méint och als Iwwergangsgesetz fir de Fuerschungstanduert Lëtzebuerg war dat selwecht, an d'selwecht fir d'Iwwergangsgesetz fir Studenten.

Dat Ganzt, de Brexit an en eventuellen No-Deal, ass mat der Covidkris e wéineg vergiess ginn. An elo wollt ech am Fong froen, wéi d'Preparativen zu engem No-Deal och op deem do Plang lafen, dat heescht um Plang vun dem praktesche Liewe vun den Engländer zu Lëtzebuerg an de Lëtzebuenger an England.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Merci, Här Président. Ech weess elo net, ob ech am Detail op all déi Froen, déi den Här Wiseler gestallt huet, kann äntweren. Mee ech wëll awer probéieren, nach eng Kéier dat Ganzt an de Kontext ze setzen an och ze soen, wou mer elo dru sinn.

Dir wësst, dass d'Kinnekräich, dat Vereenegt, den 31. Januar dëst Joer aus der EU ausgetrueden ass an dass mer selbstverständlech elo riskéieren, deen nämmechte Spektakel ze kréie fir deen zweeten Accord, dee mer musse fanneen nom Austrëtt, wéi mer dee virdrun hatten. Dat ass net ausgeschloss.

Den Austrëttsaccord, dee reegelt jo, wéi den Numm dat seet, den Austrëtt aus der Europäescher Union, a reegelt virun allem - an den Här Wiseler huet Recht, fir dat ervirzestrichen - jo d'Rechter vun den EU-Bierger a Groussbritannien an d'Rechter vun de brittesche Bierger an der Europäescher Union. An deen Austrëttsaccord reegelt och natierlech déi nordirescher Grenz an och finanziell Froen.

Sou. Elo si mer jo amgaangen, mat de Britten iwwert déi zukünfteg Relatiounen ze verhande-

len. An do geet et jo ëm den Handel mat Wuere, den Handel mat Servicer. Et geet ëm d'Reegelen, no deenen eis Wirtschafte funktionéieren sollen a wat mer maachen, falls mer eng Kéier iwwer eng Measure net eens ginn.

Ech wëll hei vläicht fir d'alleréisch soen, dass mer zu 27 - bis elo jiddefalls, ech hoffen, dass dat bleift! - hannert dem Här Barnier stinn an dass den Här Barnier och an där schwiereger Situatioun versicht huet, déi 27 och zesummenzebehalen.

Dat Austrëttsafkommen huet eng Iwwergangsperiod festgeloecht a mir wëssen, dass et souguer méiglech gewiescht wier, fir zwee Joer nach drunzehänken. Dir wësst och, dass d'Britten decidéiert hunn, dass dat net soll geschéien. An et ass elo onméiglech, reng juristeschesch och, fir nom 31. Dezember nach eng Period, eng verlängert Period unzehänken.

Mir musse eis also drop astellen, dass mer musse deen Deal mat Groussbritannien virum 31. Dezember stoen hunn. Mir missten e stoen hunn am Oktober spéitstens vun dësem Joer.

Op der Säit vun der Europäescher Union gëtt et jo de klore Wellen, dass mer méiglechst gutt Bezéiunge mat Groussbritannien och iwwert den 31. Dezember vun dësem Joer eraus hunn. Mee duerfir och, Här Wiseler, Här Präsident, wann Der mech elo hei den 2. Juli, wou ech virun lech stinn, frot, ob deen Accord iwwerhaapt zustane kënnt a wat an deem Accord steet, da muss ech passen. An ech mengen, ech sinn net deen Eenzegen, deen dat muss maachen. Duerfir sinn ech extreem virsiichteg an ech ka keng Hypothesen hei opstellen, wou ech näischt an der Hand hunn, dass déi och gepréift sinn.

Bon, Här Präsident, d'Governance fir d'éischt vum Accord, de Level-Playingfield, d'Fëschereirechter, wéi gi mer ënner Police a Justiz mateeneen ëm? A wat ass den Europäesche Gerichtshaff, wat fir eng Roll spillt deen? Vlächte elo kuerz der Rei no.

Zu der Governance, do ass et esou, dass mer vun Ufank u gesot hunn als Europäesch Union: „Mir wëllen een Accord, mir wëllen net saucissonnéieren.“ Mir wëllen net dat widderhuelen, wat mer mat der Schwäiz hunn, eng ganz Additioun vun Accorden. Mir wëllen een! A mir wëllen och net, dass Groussbritannien dann d'Korintercher aus dem Kuch pickt an dass mer do, wou si Interëten hunn, zu engem Accord kommen, awer ëmgedréint dann net.

Duerfir, dat ass eng Diskussioun, déi ass nach net geléist. Si wëllen eenzel Accorden, mir wëllen ee ganzen Accord. Dat ass eng grous Fro, déi nach am Raum steet an déi muss tranchéiert ginn.

Dir wësst jo och, dass - do dierf een net blann sinn, an dat ass keng Kritik u Groussbritannien, mee et ass e Fait - si an Zwëschenzäit e wirtschaftleche Konkurrent gi si vun der Europäescher Union, direkt virun eiser Dier. An duerfir musse mer Uecht ginn, dass dat alles och op enger gerechter Basis viru sech geet.

Am Level-Playingfield geet et virun allem jo ëm déi Standarden, déi héich Standarden, déi mir hunn, déi si zum Deel jo mat ausgeschafft hunn: Ëmwelt, Aarbechtsrecht, Fiskaliteit, Staatshëllef an esou weider, dass mer do net drënner falen. Dat ka jo net sinn, ech mengen, dat wier net am Interët vun de Bierger an der Europäescher Union an och net a Groussbritannien. Allerdéngs gëtt et eng Tendenz, fir wëllen dee politesche Choix vu Groussbritannien, fir deen op dee Wee do ze féieren. Dat heescht, dass d'Standarden, déi mer am Bannemaart hunn, géife bradéiert ginn. An dat ass e Punkt, mengen ech, e ganz wichtege Punkt, wou mer och net kënnen noginn.

Dann eis Police- a Justizkooperatioun, do si mer net bereet, aktuell Mechanismen ze ... Ech ka mech nach gutt erënnere perséinlech, zu München op der Sécherheetskonzferenz huet déi deemoleg Premierministesch aus Groussbritannien gesot, dass si wëllen och an Zukunft an der Aussepolitik an an der Sécherheetspolitik ganz enk mat Europa weiderschaffen, also mat der Europäescher Union. Dat ass och liicht verwässert de Moment.

D'Fëscherei, do hu mir jo net direkt eppes domadder ze dinn. Mee mir sinn awer solidarresch mat enger ganzer Rei vun Noperen, déi domadder grous Schwieregkeeten hunn, a mir ënnerstëtze se och an deem Sënn.

Wat elo den Europäesche Gerichtshaff ugeet, ass et esou, dat ass eng Prinzipieffro. Ech mengen, alles wat d'Interpretatioun ass vum europäesche Recht, dat steet eeben ënnert der Tutelle vun der Cour européenne de justice.

Den Här Barnier huet eis och gesot, dass e schwéier enttäuscht ass, dass een am Beräich vun der Aussen- a vun der Verdeegungspolitik an och am Kampf géint d'Geldwäsch an och d'Cyberkriminaliteit do wäit vun engem Accord ewech ass. Et musse op all deene verschidene Punkte grous Fortschreitter gemaach

ginn, fir dass ee kann zur Konkusioun kommen. Dir hutt et gesot, Här Wiseler, dass jo en Effort soll gemaach ginn - dat ass de 15. Juni decidéiert ginn -, dass ee souguer duerch den August versicht, elo seriö mateneen ze verhandelen, a wann et nëmme méiglech ass och physesch. A mir hoffen nach ëmmer, dass et do méiglech ass, zu eppes ze kommen.

Mir musse natierlech, an dat hutt Der mat Recht gesot, eis op d'Eventualitéit virbereeden, dass et och dës Kéier keen Accord an deem Sënn, wéi mir dat gären hätten, kéint ginn. Mir hunn, eise Ministère huet elo virum Summer nach ugefaangen, all eenzelne Ministère ze sensibiliséieren, fir déi néideg Mesuren, déi misste geholl ginn, auszeschaffen. Ob mer elo virun Enn des Joers nach musse ligeféieren, dat hängt jo natierlech vun der Substanz of, wat an den Accord drastoe kënnt. Och dat kann ech de Moment net soen.

Mir hunn 2018 déi ganz No-Deal-Gesetzter gestëmmt. Do muss een awer wëssen, dass déi meescht vun deene Gesetzter elo caduc sinn an dass mer eis musse upassen, wann et keen Accord gëtt bei der Sortie, u wat mer dann ze dinn hunn. Jiddefalls, eis Preparatioun fir en No-Deal-Zenario, déi lafen an der Regierung. A mir sinn och mat der Handelskummer, mat de Wirtschaftsacturen a Kontakt schonn, fir se fir en No-Deal-Zenario ze sensibiliséieren.

Mir hunn och vun der Kommissioun schonn e sëlliche sougenannt Informatiounsnotize kritt an déi hu mer och weiderginn un d'Wirtschaftsacturen, dass een also do - déi missten dat als Pflichtlektür gesinn -, dass ee virbereet ass, wat eventuell do op eis zoukënnt.

No-Deal, also wa keen Accord kënnt, da si mer natierlech konfrontéiert mat där éischter Fro, dat ass: Wat geschitt mat de Rechter vun de Bierger, alle Bierger, och de Studenten, deenen Europäer, déi a Groussbritannien sinn, an eeben och deene Britten, déi hei an Europa sinn?

Ben, ech wëll lech do soen, dass op deem Punkt, mengen ech, net allze vill geschéie kann, well do jo en Accord do ass. A mir hei zu Lëtzebuerg, hei kënnen d'Leit elo scho froen, allegueren déi Britten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, déi kënnen elo scho froen, dass dee Status, dee se elo hunn, dass dee confirméiert gëtt a verlängert gëtt. Dat heescht, och wann et en No-Deal gëtt, geschitt de Britten hei zu Lëtzebuerg näischt. Si bleiwen am Status, dee se elo haten als Bierger vun der Europäescher Union. An ech mengen, dat ass ganz wichtig. Mir wëllen natierlech och Reciprocitéit op där anerer Säit!

Ech hoffen och, déi Fro gëtt jo dacks gestallt mat de Studenten ... Dir wësst, dass d'europäesch Studenten a Groussbritannien, wann ech richtig am Bild sinn, ongeféier 3.000 Euro Fee bezuelen am Joer. Fir Drëtstaatter, wa mer géifen deklasséiert ginn an als Drëtstaatter ugeholl ginn, da kënnen dat bis zu 10.000 Euro sinn. Also ech mengen, och do muss een drop hoffen, dass mer Versteesdemech fannen an dass d'Britten net op dee Wee ginn, fir eis carrement als Drëtstaat ze consideréieren.

Allerdéngs, dat wësst Der, wa mer nom 31. Dezember sinn an et kommen nei Leit aus Groussbritannien heihinner, da sinn et Leit, déi ënnert d'Drëtstaate falen, wéi allegueren d'Drëtstaate vun dëser Welt. Déi ginn hei net gebass, mee si hunn natierlech manner Privileegien a manner Rechter wéi déi aner.

Bon, zur nordirescher Grenz nach ee Moment, do geet et jo ëm d'Integritéit vun dem europäesche Bannemaart. Do ass et esou, dass Douaneskontrollen da musse agefouert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat och op där richteger Schinn ass, dass dat alles preparéiert gëtt. Ech mengen, do maachen ech mer net ze vill Suergen driwwer, wéi ech héieren. Déi brittesch Autoritéite musse natierlech och do déi néideg informatesch, infrastrukturell a perséinell Virbereedungen treffen, fir dass déi Kontrollen och kënnen duerchgefouert ginn.

Bon, wat elo nach d'Geschicht ass vun der Prozedur: All Mënsch seet, dass dee leschten Delai, fir esou en Accord hinzekréien, September oder Oktober ass. Ob deen Accord elo just vum Europaparlament, oder awer och vlächte vun den nationale Parlamenten muss gestëmmt ginn, dat kann eréisch decidéiert ginn, wa mer wëssen, wat am Accord steet. Wann et en Accord ass, dee reng fokusséiert ass op d'Europäesch Union, wat ech jo net hoffen, well mir hu jo nach aner Interëten zesummen, da wier et d'Europaparlament. Am anere Fall ass och den Accord vun deenen eenzelnen nationale Staate gefrot. Mee dat ass eng Fro, déi mer nëmme eréisch kënnen tranchéieren, wann ee weess, wat als Substanz am Accord drasteet.

Nach eng Kéier: Et gétt keng Gewënner an deem ganze Spill do. Dat hu mer ëmmer gesot. Mee mir hunn als Europäesch Unioun wierklech dat Bescht gemaach, fir do eraszekommen.

Dir hutt d'Fro gestallt: No-Deal, wéi ass et da mam Covid? Also do musst Der mer e wéineg Zäit ginn. Dat hânt dovunner of, wat fir een, oder ob ... Ech gi jo nach ëmmer dovunner aus, dass et en Deal gétt. Wann et carrement keen Deal gétt ..., och ouni Deal hu mer elo schonn e wéineg Problemer, fir eis bilateral op een Niveau ze bréngen. Dat ass net esou evident. An ech mengen, dass, jo, an enger Zäit, wou d'Welt esou aus de Fugen ass, ee besser gehat hätt, an Europa zesummenzebleiwen an doduerch staark ze sinn, wéi eeben op de Wee vun deem Brexit ze goen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Den Här Wiseler huet nach eng Zousazfro.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Ech soen och dem Minister Merci fir deen Tour duerch d'ganz Brexit-Diskussiounen. Ech versti ganz gutt, datt een elo momentan net ka soen, wat fir eng Gesetzter musse gemaach ginn, wa mer den Deal nach net kennen, well mer jo net wëssen, wat drasteet. Dat ass evident. Dat ass logesch. Par contre war meng Fro méi prezis: Wann et en No-Deal ass, jo, da wësse mer, wat drasteet. Dat steet nämlech näischt dran.

Dofir war meng Fro: Wann et en No-Deal ass, musse mir dann nach, esou wéi mer dat d'leschte Kéier gemaach hunn a Preparatioun vun engem eventuellen No-Deal, hei an deem Haus Gesetzter stëmmen? A wa jo, wat fir eng? Respektiv, wat ass Aert Haus respektiv sinn aner Häiser amgang, als Transitionsgesetzter - am Fall wou, fir ofgesécher ze sinn - virzebereeden?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Ausseminister.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Jo, Här President, Här Wiseler, mir mussen dat seriö virbereeden. A mir wëssen dat. Mir hunn Uweisung vun der Europäescher Kommissioun kritt an alle Memberstaaten, fir eis dorobber virzebereeden. An et si kloer Uweisung komm, déi mer mussen iwwer eis Chambre de Commerce an all wichtige Acteure vun der Wirtschaft och zur Verfügung stellen. Dat hu mer scho gemaach. Mir kënnen elo net, elo op jidde Fall, wou ech hei stinn, soen, wat fir Gesetzter missten do geholl ginn an a wat fir eng Domänen. Mee wat mer wëssen, dat ass: Déi Iwwergangsgesetzter vun 2018, déi si caduc. Do musse mer op en neie Wee dann dee Moment goen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Den Här Wiseler wëllt nach eng Kéier à la charge kommen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wollt just d'Suggestioun maachen, déi ech méi oft hei maachen: Wa mer dat mussen, e puer Gesetzter stëmmen, da wär ech wierklech frou, wa mer se kéinte stëmmen zu engem Zäitpunkt, wou mer net erëm an eng total Hetz kommen, esou de 24. Dezember, datt se den 31. Dezember a Kraaft trieden. Well et sinn awer komplizéiert Gesetzter. Et wär also eng Bitte un d'Regierung, eis déi an enger Zäit virzeleeën, wou ee ka roueg driwwer schaffen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Jo, därer ech heizou eppes soen?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Asselborn, wannechgelift.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Just, Här Wiseler, dat, mengen ech, wëllt jiddereen. Dat wëllt d'Parlament, dat wëllt d'Regierung och. Dat hânt natierlech vum Zäitpunkt of, wou ee weess, ob et iwwerhaupt nach en Accord gétt. An deen Accord, ech hunn dat jo gesot, misst am Oktober spéitstens virleien. Wann deen natierlech elo eréischt virleit no Allerhellegen oder, ech weess net, uganks Dezember, da gétt et eng Debatt, ob een dat nach unhëlft, ob een nach en Effort mécht oder net.

Mir als Lëtzebuerger Regierung, mir maachen alles, fir dem Här Barnier ze hëllefen, dass deen Accord am Hierscht zustane kënn. Mee bon, dat ass de Moment eppes, wat ech net ka mat 100%eger Sécherheet soen. Mee ech ginn lech Recht, mir missten dat kënnen a Rou maachen

an och déi néideg Zäit hunn, virun allem an de Parlamenten, fir dat ze tranchéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Ausseminister.

6. Résolution de M. Yves Cruchten au sujet du soutien de toutes les initiatives de l'UE visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967

(Résolution déposée en séance publique n° 48 du 30 juin 2020 - à consulter au compte rendu n° 20/2019-2020 en page 723)

Den nächste Punkt vun deem Ordre du jour vun haut ass d'Resolutioun vum Här Yves Cruchten iwwer d'Ënnerstëtzung vun all den EU-Initiativen, déi als Zil hunn, staark a proportionell Mesuren ze huelen, am Fall wou Israel eng Partie vum palästinenseschen Territoire annekéiert. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. Yves Cruchten (LSAP), auteur.** - Merci, Här President. Zanter Joerzëngte probéiert déi international Gemeinschaft, e gerechte Fridden tëschent Israel a Palästina ze fannen. Eng sëlliche Friddenspläng, Initiativen an och direkt Verhandlungen tëschent de Parteien hunn awer bis haut keen Duerchbroch fonnt. A mir mussen éierlech sinn, an deene leschte Joren ass des Sich nom Fridden éischer méi schwéier gi wéi méi einfach.

Dat huet mat enger kontinuéierlecher israeelescher Siidlungspolitik ze dinn, enger amerikanescher Regierung, déi nei Weeër geet an dobäi d'Europäesch Unioun gespléckt huet, enger Europäescher Unioun selwer, sou muss een et leider och soen, déi an deene leschte puer Joer hei nëmme wéineg ze radetten hat. Mee et huet och mat enger palästinensescher Féierung ze dinn, déi et net fäerdegbruecht huet, eng positiv Dynamik an d'Situatioun ze bréngen.

An des Sich nom Fridde wäert mat Sécherheet, sollt Israel säi Plang vun der Annexioun vun engem Deel vum Westjordanland duerchzéien, nach e Stéck méi komplizéiert ginn. Et ass dës Schratt, deen d'ailleurs och am amerikanesche sougenannte „Friddensplang“ virgesinn ass.

Dozou ass dat heiten ze soen: Éischtens ass des Annexioun illegal. Do si sech déi allermescht Experten an d'international Gemeinschaft eens. Mir kënnen et net einfach hinuelen, dass dat international Recht op esou eng eklatant Aart a Weis mësbraucht gétt, ausgehiewelt gétt.

Zweetens ass et relativ kloer, dass des Annexioun eng Zweestaateléiung sou gutt wéi onméiglech mécht, eng Zweestaateléiung, wéi se vun der Europäescher Unioun a vu Lëtzebuerg zanter Laangem och preconiséiert gétt.

Drëtens hätt se, deemno wéi, gréisser Konsequenze fir d'Rechter vun de Palästinenser, déi och haut schonn zu engem groussen Deel an onwierdege Konditiounen lieue mussen.

Véiertens kann des Annexioun och d'Sécherheetslag am Noen Osten an am Mëttleren Oste méi generell verschäerfen. Jordanien huet schonn ugekënnegt, dass se dat net einfach esou hinuele géifen. E kleng Rapport: Jordanien, eent vun de wéinege Länner an der Géigend, dat viru 25 Joer e Friddensvertrag mat Israel geschloss huet.

Eng kleng gutt Noriicht gouf et awer och: D'Annexioun war uganks fir gëschter, den 1. Juli, virgesinn. Mee d'israeelesch Regierung huet, och wéinst internen Onstëmmegkeeten, den Ufank vum Annexiounsprozess bis op Weideres reportéiert.

Dat wëllt awer net onbedéngt eppes heeschen. Dofir muss déi international Gemeinschaft a besonnesch och d'Europäesch Unioun den Drock héich halen, drop hischaffen, fir des Annexioun ze verhënnen. Am Fall wou se awer géif kommen, muss no Mëttle gesicht ginn, fir op des grav Violatioun vum internationale Recht ze reagieren.

Och als Parlament sollte mir do eisen Deel bäidroen. Dofir engagiere mer eis an dëser Resolutioun, fir d'Regierung a besonnesch eisen Ausseminister an hiren Efforten um europäeschen Niveau ze ënnerstëtzen, fir am Fall vun enger Annexioun effikass a proportionell Mesuren auszeschaffen.

Ausserdeem wäerte mer d'Regierung an hiren Evaluatioun ënnerstëtze fir ze kucken, ob a wéini dee richtegen Zäitpunkt ass, fir e palästinensesche Staat bannent de Grenze vum 4. Juni 1967 unzeerkennen, idealerweis zesumme mat aneren EU-Memberlänner. Dat wier och en Zeechen, fir eis Ënnerstëtzung fir d'Zweestaateléiung nach eemol ze ënnersträchen.

An deem Kontext erënneren ech drun, dass d'Chamber 2014 eng Resolutioun ugeholl huet, wou mer d'Regierung dozou opgeruff hunn, e palästinensesche Staat unzeerkennen „au moment qui sera jugé le plus opportun“.

Eisen Ausseminister huet sech an deene leschte Méint vill géint des Annexioun a fir d'Rettung vun der Zweestaateléiung agesat. Ech fannen, dat verdéngt eis Unerkennung an eis Ënnerstëtzung. An d'Awunner aus där ganzer Regioun verdéngen allegueren, ob an Israel oder a Palästina, dass si a Fridden an a Sécherheet lieue kënnen. Dat sollt eist iewescht Zil sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. Als éischte Riedner huet den Här Claude Wiseler sech agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Villmools merci, Här President. Ech soen dem Här Cruchten och Merci fir déi Initiativ, déi e geholl huet, e Sujet, deen haut op der Dagesuerdnung vun der ganzer Welt en fin de compte ass. Zur Situatioun wëll ech ganz kloer soen, datt fir eis déi geplangt Annexioun vun engem Deel vun der Vallée du Jourdain net konform zum internationale Recht ass - ech wëll dat kloer an dättelech soen - an an deem Fall och net akzeptabel fir eis ass.

Et ass en Deel vun engem Plang vum President Trump fir de Mëttleren Osten. E Friddensplang muss awer an eisen Aen ëmmer mat deenen zwou Parteien, mat deenen zwou Säiten, mat deenen zwou Parteien ausgeschafft ginn, déi dorunner bedeelegt sinn. Dat ass an deem Fall net geschitt an dofir wäert en och sécherlech säin Zil net errechen.

Dës Annexioun ass net konform zum internationale Recht. An haaptsächlech bedeit se an eisen Aen e Schrëtt ewech vum Fridden am Mëttleren Osten, dee se laangfristeg en fin de compte méi schwéier mécht. A si ass net nëmme e Schrëtt ewech vum Fridden, mee si ass och problematesch fir d'Stabilitéit an enger ganzer Regioun, déi schonn enorm explosiv ass.

Mir sinn nach wie vor fir eng Zweestaateléiung, eng Zweestaateléiung, déi op där enger Säit Israel Sécherheet bitt an op där anerer Säit de palästinensesche Staat unerkennt. Mee an eisen Ae muss béides an engem gemeinsame Prozess matenee geschéien an och séchergestallt ginn. Dofir kënnen mer och mat deem Deel vun der LSAP-Resolutioun respektiv der Resolutioun vun der Majoritéit net d'accord sinn, deen hei déi unilateral a formell Unerkennung vun dem palästinensesche Staat, elo respektiv wann et opportoun ass, da virgesäit.

Mir froen an eiser Motioun dräi Saachen: dat éischt, datt einstweilen nach déi maximal diplomatesch Efforten agesat ginn, fir déi Annexioun ze vermeiden. An der Politik wësse mer zu Lëtzebuerg an iwwerall, soulaang eppes net definitiv geschitt ass, ass et net definitiv a kann een nach politesch Mëttelen, diplomatesch Mëttelen asetzen, fir et ze ënnerbannen.

An hei sinn eng ganz Rei diplomatesch Argumenter. Dat éischt diplomatesch Argument, datt ass, datt et en amerikanesche Friddensplang ass an datt an Amerika, ech weess net, wat am Oktober, November geschitt, mee awer méiglecherweis d'Saache changéiere kéinten an den Här Biden scho gesot huet, datt hien dee Plang, deen den Här Trump ausgeschafft huet, net géif deelen, net géif d'Saachen esou gesinn.

Dat Zweet, dat ass, datt et sécherlech och eng Verschlechterung vun de Beziunge mat der EU bedeit. An dat musse mer ganz kloer maachen! An do vertrauen ech dem Ausseminister, datt en dat ganz kloer wäert maachen, datt et eng Verschlechterung vun de Relatiounen mat der EU wäert bedeiten. Et ass jo d'Vernichtung vu jorelaangen diplomatesche Beméiunge fir den Opbau vun de Relatiounen mat de Golfstaaten. Et ass Onrouen an de Palästinensergebieder an a Jordanien. Et ass d'ailleurs och eng Spaltung vun Israel, déi 50 % zu 50 %, déi eng fir, déi aner géint d'Annexioun sinn. Et ass also och net ...

► **Une voix.** - An der Bevëlkerung.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - An der Bevëlkerung, jo, an der Bevëlkerung selbstverständlech. Et ass also och net esou eng gedeelte Saach oder esou eng partagéiert Saach an Israel selwer. An et bréngt natierlech, esou eng Annexioun, enorm intern Problemer och mat sech. Dofir ginn et juristesche an diplomatesch Argumenter, fir déi Thees do ze verteidegen.

Eis zweet Saach, dat ass, datt déi Annexioun illegal ass. An dofir soe mer och ganz kloer, datt mer se net kënnen akzeptéieren, a wa se awer geschitt, datt se muss Konsequenzen hunn. Dofir ënnerstëtze mer och d'EU an de

Preparatiounen vun deene Moosnamen. Mee ech soen awer do hannendrun, wéi den Heiko Maas virun e puer Wochen, datt ech net vill oder näischt dovunner halen, an Zäiten, wou d'Saachen nach net definitiv sinn, fir scho mat groussen Droungen ze kommen. Et soll hei mat Determinatioun a Kloerheit geschwat ginn, an da kucke mer déi nächst Etapp. An déi Moosname sollten awer elo scho virbereet ginn.

An eise leschte Punkt, dat ass eng kloer Ausso zur Zweestaateléiung mat de Garantien vun den israeeleschen Aspiratiounen op Sécherheet a parallèll vun der Unerkennung vun engem palästinensesche Staat. Déi zwee zesumme si fir eis deen eenzege Wee an den definitive Fridden am Mëttleren Osten.

Dofir stëmme mir selbstverständlech eis Motioun a wäerten eis bei deenen zwou aneren, der Resolutioun vun de Majoritéitspartei vum Här Cruchten an der Motioun vum Här Wagner, enthalen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas agedroen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Effektiv, de Konflikt tëschent Israel a Palästina huet eng ganz laang Vergaangenheet. Wann een déi elo géif hei historesch opschaffen, da wiere mer de ganze Mëttlen amgang. Ech wëll mech hei just op ee weesentlechen Datum aus der rezenter Geschicht limitieren, an zwar den 29. November 1947, wéi d'UNO-Vollversammlung de sougenannte Partitiounsplang ugeholl hat. Deemools ware vun deene Länner, déi mat ofgestëmmt hunn, der 33 derfir, 13 hu mat Nee gestëmmt, 10 Abstentiuonen an ee Land, Thailand, war net present.

An ech liesen och ganz kuerz vir, wat an där Resolutioun 181 deemools stoung: « Les États indépendants arabes et juifs [...] commenceront d'exister [...] le 1^{er} octobre 1948 au plus tard. » Haut, bal 73 Joer méi spéit, wësse mer, wat aus där Resolutioun deemools do ginn ass.

Zënterhier sinn natierlech ganz vill Efforte gemaach ginn, fir an där delikater, kriddeleger Fro do eng Léisung ze fannen - ech erënneren zum Beispill un Oslo 1993 -, déi souwäit gefouert haten, datt souguer den Här Rabin an den Här Arafat de Friddensnobelpräis kruten. Do gesäit een also, wéi no datt mer deemools un enger Léisung waren. Duerno koum nach Camp David, 2000, Sharm el Sheikh, 2005, ech ginn elo net ze vill an den Detail. Jiddefalls ass eppes kloer, mir hunn et bis haut - an ech soen och bewosst „mir“, well och d'Europäesch Unioun huet jo awer eng gewësse Roll do ze spillen - net fäerdegbruecht, fir dee Problem do ze léisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'israeelesch Regierung hat jo effektiv elo ugekënnegt, fir spéitstens zënter gëschter déi besate palästinensesch Territorien am Westjordanland ze annexieren. Si beruffe sech do op historesch an och reliéis Rechter. Och doriwwer kéint ee sech zwar ënnerhalen.

Mir wëssen, datt dee Plang hei u sech e sougenannte „Friddensplang“ vum Här Trump ass. Mee eppes ass kloer: Dee Plang hei, deen huet u sech, wéi déi Däitsch soen, méi „Zwietracht gesät“ wéi Eintracht. En huet zu ganz ville Reaktiounen gefouert. Et kéint ee bal mengen, datt dat misst enger Kapitulation vun de Palästinenser gläichgesat ginn, well et ass jo virgesinn, datt am ganze Jordan-Dall laanscht de Floss Israel soll am Fong geholl dee Moment déi Territorien do kréien.

Dem Här Trump säi Plang huet ouni Zweifel eng gewësse chaotesch Nott u sech. Ech wëll awer elo net drop agoen, firwat datt en dee Plang hei elo just zu deemem Zäitpunkt ënnerbrecht huet.

Mir wëssen och, datt dat awer kéint ganz vill nei Konflikter mat sech bréngen. Virun huet den Yves Cruchten, deem ech och scho Merci hei soe fir déi Resolutioun, déi e virgeluecht huet, drop higewisen, datt virun allem Jordanien wäert do awer ganz nervös ginn an och aneschtens reagieren.

Ech wëll och op d'Friddensoffkommes vun 1994 hiweisen zwëschen Israel a Jordanien. Ech wëll och drop hiweisen, datt et am leschten August do schonn zu engem Tëscheffall komm war, an zwar um Tempelberg, wou jo u sech d'Jordanier eng gewësse Kontroll hunn a wou déi israeelesch Autoritéiten zougelooos hunn, datt am Fong geholl d'Jidde kéinten do och bieden, wat awer net an deem Sënn virgesinn ass. An dunn hu scho Stëmmen a Jordanien gesot, fir dee Friddensplang u sech opzeléisen.

Da wëll ech nach eng Stëmm hei ervirhiewen, déi awer mat Sécherheet vill Gewicht huet, datt ass déi vun UNO-Generalsekretär, dem António Guterres, dee sech virun e puer Deeg ganz kloer, awer och vehement, kann ee scho bal soen, dergéint ausgeschwat huet, géint déi



Pläng, déi vun den Israeelen elo virgeluecht goufen.

Ech mengen, et ass och gutt, datt mir als Lëtzebuerger Parlament, och wa mir an deem ganze Probleemrees do nëmmen e ganz klengen Acteur sinn, mee et ass awer gutt, datt mer eis reegelméisseg mat där Problematik hei ausereesetzen.

Ech kommen och zréck op d'Motioun, déi mer de 16. Dezember 2014 hei gestëmmt haten. Deemools hat och d'Madamm Polfer, déi déi Problematik jo extreem gutt kennt aus där Zäit, wou se Ausseminister war, drop higewisen, datt d'Demokratesch Partei selbstverständlech vum Prinzip hier och fir eng Zweestaateléiung ass. Mir gleewen drun, datt dat u sech de Problem kéint léisen. Mee eng Zweestaateléiung mat egal wéi enge Mëttelen ustriewen, kann allerdings net onbedéngt d'Léiung sinn.

Mir hoffe jiddefalls, an déi Resolutioun gëtt dat jo och hei erëm, datt awer och natierlech prioritär um diplomatesche Plang kann eng Léiung fonnt ginn. Mir hoffen och, datt dat wierklech d'Léiung ka sinn. Den Här Wiseler huet eis Resolutioun elo e bëssen duergestallt, wéi wa mer dee Volet géife praktesch ausklamieren an direkt schonn Drounge géifen ausschwätzen. Ech gesinn eis Resolutioun net esou.

Ech gesinn eis Resolutioun equilibriert, an zwar an deem Sënn, datt mer natierlech um diplomatesche Plang alles sollen ënnerhuelen. An duerfir gëtt d'Regierung jo och enger Motioun vun deene Lénken opgeruff, zum Beispill. An eiser Resolutioun steet jo dran, datt mir selwer och als Parlament sollen déi néideg Ënnerstützung ginn, fir datt sollen all d'Kräfte gebündelt ginn, fir eeben, wéi gesot, ze erreechen, datt dee Plang do, esou wéi Israel sech dat virgestallt huet, net soll ëmgesat ginn.

Ee ganz, ganz kleng Liichtbléck - mee et soll ee sech näischt drop abilden -: Den 1. Juli ass vergaangen, ass scho Geschicht, an et ass näischt geschitt!

Elo kann een, wann ee ganz optimistesche ass, mengen, et kéint schonn eng éischt liicht, kleng Konsequenz um internationalen Drock sinn. Ech woen dat awer elo emol net esou direkt hei ze behaupten. Mee et mierkt een awer och, an den Här Cruchten huet dat richteg bemierkt, datt um Niveau vun der israellescher Regierung och net onbedéngt Eenegkeet besteet. Den Här Gantz ass schonn net méi gradesou euphoresch fir déi Pläng wéi virun e puer Méint nach. An och an der amerikanescher Regierung spigelt sech awer erëm, datt och do net jiddweree voll hannert dem Här Trump steet.

Jiddefalls mir als Demokratesch Partei fannen déi Resolutioun hei gutt a mir wärten och deementspreechend eisen Accord ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An dann huet d'Wuert gefrot déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt als Alleréisch wéi meng Virriedner och dem Här Cruchten villmools Merci soe fir dës Initiativ an d'Méiglecheit, dass mer haut hei kënnen doriwwer schwätzen an eeben och eis Responsabilitéit huelen.

Virewech géif ech gäre bemierken, dass déi Diskussioun, déi mer haut hei féieren, näischt, awer och guer näischt mat Antisemitismus ze dinn huet. Mir schätzen déi jiddesch Communautéit a setzen eis staark an am Kampf géint den Antisemitismus, deen op ville Plaze vun dëser Welt erëm um klammen ass.

An ech hunn nogekuckt, mir hu viru bal genau engem Joer, nämlech den 10. Juli 2019, eng Diskussioun gefouert an der Pleniéer iwwert d'Definitioun vum Antisemitismus. An ee vun de wichtege Punkten, dee mir do zréckbehalen hunn an deen ech eeben dowéinst och an dësem Kader wéilt erëm ervirsträchen, dat ass, dass eng Kritik un iergendwelleche politeschen Decisiounen, déi eng israellesch Regierung kéint huelen, eeben net als Antisemitismus betruecht ka ginn, well ee Kritik un Decisiounen vun engem Staat net soll an en Dëppe geheie mat Diskriminéierungen oder Gewalt géint déi jiddesch Communautéit.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Mir schwätzen haut reng iwwer eng politesche Entschéidung vun der israellescher Regierung, déi et an eisen Ae strengstens ze verurteelen gëllt. D'Situatioun am Noen Osten, et ass elo oft genuch gesot ginn, ass historesch ganz komplex a verfuer. A Lëtzebuerg setzt sech zënter eh und je fir eng Zweestaateléiung an, well nëmmen dës e friddlech Niewentenee vun Israeelen a Palästinenser ka garantéieren, oder op d'mannst emol erméiglechen.

Mir sinn haut souwiesou nach wäit vun dësem Zil ewech. Mee wann déi israellesch Pläng zur Annexioun vun groussen Deeler vum Westjordanland elo sollten ëmgesat ginn, dann ass esou eng friddlech Léiung quasi onméiglech.

Dës Annexioun, et ass och gesot ginn, géif och eng grav Violatioun vum internationale Recht duerstellen a si géif géint sämtlech Resolutiounen vun der UNO goen.

Et ass also net verständlech, dass, éischters, esou e Plang vun der Trump-Administratioun am Januar 2020 presentéiert ginn ass an esou eeben och dese Steen un d'Rulle bruecht huet, andeems e gréng Luucht ginn huet fir dës Annexiounen. Do spillt et elo och weider keng Roll, dass d'US-Administratioun elo am Nachhinein widderspreechlech Signaler setzt an domadder mëttlerweil iergendwéi och erëm am Raum steet, ob si enger Annexioun géif zoustëmmen oder net. Le mal est fait, an dat huet zu enormen zousätzleche Spannungen an der Region gefouert.

Zweetens ass et och irresponsabel a verwerflech, dass déi israellesch Regierung an dësem schwéiere Kontext dann och an hirem rezente Regierungsaccord virgesäit, dat wëllen esou schnell wéi méiglech, also ab dem 1. Juli, ëmzesetzen.

Esou eng Annexioun géif fir d'Palästinenser bedeuten, dass si sech weider an hire Rechter beschnidde géife gesinn, a si léisst och weiderhin eng wichteg Fro, déi wichteg Fro vun der Nationalitéit op, well Israel och schonn ugekënnegt huet, dass d'Palästinenser an den ze annekterierende Gebidder net géifen déi israellesch Nationalitéit kréien.

Dass dee Plang méi wéi risikobehaft ass, ass deenen allermeeschten, géif ech mengen, kloer, an et ass irresponsabel, wéi scho gesot, déi Risiken alleguerten anzegoen. Eng nei Well vu Gewalt ass quasi virprogramméiert, mee net nëmmen dat. D'Annexioun hätt wuel och schwéier Repercussiounen op déi israellesch Beziéunge mat sengen Nopeschlänner a speziell mat Jordanien, dat ass jo och schonn hei ugeschwat ginn, a géif déi opgebaute friddlech Relatiounen an de Friddensaccord téscht deenen zwee Länner och a Gefor bréngen.

Dës Risikoaschätzung gëtt iwwregens och vun engem gudden Deel vun der israellescher Zivillbevölkerung gedeelt an och vu fréieren a jëtzege Militärs, déi d'Sécherheetslag fir Israel doduerch zousätzlech a Gefor gesinn.

De Plang vun der Trump-Administratioun huet à la base zum Zil gehat, Fridden an der Region ze schafen. Wéi se op déi Iddi komm ass, dass dese Plang kéint Fridde schafen, dierf engem absolut schleierhaft sinn! An nichtsdestotrotz muss mer haut versichen, déi méiglech Konsequenzen dovun ze verhënnern, an eis vehement weider derfir asetzen, dass dat international Recht bewaart bleift.

Dofir hunn aus eiser Fraktioun nieft mir och de Charles Margue an Djuna Bernard e Bréif matënnerschwinnen, dee vu méi wéi 1.000 Deputéierten aus Europa, dorënner och eng zéng Lëtzebuurger Deputéiert, ënnerschwivwe gouf. An dësem Bréif, deen un de Josep Borrell souwéi och un alleguerten d'Ausseministere vun der EU adresséiert ass, deele mir eis Bedenken iwwert dës Virgeensweis an iwwert d'Destabiliséierungsgefor mat, déi vun enger Annexioun géif ausgoen.

Annexiounen par la force hunn am Joer 2020 näischt ze sichen an dierfen net ouni Konsequenze bleiwen. Gläich Rechter fir Palästinenser an Israeelen muss garantéiert bleiwen.

An deem selwechte Kader hunn de Charles Margue an ech och eng Question parlementaire un den Ausseminister gestallt, well mir seng Aschätzung wëllen hunn, notament wat den opportune Moment fir eng Unerkennung vu Palästina als Staat ubelaangt, an och fir erauszefannen, ob déi rezent Entwécklungen eventuell en Afloss op d'EU-Memberstaaten hunn, fir mat enger gemeinsamer Unerkennung vu Palästina virunzekommen. An do si mer och erëm, op d'mannst zu engem gudden Deel, bei der Resolutioun vun haut.

Ech géif op alle Fall gären och hei d'Geleeënheet notzen, dem Ausseminister villmools Merci ze soe fir säin Engagement an dësem Dossier zënter villen a laange Joren. An ech géif domadder dann natierlech och eis Ënnerstützung an eisen Accord fir dës Resolutioun ausdrécken, well och mir als Parlament hei eis Roll ze spillen hunn, och wann et just eng kleng ass.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President.

7. Ordre du jour

Här President, ier ech hei zu dësem Text schwätzen, wollt ech kuerz eng Bemierkung iwwert den Ordre du jour maachen. Mir hunn hei dräi Resolutiounen zum selwechte Sujet. Dat géif heeschen, datt jidderee vun eis dann dräimol zwou oder fënnf Minutten, wéi et jee nodeem ass, heihinner misst kommen, fir zu deem Sujet ze schwätzen, amplatz datt mer eng kohärent Duerstellung kéinte maachen. Dat ass net glécklech.

Bon, da muss mer eeben esou fueren, well elo esou ugefaange ginn ass. Mee allkéiers esou eng Zerstückelung vun engem Deelaspekt, fir iwwert dee selwechte grouse Sujet ze schwätzen, ass net optimal an eisen Aen.

8. Résolution de M. Yves Cruchten au sujet du soutien de toutes les initiatives de l'UE visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967 (suite)

Discussion générale (suite)

Wat den Text ugeet elo vun der Gambia-Koalitioun, si jo zwou Exigenzen hei. Dat eent ass déi „soutenir les efforts du Gouvernement“ an dat auter ass d'Reconnaissance vum État de Palestine.

Also ganz kuerz an zwou Minutten: „Soutenir les efforts du Gouvernement“, dat schéngt eis net opportun ze sinn, an ech wëll och dem Här Asselborn an de Kollege vun de Regierungs-partiee kloer soen, firwat.

Mir mengen, datt mir sollen an der Lëtzebuurger Baussepolitik un éischer Plaz kucken, selbstverständlech, nom universelle Respekt vun de Mënscherechter, awer och no der Verriedung vu Lëtzebuurger Interessen. An ech mengen net, mir mengen net, datt et u Lëtzebuerg ass, als e kleng Staat an Europa, fir Virreider vun der antiisraellescher Politik an der Europäescher Union ze sinn. Et ass net un eis, fir do grouss Initiativen ze huelen, fir 25 Länner do ze koaléieren, zesumme mat Irland, fir do ze probéieren, eng international Politik ze maachen, wou mir keng Interessen hunn, wou mer nëmmen ze verléieren hunn, an eisem Verhältnis mat den USA zum Beispill, wat anescht wichtig ass wéi dat, wat mer eventuell kéinte gewinnen.

Dat Zweet ass d'Unerkennung vu Palästina. Ech wäert dann a mengen nächsten zwou Minutten dorobber zréckkommen. Wa mer vun Illegalitéit schwätzen - an effektiv, mir wëssen haut nach net, ech weess et op jidde Fall net, wat genau geplangt ass, wéi wäit dat geet, wéi de Statut vun de Leit concernéiert wär -, mir schwätzen iwwer eppes, wou mer d'Detailler nach iwwerhaapt net wëssen zum aktuellen Zäitpunkt, wat d'israellesch Regierung wierklech mécht a wat den Impakt ass. Mir wëssen et nach net! Mee wa mer da vun den Illegalitéit schwätzen, wëll ech just drun erënneren, datt et och Krittäre gëtt am Droit international public, wéi ee kann e Staat unerkennen a wéi eng Konditiounen mussen erfëllt sinn, fir datt e Staat kann unerkannt ginn.

Et sinn der véier: dräi sougenannt „Jellinek-Krittären“ an ee „Montevideo“, deen nach derbäikënn. De sougenannte Staat Palästina erfëllt keng vun deene Konditiounen. An eist Argument ass ëmmer: ler mer dee Schrëtt maachen, muss éischters séchergestallt ginn, datt all palästinensesch signifikant politesche Stréimungen d'Existenzrecht vun Isreal a séchere Grenzen unerkennen. Dat ass eng Virkonditioun.

An dat Zweet ass, datt mer selbstverständlech muss kucken, datt all legal Konditiounen esou verbonne sinn, datt och eng Unerkennung vun engem Staat wierklech zu enger Friddensléiung bäidréit. Och dat ass am Abléck zweifelhaft.

Wësst Der, de Friddensvertrag vum President Trump, wéi virdrun Olmert ..., an x-mol kruten d'Palästinenser e Staat an e Kader vun enger Friddensregelung offréiert! Emmer hu se refuséiert bis elo, vläicht aus gudde Grënn aus hirer Perspektiv. Awer denkt emol un aner Vëlker op dëser Welt, déi gären en eegene Staat hätten, un d'Kurden zum Beispill. Kruten d'Kurde jee offréiert, ...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ... fir am Nordirak e Staat ze kréien, oder iergendwou, wou se hir eege Staatlechkeet hätte kënnen liewen? Ni! An d'Palästinenser kruten et - Friddenseffort no Friddenseffort, och beim President Trump elo - offréiert. A si refuséieren allkéiers! Ass dat dann eng Grondvoraus-

setzung, fir elo ze soen: „Dir hutt ëmmer refuséiert, ënner gewëssene Konditiounen Är Staatlechkeet kënnen ze kréien, an als Belounung kritt Der se elo!“?

(Interruption par la présidence)

Ech kommen déi nächst zwou Minutten! Da maache mer da virun!

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, ech mengen, wa mer d'Resolutioun vun der Majoritéit liesen - et war jo e bëssen esou en Zoufall virun zwee Deeg, d'Majoritéit huet eng Resolutioun deposéiert, mir hunn eng Motioun deposéiert -, an der Essenz hunn ech éischer den Androck, datt se sech awer zum groussen Deel gläichen. Et geet awer an déi selwecht Richtung op jidde Fall. Et geet och eeben an déi Richtung, déi eeben d'Belsch och ageschloen huet, mat Courage, well d'Belsch huet och eng Traditioun, fir aktiv Diplomatie ze maachen. Op aktiv Diplomatie a passiv Diplomatie wéilt ech herno méi spët ze schwätze kommen, wa mer iwwert der CSV hir Motioun schwätzen.

Op jidde Fall si mer der Meenung, datt et richteg ass. Also mir sinn eis jo bewosst, och als déi Lénk, datt den Här Asselborn als Ausseminister wierklech vill Efforten ënnerhëllt an dëser Cause an och vill Géigewand muss matmaachen, heiansdo op eng degoutant Aart a Weis, déi een och muss denoncieren.

D'Madamm Stéphanie Empain huet et och vir-dru gesot, mir schwätzen hei iwwer e politesche Konflikt, iwwer e koloniale Konflikt, deen zënter Joerzéngegen undauert, an net iwwer e konfessionelle Konflikt. Déi zwou Saache muss ee strictement vuneneen trennen, d'Fro justement vum Antisemitismus an d'Fro vun der Souveränitéit vun de Palästinenser an engem Gebitt, wou se wunnen. A selbstverständlech och vun der Sécherheet vun alle Bierger, egal wat fir enger Konfessioun, an dëser Géigend! Dat huet ni een a Fro gestallt.

A grad d'Sécherheet vun engem palästinenseschen Staat garantéiert d'Sécherheet vu jidderengem an dëser Géigend a vläicht souguer doriwwer eraus. Dofir interesséiert eis jo déi Fro och hei an Europa. Et gi vill Ursachen, firwat eis déi Fro interesséiert, mee ënner anerem och justement, well et och Repercussiounen kann hunn iwwert déi ganz Géigend eraus.

Ech mengen, et ass un der Zäit ze agieren. D'Resolutioun vun der Majoritéit geet an déi richteg Richtung fir ze soen: „Et muss een ophalen, just mam béise Fanger ze weisen op Tel Aviv, mee et muss een och iergendeng Kéier soen: „Dir kënn mat Konsequenzen rechnen!“ Well wann ee wierklech nach dru gleeft, datt iergendwéi zu Washington dem Här Trump seng Clownereien an eng Richtung géife goen, fir de Konflikt ze léisen, dann ass ee wierklech um ganz falsche Wee.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, merci, Här President. Meng Virriedner hunn et gesot, dat heiten ass en Theema, wat schwéier ass, an engem gestéckelten Debat vun enger Resolutioun an zwou Motiounen u sech iwwert d'Bün ze bréngen. Et ass en Debat, wou ee ganz vill kéint dozou soen. An ech mengen, datt och déi lescht Joerzénge ganz vill Leit sech ganz vill Zäit mat deem Debat beschäftegt hunn, soudatt et u sech vläicht dat falscht Diskussionsformat ass, wat mer haut gewéilt hunn. Nichtsdestotrotz, mir hunn et, an et ass wichtig, datt mer driwwer schwätzen.

Bis haut hunn 138 Memberstaate vun den UN, dat sinn 72 %, also bal dräi Véierel vun alle Memberstaate bei den UN, de Staat Palästina unerkannt. Dat sinn net nëmmen déi üblech Verdächtig, wou ee seet: „Déi gehéieren enger bestëmmter Aflossphär un.“ Dat si Länner, déi awer vun alle Kontinenter kommen, déi aus alle politesche Stréimunge kommen, souwuel an der Heemechtspolitik wéi och an der Aussepolitik.

An deementspreechend ass dat heiten net eng revolutionär Fuerderung, déi d'Majoritéit hei stellt. Et ass éischer eng logesch Konsequenz aus deem, wat déi lescht Joerzénge geschitt ass. Mir sollten eis ganz kloer zu enger Zwee-



staateléisung bekennen. Dat ass och eppes, wat bei eis am Walprogramm zënter der Grënnung u sech dra steet, eng Zweestaateléisung als Basis fir e Fridden an der Regioun an eng Zweestaateléisung op Basis vun de Grenze vun 1967. Ech mengen, och dat ass eppes, wat aus dëser Resolutioun ervirgeet.

An deementspriedend ass et vläicht net dee richtegte Forum, déi richtig Aart a Weis, fir dat heite ganz kuerz unzeräissen an ze diskutéieren, mee et ass awer definitiv déi richteg Fuerderung an eisen Aen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Mir kéimen dann elo zum Ofstëmmen iwwert d'Resolutioun.

(Interruption)

Bei der Resolutioun kritt d'Regierung normalerweis d'Wuert net. Bei de Motioune gären. An do ass och eng Riedezäit virgesinn.

Vote sur la résolution

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme par vote électronique.

(Brouhaha et interruption)

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

(Concertation interne)

Da si mer bei 33 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 21 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement : la résolution est adoptée par 35 voix pour, 4 voix contre et 21 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

9. Motion de M. David Wagner au sujet des initiatives avec des pays tiers, aux niveaux européen et multilatéral, afin de prévenir l'annexion de territoires palestiniens par l'État d'Israël

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 752 de ce compte rendu)

Da kënne mer elo zur Motioun vum Här David Wagner kommen iwwert d'Initiativ mat Drëttstaaten, fir d'Annexioun vun palästinenseschen Territoiren duerch Israel ze verhënnere. An ech géif direkt dem Auteur vun dëser Motioun, dem Här Wagner, nach eng kéier d'Wuert ginn.

Exposé

► **M. David Wagner (déi Lénk), auteur.**- Merci, Här President. Bon, ech hat schonn d'Geleeënheet virun zwee Deeg, déi Motioun ze presentéieren. Dat heescht, ech wäert lech elo net domadder quälen, fir déi Motioun erëm eng kéier ze presentéieren.

D'Motioun, déi mir als déi Lénk proposéieren, inspiréiert sech u sech un där Motioun, déi déi gréng Fraktioun am belsche Parlament deposéiert huet an déi no längerer Diskussioun och ugeholl gouf mat enger grousser Majoritéit an e puer Abstentiounen, déi vum Vlaams Belang a vun der N-VA. Et ass u sech eng Motioun, déi un déi belsch Regierung an hiren Ausseminister

appeléiert, alles ze ënnerhuelen, um europäeschen Niveau natierlech, um internationalen Niveau, fir datt déi Annexioun net stattfénnt.

Mee et ass awer eng ganz realistesch Motioun, déi awer och seet, wann eng gemeinsam Position op EU-Niveau net méiglech wier, an dat schéngt jo och de Fall leider ze sinn, datt een awer d'äerf weiderhin diplomatesch Aktiounen ënnerhuelen, déi och enersinn am Sënn, datt een och Géigemesurë muss huelen, well iergendeng kéier muss een awer och d'international Recht respektéiere loosse an dëser Géigend.

An d'Belsch seet sech da bereet, fir zesumme mat anere Länner, déi och an déi selwecht Richtung wëlte goen, eng Lëscht och vu Géigemesuren auszeschaffen a vu Saachen auszeschaffen, fir an dës Richtung ze goen.

Dofir duechte mer, et wier gutt, eise Frënn aus dem Norden, d'Belsch, zréckzeruffen an ze soen: „Jo, mir maache mat. Mir si bereet, lech dobäi ze ënnerstëtzen.“

An ech mengen, datt et och an eng Richtung geet, datt nach vläicht aner Länner och matmaache géifen. An ech mengen, dat wier och e gudd Moment, fir dat dann ze ënnerstëtzen.

Wéi ech lech och virdrunner gesot hunn: Mir hunn nach en Invite derbäigesat, datt mer awer weiderhin der Meenung sinn, datt d'Regierung iergendeng kéier, ier Palästina komplett verschwénnt, de Staat Palästina muss unerkennen, wann et esou opportun ass, a mengen Aen awer iergendeng kéier esou schnell wéi méiglech, well mir hunn eeben déi Motiounen, zwou Motiounen d'ailleurs ugeholl 2014 deemools. Well den Här Urbany, Serge Urbany, hat jo och eng deposéiert, déi och ugeholl gouf, wéll ech nëmme drun erënnere, fir eeben de Staat Palästina unzeerkennen. Voilà!

Dat heescht, ech mengen, se geet och awer e bëssen an déi Richtung wéi d'Resolutioun vun der Majoritéit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Wie wëllt zu där Motioun Stellung huelen? Den Här Fernand Kartheiser.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Ech wollt mer elo déi Geleeënheet net entgoe loosse, déi nächst zwou Minutten ze huelen, fir zum selwechten Thema ze schwätzen. A well den Här Wagner a senger Motioun, fir déi ech em och Merci soen, e staarkt Gewicht op Sanktiounen leit, Mesuren, déi solle geholl ginn, an esou weider, wat jo u sech op Lëtzebuerger gesch warscheinlech Sanktiounen heescht, wollt ech emol kuerz op eng gewëssen Inkohärenz agoen, déi mer awer am Noen Osten, an ech konzentréiere mech elo just op déi Géigend do, hunn.

Well wann een elo Israel anescht behandelt wéi aner Staaten ... Natierlech huet een e Recht, Israel ze kritiséieren, do ginn ech der Madamm Empain Recht - selbstverständlich! Awer et muss een och kucken, fir net an den Antisemitismus ze geroden, datt een awer net „deux poids, deux mesures“ hëlt. Wann aner Länner da géint international Recht do verstoussen, da missten déi jo och mat Sanktiounen beluecht ginn. Op jidde Fall misst den Discours dee selwechte sinn, soss gétt et jo erëm eng objektiv anescht Behandlung vum jiddesche Staat.

An déi Punkten, déi ech hei wéilt just froen einfach emol: Hu mir Sanktiounen géint d'Tierkei wéinst der Besetzung vu 34 % vum zyproteschen Territorium? D'Tierkei verletzt permanent Accorden, déi mat der Europäescher Union getraff gi sinn. Huele mer Sanktiounen? Huele mer Sanktiounen géint d'Tierkei wéinst enger militärescher Interventioun a Libyen? Ech weess et net! Ech hunn näischt dovun héieren. Vlächicht kann den Här Minister eis eppes soen.

Wéi ass et mat enger Deelbesetzung duerch d'Tierkei vu Syrien? Hu mer do Sanktiounen geholl? Territorial! Territorial! An dee Punkt, dee mir maachen an dëser Saach, ass: Wa mer am Noen Oste schonn higinn a mir spille mat Recht - mat Recht! - Consideratiounen iwwer territorial Verännerungen oder statutaresh Verännerungen also vun de Leit, déi do an där Géigend wunnen, da muss datt jo awer fir jidderee gëllen an net eleng fir Israel! An dofir ass awer d'Fro berechtigt, ob mer hei net Israel anescht behandelte wéi aner Staaten.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dann nach eng lescht Bemierkung. Wësst Der, déi Unerkennung, dat kléngt einfach, mee mir wëssen net, ... Déi éischt Konditioun, fir e Staat unzeerkennen, ass, et muss ee Staatsvollek ginn. Mir hu keng Anung, an déi Palästinensesch Autoritéit selwer huet keng Anung, wien eigentlech Palästinenser ass, well et kee Gesetz iwwert d'Nationalitéit gétt a well e groussen

Deel vun der jordanescher Populatioun Palästinenser sinn, e groussen Deel vun der israellescher Populatioun mat israellescher Nationalitéit sech als Palästinenser consideréieren; am Libanon. Mir wëssen haut net objektiv, wien eigentlech Palästinenser ass.

D'Habitantë vun Ostjerusalem hunn zënter 1948 am Prinzip e jordanesche Pass, consideréiere sech awer als Palästinenser. Dat heescht, eleng schonn déi Fro vum Staatsvollek ass net gekläert! De Staatsterritoire ass net gekläert. Mir hunn eigentlech nëmme oppe Froen. Si hu keng Regierung, well Fatah an Hamas sech net eens ginn. Mir géifen also e Staat unerkennen, deen e Gebitt net kéint kontrolléieren, keng verantwortlech Regierung fir dat ganzt Gebitt hätt.

A déi véiert Konditioun, d'Montevideo-Konditioun, datt de Staat muss wëlles sinn, mat allen Nopeschstaaten a friddlechem Zesummeliewen ze existéieren, ass och net erfëllt.

Dat heescht, wa mir hei einfach soen, mir erkennen dee Staat un, da muss ee wirklech soen, datt net eng vun de Konditiounen erfëllt ass, fir dat ze maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Ass nach eng Wuertmeldung do?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da kënne mer iwwert d'Motioun vum Här David Wagner ofstëmmen.

Vote sur la motion

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

Déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn, sollen d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass ofgeschloss. Domat ass dës Motioun mat 33 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

10. Motion de M. Claude Wiseler relative au soutien de toutes les initiatives diplomatiques de l'UE et des pays européens pour convaincre Israël de ne pas annexer la vallée du Jourdain

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 752 de ce compte rendu)

Mir kéimen dann elo zur Motioun, déi vum Här Claude Wiseler deponéiert gouf. Här Wiseler, wëllt Dir als Auteur nach e Wuert soen?

Exposé

► **M. Claude Wiseler (CSV), auteur.**- Ech wëll op jidde Fall net nach eng kéier erklären, wat ech virdrun erkläert hunn, well ech war am Fong am Film virdrun, datt mer géifen eng Diskussioun iwwert d'Resolutioun an déi zwou Motioune maachen. Dofir maachen ech et net nach eng kéier.

Dat Eenzegt, wat ech awer wollt fir d'Klarifikatioun derbäibréngen, well d'Majoritéitsparteien an den Här Cruchten ëmmer mat Recht soen, datt de 17. Dezember 2014 eng Motioun ugeholl ginn ass, déi hien dann zitéiert a senger Resolutioun: Déi Motioun war sengerzäit vum

Här Angel abruecht ginn. Déi hu mir net matgedroeg sengerzäit. Mee curieusement ... Dat war um 11.20 Auer an um 11.23 ass och eng aner Motioun vum Här Mosar dee Moment ugeholl ginn, déi genau dat seet, wat elo an eiser Motioun steet.

Ech wollt just fir d'Rektifikatioun vun dem historesche Schaffe vun dëser Chamber soen, datt mer an deem Moment zwou Motioune ugeholl hunn, déi net genau dat selwecht gesot hunn, mee iwwer awer genau dee selwechte Sujet, an datt mir mat enger d'accord waren an net mat där anerer.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Dann den Här Fernand Kartheiser. Dir hutt zwou Minutten zegutt, Här Kartheiser.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ma déi profitéieren ech och. Villmools merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir hutt awer ganz ausgabeg profitéiert opgrond vu menger Generositéit. Ech wollt lech duerfir drop opmierksam maachen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech si vun Dankbarkeet wirklech staark geréiert. Ech hunn ...

► **Plusieurs voix.**- O!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech hunn nach e puer Kommentaren ze maachen, well elo ëmmer erëm sech beruff gouf zum Beispill op déi Zweestaateléisung. Och mir als ADR stinn zu der Zweestaateléisung. Mee mir mussen einfach wëssen, datt déi Positioun, déi vun der Europäescher Union haaptsächlech vertruede gëtt, eigentlech net méi, an den Här Minister weess dat warscheinlech och, der Situatioun an den Entwécklungen um Terrain entsprecht.

Mir hunn zënter 1967 onheemlech vill Entwécklung gehat. D'Resolutioun 242 vun der UNO zum Beispill, déi berüümte Resolutioun „Staatsgebitt géint Fridden“, huet zënterhier ganz staark Entwécklungen, territorial Entwécklung kann. Israel huet zum Beispill dee ganze Sinai zréckginn. Israel huet Gaza zréckginn. Gaza ass eigentlech dat Gebitt, wat haut engem palästinensesche Staat am nooste kennt, well se eng eege Regierung hunn - e Grupp vun Terroristen, mee eng eege Regierung -, en eegene Territoire. An domadder ass Gaza eigentlech dat, wat där Iddi vun engem palästinensesche Staat haut am nooste kennt.

Mee mir mussen awer kucken, datt mer den Takt mat der Zäit net verléieren. Ech mengen, d'Entwécklungen um Terrain zënter Oslo sinn einfach esou, datt déi Grenze vun 1967 net méi de Realitéiten um Terrain entsprechen. Den Territoire haut, wann Der d'Kaarte kuckt, no den Oslo-Accorden, ass komplett zerstückelt mat deenen Zonen A, B an C, mat verschidene Grade vu Militärverwaltung oder Souveränitéit oder Autonomiebestimmungen.

An natierlech, déi Friddensléisung an och déi Resolutioun, déi dëst Parlament ugeholl hat iwwer eng Unerkennung vu Palästina, hate kloer gesot, mat deenen néidegen territoriale Verännerungen, déi allerdéngs sollte bilateral verhandelt ginn tëschen deenen zwou Säiten. Awer, wa mer wëssen, datt d'Grenze vun 1967 net méi déi si vun engem zukünftege Friddensaccord, dann ass eigentlech dat, wat de President Trump mécht, méi eng Unerkennung vun der Realitéit wéi déi Fiktioun, déi mir oprechterhalen.

Jo zu den zwee Staaten, mee déi Grenze vun deenen zukünftegen zwee Staaten, dem israelleschen an dem palästinenseschen, muss verhandelt ginn. Dat ass natierlech néideg. Genaousou wéi de Statut vun de Leit. Et kann ee sech duerch ausvirstellen, datt do eng gewëssen Autonomie ass, datt d'Walrecht vlächicht net besteet fir d'Knesset vun deene Leit, datt eng israellesch Nationalitéit accordéiert gétt oder nëmme am Kader vun enger eegener Autonomie. Alles dat muss studéiert ginn.

Awer vu datt meng Zäit ofleef, kann een dat elo hei net am Detail maachen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Ech gesi keng aner Wuertmeldungen. Da géif ech der Regierung d'Wuert ginn.

Nee, fir d'éischt nach den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wollt awer e puer Saachen zur Motioun vun der CSV soen. De Problem ass iergendwéi, ob mer déi Motioun stëmmen oder net stëmmen, dat wäert strictement näischt änneren! Mir wäerte se net ënnerstëtzen, well se ass wirklech e Paradebeispill vun enger Motioun, déi inodore, incolore, insipide ass.



Den Här Wiseler huet virdrun haaptsächlech aner Politiker kommentéiert. Et weess een awer net ganz richtig, wann d'CSV den Ausseminister géif stellen, wat d'CSV iwwerhaupt géif maachen. Wann ech richteg verstinn, géif d'CSV emol nokucken, wat op internationalem Plang leeft, an da géif se nolafen. Dat ass eng Politik vun der totaler Passivitéit, vun de kale Féiss. Et ass d'Antithes vun enger Aussepolitik.

Hätt d'CSV den Ausseministère, dann hätt Lëtzebuerg keng Aussepolitik méi, wann ech dat richteg verstinn.

Duerno ginn et awer nach e puer aner Saachen natierlech an den Invitten, datt ee soll derfir suergen, datt d'Israeleen a Sécherheet kënnen liewen, vläicht och y compris vis-à-vis vun hirer eegener Regierung. Dat kéint ee vläicht och heiansdo soen. Et steet awer och näischt dran, ob d'Palästinenser e Recht op Sécherheet hunn. Hunn d'Palästinenser kee Recht op Sécherheet?

Ech hunn awer e bëssen den Androck, datt dat Recht op Sécherheet vun de Palästinenser e bëssen à la trappe fält, wann ech déi Motioun vun der CSV liesen.

An dann nach eng kleng Saach. D'CSV huet e puermol eng Fake News verbreet, déi, datt d'Palästinenser an hir Autoritéiten Israel net unerkannt hätten. Ech mengen, iergendeng Kéier muss een awer och kloerstellen, datt dat net stémmt! Dat ass total falsch!

D'Palästinenser, d'Autorité palestinienne huet formell d'Existenz vun Israel unerkannt an den Oslo-Prozesser, doduerch datt se och zwou Resolutiounen um Niveau vun der UNO ënnerstëtzt hunn. 1989 huet deemools de Jassir Arafat jo den historesch Saz gesot: « La charte est caduque », wat hie vill kascht huet warscheinlech och, fir ganz einfach ze soen, datt déi ursprénglech Charta vun der OLP, déi d'Existenzrecht vun Israel dann net unerkannt huet, u sech net méi géif gellen.

Léif CSV, wann Der wëllt erëm eng Kéier an enger Regierung sëtzen, da misst Der lech och e bëssen informéieren iwwert d'Realitäten an dëser Géigend. Deementsprechend wäerte mer se net matdroen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wagner. Den Här Wiseler wëllt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV), auteur.** - Jo, ech wëll dem Här Wagner soen: En huet richteg ugefaang, andeem e seet, wann ech richteg verstanen hunn, wat gesot ginn ass. An ech wëll em soen, en huet dat net richteg verstanen. En huet et total falsch verstanen, wat gesot ginn ass. Ech mengen, wat gesot ginn ass. Ech fannen et nämlech ganz lëscht, wann en hei där Motioun, déi mir hei ofginn hunn, reprochéiert, datt do iwwert d'Rechter vun de Palästinenser an d'Sécherheet vun de Palästinenser näischt géif drastoen.

Ech wëll em just ze bemierke ginn, datt et am Fong genau dat ass an de Consideranten, wat den Här Cruchten erabruucht huet, bis op de Fait, datt mer eng Motioun net matgestëmmt hu virun enger Rei Joren a mer dat erausgeholl hunn. Fir de Rescht ass et genau dat selwecht, wat drasteet, wat d'Recht op d'Sécherheet vun Israel a wat d'Recht vun de Palästinenser ugeet.

A par ailleurs hutt Der dat virun zwou Minutte selwer matgestëmmt. Dofir fannen ech Är Aart a Weis fir drunzegoen, fir op där enger Säit dat hei ze soen an op där anerer genau de Contraire ze soen, e weéneq besonnesch, an dat weist d'mauvaise Foi, mat där Der hei un déi Diskussioun erugitt.

Par ailleurs ass eis Positioun ganz kloer an dräi Punkten ausgedréckt:

Mir hätte gär, datt elo eng Diplomatie, eng diplomatesch Aktioun gemaach gëtt, esou staark wéi méiglech, esou hefteg wéi méiglech, esou kloer wéi méiglech, vun der Europäescher Unioun. Mir gleewen un d'Diplomatie och an engem Dossier, deen extreem schwieereg ass.

Mir hätte gär, zweetens, wann eng Annexioun gemaach gëtt, datt dann och iwwer Sanktiounen kéint a sollt geschwat ginn an och applizéiert ginn, wann et esou wäit kënt.

An dréttens si mer der Meenung, datt d'Zweestaateléiung dat Eenzegt ass, wat schlussendlech zu engem Fridde kéint féieren an där Géigend.

Deene ville Leit, déi elo soen, datt d'Zweestaateléiung méi wäit fort ass, deene ginn ech jo Recht. Bei deene ville Leit, déi soen, datt d'Zweestaateléiung elo net méi geet, kann ech à la limite verstoen, datt een et seet. Mee nach kee vun deenen huet mer gesot, wat fir eng aner Léisung wéi déi se da géifen amplatzen. Nach kee huet mer eng aner Léisung virbruecht, ausser maneng Wieder, datt dat elo méi schwéier ass an net géif goen.

Et ass méi schwéier, mee et ass déi eenzeg Léisung. An dorop muss mer schaffen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Ausseminister Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Tjo, Här President, ech weess elo net richteg, wat ech soen däerf an zu wat. Wann ech just awer ka vläicht e puer Saachen zum Fong soen, wat och diskutéiert ginn ass an der Resolutioun.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass ech e weéneq schockéiert sinn, wann ech hei muss nolauschteren, dass mer haut an enger anerer Realitéit sinn, wat d'West Bank ugeet, wat den Territoire vu Palästina ugeet.

Dat gëtt einfach esou gesot an et gëtt emol net gesicht, firwat dass dat esou ass. Firwat ass dat esou? Dat ass esou, well kontinuéierlech zënter Joren a Joren d'israelesch Regierungen ëmmer méi Kolonien akzeptéiert hunn, toleréiert hunn um Territoire, deen eigentlech an de Grenze vun 1967 Palästina gehéiert.

Haut liewe 600.000 Siidler an Ostjerusalem an an der Cisjordanie. Dat ass d'Realitéit! An ech mengen net, dass dat dote jo eng Invitaioun war vun de Palästinenser, mee et ass Israel, wat an deene Regierung virdrun an och haut gesot huet: „Dat ass hellegen Territoire, dat ass net den Territoire vun de Palästinenser, mee dat ass eisen Territoire.“

An ech wëll eng Kéier och drop zréckkommen, wat gesot ginn ass, firwat dass Lëtzebuerg sech vläicht manner asetzt fir d'Kurden oder fir iergendeen anere Problem op der Welt. Mir als Lëtzebuerg hunn 1947 de Partitiounsplang gestëmmt. Dat Land, wat gedeelt ginn ass, dat huet Palästina geheesch. An do ass een Deel, a Lëtzebuerg huet derfir gestëmmt, wou ech och haut nach derfir sinn, dunn zu Israel geschloe ginn. An vun deem aneren Deel vun deemolege Palästina ass gesot ginn: „Dat ass de Staat fir d'Araber.“ An d'Araber ware wuelverstanen d'Palästinenser.

A Lëtzebuerg huet mat aneren, mat deemools der Sowjetunioun, mat Frankräich a mat villen aneren do derfir gestëmmt. An ech mengen, duerfir hu mer awer och eng Responsabilitéit, fir en Hiewel unzesetzen, dass och d'Palästinenser e Recht kréien op hiren eegene Staat. Dat ass dee Gedanken, deen ech hunn, zënter dass ech Ausseminister sinn.

An Dir sot dat hei ganz richteg: Et gëtt keng Alternativ zur Zweestaateléiung. Déi Alternativ wier en Eestaat, mee da misst jo an deem enge Staat all Mënsch déi nämlech Rechter hunn, wou ech mer awer schwéier ka virstellen, dass dat de Fall ass. Jiddereen, deen eng Kéier zu Ramallah war, jiddereen, deen eng Kéier a Gaza war, dee weess, dass déi Realitéit do net wäert kommen.

Also géif ech mengen, dass ech eigentlech houfreg sinn, als Lëtzeburger Ausseminister hei déi Resolutioun vun der Chamber zur Kenntnis ze huelen, eng Resolutioun, wou awer nun näischt dran ass, wat antiisraelesch ass. Näischt ass antiisraelesch! Alles, wat d'Chamber hei gestëmmt huet, an alles, wat, wann Der dat wëllt, meng Weéneqkeit verteidegt, dat ass net Antiisraelismus, wéi d'Madam Empain gesot huet an anerer, bestëmmt och keen Antisemitismus. Absolut net! Och wann et vläicht Leit ginn, déi dat ëmmer wëllen do draleen, wann een d'Regierung vun Israel kritiséiert.

An ech hu mech agesat an all deem, wat ech bis elo gemaach hunn am Numm vun eiser Regierung, fir eng Zweestaateléiung hinze kréien. An dat heescht, dass et keng Modifikatiounen kënnen ginn an de Grenze vun 1967, déi octroyéiert sinn.

Ech war zu Ramallah, ech mengen am Joer 2008 oder 2009, do louch e Plang, wou Israel a Palästina ganz kloer d'Grenze vun 1967 akzeptéiert hunn, mat Swaps. Dat heescht, mat Gebittsaustausch déi eng Säit an déi aner Säit. Dee Plang war fäerdeg.

Firwat ass et net weidergaang? Et ass net eleng, ech soen dat nach eng Kéier, den Israeleen hir Schuld, et sinn och natierlech d'Palästinenser, déi an enger ganz schwéierer Situatioun elo sinn, well se gedeelt sinn, well se net zesummeliewen natierlech och, a well se, ech soen dat och emol eng Kéier fir eis hei, an dat ass esou, well se den Appui vu villen arabesche Länner verluer hunn.

An der arabescher Welt zielt nach just: „Wéi gi mer mam Iran ëm? A kann Israel eis net souguer hëllef, fir géint den Iran virzegoen?“ An all dat mécht et, dass natierlech d'Palästinenser immens geschwächt sinn, och wat hir Administratioun ugeet.

Nun, an der Europäescher Unioun, Här President, ech si kuerz, ech wëll lech awer soen, dass ech e Bréif geschriwwen hunn den 1. Dezember, wéi ech gelies gehat hunn, dass den Här Pompeo, den Ausseminister vun den USA,

gesot huet: „Déi Kolonien an der West Bank sinn net onbedéngt géint internationaalt Recht.“ Vun do u war d'Dier op fir dem Här Trump säi Plang, wou jo gesot gëtt, 33 % vun der West Bank kéinte geholl ginn - op Lëtzebuergesch - vun dem Här Netanjahu. Do war d'Dier op.

An ech hunn e Bréif geschriwwen. Ech hu gesot: Mir mussen eis an der Europäescher Unioun erëm bekëmmere ëm de Moyen-Orient an ëm Israel, Palästina an ëm de Friddensprozess. A mir sollten et maachen am Mäerz. Dat ass net gaange wéinst dem Covid. A mir hunn et dann du gemaach am Mee.

An am Mee an där Reunition ... An och do, Här President, et ass dach awer och un all Land vun der Europäescher Unioun, fir sech anzesetze mat senge Moyenen, déi et huet, an Allianzen ze fannen, fir internationaalt Recht ze verteidegen!

Also hunn ech mat dem ireschen Ausseminister ofgemaach: „Komm, mir maachen eng Virbereedung, wou mer just zwou Saache soen! All Annexioun ass géint internationaalt Recht, éischters. An zweetens, mir stinn zur Zweestaateléiung.“ A wann dat dote geschitt mat der Annexioun, dann ass eng Zweestaateléiung onméiglech.

Dat sinn déi zwou Saachen, déi ech gesot hunn an déi mer och zréckbehalen hunn do zu 25 vu 27. Et waren zwéi Länner, nämlech Ungarn an Eisträich, déi net op där doter Linn waren.

Et ass och gesot ginn, mir sollten elo net vu Sanktiounen schwätzen. Mir sollten Israel preventiv konfrontéieren mat der Positioun vun der Europäescher Unioun, nämlech soen: „Haalt d'Fangereen ewech vun der Annexioun, well dat geet an déi falsch Richtung!“ Den Här Guterres seet dat, souguer de Boris Johnson seet et daitlech. De President Macron huet et gesot. D'Regierungsmemberen, d'Madam Empain huet se opgeziet, vill Parlamentarier hunn der Europäescher Unioun dat geschriwwen. An et besteet jo awer nach eng kleng Hoffnung, dass de Mënscheverstand iergendwéi nach empfänglech ass.

Natierlech, mir däerfen elo net naiv sinn. Dat kéint sinn, den 1. Juli ass eriwuer, dass awer Schrëtt fir Schrëtt op eemol virgaange gëtt, Schrëtt fir Schrëtt, dat heescht, dass déi grouss Kolonien, déi de facto jo den Israeleen, der israelescher Säit gehéieren, dass déi och de jure, ech denken un Ariel oder aner grouss Siidlungen an dem Jordandall, der Vallée du Jourdain, vläicht de 15. August oder iergendwéi eng Kéier à l'improviste, ouni dass mer virgewart sinn ..., dass dat geschitt.

Mir hunn als Europäesch Unioun an där Fro do, mengen ech, awer zu e puer eis Aarbecht gemaach, dass mer preventiv geschafft hunn, ouni vu Sanktiounen ze schwätzen. Mir hu preventiv geschafft an hu gesot: „Wannechgelift, maacht dat doten net, well dat ass eng Violatioun vum internationale Recht!“ An eng Violatioun vum internationale Recht op der Krim oder am Westjordanland ass ëmmer nach en Déifstall vun Territoire, deen engem net gehéiert.

Dat Zweet, wat ech gesot hunn a wat mer och mussen, mengen ech, kucken, dat ass déi Solidaritéit an der Europäescher Unioun, wéi déi sech konkretiséiert. Wa géif eppes geschéien, dann däerfe mer net do ausenanerlaffe wéi d'Hénger. Da muss mer versichen, rationell ze kucken, wat da gemaach gëtt. Ech soen och elo nach näischt vu Sanktiounen. Ech soe just, dass dann d'Europäesch Unioun muss awer wëssen, wéi se sech opstellt, wat se mécht.

An ech soen lech, d'Influenz natierlech vum amerikanesche President, déi gëtt et an Europa, a fir Sanktiounen brauch een Unanimitéit. An ech si keen, deen absolutt op Sanktiounen elo do dréckt. An duerfir hunn ech mer erlaabt, an net nëmmen déi lescht Méint, mee scho virdrun, ze probéieren, an der Europäescher Unioun ënner eise Memberen, ob et net e politesche Wee géif ginn, fir awer ze weisen, dass et an Europa nach Länner gëtt, déi dru gleewen, och wann et vläicht nëmme symbolesch ass, mee dru gleewe politesch, dass d'Palästinenser och e Staat zegutt hunn.

An ech soen lech, do gëtt et keng 17 Mëttelen. Do kann een 100 Argumenter fannen, fir dergéint ze sinn. Mee et gëtt awer vläicht ee politescht Argument, an net Lëtzebuerg eleng, dat wëll ech net, ech wëll net e Solo do maachen, mee dass mer eng Rei vu Länner hätten an der Europäescher Unioun, déi mat op dee Wee ginn. Et gëtt der, déi dat diskutéieren. D'Belsch ass evoquéiert ginn hei, dat ass richteg. Et sinn och nach anerer. An dat gesinn ech als meng Aufgab fir ze kucken, wa mer do eppes fäerdegbréngen, ob mer net kéinten awer dee Gest maachen, deen, ech mengen, den Här Clement huet et opgeziet, iwwer 130 Länner vun der UN als Schrëtt gemaach hunn.

Et gëtt och Länner, déi nach net Member ware vun der Europäescher Unioun 1988, déi Palästina unerkannt hunn. Et sinn zwéi Länner just,

Malta a Schweden, déi dat duerno gemaach hunn. An ech soen nach eng Kéier: E Solo wier net dat, wat eppes géif bréngen, mee eppes, wat géif gedroe gi vun e puer Länner a vun esou vill wéi méiglech Länner an der Europäescher Unioun, dat ass dat, wat ech op jidde Fall wëll ustriewen. Ob ech et fäerdegbréngen, weess ech net. Mee dat ass dat, wat hei och an där Motioun steet a wou och d'Lëtzeburger Regierung hannendrusteet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Asselborn. Da kënnen mer zur Ofstëmmung ...

Den Här Laurent Mosar.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci dem Här Ausseminister. Ech wollt och eng Kéier soen: Ech respektéiere ganz staark den Engagement vum Ausseminister, dee sech iwwer Jore mat ganz vill Häerzblutt fir Palästina asetzt.

Ech wollt allerdéngs vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Här Ausseminister awer zwou Suergen un d'Häerz ze leeën, well en huet virdrun iwwert déi ganz komplizéiert Situatioun am Noen Oste geschwat. An ech si ganz mat em d'accord, datt déi komplizéiert ass.

Ech wëll awer just op zwéi Punkten hiweisen, Här Ausseminister. Ech wier wierklech frou, wann Der lech mat deem selwechten Engagement an Häerzblutt do géift asetzen. Am Moment sinn ...

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Et héiert een lech net hei.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, ech stinn awer hei. Ech ka mech awer net sëtzen. Ech schwätzen da méi haart, Här Ausseminister.

Am Moment ass am Iran eng katastrophal Mënscherechtlag. Eng katastrophal! Do ginn Homosexueller op de Beem opgehaangen. Op de Beem opgehaangen! Frae gi gestengegt. Gi gestengegt!

All Mënscherechtsorganisatiounen lafen zu Recht Stuerm. Am Jemen, Här Ausseminister, fénnt e Krich statt. Dat ass dee brutalste Krich, dee warscheinlech an de leschte Jore jee stattfonnt huet, eng katastrophal Mënscherechtlag! All Dag ginn hei vum Iran a vu Saudiarabien d'Mënscherechter mat Féiss getrëppelt, ...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ... mat Féiss getrëppelt! Ech géif lech wierklech bidden, mat deem selwechten Engagement, mat deem Der lech fir berechtigt Uleiessen asetzt, lech och anzesetze fir d'Mënscherechter am Iran, am Jemen an a Saudiarabien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Ausseminister.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Här Mosar, ech si keen, deen elo wëllt spezifesch Situatiounen op meng Kap setzen. Ech kann lech just soen, dass ech Leit aus dem Jemen an och aus dem Iran zu Lëtzebuerg akzeptéiert hunn, fir dass se eng Chance kréien, vläicht net hiert ganz Liewen am Prision ze sëtzen. Dat ass also dat Konkreet, wat ech probéieren ze maachen, esou gutt wéi dat geet.

Dat Zweet, dat ass, Dir hutt Recht, mee als Politiker soen ech lech just: Wann Der ufänkt, Iran ze erwänen, Jemen ze erwänen, Syrien ze erwänen, mir kënnen dann d'Kaart huele vun der Welt, mir kënnen d'Uiguren derbäizelen a China. Mir kënnen, ech weess net, Venezuela derbäihuelen, vill, vill, vill anerer nach, wou ech d'Schold net wëllt op deen een oder op deen aneren drécken, mee dat sinn an der Aussepolitik, mengen ech, keng Excusen, fir do eppes ze maachen, wou mer kënnen eppes maachen. An als Europäesch Unioun hu mer eng Responsabilitéit; ech hu versicht, dat ze erklären.

An als Europäesch Unioun hu mer och ... Israel, Palästina: mir sinn als Europäesch Unioun dee gréisste Payeur, deen, deen am meeschte mënschlech Hëllef gëtt, humanitär Hëllef gëtt un d'Palästinenser. Dat ass schonn eppes, a mir sinn een immense Client vun den Israeleen. Mir hunn also mat béide Säiten ze dinn, an ech mengen, wann een do einfach da mécht, wéi wann dat Lëtzebuerg näischt ugeet, et kuckt een op eng aner Säit, dat ass net dat, wat ech ënner Aussepolitik verstinn.

Verstitt mech net schlecht! Mee et geet net duer, dass een op aner Problemer vu Mënscherechtsverletzungen hiweist. Deen heiten, deen hu mer elo diskutéiert hei. Ech mengen, mir



hunn en anstänneg diskutéiert. Hutt keng Angscht, ech maachen dat Besch, wat ech kann draus maachen!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Ausseminister. An da freet den Här Kartheiser Parole après ministre.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Just zwou Bemierkungen. Déi éischt ass, fir déi historesch Bemierkung vun Här Asselborn nach eng Kéier opzegraife vun 1947/1948, wou dee Partitiounsplang ...

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- 1947!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... 1947/1948, wou dee Partitiounsplang do opgestallt gouf vun der UNO. Et muss ee soen, en ass vun Israel akzeptéiert ginn an en ass vun der arabescher Welt refuséiert ginn. An direkt duerno ass Israel ugegraff ginn. Och dat muss ee soen! Dat ass den historeschen Deroulement an dat ass ëmmer erëmkomm och an der Geschicht. Et ass ëmmer erëmkomm. Israel ass e Staat an enger Verdeedegungspositioun, méi wéi an enger offensiver Positioun.

An Dir hutt Recht, wann Der sot, an der leschter Zäit hätt dat sech geännert, well déi arabesch Welt eng nei Relatioun mat Israel sicht an eeben och an der arabescher Welt, an dat ass och ganz interessant, déi palästinensesch Fro keng prioritär méi ass. Och dat ass eng interessant Entwécklung.

Dat Zweet ass zu de Sanktiounen. Dir hutt do e bëssen en ongléckleche Vergläich, deen Der ëmmer bréngt - ech ginn elo net op d'Diskusioun doriwwe an, dat hëlt eis vill Zäit -, tëscht der Krim an enger eventueller Annexioun vu palästinensesche Gebidder do. Dat ass en ongléckleche Vergläich. Mee en ass awer interessant an deem Sënn, dass ee kann eng Reflexioun iwwert de Sënn vu Sanktiounen maachen. Mir si mat Russland an enger Sakgaass, wat d'Sanktiounen ugeet. Mir hunn och do Europa gespléckt iwwer Sënn an Onsënn vun deene Sanktiounen. Och dat soll eis eng Léier sinn.

A wat mer dann net verstinn, dat ass Är Politik am Iran! Den Iran, an do ginn ech dem Här Mosar komplett Recht, ass wierklech en Trauma, wat d'Mënscherechter ugeet, an net nëmmen dat. Et ass e Staat, dee selwer zouginn huet virun, ech weess net, wivill Méint, rezent zouginn huet, dass en d'IAEA (ndlr: International Atomic Energy Agency) ënnerlaf huet an un der Nuklearisierung, der militärescher Nuklearisierung vun Noen Osten aktiv geschafft huet a weider schafft. A fir dee Staat do wëllen d'Amërikaner eebe Sanktiounen duerchsetzen, och géintiwwer europäesche Staaten, dass se dat mat ënnerstëtzen. Dat geet nëmme mat enormem Drock.

An do muss ee sech awer wierklech froen: Wéi ass et méiglech, dass e Staat, deen d'Mënscherechter esou mat Féiss trëppelt an och nach eng militäresch, nuklear Menace, net nëmme fir Israel, mee och fir Europa duerstellt, dass dee bei lech esou vill Versteesdemech fënn?

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Nee, dat do ass net richtig, Här President. Dee fënn kee Versteesdemech bei mir. Ech hu just e puermol scho gesot, dass dee JCOA (ndlr: Joint Comprehensive Plan of Action), wou mer 13 Joer laang verhandelt hunn, dass d'Iraner net kënnen eng Atombom kréien, dass dat muttwëllegerweis a falscherweis futti gemaach ginn ass - Dir wësst vu wem! Dat hunn ech gesot.

Wa mer haut am Iran ... Wann dee JCOA, dat Otkommes, wann dat géif fonctionéieren, hätte mer wéinstens am Westen d'Genugtuung, dass den Iran net kéint mat enger Atombom operéieren. Israel hätt se och an d'Saudien hätte se och. Dat ass dat, wat a mengem Kapp dat Richtegt ass. Ech ka mech ieren, mee Dir sidd vläicht do op enger anerer Pist.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Ausseminister Jean Asselborn. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kënnen elo zum Ostëmme vun der Motioun vum Här Wiseler kommen.

Vote sur la motion

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Fir déi, déi e Vote par procuration ofginn, maachen ech elo en Appel nominal.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass des Motioun mat 21 Jo-Stëmmen ...

► **Plusieurs voix.**- Här President!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- A, do ass nach een. Stéphanie Empain, Dir wëllt par Procuration fir?

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Bei mir ass just déi rout Luucht ugaangen.

(Interruption et concertation interne)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir sidd derbäi. Dat heescht, et ass alles richtig enregistriert. Da si mer elo bei 21 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

11. Question urgente n° 2462 de Mme Martine Hansen concernant l'organisation scolaire dans le cadre de la crise de la Covid-19

Mir kommen elo zur Question urgente Nummer 2462 vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Schoulorganisatioun am Kader vun der Covid-19-Kris. D'Madamm Hansen huet fënnf Minutten, fir d'Fro virzedroen. An d'Regierung huet zéng Minutten, fir drop ze äntwären. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. A menger parlamentarescher Fro vum 26. Juni, wou et ëm d'Zesummeleë vum de Klasse gaangen ass, hat ech u sech véier Bléck vu Froe gestallt. An ee Block ass awer guer net beäntwert ginn. Dat ass vläicht eng Déformation professionnelle, mee wann ech eng Fro stellen, hätt ech u sech och ëmmer gären eng Äntwert.

An do ass et u sech - vu datt d'Eltere sech awer Suerge maachen, elo wou d'Klasse beieneegeleucht gi sinn - ënner anerem drëm gaang, ob d'Schüler och géife speziell getest ginn. Ech hunn also gefrot, ob d'Regierung eng geziilt Testaktioun fir Schüler, Studenten an Enseignantë géif virgesinn, well déi jo elo déi zwou lescht Wochen nees zesummekommen, a wéi a wéini des Testaktioun dann och géif organiséiert ginn.

Zousätzlech dozou huet d'Modelliséierung vum 20. Juni jo nach eng Kéier kloer gesot, dass déi physesche Distanzéierung e signifikanten Afloss op d'Veerbreedung vum Covidvirus hätt. An des Distanzéierung ass eeben a grouse Klasse schwéier duerchzesetzen. Vu datt awer elo d'Schoulorganisatiounen, virun allem d'Lycéeën, ech mengen, an de Grondschoulen, do ass dat Meescht scho gelaf, mee an de Lycéeën gëtt d'Schoulorganisatioun elo gemaach, do wollt ech den Här Educationminister froen, ob hie bereet wär, fir op de Wee vu méi kleng Klassen ze goe beziéungsweis och méi kleng Klassen ze autoriséieren, fir esou de Recommandatiounen vun der physescher Distanzéierung méi a besser gerecht ze ginn.

Ech hat mech a Lycéeën informéiert. Déi hu gemengt, bei Klasse vun 20 an engem normale Klassenall kéint een eventuell déi 1,5 Meter anhalen.

An ech wollt dann och vum Här Minister wëssen, ob hie bereet wär, d'Contingentsberechnung u sech an deem Sënn unzepassen, a wa jo, wéi e se wëllt upassen, a wann nee, natierlech firwat net.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Den Här Educationminister Claude Meisch huet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och der Madamm Hansen, déi mer d'Geleeënheet gëtt, hei nach eng Kéier ze soen, an ech hat dat virun zwee Deeg gemaach, mee och dat ass e pedagogesche Prinzip, dass ee munches emol ëmmer erëm soll widderhuelen, da bleift et eebe besser hänken, dass mer och hei elo momentan eng Teststrategie hu fir d'Schoulen, fir déi komplett Öffnung vun de Schoulen. Déi gëllt souwuel fir den Enseignement fondamental wéi och fir de Secondaire.

An zwar ass et esou, dass all Schüler an all Enseignant an e Grupp vu fënnf agedeele gëtt an dass all Woch ee Schüler respektiv een Enseignant vun deem Grupp getest gëtt.

All Woch ka sech also ee Fënnfelt vun där ganzer Schoulcommunitéit teste loosse. An et ass esou, dass mer do awer nach ëmmer eng relativ grouss Participatioun hu par rapport zur Moyenne vun der Populatioun, déi awer net wäit vun der Hallschent ewech kënn. Domadder garantéiere mer, dass mer all Woch e Bild kréien, e Bild vun der Situatioun vum Covid-19 an de Schoulen. An domadder gi mer eis d'Méiglechkeet, och ganz schnell dorobber ze reagéieren, falls sech dach do eppes géif doen, falls de Covid-19 an där enger oder anerer Schoul, an där enger oder anerer Klass méi present wär.

An dofir nach eng Kéier den Opruff, wann een invitéiert gëtt, da wannechgelift an matzemaachen. Wou a wéi do getest gëtt, ech mengen, dat wësse mer, dass sinn déi Statiounen, fir dee Prelevement ze maachen, déi am Kontext vum Large-Scale-Testing uechtert d'Land stinn. 17 sinn et der jo, fir dat regional och iwwerall kënnen ofzedeeen.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, an dat ass jo awer och an der Chamberskommissioun, denken ech, den Dënschdeg en long et en large gemaach ginn, wou iwwert d'Modellisatioun geschwat ginn ass. An och déi Circumstances, déi där Modellisatioun zugronn louchen, dass do wuel de Prinzip vum Social Distancing an de Schoulen, am Fondamental, am Lycée, dass deen och gëllt, och elo an deem Kontext, wou mer eebe ganz Klassen hunn.

An natierlech kënnen mer net iwwerall d'Distanz vun zwee Meter do garantéieren. Dat ass evident. Virun allem och am Secondaire kënn ee sech do scho méi no. Mee all déi aner Sécherheetsmesuren, déi bleiwen a Kraaft. An och dat ass de Modell vum Social Distancing, wéi en an de Schoule virun an och elo beim Zesummeleë vun de Klassen applizéiert gëtt. An dat ass deen, dee mat an déi Modellisatiounen do eragefloss ass.

An ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer wierklech kee Grond hunn unzehuelen, souwuel wat déi international Etüden ubelaangt, nach emol wat eis Experienz aus de leschte Wochen a Méint zu Lëtzebuerg ubelaangt, dass wierklech Schüler Schüler ustiehen. Et gëtt nach net een eenzege Fall, wou dat kloer beluecht ass. Mir hunn e puer Fäll, wou mer et net kënnen ausschléissen, mee wou et gradesou gutt Iwwerleueung kéint ginn a gradesou gutt Grënn kéint ginn, dass déi selwecht Schüler sech anzwousch anescht ausserhalb vun der Schoul ugestach hätten. Da solle mer net permanent esou maachen, wéi wann dat hei d'Haaptgefor wär.

An ech denken, dass mëttlerweil jo awer jidder matkritt huet, wat d'Ursach ass vun deenen neien Infektiounen, vun deene méi héijen Zuele vun Infektiounen, nämlech all déi Aktivitéiten, déi net geuerdent sinn. An dat ass eeben net an der Schoul, well do ass Uerdnung, do hu mer nach ëmmer e ganz héije Sécherheetsdispositif an Hygiënesregelen.

Ech verstinn déi Iwwerleueungen an ech hu se och virgëschter nach mam Collège des directeurs, mat all den Direktoren vun all eise Lycéeën duerchgeschwat, fir natierlech ze kucken, do wou et méiglech ass, méi kleng Klasseneffektiver ze garantéieren. An ech mengen, d'Madamm Hansen weess dat ass hirer Erfarung als fréier Schouldirektesch, do kann een natierlech elo net higoen a soen: „Elo setze mer einfach de Maximum vum Effectif op 20“, well et hätt ee sécherlech d'Ressourcen net, déi personell Ressourcen net, fir dat ze maachen. Et hätt een och d'Raimlechkeeten net, fir dat ze maachen. A vu mir ass et eng Déformation professionnelle, fir net Saachen unzestoussen, wou mer herno hannen net wëssen, wou een erauskënn.

An duerfir mengen ech schon, dass mer hei musse kucken, wat wierklech noutwendeg ass. An ech hunn den Direktoren gesot an ech hunn och dem Service vum Secondaire a mengem Ministère gesot, dass do, wou Härtefall sinn, dass do, wou wierklech een de Sall net ka wieselen an en awer ze kleng ass, dass do, wou mer wierklech dann op de Maximum vum Klasseffectif, dee jo bei 29 ka leien, erukommen

a wou mer Méiglechkeeten hunn, dass mer dann natierlech kucken iwwert de Contingent an deenen Diskussiounen, déi all Direkter mat dem Secondaireservice a mengem Haus do féiert, dass mer do flexibel bleiwen, fir op déi Härtefall kënnen anzegoen.

An ech denken, dass mer doduerjer och net eng besser Hygiënessituatioun kënnen garantéieren, mee de Leit awer e Stéck vun hire Suergen an hiren Ängschten huelen, well och dat ass e bëssen d'Konklusioun vun deene leschten Deeg, virun allem am Secondaire, dass jo, déi Proximitéit tëscht de Schüler, tëscht de Schüler an den Enseignanten deem engen oder aneren nach Kappzerbriches mécht, och wann et net wierklech e wëssenschaftleche Fakt oder e wëssenschaftleche Beleg derfir gëtt.

Wat zousätzlech Ressourcen ubelaangt, do ass et jo och esou, dass d'Chamber hei à l'unanimité eng Motioun vun lech, Madamm Hansen, ugeholl huet. Mir wäerten och deemnächst do e Plang duerleeën, virstellen, fir kënnen Rattrapage an Appui iwwert d'Summervakanz, an awer och ee während deem éischten Trimester vum nächste Schouljoer 2020/2021 ze garantéieren. A mir wäerten do souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire de Schoulen déi néideg Ressourcen zur Verfügung stellen, fir dat kënnen ze maachen.

Dat, denken ech, ass eng wichteg Prioritéit, well mer wëssen, dass deen een oder deen anere Schüler eebe besser oder manner gutt duerch déi laang Phas vum Confinement oder duerch den Apprentissage en alternance vun den A- a B-Woche komm ass, a mer doduerjer deenen, déi vläicht net esou doheem ënnerstëtzt gi sinn, awer hei eng zousätzlech Hëllef sollen zur Verfügung stellen. An dat huet op jidde Fall Prioritéit bei den zousätzleche Ressourcen. An d'Direktiounen vun de Schoulen, souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire, wäerten déi zur Verfügung gestallt kréien.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationminister Claude Meisch.

12. Question élargie n° 30 de Mme Martine Hansen relative aux élèves à besoins spécifiques (EBS)

D'erweidert Fro Nummer 30 vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Schüler mat spezifische Bedierfnisse kënn als nächste Punkt. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Nach eng Kéier merci, Här President. Viru méi wéi dräi Joer hu mer hei an der Chamber zwee Gesetzer gestëmmt, wou et ënner anerem ëm den Encadrement vun de Kanner à besoins spécifiques et particuliers an och ëm déi sougenannte Kompetenzzentren goug.

An ech wëll hei direkt op eng Motioun zréckkommen, déi jo hei deemools eestëmmege ugeholl gi war. Ech hat deemools gesot: „Als CSV begreisse mer den allgemenge Prinzip, dass dese Schüler och besser, virun allem och méi séier an Zukunft gehollef soll ginn.“ Ech hunn awer och gesot: „Mir sinn eis awer net sécher, ob mat deem System, esou wéi en elo virgesinn ass, dëst och effektiv erreecht gëtt.“

Mir haten d'Regierung also opgeuerdert, fir innerhalb vun dräi Joer, an déi sinn elo ëm, eng Evaluatioun vun der Prise en charge vun de Kanner à besoins particuliers et spécifiques ze maachen a fir gegebenefalls déi néideg Upassungen a Verbesserung virzugesinn.

Duerfir direkt meng éischt Fro: Ass des Evaluatioun, déi jo dann eestëmmege beschloss gi war, gemaach ginn? Wa jo, wat sinn d'Konklusiounen? Wa se natierlech net gemaach gi wär, da wësst mer och gären, firwat dass se net gemaach gi wär a wéini dass se gemaach gëtt.

„D'Prozedur ass laangwiereg an et ass net genuch Direkthëllef um Terrain“, dat sinn d'Infoen, déi mir u sech vun de Leit kréien. Ech beschreiwen lech einfach emol eng Kéier d'Prozedur, déi ech vun engem Enseignant gesot kritt hunn. Hien huet mer einfach ee Beispill ginn, an ech hunn een Numm dragesat, well ech weess jo net, ëm wien et gëtt. Den Numm ass sécherlech falsch.

„Den 19. Juli d'lescht Joer hu mer de Jempi - also den Numm ass erfount - an der Direktioun gemellt, fir hien testen ze loosse. De 14. a 15. Oktober ass e Bilan cognitif gemaach gi vu Psychologen. Ufangs November ass dunn e Bilan pédagogique gemaach ginn. Ufangs Januar ass dunn dem Jong säi Fall an der Commission d'inclusion behandelt ginn. Den Elteren an dem Léierpersonal si Bilane presentéiert ginn. Et ass dunn decidéiert ginn, fir de Jong an e Kompetenzzentrum ze mellen. D'Enseignanten



tiques“ vun der Inklusioun, well dat jo awer nach ëmmer ee vun eisen Hauptziler ass. A mir wëssen, datt mer nach ëmmer op Widerstänn op eenzelne Plazen do stoussen. An dann hëlleft et ze weisen, wat et schon alles Guddes gëtt. Dann hëlleft et ze weisen, datt ee mat ganz ville Moyenen dann awer och ganz viles kann erreechen.

An eeben och d'Iddi vun der Inklusioun, datt mer déi weider bei d'Schüler bréngen, bei all Intervenant bréngen, fir datt mer lues a lues awer och do ronderëm e Konsens kréien, datt mer eis allegueren an der Gesellschaft, an dat ganz besonnesch eeben och all Acteur vun der Schoul, fir eng gesond an eng gelongen Inklusioun vun all de Kanner, mat all hire ganz ënnerschiedleche Besoinen, mussen asetzen an dat all Dag.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Motioun elo nach net gelies, mee wann et dat ass, wat d'Madamm Hansen hei exposéiert huet, dann, denken ech, kann ech domadder elo, à ce stade, net d'accord sinn. Well éischters emol, dat, wat gefuerdert gëtt, hu mer an enger gewëssener Form. A wa mer hei soen: „Mir maache gären eng Evaluatioun vun deem ...“

(Le texte de la motion est remis à M. Claude Meisch.)

Villmools merci!

„Mir maache gären eng Evaluatioun vun deem ganze System, fir duerno ze kucken, wéi mer solle weiderfuere“, da solle mer och déi Evaluatioun ofwaarden an dann och zesumme kucken, wou mer nach eemol mussen eng Schëpp bäileeën. Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt dat op méi wéi enger Plaz wäert sinn, well Inklusiounspolitik ze maachen, dat heescht, permanent weider Efforten ze maachen a permanent ze kucken, wou mer eis nach selwer kënnen verbesseren.

Villmools merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

15.7599 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Ech géif proposéieren, datt mer elo de Projet de loi 7599 huelen an datt mer duerno iwwert d'Motioun ofstëmme. Da géif ech direkt dem Rapporteur vun deemem Projet de loi, dem honorabelen Här André Bauler, d'Wuert ginn. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer direkt am Ufank, lech de Kontext vun deemem Gesetzesprojet unhand vun zwee Beispiller ze illustréieren.

Huele mer einfach zwee Lëtzebuurger Studenten, d'Martine an de Gilles.

(Exclamations)

D'Martine studéiert Biologie op der Uni zu München an ass am leschte Semester vun sengem Masterprogramm ageschriwwen. Normalerweis hätt d'Martine dëst Semester säin obligatoresch Stage de fin d'études an engem renommierte Münchener Laboratoire gemaach. Déi fläisseg Studentin hat sech richteg drop gefreet, fir am September endlech hire Masterdiplom ze kréien an dem Studenteliewen domat een Enn ze setzen. Den Ausbruch vum Coronavirus huet seng Pläng allerdéngs op d'Kopp gehait. Et huet knapps dräi Wochen als Stagiaire geschafft, bis et op eemol geheescht huet, et misst dohem bliwen. De Laboratoire huet seng Dieren zougemaach an dem Martine säi Kontrakt gouf souguer annulléiert. Schlussendlech ass him näischt anescht iwwregbliwen, wéi säi Stage, an domat och säin Ofschloss, em e ganz Semester ze verréckelen.

Änlech ass et dem Gilles ergaangen. Hien ass Geschichtsstudent op der Uni Lëtzebuerg a sollt dëst Semester seng Masterthees schreiwen. Just wéi hie mat senger Recherche wollt ufänken, hunn d'Lëtzebuurger Bibliothéiken an Archiven hir Dieren zougemaach. Dëst huet dem Gilles seng Aarbecht extreem erschwéiert. Fir seng literaresch Recherche ass hien nämlech deelweis op historesch an, jo, literaresch Quellen ugewisen, déi net am Onlineformat disponibel, verfügbar sinn. De Coronavirus huet also och dem Gilles e Stréch duerch d'Rechnung

gemaach a fir eng ongewollt Verlängerung vun sengen Etüde gesuergt.

Fir béid Studenten huet dës Verlängerung grouss Konsequenzen! Engersäits gëtt hir Entrée an d'Beruffsliewen em en halleft Joer verréckelt, anerersäits kascht dat zousätzlech Semester eng gutt Staang Geld. Béid Studente mussen e weidert Semester hir Aschreiwungskäschte bezuelen, a fir d'Martine kommen nach sechs Méint Loyer zu München derbäi.

Bis ewell hu béid Studenten all Semester hir Bourse an hire Prêt beim CEDIES ugefrot. Ouni dës finanziell Hëllef hätte si sech hire Studium net kënnen leeschten. Allerdéngs stelle si sech elo d'Fro, ob si och fir dat zousätzlech Semester finanziell ënnerstëtzt ginn. Falls net, kéinte si an eescht Schwieeregkeete geroden. Hir komplett Studie kéinten eigentlech um Spill stoen.

Léif alleguer, mam Ausbruch vum Coronavirus hunn d'Unie quasi weltwäit hir Diere missen zoumaachen. Vun engem Dag op deen anere goufen all Virlesungen annulléiert a sämtlech Universitätsgebäuer waren zou, dorënner och d'Bibliothéiken an d'Laboratoire. De Presenzunterricht gouf, do, wou et méiglech war, duerch den Enseignement à distance ersat an och Exame konnte just nach online geschriwwen ginn. D'praktesch Aarbechten an d'Stagé goufen entweder annulléiert oder op spéider verluecht.

D'Majoritéit vun den Universitëten huet grouss Ustregunge gemaach, fir d'Organisatioun an d'Evaluatioun vun hire Programmer a kuerzer Zäit unzepassen. Trotzdeem riskéiere vill Studenten, ënnert de psychologeschen Effeten an den alldeegleche Barrière vun der Kris ze leiden. Besonnesch déi Jonk, déi am Ausland studéieren, hu mat groussen administrativen an organisatoreschen Hürden ze kämpfen. Ech denken do zum Beispill un d'Zoumaache vun de Grenzen, un d'Reesverbueten an un d'Ausfall vun de Volle mam Fliger. Duerch d'Konsequenze vun der sanitärer Kris konnt d'Sommersemester 2019/2020 a ville Fäll net wéi geplangt ofgeschloss ginn. Verschide Studenten hunn elo keen anere Choix, wéi hir Etüden em e weidert Semester am Hierscht ze verlängeren.

D'Regierung huet eis gesot, datt si sech bewosst ass, datt vill Studenten Angscht em hir akadeemesch Zukunft hunn. Eng Verlängerung vun de Studie bréngt ëmmer zousätzlech Käschte mat sech, sief dat fir d'Aschreiwung op der Uni oder fir de Loyer. Besonnesch fir Famillje mat niddregem Akomme stellt d'Finanzéierung vun engem zousätzleche Semester e grouse Problem duer. D'Regierung wollt a wëllt verhënneren, datt déi Studenten, déi am Sommersemester 2019/2020 op enger Uni ageschriwwen waren, duerch d'Suite vun der Coronakris benodeelegt ginn. Si sollen déi selwecht Chance op e gudden Ofschloss hu wéi all déi aner Joergäng. Fir de betraffene Studenten ënnert d'Äerm ze gräifen, accordéiert den Héichschoulministère eng zäitlech Verlängerung vun hirer Studiebahihëllef.

Dëse Projet de loi proposéiert zwou Derogatiounen zum Gesetz iwwert d'Aide financière vum Lëtzebuurger Staat. D'Zil vun dësen zäitweiligen Ännerungen ass et, fir d'Chancgläichheet vun eise Studenten ze garantéieren.

Déi éischt Derogatioun betrëfft déi maximal Dauer, wärend där e Student/eng Studentin seng/hir Bourse a Prêt beim CEDIES kann ufroen. Dës Dauer soll fir all Persoun, déi wärend dem Sommersemester 2019/2020 op enger Universitëit oder Héichschoul ageschriwwen war, em ee Semester verlängert ginn.

Konkreet bedeit dat Folgendes: Am Fall, wou ee Student/eng Studentin seng/hir Etüden net an där Zäit packt, déi offiziell fir de Parcours virgesinn ass, dierf hien/si wärend dräi zousätzleche Semester vun der Aide financière profitéieren. Bis ewell war dës zousätzlech Dauer op nëmmen zwee Semester beschränkt. Déi maximal Dauer fir d'Attributioun vun der Studiebahihëllef gëtt also vun aacht op néng Semesteren eropgesat.

Déi zweet Derogatioun betrëfft d'Kontroll vun Leeschtungsfortschritt vun de Bachelorstudenten. Dem Gesetz no kann de Ministère eng Demande fir d'Studiebahihëllef verweigere, wann e Student bestëmmt Leeschtungskritären net erfëllt. Nom zweete Joer gëtt dofir kontrolléiert, ob de Student genuch ECTS-Punkte gesammelt huet, fir och am drëtten Joer eng finanziell Ënnerstëtzung kënnen ze kréien.

Am Kader vun der Coronakris goufen allerdéngs eng Rëtsch Studenten an hirem normale Fortschritt gehënnert. Dofir proposéiert dëse Gesetzesprojet, d'Kontroll vun Leeschtungsfortschritt em ee Joer no hannen ze verréckelen. D'Kontroll géif dann eréischt nom drëtten Joer gemaach ginn. An deem Fall géif da gekuckt ginn, ob de Student/d'Studentin fir säin/hiert véiert Joer, also fir d'Verlängerung vun sengem/hirem Bachelorstudium eng zousätzlech Studiebahihëllef beim CEDIES kéint ufroen.

Am Ufank hunn ech lech d'Situatioun vun Martine a vum Gilles erkläert. Dës jonk Lëtzebuurger sinn nëmmen zwee vu ville Studenten, déi mat de Follge vun der sanitärer Kris ze kämpfen hunn. Déi zousätzlech Käschten, déi dat nächst Semester op si wäerte duerkommen, kéinte spierbar Konsequenzen hunn. Ouni d'Hëllef vum Staat kéinten hir gesamt Etüden eventuell um Spill stoen.

Ech wëll op dëser Plaz nach eemol betounen, wéi wichteg et ass, fir de Studenten an dës schwieerege Zäiten ënnert d'Äerm ze gräifen. Den akadeemesche Parcours vun eise jonke Matbieger dierf net ënnert de Follge vun der Viruskrise oder der Coronapandemie leiden. Dat gesot, soen ech lech all Merci fir Är Opmierksamkeit an déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, déi och vum President Gilles Baum mat vill Kompetenz geleet gëtt, a vill Geduld och munchmol.

E spezielle Merci un d'Joëlle Merges aus der Educatiounskommissioun an d'Lynn Strasser aus eiser Fraktioun. Am Numm vun der DP-Fraktioun begrëissen ech dann och d'Efforte vun der Regierung an deem Kontext, besonnesch dem Héichschoulministère. An ech ginn dann och schon den Accord vun eiser Fraktioun, déi sech och weiderhi fir d'Chancgläichheet vun eise Studenten asetzt. Mir loosse keen am Ree stoen.

Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert agedroen. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President, fir d'Wuert, an dem Rapporteur fir säi flotten, bildeche Rapport. Er huet eis mëndlech hei ganz plastesch duergestallt, wourëm et am Fong geholl geet an deemem Gesetz. E Gesetz, zu deem, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'CSV hir Zoustëmmung wäert ginn.

Wéineg Mënschen a kaum eng Beruffsgropp kommen ouni Aboussen duerch d'Coronakris, déi sech bal vun enger sanitärer Kris an eng wirtschaftlech Kris ëmgewandelt huet. An dat wäert och nach laang undauern.

Déi Kris treëft natierlech och d'Studenten, an zwar op zwee Pläng. Als éischt, wann d'Studenten dëst momentant Summersemester net ofschléisse kënnen, well Coursen an Examen ausgefallt waren, esou si se natierlech do an hirem akadeemesche Parcours net gutt drun. An dofir kann elo mat deemem Gesetz en zousätzlech Semester u Studentebähilëfe vum nächste Semester un, falls et gebraucht gëtt, vun hinnen an Usproch geholl ginn.

Kuerz Klammer op: D'Uni.lu, déi huet no alle Méiglechkeete probéiert, déi ganz Zäit hei ze iwwerbrécken, mat Coursen op Distanz, mat Stagen, TDen, Examen, wou den Datum no hanne geréckelt ginn ass. An dat schéngt och zimmlech gutt ze funktionéieren a funktionéiert ze hunn. Trotzdeem bliwen ëmmer Fäll, wou et ka sinn - et ka jo och am Ausland de Fall sinn, well wann de Student dann am Ausland ass, ass et e bësse méi schwéier heiansdo, fir et och nach genauos an deenen Normen hinzerkriegen. Klammer zou.

Et gëtt awer nach eng zweet Kategorie vu Studenten, déi dës Kris treëft. An un déi ass net geduecht ginn an deemem Gesetz. Dat sinn déi, déi finanziell méi schlecht dru sinn. Fir si geet eng spéider Verlängerung vun der Lafzäit net duer. Si hunn elo de Problem! Elo, wa si hire Studententjob duerch Coronaaschränkungen net maache konnten, dann hu se keng Suen. Oder wann hir Elteren an der Kuerzaarbecht waren. Oder wann hir Elteren hire Betrib vlächht hu missen opginn. Grad déi mannerbeméttel Studente ginn also duerch d'Coronakris domadder duebel betraff. An dat ass scho bal eng Diskriminéierung, well finanziell Suere sollten net verhënneren, datt si hire Studium viruféiere kënnen, datt hiren akadeemesche Parcours net ka bis hannenhinner gaange ginn an datt domadder och dem Land e Stéck vun neiem Knowhow, dee si an der Zukunft mat géife bréngen, feelt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir mussen also oppassen, datt mir kee Problem beim Droit à l'éducation, beim Zougang zu Héichschulstudie kréien. Natierlech gesäit d'Gesetz haut scho Méiglechkeete vir. D'Méiglechkeet fir d'Majoratioun vun der Aide financière, wann eng ganz schlëm Situation an aussergewéinlech Chargen do sinn; 500 Euro Prêt a 500 Euro Subsid kann een dann eemol am Joer zousätzlech kréien. Dat huet och de Ministère oder de CEDIES gläich op Facebook bekannt gemaach, datt dat de Studente soll huerteg bekannt ginn. Dat ass och ganz gutt. Et gëtt och nach eng aner Méiglechkeet: Studenten, déi eng Bourse sociale kënnen kréien, an dat eemol am Semester.

Mee wat ass dann, wa se déi do Saache souwiso schon hu missen an Usproch huelen, ouni den Impakt vun der Coronakris? Wat ass mat de Studenten aus Drëttlänner, déi op der Universitëit vu Lëtzebuerg studéieren, déi keng Bourse kënnen kréien? Wéi ass et do gaang mam Hardship Fund vun der Uni? Kéint Dir eis do, Här Minister ... Et wär gutt, wann Dir eis do géift kënnen Zuele ginn. Wann Der géift nolauscheren, kéint Der eis se sécher och ginn, well da kënnen mer dat besser aschätzen. Well ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech menge wierklech, mir mussen hei op eppes ganz gutt Uecht dinn: datt déi Defavoriséiert net nach méi defavoriséiert ginn. Well Corona mécht Ongläichheeten nach méi grouss. A wa mer kee wëllen am Ree stoe loosse, wéi de Rapporteur André Bauler gesot huet, da mussen mer hei ganz gutt oppassen a mer mussen eventuell hei och aktiv ginn.

An esou richteg wéi dëse Gesetzesprojet och ass, dee mir ënnerstëtzen, dee geet awer fir déi Situatiounen net duer. Et muss een also d'Situatioun am A behalen. Et muss Konklusiounen aus der aktueller Situatioun gezu ginn. An do ass vlächht d'Covidkris d'Geleeeheet, fir iwwert déi Punkte vum Gesetz nach eng Kéier nozedenken. Geet am Härtefall d'Majoratioun duer oder muss se vlächht pro Semester ausbezuelt kënnen ginn? Muss d'Bourse fir sozial Krittere vlächht geännert ginn? An esou weider.

An et ass ënnert dës Konditiounen, wou mir eis Zoustëmmung als CSV zu deemem Gesetz kënnen ginn, mat der Maassgab, datt et wichteg ass, weiderhin ze kucken, datt Corona déi Ongläichheeten, déi bestinn an déi duerch Corona souwiso ervirgeruff gi sinn, net nach méi grouss mécht.

Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President. Ech maachen dat hei vun der Plaz aus, well dem Rapport, deen den Här Bauler grad gemaach huet, deem ass eigentlech näischt méi bäizefügen. Dee war ganz ausféierlech an och ganz ..., dat huet och jiddweree verstanen, mat deene Beispiller, déi e ginn huet, wéi mer dat vum Här Bauler gewinnt sinn.

Ech mengen, et geet hei drëm, dass mer déi Delaie verlängeren, dass all d'Studenten déi selwecht Chance hunn, hir Studien och kënnen fäerdeg ze maachen, dass se kënnen déi Aide ufroen. An dat ass eng ganz wichteg Saach, déi mer hei maachen. An dofir kann ech nëmmen den Accord gi vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. An ech ginn d'Wuert direkt virun un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deemem Projet vun haut modifizéiere mer d'Gesetz vum 24. Juli 2014 zu de finanziellen Hëllef fir Studenten.

Wann een am parlamentareschen Dossier vun deemools noliest, da fält engem eng kuerz Formulierung an d'A. Et steet nämlech zu dem System vun Hëlfelefen dran, dass Zitat: « ... il respecte la situation socio-économique de l'environnement dans lequel vit l'étudiant ». Och wann deemools eppes komplett aneschter mat där Formulierung gemengt war, kënnst een dach iergendwéi haut net komplett derlaanscht fir ze bemerken, dass de Projet vun haut den Usproch vum Gesetz vum 2014 a Coronazäite soll sécherstellen.

E formale Bildungsabschluss, a besonnesch en Héichschulabschluss ass an enger sech rapid ännerender Aarbechtswelt net deen eenzeg, awer nach ëmmer ee ganz klasseschen Zougangsweg zu gutt bezuelten, erfëllenden an zukunftssecherende Beruffer. Wa mir also an dësen Deeg queesch duerch de politesche Spektrum vu „Resilienz“ schwätzen, da solle mir net vergiessen, dass Bildung, an domat de Projet vun haut, en zentrale Resilienzfacteur vun eiser Economie sinn.

De Rapporteur André Bauler huet a sengem exzellenten an héchst pedagogesche Rapport schon d'Detailer vun dem Projet de loi erkläert, dofir brauch ech dat hei net ze widderhuelen.

Erlaabt mer awer, fir ee Punkt erauszepicken. Eis Fraktioun begrësst et ausdrécklech, dass op Urode vum Staatsrot d'Gläichbehandlung vu Studente mat engem zertifizéierten Handicap séchergestallt gouf a se elo genauos automatesch vun de Mesurë vum Projet de loi kënnen profitéieren ewéi hir Kommilitonen. Bildung ass zentral, fir en inklusiven Aarbechtsmarché ze erméiglechen. An dofir dierf mer hinne keng extra Steng an de Wee leeën.



Mir hunn et net méi spéit wéi virgëschter op dëser Plaz am Kader vun honorabelen Här Paul Galles senger Fro zum Jugendchômage schonn däitlech héieren: Déi Jonk gehéieren zu deene soziale Gruppen, déi d'Auswierkung vum der aktueller Konjunkturkris besonnesch akut spieren. Déi, déi schaffe ginn, hunn oft nëmmen e CDD a sinn domat déi Éischt, déi hir Plaz verléieren. Déi, déi studéieren ginn, em déi et haut hei geet, hunn oft hir Studentenjobs verluer, déi jo klasscherweis am Horeca oder am Evenementiel sinn.

Et geet dréms ze verhënnern, dass Studenten aus finanzielle Grënn, déi sech komplett hirer Kontroll entzéien, hire Studium net kënne fäerdeg maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass gutt a wichtig, dass mir dat Thema uginn an dat och virun e puer Deeg schonn emol gemaach hunn, mee et stëmmt awer och, dass de Projet vun haut a méi wéi enger Hisiicht de Revers vun der Medail vun deem statistesch ganz héije Jugendchômagetaux vu Lëtzebuerg duerstellt. Wéi de Stater an enger Nott schonn 2013 festgestallt huet, läit déi langfristeg Hausse säit méi wéi zwee Joerzénge zu engem groussen Deel och dorunner, dass ëmmer méi Jonker studéieren ginn an domat d'Proportion vum der Population active an hirer Altersgrupp erofgeet.

Wann deen Effet zu Lëtzebuerg besonnesch staark ass, dann och, well de System vu Boursen a Prëten, wéi mir e mam Gesetz vun 2014 en place gesat hunn, esou performant ass. Dorop kënne mir houfreg sinn. Gläichzäitg si mer eis awer och bewosst, dass an eisem Schoulsystem nach eng ganz Rei vu sozioökonomeschen Ongerechtegkeeten existéieren, déi Jonker kënnen dervunner ofhalen, fir en Ofschloss ze errechen, deen hinnen den Zougang zu engem Studium erméiglecht. Wa si deen awer bis an der Täsche hunn, dann erlaabt de System vu Boursen a Prëten enger ganz grousser Zuel vun hinnen, fir dat ze studéieren, wat si wëllen an och wou si wëllen. An dat ass eng Win-win-Situatioun, fir déi Jonk, déi sech kënne professionell a perséinlech verwickelen, fir eis Gesellschaft, déi doduerch méi resilient gëtt, a fir eise Staat, dee seng Ënnerstützung, iwwert déi ganz Karriär vun deene Jonke gekuckt, em e villfacht erëmbezuelt kritt duerch méi héich Steieren an aner Effekter.

Dëse Gesetzesprojekt stellt sécher, dass dëse funktionéierende Mechanismus net duerch Corona beschiedegt gëtt. An dofir kënne mir dësen als Fraktioun mat béiden Hänn ënnerschreiw.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech kann et déi Kéier kuerz maachen. Den Här Bauler huet en exzellente Rapport gemaach, fir dee mir och Merci soen. Vun eiser Säit aus begrësse mer dëst Gesetz. Et ass, mengen ech, ausgibeg beschriwwe ginn, wéi wichtig et fir vill Leit an dëser Situatioun ass. Dofir stëmme mir et och als ADR ganz gär mat.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech dee Projet de loi och matstëmme. Natierlech deele mer awer och nach d'Suerg, déi d'Chambre des Salariés am Kontext vun dësem Projet de loi expriméiert huet, dass am Kontext vum Covid vill Studenten och op hire Studentenjob hu mussen verzichten an dat een och fir déi nächst Méint muss virusgesinn, dass een d'Bourse sociale entwedeer erhéicht, also sécherlech erhéicht, an awer och nach de Prêt och erhéicht, deen zurzäit zur Verfügung ass. Ceci étant dit, wäerte mer dat matstëmme.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat der Covid-19-Pandemie a mam Confinement hu vill Leit, inklusiv de Studenten, gelidden. Ob jonk oder al, alleguerte ware mer dervu betraff. An alleguerte mussen mer elo kucken, fir mat de Konsequenzen dovunner eens ze ginn.

Am Gesetzesprojekt vun haut geet et éischerter déi Jonk. An och dat ass wichtig, well d'Studentinnen an d'Studenten, dat ass d'Zukunft vun eisem Land. A wa mer eis em eis Matière grise als eng vun eise Matière-première Gedanke maachen, dann ass dat zu Recht, dass mer deene Leit hëllef wëllen.

Mir decidéieren also haut eng Ofännerung vun de CEDIES-Konditiounen, fir esou de Studenten

entgéintzekommen, déi, jo, wéi mer alleguerteren e bësse vun der Covid-19-Kris iwwerrascht goufen an touchéiert goufen.

Mir Piraten begrëssen deen heite Projet, an dat d'Initiativ geholl gëtt, fir d'Studenten a Studentinnen an hirem Effort, op de villen Universiteiten an Héichschoulen op der ganzer Welt weider ze studéieren, ze ënnerstëtzen. Et ass fir eis méi wéi evident, dass mer der Bildung mussen Virrang ginn. Et ass eng Plaz, wou een net d'äer spueren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojekt geet an déi richteg Richtung. Allerdéngs gëtt et, an de Kolleeg David Wagner huet et elo grad nach eng Kéier gesot, och Bemollen. Esou huet d'Chambre des Salariés an eisen Aen zu Recht kritiséiert, dass eebe grad net genuch gemaach gëtt fir déi Studentinnen a Studenten, déi opgrond vun der Pandemie hire Studentenjob verluer hunn. Grad déi wäerten an deenen nächste Wochen a Méint besonnesch touchéiert ginn. Déi, wou et eeben trotz der dach substanziereller Hëllef vum Staat net ëmmer duergeet.

Et gëtt verschidde Grënn, firwat dat net duergeet. Engersäits well se op Unie sinn, wou d'Liewensënnerhaltungskäschten immens héich sinn, anerersäits well se aus engem Stot kommen, wou wierklech all Cent gebraucht gëtt a wou déi puer Euro eeben net méi do sinn, fir d'Studentinnen oder d'Studenten ze ënnerstëtzen. Deementspriedend wäert et fir déi ganz besonnesch haart ginn. Grad déi, an an Däitschland gëtt et deen Term „Arbeiterkinder“, déi, déi an enger éischerter Generatioun op d'Uni ginn, déi, déi dee ganzen Houfert vun hirer Famill sinn, well se et packen, als Éischt aus der Famill op d'Uni ze goen, hunn et meeschtens finanziell méi schwéier. A grad do wär eis Hoffnung gewiescht, dass een nach eng Kéier e Gest méi kéint maachen, dass een deenen nach weider kéint entgéintkommen, well et ass schonn en Effort, als Éischten aus der Famill op d'Uni ze goen.

Et ass en zweeten Effort, wann een dann ni der Workload, déi mam Bologna-Prozess agefouert gouf, déi iergendwou, jee nodeem wéi e Referenzkader een unhëlt, zwëschen 35 a 45 Schaffstonne fir d'Uni pro Woch läit, dass een dann och nach 10 oder 20 Stonne schaffe geet, fir sech säi Studium ze finanzéieren. Dat ass eng Belaaschtung, déi net nëmmen duebel ass, dat ass eng dräifach Belaaschtung. A genau do sollte mer nach nobesseren.

Dëst ass awer an deem heite Projet just e kleng Bemoll. Et ass awer e Bemoll, deen et derwäert ass, ugeschwat ze ginn. Trotzdem, well de Projet ganz ville Schülerinnen a Schüler, Studentinnen a Studente wäert hëllef, kann ech den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Héichschulminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Jo, merci, Här President. Och e grouse Merci, fir déi breet Zoustëmmung hei vun der Chamber.

Et war kloer, wéi mer d'Auswierkung vun der Covidkris gesinn hunn, déi éischt Auswierkungen, dass mer festgestallt hunn, dass ganz vill Studentinnen a Studenten dorënner géife leiden. An déi Grënn, déi sinn hei de Mëtteg opgefouert ginn, ënner anerem och vum Rapport André Bauler, deem ech wëll Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an déi ganz flott Beispiller, mat deenen en hei probéiert huet, d'Sachlag ze illustréieren.

Duerfir hu mer eis relativ schnell och am Héichschulministerium kuerzgeschloss mat der ACEL, dem Daachverband vun de Lëtzebuurger Studenten, an hu gekuckt: Wat si wierklech d'Problemer? Wat fir eng Situatiounen kënne punktuell optauchen? An do waren et natierlech déi zwee Punkten, déi hei och diskutéiert goufen.

Deen een, wou ee mol vläicht säi Studentenjob verluer huet, wou eng aner Recette vläicht ewechgefall ass, wou vläicht eng Depense bäikomm ass, wou mer eis zesummen eens gi sinn, eeben déi Häertefallreegelung elo auszewäiten, ganz speziell elo hei fir dës Covidkris.

An awer och, dass natierlech doduerjer, dass d'Unien deelweis zou waren, ee sech net konnt esou op säin Examen préparéieren, soudatt et kéint sinn, dass een och emol dat Semester als sougenannt Covidsemester dach awer verluer hätt, dass mer also déi Duréeeën, wou een eng Bourse zegutt huet, misste cas par cas kënnen adaptéieren. Duerfir sinn ech frou, dass mer hei och mat der ACEL op déi dote Lösung komm sinn. An ech soen der Chamber Merci fir déi Zoustëmmung hei.

Datt een natierlech ëmmer nach ka méi maachen - an ech denken, déi eenzel Riedner hu

sech d'Méi gemaach, och op eenzel Punkten hincweisen -, dat ass kloer. Am Regierungsprogramm steet och, dass mer am Laf vun dëser Legislaturperiod wäerten eemol e Bilan zéie vun de Studenteboursen a kucken, wou een da punktuell nach eng Kéier kann intervenéieren.

Ech denken awer och, dass an deene leschte Jore kloer ginn ass, dass de System, wéi mer en zanter 2014 hunn, wou mer jo ganz besonnesch eng Sozialstaffelung hunn, dass deen awer assuréiert, dass déi, déi méi brauchen, och däitlech méi kréien. Datt deen, dee virdu vläicht mam ale System 6.500 Euro Bourse kritt huet, dass deen elo déi cumuléiert Bourse bis op 9.400 Euro kann eropsetzen a mam Prêt dann och nach eng Kéier bis op 15.900 Euro Recetté ka kommen, wou en awer, denken ech, an deenen allermeeschten Universitätsstied an Europa misst kënnen eens ginn, fir do ze studéieren. Gläichzäitg hu mer jo och d'lescht Legislaturperiod nach den Effort gemaach, dass mer och déi Boursen an déi Montanten do indexéieren, fir dat mer och do se de Liewenshaltungskäschten upassen, amplaz dass mer do ëmmer erëm e grësseren Ecart géife kréien.

Zur Fro vun de Studentenjobbe wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass och grad mäin anere Ministère, den Educatiounsministère, awer hei probéiert huet, virun allem deene Studentinnen a Studenten, déi am Land sinn, eng Alternativ unzobidden, eeben och iwwert déi lescht Wochen a momentan nach an de Grondschoule kënne matzointervenéieren, an de Betreuungsstrukture kënne matzointervenéieren.

A mir si jo och amgaangen, wéi ech virun ugekënnegt hunn, e Programm opzeleeë fir d'Summervakanz, wou mer och nach op d'Hëllef vu Studente wäerten zréckgräifen. An ech denken, dass fir déi, déi sech besonnesch ervirgedoen hunn an där Hëllef do an eise Bildungsstrukturen, mer och nach e Besoin hätten an d'nächst Schouljor eran, op jidde Fall am éischen Trimester, fir deene Schülerinnen a Schüler ënnert d'Äerm ze gräifen, déi net esou gutt duerch d'Covidkris komm sinn. Dat ass och eng ganz konkret Hëllef fir ganz vill Studenten, déi vläicht hiren normalen Job verluer hunn, awer hei en Ausgläich konnte kréien an nach eng Kéier sech besonnesch fir eis alleguerten a fir eis Kanner konnten engagéieren.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Héichschulminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi 7599. Den Text steet am Document parlementaire 7599⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7599 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 59 Jo-Stëmme ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7599 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

16. Motion de Mme Martine Hansen au sujet de la mise en place au sein de l'enseignement fondamental de services ou structures d'accompagnement et d'encadrement des élèves à l'instar du SePAS

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 759 de ce compte rendu)

Da kéime mer zur Ofstëmmung vun der Motioun iwwert d'Services ou structures d'accompagnement et d'encadrement, déi virdu vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass. Kënne mer do à main levée ofstëmme?

Nee, den Här Baum wëllt nach d'Wuert ergräifen.

Discussion générale

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hu mer dat doten ugekuckt. Den Här Minister huet gesot: „Effektiv, mir hunn eng Rei I-EBSen, déi scho mat de Kanner schaffen.“ I-EBS, fir déi, déi net esou doheim sinn an den Ofkierzungen: Instituteur pour enfants à besoins spécifiques. Do dernieft hu mer 15 Direktiounen, bei deene souwuel Léierpersonal ugestallt ass, Pedagogen, Psychologen, Educateurs, déi eraus op den Terrain ginn, fir d'Diagnos ze maache bei de Kanner, déi en difficulté sinn.

D'Madamm Hansen huet d'Beispill zitéiert hei, an effektiv jo, wann een Eteren ass an et huet een e Kand, wat Schwiereregkeeten huet, da geet et engem ni schnell genuch. Ech kann dat soen, well ech e relativ gudden Drot an deen do Secteur an an déi Berufsgrupp do hunn, dass do wierklech ganz, ganz proaktiv geschafft gëtt.

Da gëtt et déi sechs (veuillez lire: aacht) Centres de compétences, déi mer jo an d'Liewe geruff hu virun dräi Joer. An ech wëll awer vläicht hei nach eng Kéier drop hiweisen, wat an de Schoulen, an de Klassen intern geschitt, fir déi Kanner opzefänken, déi Schwiereregkeeten hunn. Ech hiewen do den Teamteaching ervir, mat deem mer bei eis an der Gemeng zu Jonglänner ganz gutt Erfarunge gemaach hunn. Mir hunn eng ganz Rei Léierpersounen, déi ganz gutt kënnen differenzéieren, déi den differenzierten Unterrecht féerden. Da gëtt et Accueilsklassen, et gëtt och Appui gehalten an der Schoul, fir d'Kanner ze ënnerstëtzen. A wann ech richteg informéiert sinn, muss och all Léierpersoun am Fondamental all Joer eng ganz Rei Stonnen Appui selwer halen.

Den Här Minister huet effektiv gesot, dass een de Fonctionnement vun der CNI misst analyséieren. Ech géif der Chamber proposéieren an de Kolleegen heibanne proposéieren, mir sollten d'Evaluatioun ofwaarden, déi mer versprach kritt hunn, wéi mer 2017 d'Gesetz gestëmmt hunn. Mir sollten elo an de Gemengen net Waasserkäpp opbauen. An duerfir géif ech proposéieren, dës Motioun hei net ze stëmme.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Sinn nach weider Wuertmeldungen do?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kënne mer iwwert déi Motioun ofstëmme.

Vote sur la motion

Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 32 Jo-Stëmme bei 32 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 27 voix pour, 31 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;



Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Bianca-lana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

17. Question urgente n° 2465 de M. Marc Spautz concernant la détection de la Covid-19 au sein de l'armée

Mir kommen elo zur Question urgente Nummer 2465 vum Här Marc Spautz iwwert de Covid-19 an der Arméi. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert. Als Frosteller hutt Der fénnef Minuten, fir Är Fro ze stellen, an dem Minister stinn zéng Minuten zou. Här Spautz, wannechgelift.

M. Marc Spautz (CSV).- Merci, Här President. Merci och dem Minister, dass en esou kuerzfristeg komm ass. Ech wollt d'Fro stellen, ob bei der Arméi Covid-19 festgestallt ginn ass, ob dat bei der Arméi ass oder bei de Rekruten, mee insgesamt bei deene Leit, déi am Déngscht vum der Arméi sinn. Wann dat de Fall ass: Wéi ass dorop reagiert ginn?

An da wollt ech och wesse vum Minister, wat do geplangt ass. Gëtt eis Arméi reegelméisseg op Covid-19 analyséiert? Ginn do reegelméisseg Tester gemaach? A wann dat de Fall ass, wéi gëtt dorop reagiert, wa festgestallt ginn ass, dass de Covid do ass? Well déi Leit jo awer och ganz enk zesummeschaffen an zesummen am Déngscht sinn. A wat ass do d'Virgeehensweis, wat ass d'Konzept vum der Arméi, fir géint déi Problemer kënne virzegoen?

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Spautz. An da ginn ech d'Wuert un den Här Verdedegungsminister François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch, Ministre de la Défense.- Merci, Här President. Bei der Arméi hu mer bis elo, zënter datt d'Covidkris amgaangen ass, ganz genau siwe Positiv. Fénnef ganz am Ufank, déi sinn och de 6. Mee 2020, also scho viru bal zwee Méint, als erëm geheelt gezielt ginn. An et sinn der zwee bäikomm téschent dem 22. Juni an dem 29. Juni.

Et ass esou, datt natierlech bei der Arméi, d'nämmlecht wéi iwwerall, déi néideg Mesuré geholl ginn. Éischtens gëtt en Tracage gemaach vum deenen, mat deene se zesumme waren. Déi ginn a Quarantän gesat. Bon, a siwe Fall op dee ganze Corps vum der Arméi, zënter datt d'Kris amgaang ass, ech mengen, dat ass awer, wann ee kuckt, wéi et an deenen anere Corps-de-métiere war, absolutt näischt Aussergewöhnliches.

Selbstverständlech sinn d'Zaldoten och op allen Niveaue forméiert ginn, wat d'Mesures d'hygiène ubelaangt, datt se déi musse respektéieren. Da gëtt och verstärkt bei der Arméi, do wou et geet selbstverständlech, op Teletravail zréckgegraff. Mir kënnen natierlech net een, dee virum Palais steet, am Teletravail dohinner stellen. Dat geet schlecht. Mee et gëtt awer natierlech do, wou et geet, gemaach.

Et ass och esou, datt d'Ekkippen esou opgedeelt sinn, datt versicht gëtt, datt mer net séier an eng Penurie kommen, dat heescht, datt d'Ekippe gespléckt ginn, méi auserneen, wéi dat och bei der Police gemaach ginn ass, oder d'Unitéite sinn e bëssen anescht opgedeelt ginn. An et ass och esou, datt bei der Arméi de Service Santé vum der Arméi de Rekruten, also den Zaldoten allegueren, reegelméisseg Tester ubitt. Et kann ee sech zu all Moment dohinner teste goen.

Wat mer elo nach wäerte maachen, dat ass am Kader vum Large-Scale-Testing. Do hu mer d'Police drageholl. Mir wäerten d'Arméi och elo dranhuelen, datt méi cibléiert reegelméisseg soll gekuckt ginn an den eenzelne Corps-de-métieren, déi méi am Kontakt si mam Public. Dat ass jo och dat, wat d'Regierung elo virgestallt huet, wat elo geplangt ass iwwert déi nächst Méint, déi sougenannte Clustertester, déi mer méi wäerte verstärkt maachen. Do wäert d'Arméi selbstverständlech mat drageholl ginn, well si natierlech vill Kontakt hu mat dem Public oder mat der Éffentlechkeet.

An dann ass nach den Énnerscheed ze maachen téschent all deenen, déi a Missiounen, OMP-Missiounen zum Beispill, sinn. Do gëtt

obligatoresch en Test gemaach, ier se an d'Mission geschéckt ginn, an natierlech och, wa se erëmkommen. Also ech mengen, do gëtt et spezifesch Mesuren.

Insgesamt gëtt et e ganzen Dispositif an der Arméi, dee soll verhënneren, datt d'Leit sech ustiechen. Mee bon, ech mengen, datt mer kee Fall do géife kréien, schéngt mer onméiglech ze sinn. Mir hunn der de Moment iwwerall a mir wäerten der och nach kréien, och nach a villen anere staatleche Verwaltungen.

Dat läit op der Hand vum der Saach. Mee wéi gesot, siwe Stéck am Ganze bis elo vum der ganzen Arméi, zënter datt d'Kris besteet, dat hält sech nach a Grenzen. Et ass elo kee Grond do, mengen ech, fir elo besonnesch Panik ze maachen. Mee mir passen awer selbstverständlech op. A wéi gesot, fir d'Arméi wäert e speziellesche Monitoring matgemaach ginn, wéi bei der Police och, an deenen nächste Méint.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools dem Verdedegungsminister François Bausch.

18. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle Covid-19

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Asazbereetschaft am Fall vum enger zweeter Well vum Coronavirus, déi vum der CSV-Fraktioun ugefrot ginn ass. An ech géif direkt dem Här Claude Wiseler am Numm vum der CSV-Fraktioun d'Wuert ginn. Här Wiseler, wannechgelift.

Exposé

M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President. De Confinement war brutal. Mee de Confinement war noutwendeg. Den Deconfinement ass méi komplizéiert, well e verlaangt Decisiounen an e verlaangt och, datt an der Politik de richtige Rhythmus fonnt gëtt, fir déi Decisiounen ze huelen a fir déi Decisiounen ze applizéieren.

Mir sinn eis éischtens bewosst, datt den Deconfinement, wa mer e maachen, bedeit, datt d'Infektioune steigen. Dat kann net anescht sinn! Zweetens, datt mer iwwert déi nächst Méint musse mam Virus liewen, op déi eng Aart a Weis oder eng aner, an dat esou laang wéi keng Herdenimmunitéit do ass respektiv mer keen Impfmittel hunn.

Et geet drëm, d'Situatioun esou ze geréieren, datt eise sanitäre System net iwwerfuert gëtt. An d'Fro, déi sech stellt, ass: Wéi reagiere mer, wa mer mieren, datt d'Infektiounen ze schnell wuessen? Elo, d'nächst Woch oder am Hierscht. Wat jo d'Experte fäerten, wann d'Leit aus dem Ausland erëmkommen, wann d'normalt Liewen mat der Rentrée bei de Schoulen erëm ueget a wann d'Hierscht- an d'Wantergrippe kommen.

Dräi Saache si mer eis allegueren bewosst. Dat Éischt, dat ass, datt mer eis Ekonomie net méi komplett zoumaache kënnen, net méi e komplette Shutdown maache kënnen, esou wéi mer en elo kann hunn, well mer musse eis Ekonomie um Liewen halen, well mer och eise Sozialsystem musse um Liewen halen a bezuelen a well mer och eise sanitäre System musse um Liewen halen.

Zweetens mengen ech och net, datt mer kënnen eise sanitären, eise medezinesche System nach eng kéier esou eroffueren, wéi dat an där éischer Etapp war. Et war richtig, et ze maachen, mee et nach eng kéier ze maachen, hatt an eisen Aen extrem negativ Konsequenzen op déi allgemeng Gesondheetssituatioun vum de Lëtzebuerg.

Mir sinn eis och bewosst, datt et fir d'Schoule wäert schwierig sinn, wa mer se nach eng kéier wéilten total zoumaachen, well et awer em de Bildungsniveau vum eise Kanner geet, well et och em déi sozial Evolutioun vum de Kanner geet. A schlussendlech, well mer mat engem Zoumaache vum de Schoulen awer den Énnerscheed zwéischent deene méi Staarken an deene méi Schwaachen an der Schoul nach accentuéieren, a mir wesse schonn, wéi problematesch dat an eise Schoulen ass.

Dat heescht awer net, datt mer net eng Rei Reegele kënnen a musse aféieren, eng Rei Amenagementen an deene Systemer maachen, och wann en totale Lockdown eis schwierig schéngt. An ech mengen och, datt d'Leit en totale Lockdown haut net méi esou géifen akzeptéieren, wéi se dat an där Angscht, déi viru zwee, dräi Méint do war, akzeptéiert hunn, ausser d'Regierung géif e mat drastesche Mëttele wéllen duerchsetzen, wou ech net mengen, datt dat an der Intention vum der Regierung ass.

A wann een dat seet, dann huet dat Konsequenzen: Éischtens, datt een alles muss maachen, fir datt déi Zuelen net weider klammen. An datt een, zweetens, sech muss preparéieren, fir wa se awer méi séier klammen, wéi ee gehofft hat. An dat huet och eng Rei praktesch Konsequenzen.

Éischtens: Déi Restriktiounen, déi mer am dagdeegleche Liewen hunn, do soen d'Experten eis, a mir hate virgëschter eng laang Sëtzung mat den Experten, datt nei Infektiounen net aus de professionelle Reouverturë kommen an datt se och net aus den Ouverturë vum de Schoule kommen - an ech ginn dervun aus, datt dat richtig ass, wat d'Experten eis soen -, mee datt den Driver, wéi si dat dann nennen, vum deenen Infektiounen déi intensiv sozial Kontakter sinn, haaptsächlech op privaten Evenementer, op private Partyen, déi ganz oft ouni iergendwellech Precautiounen organiséiert ginn, wat fir mech schwéier verständlech ass.

Mee dat schéngt awer d'Realitéit ze sinn! Och vu Reunionen op der Voie publique, wou ganz oft och net de Respekt vum deenen noutwendige Separatiounen, den noutwendige Moosnamen, hygieenesche Moosnamen ass. An dann och eng Iwwerdroung, wat manner gesot gëtt, iwwert déi asymptomesch Fall, déi also net wëssen oder wou een net weess, datt se krank sinn, a wou awer och eng Iwwerdroung ass.

Wann dat esou ass, an dat schéngt mer och novollzéibar, wat mer gesot kréien, dann ass et evident, datt sofort muss reagiert ginn. Ech hunn haut d'Impressioun, datt eng gewëssen Dekompressioun nom Confinement do war. An déi Dekompressioun huet derzou gefouert, datt d'Leit alleguer am Fong automatesch méi onvorsichteg gi sinn. Datt Verschiddener awer op eng inakzeptabel Aart a Weis zolidd iwwerdreihen a sech net verantwortungsbewosst behuelen, datt schéngt mer och an deem, wat mer gesot kritt hunn, ganz evident ze sinn. Déi privat Partyen, déi gehale ginn, sinn en fin de compte total inakzeptabel.

An drëtten hat ech och d'Impressioun, datt, nodeem déi privat Restriktiounen aus dem Gesetz erausgeholl gi waren an net immediate déi Recommandatiounen esou do waren, d'Leit op eemol gemengt hunn, et wär guer näischt, si brächten op näischt méi opzepasst an et wär elo alles erlaabt an alles méiglech. Dofir ass eng Reaktioun noutwendeg. D'Regierung huet jo gëschter an enger Pressekonferenz eng Rei Propositione gemaach.

Ech wëll soen, wat fir eis wichtig ass. Fir eis ass wichtig, datt elo, immediat, mir hu jo net mar nach en neie Gesetzestext, ganz kloer an daitlech Recommandatiounen erauskommen, déi dann och de Leit kloer maachen ..., datt déi 20-Leit-Grenz vum de Reunionen, respektiv wat fir eng Moosnamen och ëmmer virgeschloe ginn, och esou publizéiert ginn, datt jiddweree weess, wat lass ass, a jiddweree weess, datt déi Recommandatiounen do sinn an datt ee sech och soll drun halen, ob dann elo d'Gesetz schonn do ass oder net, mee datt et vum immediate haut géllt.

Zweetens: Wann d'Regierung eng Rei Saache wëllt an d'Gesetz schreien, soen ech hej ganz kloer, datt mer oppe si fir déi Diskussioun. Fir eis sinn e puer Saache kloer: Mir wëllen net de Leit an d'Schlofkummer erakucken. Mee mir fannen et awer gradesou inakzeptabel, wa Reegelen, déi do sinn, wéi zum Beispill déi Reegelen an der Horeca, emgaange ginn duerch eng Hannerdier, déi ausgehiewelt gëtt. Partyen elo einfach fir privat ze erklären an da mengen, et kéint een, well ee se privat erkläert, maachen, wat ee wëllt, ass net seriö an net akzeptabel. An do musse ganz kloer Rigele virgeschobe ginn.

An drëtten: Mir musse och Kloeerheit an den Definitioune schafen. Wat ass e Rassemblement? Wat ass d'Reunion organiséiert? Mir musse ganz prezis ginn, well et jo och kloer ass, datt esou Rassemblementer, wéi mer se hei an der Stad kann hu beim Palais, wéi ech se och nach gëschter gesinn hunn, wéi ech do laanscht gange sinn, wou vill Leit op ee Pak op der Voie publique sinn, obwuel dat keng Réunion organiséiert ass, et awer vum sanitäre Standpunkt äusserst problematesch ass. An doriwwer musse mer sécherlech och eng Diskussioun an der Kommissioun an deenen nächsten Deeg féieren, wann dann e Gesetzesprojet vum der Regierung do ass.

Mir sinn oppe fir déi Diskussioun. Mer musse kucken, datt dat verfassungskonform ass, wat mer wäerte maachen, well soss kréie mer ëm déi selwecht Problemer wéi beim leschten Text vum Conseil d'État, datt et contrôlabel ass a gegebenefalls och sanktionabel ass.

Mir musse och kucken, ob déi Reegelen, déi an der Horeca sinn, och déi sinn, déi kënnen kontrolléiert ginn an agehale ginn. Mir musse och déi Moosname vum Testen a vum Tracen, déi mer maachen, déi jo weesentlech sinn, fir

am Fong de Suivi kënnen ze maache vum där ganzer Evolutioun vum der Krankheet, weiderféieren. D'Regierung huet do jo eng Rei Saachen annoncéiert.

Ech wëll just soen: Ech hu jo eng Rei Zweifel an der Organisatioun vum dem Large-Scale-Testing respektiv vill Froen. Ech fannen awer, ech soen dat ganz kloer, de Prinzip dovunner richtig. Ech menge just, datt ee muss kucken, datt d'Akzeptanz vum deem Testen och ganz anescht dohigestallt gëtt, wéi dat elo de Fall ass, well mer jo awer de Problem hunn, datt eng ganz Rei Leit, obwuel se Invitatioune kréien, deenen Invitatiounen net Rechnung droen.

An da kréie mer jo nach déi Diskussioun iwwert d'Ausschreiwungen. Wann ech gëschter verstanen hunn, wat d'Madamm Minister gesot huet, dann ass et esou, datt mer elo effektiv eng Ausschreiwung maachen, esou wéi et versprach gi war, mee datt mer awer eréischt Enn August fäerdeg sinn, soudatt mer de Large-Scale-Testing warscheinlech ee Mount laang net hunn. Ech wollt just confirméiert kréien, wéi Dir dat wëllt organiséieren.

Da mengen ech och, datt déi Modellisatiounen, déi mer maachen, jo fir eis ganz interessant waren, mee datt mer och misste fir déi Ouverturen, wéi zum Beispill d'Ouverturen, déi elo am Sport virgesi sinn, Modellisatioune kréien iwwer all déi eenzel Ouverturen, esou wéi se geplangt sinn, fir datt ee sech wierklech als Parlamentarier, deen dat da schlussendlech och muss stëmmen oder net stëmmen, kann e Bild maachen, wat déi eenzel Moosnamen dann heeschen.

Beim Tracing, dee grad och eng weesentlech Moosnam ass vum deem ganzen Arsenal, deen d'Regierung huet, do ass gëschter gesot ginn, wat mer och wëssen, datt eng Analys vum den extreme Capacitéitslimiten do wär an am Fall, wou eng zweet Well géif kommen, den analogen Tracing schnell iwwerfuert kéint sinn.

Dir kennt eis Fro an eis Demande fir en digitalen Tracing. Ech verstinn dat Hin an Hier an déi Hesitatiounen, déi hei ausgedréckt ginn, net ganz richtig. D'Madamm Reding wäert och nach d'nächst Woch eng kéier op dee Sujet zréckkommen. Ech fäerte just, wa mer net Preparativen huelen, da lafe mer dem Problem oder der Léisung hannendrun. A wa mer net virbereet sinn, dann hu mer se net, wa mer se brauchen. Mir wëllen net en digitalen Tracing, well mer iergendeppes wëllen ersetzen. Mir fannen, datt den digitalen Tracing just e Complement ka sinn, wann en an deem richtige Kader ass, e richtige Kader, wou en dezentral ass, wou e mat Gesetz ass a wou en op volontaire Basis berout.

A mäi leschte Punkt, dat ass dee vum de Spideeler. Dat ass éischer eng Fro: Wann eng zweet Well méi staark géif kommen, wou si mer mat der Kompartementalisatioun vum de Spideeler respektiv mat der Mise en place vum engem sougenannte Covidspidol respektiv, dat gëtt jo haut net méi esou genant, mee am Fong der Mise à disposition vum Annexe vu Spideeler, fir Covidfall ze empfänken, drun?

Dir hat Diskussiounen, sou vill meng Informatione richtig sinn, mat deenen eenzelne Spideeler. Wou si mer mat der Diskussioun vum enger nationaler Logistikzentral drun, déi dauerhaft soll installéiert ginn?

Da kommen ech op e positive Punkt mam kritesche Material, wat da muss zur Verfügung stoen. Wou si mer dru mat der méiglecher Reaktivatioun, wann eng zweet Well méi akut géif kommen, vum den CSAen (ndlr: Centres de soins avancés), déi jo vill gehollef hu bei der éischer Well? Sollen déi erëm eng kéier en place gesat ginn? Sinn déi prett, fir en place gesat ze ginn? Wéi ass et mat der Disponibilitéit vum Akutbetter, vu Reanimationsbetter?

Dir hutt gëschter oder, mir haten esou vill Reunionen, ech weess net méi, wéini et war, mee gesot, dee gréisste Problem wäere jo net d'Better an d'Material, mee d'Personal, wat misst zur Verfügung stoen, well dat Ganzt jo extreem personalintensiv ass. Wann Der eis do nach eng kéier kéint soen: Wou si mer mam Personal momentan drun? Dat huet jo vill Efforten an deenen éische Méint musse maachen. Wéi ass et elo, wann dat nach eng kéier géif erëmkommen?

A wéi ass et mat der Abannung vum Extrahospitalier an dee ganze System, wann eng zweet Well géif ausbriechen? Ech mengen, datt d'Reaktiounen, déi mer elo hunn, fir esou eppes virzebereeden, fir eng Planifikatioun elo ze maachen, extreem wichtig sinn, datt se haut gemaach ginn an net dann eréischt, wann et ze spët ass. Dofir sinn ech ganz fro, datt mer haut kënnen doriwwer schwätzen a mer haut och eng Rei weider Explikatioune kënnen kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Wiseler. Als éische Riedner ass déi



honorabel Madamm Carole Hartmann age-droen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Etat de crise ass zwar eriwuer, de Covid-19 ass awer weiderhin och bei eis am Émlaf. Mat e puer Ausname konnten all d'gesellschaftlech Aktivitéiten erëm opgeholl ginn. Natierlech mat Aschränkungen, fir den Infektionsrisiko och weiderhi kleng ze halen. Trotzdeem sinn an de leschten Deeg d'Infektionszuelen erëm geklommen. Mam Deconfinement war d'gest zu erwaarden. Dofir gouf och während dem Etat de crise net alles mateneen erëm opgemaach, mee Schrott fir Schrott.

Mir alleguete maachen eis natierlech Suergen ëm d'Gefor vun enger zweeter Well. An domat stellt sech och d'Fro, wéi mir eis dorobber virbereede kënnen, wann déi wirtschaftlech a sozial Follgen no enger éischter Well nach net ganz ofzegesi sinn. Et ass e Balanceakt, fir déi gesondheetlech, ma awer och fir déi wirtschaftlech Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren. Et sinn equilibréiert Mesuren néideg, déi weeder d'Gesondheet nach d'Wirtschaft op d'Spill setzen.

De Large-Scale-Testing, deen ënnert dem Fuersuchungsminister Claude Meisch lancéiert gouf, ass esou eng Mesure. D'WHO recommandéiert all de Länner, esou vill wéi méiglech ze testen. Dat wär essenziell am Kampf géint de Virus. An dat huet eis Regierung sech och zu Härz geholl. Mir hunn eis genuch Testcapacitété ginn, soudatt och an den nächste Méint weiderhi méiglechst vill Leit, souwuel Residenté wéi Frontalieren, sech kënnen teste loosser. Dat ass wichteg, fir virun allem asymptomatesch Persounen ze identifizéieren, déi soss onwässentlech weider Mënschen ustieche kéinten. An et sinn immens vill Leit, déi keng oder bal keng Symptomer hunn, obwuel si de Virus a sech droen.

All Mënsch, dee sech teste léisst, dréit derzou bäi, den Infektionsrisiko anzudämmen a seng Famill, Frënn a Matbierger ze schützen. Ech maachen dofir e waarmen Appell, an ech mengen, mir maachen en alleguerten: Jiddwereen, deen eng Invitiation fir de Large-Scale-Testing krit, soll dese Rendez-vous och huelen a sech teste loosser. Och wann Dir lech gutt spiert, kéint Dir infizéiert sinn! Wie sech teste léisst, weist sech solidaresch an och verantwortlech.

Eist Verhalen am Alldag bestëmmt de Verlaf vun der Kris. Wien irresponsabel ass, d'Ofstänn net respektéiert a seng Mask net do dréit, wou et verlaangt ass, dee riskéiert net nëmme seng eege Gesondheet, mee och d'Gesondheet vun alle Mënschen, mat deene mir a Kontakt sinn, a Gefor ze stellen. Dat kënnen friem Persounen sinn, dat sinn awer virun allem Är Famill, Är Frënn, mat deenen ee vill Kontakt huet. Dowéinst den Appell, och doheem gutt opzepasst a virun allem op gréisser Partye komplett ze verzichten.

D'Droe vun enger Mask ass besonnesch wichteg. De Virus verbreet sech nämlech net nëmme iwwer den direkte Kontakt, mee och iwwer d'Loft, déi mir anootmen. All Resident a Frontalier ab 16 Joer konnt sech 50 gratis Maske siche goen, fir sech a säin Émfeld ze schützen. Jiddweree sollt dann och dovunner Gebrauch maachen an des Masken net doheem horten.

Trotz Deconfinement gëllen d'Sécherheitsmesuren nämlech weiderhin. Dat gëllt souwuel am Private wéi och op professionellem Niveau. Den Teletravail ass net nëmme bei de Leit gutt ukomm an huet geholfen, en Deel vun eiser Wirtschaft um Lafen ze halen, all Persoun, déi vun doheem aus schafft, veréngert zousätzlech d'Verbreedung vun Virus, souwuel um Wee fir op d'Aarbecht wéi och op der Aarbecht selwer. A bei 400.000 Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, dorënner 200.000 Frontalieren, kann ee vun engem signifikanten Impakt schwätzen, wann de Gros vun hinnen doheem bleiwe kann.

Et freet eis, datt de Pierre Gramegna zougesécher krut, datt um fiskale Plang d'Deeg am Homeoffice bis den 31. August net vun eise franséischen, belschen an däitschen Nopere consideréiert ginn. Dat ass net nëmme gutt fir d'Lëtzebuerg Residenten, mee fir alleguerten d'Leit aus de Grenzgebieder, déi esou kengem onnéidege Risiko ausgesat ginn. Gëschter gouf iwwerdeems vun der Belsch och zougesécher, datt och, wat d'Sécurité sociale betrëfft, den Homeoffice bis den 31. August net berücksichtigéiert gëtt. Vu franséischer an däitscher Säit gëtt nach op eng offiziell Äntwert gewaart, mee mir hoffen och hei, datt et zu enger positiver Äntwert kënn.

Ma net jiddweree kann, notament a manuelle Beruffer oder do, wou de physische Kontakt mam Client nees muss hiergestallt ginn, op den Teletravail zrëckgräife respektiv laang

am Teletravail bleiwen. Do spillen d'Betriber selwer dann eng wichteg Roll. An et muss ee soen: Chapéau fir eis Bëtriber, déi zesumme mat hire Verbänn, fir nees kënnen zu enger gewëssener Normalitéit zrëckzekommen, sech viles ausgeduecht hunn, fir hir Salariéen an och hir Clienten esou gutt et geet ze schützen!

Här President, déi gréisst Infektionsrisiko bestinn an enke sozialen Interaktiounen an an der Transmissioun duerch asymptomatesch Persounen. D'physisch Distanzierung, d'Fréidetekioun vun Infizéierten an d'EEgeverantwurtung vun de Bierger sinn zentral Piliere, fir eng zweet Well esou kleng wéi méiglech ze halen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Effektiv, an de leschten Deeg konnt ee leider feststellen, dass d'Zuele vun Neiinfektiounen erëm eropginn. Nodeems se laang am eestellige Beräich waren, si se an de leschte Woche rasant geklommen. Et ass elo net, fir a Panik ze verfallen, mee et ass awer, fir sech Suergen ze maachen, well bis viru Kuerzem hat een den Androck, dass mer de Virus hei zu Lëtzebuerg gutt am Grëff haten. Mee déi rezent Entwécklung huet eis bewosst gemaach, dass et ëmmer nëmme e ganz prekär Gläichgewicht ass. Et ass awer eppes, wat ganz séier erëm op déi eng oder déi aner Säit kippe kann.

D'Zuele vun de leschten Deeg, déi mussen eis also ze denke ginn. D'Erfahrung weist, dass déi Ausbréch do meeschtens op Eventer an private Beräich sinn, op Plazen, wou vill Leit sech treffen, och a Caféen, wou ganz vill Leit op enke Raim zesumme sinn a wou dann d'Gestebarriären net agehale ginn. Dat ass net onbedéngt de Cafetieren hir Schold, déi ganz vill dru schaffen, déi sech och ganz vill Méi ginn, fir déi Reegelen anzehalen, an déi eis do awer mussen hëllefen, fir datt d'Reegelen och weider agehale ginn. Et muss dann awer och konsequent kontrolléiert ginn. A wann et eeben esou ass, mussen och Strofen dorobber kommen.

Wat awer de private Beräich ugeet, do ass et esou, datt, wann eng Partie Mënsche sech net un d'Verbueter halen an all Recommendationen an de Wand schloen, jo, da muss ee warscheinlech erëm op dat zrëckkommen, wat ursprénglech am Gesetzesprojet och virgesi war a wat dorobber hileeft, dass mer eng obligatoresch Limitt vun 20 Persounen am Privatberäich wäerte mussen imposéieren.

Dat ass eng Fräiheitsbeschränkung. Jo, däers si mer eis bewosst. Et ass en Agrëff an d'Privatliwen. Bei ganz niddregen Zuelen, do kann een och dem Staatsrot seng Demarche verstoen, datt e sot, dat wär net verhältnisméisseg, mee d'Zuele vun de leschten Deeg bidden awer do eng ganz Rei vu gudde Grënn an Argumenter, fir esou eng Limitation am Privatberäich erëm anzeféieren.

Mir als LSAP, mir mengen, dass, wann et keng aner Mëttele gëtt, fir d'Gesondheet vun der Bevëlkerung ze schützen, mir dat eeben hei mussen maachen. D'Santé publique, d'Gesondheet vun der Allgemengheet, déi steet fir eis un éischter Plaz.

A mir als Vollektivvertrieder, léif Kolleegen, mir mussen eis och traue, Decisiounen ze huelen, déi vläicht net esou populär sinn an net jiddwerengem gefalen. Mee och dat ass, wat et heescht, Responsabilitéit ze huelen. An déi mussen mer och hei huelen.

► **M. André Bauler (DP).** - Très bien!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Ausbreedung vun Virus verhënnere, ass jo kee Selbstzweck. Et geet drëm, fir „flatten the curve“. Et geet drëm, d'Kurv kleng ze halen. Eng Kurv ass awer ëmmer eng Kurv. Et geet awer ëmmer biergop. An et geet awer drëm, datt se net en héije Pic krit. An et geet drëm, fir fir eise Gesondheetssystem d'Iwwerlaaschtung ze verhënnere. An et geet och drëm, dass mer deenen anere Leit, déi elo net onbedéngt an enger Covidsituatioun sinn, dass mer deenen awer och kënnen garantéieren, datt se en optimale Gesondheetssystem virfannen.

D'Strategie, déi d'Regierung huet, fir enger zweet Well ze begeien, ass e ganz effikassen Träage, ass eng gutt duerchgeduechten Teststrategie, fir datt d'Clustere ganz séier kënnen identifizéiert ginn, an et geet och drëm, ze sensibiliséieren a gutt ze kommunizéieren. Dat ass elo an der leschter Zäit ëmmer erëm gemaach ginn. Ech ka mech net erënneren, datt d'Gesondheitsministesch heihinnerkomm wär, wou se eemol verpasst hätt ze soen, datt ee muss d'Distanzen anhalen, dass ee muss d'Masken andoen, datt ee muss d'Gestebarrière maachen. Mee dat muss een ëmmer erëm, dat

muss een ëmmer erëm an ëmmer erëm widerhuelen. „Stop the party“ ass elo lancéiert ginn. Ech mengen och, dass dat ganz, ganz wichteg ass.

A mir Mënschen, mir brauchen nun emol och tëschemenschlech Bezéiungen. Mir brauche Kultur, mir brauche Sport, mir mussen eis kënnen treffen. An et wäert och weider Fäll, positiv Fäll ginn. Dat ass nun emol net ze evitéieren. Et geet eeben drëm, datt déi positiv Fäll kee Pic maachen, fir datt de Gesondheetssystem net zesummebrécht.

Mir hunn eng ganz Rei vun eise Fräiheete jo erëmritt. Dat ass och gutt esou. A fir datt dat och esou ka bleiwen, mussen mer zesummen en Effort maachen, fir net alles, wat mer bis elo erreecht hunn, an alles, déi Entbierungen, déi mer bis elo haten, op d'Spill ze setzen. Mir sinn haut besser organiséiert. Mir sinn haut besser ekipéiert. A mir hunn Erfahrungswäerter. Dat ass och gutt esou. Mee mir mussen, egal wéi, déi zweet Well do verhënnere. An duerfir mussen mer responsabel sinn.

Mir mussen, jiddweree muss seng eege Verantwortung huelen. Jiddweree muss a sengem Émfeld, a senger Communautéit, wou hie leeft, dat och virlieden an och do drop oppassen, op déi Gestebarriären, datt mer déi Masken do undinn, wou et noutwendeg ass, an do, wou et imposéiert ass, fir dat ze maachen. Dat mussen mer onbedéngt maachen. Jiddwereen huet do seng Verantwortung. Jiddwereen ass hei selwer gefuerdert. An et dierf een net midd ginn, fir dat ëmmer erëm ze soen. D'Strategie vun der Regierung ass ganz gutt. A mir mussen se alleguer zesummen och weiderféieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa vun enger zweeter Well rieds geet, entsteet séier den Androck, wéi wann eist Land gläich vun engem Tsunami géif iwwerschwemmt ginn. Ech denken, mir sinn eis eens: Dat ass dee falsche Message! Am Kontext vun der Pandemie dierf et nämlech net drëm goen, e Panikzenario ze verbreedden. An ech sinn och frou, dass keen dat mécht. Et ass nämlech d'Politik an och d'Gesellschaft, déi e groussen Afloss kënnen hunn.

Datt mir e groussen Afloss op d'Verbreedung vun der Pandemie hunn, bewiesen notament d'Erfahrungen, déi mir an de leschte Wochen a Méint gemaach hunn. An déi Erfahrung solle mir notzen. An och d'Wëssenschaft an d'Fuerschung si méttlerweil e gutt Stéck méi wäit wéi am Ufank vun der Pandemie, wou Lëtzebuerg a vill aner Länner un lénke Fouss erwëscht si ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi wichtegst Erkenntnis ass natierlech déi, an dat ass och eng Erfahrung, déi Lëtzebuerg, änlech wéi vill aner Länner, gemaach huet, si léisst sech séier resuméieren, se besteet doran, dass e massiiv Spree vum Virus scho virprogramméiert ass, wann eng eenzeg infizéiert Persoun sech zesumme mat villen anere Persounen an engem geschlossene Raum ophält, ouni d'Gestebarrière ze respektéieren. En zousätzlechen a ganz fatale Facteur ass de Kaméidi am Raum, deen d'Mënschen dozou verleet, haart ze schwätzen, ze jäizen oder bei haarder Musek matzesangen, dést oft a Kombinatioun mat Alkohol, Endorphinen a Kontrollverloscht. Wa mer de Succès am Kampf géint de Covid-19 also net lichtfankeg wëlle verspillen, da muss op Partyen a grouss Usammlungen am groussen Stil verzicht ginn, et sief eebe grad, d'Reegele géife respektéiert ginn.

A well déi Reegelen am Privatberäich net méi gëllen, opgrond vun der Opposition formelle vum Staatsrot beim éischte Covidgesetz, kann een zu diesem Moment also nëmme zur Eegeverantwortung opruffen, net just um Niveau vun de Partyen, mee wäit doriwuer eraus.

Woubäi ech wëll ënnersträichen, datt d'Fräiheet Verantwortung a Mëndegkeet viraussetzt. An anere Wieder: Do, wou et keng Verbuetter gëtt, muss all Kapp matdenken. Geschitt dat net, steiere mer op zwou Alternativen hin: Déi eng besteet aus engem zweete Lockdown. Déi aner besteet doran, datt mir dem Coronavirus fräie Laf loosser an d'Courbe exponentiell an d'Luucht driewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, béides wier eng Katastroph. A wa sech dann erausstellt, datt a gewëssene private Kreesser et fätzig un Eegeverantwortung happert, da kënn de Gesetzgeber net dolaanscht, d'Reegelen ze verschäerfen, fir d'Kollektivitéit ze schützen. Et ka jo net sinn, datt eng Party, déi aus sanitäre Grënn am effentlech zougänglechen Raum verbueden ass, sech duerch d'Hannerdier an e Privatkeller verzitt an datt aus der Su-

perparty e Superspreading-Event entsteet, wou een eenzeg Infizierten Dosende Mënschen ustécht. Ernert de Konsequenze leiden net nëmme déi Betreffen an hir Familien, mee dee ganze Gesondheitssecteur.

Här President, erlaabt mer nach e puer Wieder zu der Strategie vun der Regierung. Als Gréng begrësse mir, datt gëschter am Regierungsrot decidéiert ginn ass, méi Mëttele fir den analogen Tracing zur Verfügung ze stellen. An eisen Ae mécht dee System komplett Sënn, zemools an engem iwwerschaubare Land wéi Lëtzebuerg, a mir bleiwen als Gréng och weiderhi kritesch vis-à-vis vun enger Tracingapp. Net nëmme aus Grënn vu feelender Fiabilitéit an Dateschutz, mee och aus soziale Grënn, well esou eng App nëmme déi Leit schützt, déi sech en deieren Handy kënnen leeschten, fir et einfach auszudrücken, an deemno net déi sozial Schwaach, déi wéinst schlechten Aarbechtsbedéngungen, enke Wunnverhältnissen oder anere Konditiounen eigentlech am meeschte geschützt misste ginn.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, net manner wichteg wéi den analogen Tracing ass de sougenannte Large-Scale-Testing, dee jo op eng zweet Phas ausgedeeent wäert ginn. Och dat begrësse mir als gréng Fraktioun.

Dësen Testing huet natierlech säi Präis. En huet awer och e wichteg Zil. En erlaabt nämlech, gewëssen Ustiechungscluster frézäitig ze identifizéieren an d'Infektionsketten an engem fräie Stadium ze ënnerbriechen. D'Tester sinn also e ganz wichteg Instrument vun der Preventioun. Natierlech ënnert der Konditioun, datt méi Biergerinnen a Bierger bereet sinn, um Testing deelzehuelen, mam Zil, dass mer déi 50.000 Tester pro Woch, déi als Masse critique ugesi ginn, och effektiv erreechen.

Doriwwer eraus wier et an eisen Aen och sënnavoll, d'Tester nach méi ze affinéieren. Et gëtt schonn zum Deel gemaach. Et kann nach weider dru geschafft ginn. Dat heescht, sech nach méi geziilt op eenzel Risikoberäicher, wéi zum Beispill op personalintensiv Aarbechtsplazen a Bëtriber, ech mengen, dat ass virgesinn, d'Personal och vum Santéssecteur a vun de Schoulen, mee och op dicht bewunnt Apparater oder awer op aner Plazen ze konzentréieren, wou bewisenermoossen d'Geforen och am Ausland sech erweisen.

Eis Suerg ass déi, datt d'Leit sech am Norden a Weste vum Land awer och e gutt Stéck méi wäit deplacéieren mussen, fir sech testen ze loosser. Ech mengen, och déi Fro muss nach eng Kéier diskutéiert ginn. Virun allem déi méi vulnerabel Populatioun ass hei betrëfft, wou d'Distanz kann en Hindernis sinn, fir iwwerhaupt bei en Testzentrum ze fueren.

Här President, ech kommen zum Schluss, mat enger klenger Konklusioun. Et ass déi: Beim Ausbruch vun der Pandemie hu mir et fäerdegbruecht, hir Entwécklung duerch de Shutdown kloer ze bremsen. Soubal de Virus d'Geleeeenheet krit, wäert en nees massiv zouschloen. Déi Geleeeenheet krit en net, wa mir eis intelligent verhalten. Woubäi ech mat „mir“ eis ganz Gesellschaft mengen. Un eis als Chamber ass et, weiderhin dee richtege politesche Kader dofir ze setzen. Ech schwätzen net vun den zukünftege Moosnamen, well een d'Entwécklung de Moment iwwerhaupt nach net kennt. Mir mussen hir virbeugen.

Mir wäerte se evaluéieren an déi néideg Moosnamen treffen, wuel wëssend, dass mer och schleunegst iwwer de Problem vun de feelende Personalcapacitétéen an de Spideeler mussen ufänken ze diskutéieren. Am beschte solle mer all zesummen un deene Moosnamen schaffen a se decidéieren. Noutfalls maache mer dat just mat de Stëmme vun der Majoritéit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

(Brouhaha)

Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat de Coronavirus betrëfft, ware mer bei där éischter Well nach onerfueren. Mir waren an engem sougenannte blanne Fluch. Mer hunn ons hauptsächlech baséiert op d'Recommendatiounen vun der WHO an och op d'Erfahrungen aus Italien. De Punkt Sécherheet stoung



op éischer Plaz an hat eng Vollbremsung mat sech bruecht vun onse Fräiheeten, awer och vun eiser Économie, bis op déi puer Saachen, déi hu musse fonctionéieren, wéi d'Klinicken, d'Altersheemer, d'Liewensmittelgeschäfte an esou weider, ech wëll net op alles agoen.

Mee opgrond vun deenen Erfarunge vun der éischer Well misst een elo déi néideg Konklusiounen zéien. Dat muss een och international kucken, well eenzel Länner hate jo weltwäit anescht agéiert. Duerfir wier och deenen hir Konklusioun hei materanzéien.

Mee ier et esou wäit ass - hoffentlech kënn et net zu enger zweeter Well -, muss mer alles am Deconfinement maachen, fir datt mer de Ball äusserst flaach halen. Well wa mer dat net packen, da gi mer ganz kritischesen Zoustänn entgéint. An dorobber muss mer alles maachen, fir dat auszegrenzen, well eng nei Vollbremsung fir eis Économie wär fir vill Beräicher déidlech.

Sollt et zu enger zweeter Well kommen, da wär et gutt a sënnavoll, wa mer kéinten op d'Resultater an och d'Konklusiounen aus der éischer Well zrëckgräifen an och opbauen, mee da misst een déi och emol am Detail hunn. An dat muss een, ech hat et virdu gesot, och international kucken.

Do wäeren emol fir unzefänken e puer Punkten, déi ee misst kucken. Ech denken do zum Beispill an engem éische Beräich un all déi, déi positiv getest goufen: Wéi waren do d'Berufsgruppen? Gëtt et do Regiounen? Gëtt et an Alter? Gëtt et e Geschlecht? Bei de Patienten, déi an d'Klinicken hu musse goen: Wéi war et do mat der Virerkrankung? Och dat alles gehéiert zur Analys.

Bei onse Stierffäll, do hu mer leider keng Erkenntnisser, ob déi tatsächlech um Corona gestuerwe sinn oder opgrond vun enger anerer Erkrankung. Alles dat misst an deem Beräich analyséiert ginn.

Wann ech schwätze vun Analysen, da mengen ech net dee Beräich vun der Schoul, wou da gesot gëtt am Virfeld, de Schoulberäich zoumaachen, dat hätt am meeschte bruecht, an e puer Wochen drop heescht et, an der Schoul wier d'Ustiechungsgefor praktesch null. Ech mengen, dat sinn Aussoen, mat deene kann een näischt ufänken.

An dann en zweete Beräich, wou mer nach eng Analys misste maachen an och d'Moosname kucken, dat ass bei de Moosnamen, déi mer geholl hunn, zum Beispill d'sozial Distanzen, d'Maskepflicht. Do muss ee sech och d'Fro stellen: War et sënnavoll, all d'Betriber zoumaachen? Am Ausland hu jo eenzel Länner ënnerschiddlech Decisiounen geholl. Alles dat gehéiert zu deser Analys. An do wier et gutt, wa mer déi Donnéeë méiglechst séier virleien hätten.

Sou wäit wéi mir et haut iwwerblécken, mat de Reproduktionszuelen aus der Aarbechtswelt, déi kommen net vun do, mee déi komme gemengerhand aus anere Beräicher. An ech mengen, do muss ee kucken, wéi mer aktiv ginn, well do läit am Fong geholl den Hauptproblem, sou wéi mir en de Moment gesot hunn.

Erlaabt mer nach eng Fro, déi hei wéineg ugeschwat gëtt, zur éischer Well! Wivill Prozent vun den Akutbetter stoungen eidel an de Klinicken oder an de sougenannten operiichten Zelter a ronderëm?

An, an dat ass meng Haaptuerge e bëssen: Misste mer net och garantéieren, datt den Normalbetrib sollt wäitestens oprechterhalte ginn? Well mer hu jo hei en Nohuelbedarf vun der Coronazäit bis elo. Wéi wäit ass deen ewell opgeschafft? An do wäerte mer jo nach Méint doru schaffen, fir deen opzeschaffen. Doriwwer gouf am Fong geholl relativ wéineg hei am Haus geschwat. An ech wëll dee Punkt awer emol eng Kéier hei opgeheien.

Bei neien Aschränkungen, dat muss een och wëssen, ass d'Gefor grouss, datt d'Akzeptanz bei de Leit ëmmer méi kleng gëtt wéi bei der éischer Well. D'Glafwierdegkeet spillt eng grouss Roll. Duerfir géillt et elo, de Ball flaach ze halen.

Et muss een och verstoen, datt d'Leit keng Loscht méi hunn, op en neit Doheemleiw. Et ass dee Spagat, dee mer musse maachen tëschent der perséinlecher Fräiheet an den Aschränkungen, déi mer mussen hunn, fir alles dat op engem gesonden Niveau ze halen. Dese Message muss mer de Leit kloer no bausse vermëttelen. Well, soulaang mer kee Medikament hunn a keen Impfstoff géint de Corona, soulaang wäerte mer mat deenen Aschrän-

kunge musse liewen. A mir wäerten da bestuet bleiwe mat deene Geschichten do.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här Präsident. Et ass e bëssen eng komesch Diskussioun, well am Intitulé vum Här Wiseler steet, datt mer sollten eng Diskussioun, eng Aktualitéitsstonn féieren iwwert den Zoustand vun der Virbereedung am Fall vun enger zweeter Well. An déi allerminnsten, mengen ech, heibannen hunn iwwert deen eigentleche Sujet geschwat, och inklusiv dem Här Wiseler. Well de Sujet natierlech och éischtens immens hypothetesch ass, an op där anerer Säit hätt ee jo missen, fir déi Diskussioun wierklech seriö z féieren, virdrun Informatioun a Material och vun der Regierung hunn, wéi si sech dat virstellt, wann dann eng zweet Well géif kommen, wat mer da sollte maachen.

Duerfir, an der Debatt huet elo, mengen ech, méi oder manner jiddwer Riedner dat gesot, wat en och schonn a Riede virdu gesot huet, ganz vill driwwer geschwat, wat mer maache mussen, fir eng zweet Well ze verhënnern, och ganz vill richteg Saache gesot, wat mer maache mussen. Mer musse weiderhin testen an tracen. A mer mussen eis virun allem Gedanken driwwer maachen, firwat d'Akzeptanz vum Teste sou niddreg ass. Well ech fanne 25 % vun de Leit relativ wéineg! Net nëmme relativ, mee souguer ganz, ganz wéineg! A mer mussen eis do wierklech Gedanke maachen, firwat d'Leit net méi op dat ganz wichtegt Element zrëckgräifen.

Dann huet d'Regierung gëschter eng Ukënnung gemaach opgrond vun den Zuele vun deene leschten Deeg, déi effektiv an d'Luucht gaange sinn, datt mer weider Aschränkungen am Privatberäich kréien, woubäi ee muss soen, datt déi Aschränkunge sech awer och a Grenzen halen, nämlech, datt een am Privaten ouni Mundschutz an ouni Sécherheidsdistanz net iwwer 20 Persounen soll sinn. An ech denken, datt et och keng Fro vun Deeg oder Stonne méi ass, bis dat Gesetz deposéiert gëtt, mee éischer vu Minutten.

Well d'Situatioun, an där mer dra sinn, ass jo e bësse wéi e Contre-la-montre. Am Ufank ass nach geduecht ginn, an a verschiddene Länner och praktikéiert ginn, datt mer eventuell kéinten eng Zort Herdenimmunitéit errechen. An ech mengen, datt dat komplett vum Dësch ass. An dat Eenzege, op wat een elo nach hoffen a baue kann, ass, datt relativ séier en Impfstoff entwéckelt gëtt. Verschiddener schwätzen dovunner, datt eventuell scho fir Enn des Joers méiglech ass, wou sech da ganz aner Fro stellen, nämlech den Zougang zu deem Impfstoff, d'Prioriséierung: Wie kënn als Éischten drun, fir geimpft ze ginn? Dat sinn alles Froen, déi sech do stellen.

Mee den eigentleche Sujet, nämlech: „Wat maache mer am Fall vun enger zweeter Well?“, deen ass immens brisant. Well mer hunn alles, wat ee maache kann, eigentlech schonn duerchgespillt. Mer hu Grandeur nature déi lescht dräi Méint gesinn, wat d'Instrumenter sinn, wat dat Arsenal ass, wat eng Regierung oder iwwerhaapt eng effentlech Hand zur Verfügung huet, fir kënnen en urgence géint d'Ausbreedung vun engem ganz déidleche Virus virzegoen.

An dat Éischt, mengen ech, wat mer maache missten, an ech hunn awer esou verstanen, datt dat d'nächst Woch soll geschéien, dat ass, e Bilan ze zéien. Dat ass „lessons learned“ aus deenen Aktivitéiten an Aktiounen, déi d'Regierung am État de crise gemaach huet. A „lessons learned“ ass net nëmmen eng Accusatioun, andeem ee Virwërf een deem anere mécht, mee „lessons learned“ ass evidenterweis an enger Situatioun, déi komplett Neiland war, fir och unzekerennen: „Do hu mer e Feeler gemaach. Do hu mer net wäit genuch oder do hu mer ze wäit geschoss“, fir am Fall vun enger zweeter Well méi adequat kënnen ze reagéieren.

D'Fro ass essenziell: Hu mer richteg reagéiert, wéi mer dee ganze sanitäre System erofgeuer hunn a just nach fokaliséiert hunn op de Covid? War dat richteg oder huet dat net och zu anere Kollateralschied gefouert? Respektiv: Gëtt et aner Méiglecheeten, wéi mer am Fall vun enger zweeter Well och eise medezinesche System kéinten oprechterhalen? Alles dat si Froen, déi, mengen ech, zu esou engem Bilan intermédiaire dozou gehéieren. Wou ech mer och géif wënschen, datt mer virdrun an enger Chamberskommissioun kéinten driwwer diskutéieren.

Well eppes geet net méi, an dat ass en zweeten État de crise. E geet aus deenen och genannte Grënn net méi. Mir hunn alles schonn eng

Kéier duerchgespillt. Déi verfassungsrechtlech Méiglecheeten oder Bedéngungen, déi do sinn, fir en zweeten État de crise eventuell auszeruffen, déi sinn net ginn. Mir hunn dat alles schonn eng Kéier duerchgespillt. An duerfir wäert et net zu engem zweeten État de crise kommen. Dat heescht, och d'Chamber muss dann eventuell a relativ, a ganz kuerzen Zäite Gesetzer huelen oder déi néideg Mesuren ergräifen, déi da wichteg sinn. Notamment och sozial Mesuren, déi accompagnéieren déi, wann et da muss sinn, liberticide Mesuren.

An duerfir mengen ech, datt mer elo vun där Situatioun awer och profitéiere sollten, datt mer all dat Arsenal vu Mesuren, wat d'Regierung deployéiert huet an deene leschten dräi Méint, datt mer dat nach eng Kéier op de Leescht huelen an am Fall, wou mer musse bestëmmte Secteuren zoumaachen, do schonn ufänken, a Gesetzestexte ze schaffen, déi och scho prophylaktesch vun engem Staatsrot aviséiere loosse, datt mer net an déi Situatioun kommen, wéi mer se an der Vergaangeneheet oder bei deem leschte Covidgesetz haten, datt mer awer relativ laang gebraucht hu vum Depot vum Gesetz bis et da wierklech a Kraaft ass.

An dat ass dat, wou mir als Lénk op jidde Fall Demandeur sinn, datt dat ganz Arsenal vu Mesuren, wat reglementaresch Form hat, datt mer dat op de Leescht huelen, an der Chamber diskutéieren, och an deene verschiddene Kommissiounen diskutéieren an eventuell dozou och scho fachlech Avisen anhuelen.

Ech mengen, dat ass déi beschte Preparatioun, déi mir als Chamber kënnen maachen, fir op eng eventuell zweet Well virbereet ze sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här Präsident, léif Kollegeinnen a Kollegen, de Marc Baum huet et ganz treffend gesot: U sech sollte mer iwwert den État des lieux vun der Preparatioun op eng zweet Well schwätzen. Mir hu ganz vill driwwer geschwat, wat deen Eenzele maache soll, maache kann oder an deene leschten Deeg vläicht ënnerlooss huet, firwat mer iwwerhaapt esou akut Zuelen erëm gesinn. Mir hunn alleguerten an enger éischer Phas vum État de crise Disziplin bewisen. Mir hu Courage bewisen, fir des eemoleg Kris ze iwwerwannen. Et ass elo net de Moment fir opzeginn! Mir sollten net elo de wäisse Fändel virun deem onsiichtbare Feind weisen!

Et ass awer esou, datt een, wann een iwwert d'Preparatioun vun enger zweeter Well oder en amont vun enger zweeter Well schwätzt, datt een net derlaanscht kënn ze kucken: Wat kéint een anescht maachen? Wat misste mer individuell anescht maachen? An do ass et ganz kloer, datt jidder Eenzen eng Responsabilitéit, net nëmme fir sech, mee fir d'Allgemengheet huet.

Et geet hei ëm Eegeverantwortung, eng individuell Verantwortung fir déi kollektiv Gesondheet. Jidderee vun eis sollt Deel vun der Léising an net Deel vun Problem sinn. Et ass e bësse wéi am Autoverkéier: Just well e puer Leit Rowdye sinn, onerlaabt op Plaze fir Mënsche mat Behënnerung parken oder ze séier fueren, verbidde mer jo net d'Autofueren. Nee, am Contraire. Mir setzen op Kontroll. An dann, wann et néideg ass, op Repressioun.

Loosst eis also beim Kampf géint de Covid-19 et d'selwecht maachen! Loosst eis alleguerten individuell eis Responsabilitéiten huelen a loosst eis alleguerte fir eis selwer déi sinn, déi sech packen, déi sech zesummerappen, fir esou eis Fräiheeten, déi mer elo erëmkruten, net erëm op d'Spill ze setzen!

Zum géigesäiteg Respekt gehéiert et, seng Distanzen anzehalen, keng onnéideg Risiken anzegoen, seng Mask unzedoen a generell d'Geste-barriären anzehalen. Ech mengen, dat ass alles kloer!

Zum Matene gehéiert awer och, déi individuell Responsabilitéit ze iwwerhuelen, sech testen ze loosse, wann een d'Invitatioun kritt. D'Wëssenschaftler soen eis, an dat ass eng vun deene wéinege Saachen, wou se eis ganz kloer kënnen eng Ausso ginn, datt mer mindestens 50.000 Tester d'Woch brauchen, fir eng zweet Well ze anticipéieren a ganz séier ze bremsen. An dat ouni e weidere Lockdown. 50.000 Tester d'Woch, do si mer nach e Stéck, e grousst Stéck dovunner ewech. Dat heescht, en préparatioun vun enger zweeter Well, fir datt keng zweet Well kënn, musse mer alleguerten eis Responsabilitéit huelen.

Mee fir datt jidderee seng Responsabilitéit hält, léif Kollegeinnen a Kollegen, mussen d'Consignen awer och méi kloer sinn. Et ass jo awer schwéier fir Verschiddener ze verstoen, datt si

ewell deen zweete Bréif kréien, fir sech selwer testen ze loosse, während anerer am nämmlechte Stot, déi en änleche Beruff hunn, nach guer net geruff goufen.

Jo, et gouf eis erkläert, firwat dat esou ass. Et gouf och e puermol widderholl, firwat dat esou ass, datt dat do deelweis Random Sampling ass, datt et Maschentester sinn, datt dat sektoriell gemaach gëtt. Mee um Enn vum Dag: Wat denkt Dir, wann Are Liewenspartner doheem fir d'zweet geruff gëtt an Dir nach net? Wéi motivéiert ass een dann, fir dat wouerzehuelen? Wéi kredibel fënnst een dann d'Testingstrategie, wou ee gesot huet: „Jidderee soll getest ginn“? An ech mengen, dat ass eng Preparatioun virun der zweeter Well, wou mer musse besser kommunizéieren.

Am Ufank vun der Kris huet d'Regierung kloer kommunizéiert: „Bleif doheem!“ Dat war eng kloer Ausso: „Bleif doheem! Schwätz mat kengem! Bleif op Distanz!“

(Interruption)

„Bleif doheem!“

„Géi keng Party maachen!“, soe se haut. Elo soe se: „Stop the party!“ Mee wat heescht „Stop the party!“, während ee gläichzäiteg doheem am Privaten däerf Leit hunn, well de Staatsrot dat gesot huet, während een an de Restaurants däerf zu zéng um Dësch sëtzen? Ab wéini ass et eng Party? Ab wivill Leit ass et eng Party? U wéi eng Consigné mussen d'Leit sech halen, sollen d'Leit sech halen? Et ass vill „sollen“ a „Maacht et, wannechgelift!“. D'Leit verléieren e bëssen den Iwwerbléck.

An ech mengen, en préparatioun vun enger zweeter Well, déi hoffentlech net kënn, déi mer hoffentlech dank Large-Scale-Testing kënnen ënnerbannen, misst ee méi kloer kommunizéieren, misst een net nëmmen op „sollen“ a „kéinte“ setzen, mee et soll een op kloer Messagë setzen. „Stop the party!“ ass zwar kloer, mee et ass, wéi ech sot, verkierzend. D'Reegele sinn eeben anescht a méi komplex, wéi dat, wat een op den éische Bléck ze verstoe gëtt.

Här Präsident, loosst mech awer nach e leschten Appell maachen un eis alleguerten heibannen: Kommt, mir politiséieren den Debat vun der zweeter Well net! Kommt, mir spillen net Majoritéit géint Opposition, och esou wéi eng vu menge Virriednerinnen dat hei gemaach huet, wéi se gesot huet: „Am Zweifel lauschte mer einfach net op lech.“ Nee! Mir hunn zesumme geschafft, fir et bis heihinner ze packen. Loosst eis dat net elo duerch verkierzend Aussoen op d'Spill setzen!

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här Präsident. Déi éischt Well, déi hu mer effektiv hannert eis. Mee de Virus zirkuléiert nach ëmmer, dat ass kloer. Et ass e bëssen abstrakt, well et Zuele sinn. Et ass awer gëschter e bësse méi konkret ginn, well mer Resultater vun engem interessante Fuersuchungsprojet hei zu Lëtzebuerg hu ronderëm eis Kläranlagen, dat ass méi gräifbar, do ka jiddwere sech eppes drënner virstellen. An an eise Kläranlagen, do ass dat geneetescht Material vum Virus och nees present, an zwar iwwerall am Land. Dat seet eis genuch. Do kann ee sech eppes virstellen. Dat kënn jo net vun ongeféier. Mir wëssen, wou et hierkënn. Et kann een et also net niéieren.

D'Virbereedungsarbechte fir eng zweet Well, déi lafe scho laang bei eis, selbsterständlech. Och wa mer eis keng erhofft haten a wa sech keng weechent, ass et eis Pflicht, eis virzebereeden. Dat si mer amgaangen ze maachen. Mir sinn och amgaangen, eise Réckbléck op déi éischt Phas ofzeschléissen, déi mer als eriwwer consideréieren. Et huet eng Kéier ugezunn. Mir hunn e Confinement gehat, deen eng Reussite war. Et kann ee wierklech soen, dass mer eng éischt Well hannert eis hunn. Wat kënn, dat wësse mer net. Sécher ass och, dass mer net op Panik setzen. Wann et iergendwéi erwise wär, dass Panik géif hëllefen, da wär dat och vläicht eng Méiglecheet, mee ech hunn dat nach néierens gelies. Soudass mer eis Zuele kucken, Dag fir Dag, a mir preparéieren eis einfach ganz sachlech fir ze handelen.

Zu kengem Zäitpunkt war de Virus effektiv méi verbreet, wéi en dat haut ass. Méi wéi eng Milliouen Neinfektiounen innerhalb vun enger Woch weltwäit, an och hei am Land si mer mat den Zuele vun haut - wann Der se gesinn hutt, haut nach eng Kéier 50 Neinfektiounen - op eng Woch bei ronn 200. Elo kann ee vun där Zuel halen an interpretéieren, wat ee wëllt. Ech mengen, mir mussen déi Zuel eescht huelen.

Ob et exponentiell weidgeret oder net, wäerte mer gesinn. Mee et ass effektiv un der Zäit, fir sech ze preparéieren. An dat ass och amgaangen ze geschéien. En éischt Spidol huet scho säi Palier aktivéiert, dee virgesinn ass. Ech kommen herno méi am Detail drop zréck. Et geet jo haut wierklech ëm d'Preparatioun, wou Der wëllt méi Detailler kréien.

Just nach eng Kéier zréck op déi éischt Well. Mir hunn effektiv d'Courbe erofkritt. Dat huet geklappt. Et hu keng Patiente missen an d'Ausland goen oder verluecht ginn. Dat huet och geklappt. Mir hunn d'Doudesaffer niddreg gehalen. Mir sinn e Land, an dat ass ganz daitlech am internationale Verglach, wou d'Doudeszuelen niddreg waren. An et ass och haut ganz kloer, dass déi Länner, déi dat koppelen an déi am Fong eng gutt Teststrategie hunn, déi vill testen, dass dat déi Länner sinn, déi och weineg Perten ze verzechnen hunn. Mir gehéieren zu deenen. Doriwwer sinn ech stolz haut.

Mir hunn och net misse kapituléiere virun engem Mangel u Schutzmaterial. Et war ganz knapp mat Momenter, mee iergendwou si mer erauskomm draus.

Am meeschten awer huet mech impressiounéiert - an dat ass e positivt Element, där sinn och gewiescht - déi grouss Solidaritéit, déi mer haten. Mir konnten op eis Partner zielen, op eis Spideeler zielen, op eist Personal zielen, op eis Wëssenschaft zielen, op jiddwereen zielen. Et huet wierklech jiddwereen hei vun der éischer Stonn u matgeschafft. Et war jiddweree mat kreativ. Dat war eng ganz flott Erfahrung an och eng rassurant Erfahrung. Et hätt och kënnen anescht sinn. Mech stärkt dat fir d'Zukunft, well ech mer denken: „Wat och ëmmer kënn, dat do ass eppes, wat sech erweisen huet a wou jiddwereen, menger Meinung no, och nees am Garde-à-vous steet, wann et dréms geet unzepakten.“ Et kann een zouversichtlech sinn, dass hei am Land och jiddwereen dat nach eng Kéier wäert maachen.

Wat ass haut eist Zil? Eist Zil ass, déi Neiinfektiounen, déi kommen, déi sécherlech wäerte kommen ... Wann een an en Deconfinement geet, därerf een net d'Illusioun hunn, dass et iwwerhaupt keng Neiinfektiounen géif ginn. Dat wär e bëssen naïv ze mengen, well de Virus ass do, e wäert och zirkuléieren. D'Zil ass, fir en ënner Kontroll ze halen, fir en esou anzedämmen, dass mer e geréiert kréien. An et ass doropshinner, wou mer eis amgaange sinn ze preparéieren.

Positiv Acquisen, déi mer hunn oder wat mer geléiert hunn, wat ganz gutt fonctionéiert huet, waren eis CSAen. Dat war eppes, wat mer eis ganz kuerzfristeg afale gelooss hunn, aus dem Näischt opgericht hunn, wat och scho vill visitéiert ginn ass. Vill Nopeschlänner sinn interesséiert un deene Strukturen. Dat ass eppes, wou ech lech ka soen, dat läit fäerdeg mam Mode d'emploi am Tírang. D'CSAe si prett an déi wäerte mer och reaktivéieren, wann et gebraucht gëtt. Dat kënnen mer och ganz kuerzfristeg maachen. Bannent engem bis zwee Deeg wäert dat kënnen geschéien. Dat ass also eng Saach, déi, jo, e Succès war. Mir wëlle se net onbedéngt erëm eng Kéier auspakten, mee wann et muss sinn, da wäert dat ganz einfach goen.

Eise Stock u Schutzmaterial, deen eis ganz vill beschäftegt huet, ganz vill Suerge gemaach huet, deen hu mer haut. Mir sinn opgestallt, fir véier Méint ouni Problem ze iwwerbrécken. A mir hunn och an eise Spideeler ganz zouversichtlech Partner fonnt, déi eis wäerten elo begleeden iwwert déi nächst Phas, fir d'Gestioun vun deemem Stock ze iwwerhuelen. Dat ass amgaangen, finaliséiert ze ginn. Mee do sinn awer déi grouss Grondsätz, déi stinn. Mir kënnen dee Stock national also a sécher Hänn iwwerginn a mir kënnen och op e Partner zielen, deen dat wäert geréieren, wann dat nach eng Kéier sollt missen aktivéiert ginn. Wat och haut eng aner Situatioun ass wéi am Ufank vun der Pandemie. Ech mengen, haut fonctionéiert de Marché nees. Mir hoffen, dass dat och esou bleift. Mee wéi gesot, falls nach eng Kéier misst Schutzmaterial gebraucht ginn, da wäerte mer dat ganz schnell kënnen deployéieren.

Mir hunn och digital Léisungen, déi mer en place gesat hunn. Teleconsultatiounen, eise Monitoring, déi hu gutt fonctionéiert. Déi si mer amgaangen, nach ze iwwerschaffen, fir dass mer se och kënnen perenniséieren. Déi sinn och prett fir ..., ma déi wäerten ... Déi sinn net just prett, déi hale mer oprecht. Déi sinn um Lafen. Dat wäert eis och ganz vill Zäit spueren. Dat hu mer jo alles missen en place setzen, et war net do. Haut ass dat do. Dir gesitt, et ass eng aner Basis schonn, wéi dat am Ufank war.

Ee kritesche Punkt ass eis Réserve sanitaire nach ëmmer. Ech mengen, ech hat et d'leschte Kéier gesot, de Bottleneck, dat ass d'Personal. Do sti mer generell net gutt do. Bon, déi wäert ech net kënnen erfannen iwwert déi nächst Wochen. Do muss mer mat deene Meeder-

cher danzen, déi mer hunn. Mir sinn awer och amgaangen, op eiser Réserve sanitaire ze schaf-fen, och scho Courrieren erauszeginn, wien eng nächste Kéier bereet ass, eng Hand mat unzepakten. Elo si mer schonn amgaangen, eeben eis esou opstellen, dass mer do eng Vue drop hunn, wie wéini erëm kéint an den Asaz goen, falls dat sollt gebraucht ginn.

Dann hunn och eis Gesondheitsberuffer fir d'Besoine vun der Kris nei Attributiounen kritt. Dat ass eppes, wat mer och esou wëlle wiederhi bestoe loosse. Dat war ganz hellefräich, dass eng Rei Akte konnte gemaach gi vu Leit, déi déi normalerweis net maachen. Dat huet eis gehollef an der Gestioun. Och eng ganz gutt Erfahrung.

An eis Spideeler, déi hu ganz vill geléiert natierlech. Déi hunn hir éischt Erfahrung och an där éischer Phas gemaach mat dem Virus. Si woussten net, wat et wär. Si woussten net, wéi ee sech misst opstellen. Haut wësse se dat. Si hunn och e Plang. Et war virdrun ugeschwat ginn: Mir hunn effektiv d'nächst Woch d'Ofschlossreuniounen, wou mer mat hinne festhalten, wéi nees redeployéiert soll ginn. An de Spideeler wäert dat fonctionéieren iwwer Palieren, déi definéiert sinn, wou eng éischt Ulafstell de Service national des maladies infectieuses wäert sinn am CHL, deen, wann ech do richtig am Bild sinn, gëschter säin éische Palier och nees aktivéiert huet. An da gëtt dat esou e gestaffelte Modell.

D'Zilsetzung do ass wierklech, des Kéier net alles op null ze fueren an alles op de Covidpatient ze achsieren, mee wierklech à géométrie variable eeben déi normal Dëngschtleeschtungen esou wäit wéi méiglech, idealerweis ganz oprechtzerhalen, och am Fall vun enger zweeter Well. Dass een dat wierklech kloer getrennt huet. Déi Trennungen hu jo déi éische Kéier missen iwwerhaupt emol geduecht ginn an dann en place gesat ginn. Déi stinn haut. Dat wäert esou oprechterhale ginn. An d'Spideeler sinn och do ganz gutt preparéiert, fir dat, wann et da muss sinn, erëm eng Kéier ze maachen.

Dann en Datemonitoring hate mer och guer net. Eisen zentralen Datemonitoring iwwert d'Bettcapacitéiten, iwwert de Stock critique an esou weider, deen hu mer oprecht. Dee leeft och elo nach. Et ass och aus deem Monitoring, aus deem Monitoringsystem, wou all Dag d'Informatiounen kommen, wéi et steet mat den Neiinfektiounen. Dat ass eppes, wat mer hofentlech och an der Zukunft wäerte bäibehalen, op alle Fall elo während der Kris, dat ass ganz netzlech. An et hat och den Avantage, dass et ville Leit nobruecht huet, wat an der Praxis d'Digitalisatioun ka bréngen, soudass ech frou sinn iwwert déi Erfahrung. Dat gëtt sécherlech Wand an d'Seegelen, fir d'Digitalisatioun am Gesondheitswiese weiderzebréngen.

Dann hu mer an eiser Inspection sanitaire, et ass schonn erwäant ginn, eis och nach verstärkt opgestallt, fir eeben de manuellen Tracing kënnen esou gutt wéi méiglech ze bewierkstellegen. Do sinn eng ganz Rei Reservlinnen, déi mer amgaange sinn opzestelle mat Leit, déi och scho preventiv forméiert ginn, fir da gegebenefalls, wa mer se brauchen, ganz schnell kënnen ofgeruff ze ginn an direkt an den Asaz ze goen. Dat ass eppes, wat och eng gewisse Virbereedung brauch. An déi Virbereedungen, déi lafen och scho säit enger Rei Wochen, soudass mer do gutt dostinn.

Voilà! Haut si mer mat enger Hausse vun Neiinfektiounen konfrontéiert. D'Pandemie ass net erlaanscht. Eppes, wat mer och wäerte brauchen iwwert de Summer, ass e Katalog vu Mesuren. Mir hunn och verstanen, dass ee sech do muss preparéieren.

19. Dépôt d'un projet de loi par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Duerfir géif ech vläicht just eng Kéier kuerz och d'Geleeenheet notzen, fir dem Här President de Projet de loi ze iwwerreechen, fir dass mer dat kënnen esou schnell wéi méiglech an der Kommissioun bearbechten. Wannegelift!

7622 - Projet de loi portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant :

1° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ;

2° la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Rendez-vous en Dënschdeg.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Rendez-vous en Dënschdeg, voilà.

20. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle deuxième vague de l'épidémie Covid-19 (suite)

Prise de position du Gouvernement (suite)

Haut gëtt vill spekuléiert: Handelt et sech schonn ëm en Trend oder net? Ech hunn lech et virdrun gesot: D'Zuele si relativ héich. Wann Der se vergläicht mat anere Länner an Dir maacht eng Règle de trois, da gesitt Der ongeféier, wou mer hei stinn als Lëtzebuerg. Wéi den Trend wäert ausgesinn, dat kënnen mer haut net soen. Dat gesi mer eréischt an deenen nächsten Deeg a Wochen. Am Moment schéngt et sech jo ëm esou eng Héicht 40, 50 iergendwou, bon, vläicht anzendelen, vläicht och net. Besuergneserreegend gëtt et, wann et exponentiell gëtt. Dat brauch ech warscheinlech kengem ze erklären. Mee gutt, dat wësse mer haut nach net, mee preparéiere muss ee sech.

Wat hu mer proposéiert generell als Strategie?

De Monitoring wiederféieren. De Monitoring geschitt iwwert d'Testen. A fir d'Testen, dat ass scho richtig ervirgehewe ginn, hu mer gëscht den Accord och kritt am Regierungsrot, fir an eng zweet Phas ze goen. De Large-Scale-Testing war en éische Projet, dee gemaach ginn ass iwwert d'Fuerschung. Dee wäert awer elo Bestand gi vun der normaler Teststrategie vun der Santé. Dat heescht, d'Ausschreiwung gëtt vun der Santé gemaach. Do si mer amgaangen, drop ze schaffen.

Mir hunn och ganz bewusst ofgewart, wat elo d'Resultater vun der CON-VINCE-Studie waren, och vun deem éischen Deel vun der Large-Scale-Erfahrung, déi mer gemaach hunn. Mir wëssen haut, dass d'Prevalenz nach relativ niddreg ass. Duerfir hu mer e bëssen Zäit. Et ass elo kee gudd Moment wierklech bei esou enger niddreger Prevalenz, fir ze vill flächendeckend ze testen. Dat ass an eisen Aen eebe justement eréischt ab August, September, wou mer eis wierklech opstellen.

Dat heescht awer elo net am Émgedreiten, dass elo net méi getest gëtt! Mir hu jo och an der Santé déi ganzen Zäit getest. Dat heescht, eis ganz normal Prevalenztester, déi flächendeckend Tester an den Altersheimer, d'Tester um Findel, dat sinn alles ganz normal Santéstester, déi souwisou esou lafe wéi déi ganzen Zäit, och parallel zum Large-Scale-Testing. Dat heescht, mir hunn do wierklech genuch Capacitéit, fir déi ganz normal Teststrategie, déi mer souwisou lafen hunn, och elo iwwert de Summer weiderzefueren. An déi nei Teststrategie, déi hu mer elo eebe ficeléiert. Mir hunn den Accord de principe vun der Regierung, fir déi zweet Phas kënnen ze maachen.

Dat gëtt en héije Käschtepunkt, mee et ass en Investissement, deen an eisen Ae wierklech noutwendeg ass, well ouni Monitoring ass et net méiglech, duerch déi Kris ze kommen. Mir müssen eis wierklech déi staark Capacitéit ginn. An dat hu mer och berecht bis an d'Fréijoer eran. Dass mer wierklech déi eenzel Momenter, déi mer elo identifizéiert hunn als kritesch, zum Beispill d'Entrée, wa vill Grippe wäerte sinn, Schoulvakanz, wou d'Leit hoffentlech erëm reesen - wa mer dat da kënnen bis dohinner, wa mer net ze vill héich Zuelen hunn an net méi dären, wie weess? -, op alle Fall hu mer geplangt bis an d'Fréijoer eran, mat eebe verschiddeenen Achsen, déi kënnen deployéiert ginn. Do wäerte mer d'nächst Woch méi am Detail drop goen. D'Ausschreiwung, et ass scho gesot ginn, déi ass elo geplangt. Déi ass an der Maach. An da misst dat normalerweis op Enn August kënnen operationell ginn an där zweeter Phas eeben, déi e bëssen anescht wäert ausgesi wéi déi éischt Phas vum Large-Scale-Testing.

Derniewent wäerte mer och wiederhin - an do si mer och ganz frou driwwer, iwwert déi enk Zesummenaarbecht, déi mer mat der Fuerschung hunn - op dem Monitoring aktiv bleiwen. Eisen Outil de pilotage ass de Monitoring, dee mer hunn. Mir wäerten och elo opgrond vun deem Projet, dee mer lech elo hei ënnerbreeden, eng Modellsatioun maachen, fir eng nei Baseline ze hunn, dass mer soen: Wat géif dat do bedeuten? An eise Monitoring erlaabt eis jo dann ze kucken, au fur et à mesure, ob mer op där Linn, déi mer eis erhoffe par rapport zu deene Mesuren, déi mer hunn, ob mer do sinn oder net. Dat heescht, dorunner navigéiere mer.

Mir wäerten och wiederhi kucken, vill méi reegelméisseg en Update ze ginn, wou mer sti par rapport zu de Projektiounen, an dann eeben am prakteschen Deel mam Contacttracing wierklech weiderfueren. Ech si ganz iwwerzeegt donn, gräifen och direkt do vir. A wann ech esou iwwerzeegt wär, dass mer eng App elo bräichten an dass dat dat Wichtigst

wär, géif ech perséinlech sécherlech vill méi derfir insistéieren. Et ass fir mech en „nice to have“, à ce stade. Hei zu Lëtzebuerg ass et net dat, wat eis wäert retten.

Mir kënnen eis Situatioun ganz gutt mam manuellen Tracing geréieren, deen eis e gudd Service erlaabt, deen eis och ganz gutt Preventiounsarbecht erlaabt, well mer justement doduerer an eng Populatioun erukommen, déi vläicht nach guer net sensibiliséiert ass, déi am Fong geholl duerch déi Telefonater iwwerhaupt emol Informatiounen kritt, ëm wat et hei geet a wouop se mussen oppassen. An dat ass eppes, wat mer wierklech privilegiéieren. Dat anert ass ëmmer nëmmen en Zousaz, an ech mengen, dass mer net dorunner wäerte scheitern. Wann des Kris eis falen deet, ass et menger Meinung no net de Fait, dass mer keng App hunn. Et sinn aner méi Terre-à-terre-Consideratiounen, déi do wäerte matspillen.

Voilà, dat ass et. Also, wéi gesot, Virsiicht a Virausiicht! Et ass dorobber, wou mer setzen. D'Strategie ännert net grondsätzlech. Et kann ee se och net grondsätzlech änneren, et gëtt nach kee Wonnerméttel. Mir mussen kucken, eng beschtméiglech Vue ze hunn op de Virus, wéi en evoluéiert, och wierklech suivéieren, wat sech deet um Niveau vun den Erkenntnisser. All Dag gëtt een Neies gewuer vun deem Virus. Et weess ee leider nach net alles, mee trotzdem kommen Dag fir Dag nei Erkenntnisser. An duerfir geet et och dréms, déi ganz schnell dann anzestrecken an dat, wat mer maachen.

Mir kucken, wat sech um Terrain deet. Mir hunn elo gesinn - effektiv, duerch déi nei Infektiounen gi mer jo och eppes gewuer -, mir wëssen: Wie sinn déi Leit? Wou stieche se sech un? Ech mengen, et ass entre-temps kee Geheimnis méi. Déi Neiinfektiounen, déi mer haten, déi si wierklech wäitgeend oder exklusiv wierklech am Privaten zustane komm, wou Leit eeben op Fester, op Familjefester, Barbecuen ouni déi néideg Virsiichtsmaassnahmen ënnerwee waren an dann natierlech vun do aus de Virus erëm mat zréckhuelen op hir Aarbecht oder anerwäerts. Dat bleift net aus.

Mee et ass kloer, an dat confirméiert eis, muss ech wierklech soen, an där Aschätzung, déi mer vusäite vun der Santé vun Ufank un haten: Mir hunn drop spekuléiert, dass et am Berufsliewe méi einfach wäert goen. Dat huet sech erweisen duerch déi éischt Schrëtt, déi mer geholl hunn. Do hate mer quasi guer keen Impakt op eise Courben. Et huet ee gesinn, dass do, wou d'Leit an engem gereegelte Kader sinn, sief dat op der Aarbechtsplatz, an der Schoul oder och Veräiner, déi hiert Liewe ronderëm organiséieren, do funktionéiert dat ganz gutt. Mee do, wou et an d'Privat erageet, ass dat net esou einfach. An ech denken, et ass och eis Verantwortung, déi Erkenntnis da mat op de Wee ze huelen. Wa mer gesinn, dass do e Problem ass, da kann een dat net ignoréieren. D'Sensibilisatioun ass lancéiert: #Stoptheparty.

Bon, mir hunn alt gemengt, e wär einfach verständlech, mee mir schaffen iwwert déi nächst Wochen natierlech verstärkt u Sensibilisatioun. Dat ass ganz wichteg. Dat ass den A an den O en fait. Wann d'Leit à la base schonn net verstinn, wéi se sech kënnen schützen, kënnen mer et schwéier vun hinnen erwaarden.

An dann natierlech deen aneren Deel, wa Leit wierklech duerch hiert eegent Verhalen deenen anere Leit hir Gesondheet op d'Spill setzen an d'Gesondheet vun der Allgemengheet op d'Spill setzen, dann ass et, genau wéi de Sven Clement dat gesot huet, wéi am Verkéier. Ech mengen, et ass net, well ee sech net un d'Reegelen hält, dass d'Fuere verbuede gëtt, mee da muss ee sech awer Moyene ginn, fir kënnen ze agéieren. Déi hu mer am Moment net. Dir wësst dat. Fir wann elo privat Partye sinn, kënnen mer leider elo, en attendant, dass mer en nächst Gesetz vläicht hunn, wou mer déi Mesuren nees kréien, net mat der Police dohinner goen. Mir müssen elo drop zielen, dass d'Vernunft dann duerget iwwert déi nächst Wochen.

Mee d'Gesetz, wat mer elo proposéieren, dat huet als Ambitioun, sech op dat Weesentlech ze konzentrieren. Wat verstinn ech ënner deem Weesentlechen?

Ben, dat heescht, do oplockeren, wou mer kee Risiko gesinn, wou mer haut wëssen duerch déi Erfahrungen, déi mer gemaach hunn, dass et net geféierlech ass. Mir gesinn net an, dass een d'Leit soll do kujenéieren, wou eigentlech kee Problem ass. Mee par contre erëm eng Kéier do d'Schrauf e bësse bäizeien, wou mer gesinn, wou de Problem ass. An dat huet eeben déi rezent Entwécklung eis elo erëm eng Kéier confirméiert.



Dat ass, en gros, d'Approche, déi mer hunn. Dat heescht, manner Reegelen, awer duerfir vläicht méi zilorientéierter an eeben adaptéiert opgrond vun deenen Erfarungen, déi mer elo gemaach hunn iwwert déi lescht Wochen a Méint.

Ech géif lech Merci soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Gesondheetsministesch, der Madamm Paulette Lenert. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

21. 7619 - Projet de loi portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vum haut, dem Projet de loi 7619, eng Ofännerung vun den Zousazversécherungen. An ech géif d'Wuert weiderginn un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Ech stellen lech de méndleche Rapport vun deem Gesetzesprojet 7619 vir. Dat ass e Gesetzesprojet, deen och am Kader vun der Coronakrisebewälteung ass. An deen ännert gewësse Bestëmmunge vum Gesetz vum 1. August 2019 of betreffend d'Mutuellen, enner anerem wat d'Ofhale vun de Generalversammlunge betrëfft. Hei geet et drëms ze bemierken, datt de Gesetzesprojet 7566, dee scho gestëmmt gouf, och schonns mat gewëssene Moosname fir d'Ofhale vun de Versammlungen an den Entreprises a fir aner Rechtspersonne suergt.

Dës Moosname ginn awer net wäit genuch fir d'Mutuellen. Engersäits, well d'Mutuellen net op Videokonferenzen oder Brëifpost kënnen zrëckgräifen, well fir d'Generalversammlung net nëmmen d'Delegéiert, mee och all Member aberuff muss ginn. An anerersäits kënn awer och nach derbäi, datt mat den Deconfinementsreegelen och gekuckt muss ginn, fir grouss Raimlechkeeten ze fannen, wou esou Generalversammlunge kéinten och ofgehale ginn, wat natierlech fir grouss Mutuellen net ëmmer esou einfach ass.

Et ass genau an deem Kontext, dass dese Gesetzesprojet 7619 da virgesinn ass. Dese Gesetzesprojet, deen erméiglecht de Mutuellen, d'Generalversammlunge bis spéitstens den 31. Dezember 2020 ofzehalen, déi dozou zesammenhängend Dokumenter och erëischt bis spéitstens den 31. Dezember - virdrun hat ech 21. gesot, et ass awer den 31. Dezember -, bis den 31. Dezember dann och déi Dokumenter un de Sozialversécherungsministère oder -minister eranzeginn an de Kontrollbericht vum Auditeur fir d'Konte vun 2019 bis spéitstens

den 30. November 2020 dem Verwaltungsrot ze presentéieren. Hei besteet en Decalage vun engem Mount. Dese Decalage erméiglecht dem Verwaltungsrot, en adequaten Oflaf vun de Generalversammlunge virzebereeden a wann néideg och eng Positioun zu engem Punkt, dee vum Auditeur a sengem Rapport opgeworf gouf, dann ze huelen.

Ofschléissend gesäit dese Gesetzesprojet och d'Suspensioun vum Agreement vun de Mutuelle vir, falls de Verwaltungsrot sech de juristeschen oder gesetzleche Bestëmmunge widderleet.

Fir ze verhënnere, datt d'Suspensionsprozedur muss declenchéiert ginn, well de Verwaltungsrot, bedéngt duerch déi sanitär Kris, senge Verpflichtungen net nokomme kann oder well d'Mutuelli sech an enger illegaler Situatioun befannen, well hir Statut net konform zu dese Bestëmmungen ass, gëtt duerch dese Gesetzesprojet d'Aktivatioun vun der Suspensionsprozedur suspendéiert, awer nëmmen an exklusiv fir d'Bestëmmunge vun deem Gesetzesprojet, wat heescht, datt awer all aner Illegalitéiten zu enger Aktivatioun vun der Suspensionsprozedur géife féieren, sou wéi d'Gesetz vum 1. August 2019 dat virgesäit.

De Projet gouf de 15. Juni deposéiert. Den Avis vum Staatsrot gouf den 20. Juni eestëmmege an der Kommissioun ugeholl. An ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Rapporteur, dem Här Georges Engel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här President. Och merci un de Rapporteur, de Georges Engel, fir de Rapport. Hien huet dat ganz am Detail gemaach, dass mer jo hei eng Verlängerung maache vun de Generalversammlungen, dass all déi Dekonten och méi spéit kënnen gemaach ginn.

Et ass mer eng Eier an eng Freed, lech d'Zoustëmmung vun der CSV matzedelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. Da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

► **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. Merci och dem Georges Engel fir de gudden méndlechen a schrëftleche Rapport. Ech ginn dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Charles Margue.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Natierlech schléissen ech mech mengé Virgänger un.

An och merci un de Georges Engel fir de Rapport. A wéi Der lech et kënn erwaarden, ginn déi gréng hir Zoustëmmung fir dese Gesetzesprojet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Margue. Da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll dann dem Rapporteur, dem Här Georges Engel, Merci soe fir säi schrëftlechen a méndleche Rapport. Et geet hei ëm d'Verlängerung vun Delaie bei de Mutuellen. A mir gi selbstverständlech eis Zoustëmmung zu desen Datumen. Et ass jo bedéngt duerch d'sanitär Kris, wou mer dat musse virhuelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Och vu mir e grouss Merci un de Rapporteur fir den exzellente Rapport. En huet et gesot: Dat heite war unanime an der Kommissioun. An deemspriechend kann ech och hei nach eng Kéier den Accord vun de Piraten fir dese Projet ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir d'Sécurité sociale, den Här Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, virun allem awer och alle Memberen aus der Kommissioun fir dat schnellt Schaffen un deem Projet, wou mer effektiv d'Delaie verlängere fir d'Mutuellen. Ech mengen, dozou ass alles gesot. Merci och fir déi grouss Zoustëmmung.

Ech géif vläicht kuerz derbäi soen, datt mer gëschter och nach e Brëif kritt hu vun der Fédération nationale vun der Mutualité luxembourgeoise, deen ech och gelies hunn an deen ech selbstverständlech och a Consideratioun huelen.

Engersäits hu se gefrot, de Projet elo nach eng Kéier ze amendéieren. Bon, ech mengen, mir si lo duerch d'Kommissioun do, d'Avisé sinn do. An et ass och esou, déi zwee Punkten, déi ugeschwat goufen:

Deen éischten ass deen, fir den Delai vun der Transition op dräi Joer ze setzen. Dat war eppes, wat am initiale Projet dra war. De Staatsrot hat et deemools erausgeholl beim Vott, soudatt dat, mengen ech, sans objet ginn ass.

Deen zweete Volet ass deen, fir effektiv och hei e sougenannte Congé fir d'Membere vum CA anzeféieren. Ech mengen, dat géif wäit féieren. Dat ass en neie Punkt. Dee gouf nach néierens diskutéiert. Dat ass een, dee selbstverständlech och muss mam Travail respektiv och mat de Sozialpartner diskutéiert ginn. An ech géif soen, datt ech dat effektiv am Tirang halen, a wa mer nach eng Kéier un dat Gesetz ginn,

datt een dat dann nach eng Kéier a Consideratioun géif huelen.

Ech soen lech op jidde Fall fir dese Projet e grouss Merci fir déi breet Zoustëmmung. An an deem Sënn merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Minister Romain Schneider. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7619. Den Text steet am Document parlementaire 7619².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7619 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dese Projet eestëmmege mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marc Spautz), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Viviane Reding), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Marie Halsdorf), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Chantal Gary), François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Charles Margue), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge si fir de 7., 8. an 9. Juli virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.57 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

4. Question élargie n° 48 de M. Marc Hansen relative à la stratégie de l'Union européenne concernant les vaccins contre le Covid-19

- M. Marc Hansen - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

5. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet de l'évolution du secteur de la santé et du secteur socio-éducatif en termes de personnel

- Exposé : M. Marc Spautz (intervention de M. Georges Engel)

- Débat : M. Gusty Graas - Mme Francine Closener - M. Marc Hansen - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement

- Prises de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

6. 7610 - Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la dix-neuvième reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

- Discussion générale : M. Gilles Roth - M. Dan Biancalana - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7427 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique

- Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Lydia Mutsch

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - M. Guy Arendt - M. Charles Margue - M. Gast Gibéryen - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Paulette Lenert et M. Franz Fayot, Ministres.



(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

2. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 7 juillet 2020

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7622 - Projet de loi

1° portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° modifiant

1) la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ;

2) la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;

3° abrogeant

1) la loi du 24 juin 2020 portant introduction d'une série de mesures concernant les activités sportives, les activités culturelles ainsi que les établissements recevant du public, dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2) la loi du 24 juin 2020 portant introduction d'une série de mesures concernant les personnes physiques dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 02.07.2020

7623 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 03.07.2020

7624 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre la Covid-19 ;

2° de la loi du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre la Covid-19

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 03.07.2020

7625 - Projet de loi portant modification de

1° la loi modifiée du 24 juillet 2015 relative à FATCA ;

2° la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la Norme commune de déclaration (NCD) ;

3° la loi du 25 mars 2020 relative aux dispositifs transfrontières devant faire l'objet d'une déclaration ;

4° la loi du 12 mai 2020 portant adaptation de certains délais en matière fiscale, financière et budgétaire dans le contexte de l'état de crise ;

en vue de transposer la directive (UE) 2020/876 du Conseil du 24 juin 2020 modifiant la directive 2011/16/UE afin de répondre au besoin urgent de reporter certains délais pour la déclaration et l'échange d'informations dans le domaine de la fiscalité en raison de la pandémie de Covid-19

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 06.07.2020

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées :

1644 - Demande de pétition publique : Enlever la fonction « commentaire » sur les sites d'informations (RTL, ELDO, etc.)

Dépôt : Patrick Piticco, le 29.06.2020

1645 - Demande de pétition publique : Droit d'exercer son refus de vaccination Covid-19

Dépôt : Fabian Hirtz, le 29.06.2020

1646 - Demande de pétition publique : Prime de risque au personnel soignant

Dépôt : Daniel Vicente Rodrigues, le 29.06.2020

1647 - Demande de pétition publique : Pas d'impôts sur les primes exceptionnelles ni le 13^e mois offerts par les patrons

Dépôt : Helder Ferreira Da Silva, le 30.06.2020

1648 - Demande de pétition publique : Congé Covid-19

Dépôt : Vito Pascalicchio, le 01.07.2020

1649 - Demande de pétition publique : Pensionsberechtigt no 40 Joer Déngscht

Dépôt : Frank Bindels, le 02.07.2020

1650 - Demande de pétition publique : Aféierung vun allgemenge Wierdengscht fir all Lëtzebuurger ab 17 Joer fir op d'mannst 12 Méint

Dépôt : Jean-Marc Alesch, le 03.07.2020

1651 - Demande de pétition publique : Rectification de l'âge de la retraite

Dépôt : Joao Monteiro Dias, le 04.07.2020

1652 - Demande de pétition publique : Augmentation des moyens de ramassage des déchets liés au Covid-19

Dépôt : Erick Thiéry, le 05.07.2020

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ech proposéieren haut, d'Reiefolleg vun de Punkte vun eisem Ordre du jour vun haut emzeänneren, soudatt déi erweidert Fro vun Här Marc Hansen als éischte Punkt géif druckommen, duerno d'Interpellatioun vun Här Marc Spautz an dann d'Projets de loi 7610 a 7427 zum Schluss.

Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. Question élargie n° 48 de M. Marc Hansen relative à la stratégie de l'Union européenne concernant les vaccins contre le Covid-19

Mir fänken d'Sézung u mat der erweidert Fro Nummer 48 vun Här Marc Hansen iwwer d'EU-Strategie betreffend d'Covid-19-Impfungen. Den Auteur vun der Fro huet fénnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vun der Madamm Ministesch eng eventuell Zousazfro virzedroen, der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, Madamm Ministesch, fir endgültig aus der Covidkris ze kommen, brauche mer en Impfstoff, deen de Mënschen op der ganzer Welt zeguttkënn. Dofir huet d'Europäesch Kommissioun de 17. Juni hir Strategie fir d'Entwécklung vun engem Covid-19-Impfstoff verëffentlecht mat folgenden Objektiv:

- d'Qualitéit, d'Onbedenlechkeet an d'Effikasitéit ze garantéieren;

- de Memberstaaten an hire Bierger eng Impfung zum richtegen Zäitpunkt bereetstellen ze kënnen a gläichzäitig sech fir eng weltwäit Solidaritéit anzusetzen;

- jidderengem an der EU e gerechten Zougang zu engem erschwéngleche Präis zu engem Impfstoff ze garantéieren.

Laut Kommissioun ass schonn e wichtege Schrëtt duerch déi gemeinsam Aktioun vu Frankräich, Däitschland, Italien an Holland gemaach ginn, déi eng Allianz fir Impfung an Immuniséierung, eng Gavi, gegrennt hunn an eng Optioun op 300 Milliounen Impfdose bei engem Laboratoire geholl hunn. Dëser Initiativ solle sech all d'Memberstaate kënnen uschlëssen.

Duerfir wëllt d'Kommissioun op eng Procédure de passation de marchés centralisée zrëck-

gräifen. Da brauch just eng Ausschreiwung gemaach ze ginn, wat méi Poids huet, an de Präis wäert doduerch erofgoen. Déi gemeinsam Approche erlaabt et och, déi wëssenschaftlech a regulatoresch Expertis vun der Kommissioun a vun de Memberstaaten ze bündelen.

Laut enger Äusserung vun der Gesondheetsministesch um „100,7“ ass Lëtzebuerg fir eng gemeinsam EU-Initiativ, ass awer kritesch vis-à-vis vun der Gavi-Initiativ. D'Belsch fënn, datt déi Aktioun kontraproduktiv wär, well et d'Position vun der EU géif schwächen. D'Virporsche vun deene véier Länner kënn jo och engem Fait accompli gläich, well e Kontrakt mat AstraZeneca schonn ënnerschriwwen ass, och wann d'Kommissioun dat net esou presentéiert.

D'Fro, déi sech awer stellt, ass, wéi dee Kontrakt vun deene véier Länner op déi ganz EU kann iwwerschriwwen ginn. Parallell wëllt d'Kommissioun och nach mat anere Firme verhandelen, well ee sech net ka sécher sinn, datt eng Firma iwwerhaupt eng Impfung an der néideger Quantitéit ka produzéieren, an dat och nach matzäit. Eigentlech gläichen déi Optionskeef enger Pokerpartie.

Den Detail läit an de Kontrakter. Wat sinn d'Klauselen? Speziell bei deem mat AstraZeneca. Gëtt et Méiglechkeeten, aus dem Kontrakt erauszekommen, wann net matzäit geliewert ka ginn a wann aner Firmen dat scho kënnen?

Kann d'Gesondheetsministesch eis soen, wat wéi enge Firmen nach verhandelt gëtt oder gouf an ob et sech ëm europäesch Firmen handelt oder och aner? Wéi eng Critères de sélection goufen et oder ginn ugewannt? Mat wéi vill Firme sollen insgesamt Kontrakter ofgeschloss ginn? A fir wéi vill Impfstoffdosen, wësend, dass duerch d'Gavi-Initiativ schonn 300 Milliounen Dose virbestallt gi sinn? An der Hypothees vun enger Dos pro Persoun wäeren ongeféier zwee Drëttel vun der EU-Bevölkerung domadder ofgedeckt.

Wann all Firme kënnen liwweren, bedeit dëst, dass mer en Iwwerschoss un Impfstoffen an der EU wäerte kréien. Wat gëtt mat dësen Impfungen gemaach? Ginn et Pläng, dës un Drëttlänner weiderzeginn? A wa jo, ënner wéi enge Konditiounen? Geet et bei der Impfung och duer, déi dacks zitëiert 60 % vun der Bevëlkerung ze immuniséieren, fir eng Herdenimmunitéit ze errechen?

E weidere Punkt aus der Kommissioun hirer Strategie ass, datt si, fir den Impfstoff méi schnell disponibel ze maachen, verschidde Prozedure wëllt verkierzen. Engersäits wëllt se eng temporaire Derogatioun zu der OGM-Direktiv ausschaffe fir de Fall, dass de Vaccin geneschtesch modifizéiert Organismen enthält. Anerersäit wëllt se d'Prozedur fir d'Autorisation de mise sur le marché vun néng op eng Woch kieren, wësend dass d'Donnéen da manner komplett si wéi bei enger normaler Prozedur.

Ka mat där Prozedur garantéiert ginn, datt d'Balance bénéfice-risque positiv ass, well hei geet et ëm e Produit, deen op kuerz Zäit ville Leit ouni enke Suivi médical wäert injektéiert ginn? Et kann een och den Impfstoff bei onerwaarten Niewewierkungen net ofsetzen, wéi dat bei anere Medikamenter méiglech ass.

Madamm Ministesch, zum Schluss wëllt ech op d'Fuerschung an d'Entwécklung vun engem Impfstoff am Kader vun enger Pandemie wéi dem Covid agoen. Gëtt et eng EU- respektiv eng international Strategie, fir Impfungen am Kader vu Pandemien ze entwéckelen? Spillt d'effentlech Recherche do eng Roll? Huet si zousätzlech Budgeten zur Verfügung gestallt kritt, fir geziilt en engem Covidimpfstoff ze fuerschen? Wat geschitt mat de Resultater, déi duerch dës Fuerschung entstinn? Ginn déi effentlech gemaach? A wann, wie kann dovunner profitéieren? Oder läit alles an der Hand vun de Pharmakonzerner, déi hir Fuerschungsergebnisser net wäerte verëffentlechen?

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Hansen. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. D'Kommissioun DG Santé analyséiert effektiv am Moment, wéi een de Kontrakt vun der Allianz vun deene véier Länner, déi erwänt gi sinn, wéi een dee kann iwwerhuelen. Si huet sech an där Hisiicht zouversichtlech gewisen an huet och ënnerstrach, dass dës Kontrakt mat AstraZeneca extreem wichteg ass, well se der Meenung ass, dass dës Firma gutt Chancen huet, déi éischt Firma ze sinn, déi e Vaccin wäert liwweren.

Mir hunn effektiv déi Initiativ vun deene véier Länner e bësse skeptesch gesi gehat, d'selwecht wéi eis belsch Kollegeen, haten awer

duerno Echanging, an dat schéngt wierklech zesummenzefannen. Et ass wierklech e Wëllen do, souwuel vun der Kommissioun wéi och vun deene Länner, fir gemeinsam Saach ze maachen. Mir hunn awer bis dato elo nach keng genee Informatiounen, wéi de Kontrakt vun deene véier Länner op déi ganz EU soll iwwerschriwwen ginn.

D'Kommissioun huet ënnerstrach, dass et e provisoresche Kontrakt ass, an dat ass eise leschte Stand haut vun deem, wat mer dozou wëssen.

Mir hunn och déi Kontrakter nach net gesinn a kënnen eis dofir och zu dësem Zäitpunkt net iwwer eventuell Klauselen, déi dra sinn, ausloossen. Dat ass an deem Sënn nach net kommunikéiert ginn.

Fir ze garantéieren, dass den Impfstoff an enger néideger Quantitéit do ass fir d'EU, dorëms geet et am Fong geholl. An dofir hu mer och den Accord gi vu Lëtzebuerg, dass d'EU soll duerch e sougenannte Contrat d'achat anticipé kënnen handele mat verschiddene Firmen, mat verschiddene Produzenten. Dës Informatiounen, wéi eng Firmen dat wäerte sinn, déi sinn eis och zu dësem Zäitpunkt nach net zougänglech.

Gewosst ass just, dass d'Kommissioun mat all deene Fabrikante wëllt negociéieren, déi nach dëst Joer Essai-clinique wäerte maachen an déi kënnen schnell liwweren.

D'Impfstrategie vun der Kommissioun, déi gesäit och eng Rei Selektionskrittäre vir. Mee do wollt ech elo net am Detail drop agoen, déi hu mer esou och nach net oppeglecht kritt. An d'Kommissioun ënnerstëtz och des Weideren d'Aktioun vun der OMS an hirem Uleies, e Vaccin un all Regiounen vun der Welt accessibel ze maachen.

Am Mee dëst Joer huet d'Kommissioun eng Campagne de promesse de dons initiéiert, déi et erméiglecht huet, 9,8 Milliarden Euro ze sammelen. Dovunner huet d'Kommissioun selwer 1,4 Milliarden Euro bäigesteiert, dëst mam Objektiv, en universalen Accès zur Impfung méiglech ze maachen an domadder eeben en Traitement an en Depistage vun Covid och zu engem abordabele Präis méiglech ze maachen.

Vun dësem Fong profitéiert ënner anerem de COVAX-Projet vun Gavi. Dat ass eng Initiativ, déi dorobber ziilt, de Vaccin zu negociéierte Präisser fir all Länner disponibel ze maachen, fir datt 20 % vun der vulnerabeler Bevëlkerung an all de Länner Accès zum Vaccin kréien.

Donieft gëtt et och nach de CEPI. Dat ass d'Coalition pour les innovations en matière de préparation aux épidémies. Dat ass eng Initiativ, déi Lëtzebuerg och ausdrécklech ënnerstëtz a schonn ënnerstëtz huet mat 1,6 Milliounen. Déi viséiert den Zougang zum Vaccin weltwäit. An do ass Lëtzebuerg och gefrot gi gewiesch, eebe sech bis den 10. Juli doriwirer auszuschwätzen, wat mer mat deem Betrag, deen ech genannt hunn, da gemaach hunn, dëst nieft Frankräich, Däitschland an enger Rei anere Länner.

Mir hunn, wat de Präis elo vun den Impfdosen ugeet, zurzäit nach keng Informatiounen. Dowéinst kënnen mer och nach weider keng Informatiounen hei weiderginn. An et ass och nach net gewosst zu dësem Zäitpunkt, a wéi enge Quantitéiten déi éischt Vaccin wäerten disponibel sinn.

Lëtzebuerg selwer setzt sech an dëser éischter Phas d'Zil vun enger Immunitéit vu 50 % bis 70 % vun der Bevëlkerung duerch impfen. Mir wäerten och da kucken, wéi enger Kategorie vu Persounen dës Vaccin prioritär soll zougänglech gemaach ginn. D'EU hirersäits schwätzt an enger éischter Phas vun enger Immunitéit vu 40 % vun der Bevëlkerung. Dat ass also d'Zilsetzung an op déi gëtt higeschafft eebe mat deenen ënnerschiddlechen Akeef, déi Stand haut nach net esou kloer sinn, mat wem dat wäert sinn an a wéi enge Quantitéiten an zu wéi enge Präisser.

Voilà! Soss ass d'OMS och nach amgaangen, sech e globale Cadre d'actions ze ginn an ze entwéckelen, deen als Zil huet, de globale Stock un Impfstoffen ze garantéieren, an dat eebe fir all Land weltwäit, prioritär natierlech an deene Länner, wou en am meeschte wäert gebraucht gi wéinst Mangel u Capacitéiten, soudass och déi Deeler vun der Populatioun kënnen couvériert ginn. Soudass do och dat gutt Initiative sinn, déi mir vun eiser Säit aus ënnerstëtz, mee déi nach zu dësem Zäitpunkt net stinn.

De Secteur vun der effentlecher Recherche sengersäits schafft och zesumme mat der OMS via de Solidarity Trial. Dat ass en Essai clinique, un deem méi wéi 100 Länner bedeelegt sinn,



Lëtzebuerg selwer elo net. Hei geet et drëm, fir Traitement am Kader vun der Covidkris ze analyséieren an doduerch ze validéieren an och ze recommandéieren.

Voilà! Dat ass et vu menger Säit. Ech weess net, ob ech all d'Fro beäntwert hunn. Zu enger Rei Froen, wéi gesot, hu mer d'Informatiounen zu deem Zäitpunkt nach net.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Gesondheetsministesch, der Madamm Paulette Lenert. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

5. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet de l'évolution du secteur de la santé et du secteur socio-éducatif en termes de personnel

Eisen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vum honorablen Här Marc Spautz iwwert d'Personal vum Gesondheets- a sozioeducative Beräich. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgelegt. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den Här Marc Spautz.

Exposé

► **M. Marc Spautz (CSV), interpellateur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Sujet ass de Moment méi d'actualité wéi jee. Ech wëll awer drun erënneren, wéi ech dee Sujet ugefrot hunn, dat war den 13. Januar 2020. Den 13. Januar 2020 hate mer, ouni der Madamm Lenert wëllen ze no ze trieden, nach en anere Gesondheetsminister. Mir haten hei an der Chamber eng Diskussioun ..., net an der Chamber, mee an der politescher Diskussioun si ganz aner Sujete gewiescht.

De Premierminister war zu Paräis. Et huet ee festgestallt, dass den Här Asselborn et schlecht fonnt huet, wéi den Accord tëschent dem Iran an der EU festgehalte ginn ass. Eis Petitiounskommissioun huet 14 Petitiounen ugeholl iwwer Sportcoaching, Postgebaier, Hundekiller, Radarfallen.

An dofir, Här President, hunn ech lech alles matbruecht, wat deemools an der Aktualitéit war.

(**M. Marc Spautz dépose une documentation.**)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz (CSV), interpellateur.** - An op déi Zäit ginn ech zréck, wou ech déi Interpellatioun ugefrot hat. Dunn huet nach kee vu Covid geschwat, obwuel mer wëssen haut, international gesinn, dass de Covid schonn déizäit, de Virus, ennerwee war. Mee et war mer awer wichteg, eng Kéier ze ennersträchen, dass déi Interpellatioun méi laang hier ass wéi dat, wat sech déi lescht Wochen an Deeg an där Diskussioun ëm d'Gesondheetsberuffer an ëm den Zoustand vun de Gesondheetsstrukturen hei zu Lëtzebuerg gedoen huet.

Dat Gesetz, wat mer elo hunn, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, geet op d'Joer 1995 zréck. 1995 hu mer an der Ausbildung hei zu Lëtzebuerg, wat d'Gesondheets- an d'Sozialberuffer ubelaangt, en neit Gesetz kritt. Bis dohinner war et de Gesondheetsministère, bis 1995, deen zoustänneg war fir d'Ausbildung vun eisen Infirmiären an Infirmieren, mee mam Gesetz vun 1995 ass déi Kompetenz vun der Santé eriwergaange bei d'Education.

An déi méi stänneg Kolleegen heibanne kënnen sech drun erënneren: An de 70er Joren hate mer eppes Ähnlech. Ennert dem Aarbechts- an d'Educationminister Jean Dupong huet d'Beruffsausbildung 1972 gewieselt vum Ministère du Travail an de Ministère de l'Éducation nationale, well virdu war och d'Beruffsausbildung ëmmer d'Zoustännegkeet vum Aarbechtsministère, wéi et deemools geheescht huet, fir méi no beim Beruff, fir méi no beim Terrain ze sinn.

1972 ass d'Decisioun gefall an enger CSV/DP-Koalitioun, fir dat ze änneren, an dunn ass d'Beruffsausbildung eriwergaangen an d'Education.

1995 war eng CSV/LSAP-Koalitioun, an do ass deemools d'Decisioun gefall, dass och d'Santésausbildung géif eriwergoen an d'Education. Ech wëll awer ennersträchen, well ech vun Allerhellegen u bis de 15. Januar mat deem Sujet ennerwee war, dass dat och deemools kritisiert ginn ass, well Leit Angscht haten: Wann et eriwergoet bei d'Education, entferne mer eis ze vill vum Terrain.

Ech hunn och mat Leit geschwat, Dokter, Infirmieren, ale Regimm, neie Regimm. Ech hu mat Responsabelen an Alters- a Fleegeheimer

geschwat. Déi hunn och gesot, wat dee Wandel alles mat sech bruecht huet. An et ass mer dofir wichteg gewiescht, fir eng Kéier déi Analys ze maachen an och mat deene Leit doriwwer ze schwätzen an ze diskutéieren, well hir Kritik, dass hir Unerkennung net do wier oder dass mer net genuch Leit méi géife fannen um Terrain, fir dat ze maachen, ass jo eng Realitéit, net nëmme eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg, mee och eng Realitéit an der Groussregioun.

A wéi soen eis däitsch an eis franséisch Nopereen? Jo, bis op Koblenz, déi ginn alleguerten op Lëtzebuerg schaffen. An hanner Koblenz ..., oder hanner Épinal, déi bleiwen dann a Frankräich hängen, well déi aner setzen alleguerten hei zu Lëtzebuerg. An d'Spideeler, ech brauch lech se net opzezielen, dat eent Spidol huet der méi aus Däitschland, dat anert méi aus der Belsch an dat drëtt méi aus Frankräich an dat véiert, do ass e bësse méi aus deenen dräi Länner ukomm.

A mir hu jo och gesinn an där Kris, déi elo am März hei zu Lëtzebuerg richtig ugaangen ass, dass, wa mer si net gehat hätten, et schwéier gewiescht wär, fir dat ze meeschten.

Fir d'Gesondheetsberuffer a fir all déi Entwicklunge wat dat deemools awer e Meilenstein, dass eppes Neits komm ass an dass eeben do d'Kompetenze gewieselt si vun der Santé eriwier an d'Education. An Zweschenzäit, säit 1995, huet jo awer do ganz vill geännert, souwuel an der Gesellschaft wéi am Beruff oder an de Beruffer insgesamt, wéi an der Ausbildung a virun allem och an der Perception vun deene Beruffer.

An ech wëll nach eng Kéier hei profitéieren, fir all deene Merci ze soen, déi an der sanitärer Kris dagan, dagauss gewisen hunn, wat se drop hunn. An dass mer dat esou konnte meeschten, dat ass och hire Bäitrag, dee si vum Terrain hier geleescht hunn.

Gläichzäitig huet awer och eppes aneres geännert, nämlech eist Gesellschaftsbild. Ganz oft hat Der an där Zäit Leit, déi hunn e Beruff geléiert, hunn Infirmière geléiert an hunn duerno opgehale. Och dat ass eng aner Gesellschaft ginn. Mir liewen haut anescht. Mir hunn haut aner Erausforderungen an et sinn der ganz vill vun deenen, déi zréckkomm sinn.

Dofir hu mer jo och 1998 dat Gesetz gehat, wou et geheescht huet: Wann s de méi wéi fénnef Joer eraus bass, fir kënnen erëmzekommen an de Beruff, muss de Cours-de-recyclage maachen, fir dass et och sécher ass, dass de fir déi Entwécklungen nach kanns parat sinn. An et ass eng ganz aner Diskussioun komm betreffend d'Veereenbarkeet vu Beruff a Famil. De Chèque-service ass komm. D'Fleegeversécherung ass komm. An op där anerer Säit ass och d'Liewenserwaardung, wat mer jo och alleguerte begréissen, ëmmer méi an d'Luucht gaangen. An dat huet Ännerunge mat sech bruecht am Beruff vum Educateur an dat huet och Ännerunge mat sech bruecht am Beruff vum Infirmier an der Infirmière.

Wa mer nach virun zéng Joer ee Moment ze vill Educateuren haten, ier mer ugefaangen hu mam Chèque-service, wou do ee Moment e Problem war, wou et souguer geheescht huet: „Maacht lues, macht lues, well mer hunn net fir jiddweree vun lech eng Plaz“, sou ass dat duerno anescht ginn, fir gesot, duerch de Chèque-service a gläichzäitig och well d'Liewenserwaardung ëmmer méi héich ginn ass.

A bei ganz ville Jonke war och de Wonsch, de Beruffswonsch, fir kënnen mat jonke Leit, mat Kanner ze schaffen, ganz grous. An dat hu mer festgestallt, net nëmme bei den Educateuren, mee den Educationminister an déi Leit aus dem Enseignement wëssen dat, dass do och eis Dammen, eis jonk Meedercher méi drop erpicht sinn, fir dee Beruff kënnen ze erléieren, wéi d'Jongen. Mee dat ass net nëmme bei den Educateuren esou, net nëmme bei den Infirmieren. Dat stelle mer jo och fest am Enseignement bei de Schoulmeeschteren a virun allem och bei de Spillschoulsjoffer, déi et zwar net méi haut an deem Stil gëtt, wéi et dat fréier ginn ass, dass si och do drop zréckgräifen.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Spillschoulsjoffer?

► **M. Marc Spautz (CSV), interpellateur.** - Jo, mee déi hunn awer esou geheescht, Här Engel. Et ass scho vläicht méi laang hier, et war vläicht virun Ärer Zäit.

(Hilarité)

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Bei mir war et och nach esou.

► **M. Marc Spautz (CSV), interpellateur.** - A, bei lech war et och nach esou? Okay. ... dass et do eebe wichteg war, och spezialiséiert Lycéien ze kréien. Deen ee spezialiséiert Lycée ass haut zu Miersch. Fir déi méi Stänneg heibannen, déi kënnen sech erënneren, déizäit huet et ëmmer geheescht: „Elo gees de op Fen-

teng.“ Elo gi se an den LTPES op Miersch. An do gesäit ee jo och, dass bei deenen och d'Ausbildung geännert huet an och dass d'Ufuerderungen un dat Personal um Aarbechtsmarché ganz anerer gi sinn.

An deem Beräich geet et virun allem ëm d'Versuergung vu kleng Kanner, Kanner a Jonker, an dat wäert och an Zukunft esou sinn, dass do de Besoin ëmmer méi grous gëtt, fir do den Encadrement ze maachen a fir do och de Leit ze hëllefen.

Mee et gëtt gläichzäitig och den Educateur am eelere Beräich, well mer och do feststellen, dass mer ëmmer méi Leit hunn, déi méi al ginn, déi och gesond, a Gott sei Dank gesond méi al ginn a wou et awer och wichteg ass, mat deenen Aktivitéiten ze maachen. An dass déi Leit net nëmme wëllen an hirem Zëmmer setzen oder de Fernsee kucken, dat hu mer jo déi lescht Wochen oft genuch als Reproché gemaach kritt, mee dass och soll mat hinne geschaff ginn, Aktivitéite mat hinne gemaach ginn. An dat ass jo en Zil, wat mer alleguer, alle 60 plus all déi aner doriwwer eraus, och gären hätten.

An dofir ass et jo och wichteg, dass an de Centre-intégrées, an de CIPAs an genuch educativ geschoulte Leit sinn, fir och deene Leit dat zoukommen ze loosse, wat se brauchen.

Mee dat Ganzt huet natierlech och e Präis, e Präis fir de Budget, och e Präis fir d'CNS. Awer och bei der CNS muss ee vläicht eng Kéier Efforte maachen, dass een do och d'Nomenclature eng Kéier iwwerkuckt, well an der Nomenclature nach vill Plaz ass, fir och do kënnen Adaptatiounen ze maachen, fir dass d'Leit d'Méiglechkeet hunn, op déi eenzel Saachen zréckzegräifen.

Awer och d'Beruffsbiller muss een analyséieren. An do ass meng Fro un den Educationminister: Wéi wäit sinn déi Iwwerleungen an deem Beräich? Do geet et jo enner anerem ..., mir hunn emol eng Kéier den DAP Auxiliaire de vie geschafft, deem seng Formation awer weider ni un d'Entwécklung adaptéiert ginn ass. An do ass et deemools drëm gaange fir bei der Kanner-versuergung, bei Kanner. Haut misst een déi Formation elo stelle bei Kanner, bei Jugendlecher, bei eelere Leit, beim Handicap, fir dass een och do weess, a wat fir eng Richtung et geet.

Ass do de Wëllen am Ministère, fir dass dee Modell misst méi adaptéiert ginn? Ass et do net wichteg, dass déi Ausbildung méi polyvalent gëtt, well mer jo awer Schwierigkeiten hunn, dat hu mer jo elo gemierkt, fir heiansdo genuch Leit ze hunn, déi bereet sinn, deen Asaz ze bréngen?

An da muss ee sech och d'Fro stellen: Wëssen alleguerten déi Leit, déi sech dee Beruff eraussichen, ob se sech méi wuel fille bei de Kanner a bei de Jugendlechen oder bei den eelere Leit, ob et do och net wichteg wier, dass se déi sämtlech Beräicher géife kenneléieren?

An och do hänkt et dann natierlech dovun of: Wat geschitt mat deem DAP Auxiliaire de vie? An do ass jo och d'Fro: Wat soen do d'Beruffschamberen dozou? An och: Wat seet do den zoustänneg Ministère dozou, wéi se dat gesinn?

An d'selwecht ass nieft der Organisation vun der Schoul nach eng Verpflichtung. Et muss ee jo och wëssen: Wat wëllt ee mat deem Auxiliaire de vie am soziale Beräich errechen? Wëllt een och deene Leit eng Kéier d'Queerverbindung ginn, dass se awer kënnen de Wee maachen an den Educateur mat engem Bac, fir dass se eng Méiglechkeet hunn, awer d'Trap eropzekommen, fir et elo emol esou an der Karriär auszedreken, oder soe mer, déi bleiwen eeben do, wou se sinn, an et ass keng Méiglechkeet méi do weiderzekommen a sech kënnen weiderbilden? Fir eis gesäit Chancéglichheit esou aus, dass si och d'Méiglechkeet mussen hunn, an déi aner Filière eranzekommen.

Wuel besteet zanter e puer Joer d'Méiglechkeet, den Educateur en cours d'emploi ze maachen, awer do ass d'Offer dach zimmlech limitéiert an do ass d'Zuel vun deene Plazen, déi do sinn, och relativ kleng an do misst een och, entschëllegt, Här Minister, wann ech dat esou soen, misst Der vläicht e puer Hausaufgabe maachen, fir och do de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, dass do och méi Leit dorobber kënnen zréckgräifen.

► **Une voix.** - Ganz richtig!

► **M. Marc Spautz (CSV), interpellateur.** - Am soziale Beräich misst dann och eng Diskussioun gefouert ginn iwwert d'Spezialisatioun jee no Secteur, wou ee schafft. Wat ass do de Plang vum Ministère? Wat geschitt an dem Beräich vun der Weiterbildung? Gëtt d'est de Secteur selwer iwwerlooss, ob Kanner, Jugendlecher oder déi Eeler? Et ass dat, an Däitschland nenne se dat jo Ordnungsmacht. Oder gëtt dat vun

uween erof gesot: Dat an dat an dat sinn déi Weiterbildungsmoossnamen, déi do mussen ugewannt ginn?

Wat huet de Ministère do wëllen ze maachen? A wat ass och herno d'Unerkennung vun deenen Diplomer? Wat bedeit dat an der Karriär? Wat bedeit dat an der Responsabilitéit? Well mir wësse jo, dass mer do e konventionéierte Secteur hunn. Mir wëssen awer och gläichzäitig, dass mer Leit hunn, déi am onkonventionéierte Secteur schaffen, déi bei deenen ..., och wann et falsch ass, dat eent nenne mer ëmmer d'effentlech Crèchen an dat anert nenne mer déi privat. Mir wëssen alleguer, dass een net ka soen, dat wier reng privat. Mee och do ass et wichteg, dass déi Leit wëssen, wat deen Diplom wäert ass. Gëtt dat Usproch op iergendeppes? Ech wëll do de Sozialpartner net an d'Handwerk fuschen. Mee och dat ass wichteg, dass do eng Unerkennung kënt fir déi jeeweileg Formationen. An do ass et och fir mech wichteg ze wëssen: Wien huet do de Lead? Wéi leeft dat? A wat sinn do d'Pläng vun der Education, wat se do wëllt maachen?

Dat zu deem éischte Kapitel vun de soziale Beruffer. Da kommen ech zu dem Beräich vun de Gesondheetsberuffer. D'Coronakris huet kloer bewisen, dass de Beruff vun den Infirmieren an den Infirmiären net „nice to have“ ass, mee dass do ganz kloer gewise ginn ass, dass ouni d'Gesondheet vun der Populatioun et net geet, a wa mer si net hunn, déi mat dozou bäidroen, dass d'Gesondheet esou laang wéi méiglech erhalte gëtt, dass mer do Schwierigkeiten hunn.

A spëtstens deen Dag huet jiddweree gewosst ... D'Ministesch huet jo do Hotelzëmmer gelount, fir dass et sécher ass, dass mer och déi Frontaliere géife behalen, déi mer brauchen, fir de Secteur um Liewen ze behalen. Mir wëssen, dass mir Lëtzebuurger eleng, a wann ech „Lëtzebuurger“ soen, mengen ech d'Residenten, eleng de Secteur net kënnen um Liewen halen, well mer net genuch Leit hunn, déi an deem Beruff tätég sinn. Dofir ass et wichteg, dass mer eis och do Froe musse stellen: Wéi kënnen mer méi Leit an dee Beruff kréien? Wéi kënnen mer dee Beruff méi attraktiv maachen?

An och wann eis dat geléngt, ass et illusoresch ze mengen, dass mer et ouni d'Frontaliere packen, an deem Secteur eppes ze errechen. Mee et ass fir mech wichteg: Wéi stellt de Ministère, souwuel de Gesondheetsministère wéi och den Educationminister, sech de Beruff vum Infirmier an der Infirmière vir?

D'Realitéit um Terrain ass, dass mer wëssen, dass den Educationminister d'Ausbildung mécht an dass de Gesondheetsministère d'Autorisation à exercer gëtt. An déi Kolleegen aus der Sozialkommissioun kënnen sech erënneren, wéi déi nei Bestëmmunge komm si bei der Fleegeversécherung, sinn déi sougenannten Infirmières indépendantes jo komm, well se gesot hunn: „Mir kréien hei d'Méiglechkeeten ewechgeholl, fir eis ze entwéckelen. Mir dierfen net méi esou wäit intervenéieren, wéi dat virun de Fall war.“

Spëtstens dee Moment huet ee jo gemierkt, dass do awer e Besoin an e Bedarf besteet vun deenen Infirmières indépendantes, fir och kënnen selbststänneg ze schaffen. An dat ass och bei deenen Infirmiären, déi a Spideeler, Altersheimer, Fleegeheimer sinn, dass et och do wichteg ass, dass mer dat klären: Wat sinn hir Kompetenzen? Wat fir eng Ordonnance kënnen se maachen? Ass et net méiglech, dass och si matdecidéieren iwwer Medikamenter - net verschreibungsflichteger, dat schéngt mer kloer ze sinn, dat muss den Dokter bleiwen -, mee dass bei net verschreibungsflichtege Medikamenter och do eng Infirmière d'Méiglechkeet huet, an Absence vun engem Dokter ze soen: „Dat an dat Medikament kann lech an deem dote Fall hëllefen oder net?“

Ass et net méiglech, kleng Wonnen an enger Policlinique direkt an Ugrëff ze huelen, dass och eng Infirmière do kann intervenéieren? An anere Länner, déi net esou wäit vun eis ewech sinn, mee just direkt déi aner Säit, ass dat méiglech. Net an all eisen dräi Nopeschlänner, mee a verschiddenen Nopeschlänner ass et souguer méiglech, dass se, deemno wou et ass, dierfe bitzen, wann een eppes opgeschloen huet, an op anere Plazen net. Misste mer net och dat iwwerschaffen a kucken, wat een do alles ka maachen?

Eng zweet Feststellung ass d'Potenzial vun den Infirmiären an Infirmieren, dat net genotzt gëtt, well bei deene Leit ass jo awer, deemno wivill Beruffserfarung se hunn, e Potenzial do, dat mer net genuch kënnen notzen, well mer déi Legislatioun hunn, déi mer hunn. Do geet et och ëm, ech kommen nach eng Kéier drop zréck, d'CNS, d'Nomenclature, wat do alles kéint vun Interventiounen méiglech sinn.

An dann eng drëtt Feststellung ass déi: Bei der Infirmières- an d'Infirmiersformatioun huet een



e bëssen esou d'Gefill, no 1995, dass dat e bëssen e Gepléischters war, wou jiddwereen e bëssen hei an e bëssen do gekuckt huet, fir dass jiddweree sech soll dran erëmfannen. An dofir ass et fir eis wichteg, dass mer do géifen Neel mat Käpp maachen.

Ech hat och eng Diskussioun mat de Vertrieeder vun den ANIL (ndlr: Association nationale des infirmières et infirmiers du Luxembourg), dat ass jo den Daachverband vun den Infirmieren an Infirmiëren, wou et och fir si ganz kloer ass, dass ee muss driwwer nodenken, fir och e Bachelorniveau kënnen an der Gesondheet anzeféieren.

Ech hu virdu geschwat: Mir hunn den LTPS an den LTPES. Bei den Educateurs an Educatrices gëtt et d'Méiglechkeet, fir en Universitätsdiplom ze kréien, do, bei de Gesondheetsberuffer ass déi hei zu Lëtzebuerg de Moment net do. An dofir ass et wichteg, dass mer och dat géife klären an dass mer och do déi Méiglechkeet deene Leit géife ginn, fir en Héichschulofschloss kënnen ze kréien.

Wa se hei zu Lëtzebuerg ofgeschloss sinn, kréie se e Bac+2. Mee wa se mat deem Bac+2 wëllen an een anert Land goen, kréie se Problemer, dass en net unerkannt ass.

An dofir ass et eebe wichteg, dass mer do eng Zwëschenetapp abauen, dass se och wëssen, dass deen Diplom eppes wäert ass, de se do kréien. Well wann en Infirmier oder eng Infirmière an en anert Land geet - elo net an der Europäescher Union, well do hu mer Gott sei Dank aner Reegelen -, mee wann een decidéiert: „Ech ginn an Australien, ech ginn an Neuseeland“, dann hat e Pech! Dann ass säin Diplom näischt wäert, well e keen Zwëschenendiplom huet, wéi zum Beispill de Bac. An dofir wier et wichteg, dass mer dat och géifen iwwerdenken an dat och géifen diskutieren.

An dann en anere Wee, wou ech mer d'Fro stellen: Wann ee vun der Première, deen elo eng Première classique mécht, decidéiert, e géif gär fir Infirmière oder en Infirmiersberuff léieren, dann ass et schwéier, deen an den Zyklus eranzekréien, well si op enger Deuxième ufänken, hir Formatioun ze maachen. Da misst deen erëm eng Kéier zrëckgestuift ginn, fir dee ganze Wee kënnen ze maachen, fir an déi Prozedur eranzekommen. An dofir wär dat och net gutt.

Oder et bleift hinnen da soss näischt iwwreg, wéi dass se soen: „Da maache mer eng Karriär am Management oder an der Pedagogik“, fir dee Wee kënnen ze goen. Mee si kënnen net op den Terrain kommen. An do wier et och wichteg, dass mer déi Dier géifen opmaachen, dass se och do kéinten déi Kompetenze kréien, fir am medezinnesche Beräich, dann net als Dokter - déi Diskussioun féiere mer jo de Moment an enger anerer Kommissioun -, mee fir do kënnen matzekommen.

Et misst och driwwer diskutéiert ginn, ob et no deem Bachelorstudium net méiglech ass, nach kënnen e Master ze maachen. E Master fir am Fleggeberäich, am Fleegemanagement, wat och kéint beruffsbegleedend offréiert ginn.

Wann Der hei zu Lëtzebuerg eng Formatioun ofgeschloss hutt als Infirmière an Dir wëllt eng Spezialitéit maachen, da sidd Der erëm esou gutt an Dir loosst de Beruff lénks leien. Wann Der dat kuckt an Däitschland, a Frankräich oder an der Belsch, do kéint Der dat maachen, dass Der an der Woch schaffe gitt an Dir gitt de Weekend an d'Formatioun oder emgedréint.

An dofir wier et och wichteg, dass mer och eisen Infirmiëren an Infirmiere géifen esou Méiglechkeete ginn, fir dass och si esou d'Méiglechkeet hunn, déi zousätzlech Qualifikatiounen ze maachen, wann d'Bereitschaft schon do ass, fir sech wëlle weiderzubilden, dass si dann och d'Méiglechkeet hunn, dat kënnen ze maachen.

A wa mer géife soen: „Si kommen an de Beruff era vum Héichschulniveau hier“, dann därfer ee jo och e Bléck werfen op déi aner Gesondheetsberuffer: d'Kinéen, d'Dokteren, d'Ergotherapeuten, d'Assistant-socialen, d'Apdikter.

A Klammer, bei den Apdikter, Madamm Minister: Do hunn ech nach en Uleies vun den Apdikter u mech erugedroe kritt. Wéi Der elo déi Reegele geholl hutt fir d'Professions de santé, wou mer gesot hunn, dass déi dann dierften hir Kanner an eng extra Struktur ginn. Do fille Verschiddener sech vernoléisseg. An dat sinn d'Apdikter!

Déi soten, dass do Problemer waren, wa Leit, déi an den Apdikte geschafft hunn, dass déi hir Kanner wollten an déi Crèche bréngen, an déi Struktur bréngen, dass dat net ugeholl ginn ass. An dofir och do mäin Appell - da maachen ech d'Klammer awer erëm zou, well dat hat näischt mat der Interpellatioun ze dinn, mee et ass elo déi lescht Deeg u mech erugedroe ginn -, dass do e Problem war, fir dass een deen och ka behiewen.

An dofir kommen ech nach eng Kéier drop zrëck, wann ech soen: „Si schaffen do all zesummen“, da soe mer am Fong: Déi Eenzeg, déi net d'Méiglechkeet hunn, en Héichschuldiplom ze kréien, am classesche Sënn, dat sinn d'Infirmiëren an d'Infirmieren, dass een dat och soll maachen.

Et ass jo och wichteg, dass mer eng praxisno Formatioun maachen an dass et dofir och op Aenhéicht muss méiglech si mat deenen Dokteren, déi an der Ausbildung sinn, déi hir Stagen hei maachen, dass déi och kënnen mat deenen Infirmiëren an Infirmieren op gläicher Héicht, dass och si nach gläichzäiteg um Terrain sinn an deen Héichschulniveau wëlle kréien, dass dat och wichteg ass an noutwendeg ass. (veuillez lire: Eng praxisno Formatioun zesumme mat anere Gesondheetsberuffer, och mat Dokteren, op Aenhéicht ass dréngend noutwendeg a gëtt gebraucht, esou dass si gläichzäiteg um Terrain sinn an den Héichschulniveau kënnen kréien, wat wichteg ass.)

Well wie verbréngt déi meeschten Zäit mam Patient? Dat ass net den Dokter, dat ass net den Ergotherapeut, et ass net de Psychotherapeut, mee et ass normalerweis den Infirmier oder d'Infirmière.

An dofir ass et och wichteg, dass een hinnen déi gläichwäerteg Formatioun gëtt op deem selwechten Niveau wéi deenen aneren. An et ass och ganz wichteg, dass déi Ausbildung praxisno orientéiert ginn. An dat ass och eng Remark, déi ech kritt hunn, dass mer hei zu Lëtzebuerg zwar eng ganz gutt Ausbildung hunn, mee dass, wann déi nei Infirmiëren an Infirmieren aus der Schoul kommen, do dann d'Begeescherung, fir se anzustellen, net ganz grous ass.

An dofir, Här Minister, déi Schülerinnen a Schüler, déi déi lescht Jore fäerdeg gi sinn am LTPS, wivill vun deene sinn en engem Spidol iwwerholl ginn a wivill vun deenen hu missen an eng aner Struktur goen, well se eeben net déi Praxiserfahrung haben? An da stelle mer fest, dass déi mat engem däitschen, engem franséischen oder engem belschen Diplom éischter agestallt ginn an de Spideeler wéi déi Leit, déi mat engem Diplom aus dem LTPS kommen.

An dofir wier et och wichteg, dass mer dat méi attraktiv maachen, dass se méi praxisno sinn, sou wéi dat an der Zäit de Fall war. Et soll een net ëmmer d'Auer zrëckdréien, mee do si se eent zu eent iwwerholl ginn. Wann Der am Park ausgebildt gi sidd, sidd Der bei den Elisabetherinnen iwwerholl ginn. Sidd Der an der Zitha ausgebildt ginn - an der Zitha. Zu Esch, zu Ettelbréck: hoergenee d'selwecht. Do ass dat meeschtens eent zu eent iwwerholl ginn.

An elo stelle mer awer fest, dass dat net méi de Fall ass. An dofir wier et och wichteg, dass mer do eng praxisno Ausbildung maachen, wou déi Leit och genuch Presenz kënnen um Terrain markieren, net nëmme Stagë maachen, mee wou se och do därferen déi eng oder aner Aarbechte schon ausüben - an do ginn ech d'Bundesland Berlin als Beispill -, wou se och do schon därferen aktiv an d'Fleg materaklammen an hirem leschte Joer just virum Diplom, fir do nach méi praxisno derbäi ze sinn, wéi dat hei am Land de Fall ass.

An da stellt ee sech jo och d'Fro: Wann ech dat elo soen ... Ech wëll hei net mini Doktere schaffen, dass mer eis do direkt eens sinn. Et geet mer elo net drëm, fir déi Diskussiounen, déi d'Santéskommissioun de Moment mat der Héichschulkommissioun féiert fir déi Ausbildungen, déi mer do wëlle maachen, dass ech elo soen: „D'Infirmière missten elo mini Doktere ginn“, mee et muss een hinnen awer d'Méiglechkeet ginn, verschide Gesten, déi an anere Länner an de Spideeler de Fall sinn, och kënnen hei zu Lëtzebuerg ausüben.

An da muss mer och schwätzen iwwert d'Beruffsbiller an der Santé. Mir hunn d'Aide-soignante, dat ass den Niveau DAP. Dann hu mer d'Infirmière. An elo neierdängs hu mer jo och nach de BTS, deen ausgebildt gëtt. Ob déi Beruffsbiller nach alleguerten der Zäit ugepasst sinn an ob mer och net do mussen driwwer schwätzen an dat iwwerschaffen, souwuel den Educationsministère wéi de Gesondheitsministère, fir dass mer do déi Leit kréien an dass mer d'Leit och motivéiert kréien, fir dee Beruff och ze erliieren.

Ech vermessen ëmmer e bëssen - mee dat ass eng Déformation professionnelle, soen ech -, et ass kee Mënsch méi interesséiert, en Handwierksberuff ze erliieren. Dat stelle mer fest. Mir stellen och fest, dass hei den Interêt, fir Infirmier oder Infirmière ze ginn, net méi deen ass, wéi dat an der Zäit de Fall war.

Wann Der d'Zuele kuckt, déi an de 70er, an den 80er Joren aus de Schoulen erauskomm sinn, du war dat kee Problem. Do hate mer der genuch. Do ware mer, wéi een dat esou léif nennen därfer, Selbstversorger. Mee dovun si mer haut wäit ewech. Dass mer och erëm

weisen, wat dee Beruff ass a wat fir eng flott Saachen dee Beruff mat sech bréngt.

Et ass en ustrengende Beruff. Et verlaangt ee vun deene Leit: siwen Deeg op siwen Deeg, acht Stonnen op acht Stonnen, 24 Stonnen den Dag, 365 Deeg d'Joer. Congé collectif kann et an der Santé net ginn a wäert et am Santésberäich och net ginn, well déi Leit mussen och ëmmer do sinn. Dass mer deene Leit a) déi Unerkennung ginn, b) mer awer och déi Beruffsbiller an de Beruffswee eng Kéier iwwerschaffen, an dass et och do wichteg ass, dass eppes erauskéint!

An deene ganzen Diskussiounen, déi ech mat deene verschidde Leit hat, froen déi mech dann ëmmer erëm: „Deen interministerielle Grupp, deen et do gëtt ...?“ Si héieren ëmmer ganz vill vun deem interministerielle Grupp, mee si wëssen awer net esou richteg, wat do erauskomm ass. Deen interministerielle Grupp, wou et jo drëm geet, iwwert d'Problematik Santé an Educatioun mateneen ze schwätzen.

Dofir wier et awer och interessant ze wëssen: Wat ass bis elo de Wee an deem interministerielle Grupp gewiescht? Mat wat fir e Punkten ass sech do allgemeng dermat beschäftigt ginn? A wat ass och do alles derbäi erauskomm? A wéi wäit si mer, fir do och kënnen dat ze maachen, fir dass dee Beruff erëm méi interessant gëtt, fir dass méi Leit dee Beruff léieren?

An do, Här Minister, hunn ech e Chiffer héieren, deen ech bal net ka gleewen: Et géifen der iwwer 100 ufänken an et géifen der d'Joer just 28 erauskommen. Ech soen, ech hunn dee Chiffer do elo net kontrolléiert, mee ech hunn dee Chiffer an deene leschten Deeg u mech erugedroe kritt. Da gesäit ee jo, dass nach just e Véierel - iwwerspéit formuliert, net dass Der herno sot, ech hätt falsch gerechent -, mee dass just nach ronn e Véierel vun deenen erauskomme vun deenen, déi ufänken.

A wann ee weess vun deenen, déi deen Ofschloss scho virun e bësse méi laanger Zäit gemaach hunn, dass vun deenen och iwwert d'Hallschent net bleift, mee dass déi dann en anere Wee sichen a weiderginn, da gett et doudsicher net duer, fir déi ze ersetzen, déi an d'Pensioun ginn, mat deenen, déi elo erauskommen.

Mee dat Eenzegt, wat ech mer erhoffen, dat ass, dass dann allen 28, wa se eng Demande an engem vun deene véier Spidolgruppen hei am Land maachen, dann och allen 28 géifen agestallt ginn hei zu Lëtzebuerg an engem vun deene Spidolgruppen.

An eng lescht Remark, an do soen ech awer, déi huet awer elo näischt méi mat der Virbereedung u menger Interpellatioun ze dinn, mee opgrond vun enger Ausso, déi déi lescht Wochen an Deeg gemaach ginn ass, fir en transfrontalière Lycée ze baue fir d'Formatioun op Belval.

Heibanne sätzen e fréiere Gesondheitsminister an e fréieren Inneminister. Déi zwee hunn emol eng Kéier 2005 mat engem franséische Kolleg, Mercier huet dee Mann geheescht, gesot, si géifen en neit Spidol op Belval bauen. An do waren och Diskussiounen amgaange fir dat neit Spidol. An op eemol hunn d'Fransouse mat eis gedeelt: „Dir baut d'Spidol, awer nom franséische Recht an op franséischem Terrain!“

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

An duerno war et eriwuer. An dofir kann elo de President vum Escher Spidol, de Georges Mischo, kucken, dass en en neit Spidol gebaut kritt, awer 500 Meter méi wäit fest op Lëtzebuerg Sait.

An dofir muss ech soen: Wa mer elo vun „transfrontalier“ schwätzen, da muss mer awer och oppassen, wat mer do maachen. Well mir hunn nach ëmmer an eisem Gesetz stoen, wat d'Ausbildung ubelaangt, dass déi Leit mussen de Langues véhiculaires - dat sinn déi dräi Sproochen hei zu Lëtzebuerg - mächtig sinn. Dat ass Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch. A virun allem bei eisen eelere Leit ass et dräimol méi wichteg, dass och dat Lëtzebuergesch do derbäi ass. An huet mer et net iwwel, mee wann de Lycée mat eise franséische Kollege gemaach gëtt, da kann ech mer net virstellen, dass do d'Lëtzebuerg Sprooch onbedéngt am Mëttelpunkt steet, mee éischter d'Sprooch vum Victor Hugo.

An dofir muss ech mer d'Fro stellen, ob et de richtige Wee soll sinn, do en transfrontalière Lycée ze maachen, fir eise Problem do ze léisen. Dass een eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht mécht an der Groussregion: 100%eg domadder d'accord! Well et ass nëmmer esou als Groussregion, wéi mer d'Méiglechkeet hunn, kënnen matzeschaffen an attraktiv ze bleiwe fir dee ganze Secteur. Mee ob do awer den transfrontalière Lycée dee richtige Wee an déi richteg Antwort ass op de Mankum, dee mer hei hunn, do woen ech awer ze bezweifelen, dass dat de richtige Wee ass.

Well haut hu mer schon de Fall, an e fréieren Aarbechtsminister huet dat Beispill ëmmer ginn: Dann ass et den däitschen Dokter an déi franséisch Infirmière, an déi portugisesch Aide-soignante, déi de Lëtzebuerg Lycéessystem net gepackt huet, well se déi dräi Sproochen net konnt, déi iwwersetzt fir den däitschen Dokter mat der franséischer Infirmière oder fir de franséischen Dokter mat der däitscher Infirmière.

An et ass dofir, wou ech soen: Och dat därfer mer net maachen! Mir mussen awer och do de Leit d'Méiglechkeet ginn, dat kënnen ze léieren, zemoos wa se deen Asaz wëlle bréngen am Interêt vun hire Matmënschen a Matmënschinnen. Well eppes ass jo kloer: Och déi däitsch Infirmière, déi op Lëtzebuerg kënt, ka kee Franséisch, an och déi franséisch Infirmière, déi op Lëtzebuerg kënt, kann net onbedéngt Däitsch.

Et ginn der bestëmmt. Dir hutt bestëmmt och Beispill, wou d'Ausnam d'Reegel bestätegt. Mee dat ass och ee vun de Problemer. An dofir meng Fro: Jo zu enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht mat eisen dräi Nopeschlänner. Mee da muss mer och eng Harmonisierung kréien, dass een deem anere seng Diplomer unerkennt an dass och deen een an deen aneren d'Méiglechkeet huet, an deem anere säi System iwwerzeweisselen, ouni grous Schwieeregkeeten an ëmmer ouni op déi europäesch Legislatiounen mussen zrëckzegräifen, mee dass dat eng Selbstverständlechkeet gëtt.

Fir eis ass et wichteg, dass mer en attraktiven LTPS hunn. A wann et muss sinn, solle mer och driwwer nodenken, ob mer en Audit musse maachen, wat dat eis bréngt fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg fir eis Kanner an eis Kandskanner, déi dee Beruff wëlle léieren, awer och fir de Gesondheetssystem vu Lëtzebuerg, wat e gudde Gesondheetssystem ass, dass dee seng héichwäerteg Qualitéit behält.

Villmools merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. Als éischte Riedner ass den honrabelen Här Gusty Graas agedroen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Effektiv, wéi den Här Spautz et scho viru gesot huet: En huet seng Interpellatioun hei den 13. Januar ugefrot. Du konnt natierlech kee virausgesinn, datt d'Welt op eemol eng ganz aner wier. Zwee Méint méi spéit si mer an eng brutal Realitéit versat ginn, mat all deene Konsequenzen, déi mer kennen an déi leider och nach ëmmer net zu Enn komm sinn. Virun allem de Gesondheetssecteur stoung natierlech elo all déi Wochen a Méint am Fokus. An et huet een du gutt gemierkt, wat fir eng weesentlech Aufgab am Fong geholl all déi Leit an deene leschte Wochen a Méint geleescht hunn.

Duerfir erlaabt mir och hei, am Numm vun der Demokratescher Partei an éischter Linn deene Leit e ganz grouse Merci auszesprieche, awer doriwwer eraus alle Leit, déi an deene leschte Méint wierklech munchmol Onméiglech gelescht hunn, fir datt mer esou gutt wéi méiglech duerch déi Pandemie géife kommen.

Ech ginn awer gären zou: Här Spautz, Dir hutt engem et net einfach gemaach fir haut! Wann Der an enger Interpellatioun - dat ass elo net direkt eng Kritik, dat ass eng Feststellung - awer do zwee wichteg Volete mateneen verméscht, dann ass dat fir en Interpellant net esou einfach respektiv fir een, deesoll dorop reagieren, och. Ech mengen, et sinn zwou wichteg Froen, déi haut hei diskutéiert ginn, datt ech et perséinlech, an och am Numm vun der DP kann ech dat hei soen, léiwer gehat hätt, wa mer zwou verschidde Interpellatiounen gemaach hätten.

Mee bon, et ass nun eeben esou. Der verstitt awer, datt ech mech elo haut vläicht éischter wäert méi op de Volet vun de Gesondheetsberuffer konzentréieren, net nëmmer, well dat de Moment och am Fokus steet. Ech wëll awer eppes ganz kloer hei ennersträchen: Et soll awer elo net eng Hierarchie hei vu Beruffer opgestallt ginn. Mee kommt, mir huelen eis vläicht éischter als Aufgab vir, eng Kéier an e puer Méint dann eeben och eng Kéier op deen anere Volet zrëckzekommen!

Erlaabt mer, trotzdeem awer och e puer Remarken zu de sozioeducative Beruffer ze maachen! Ech mengen, och do gëtt d'Importenz vun deene Beruffer absolutt guer net a Fro gestallt. A wann ech hei esou duerch de Sall kucken, gesinn ech jo ganz vill Lokalpolitiker, an déi



wëssen dat jo am beschten. Ech mengen, si hu Jugendhaiser, si hu Maison-relais, se hu Crêchen an esou weider. Wa mer déi Leit net hätten, da géif viles och do net dréien. Si sinn ouni Zweifel haut och e feste Bestanddeel vun eisem Gesellschaftssystem.

Ech wëll och op e Gesetz zréckkommen, ech mengen, wat Der och virdrun hei zitëiert hutt. Dat ass dat vum 10. August 2005. Do ass jo e spezielle Lycée geschafe gi fir déi Leit deemools zu Léiweng. D'Maximalcapacitéit läit anscheinend bei 300 Schüler. Mir hunn de Moment awer eng staark Demande, fir dee Beruff ze ergräifen, wat mer och ganz gutt fannen.

Natierlech muss ee sech dann och d'Fro stellen, ob een net an Zukunft vläicht eng Kéier muss kucken, fir och do nach d'Capacitéit méi eropzesetzen.

D'Universitätsgesetz vum 12. August 2003 hat dann eebe mat sech bruecht, datt jo och d'Formation vum den Educateurs gradués op d'Uni verluecht ginn ass. Jorelaang, jorelaang, an ech géif scho bal soe jorzéngtelaang hunn natierlech och déi Leit aus deem Secteur versicht, datt hir Karriär awer un hir Formation ugepasst géif ginn. Ech mengen, dat ass oft eng Revendication, déi zu Recht och vun deene Leit an all deene Jore gestallt ginn ass.

Si hunn natierlech doduerch bedéngt manner Geld vläicht verdéngt, wéi wa se op enger anerer Plaz ugestallt wären. Du kum awer de 24. Mäerz ënnert der leschter Regierung 2015 dat wichtigst Gesetz an der Fonction publique. A wann do eng Karriär virun allem revaloriséiert ginn ass, da war et déi vun den Educateurs. Et gouf u sech, wéi gesot, eng Adaptation vun deene Karriäre virgeholl. Selbstverständlech sinn e puer Härtefäll bestoe bliwwen. Et muss een ëmmer iergendwéi eng Kéier eng Trennlinn zéien. Déi huet natierlech mat sech bruecht, datt och deen een oder deen aneren net esou ganz zefridde war, woufir een awer muss e gewëssent Verständnis opbréngen.

Op déi aner Manéier sinn natierlech och déi Leit, déi net an der Fonction publique waren, du lues a lues e bëssen onzefridde ginn. Et kum och dunn zu Manifestationen, souguer op der Strooss, bis hin zum Streiken am Joer 2016. A Gott sei Dank ass dat awer och mat engem gudden Enn ofgaang.

Ech wëll dann awer, wéi gesot, méi spezifesch hei op de Gesondheetssecteur agoen. Ech mengen, wann ech Ären Ausféierungen hei elo nogelasscht hunn, hutt Der jo och virun allem de Fokus dorobber geluecht, wat och ganz verständlech ass. Eppes kann een hei scho ganz kloer soen - glécklecherweis -: datt virun allem déi Gesondheetsberuffer u Renommee gewonnen hunn. An zu Recht! Et brauch een net nach eng Kéier drop hinweisen, wat an deene leschte Wochen a Méint gelescht ginn ass.

Ech erënneren nach un déi sympathesch Iddi, déi op eemol esou spontan opkomm war, datt d'Leit sech owes un acht Auer zesumme fonnt hunn an deene Leit geklappt hunn. Et huet ee vill Plakater mat Mercien dorëmmer gesinn, obwuel, wéi gesot, nach eng Kéier: Et soll een och net déi Beruffer vergiessen, déi och villes gelescht hunn. Mee ganz kloer ass et, datt déi aus dem Gesondheetssecteur hei awer méi an dem Fokus stoungen.

Natierlech huet dat och derzou bägedroen, datt Iddien opkomm sinn, fir zum Beispill eng allgemeng Primm ze accordéieren mat där Petition, déi mer all kennen, d'1535, déi jo elo hei diskutéiert ginn ass. Déi hat ganz séier de Seuil vu 4.500 Ennerschrëften erreecht. Ech wëll déi selbstverständlech elo hei net méi kommentéieren. Just datt do zréckbehale ginn ass, wéi gesot: Et soll hei op dëser Plaz méi en allgemengen Debat iwwert d'Gesondheetsberuffer stattfannen.

Ech maachen lech elo kee Reproche direkt hei, mee et ass e bësse schued, datt mer am Fong elo schonn haut eng Viretapp - loosse mer et dann esou nennen! - maachen, wou mer eis dann eeben elo scho Gedanke maachen, en Austausch hunn iwwert d'Zukunft vun de Beruffer an dem Gesondheetswiesen, woubäi jo awer dee groussen Debat da sollt spéitstens am Hierscht kommen.

Wat wëcht ass, dat ass, datt déi ganz Beruffer am Gesondheetsberäich mussen valoriséiert ginn. Déi kënnen kuerzfristeg scho valoriséiert ginn. Ech wëll déi eng oder déi aner Iddi hei zum Beispill matdeelen.

Firwat net e mobile Grupp vu Gesondheetsberuffer schafen, wéi dat och an Italie bei der Kris de Fall war? Dat heescht, déi zeechne sech duerch eng Expertis an der Versuergung vun de Leit mam Covid-19 aus. Et géif een natier-

lech ënnert der Responsabilitéit vum Gesondheetsministère schaffen. Dat ass ganz evident, well déi Leit kéinte jo dann och um Terrain hiren Knowhow weiderginn. A mir wësse jo awer och aus der Erfahrung: Leit, déi vum Covid-19 betraff waren, datt et do oft un den néidegen Informatiounen gefeelt huet. An hei kéinten dann zum Beispill esou Beruffer awer och dee Moment eng wichteg Aarbecht leeschte bei der Émssetzung vu gewëssene Recommendations.

Dann, zënter dem 1. Juni fonctionéiert awer och e wichtegen neie Posten, an d'Madamm Minister weess dat jo vill besser wéi ech, dat ass den Chief Nursing Officer, deen ass elo am Amt. An et ass och wichtig, datt dee grad zu dësem Zeitpunkt och elo geschafe ginn ass. Ech mengen, hei ass eng Uspriechpersoun geschafe gi fir all déi Froen, déi mat der Fleeg, déi mat dem Beruff vun dem Infirmier ze dinn hunn. Dat ass u sech och eng zousätzlech Wäertschätzung vun deem ganze Berufsstand.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu jo hei zu Lëtzebuerg de Moment 24 reglementéiert Professions de santé. An et wäerten der mat Sécherheet nach derbäikommen. Ech denken zum Beispill un den Infirmier an der Onkologie. Da muss natierlech och d'Fro gestallt ginn, ob déi Lescht net muss eng Kéier iwwerschafft ginn an ob net souguer vläicht Einzelner mussen suppriméiert ginn, wou ee jo och lues a lues vläicht erausfënn, datt se net méi déi Bedeitung hunn, wéi dat fréier de Fall war.

Déi grouss Fro, déi natierlech muss an dëser Interpellation gestallt ginn, dat ass: Wéi gesäit d'Zukunft vun de Beruffer am Fleege- an am Sozialwiesen aus? An déi Fro, déi muss d'Politik sech souwiesou stellen, reegelméisseg! Well wat ännert enorm schnell? Dat ass natierlech de Volet vun der Medezinn. Et ass praktesch kee Secteur, dee sech esou schnell entwéckelt wéi d'Medezinn u sech.

Da kënn natierlech derbäi, datt nach eng Rei aner Ursachen do matspillen. Ech denke virun allem un den demografesche Wandel. 2017 ware 14 % vun de Leit iwwer 65 Joer al. D'Prognosticke soe virus - an dat wäert wahrscheinlech och de Fall sinn -, datt dat 2050 scho 24 % sinn. Et brauch een also kee Spezialist ze sinn, wat dat bedeit, wa mer praktesch e Véierel vun de Leit hunn, déi iwwer 65 Joer am Joer 2050 sinn, datt do zousätzlech Fleeg entsteet an datt mer och zousätzlech Leit dee Moment brauchen.

Ech mengen, de Beruff muss u sech méi attraktiv gemaach ginn. An et geet effektiv emol net an eischter Linn ëm d'Geld. Selbstverständlech muss op e puer Plazen emol un der Schraufgedréit ginn. Mee, ech mengen, wat wichtig ass, dat ass och de Respekt, dee muss verstärkt gewise si vis-à-vis vun all deene Leit, déi am Fleege-secteur schaffen.

Well et dierf ee jo net vergiessen: Wien ass da bereet, Schichten ze schaffen, Nuetschichten ze maachen? Wien ass bereet, de Risiko vun Infektionen a Kaf ze huelen? Wien ass bereet, net all Dag, awer reegelméisseg, verbal souguer physesch Aggressionen a Kaf ze huelen? Dat ass net onbedéngt eng Voraussetzung, datt een de Fanger ausstreckt a seet: „Ma ech wëll dee Beruff do erléieren.“ Also muss mer ganz kloer no baussen awer och verständlech maachen, wat déi Leit u sech awer alles do leeschten, an datt et wichtig ass, wéi gesot, dee Beruff do baussen an virun allem nach vill méi attraktiv duerzestellen.

Da kënn natierlech derbäi, wann ee mat de Leit aus dem Secteur schwätzt, datt se haut oft d'Gefill hunn, datt se ënner Stress géife stoen, datt se u sech kéinten hir Aarbecht net méi an där Form maachen, wéi se dat gewinnt waren, datt se d'Gefill hunn - ech iwwerdreien elo vläicht e bësselchen -, datt bei all Akt ee géif mat der Stoppauer hannendrustoen.

Sécher mussen natierlech ekonomesch Premisen och matspille bei der Gestion vun engem Spidol, mee op där anerer Säit geet et hei awer an eischter Linn ëm d'Fleeg vun de Patienten. A jiddweree vun eis, dee schonn emol eng Kéier de Pech hat, de Malheur hat, an der Klinik ze sinn, dee weess grad ze schätzen, wat et wäert ass, wann e vis-à-vis Persounen huet, déi mat Léift, déi mat Engagement hire Beruff maachen.

Ech kommen dann op de Rapport iwwert d'Gesondheetswiesen hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen. Ech mengen, dee wäert eis an deenen nächste Joren nach méi wéi eng Kéier hei och mat interpelléieren. Dat ass dee vun der Madamm Lair. Iwwerens e ganz interessante Rapport, bal 700 Säiten, wou wierklech bis an dee leschten Detail - et kann ee soen - esou e Raster gemaach ginn ass vun dem Gesondheetswiesen hei zu Lëtzebuerg.

An da si mer ganz séier och beim Manko vu Personal. Och dat huet d'Madamm Lair jo ganz kloer ënnerstrach. Ech zitëiere si hei: « Avec un taux de 62 % de professions de santé régle-

mentées provenant de l'étranger, le pays a dépassé un seuil critique le rendant extrêmement vulnérable et dépendant des décisions politiques et économiques des pays frontaliers concernant leurs professions de santé. »

Ech mengen, dorauer kann een natierlech eng Konkusioun zéien. Mir mussen och méi kompetitiv vis-à-vis vum Ausland ginn. An, wat jo awer och ganz kloer bei der Kris erauskomm ass, et gesäit een, wéi dependant - wéi dependant! - mir u sech dann awer vun dem Personal aus den direkten Nopeschlänner sinn.

An ech wëll awer hei emol eppes kloer soen. Et gëtt jo ëmmer esou gären dobausse kritiséiert, monéiert, datt d'Leit sech opreegen, et wier net an der Rei, datt een an engem Spidol misst Däitsch oder Franséisch schwätzen. Jo, ech gi gären zou, natierlech ass dat net ëmmer esou ganz agreabel, besonnesch wann et méi ëm technesch Terme geet.

Mee loosse mer emol ganz éierlech sinn: Ass dat net awer zweetrangeg? Wat wichtig ass, dat ass, datt mer eng gutt Fleeg kréien! An onofhängeg, wien déi mécht, dat ass dat, wat déi Hauptvoraussetzung ass. Dowéinst, mengen ech, spéitstens elo - spéitstens elo! - misste mer eis awer bewosst sinn, wéi wichtig datt et ass, datt mer awer Leit aus dem noen Ausland hunn, déi awer hëllef hei, eise System iwwert d'Bün ze bréngen. Well soss, an dat haten déi lescht Wochen a Méint kloer bewisen, hätte mer awer vill méi grouss Problemer kruit.

► **M. André Bauler (DP).** - Ganz gutt!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Dee Manko u Personal, deen ass natierlech net nëmme an de Spideeler feststellen. Deen ass selbstverständlich och um Niveau vun de Fleegehaiser, besonnesch och am Beräich vun der Fleegeversicherung. Et gëtt jo gesot, datt Infirmiere feelen, Infirmiers psychiatriques an Aide-soignants. Iwwerens wëll ech och hei soen: D'Aide-soignants, déi maache 25 % vum gesamte Fleegepersonal aus. Also och e Berufsstand, dee vläicht munchmol net ëmmer senger Valeur no hei gesi gëtt.

Dann ass natierlech e gewëssene Problem och de Gehaltsënnscheed. Ech hu virdu gesot, datt dat vläicht net primär de Problem ass, mee et dierf een net vergiessen: Mir hu véier verschidde Gehaltsstrukturen. Ech wëll dat elo net hei verdeiwen. Mee dat bréngt natierlech awer mat sech, datt verschidde Leit an hirem Secteur net esou zefridde si wéi anerer.

De Regierungsprogramm, wann een deen e bëssen duerchliest, besonnesch wat d'Beräicher Santé, Famill a Sozial ubelaangt, do spiert een ous, datt nach ganz vill Iddien, ganz gutt Iddie sinn, déi natierlech awer och géife mat sech bréngen, datt mer erëm zousätzlech Personal brauchen. Ech denken zum Beispill un de Plan gérontologique oder un de Plan de soins palliatifs. Wa mer déi natierlech wëllen ëmsetzen, mussen mer zousätzlech och Fachpersonal rekrutéieren; erëm eng Kéier Aide-soignants, Aide-sociofamilialen, wéi och Infirmiers pédiatriques oder Infirmiere mat Expérience an de Soins palliatifs an an der Gestion de la douleur.

D'Medezinn, ech hunn et virdu scho gesot, ass amgang, sech enorm ze veränneren, sech schnell ze veränneren, och an der Praxis. Dat hu mer och erëm déi lescht Wochen a Méint gemierkt. Stéchwuert: Telemedezinn, Telepathologie, Teleexpertis. An och do erëm eng Kéier, da si mer séier bei den Infirmieren an Infirmieren, brauche mer an Zukunft mat Sécherheet nach zousätzlech Leit.

Da kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, ob net déi besteeend Ressource-humainé vläicht aneschtens missten agesat ginn, vläicht méi rationell agesat ginn. Dat sinn einfach emol Froen, déi awer och eng Kéier mussen duerchdiskutéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwer Personal an de Gesondheetsberuffer schwätzen, da mussen mer awer selbstverständlich och iwwert d'Doktere schwätzen. Ech mengen, et gi jo och Dokteren, déi ugestallt sinn oder et sinn der net nëmme déi, déi ënnert dem Statut vun der liberaler Profession fonctionéieren. An och do wësse mer, datt et eng Penurie gëtt.

Ech wëll zum Beispill och op ee Punkt hiweisen, an ech beruffe mech hei och op Aussoen och vun der AMMD (ndlr: Association des médecins et médecins dentistes), déi scho méi wéi eemol gesot hunn, dass zum Beispill 30 % vun de Medezinnstudenten, déi am Ausland sinn, net méi op Lëtzebuerg zréckkommen. Da mussen mer eis natierlech och d'Fro stelle firwat. Do geet jo awer ganz vill Capacitéit verluer.

An dowéinst ass et awer immens gutt a richtig, wat d'Regierung elo gemaach huet. Si hunn e Projet de loi op den Instanzwee ginn, dee mer am Moment amgaang sinn ze diskutéieren um Niveau vun der Santéskommission an der Educatiounskommission. Dat ass de PL 7531

iwwert d'Spezaletüden an der Medezinn op der Uni Lëtzebuerg. Do geet et virun allem, wéi gesot, ëm d'Onkologie, d'Neurologie an och d'Allgemengmedezinn.

Ech wëll nëmme zwee Chifferen hei ënnerbreeden. Mir hunn all Joers hei zu Lëtzebuerg 3.000 nei Kriisfäll. Mir hunn 9.000 neurologesch Krankheeten, déi alljoers derbäikommen. Mir hunn awer nëmme 25 Interniste respektiv Onkologen an 39 Neurologen. Et brauch ee kee Spezialist ze sinn, fir ze wëssen, wat dat awer emol ka fir d'Zukunft alles bedeiten.

Jiddefalls eppes ass kloer: D'Ausbildung ass sécher d'Grundvoraussetzung fir eng optimal Aarbecht! Dofir muss eiser Meenung no och d'Formation permanent ugepasst ginn, well - wéi gesot, bei der Gefor, mech elo erëm ze widerhuelen - d'Medezinn ass an enger permanenter Evolution.

Ech wëll zum Beispill och un d'Gesetz hei vum 26. Juli 2010 erënneren. Dee Moment ass jo d'Formation vum Infirmier op véier Joer eropgesat ginn. Dat heescht, si ginn dann och mat engem BTS ofschléissen, woubäi: eng Quatorzième an eng Quinzième ass dunn ënnert den Héichschulministère komm.

Da si mer natierlech séier bei der Bachelordiskussioun. Den Här Spautz huet déi och zu Recht hei ugeschnidden. Ech mengen, och mir als Demokratesch Partei hunn eis do scho vill Gedanke gemaach. Sécher, a ganz villen EU-Länner ass de Bachelor scho Realitéit.

Och d'OMS huet am Fong geholl recommandéiert, esou e Bachelor anzeféieren, obwuel och op EU-Niveau net ëmmer do e Konsens virherrscht. Et ass esou, an dee Comité interministériel ass jo schonn hei ugeschwat ginn ... Ech hunn awer vollt Verständnis, datt deen an deene leschte Wochen net onbedéngt elo schrecklech aktiv war. Loosse mer awer ganz éierlech sinn: Ech mengen, et waren aner Punkten, déi elo méi wichtig waren. Mee dat wëllt awer net verheenen, datt dat och an noer respektiv mëttelnoer Zukunft awer wäert dann erëm méi diskutéiert ginn.

Bei eis ass jo de Moment virgesinn: No engem BTS am Lycée technique pour professions de santé kéint een theoretesch also nach e Bachelor dann op der Uni maachen. D'Demokratesch Partei steet där Iddi u sech net am Wee, wuel wëssend, datt dat natierlech muss ganz gutt duerchduecht ginn an analyséiert ginn.

Et kann ee sech och virstellen, datt doduerch zum Beispill deelweis eng Entlaaschtung och vun den Doktere kéim. Well et dierf ee jo net vergiessen: De Moment hunn och scho plus ou moins en Dréitel vun den Infirmieren an Infirmieren, déi bei eis schaffen, e Bachelor. Dat sinn natierlech elo net onbedéngt Lëtzeburger Leit, mee zum Deel sinn dat der, déi e Bachelor hunn. An ech beruffe mech hei op eng Antwort op eng Question parlementaire vu menge Fraktionkollegen, dem Gilles Baum an dem Carole Hartmann, vum 11. Dezember 2019.

Dat Wuert „Infirmier“ ass elo scho ganz oft hei gefall. Mee dat huet awer seng Ursach. Well 42 % - 42 %! - vun alle Gesondheetsberuffer hei am Land sinn nun eeben Infirmieren an Infirmieren. Et misst natierlech och méiglech sinn, vläicht e gewëssene Changement de carrière unzestriewen, sou wéi dat an der Fonction publique och méiglech ass, zum Beispill vum Aide-soignant zum Infirmier, och fir, wéi gesot, de Beruff u sech nach méi interessant ze maachen. Do misst natierlech dann och den néidege Kader geschafe ginn.

Mir sinn awer als Demokratesch Partei och der Meenung, datt muss verstärkt sensibiliséiert ginn. Et huet ee jo e bëssen d'Gefill - dat mag elo e subjektiv Gefill sinn -, wéi wann awer d'Demande, fir dee Beruff ze ergräifen, net méi esou ganz grouss wär.

Mir liewen natierlech de Moment an enger anerer Zäit. Haut sinn aner Krittären, déi vläicht oft méi wichtig sinn. Ech mengen d'Organisation vun Famillieliewen. Stéchwuert: Deelzäitschaffen, Congé parental, vläicht och méi gereegelt schaffen, vläicht méi Zäit hu fir d'Famill, wat jo alles verständlech ass. An dat bréngt natierlech mat sech, datt dee Moment awer vläicht d'Demande, fir an e Fleegeberuff ze goen, net onbedéngt méi grouss gëtt. Dofir si mer och der Meenung, datt ee muss versichen, no baussen dat Bild vum Fleegepersonal nach verbessert duerzestellen, natierlech och d'Konditiounen ze verbesseren.

Wa mer natierlech vun Ausbildung schwätzen, da mussen mer awer och vun Infrastrukture schwätzen. Et geet jo net nëmme duer, datt een e flotte Programm huet, datt ee flott Iddien huet, flott Virstellungen, wéi de Beruff soll revaloriséiert ginn. Mee iergendwou muss jo dann awer och déi Ausbildung stattfannen.

An da kommen ech op deen neie Lycée technique pour professions de santé zu Stroossen ze schwätzen. Dat ginn elo bal op den Dag

dräi Joer - dräi Joer!-, datt mer d'Gesetz gestëmmt hu fir de Bau vun engem neie Lycée technique pour professions de santé.

Ech mengen, een, deen eng Kéier an deem aktuelle Lycée zu Stroossen an der Rue Barblé war, dee weess, datt dat awer iergendwéi lues a lues, ech wëll net soen zu engem Enn kënn, mee awer muss e moderniséiert ginn, adaptéiert ginn.

Mir wëssen awer, wou de Problem läit. Da kënn nach derbäi, datt de Bail, do, wou de Moment den aktuelle Lycée ass, op den 31. Dezember 2004 (veuillez lire: 2024) resiliéiert gëtt. Dat heescht, mir stinn ënner engem gewëssenen Drock, fir dat Gebai nei ze bauen. Mee, wéi gesot, de Problem ass jo deen, dass fir d'éischt muss e Relogement vun den DPlen (ndlr: demandeurs de protection internationale), also dem ale Centre de logopédie, virgeholl ginn.

An ech referéiere mech hei och op eng Äntwert op eng Question parlementaire vum Kolleeg Gilles Baum a vu mir vum 6. Januar vun dësem Joer, wou de Minister da gesot huet, datt de Bau am éischte Semester 2024 fäerdeg wier. Mir hoffen, datt en och de Recht behält. Wann dat net sollt de Fall sinn, da muss een eescht-haft driwwer nodenken, ob net vläicht dee Bail awer misst do verlängert ginn.

Dann: D'Maximalcapacitéit bedréit de Moment plus ou moins 1.000 Leit, wann een elo deen dote Site plus déi aner dräi Sitten, de Mercator, Käerjeng an Ettelbréck, hält. Och do, wéi gesot, wa mer et fäerdegbréngen, a mer hoffen, zousätzlech Leit ze gewannen, fir sech fir dee Beruff ze interesséieren, kéint et jo emol sinn, datt mer awer en Enkpass an der Capacitéit kréien.

Wat fir eis als Demokratesch Partei awer och wichtig ass, datt ass den Dialog mat de Beruffsorganisatiounen. Mir sinn an esou engem komplexe Sujet hei, an et muss een awer do ganz éierlech sinn: Et kann een natierlech net all Detail vun deene verschiddene Beruffer kennen. An dofir ass et wichtig, datt een an engem permanenten Dialog mat hinnen ass.

Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, wéi wichtig et awer och ass, datt et déi Organisatiounen gëtt. D'ANIL huet zum Beispill am Joer 2007 eng Plainte bei der EU-Kommissioun agereicht, well d'Ausbildung net genuch Stonnen hätt. A se haten Erfolleg, se krute Recht. Hei soll elo net den Opruff gemaach ginn, datt elo sollen all Beruffsorganisatiounen Plainten deposéieren, mee wat wichtig ass, dat ass, datt mer an engem permanenten Austausch an och Dialog sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stinn och kuerz virun engem Gesondheitsdësch. Och do hunn ech awer vollt Verständnis, datt dat de Moment net eng absolutt Prioritéit ka sinn. Mee am Hannerkapp, dovun sinn ech awer iwwerzeegt, huet d'Madamm Ministesch dat weiderhin. An dee kann natierlech awer wichtig - e soll och; net nëmme kann, mee soll a muss! -, gutt Weichen an déi richteg Weiche fir d'Zukunft setzen.

Ech wëll drop hiweisen, datt mir an der Demokratescher Partei en Aarbechtsgrupp, e spezifeschen Aarbechtsgrupp hunn, wou mer eis elo scho méintelaang do mat där ganzer Problematik auseruesetzen. Mir sinn do flankéiert vun enger Rei vu Fachleit. Dat ass och wichtig a mir wäerten och do fréier oder spéider mat eise Propositiounen jiddefalls an d'Effentlechkeet kommen.

Ech wëll ofschléissen awer mat enger Konklusioun, déi d'Madamm Lair aus hirem Rapport virgeluecht huet an déi u sech ganz gutt dat resuméiert: « Mais la situation de dépendance du système de santé luxembourgeois est telle et le risque de grave pénurie important, que cela nécessite plus qu'un simple plan d'action. Elle devrait être déclarée 'cause nationale' afin d'être considérée par plusieurs ministères. » A weider: « Les organes tels que la Chambre des Députés, les syndicats devraient être associés afin de soutenir efficacement les changements importants à opérer. »

Ech mengen, dat dote sinn Aussoen, déi mer eis alleguer sollen och zu Häerz huelen, op déi mer sollen opbauen, well et gëtt natierlech eng Rei wichtig Secteuren an der Politik insgesamt, mee wann et awer ee gëtt, ech mengen, do si mer eis awer alleguer bal eens, dann ass et virun allem dee vun der Gesondheet!

An dowéinst solle mer déi néideg Efforte maachen. Duerfir ass et och gutt, datt mer haut eng éischt Etapp gemaach hunn, datt mer méi am Fong driwwer geschwat hunn. Dës Kéier elo méi de Volet vum Personal. Dat wäert sech awer spéider nach eng Kéier iwwert déi gesamt Gesondheitspolitik ausdeenen.

An dofir, wéi gesot, wëll ech dem Här Spautz dann ofschléissen awer nach eng Kéier Merci soen, och wann en an engem net esou ganz einfach gemaach hat. Mee et war wichtig, datt

mer haut iwwert déi ganz Problematik geschwat hunn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener age-droen. Madamm Closener, Dir huet d'Wuert.

► **Mme Francine Closener (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Gesondheet ass net alles, mee ouni Gesondheet ass alles näischt“, dat sot anscheinend schonn de Schopenhauer, mee et brauch ee kee Philosoph ze sinn, fir dat ze wëssen.

Duerfir sinn ech ganz frou, datt mer haut iwwer eise Gesondheitssystem schwätzen a virun allem iwwert déi Leit, déi en ausmaachen a seng Qualitéit garantéieren, haut awer och muer an iwwermuer. Well de Lëtzebuurger Gesondheitssystem steet sonner Zweifel fir Qualitéit. Et ass ee vun deene beschte weltwäit! Dat wousst mer eigentlech scho virun der Covidkris, mee en huet och de Stresstest vun där Kris mat Bravour gemeeschert. D'Spideeler waren net iwwerlaascht. All Patient konnt korrekt behandelt ginn. Mir konnte souguer eise franséischen Noperen hëllef a Patienten aus dem Grand Est ophuelen, eebe well mer déi néideg Capacitéiten hunn.

An trotz kuerzfristegen Enkpass huet et net u Schutzmaterial, medezineschen Apparater oder Medikamenter gefeelt. Mir waren a mir si gutt opgestallt an hunn dowéinst och vergläichsweis weineg Doudesaffer ze bekloen. Mir mussen och weiderhin natierlech alles drusetzen, datt dat esou bleift.

All dat war awer och nëmme méiglech, well immens vill Leit immens vill aussergewéinlech Efforte gemaach hunn, fir eng impeccable Prise en charge ze garantéieren. Zu Recht huet d'Gesondheitsministesch Paulette Lenert déi lescht Woch hei an der Chamber déi enorm Solidaritéit an Zouverlässegkeet vum Personal aus dem Gesondheits- a Flegesecteur ënnerstrach. Ech mengen, et ass fir eis alleguer gutt ze wëssen a berouegend, dass mer eis am Eeschtfall op deen Engagement an déi Professionalitéit kënnen verlossen. Duerfir kann een eigentlech net genuch Merci soen.

Eise Gesondheitssystem ass also haut ganz effikass a performant, an zwar fir jiddereen, onofhängeg vum Patient sengem Portmonni. Fir datt dee System awer och an Zukunft op esou engem Topniveau bleift, komme mer net laanscht eng Rei vu Reformen. An et ass de Beweis vun enger seriöser Politik, déi méi wäit kuckt wéi nëmme déi nächst Wälen, datt d'Regierung déi doten Defien analyséiert an upaakt.

Den État des lieux, déi theoretesch Analys ass gemaach, d'Etüd Lair ass ugeschwat. D'Konklusiounen an d'Recommandatiounen si schonn am Hierscht zejoert presentéiert ginn. A wier d'Covidkris net dertëschtkomm, wiere mer sécherlech scho vill méi wäit mat der Fro, wéi mer déi Recommendatiounen dann elo am beschten an d'Praxis ëmsetzen.

Mee duerch d'Pandemie - an näischt ass esou schlecht, datt et och net iergenddeppes Guddes hätt - kruten d'Gesondheitsberuffer eng nei Visibilitéit. Déi breet Effentlechkeet ass sech ee fir allemol bewosst ginn, datt déi Leit an deem System relevant, systeemrelevant sinn. An dat Bewosstsinn, wéi wichtig, wéi iwwerlebenswichtig d'Leit an hir Kompetenzen am Gesondheitssecteur sinn, dat muss onbedéngt iwwert d'Kris eraus bestoe bleiwen. Duerfir gëtt enger d'Diskussioun vun haut och als en éischten Ustouss fir eng richteg an nohaltig Unerkennung an Opwärtung vun de Gesondheitsberuffer. Mat engem waarmen Applaus an enger eemoleger Primm ass et jiddefalls eleng net gedoen!

An iwwregens, och dee ganze sozioeducative Beräich läit eis als LSAP ganz staark um Häerz. An där leschter Legislaturperiod huet den Dan Kersch eng Opwärtung vun den educative Beruffer ëmgesat. Dat war och batter néideg. Mee och do ass nach net grad alles, wéi et soll sinn. Et ass eigentlech schwéier nozevollzéien, datt en Erzéier an enger Maison relais een anere Statut huet wéi een Erzéier, dee vum Educatiounsministère agestallt ass, obwuel se dacks zesummeschaffen a sech ëm déi selwecht Kanner bekëmmere sollen. Och dat do ass en Dossier, wou mer nach no Léisunge mussen sichen, zemoos, wann dat Zesummewuessen tëscht formaler an nonformaler Bildung soll Realitéit ginn, esou wéi de Ministère sech dat jo eigentlech och selwer virstellt. An Dir wësst jo och, datt mir als Partei de Modell vun enger moderner Ganzdagsschoul weider wëllen entwéckelen.

Mee zréck bei de Gesondheitssecteur, Här President. D'Etüd Lair weist eng Rei vu Schwaachpunkten. Dee gréisste Problem ass de Personal-manktum. Dee wësst a wësst, wann net géigesteiert gëtt. Bis elo kompenséiere mer de

Personal-manktum, wéi a villen anere Secteuren, duerch ee massive Rekrutement vu Leit aus dem Ausland. D'Virriedner hunn et ugeschwat. Mee de Problem verstärkt sech, wann an den nächste Jore méi Professioneller a Pensiounginn, wéi Jonker bäikommen. Et gëtt net genuch Nowuess, wat d'Dokteren ugeet, an dat gëllt och fir d'Ausbildung an de Rekrutement vun Infirmieren an Infirmiëren. Mir bilden haut just knapp en Drëttel vun de Leit, déi mer brauchen, selwer zu Lëtzebuerg aus. Dat ass net genuch.

Mee et ass net just e Problem vu Quantitéit, och vu Qualitéit. Eng Populatioun, déi ëmmer méi al gëtt, huet méi an aner Besoinen a puncto Fleg. Nei wëssenschaftlech Erkenntnisser verlaangen en Emdenken an der Organisatioun vum Gesondheitssecteur. All deem mussen mer Rechnung droen.

Virop, Här President, an der Formatioun, an zwar eigentlech schonn um Niveau vun der Grondschoul.

Ass de Stellwäert vun den Naturwëssenschaften an der Ausbildung vun eise Kanner a Jugendlechen dee richtegen? Orientéiere mer am Lycée gutt genuch op déi richteg Sektoren a méi spéit an déi richteg Studierrichtungen? A mengen Aen ass do nach vill Sputt.

Et ass och extremem wichteg, an och dat ass schonn ugeschwat ginn, datt d'Medezinstudien op der Uni Lëtzebuerg opgebaut ginn: Bachelor, Formation spécialisée an der Médecine générale, an der Neurologie, an der Onkologie. De respektive Projet de loi, vun deem ech zesumme mam André Bauler Corapporteur sinn, ass op där leschter Ligne droite. Grad déi Spezialisatiounen si wichteg, fir eeben der Penurie vun den Dokteren entgéintzewierken, besonnesch well d'Besoinen an deene Fachrichtungen wäerte wuessen, Stéchwierder Kriibs an degenerativ Krankheeten. A se droen och de Kompetenz Rechnung, déi déi lescht Joren an der Recherche hei zu Lëtzebuerg opgebaut gi sinn.

Een anere Problem. Am Moment schéngt d'Formatioun vun eisen Infirmieren an Infirmiëren éischer als eng Zort Verlängerung vum Lycée ugesinn ze gi wéi eng vollwäerteg Héichschoulausbildung. Et ass jo awer evident, datt dee Beruff net dierf als eng Zort Handlanger vun den Doktere consideréiert ginn an datt eng aner Formatioun an Zesummenaarbecht vun deene Beruffer zu méi Effizienz an enger qualitativ besserer Fleg féiert. „Op Aenheit“, sot de Marc Spautz, „mat den Dokteren.“ A genaousou ass et.

Mir begréissen et, datt d'Regierung éischt Schrëtt a Richtung Bachelor fir d'Infirmierskariär gemaach huet, quitte datt den Terrain sech nach skeptesch weist par rapport zu engem BTS-Bachelor. Et ass kloer, datt déi weider Demarché mat den Acteuren mussen duerchdiskutéiert ginn. An d'Acteuren, déi all Dag an eise Spideeler an och an de Flegheemer aktiv sinn, déi fuerderen eng vollwäerteg Héichschoulausbildung. Ech menge schonn, datt déi néideg wier, fir eeben den Defie vu muer entgéintzekommen. Duerfir setze mir als LSAP eis fir e richtige Bachelor an, keen Unhängsel vun enger Ufanksformatioun, mee eng initial eegestänneg Formatioun ab enger Première.

Den aktuelle System muss egal wéi iwwerducht ginn. D'Zuele schwätze fir sech. Mir bilde grad emol 28 Infirmiere pro Joer aus, dat war 2018 de Fall. Et goufe Joren, do waren et der 140. An d'Erfahrungen aus de Reforme ronderëm d'Hiewanen, déi weisen, datt, wann een un de richtige Schrauwen dréit, dann och entsprechend Resultater kënnen erziilt ginn.

Wann d'Infirmiersausbildung, wéi an deene meeschten anere Länner, den Niveau vun engem Bachelor hätt, wiere sécherlech och méi Jonker drun interesséiert. A mir brauchen a mir wëlle jo gutt ausgebildete Leit an deem Beräich, déi empathesch sinn, déi mat Mënsche kënnen ëmgoen, déi och eng gutt Portioun Idealismus mussen matbréngen. Et ass keen einfachen Job.

An der Economie, Här President, do moosse mer eis Performance dacks dorun, wéi attraktiv mer dann elo am Verglach mam Ausland sinn. Ben, dat mussen mer och um Marché vum Gesondheitspersonal maachen. Grad well mer esou vill am Ausland rekrutéieren, mussen eis Ausbildung, eis Aarbechtsbedéngungen an d'Remuneratioun op d'mannst esou gutt si wéi an eisen Nopeschlänner, wa mer eise Bierger weiderhin een exzellente Gesondheitssystem wëlle bidden.

An och déi ënnerschiddlech Kollektivverträge tëscht Spidols- a Flegesecteur sinn e Problem, deen ee muss ugoen. Mir als LSAP si fir ee Kollektivvertrag, awer da fir deen, deen um Niveau vun deem beschten ass. Allgemeng ass d'Remuneratioun zu Lëtzebuerg sécherlech besser wéi an anere Länner, dat ass awer nëmme bedéngt richteg fir Residenten, wann een déi enorm Logementspräisser mat arechent.

An dat féiert zu engem anere Problem: d'Zuel vun de Grenzgänger an eisem Gesondheitssystem. Wéi gesot, mir rekrutéiere bal zwee Drëttel vun eisem Personal am Ausland a mir hunn an der Kris erlieft, wéi séier d'Grenze kënnen zougemaach gi vun eisen Noperen. Et huet e gudd Strapp misste verhandelt ginn, fir sécherstellen, datt d'Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, och weiderhin hunn dierfen iwwert d'Grenz fueren.

De Fakt, datt esou vill Leit, déi a systeemrelevante Secteuren schaffen, net op eisem Territoire wunnen, mécht eis als Land extremem vulnerabel. Duerfir muss de Logement och op der Prioritéitelëscht vun dëser Regierung ganz uewe stoen an och vun der nächster an där iwwernächster.

Här President, wa mer verstärkt selwer wëllen ausbilden a méi Jonker, déi hei wunnen, wëllen an eisem Gesondheitssystem schaffen hunn, da mussen mer awer och doriwwer nodenken, wéi mer dermat ëmginn, datt et vill Jonker gëtt, déi Loscht hunn, déi Talent hunn, fir an deene Beruffer ze schaffen, awer net all d'guedert Sprooch gutt genuch beherrschen, fir en Ofschloss kënnen ze kréien.

Et ass schued, wann eis esou Leit verluer ginn, ëmsou méi, wa mer herno an der Grenzregioun Leit rekrutéieren, déi och franséisch, däitsch a lëtzebuergesch sécherlech net all d'selwecht gutt oder perfekt beherrschen. Patienten, déi krank a veronséichert sinn, brauchen en Uspriechpartner, deen hir Sprooch schwätzt, mee d'Patiente schwätze jo awer och net all déi selwecht Sprooch. Gebraucht ginn also Ekippen, déi ënnerschiddlech Sproochkompetenzen hunn an déi an der Zesummesetzung optimalerweis der Diversitéit vun de Patienten entsprechen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Problemer an deene verschiddene Gesondheitsberuffer sinn am Detail net all d'selwecht an dach ginn et Gemeinsamkeiten! Mir bilde selwer net genuch aus. D'Beruffsbiller entsprechen dacks net méi dem aktuelle Stand vun der Wëssenschaft a vun de gesellschaftleche Besoinen. Mir stinn an engem Konkurrenzkampf mat anere Länner, déi zum Deel ganz attraktiv Bedéngunge bidden, fir eeben hir eege Leit am Land ze halen. Mir kënnen eis net endlos drop verlossen, dat Personal, wat mer brauchen, fäerdeg ausgebild am Ausland ze rekrutéieren.

Dat ass eng Praxis, déi besonnesch fir de Gesondheitssecteur mat grouse Risike verbonnen ass. D'Ausbildung vun engem Dokter dauert laang, ganz laang, zemoos, wann et sech ëm e Spezialist handelt. Mir müssen duerfir wäitsichteg plangen an esou fréi wéi méiglech dermat ufänken, Jonker hei am Land fir déi Beruffer ze begeeschten, wa mer an 10, 20 Joer wëllen an der Lag sinn, déi Dokteren ze ersetzen, déi bis dohinner an d'Pensiounginn.

D'Etüd Lair geet am Detail op all déi Facteuren an, déi et manner attraktiv maachen, hei am Land als Dokter ze schaffen: D'Feele vun engem kompletten Ausbildungszyklus, keng Unisklinik, d'Schwierigkeet vu jonken Dokteren, fir am Ufank Fouss ze faassen, d'Vir- an d'Nodeeler fir Dokteren, déi als Salarie schaffe respektiv als Independant. Hei gëtt et, wéi an deenen anere Gesondheitsberuffer, och vill eenzel Aspekter, déi ee misst änneren, fir d'Attraktivitéit ze verbesseren. Mee dorobber elo am Detail anzegoen, dat géif de Kader vun dëser Interpellatioun mat Sécherheet sprengen.

Wichtig ass et, haut festzhalen, datt eise Gesondheitssystem, deen, wéi gesot, zu deene beschten iwwerhaupt gehéiert, nëmme weiderhin effikass a gutt fonctionéiere kann, wann e sech a Fro stellt, weiderentwéckelt an upasst.

Ech erënnere drun, datt d'Gesondheitsministesch Paulette Lenert an de Sozialminister Romain Schneider scho virun der Kris éischt Schrëtt gemaach hunn, fir déi Reformen unzegoen. De Gesondheitsdësch kënn geschwënn nees beieneen, wou all d'Acteuren solle mat-schaffen, fir déi urgent Problemer ze diskutéieren an zesummen no Léisungen ze sichen.

A ganz positiv ass, datt d'Gesondheitsministesch op eng 30 Joer al Fuerderung vum Terrain agaangen ass an de Poste vum Chief Nursing Officer am Gesondheitsministère geschafen huet. D'LSAP begréisst et, datt d'Gesondheitsberuffer duerch dese Posten eng nei Visibilitéit, mee virun allem een direkten Uspriechpartner am Ministère krut hunn, extremem wichteg, wann et ëm d'Opwärtung vun de Gesondheitsberuffer geet.

Wéi gesot, de Gesondheitsdësch gëtt nees aberuff. An engems ass et awer och un eis, um Parlament, sech mat där Problematik am Detail aussernezesetzen. An duerfir proposéiert d'LSAP, fir direkt am Hierscht an der Chamber Hearinge



mat alle betreffenen Acteuren ze maachen, fir datt d'Parlament ee bessert Versteedsdemech vun der Situatioun um Terrain kritt. D'Konklusionen dorauer sollen an engem Rapport festgehale ginn, deen dann d'Basis gëtt vun engem Débat d'orientation, wou natierlech och d'Resultater vun Gesondheetsdëschen metafléissen.

An egal, wéi dës Konklusionen och wäerten ausgesinn, dës Reforme gëtt et net zum Nulltariff. D'Kris huet eis gewisen, wéi wichteg et ass, déi richteg Prioritéiten ze setzen an net op där falscher Plaz ze spueren. D'Gesondheet ass dat Wichtigst, wat e Mënsch an Liewen huet. An ee staarke Gesondheetssystem ze investéieren, rett Liewen.

Här President, d'LSAP steet fir staark Sozialsystemer a solidaresch finanziert Gesondheetsservicer, zu deene jiddwereen Accès huet. Et besteet e gewëssenen Drock, fir Dealer vun eise Gesondheetssystem ze privatiséieren. Esou eng Privatmedezinn ass ugewisen op räich Patienten, déi mat staatleche Servicer net zefridde sinn. Si entzitt deene staatleche Servicer gläichzäiteg Moyenen, déi gebraucht géife ginn, fir se ze verbesseren.

Dogéint wiere mir eis. D'LSAP wëllt keng Zwouklassemdeezinn an eise Land. Mir wëllen eng éischtklasseng Gesondheitsversuergung fir all eis Bierger. Eise Gesondheetssystem këmmert sech vun der Gebuert u bis zum Dout ëm eis, vun der Maternité bis op d'Palliativstation. Hien huet et verdéngt, datt mir eis elo verstärkt ëm hie bekëmmere. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmoos, Madamm Closener. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, weltwäit feelen 9 Milliounen Fleegekräften. Duerfir huet d'Weltgesundheitsorganisation 2020 zum Joer vun de Fleegekräften an Hiewanen ausgeruff.

Dës Interpellatioun iwwert d'Entwécklung zu Lëtzebuerg souwuel vun de Fleegeberuffer wéi vun de Beruffer aus dem sozioeducative Beräich passt gutt an dese Kader. Duerfir wëll ech dem Marc Spautz fir d'Ufroer vun dëser Interpellatioun Merci soen.

Et geet ëm wichteg Beruffer, déi an eiser Gesellschaft schon ëmmer e grouse Stellenwärt haten, well se am direkte Kontakt mam Mënsch schaffen, also mat eis alleguer, Beruffer, déi an der Kris besonnesch sollicitéiert gi sinn.

Duerfir mäin zweete Merci un all déi, ob Resident oder Frontalier, déi am Alldag a besonnesch an der Covidkris gewisen hunn, mat wéi engem Engagement si sech fir eist Wuelfanzen asetzen, en Engagement, dat vu ville Leit mat Klappen a Sangen honoréiert ginn ass, well se sech an der Kris der Wichtigkeet vun dese Beruffer eréischt richtig bewusst gi sinn. Net nëmme wichteg, mee systeemrelevant, esou wéi d'Francine Closener et och scho gesot huet!

Duerfir huet och eng Petitioun, fir den Ugestallten aus dem Gesondheitssecteur eng Primm ausbezuelen, ganz schnell de Seuil erreicht an en Débat public huet an der Chamber stattfonnt. Dësen Débat huet gewisen, dass eng Prime unique éischer wéi eng Troustplouschter ausgesäit an net deem entsprécht, wat de Secteur nohalte brauch. Déi gefrote Primm honoréiert net jiddwereen, dee sech an der Kris devouéiert huet a si bréngt dem Personal am Gesondheitssecteur och net méi Unerkennung, keng besser Perspektiven a keng besser Work-Life-Balance.

Den Débat ëm eng Prime unique huet awer erlaabt, d'Diskussioun iwwert d'Gesondheitsberuffer ze relancéieren, wat mir absolut begrëssen. Duerfir ass et extrem wichteg, dass am Hierscht dee geplangten Débat iwwert d'Gesondheitsberuffer hei an der Chamber stattfënnt, a mir si frou iwwert d'Ausso vun der Ministesche, dass d'Gesondheitsberuffer ee vun de wichtige Theemen um Gesondheetsdëschen wäerte sinn.

Här President, wat sinn dann d'Problemer um Terrain? A wat si méiglech Léisungsvirschléi?

Bei de Fleegeberuffer sinn dës haaptsächlech d'Unerkennung vun hirem Beruff, d'Perspektiven, déi se am Beruff hunn, hir Aarbechtskonditiounen, de Manktum u Personal, deen ëmmer méi grouss gëtt, an d'Ofhängegkeet vun Lëtzebuerg Gesondheetssystem vun de Frontalieren, déi eis an der Kris bal zum Verhängnis gi war.

Et ass manner d'Bezuelung de Problem, wou laut dem Rapport État des lieux iwwert d'Ge-

sondheitsberuffer vum Hierscht 2019, deen oft zitéierte Rapport Lair, Lëtzebuerg eng Leaderpositioun huet. Mee dese Virdeel kéint net méi decisiv sinn, wann, wéi dat och schon ugekënnegt ginn ass, d'Nopeschregiounen hirem Gesondheitspersonal méi héich Salairé géife bezuelen, fir hiert eegent forméiert Personal bei sech ze behalen.

Mir hunn an der Kris gemierkt, dass mer e stabile Gesondheetssystem hu mat Leit, déi sech devouéieren. Fir déi gréng ass et extrem wichteg, op dës staarkt Fundament weider opzebauen, an duerfir brauche mer weiderhi Personal, dat seng Mission de santé publique kann ënner optimale Konditiounen ausüben.

Duerfir muss onbedéngt analyséiert ginn, ob d'Formatioun vun Gesondheitspersonal deem entsprécht, wat e modernen, zolitte Gesondheetssystem brauch.

Kuckt een d'Ausbildung vun de Fleegeberuffer, mierkt ee schnell, dass mer an enger Sakgaass ukomm sinn. Just nach 10 % vun den Infirmiers diplomés, déi zu Lëtzebuerg all Joer op den Aarbechtsmaart kommen, sinn nach zu Lëtzebuerg ausgebild. Lëtzebuerg bilt also bei Wäitem net genuch aus, an dat ass contraire zum Zil vun der Strategie 2030 vun der OMS, déi vun der Memberstaate fuerdert, d'Rekrutement aus dem Ausland ëm 50 % bis 2030 ze reduzéieren, dës, well weltwäit verschidde Länner hiert gutt forméiert Personal systematesch ofgeworbe kréien, esou wéi dat Lëtzebuerg och deelweis an der Groussregioun mécht. Dës bedeit fir Lëtzebuerg, déi auslännesch Rekrutement bis 2030 op ënner 30 % ze reduzéieren.

Wat sinn d'Grënn, dass esou wéineg Lëtzebuerg Residenten d'Formatioun vun de Fleegeberuffer zu Lëtzebuerg wëlle maachen? Ma d'Formatioun entsprécht net méi der Realitéit um Terrain an ass och par rapport zum Ausland net méi à jour. Eng BTS-Formatioun fir Infirmieren, déi um Terrain ëmmer méi Eegeninitiativ musse weisen an Decisiounen musse huelen, ass net méi adaptéiert. Ausserdeem musse si hir Treizieme parallel mat hirer Beruffformatioun maachen, wat eng grouss Belaaschtung ass.

Oft sinn dann och d'Sproochen eng Barriär, déi vill Schüler zum Ophalen zwéngen. Paradoxerweis ginn dann awer Leit aus dem Ausland rekrutéiert, déi guer net déi gefuerdert Sproochekompetenzen aus der Lëtzebuerg Formatioun hunn.

Och d'Formatioun vun den Aide-soignantens entsprécht net méi den aktuelle Besoinen um Terrain. Laut dem Rapport Lair gëtt et ëmmer manner Aide-soignantens, déi an de Spideeler schaffen, obwuel se hir Plaz do hunn, andeems se d'Infirmieren an hiren Tächen ënnerstëtzen. Wat méi gutt ausgebildeten Aide-soignantens do sinn, wat d'Infirmiere sech méi ëm dat Organisationell an der Fleg kënnen këmmere an d'Dokteren och kënnen an hiren Tächen ënnerstëtzen. Duerfir muss d'Formatioun vun den Aide-soignanté genau analyséiert ginn, well si hunn e restriktive Kader. D'Ausbildung misst diversifiéiert ginn.

D'ALEPS, d'Association luxembourgeoise des enseignants pour professions de santé, huet souwuel zu der Infirmiersformatioun wéi zu der Aide-soignantens-Formatioun Propositionen fir den LTPS ausgeschafft, déi eng gutt Diskussionsbasis kéinte sinn.

D'ALEPS fuerdert gläichzäiteg awer och, dass d'Infrastrukture verbessert ginn a méi Moyenen an d'Ausbildung gestach ginn. Eng aner Revendicatioun ass, méi Léierpersonal an dem LTPS anzustellen, fir méi Schüler kënnen opzehuelen.

D'Etüd Lair seet och, dass et fir d'Formatioun fir d'Fleegeberuffer u Lokaler, un Enseignantens an un Unterrechtssupport feelt, wat d'Beruffer och net méi attraktiv mécht.

Wa mer méi wëllen ausbilden, musse och méi Ausbildungsplaz geschaaft ginn, wëssend, dass déi demografesch Entwécklung méi Fleegepersonal wäert fuerderen. Zu Lëtzebuerg wäert ausserdeem d'Populatioun vun deenen iwwer 65-Järege, déi méi Soins de santé brauchen, laut State of Health 2019 vu 14 % 2017 op 24 % 2050 klammen.

Kolleeginnen a Kolleegen, den Terrain fuerdert, dass d'Infirmiersstudien e Bachelor als Abschluss solle kréien, deen dann och d'Dir opmécht fir e Master. Dës géif hinne vill méi Perspektive bidden an och dem Patient garantéieren, dass seng Betreierung héchsten Normen entsprécht.

Am Koalitionsaccord steet, dass muss eng generell Analys a gegebenefalls eng Opwäertung vu verschidde Gesondheitsberuffer gemaach ginn, fir eis op aner EU-Länner unzepassen. déi gréng stinn 100 % do hannendrun.

Mir gesinn hei d'Méiglechkeet vun enger Zesummenaarbecht vum LTPS mat der Uni.lu an eng eventuell Integratioun an eng zukünfteg Medical School.

Dës Kollaboratioun géif et erméiglechen, dass d'Infirmieren, d'Dokteren an aner Gesondheitsberuffer an hirer Ufankformatioun verschidde Fächer zesumme kéinte beleeden a schon am Studium léieren, am Team zesummenzeschaffen, eng Kompetenz, déi herno am Berufsliewen extrem wichteg ass.

D'Méiglechkeet vun engem Master mécht och d'Dieren op, fir sech ze spezialiséieren. Dës Spezialisatiounen sinn ëmmer méi wichteg an der Zesummenaarbecht mam Dokter, wou d'Infirmiere kënnen Akten iwwerhuelen, déi soss vun engem Dokter hu misse gemaach ginn, besonnesch am chronische Beräich. Dës kann den Dokter entlaaschten, wat erlaabt, dass hie sech op déi méi schwierig an akut Fäll ka konzentréieren.

De Master bitt och d'Chance, fir e Poste à responsabilités kënnen ze iwwerhuelen. Firwat net, Direkter vun engem Altersheim oder engem Spidol kënnen se ginn? E Master ass awer och de Wee, fir als Enseignant zukünfteg Personal kënnen ausbilden.

Dat sinn awer net déi eenzeg Argumenter, fir de Bachelor anzeféieren. Den Infirmiersberuff ass mat ëmmer méi Responsabilitéit verbonden, wat d'Ausbildung net erëmispigelt. Mir sinn der-vun iwwerzeegt, dass vill Jonker wëlle studéieren goen, mee si wëllen dat ënner gudden Konditiounen maachen a si wëlle verschidde Perspektiven hunn.

D'Bachelorkarriär mat Optioun vum Master géif et ausserdeem erlaben, d'Duebelbelaaschtung Treizieme a Beruffsausbildung an de Sproocheproblem aus der aktueller Formatioun ze eliminéieren. D'Unerkennung vum Diplom am Ausland wäert domat och garantéiert, wat weider Perspektive géif opmaachen, wëssend, dass eng weltwäit Penurie bei den Infirmiere besteet.

E weidere Beräich, wou besser forméiert an autonom schaffend Infirmieren eng Roll kéinte spillen, ass am ambulante Beräich, zum Beispill an der ambulanter Betreierung vu Patienten, déi fréizäiteg aus dem Spidol entloos ginn oder als Deel vun enger multidisziplinärer Praxis, an am Monitoring vu chronische Pathologien.

E weidere Problem, dee muss geléist ginn, ass d'Penurie beim Gesondheitspersonal, déi momentan nach ka mat Frontaliere kompenséiert ginn, mee déi laut dem Rapport Lair sech an Zukunft wäert verschlëmmere. Elo scho musse fréi Plaze besat gi mat Personal, déi keng oder aner Spezialisatioun gemaach hunn.

Duerfir wäert et sënnavoll, fir un engem positive Bild no bause vun de Fleegeberuffer ze schaffen, ze vermëttelen, wat et wierklech heescht, fir an der Fleg ze schaffen.

Oft gëtt gesot: „All Respekt fir déi, déi an der Fleg schaffen, mee ech kéint dat net!“ Firwat ass dat esou? D'Fleegeberuffer hunn net nëmme mat wäschen, sprézen, Verbänn, Wéi oder Bluttdrock ze dinn. Wann ee mat Vertrieeder aus de Fleegeberuffer schwätzt, kritt een éischer vun organisatoresche Kompetenzen a Capacitéiten, fir Decisiounen ze huelen, geschwat. Do derbäi muss nach e gudd Schotz Empathie kommen, fir dem Patient de positiven Environment ze schafen. Et si Beruffer, déi ofwiesslungsräich sinn a vill Satisfaktioun mat sech bréngen, wa se ënner gudden Konditiounen kënnen ausgeübt ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Hansen (déi gréng).** - An hei muss usat ginn. Et wäert sënnavoll, Informatiounscampagnen an de Schoulen a fir de Public ëmmer erëm ze organiséieren, och mam Bléck op eng Genderbalance am Beruff. Laut dem Rapport Lair waren 2019 zu Lëtzebuerg 80 % Fraen an de Fleegeberuffer. An Däitschland schwätze se vun engem „Schwesternsyndrom“. Efforten ze maachen, fir méi männlech Residenten ze motivéieren, fir an der Fleg ze schaffen, géif derzou bäidroen, allgemeng méi eegeforméiert Personal an dës Beruffer ze kréien.

E wichtige Beräich ass och, d'Aarbechtskonditiounen ze verbessere. Genuch Personal ass wichteg, mee dat geet net duer. Et brauch och e gudd Mix an der Ekip, eng gutt Ausbildung, e gesonde Rapport Jonk/Äl, fir Erfarungen an nei Erkenntnisser kënnen auszetauschen, gutt Qualifikatioun a Formation-continue-Méiglechkeeten an ënnerschiddlech Spezialisatiounen a Kompetenzen.

Fir d'Attraktivitéit vum Beruff weider ze steigere, muss och d'Work-Life-Balance verbessert ginn. Am Flegesecteur schaffen heescht och, op Schichten a weekends ze schaffen. Domat hunn awer déi mannsten e Problem, wann alles geplangt ofleef. Par contre, kuerzfristeg musse Schichten ze wiesselen oder aus dem Congeruff ze ginn, geheit déi ganz Familljeplanung op d'Kopp. Wann dat reegelméisseg geschitt, dann huet dat eng negativ Auswirkung op d'Liewensqualität an dreift verschidde Leit aus dem Beruff.

Mam Rapport Lair hu mer endlech e wichtige Outil, fir iwwert de Santésecteur ze diskutéieren.

E weist eis d'Lucunnen op a proposéiert och Léisungen. Dës erlaabt eis et, méi positiv an d'Zukunft ze kucken.

Als Konklusioun kann ee soen, dass eigentlech déi ganz Berufsketten aus dem Gesondheitssecteur muss analyséiert ginn an all d'Formatiounen esou reorganiséiert ginn, dass méi kompetent a méi effikass kann am Team zesumme-geschafft ginn. Mat enger Reform vun de Studien, enger Erhéijung vun den Ausbildungsplazen an enger Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen gëtt de Beruff dann och méi attraktiv fir Jonker.

Här President, domat kéim ech zum sozioeducative Beräich. Hei sinn iwwer Joren d'Ufuerderungen un d'Educatoren och ëmmer méi breet gefächert ginn, well eis Gesellschaft dës verlaangt. Si schaffen haut an den Altersheimer, am Beräich vum Handicap, mat Kanner a Schoulen oder fir Associatiounen. Duerfir muss d'Ausbildung lafend ugepasst ginn.

Op der Uni besteet méttlerweil d'Méiglechkeet, sech an e Bachelor en sciences sociales et éducatives anzuschreiwene, entweder a Vollzäit oder berufsbegleedend. Am LTPES, Lycée technique pour professions éducatives et sociales, si säit 2014 émfangräich Reforme virgeholl ginn. Esou ass den Educateur opgewäert ginn, fir ëm den Zougang zu enger Héichschoul ze vereinfachen oder mat engem Bac+1 schaffen ze goen.

2018 war eng Autoevaluatioun vun der Reform innerhalb vum Secteur geplangt, déi och am Lafen ass. Et wäert interessant ze wëssen, wou genau déi Evaluatioun drun ass an, virun allem, a wéi eng Richtung et schon eventuell Konklusiounen ginn. Wéi et schéngt, huet d'Reform Uklang fonnt, well d'Schülerzuelen am LTPES si vun ufangs 250 Schüler pro Joer op 300 Schüler pro Joer geklommen. Do ass nach e bësse Sputt no uewen, mee dann ass den LTPES och u senge Limiten ukomm.

D'Fro ass awer och, ob méi Demande bei de Schüler do ass, fir de sozioeducative Wee anzuschloen. Um Niveau vun den Auxiliaires de vie, déi net am LTPES, mee a verschidde technesch Lycéien ausgebild ginn, ass och iwwer eng Spezialisatioun op d'Aarbecht mat de Kanner nogeduecht ginn. Am Moment ass déi Ausbildung staark op Fleegeberuffer ausgerichtet. D'Iwwerleeung wäert, fir en Aide oder en Auxiliaire socioéducatif ze schafen, deen um Terrain den Educateur kéint ënnerstëtzen an esou och entlaaschten.

de gréng fannen, dass dat eng sënnavoll Orientatioun an der Formatioun kéint sinn a wäeren natierlech interesséiert drun ze wëssen, wou déi Iwwerleeungen dru sinn. De Secteur socio-éducatif ass wéi d'Santé och e Beräich, wou et schwierig ass, genuch Personal um Lëtzebuerg Aarbechtsmaart ze fannen. Duerfir gi vill Frontalieren agestallt, wat méiglech ass, well d'Salairé par rapport zum Ausland héich sinn.

Och wa manner Drock ass wéi am Santéberäich, musse mer d'Evolution um Aarbechtsmaart awer am A behalen, besonnesch, well d'Ufuerderungen un de Beruff ëmmer méi breet ginn a sech stänneg änneren.

De sozioeducative Beräich ass mat änleche Problemer konfrontéiert wéi de Santéberäich. D'Diversifikatioun vun den Aarbechtsberäicher an den Täché brauch adaptéiert Spezialisatiounformatiounen a Méiglechkeete vu Formatioun continue.

Fir de Beruff méi attraktiv ze maachen, musse och d'Aarbechtskonditiounen verbessert ginn an och am sozioeducative Beräich schaffe majoritär Fraen, wat bedeit, dass och hei geziilt Männer fir d'Formatioun misste sensibiliséiert ginn. Duerfir wäert et wichteg, en État des lieux iwwert de sozioeducative Beräich, wéi de Rapport Lair an der Santé, virleien ze hunn. Dat wäert e wichtige Outil, fir genau ze wëssen, wou eventuell Problemer am Secteur sinn a fir Léisunge kënnen auszeschaffen.

Well d'Sprooch e wichtige Facteur an deem Secteur ass, wäert et och wichteg, de Rapport Resident/Frontalier ze analyséieren a stänneg am A ze behalen. Esou eng Analys vun Aarbechtsmarché géif et och erlaben, déi zukünfteg Ufuerderungen un den LTPES virauszeseen, wou aktuell d'Reformen ausgewäert ginn, mee deen awer och scho muss méi wäit no vir kucken.

Här President, wéi ufangs scho gesot, si souwuel d'Fleegeberuffer wéi déi aus dem sozioeducative Beräich wichtige Beruffer, déi sech permanent neie Gegebenheete musse upassen. D'Verännerung vun der Gesellschaft oder d'Entwécklung vun neien Therapien oder Konzepte muss analyséiert ginn an eventuell an d'Formatioun matagebonne ginn, an de Besoin u Personal, dee permanent klëmmt, muss am A behale ginn.

Um Niveau vun der Formatioun hu mer awer verschidde Entwécklungen. Si se am sozioeducative Beräich schon an engem Reform-



prozess dran, schéngt dat am Santéberäich um Niveau vum Lycée technique pour professionnels de santé nach net de Fall ze sinn. Duerfir ass et gutt, dass mer elo en État des lieux aus dem Santéberäich hunn, deen eis et wäert erlaben, och dese Reformprozess unzegoen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, merci fir unzefänken dem Här Marc Spautz fir des Interpellatioun. Hien hat déi jo ewell schonn den 13. Januar vun deem Joer ugefrot.

Haut geet et ëm d'Auswirkunge vun der Ausbildung zu deene verschiddenste Beruffer aus dem Flegesecteur, déi per Gesetz vum 11. Januar 1995 gestëmmt goufen, an och iwwert d'Educateuren aus de verschiddenste Beräicher, deenen hir Ausbildung per Gesetz vum 10. August 2005 gestëmmt gouf. Mee wichteg ass awer och, fir ze wëssen, wat an der Zukunft gebraucht gëtt, e Sujet, dee wichteg ass fir dee betroune Secteur, a vill Leit hunn an der Tëschzeit gemierkt, wéi wichteg dee Secteur fir eis Land ass.

Op hirem Site vum Gesondheitslycée ginn déi eenzel Ausbildungsweeër gutt erkläert a dann zum Ofschloss op Basis vun deenen eenzelne Formatiounen ginn och déi verschidden Diplomer matgedeelt, déi een hei ka kréien.

Dat ass eng Säit. Mee haut muss ee feststellen, dass mer éischtens e grouse Manktum u Flegesecteurpersonal am Land hunn. Iwwer 60 % vun de Leit am Flegesecteur komme moies aus den Nopeschlänner bei eis schaffen. Zweetens, d'ANIL, d'Gewerkschaft vun den Infirmieren an Infirmieren, gesäit och fir d'Zukunft e komplette Manktum u Flegesecteurpersonal, well ëmmer méi Leit no an no an d'Pensioun ginn an net genuch jonk Leit dese Beruff vum Flegesecteur ergreifen.

Opgrond vun dese Fakte muss ee sech da Fro stellen. E puer Wuert zur Ausbildung. D'ANIL kritiséiert, dass een hei am Land keng Infirmiersausbildung op Bachelorniveau maache kann. Et geet just bis zum BTS, Brevet de technicien supérieur, deen een am Gesondheitslycée maache kann. Dat bréngt et da mat sech, dass jonk Leit mussen an d'Ausland goen, fir e Bachelor ze maachen. Dat vereinfacht d'Saach net. D'ANIL wëllt dohier den Infirmiersstudium op Bachelorniveau hei am Land eropschrauwen.

Jonk Leit, déi de Wee vum Ausland ginn, bleiwen dann oft do, esou d'Madamm Presidentin vun der ANIL an enger Dageszeitung. Ingesamt ass d'Ausbildung net ganz glécklech, fënnst och den Chief Nursing Officer vum Ministère de la Santé. ok

Hei en Auszuch aus hirem Interview aus enger Dageszeitung: „Das Modell, nach dem die Krankenpfleger in Luxemburg ausgebildet werden, ist einzigartig. Dass die Schüler schon vor dem Abschluss der Première spezielle Kurse belegen, die zur Ausbildung des Pflegers gehören, macht das Ganze kompliziert. Würde nämlich ein Schüler mit Abschluss einen Pflegeberuf in Luxemburg erlernen wollen, müsste er wieder bei Onzième anfangen und vier Jahre weiter lernen, um schlussendlich einen BTS-Abschluss zu haben. Das machen die wenigsten. Stattdessen studieren viele im Ausland und kommen teilweise nicht mehr zurück. Wir bilden hier nicht viele Krankenpfleger aus. Die Krise hat gezeigt, wie unglaublich abhängig wir diesbezüglich von unseren Nachbarländern sind.“

Dat erschéngt ganz logesch: Fir Leit mat enger Première générale oder enger Première classique ass et net attraktiv, nees op eng Onzième zréckzegoen. Dat schreckt jonk Leit of, déi sech eréischt no hirem Secondaireofschloss fir e Beruff am Flegesecteur interesséieren. Eng Bachelorausbildung fir Infirmieren, souwuel fir Leit mat engem Secondaireofschluss wéi och fir d'Leit aus dem LTBE, déi ewell e BTS hunn, sollt onser Meenung no op der Uni Lëtzebuerg ugebuede ginn.

De BTS vun der Infirmière ofzeschaffen a just nach e Bachelor unzebidden, erschéngt manner logesch, well och da komme manner Leit a Fro, well e Bachelor soll och e Bachelorniveau hunn. Dohier wär et am beschten, op der Uni eng Bachelorausbildung unzebidden, awer weider de BTS am Gesondheitslycée. Esou ka jiddweree senge schoulesche Capacitéiten no eng Ausbildung maachen.

Een anert Kapitel. Méi Attraktivitéit fir Beruffer aus dem Flegesecteur a méi Kompetenzen an Autonomie fir Leit am Flegesecteur. D'Leit aus dem Flegesecteur stéiere sech drun, dass si weineg Entschéedunge selbststänneg treffe

kënnen. Dat steet am Widdersproch zu där extrem héijer Verantwortung, déi si droen. Eng méi grouss Onofhängegkeet an den Entschéedunge géif och zu engem fléissende Verlaf am Klinikalltag bäidroen.

Dozou seet dann den Chief Nursing Officer an enger Zeitung: „Zum Beispiel ist die Arbeit der Krankenpfleger komplett auf medizinische Verschreibung aufgebaut. Kleine Dinge, sei es ein Rollstuhl oder ein bestimmter Verband, müssen dem Krankenpfleger vom Arzt verschrieben werden. Dadurch geht viel Zeit verloren.“ Si wënscht sech virun allem: „Die Rolle und die Kompetenzen der Krankenpfleger sollen stärker hervorgehoben werden. Außerdem sollen diese eine größere Autonomie bekommen. Inwiefern das möglich ist, muss natürlich mit den verschiedenen Akteuren besprochen werden. Ein Krankenpfleger ist im permanenten Kontakt mit dem Patienten und sieht zum Beispiel sofort, wenn ein älterer Mensch nicht genug trinkt. Daraufhin kann er seine Diagnose stellen und entscheiden, was zu tun ist, damit es der Person besser geht.“

D'Gesetz an d'Reglementer sinn an där Madamm hiren Ae vereelt an entsprechen net méi den aktuelle Bedierfnesser. Ech kommentéieren dat elo hei haut net, dat géif ze vill an den Detail goen. Et geet jo net ëm den Inhalt. Wichteg ass, dass se iwwerschaft gi vun a mat deene Leit, déi an deem Beräich aktiv sinn, aus deem ganze Flegesecteur.

Duerch d'Coronakris sinn d'Leit aus dem Flegesecteur méi an de Fokus vun der Aktualitéit geroen an hir enorm Wichtegkeet ass jiddweregem vill méi kloer ginn. Mir mussen d'Flegesecteurpersonal méi interessant maachen duerch eng méi grouss Visibilitéit an och Attraktivitéit, zum Beispill. An da muss een och méi Reklamman maachen. De Flegesecteur brauch méi Reklamman an et muss och besser informéiert ginn iwwert déi verschidde Beruffsbiller, déi do ugebuede ginn.

Informationscampagnë sinn eng gutt Saach, mee et gëtt awer méi konkret Méiglechkeeten, fir de Jonken de Beruff méi attraktiv ze maachen. E Grenzlycée, wéi den Här Spautz et gesot huet, ka gutt sinn. Mee dat huet awer och e Problem: Duerno muss mer e franséischsproochegen hunn an en däitschsproochegen. An um Terrain, do ass de Gros awer franséischsproocheg. Och dat alles muss een do materanhuelen.

Eiser Meenung no, oder eng aner Méiglechkeet wär zum Beispill eng Allianz, déi d'Interesse vun eenzelne Jonken erëm erwäche kéint, zum Beispill ee Militärspidol. Et kéint een zum Beispill hei eng wichteg Allianz schléisse mam Beräich vun der Arméi. Wann e Militärspidol kënnt, wéi et scho jorelaang am Gespréich ass, firwat net en Debouché schafe vun engem Infirmier militaire? Dat géif och erëm méi jonk Leit mat aneren Interessegebiddern unzéien. D'Militärspidol kéint op vill Manéieren attraktiv si fir jonk Leit. Zum Beispill, och oui bei der Arméi ze sinn, kéinte si do Stagë maachen. Do géif et vill Iddie ginn an do géif eng ganz aner Populatioun vu Kandidaten ugezu ginn. Well et muss ee jo wëssen, a sengem Liewe mat 18, 19 Joer huet een dacks aner Interesse wéi mat 14, 15, a mat 23, 24 huet een erëm aner Interessien. All deem muss ee Rechnung droen, an et wier eng Win-win-Situatioun fir de Flegesecteur, awer och fir d'Land. Jonk Leit géifen Ablécker kréien an déi eenzel Servicer, déi kéinte mateneen hir Interessien verbannen.

Een anert Kapitel: d'Spooch. Et ass fir jonk Leit net einfach, wa se op hiren Aarbechtsplaz ëmmer mussen hiren Aarbechtskolleegen eng Friensprooch schwätzen, wat fir de Patient, awer och fir Kanner notament ganz desagreabel ass an och fir d'Leit am Flegesecteur selwer.

Vill jonk Leit zu Lëtzebuerg zécken, fir e Beruff ze ergreifen, an deem se net kënnen Lëtzebuergesch mat hiren Aarbechtskolleegen schwätzen. Vill Jonker mengen, de Secteur wär ganz a franséischer Hand. Et ass wichteg, dass d'Leit Sproochkenntnisser hunn am Franséischen an am Däitschen, well déi eenzel Medikamenten-eweisungen am Spidol meeschtens op Franséisch sinn.

Jo, mir sinn op d'Leit vun der Grenzregion ugewisen am Flegesecteur. Dat ännert awer näischt drun, dass och si solle méiglech vill Lëtzebuergesch schwätzen op hiren Aarbechtsplaz an och mat hire Patienten a mat hire Kolleegen. D'Organisatioun vu Sproochkursen kéint dann an de Spideeler ugebuede ginn, vu kompetente Ministären, a si kéinten déi dann do suivéieren, oui dass dee kompletten Alldag vun hinnen op d'Kopp geréit. Och d'Méiglechkeet vum digitale Beräich, fir d'Sprooch ze léieren, soll a Betruucht gezu ginn, firwat net iwwer Video?

An da géif ech elo och gläich am Schluss ukommen. Ech hätt awer nach ..., mee bon, mir kréie jo den Hierscht nach méi dacks Zäit a méi Geleeënheet, fir drop hinzeweisen, mee erlaabt

mer awer nach just, well meng Zäit ofgelaf ass, nach e puer Wuert zu den Educateuren ze soen!

Do hu mer eng Schoul, déi huet eng Capacitéit fir 300 Schüler. 160 maachen den Ofschloss. A wou bleiwen déi aner 140? Dat muss een dann och kucken. A vun deenen 160, déi den Ofschloss maachen, ginn der 40 (veuillez lire: 40 %) an d'Ausland. Dann ass et jo ganz logesch, dass net vill hei am Land bleift. Ech mengen, do wollt ech just drop opmierksam maachen, dass mer do mussen aktiv ginn.

An dann hätt ech nach eng lescht Fro. Ech hätt der jo nach, mee eng lescht Fro, déi ee sech dann och muss stellen, dat wier dann eng Fro un d'Madamm Ministesch: Wann een en Educationsberuff wëllt ergreifen, da steet hei geschriwwen: « L'exercice d'une profession du secteur socio-éducatif, éducateur diplômé et auxiliaire de vie, est subordonné à l'acquisition d'une autorisation d'exercer, délivrée par le Service de la reconnaissance des diplômés. »

An da muss ee sech froen: Firwat mussen déi Leit, déi an dee Beruff wëlle goen, 75 Euro bezuelen, fir därfe schaffen ze goen? Dat ass meng Fro, déi ech elo emol mat op de Wee wollt ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. An elo wier et dann um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, et war esou Mëtt März, kurz ier d'Regierung den État de crise ausgeruff hat, dass de Premierminister, zesumme mat der Santéministesch, d'Fraktionspresidenten zesummegeruff huet, fir iwwer hir Pläng ze informéieren. An zu deem Zäitpunkt louch, oder houg ee grousst Damoklesschwäert iwwer Lëtzebuerg, nämlech Rumeuren, déi kurséiert waren, dass Frankräich d'Grenze géif zoumaachen an dass si hiert Gesondheitspersonal requisitionéiere géifen. Wat dat bedeit hätt, brauch ee wuel kengem dobaussen an och heibannen ze erklären. Dat hätt dat bedeit, wat ëmmer probéiert ginn ass ze verhënnern, nämlech de komplette Kollaps vun eisem Santéswiesem.

An dee Moment huet och, mengen ech, keen duerno gefrot, dass soguer Medikamenter missen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, mee mir ware ganz frou, dass d'Fransousen dat net gemaach hunn an dass dat Personal, zum groussem Deel franséisch Personal, an de Spideeler weidergeschafft huet.

De Rapport, dee virun engem Joer virgestallt ginn ass, de Rapport vun der Madamm Lair, ass awer ganz staark op d'Schwächte vun eisem Santéssystem agaangen, virun allem op d'Gefore vun enger Penurie, déi an deenen nächste Jore riskéiert, op eis duerzekommen, net nëmmen zu Lëtzebuerg, och am europäeschen Ausland, voire souguer deelweis weltwäit, mee awer och zu Lëtzebuerg.

An zu Lëtzebuerg ass d'Situatioun besonnesch speziell, well effektiv zwee Drëttel vun eisem medezinesche Personal net zu Lëtzebuerg wunnen. Deen een Drëttel, deen nach iwwreg bleibt, huet och net onbedéngt d'Lëtzebuergesch Nationalitéit. Wa mer déi elo géifen no ganz strenge Krittere vu mengem Virriedner och nach géifen erausrechnen, da kéint ee sech jo virstellen, wat nach géif iwwregbleiwen.

An deem Rapport steet och dran, an enger vun de Konklusiounen, dass « le recours au recrutement frontalier est encore possible, mais toute initiative en France, en Belgique ou en Allemagne, qui viserait à rehausser les salaires des professions de santé engendrait immédiatement une grave crise du système sanitaire luxembourgeois. »

Wann also a Frankräich, Däitschland oder Belsch Reflexiounen gefouert ginn, fir hir Krankeberuffer, hir Krankfleeger duerch eng Salaireserhéijung, eng substanzial Salaireserhéijung, ze ënnerstëtzen, dann hätte mer: « engendrait immédiatement une grave crise du système sanitaire ».

Dat als Konklusioun vun esou engem Rapport, dass muss stutzeg maachen. An eng vun deene grouse Konklusiounen, a praktesch jiddwer Virriedner huet dat och scho gesot, dass ass, dass mir hei zu Lëtzebuerg net genuch selwer ausbilden. Mir bilden net genuch selwer aus an de medezinesche Beräicher. Do sinn elo éischt Initiative geholl ginn, an et ass jo och e Gesetzesprojet, deen elo diskutéiert gëtt an der Chamber. Mee dat ass e Constat, dee mer generell zu Lëtzebuerg maache mussen, net nëmmen fir d'Medezinner selwer, mee awer och fir d'Flegesecteur.

An dat ass zu Lëtzebuerg awer och historesch gewuesen an do hu mer eis selwer op de Kapp gespaut, well et ass natierlech och immens gönschteg fir e Land, wann et d'Personal aus

anere Länner rekrutéiert, wou déi aner Länner d'Ausbildungskäschten da fir déi Leit iwwerholl hunn. Duerfir mengen ech, wa mer eis alleguer dem Constat bewosst sinn, dass mer méi mussen ausbilden, dass mer méi a verstärkt an deen dote Secteur iwwerhaupt mussen investéieren, da geet dat just iwwer dräi zentral Weeër.

Éischtens, mer mussen d'Ausbildung verännere. Zweetens, mer mussen d'Beruffsbild méi attraktiv maachen a mat dem Beruffsbild natierlech och d'Aarbeitskonditiounen. An drëttens, mer mussen d'Karriären opwäerten, valoriséieren, a mer mussen och kucken, dass d'Weeër an aner Beruffer, och Changementer vun de Karriären, Promotiounen, méiglech sinn, fir och déi Karriäre vun deene jeeeweileg Beräicher ze valoriséieren.

An d'Madamm Lair mécht an hirem Rapport och eng ganz Rétsch Propositionen. A se kritiséiert och zum Beispill, dass zu Lëtzebuerg, wat d'Formatioun ugeet, nach ëmmer ze rigid Strukturen sinn. Als Méiglechkeet, als Chantier, deen ee misst ugoen, huet se d'Beispill genannt, dass een, deen e Medezinnstudium ugefaangen huet, een, zwee, dräi Joer eventuell studéiert huet, dann awer d'Fleem kritt huet oder gemierkt huet, dass d'Ufuerderunge vläicht fir hien ze héich sinn, dass deen dann einfach fäerdeg ass, also déi Ausbildung dann einfach als Echec ugesi gëtt an dass et keng Méiglechkeet gëtt, fir quasi e Quereinstitig an aner Beräicher ze maachen. Dat ass ee vun deene ganz weesentleche Chantieren, wou mer och d'Motivatioun vun de Leit kënnen erhéijen, fir deen dote Beruffswiee anzuschloen, dass een, wann een en cours de route mierkt, dass een awer vläicht eng Reorientierung bräicht, sech awer an deem ganze Beräich vun der Fleg dra kann erëmfannen.

D'Fro, déi och am Raum ass, an déi ëmmer besteet, ass: Wa mer natierlech esou staark op Frontalieren zréckgräifen, an zréckgräife mussen, dann hu mer eng implizit Benodelegung vun de Residenten, an ech soe bewosst Residenten, well et bedeit jo net nëmmen Lëtzebuerg, duerch d'Sprochesituatioun an d'Sprochenufuerderungen, déi mir hei zu Lëtzebuerg stellen, déi am Ausland net esou an deem Mooss gestallt sinn. Dat ass och e ganz grouse Chantier, deen, wa mer do wëlle seriö drugoen, och dann am Hierscht muss diskutéiert ginn a wou mer, mengen ech, alleguer zesummen opgefuerdert ginn, doru matzedenzen.

Deen zweete Beräich vun den Aarbeitskonditiounen. Den Här Graas huet dat virdrun e bëssen esou gesot: Jo, vill vun deene Leit, mat deenen ee schwätzt, hunn effektiv d'Gefill, dass se hir Akte mat der Stoppauer maachen, well se jo och deelweis getimed sinn. An dat huet eebe justement mat de Versich ze dinn, d'Spideeler, ech soen elo emol besonnesch d'Spideeler, awer net nëmmen d'Spideeler, och Reseauen ze rationaliséieren, ekonomesch méi effikass ze maachen. An ech mengen, mir mussen och kucken, ob mer do net iwwerdrüwen hunn an där ekonomescher Rationaliséierung, an dass déi ekonomesch Perspektiv just eng vun deene ka sinn an am Zentrum awer nach ëmmer d'Fleg vun de Patiente muss stoen.

Bei de Karriären opwäerten, ech mengen, do huet och bal jiddweree schon heibannen d'Weeër opgewisen, déi ee goe soll. Mir brauchen, mengen ech, definitiv e Bachelor, deen deem och entsprécht, wat déi Leit studéiert hunn, déi och international Krittere erfellen. An, wéi den Här Hansen et virdu gesot huet, mir brauchen och weiderféierend iwwert de Bachelor d'Méiglechkeet, e Master ze schafen, fir domadder e ganze Circuit vu Studie kënnen anzeféieren. An, wat ganz wichteg ass, och Changementer vu Karriären, Promotiounen, déi méiglech sinn.

Ech begrëssen ausdrécklech, dass d'Madamm Closener hei ugekënnegt huet, dass am Hierscht wäert en Hearing stattfannen, deen, mengen ech, ganz wichteg ass, dass mer alleguer d'Stakeholders, wéi een haut jo esou schéi seet, also alleguer déi Leit, déi betraff sinn, déi am Secteur schaffen, dass déi och gehéiert ginn, an dass mer duerno eng grouse Debatt, eng grouse Orientierungsdebatt féieren, déi, mengen ech, awer och iwwert d'Fro vun de Beruffsbiller nëmmen erausgeet, well déi Beruffsbiller hu jo och domadder ze dinn: Wéi stelle mer eis vir, dass eis Santélandschaft an zéng Joer ausgesäit? Ginn et eventuell Beruffsfelder, déi mer mussen weiderentwëckelen? D'Preventivmedezinn, ass dat net och vläicht eng Konklusioun aus deser Kris, dass mer verstärkt mussen an d'Preventivmedezinn investéieren, respektiv wou mer elo gesinn, wou et hapert, an d'psychotherapeutesch Betreijung vu Leit?



Ech mengen, datt dat d'Erausfuering ass, där d'Chamber insgesamt sech muss an deenen nächste Méint, op jidde Fall no der Summerkanz stellen. An ech hoffen, datt mer als Grondlag de Rapport vun der Madamm Lair huelen, deen ass, mengen ech, eng ganz gutt Grondlag, fir dorobber ze diskutieren. An ech denken, mer sollten dat maachen.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Ech soen och als Eischt eng Kéier dem Kollege Marc Spautz hei e grouse Merci dofir, datt en dat Thema op den Ordre du jour gesat huet. Wéi en am Januar, esou wéi en dat och virdu geziel huet, deen heite Punkt op den Ordre du jour geholl huet, du war d'Welt eng aner. Mir ware virun enger Kris, mee et war eis net bewosst, datt zwee Méint drop déi Interpellatioun ganz vill un Aktualitéit géif gewannen, eng Aktualitéit, déi mer eis net gewünscht hätten. An ech mengen, mir wären alleguerter ganz frou gewiescht, wa mer zum urspringlech geplangten Datum am Mäerz hätte kënne iwwer dat heiten Thema schwätzen an eis net hätte misse mat engem État de crise beschäftege respektiv missen deen État de crise geréieren.

Et ass kruzial, hunn ech gesot, an et ass kruzial aus deem ganz einfache Grond, well mer hei wierklech vu systeemrelevante Beruffer schwätzen. Mir schwätzen hei net vu Beruffer, déi een einfach esou ersetze kann, a mir schwätzen och net vu Beruffer, déi een einfach esou léiere kann. Et gétt e Grond, firwat grad am sozioeducative Beräich et Zougangshürde ginn, et gi Krittären an et gi ganz kloer Formatiounspläng.

Wat meng Virriedner scho gesot hunn, ass: Eise Gesondheetssystem ass haut immens ofhängeg vu Leit, déi am Ausland liewen. Firwat? Bon, dat eent, dat si sécherlech d'Salaires, déi e Facteur hei spillen. Dat Zweet ass awer sécherlech och, datt mer et net fäerdegbréngen, genuch Leit hei zu Lëtzebuerg auszebilden. An do muss ee sech da jo awer d'Fro stellen: Wourunner läit dat, datt mer et net fäerdegbréngen, an engem esou räiche Land wéi Lëtzebuerg esou systeemrelevant Beruffer adequat auszebilden? Läit et dorunner, datt de Programm ze schwéier ass, ze kondenséiert ass?, wat een aus dem Secteur reegelméisseg héiert, datt d'Schülerinnen an d'Schüler sech beschwéieren, datt de Programm dach awer ganz kondenséiert ass an datt hinnen einfach d'Zäit feelt, fir besser ze ginn, fir dat Ganzt ze packen. Ass et, well d'Offer u Formatioun net duergeet?

Bref, ech mengen, datt mer eis hei wierklech mussen d'Fro stellen: Wéi kënne mer an Zukunft d'Unzuel vun den Absolventen hei zu Lëtzebuerg an d'Luucht setzen, an dat net nëmmen am Interêt vu Lëtzebuerg, mee am Interêt vun der Groussregioun? Well et dierf een net vergiessen, all eenzelen Employé, deen aus der Groussregioun op Lëtzebuerg schaffe kënnt, dee feelt natierlech a sengem respektiven Duerf a senger respektiver Stad.

De Marc Baum huet virdu gesot: „Wann d'Grenzen zougaange wären, dann hätte mer ganz domm hei aus der Wäsch gekuckt.“ A fir eebe grad dat ze verhënneren, sollte mer hei weider Efforte maachen.

Dann, ech hunn et ugeschwat, d'Ausland. D'Ausland, dat ass heefeg an deem heite Beräich d'Groussregioun. Mee d'Ausland geet awer och vill méi wäit, an do geet et dann em d'Koordinatioun, wat d'Unerkennung vun den Diplomer ugeet.

Ech mengen, et gi ganz vill Leit, déi eeben net hei zu Lëtzebuerg e Gesondheitsberuff léieren, mee dat an deene verschiddensten Héichschoulen oder weiderféierende Schoulen am Ausland maachen, ob dat an der Belsch, Däitschland oder Frankräich ass. Verschiddener komme souguer vun nach méi wäit hier. An do, mengen ech, misste mer nach weider Efforte maachen, fir d'Unerkennung vun den Diplomer ze vereinfachen, awer och dat Ganzt vill méi einfach unzegläichen.

Här President, et ass sécherlech esou, datt d'Gesondheitswiese virun Erausfueringe steet, virun Erausfueringe stoung déi lescht Wochen a Méint. A wann ech iwwer d'Bildung an iwwer d'Konditiounen vun der Bildung am Gesondheitswiese schwätzen, da kommen ech net emhin, awer den Elefant am Raum och nach eng Kéier unzeschwätzen, an dat ass den Neibau vum LTPS. Elo wësse mer, datt deen Neibau

amgang ass, datt d'Baggere rullen an datt et an déi richteg Richtung geet. Ech mengen, datt et do vläicht an der Vergaangenheet e bësse lues gaangen ass, datt ech hoffen, datt mer déi Lenteur administrative, déi do deelweis dra war, an Zukunft net méi hunn an datt de Projet wierklech fristgerecht fäerdeg gétt. Well dat ass, mengen ech ...

(**Interruption**)

Jo, hoffentlech kënnt net nach eng Kris dozwëscht! Hoffentlech geet et esou weider, wéi dat geplangt ass!

An da schwätzen ech awer iwwer den zweete Volet, deen de Marc Spautz hei ugeschwat huet. Dat war jo net nëmmen de Gesondheitssecteur. Dat ass och de Beräich vum Sozioeducativen. Den Interêt fir e Beruff am sozialen an am educative Beräich ass grouss. Mee eppes, wat direkt an d'A fällt, wann een eng Kéier d'Ofschlossklasse kucke geet, dann ass dat d'Genderbalance, oder besser gesot an deem heite Fall d'Genderimbalance, well mir schwätzen hei dach vun enger Verdeelung vun ... An de Minister huet sécherlech méi genau Zuele wéi ech, mee ech hunn dat elo Pi mol Daum gekuckt op de Fotoe vun de Klassen. Do hat ech esou d'Gefill, et wären ee Véierel Männer an dräi Véierel weiblech Schülerinnen. Hei ass also e Beräich, an deem gesellschaftlech Stereotypen dach nach relativ present sinn.

An do misst ee sech d'Fro stellen: Wéi kënne mer de Beruff vun Educateur méi attraktiv maachen och fir männlech Schüler?

(**Interruption**)

Jo, ech weess, weiblech Schülerinnen, dat kënnt op dat nämmlecht eraus.

De Beruff vum Educateur weist, datt mer e Besoin hunn. Mir sinn och frou, datt mer déi Educateuren hunn, well grad elo och erëm an der Kris si mer frou, datt se d'Kanner konnten accompagnéieren. A grad eeler Leit, mee och jonk Leit. Also ech mengen, den Educateursberuff ass e Beruff, wou een un deenen zwee Enner vun Liewen am jonken Alter vill mat hinnen ze dinn huet an deelweis am soziale Beräich da mat äneleche Berufsbiller méi spéit am Liewen nach eng Kéier ze di kritt. Dat heescht, et ass gutt a mir sollten als Lëtzebuerg och houfreg sinn, datt mer esou eng Offer kënne liwweren.

Ech wollt awer just nach ganz kuerz vläicht och eppes soen, wat d'sozial an d'educativ Beruffer ugeet. An do geet et em de Jugendchömage. An do stellen ech mer d'Fro, ob, wa mer déi Beruffer géife méi valoriséieren ... Mir mierke jo, datt eng Demande do ass. Déi Demande ass do, well et kommen all Dag esou vill, Honnerten, voire Dausende Grenzgänger aus der Groussregioun op Lëtzebuerg, fir an deene Beruffer ze schaffen. Wa mer déi Beruffer also valoriséiere kéinten, wa mer déi Ausbildung kéinten esou maachen, datt méi Leit et packen, da kéint ee sécherlech och hei eppes maache géint de Jugendchömage, wou Lëtzebuerg haut dach leider déi drëtt Plaz vun där falscher Richtung aus anhält a kuerz hannert Spuenien a Griichenland dach bal 25 % vun de Jugendliche am Chömage sinn.

Ech sinn der fester Iwwerzeugung, datt een hei zwou Mécke mat enger Baatsch kéint schloen, andeem een eng Ausbildung méi interessant géif maachen, e Berufsbild oder Berufsbiller méi valoriséiere géif an doduerjer dann och kéint eppes maache fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg no enger Aarbecht siche respektiv se en amont opzefänken, datt se guer net eréischt an d'Situatioun kommen, eng Aarbecht mussen ze sichen, well se an e Beräich erakommen, wou immens Leit gesicht ginn.

Ech soen also nach eng Kéier dem Marc Spautz Merci fir d'Initiativ an ech hoffen, datt mer haut net fir d'lescht iwwer dat Thema schwätzen, mee datt dat heiten den Ufank ass vun engem Prozess, deen déi Beruffer valoriséiert an hir Ausbildung wierklech an de Mëttelpunkt stellt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

Prises de position du Gouvernement

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Ech si ganz frou, dass Lëtzebuerg Corona net gebraucht huet, fir ze erkennen, dass mer e Problem mam Gesondheetssystem hunn an och ronderëm d'Gesondheitsberuffer, an dass deemno vläicht och schon en vue vun deem Internationale Joer vun de Gesondheitsberuffer déi Etüd Lair an Optrag gaangen ass, wou ech och ganz frou sinn, hei ze héieren, dass se net nëmme bekannt ass, mee och gelies a komplett integ-

réiert ass. Si zeechent wierklech dat op, wou de Schong dréckt, a si zeechent doriwuer eraus och eng ganz Rei Pisten op, op deene mer kënne schaffen.

D'Damoklesschwäert ass hei zitéiert ginn am Passé, wat mer hate virun net allze laanger Zäit, wou et geheescht huet, d'Grenze ginn zou. Ech brauch lech net ze erklären, wat dat fir e Gefill war. Ech muss soen, ech sinn nach net beim Passé ukomm. Ech spieren dat Damoklesschwäert nach ëmmer an ech sinn och ganz frou, wann dat iergendwann eng Kéier beheween ass mat där Kris hei.

D'Problemer, déi opgezeechent gi sinn, sinn zimmlech evident. Et ass en demografesche Problem à la base. Mir gi méi al an deem Land, mir sinn zu méi an deem Land, also brauche mer och méi Leit, déi no eis kucken iergendwann, wa mer krank sinn. Vun der Selbstversuergung si mer ganz wäit ewech. D'Chiffere si genannt ginn. Mir hunn eng extreem Fragilitéit. Et ass net drun ze denken, dass mer eis eng Kéier selbstversuergen an deem doten Deel. Et kann een et amelioréieren, et kann ee méi Leit an de Beruff kréien. Mee ech fäerte ganz, dass mer, reng demografesch gesinn, et net wäerten hokrée méttelfristeg, fir eis Besoinen am Gesondheitssecteur mat Lëtzebuerg ofzeddecken.

Mir hunn iwwer 50 % an deem Secteur, wat Pendler sinn, iwwer, ronn 60 % sinn Netlëtzebuerg, an d'Genderbalance, déi ass och effektiv, déi bestätegt e relativ krasse Klischee: Mir hunn 80 % Fraen an deem Beruff, wënschen eis also do och u sech méi Infirmieren an Zukunft.

Wéi et mat der Formatioun ausgesäit, dat ass eigentlech en Thema, dat sollt en Thema sinn och onofhängeg vu Corona, dat schon identifizéiert war fir de Gesondheitsdësch. Dir wësst, dass de Gesondheitsdësch lancéiert war, an zwar de 14. Februar ass de Kick-off dovunner gewiescht. Do war ee vun den Haapttheemen, wat mer och politesch wierklech wichtig war, dat ass justement de Suivi vun der Etüd Lair ze maachen. An deem Sënn ass och am Januar, de 24. Januar, eppes gemaach ginn, wat mer hei zu Lëtzebuerg ëmmer schrecklech gär maachen, nämlech e Groupe interministériel agesat ginn, fir sech mat dem Suivi vun der Etüd Lair ze befaassen. Dese konnt aus verständleche Grënn ... Et ass gefrot gi vum Här Spautz: „Wat ass do geschitt?“ Ben, do ass net vill geschitt. De Grupp war knapps agesat, dunn ass Corona komm an en huet net getaagt. Den éischte Rendez-vous ass den 22. Juli elo, wou mer hoffen, eis iergendwou kënnen erëm zesummesetzen.

Wat ass do virgesinn? Ma do ass vusäite vun der Santé virgesinn, en neit Berufsbild ze proposéieren. Mir sinn ons bewosst, eeben och opgrond vun der Etüd Lair an och vun der Praxis ronderëm eis, opgrond vun de villen Echangingen, déi mer haten, dass mer mussen d'Bild vun de Gesondheitsberuffer iwwerdenken. Dat heescht, mir maachen eng nei Definitioun, wat elo d'Kompetenze sinn, wat Stand haut en Infirmier oder aner Leit, do gétt et jo eng ganz Kategorie Beruffer am Gesondheitswiesem, wéi dat misst ausgesinn. Dat soll fir eis dann eng Basis sinn, déi mer mat an dese Grupp huelen, fir doropshin dann ze kucken: Wéi muss dann déi Formatioun ausgesinn, déi dorobber soll calquéiert sinn?

D'Formatioun ass och effektiv e bëssen e Wanderpokal. Ech hunn dat och elo festgestallt bei der Preparatioun, déi mer ... Urspringlech, 1967, war se bei der Santé, dunn ass se an d'Education gaangen, elo ass se bei eis zwee. Dann hoffe mer, dass mer dat elo zesumme besser gemaach kréien an eppes draus strécken, wat zukunftsorientéiert ass.

Wéi gesot, eenzegaarteg ass se. Dat ass vläicht nach net relevéiert ginn. Si ass wierklech eenzegaarteg, vläicht net an deem Sënn, wou mer et gären hätten. Ech wär frou, wa se eng Kéier eenzegaarteg innovativ wär. Mir sinn, wann ech do richteg informéiert sinn, dat eenzegt Land an Europa, dat effektiv nach keng Bachelorformatioun fir den Infirmier huet. Dat ass net valorisant fir déi Leit, déi et maachen. An et kann een och verstehen, dat erkläert vläicht och zum Deel, firwat ëmmer manner Leit déi Formatioun hei maachen. Dat geet jo erof, déi Zuelen. Wann ee warscheinlech de Choix huet, dee selwechte Beruff am Ausland ze maache mat à la clé engem Bachelor, deen engem aner Dieren opmécht, dann ass dat vläicht eng Präferenz, déi do ass. Dat misst ee kucken.

Fakt ass, dass eis Formatioun net méi wierklech unzitt an dass se definitiv net dat virgëtt, wat mer um Terrain brauchen. Och do si mer amgaangen, trotz Coronazäiten natierlech och deen Aarbechtsgrupp ze preparéieren. Mee dat si lafend Aarbechten. Et ass e bëssle fréi, elo dorobber Opschluss ze ginn. Déi leien net op Ais, au contraire. Mir sinn amgaangen, och scho Modeller ze kucke vu Formatiounen, déi

et esou doruechter gétt, dat alles en vue eebe vun enger Reprise vun eisen Aarbechten dann offiziell den 22. Juli.

Wat mir opgefall ass, dat ass, dass vläicht déi Diskussioun ronderëm d'Ausbildung, déi dach awer licht almoudeesch ass, wann ech dat esou ka soen, am krasse Widersproch steet zu der Motivatioun bei de Leit um Terrain. Ech hunn duerch déi Kris hei Leit kenne geléiert an deene Beruffer, déi extreem motivéiert sinn, déi wierklech eng Vokatioun hunn. Dat ass eppes ganz Wäertvolles. Dat ass eppes, wat ee muss féerden. Et huet net nogelooss. Si si wierklech engagéiert. An ech denken, et ass eis Aufgab alleguerter zesummen, fir där Vokatiounen nach méi ze suscitieren doduerch, dass mer dee Beruff méi bekannt maachen. En ass valorisant um Terrain. Et ass e Metier, dee vill fret, mee deen awer och vill zrëckgëtt, well et en Echange mam Patient ass. An ech sinn och iwwerzeegt, wann een dat flott duerstellt, wann dat e Beruff ass, deen och Flexibilitéit bitt, wou ee ka Weiderbildung dropsetzen, wou ee sech ka reorientéieren, dass dat eppes ass, wat och an Zukunft ëmmer nach wäert Leit uschwätzen.

Ech fannen et natierlech och ideal, wa mer eng Formatioun hätten, mir investéiere jo ganz vill an eis Ausbildung hei am Land, dass mer och eebe Leit aus dem Ausland unzéien, fir bei eis studéieren ze kommen. Wéi gesot, ech sinn iwwerzeegt, dass mer et esou oder esou méttelfristeg net wäerten hokrée, fir eis Besoine selwer ofzeddecken, soudass mer nieis Lëtzebuerg, déi mer ausbilden, och drop ugewise sinn, vläicht Leit hei an d'Formatiounen ze kréien an déi dann och heizebehalen. Do ass viles ze maachen.

Et geet drëms, d'Leit wierklech ze ënnerstëtzen an eng attraktiv a modern Formatioun op d'Been ze stellen, déi wierklech och deem entsprécht, wat de Standard an Europa ass, an déi eis dann idealerweis och an eiser Eenzegaartegkeet hëlleft. Mir si jo kleng a flexibel, vläicht kréie mer dat hin, fir déi Eenzegaartegkeet bäizehalen, awer dann an engem positive Sënn, dass mer wierklech eng attraktiv, eng innovativ Formatioun hei op d'Bee kréien, wou gekuckt gétt, wou d'Leit sech aus dem Ausland derfir interesséieren an och et derwäert fannen, bei eis studéieren ze kommen.

Voilà! Dat war alles vu menger Säit. Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Gesondheitsministesch. An den Här Educationsminister Claude Meisch iwwerhëlt elo de Relais fir d'Regierung.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Interpellant, dem Marc Spautz, fir hei op zwee Beräicher opmierksam ze maachen, déi eigentlech zwou Gemeinsamkeiten hunn.

Eng Kéier schwätze mer am sozioeducative Beräich an awer och am Beräich vun de Gesondheitsberuffer vun enger grousser Penurie u Personal, vun engem Mangel u Fachkräften. An op där anerer Säit sinn et awer zwee Beruffer oder Berufsberäicher, wou dat Mënschlecht ganz stark dominiéiert, wou d'Aarbecht mam Mënsch am Vierdergrond steet, a wou mer sécherlech net nëmme mussen, jo, fachlech Kompetenzen an deem Sënn, am technesche Sënn vermëttelen an der Ausbildung, mee virun allem awer och mussen derfir suergen, datt während der Ausbildung an iwwer déi gesamte Berufskarriär een als Mënsch selwer wissst, fir déi Aarbecht do kënnen ze maachen, selwer déi Aarbecht do verdroe kënnen ze maachen, an awer och natierlech fir all déi aner, sief dat vum kleng Puppelche bis bei dee Kranken oder d'Flegeheimer, do kënnen ze sinn an de Mënsch an déi mënschlech Besoine kënnen no vir ze stellen.

Vläicht e Wuert dozou, datt d'Penurie an deenen zwee Berufsberäicher, an deem sozioeducativen, mee och an de Gesondheitsberuffer, jo kee rengt lëtzebuergesch Phenomeen ass. Mir kennen dat och aus anere Länner, an datt d'Penurie an deenen dote Beräicher jo och sech net nëmmen op déi dote Beräicher hei zu Lëtzebuerg limitéiert. Mir kennen och hei zu Lëtzebuerg nach ganz vill aner Beräicher, wou een och op der Sich ass no guddem Personal. Ech denken am Generellen an der Education. Ech héieren dat aus den Handwerksbetreiber. Ech héieren et bei der Police a soss bei anere staatleche Secteure souguer.

Also, mengen ech, si mer hei op der Kräizung vun zwee Phenomeener, een, deen am Ausland eigentlech och da bekannt ass, datt et schwierig ass, Leit ze motivéieren, an déi Beruffer do eranzegoen, an awer och nach eng Kéier deen, datt mer natierlech, jo, net selbstversuergend sinn, wat den Nowuess ubelaangt a quasi allen Domänen hei zu Lëtzebuerg an op den Zouzuch respektiv op d'Grenzregioun ugewise



sinn. An dat fanne mer eebe grad an deenen doten zwee Domänen erëm.

Vläicht e puer Wuert an e puer Preziosiounen och oder Antwerten op Froen, déi hei gestallt goufen zu deene jeeweilige Secteuren.

Am sozioeducative Beräich ass de Personalbedarf natierlech explodéiert iwwert déi lescht 10, 20 Joer. Ech wëll elo just een Element eraushuelen, dat am dynameschste gewuess ass, dat ass natierlech dat vun der Kannerbetreuung am Service de l'éducation et de l'accueil. An de Crèchen, also an de Maison-relais-hu mer geschat iwwert déi lescht Joren zousätzlech Poste geschafen an der Héicht vun 250 pro Joer fir Educateuren. An dat ass natierlech derbäikomm par rapport zu enger Situation vun virdrun. An duerfir si mer och haut an där doter Situation.

Et ass sécherlech do reagiert ginn. Et ass gekuckt ginn, dass den LTPES seng Capacitéit fir auszubilden op d'Éducateursformatioun wierklech dann och konzentriéiere kann, andeems mer och an de Lycée-techniquen eng SO-Formatioun (ndlr: sciences sociales SO) ugebueden hunn, well mer ganz dacks gemierkt hunn, dass dee jonke Mënsch an den LTPES gaangen ass an den Educateursdiplom gemaach huet, fir awer duerno weiderstudéieren ze goen an net um Terrain ukomm ass an de jeeweilige Strukturen. Eng SO-Sektioun, déi d'ailleurs e grouse Succès huet, wou mer haut op enger Première 421 Schüler zielen an engem Joergang, wat also par rapport zu deene Chifferen, déi hei genannt gi sinn, déi pro Joergang am LTPES erauskommen, jo awer ganz staark impressionnant ass.

Mir hunn och d'Formatioun am LTPES reforméiert. Mir sinn derbäibliwwen, dass et eng allgemeng bildend Formatioun ass, dass se net ze vill spezifesch op dee jeeweilige Secteur dann och ausbild, mee awer am leschte Joer een dach sech fir ee vun deene Beräicher ka méi staark spezialiséieren, mee nach ëmmer duerno polyvalent ass an all Beräich vum sozioeducative Secteur ka schaffe goen.

Mir hunn och, an doriwwe sinn ech ganz frou, mat der École nationale pour adultes an der leschter Legislaturperiod eng Formation en cours d'emploi nees lancéiert. An ech muss lech soen, dass dat eppes ass, wat mer immens gutt gefall huet. Ech war d'lescht Joer do, fir Diplomer ze iwwerreechen. A wann een d'Liewensparcours héiert vun deene Leit, da sinn der ganz vill derbäi, déi hätte schonn am léifste beim éischten Ulaf och eng Educateursformatioun gemaach oder och en aneren Ulaf oder en aneren Ofschloss ugestriift, mee et ass eeben aus ganz ënnerschiddleche Grënn - a meeschtens waren et privat Grënn, déi am Liewensparcours dann iergendwéi eng Kéier eng Neierung bruecht hunn - op eng Kräizung komm, wou et dann awer an eng aner Richtung gaangen ass. An déi sinn immens dankbar, dass se iwwert deenen dote Wee nach eng Kéier konnten deen Ofschloss maachen.

An ech sinn absolut mam Här Marc Spautz d'accord, dass mer Efforte mussen maachen, fir nach méi Capacitéit ze schafen, fir, jo, zum Deel nach jonke Leit - sinn dat dach an der grousser Majoritéit - déi dote Chance kënnen ze ginn, mat engem Fouss schonn an der Berufsrealitéit, och dacks am sozioeducative Beräich, eeben ze stoen a mat deem anere Fouss nach an d'Schoul ze goen an e valabelen Ofschloss kënnen ze maachen, fir sech och kënnen duerno berufflech weiderzeorientéieren.

Da si mer mat de Berufskummeren amgaangen, iwwer en neien DAP ze diskutéieren. De Marc Spautz huet den DAP vum Auxiliaire de vie hei ugeschwat, deen eigentlech - dat ass e bëssen, wéi et duergestallt ginn ass -, deen elo net op d'Kandheet an op d'Kannerbetreuung achséiert ass. Deen ass eigentlech allgemeng orientéiert a kann an ënnerschiddleche Secteuren, an ënnerschiddleche Beräicher vum sozioeducative Secteur agesat ginn. Mir plangen drun, en DAP Petite Enfance ze maachen, well mer mierken, dass do e ganz grouse Besoin besteet, well mer och do zousätzlech eebe Qualitéitskrittären agefouert hunn an deene leschte Joren an de Crèchen a well mer do en enorme Besoin och u qualifizéiertem Personal hunn.

An dat muss net ëmmer den Éducateur gradué sinn, dat muss och net ëmmer den Éducateur diplômé sinn. Dat kéint och hei en DAP sinn am Beräich vun der petite Enfance. An dee soll den DAP Auxiliaire de vie net ersetzen, dee wëlle mer derbäisetzen niewendrun, dass mer der och méi rekrutiert kréien, fir insgesamt an déi Beräicher do ze goen, well eng Alternativ wär gewiescht, an dat ass och vun enezelen Acteuren esou proposéiert ginn, ze soen: „Kommt, mir maachen en Tronc commun fir unzefänken an duerno splécke mer et eng Kéier a Richtung vum Auxiliaire de vie an eng Kéier a Richtung vun der petite Enfance.“

Ech gleewen éischer drun, dass mer méi Jonker beegeschtert kréien, wa se dès le départ kënnen

sech spezialiséieren, allerdéngs - allerdéngs! -, an dat ass wichteg, dass mer do och ëmmer Passerellen ubidden, fir am Fall, wou een dann awer eng Kéier de Secteur wëllt wiesselen, am Fall, wou een no 10, 15 oder 20 Joer eng Kéier seet: „Elo wëll ech och nach eppes aneres maachen“, dass een dann net an engem Sens unique ënnerwee ass, mee nach eng Kéier kann d'Bunn changéieren an dat och iwwer Weiderbildung da kéint maachen. Do schaffe mer nach ëmmer drun.

Da si mer awer och amgaangen, iwwer eng Pist nozedenken. An ech wëll déi och emol hei ganz gären eng Kéier zur Diskussioun stellen. Wa mer soen, mir hu 421 Schülerinnen a Schüler op enger Première SO an eise Lycéeën uechtert d'Land, da sinn dat der immens, immens vill an da wëllt a ka sécherlech och en Deel vun deene weiderstudéiere goen. Mee vläicht ass et awer och esou, dass en Deel vun deene sech nach eng Kéier wëllt nei orientéieren an an den Educateursberuff wëllt erakommen.

Mee well een awer vläicht zwee Joer virdrun, wou een hätt kënnen op den LTPES an d'Éducateursformatioun goen, nach net sécher war, wat ee wollt maachen, well ee schonn een Interesse hat an duerfir och éischer op eng sozial ausgerichte Sektioun gaangen ass am Enseignement secondaire général, dass een elo no senger Première dann awer dee Schratt nach eng Kéier kéint maachen. An duerfir iwwerleë mer, fir eebe Jonker, déi hir Première hunn an der SO-Sektioun, dass mer deenen zousätzlech d'Joer offréieren, fir hiren Educateur kënnen nozemaachen an dann eeben och domadder kënnen an dat Aarbechtsfeld eranzegoen. Ech denken, dass dat eppes ass, wat net enger grousser Majoritéit vun deene 421 jonke Primaner hei géif entgéintkommen, mee awer engem groussen Deel, a mer domadder niift deem, wat mer all Joers um LTPES un Educateuren iwwert de reguläre Wee ausbilden, der nach eng Kéier zousätzlech da kéinten op de Marché bréngen.

Ech mengen och, dass mer méi intensiv nach mussen kucken, bei der Population résidente hei zu Lëtzebuerg wierklech och Reklamm ze maache fir den Educateursberuff. Well wat enorm wichteg ass, ech hunn et virdu gesot: Et schafft een do mat Leit, an da sollen et och Leit sinn, déi aus deene Milieue kommen, déi déi Sprooch schwätze vun deene Jonken, vun deenen Alen, vun deene Behënnerten, déi d'Liewensrealitéit vun de Mënschen zu Lëtzebuerg och kennen, an dass mer doduerjer och kucken, dass mer duerch sämtlech Regiounen, dass mer duerch sämtlech sozioekonomesch Kategorie vun eiser Populatioun, jo, och duerch sämtlech Nationalitéiten, och Leit mat Migratiounshannergrond, dass mer do Promotioun maache fir den Educateursberuff. Dat ass genau dee Profil vu Leit, déi mer och am sozioeducative Beräich herno brauchen, Leit mat engem soziologesche Background, déi ganz einfach där Clientèle an der Populatioun hei zu Lëtzebuerg entsprechen.

Kuerz war och de Besoin Formation continue ugeschnidde ginn. An ech denken, dass mer do mat dem Secteur aus dem sozioeducative Beräich solle kucken, wéi mer dat strukturéieren. Well e gudden Deel vun deem Secteur huet sech organiséiert an huet sech och Struktur ginn, héich Kompetenzstrukturen, fir Formation continue un hir Leit kënnen unzëiden. Mir wëssen awer och, dass dee Beräich ganz, ech wëll net soen, zersplittert ass, mee awer ganz staark opgedeelt ass. Do gëtt et grouss Acteuren aus dem associative Beräich, déi als ASBL constituéiert ginn. Et gëtt Gemengen, déi an deem Beräich och Träger sinn. Et gëtt ganz vill kleng Acteuren, kleng ASBLen, déi vläicht och nëmme lokal eng Struktur bedriewen. An déi sinn natierlech ganz ënnerschiddlech opgestallt, fir d'Formation continue fir hir Leit kënnen ze assuréieren.

An do si mer amgaangen, mat deem Secteur och iwwer e Finanzéierungsmechanismus ze beroden, wéi mer ganz gezielt kënnen d'Formation continue vun héijer Qualitéit och zousätzlech finanzéieren, fir dass se awer zougänglech ass fir all Agent aus deene Strukturen, egal ob een elo an enger gréisserer, enger klenger, enger privatrechtlecher oder enger kommunaler tätég ass.

Vläicht och nach e puer Wuert, Här President, zu de Gesondheetsberuffer, wou jo virun allem d'Fro ronderëm de Bachelor fir den Infirmier am Fokus steet. Ech verstinn dat och an ech denken, dass een dat sécherlech muss analyséieren. Mee ech bieden awer dréms, dass mer et gutt analyséieren an och wierklech ofweien a kucken, ob dat déi Problemer, an ech wëll déi Problemer guer net hei ewechrieden, déi Problemer, déi mer hunn, ob dat déi Problemer géif léisen oder dat eleng déi Problemer do géif léisen. Do sinn ech dach awer e bësse skeptesch.

Wësst Der, ech stoung dacks op dëser Plaz, do hu mer iwwert d'Penurie vun den Enseignant-en an der Grondschoul geschwat. Mir haten

eng Formatioun um ISERP, déi hu mer opginn. Si ass duerch eng universitär Bachelorformatioun ersat ginn. An dat huet d'Situatioun net daitlech verbessert.

Ech géif éischer soen, dass net d'Qualitéit vun der Formatioun, mee d'Quantitéit vun der Formatioun a vun deenen, déi diploméiert erauskommen, dach awer jo éischer zréckgaangen ass, daitlech zréckgaangen ass, dat hu mer ëmmer nees misse feststellen, soudatt ech och mengen, dass et hei net duergeet, fir elo ze soen: „Bon, mir maachen déi eng Formatioun zou a mir maachen eng Bachelorformatioun op.“ Dat, denken ech, gräift ze kuerz.

Et muss een och wëssen, dass e BTS, an dat ass mer awer wichteg, och hei nach eng Kéier ze ënnersträchen, och en Héichschoulofschloss ass. Dat ass och en Héichschoulofschloss, och en Héichschoulofschloss vun héijer Qualitéit, deen awer vläicht méi Leit zougänglech ass, well e manner akadeemesch nach ausgericht ass wéi e Bachelor oder duerno e Master, well en och an de Lycéeën ugebuede gëtt mat Acteuren vun de Lycéeën, an eng Formatioun op der Uni vum éischten Dag no der Première un dann awer reng akadeemesch och leeft.

A wann och hei gesot gëtt, zu Recht, dass natierlech esou eng Ausbildung och muss praxisorientéiert sinn, dass een och, jo, d'Beruffrealitéit muss kennen, dass ass d'ailleurs awer och de Fall an deene véier Joer vun der Ausbildung am LTPES. Da misst ee sécherlech och garantéieren, dass dat jo awer och op där anerer Säit herno bei enger universitärer Ausbildung de Fall wär. An et muss ee jo awer och do garantéieren, dass all Element vun där Ausbildung och genuch ECTS-Punkten (ndlr: ECTS fir European Credit Transfer and Accumulation System) da bréngt, fir no dräi Joer e Bachelor kënnen dann och ze revendiquéieren. Also, dass ass méiglech; aner Länner maachen dat. Mee et muss een awer wëssen, dass et vläicht net all eis Problemer léist an och vläicht net all den Uspréich gerecht gëtt, déi mer hunn.

D'Regiierung huet sech jo virun enger Rei vu Méint, relativ kuerz virun der Covidkris, och mat där Problematik do ausenanergesat an einfach emol en éische Schratt festgehalen. Mir hu festgestallt, dass et spezialiséiert Infirmiersformatiounen gëtt, wou mer eigentlech vun de Leit verlaangen, dass se ee BTS-Ofschloss maachen, fir Infirmier ze ginn, an dann nach eng Kéier en zweete BTS-Ofschloss maachen, fir dann Infirmier spécialisé an engem spezifeschen Domän ze ginn.

An dat fannen ech nu wierklech awer net méi gerechtfertegt. An do schaffe mer awer elo drun, fir ze soen: Op d'mannst fir déi dote bräichte mer e Bachelorofschloss, op d'mannst fir déi dote misste mer kucken, dass een, wann ee säi BTS als Infirmier huet, dorobber opbauend eng Formatioun dann nach ka maachen als Bachelor.

Awer, ech wëll et nach eng Kéier ënnersträchen: De Bachelor ass eng akadeemesch Formatioun, eng universitär Formatioun. Dann ass et och herno eng Universitéit, d'Universitéit vu Lëtzebuerg, mat där mer an deenen doten Diskussiounen sinn, déi deen Ofschloss muss ginn an deen dann och muss ubidden oder e gréissten Deel dovunner ubidden. Mir hunn awer och do flott Pilotprojete scho gehat, wou an Zesummenaarbecht tëschent Lycéeën, déi e BTS offréiert hunn, an der Uni.lu a Form vun hirem Kompetenzzenter dann och esou Formatiounen konnten adaptéiert ginn a verlängert ginn, dass ee finalement e Bachelor vun der Uni.lu och konnt do kréien.

D'Erfahrung weist awer och do, dass net jiddwereen, deen de BTS och nach gutt packt, och géeeengt a wëllens ass, herno de Bachelor nach dorobber ze maachen.

Dat ass eng Erfahrung, wou mer zwou Konklusiounen kënnen draus zéien: Jo, et ass méiglech, mir kënnen dat doten och esou organiséieren, aus dem BTS e Bachelor maachen, wann een en cours de route dat wëllt, da sech méi Ambitiounen och nach gëtt, fir méi en héijen Ofschloss ze maachen. Mee et ass warscheinlech net de Kinnekswee fir jiddwereen. An duerfir solle mer och kucken, dass dat vläicht net deen eenzege Wee ass, dee mer hei herno wëllen aschloen.

Mir hunn awer och eng Rei vun aneren Ännerungen jo och scho virgeholl, fir berechtigte Kriticken an Analysen, déi och de Mëtteg nach eng Kéier widderholl goufen, kënnen virzebeugen. Mir hu mëttlerweil vill franséisch-sproocheg Sektiounen a Klassen och am LTPES, fir natierlech ze soen, mir hunn do eng Populatioun, déi wëllt och ganz gären deen Ofschloss do maachen. An déi kënnen mer och hei zu Lëtzebuerg ausbilden. Déi sinn och Resident hei zu Lëtzebuerg. A wa mer natierlech soen, déi Formatioun ass gréisstendeels awer op Däitsch oder se ass bilingue, da besteet do eng Barriär.

Ech wëll awer och ganz kloer soen, dass jiddwereen och soll Lëtzebuergesch do léieren, och jiddwereen déi zweet Sprooch, nämlech Däitsch soll léieren, fir dass d'Kommunikatioun do klappt, mee dass d'Formatioun op der franséischer Sprooch eeben da gehalen an assuréiert gëtt. An dat erlaabt awer, mengen ech, méi engem breede Public och, zum Ofschloss ze kommen.

Ech géif awer och nach gären e Schratt méi wäit goen, nämlech, dass mer och eng Formatioun do ubidden, wou dann d'Formatioun haaptsächlech op Däitsch assuréiert gëtt, well mer hunn och nach ëmmer deen een, deen aneren am Land, deen awer op Krichsfouss mat der franséischer Sprooch steet a wou dat dann eng Hemmschwell ass oder eng Hürd ass, déi een net ëmmer iwwerspronge kritt an doduerjer och herno den Ofschloss net erreecht ka ginn.

Datt mer mat de responsabele Kolleegen aus der Grenzregioun iwwert déi dote Fro mussen diskutéieren, wéi mer méi paramedezinnescht Personal ausbilden, ass, mengen ech, evident. Well ech denken, mir schafe jo och e Problem op där anerer Säit vun der Grenz, andeems mer ganz massiv dohinner rekrutéiere ginn. An dat kënnen mer natierlech net einfach esou maachen. Ech hunn eng ganz Rei vu Gespréicher an deem Domän scho gehat mat responsabele Politiker aus Frankräich, aus der Belsch an aus Däitschland. An do ass d'Grundstellung ëmmer déi: „Jo, mir mussen de Problem gemeinsam léisen“, well et hëlleft sécherlech näischt, dass een deen anere vernennt a seet: „Ar Haiser, déi stellen eis Leit an!“ Domadder komme mer net virun.

Mir sinn an engem oppenen Europa. Jiddweree kann dohinner goen, wou e wëllt a wou säi Liewenswee a seng Ambitiounen en eeben hinzéien. Mee mer brauchen, egal op dëser Säit vun der Grenz oder op deenen anere Säiten, méi jonk Leit an deenen dote Formatiounen. An duerfir soll een och kucken, dass emol gemeinsam ze maachen.

Ech wëll lech awer soen, dass et kee Projet vu kenger Aart vun iergendengem transfrontalière Lycée a Gesondheetsberuffer nach gëtt, néierens, och net um Belval an och net fir soss iergendzwousch aneschtens. Mee et gëtt sécherlech Gespréicher doriwwe, wéi mer gemeinsam méi kënnen ausbilden an deem dote Beräich.

Dann ass hei e Chiffer genannt gi vun 28. Dee kann ech net confirméieren. Ech hunn nach net de geneeë Chiffer, wéi vill Infirmiären an Infirmieren elo um BTS-Niveau dëst Joer ofschléissen, well d'Resultater vun BTS nach net bekannt sinn. Ech kann lech awer d'Resultater vun der Première, an dat ass jo d'Mëtt vun der Formatioun, am LTPES matdeelen. An dat sinn op der Infirmierssektioun 91 jonk Leit, déi do de Premièrsexame reusséiert hunn. An op där Première fir Gesondheetswëssenschaften nach eng Kéier 28. An an deem Sënn kënn vläicht déi 28 do hier. Mee et sinn der fir déi, déi sech fir d'Voie vun Infirmier decidéiert hunn, a wa se da géifen och weidermaachen, 91, déi do ënnerwee sinn, déi awer nach zwee Joer viru sech hunn, fir da kënnen ofzeschléissen.

Här President, dass sinn déi Bemierkungen an lwwerleungen an awer och Reflexiounen, déi mir am Ministère gefouert hunn, an der Regierung gefouert hunn, fir där Problematik do entgéintzewierken, déi ech de Mëtteg awer nach eng Kéier hei wollt an d'Diskussioun mat eragin.

Villmools merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Éducatiounsminister Claude Meisch.

6. 7610 - Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la dix-neuvième reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

Als nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer de Projet de loi 7610 iwwert de Lëtzebuurger Bäitrag zur Association internationale de développement. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert en de Rapporten vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler, ginn.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här



Finanzminister, wéi ech virun e puer Deeg, owes no enger Chamberssëtzung, mäi Wues doheem geméit hunn ...

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - ... an op eemol e kleng gréngen Heespräenger am Gras entdeckt hunn, duecht ech ganz séier un déi schrecklech Insekteplo, déi zurzäit an Ostafrika, mee och a Südasien ze enger fierchterlecher Hongersnout ze féiere riskéiert. Ganz Schwärm vum Heespräenger, op Däitsch „Heuschrecken“, mat Betounung op „Schrecken“, falen zanter Méint grad wéi am pharaoneschen Ägypten iwwer verschidde Länner am Oste vun Afrika hier, dorënner Äthiopien a Somalia.

De Spezialiste vun der FAO, der Landwirtschaftsorganisatioun vun de Vereenten Natiounen, steet de Mond reegelrecht op, wa si sech dem Empfang an der Vernichtungskraaft vun dësen Insekteschwärm bewusst ginn, déi bal esou grouss kënnen gi wéi ganz Lëtzebuerg.

Et reent fir de Moment ongewinnt vill an deene Länner. Dat féiert zu Iwwerschwemmungen, nodeems d'Ménschen, déi do liewen, laang Jore mat immensen Dréchten ze kämpfen haten. De ville Reen an déi héich Temperature verstärken d'Multiplizéiere vun den Heespräenger esou gewaltig, datt wäit iwwer 20 Millioune Leit vun enger Hongersnout beträff wäerte sinn.

Grad an dëser Situatioun ass och d'Hëllef vun der Association internationale de développement, kuerz AID, blutnéideg. Hir Ressourcë wäerte mer haut mat dësem Gesetz opstocken. Déi international Entwécklungsassociatioun AID ass zesumme mat der Banque internationale pour la reconstruction et le développement Deel vun der Weltbank.

Si gouf 1960 gegrënnt mat dem Zil, déi 76 ärmste Länner op der Welt bei hiner wirtschaftlecher a gesellschaftlecher Entwécklung finanziell ze ënnerstëtzen. An deem Sënn finanziert d'AID Projeten an de Beräicher Bildung, Gesondheet, Infrastruktur. Si ënnerstëtzt och Aktivitéiten, fir d'Gläichberechtigung vun de Geschlechter ze féieren, a Projeten, déi sech an de Kontext vum Kampf géint de Klimawandel aschreiwel loossen.

Am Géigesaz zur Banque internationale pour la reconstruction et le développement vergëtt d'Association internationale de développement allerdéngs keng normal Prëten an d'Entwécklungslänner, mee entweder Donen oder Prëte mat niddregen Zënzen.

D'AID adresséiert sech virun allem un déi Staaten, deenen hir Bonitéit et hinnen net erméiglecht, normal Prëten op de Finanzmäert ze kréien, oder dës nëmmen zu relativ héijen Zënssätz. D'Länner, déi d'Hëllef vun der AID an Usproch huelen, hunn esou d'Méiglechkeet, fir Prëten zu sougenannte Conditions concessionnelles ze kréien, also op enger vergënschterter Basis.

Déi Konditiounen erlaben et, fir Kreditter mat Zënssätz ëm 0 % ze proposéieren. D'Remboursementer lafen iwwerens tëscht 30 an 38 Joer. Virun allem ass dës duerch de gudden Rating vun der AID méiglech, déi vun engem Triple-A profitéiert.

Déi sougenannte Clienten, wann een dat esou soen däerf, vun der AID leide besonnesch a Krisenzäiten, well hinnen einfach déi néideg finanziell Mëttel feele fir ze handelen.

D'sanitär an d'wirtschaftlech Entwécklung, där dës Länner am Kader vun der Covid-19-Pandemie begéien, bréngt niift de strukturelle Problemer, wéi dem Klimawandel och deene grouse Fluchtbewegungen an Afrika an Asien, eng weider gigantesch Erausforderung: déi vun enger Viruskrise. Denke mer nëmmen, fir awer e puer traureg, jo dramatesch Beispiller ze nennen, un d'Hongersnout an Ostafrika an am Jemen, un d'Aerdbiewen 2010 op Haiti, un d'Ebolaepidemie a Westafrika oder nach un de Seisme am Nepal am Joer 2015.

Dës Länner, déi schonn haart getraff sinn a waren, kréien elo nach méi Schwieeregkeeten duerch déi gesondheetlech Defien, déi onweigerlech mat der momentaner weltwäiter Pandemie verbonne sinn.

D'AID huet op dës nei Situatioun séier reagéiert an eng Umfassung vun hire Prioritéite gemaach, fir beschtméiglech op déi sech rapid verännerend Bedierfnesser ze reagéieren. Hei goufen vun Beispill mat der Fast-Track-Covid-19-Facility-Initiativ substanzuell Efforte gemaach, fir am Gesondheitssecteur op d'Urgencen ze äntweren.

Mam Gesetzesprojet 7610 gëtt déi Lëtzebuerger Bedeelung um Joer 19. Reconstituatioun

vun der AID hire finanzielle Ressourcë sanktionéiert, also guttgehescht. Lëtzebuerg hat sech an deem Zesummenhang engagéiert, fir e Montant vun 61.070.000 Euro ze iwwerhuelen. Dat ass e Plus vu ronn 4,5 Millioune am Vergleich zur leschter Reconstituatioun, déi mer jo, Dir erënnert lech bestëmmt direkt, de 15. Mee 2018 guttgehescht haten.

Dëse Montant vu ronn 61 Millioune wäert iwwert d'Period vun 2020 bis 2028 ausbezuelt ginn. De Staatsrot hat a sengem Avis vum 24. Juni 2020 keng weider Bemierkung an huet säin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Nach e puer Zuelen zur AID an hiren Engagementer.

Zanter 1960 huet d'AID ronn 375 Milliarden Dollar Investissemter an 113 Länner getätigt.

Déi rezent Reconstituatioun AID-19 ass am Mäerz 2020 ofgeschloss ginn an huet insgesamt 82 Milliarden Dollar mobiliséiert, also 7 Milliarde méi wéi 2018. Vun deene 76 Länner, déi gehollef kréien, leien der eleng 39 an Afrika.

Tëscht 2011 an 2019 hunn d'Finanzemter vun der AID et erlaabt, fir 330 Millioune Kanner ze impfen, fir eppes méi wéi 96 Millioune Persounen en Zougang zu Waasser mat besserer Qualitéit ze verschafen a 14 Millioune Enseignanten ze rekrutéieren an auszubilden. Fir weider Detailer verweisen ech natierlech op de schrëftleche Rapport.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, cela étant dit, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet a kënneg gläichzäiteg den Accord vu menge Kolleeg vum der Fraktioun vun der Demokratescher Partei un.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. No deem blummegen Exkurs vun eise President an exzellente Rapporteur André Bauler bleift mir eigentlech nach just ze soen: Kyrie eleison!

(Exclamations et hilarité)

Här, erbaarm dech all deenen, déi vun deenen Naturkatastrophe geplot sinn!

A mir gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Roth. An da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur André Bauler fir säi ganz komplette mëndlechen schrëftleche Rapport. Ech mengen, mat deene ronn 61 Millioune iwwert d'Joer 2020 bis 2028 leescht hei Lëtzebuerg e ganz, ganz wichtege Apport.

Fir d'LSAP ass dat wierklech ganz wichtege an ech ginn och domadder den Accord vun dëser Plaz aus. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Och am Numm vun der grénger Fraktioun wéilt ech dem Änder Bauler e grouse Merci ausdrécke fir säi Rapport. Ech wéilt och drun erënneren, datt net nëmmen 20 Millioune Ménsche betraff si vun der Pandemie, déi an Hongersnout wäerte geroden, mee d'Weltbank huet souguer vu 60 Millioune Ménsche geschwat, déi vun Aarmut wäerte betraff sinn, vun extremer Aarmut. An deem Sënn wäerten déi 61 Millioune och derzou bäidroen, net nëmmen d'Hongersnout ze bekämpfen, mee och d'Aarmut, wou ee muss wëssen, dass an deene Länner d'Versorgungsstrukture guer net garantéiert sinn, och d'Zuel vun de Better fir d'Patiente ass extreem niddreg an och all aner Infrastrukture sinn net en place.

An deem Sënn si mer frou, datt d'AID an deem dote Beräich wäert norüste mat 61 Millioune, wou mir de Bäitrag leeschten. Mir mengen awer och, datt et néideg ass, déi Solidaritéit nach méi grouss ze gesinn an an deem Sënn déi Länner méi resilient ze maachen, fir datt se sech laangfristeg kënnen esou entwéckelen, datt se net méi op déi kuerzfristeg Prëten ugewise sinn, sou wéi mer dat an der Entwécklungspolitik iwwerhaupt maachen, wou mir als Lëtzebuerg, géif ech emol soen, eis Verantwortung och iwwerhuelen. Ech wéilt nach eng Kéier betounen, dass mer do och um richtige Wee sinn.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eis aus e ganz grouse Merci un den André Bauler, deen eis wierklech e ganz kompletten, och ganz emouvante Rapport gemaach huet, fir ze soen, wéi wichtege d'Interventioun hei och vun dëser Institutioun ass, déi zesumme mat der Weltbank, eeben als Deel vun der Weltbank do intervenéiert, fir Länner, déi eeben an enger ganz schwiereger Situatioun sinn, ze hëllefen. An et ass virun allem och wichtege, fir ze wëssen, datt eeben do keen oder nëmmen e ganz niddregen Zënssaz ufält, well mir hu jo och eng Diskussioun notament an dësem Krisenëmfeld, datt et eebe wichtege ass, iwwert déi Scholdelandschaft och bei den Entwécklungslänner nozedenken an och do Grousszügkeet ze weisen. Ech mengen, dat heiten ass wierklech eng wichtege Kontributioun.

Dee Problem, dee mer hunn, ass also net mat eiser Kontributioun en tant que tel oder mam Prinzip vun der Hëllef, mee en allgemengen, dee mer als ADR ëmmer erëm opwerfen: Dat ass d'Proportionalitéit vun eise Bäitrag par rapport zu anere Länner. Mir hunn och näischt dergéint, datt mer méi grousszügig sinn, well mer nun eemol besser dosti wéi aner Länner, wéinstens am Abléck nach. Mee mir mussen eis awer iwwerleeën, ob déi Clé de contribution, déi mir an enger ganzer Rei vun internationalen Institutiounen hunn, nach ugepasst ass.

Fir lech e Beispill ze nennen hei an dësem Beräich: Ech hu just e puer Beispiller erausgeschriwwen. Mir kënnen der ganz vill nennen. Mir bezuelen als Lëtzebuerg 0,2 %. Do kann ee soen: „Dat ass net vill.“ Mee dat ass duebel esou vill zum Beispill wéi den Iran, 0,1 %. Et ass méi wéi Singapur, déi bezuelen 0,15 %. Et ass méi wéi Brasilien. Brasilie bezilt 0,08 %, Lëtzebuerg 0,2 %, d'Tschechesch Republik 0,05 %. An esou kann ee weiderfuere an weiderfuere, vu Kontinent zu Kontinent, vun Entwécklungsregioun zu Entwécklungsregioun. An et kann een alles matbedenken, wat ee wëllt, mee et muss een ëmmer gesinn, datt eise Bäitrag enorm héich ass par rapport zu deem, wat aner, och zum Deel ganz héich entwéckelt Länner leeschten.

Wéi gesot, mir verschléissen eis net den Argumenter vu Grousszügkeet, vu Solidaritéit oder vun allem, mee mir mussen awer kucken, bei dëser Organisatioun, bei aneren Organisatiounen, datt mer awer an der Proportionalitéit bleiwen.

Wann een dat alles kuckt, Lëtzebuerg an den internationalen Organisatiounen am breetste Wee an der Entwécklungshëllef, mee och bei der Europäescher Unioun, bei aneren Organisatiounen, dann ass dat eng Depense, déi substanzuell ass, eng Méidepense, déi substanzuell ass. An enger Zäit, wou mer awer, an ech mengen, mir sollten eis do näischt virmaachen, a budgetär Restriktiounen erakommen, och duerch déi Kris, an där mer am Abléck sinn, mussen mer eis och iwwerleeën, ob mer déi Clé de contribution an internationalen Organisatiounen net méi a Richtung proportionelle Bäitrag vu Lëtzebuerg orientéieren, amplaz an enger sou grousser Iwwerrepresentativitéit ze bleiwen, wéi mer et am Abléck sinn.

Mir wäerten eis dofir enthalten. Wéi gesot, mir hu kee Problem mat all deem, wat den Här Bauler gesot huet. Alles dat ass richtig. Mee mir wëllen awer als ADR drop opmierksam maachen, datt mer awer och mat den effentleche Gelder mussen kucken, datt mer géintwärt anere Staate korrekt bleiwen.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Et gëtt e klengen Historique vun der Association internationale pour le développement, wat jo eng Branche ass vun der Weltbank, déi jo grad dofir do ass, fir deenen ärmste Länner op der Welt, u sech, am Prinzip, ze hëllefen.

Nom Zweete Weltkrich ware schonn Iwwerleeungen, fir um Niveau vun der UNO och esou ee Mechanismus anzeféieren, deen deemools „Sunset“ geheescht hätt an deen doranner bestanen huet, eeben esou wéi d'UNO esou funktionéiert, datt all Member och eng Stëmm hätt. Dat ass jo och esou, wéi d'Assemblée vun der UNO funktionéiert.

Du sinn Iwwerleeunge komm, haaptsächlech vun den industrialiséierte Länner, de westleche Länner, déi gesot hunn: „Et kann dach net sinn, datt grosso modo afrikanesch Länner

gläichgestallt gi mat europäesche Länner. Da féiere mer en anere Modus an, eebe proportional zu der Kontributioun.“

Dofir kann ech och déi berouegen, déi sech soen: „Oh là là, mir kontribuéieren ze vill.“ Mee och duerno, wat d'Stëmmrecht ugeet, hânt dat och mateneen zesummen. Wann ee méi kontribuéiert, huet een deementsprechend och méi Stëmmrecht. Dat ass awer u sech problematesch, well et weess een, datt dann déi Länner, déi sech am meeschte Kontributioun kënnen leeschten, och vill méi Poids hunn innerhalb vun dëser Associatioun.

Duerno ass et esou gaangen, zum Beispill, datt dat awer ganz oft net ouni Géigeleeschtung war. Als Beispill: Nach an de 60er Joren an och am Ufank vun deem Funktioneement hunn zum Beispill d'Amerikaner, d'USA, fir prezis ze sinn, dann Agrarprodukter vun deene Länner kaaft an duerno hu se eeben net convertibel Devisen accumuliert. Mat deenen net convertibelen Devisen hu se duerno Accorde fonnt mat deene Länner, fir datt déi Länner eeben d'Surproduktioun vun den USA zum Beispill opkafen, soudatt u sech déi industrialiséiert Länner erëm eng Kéier konntes eppes derbäigewannen.

An duerno koum weiderhin ëmmer esou déi Entwécklung, fir ze soen: „Jo, Dir kritt elo e Prêt“, vläicht mat engem relativ deieen Zënssatz iwwer länger Zäit gestreckt, mee deen ass natierlech gebonnen un eng Partie vu Konditiounen, Strukturereformen, wéi een dat nennt, an esou weider an esou virun.

Dat huet ugefaangen awer esou ofzeshuelen. Mee weiderhin hate mer nach ëmmer Problemer, och ëmmer mat der AID. D'Fro, déi sech nach ëmmer bis haut stellt, dat ass: Wouhi ginn déi Suen?

Well mir wësse jo och ganz gutt, datt vill vun deene Länner och Regierungen hunn, déi net au-dessus de tout soupçon sinn an datt d'Gelder net onbedéngt dohinner ginn, wou se misste goen, respektiv d'Gelder ginn tatsächlech benotzt, fir Infrastrukturen ze bauen, mee dat huet awer duerno nefaste Konsequenzen. Zum Beispill am Nigeria zu Lagos sinn esou Gelder benotzt ginn, fir urbanistesche Projeten ze maachen, mee duerno hunn awer och déi urbanistesche Projete mat sech bruecht, datt déi Regierung relativ rabiät emgaangen ass mat der Bevëlkerung, déi do gelieft huet.

Et koum och zu engem gréisseren Skandal virun e puer Joren, wou och Berichter gemaach gi sinn iwwert den Emploi vun deene Gelder op der Plaz selwer. Bon!

Elo ass et awer esou, datt den Emploi vun deene Gelder och ka positiv geschéien. Ech wëll awer och soen: Wann ee seet, Entwécklungslänner wieren oft staark korrupt oder autoritär - jo, natierlech! Wat fir ee Land kennt keng Korruptioun? Och entwéckelt Länner kenne Korruptioun. Natierlech ass se vläicht net esou entwéckelt oder ausgebreit, well d'Infrastrukture besser sinn. An et ass „normal“ - tésche Guillemeten -, datt Länner mat schwacher Entwécklung, politescher an ekonomescher Entwécklung, ënnert där Plo vun der Korruptioun leiden. Bon!

Elo ass et esou, wéi gesot, datt sech d'Situatioun verbessert huet. Et kann ee sech weiderhin d'Fro stelle vun de Konditionalitéiten. Am Prinzip, wann zum Beispill eng Schold soll ofgebaut ginn, souwäit ech verstanen hunn, ass dat net u Konditionalitéite gebonnen. Bei anere Prëte kënnen scho Konditionalitéite gebonne ginn an da komme mer erëm esou an déi Diskussioun, jo, Kampf géint den Terrorismus oder Kampf géint Migratiounen, wat dat och ëmmer heescht a wat dat och ëmmer fir negativ Konsequenze kann hu fir déi Länner selwer.

Am Prinzip misste mer en anere Mechanismus hunn. Am Prinzip misst ee sech vläicht och erëm esou iwwerleeën, e Mechanismus wéi eng Banque du Sud opzebauen, wou dann och déi Länner gläichgestallt sinn a wou een déi Projete kéint méi demokratesch steieren.

En absence elo vun dëser Associatioun internationale de développement, déi bei Wäitem net perfekt ass, hätte mer u sech elo guer näischt oder wéineg, oder aner Saachen, déi vläicht nach méi schlëmm wieren. Dofir wäerte mer eisen Zousproch zu dësem Projet de loi ginn. Mee ech mengen, datt wier eng Diskussioun, déi ee ka weiderféieren, wa mer eng Kéier eng Diskussioun hunn iwwert d'Kooperatiounspolitik, well et ass awer wichtege, datt een iwwer Alternativen nodenkt an dem Kontext, wéi een och den Entwécklungslänner richtig op d'Spréng hëllef.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Wéi den Här Bauler, den honorabele

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens et magazine online :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek
et Lëtzebuurger Journal

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Rapporteur, hei ugefaangen huet, vun Heesprenger ze schwätzen, hat ech ee Moment Angscht, mir géifen iwwer eppes Negatives schwätzen, nämlech iwwer déi sougenannt Finanzinvestisseuren, déi gären emol esou genannt ginn. Glécklecherweis war dat net esou. Mir hunn iwwer aner Katastrophe geschwat, wou dese Projet de loi hëllef soll. An ech mengen, datt eebe grad déi Hëllef immens wichtig ass. An duerfir gi mir och den Accord fir déi 19. Reconstitution vum der AID.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Gudde Mëtteg, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten a Regierungskolleeg, hei besteet jo eppes no bei der Unanimitéit, an dat fret mech, zur Occasion, wou mer den 19. Programm vum der AID, Association internationale de développement, hei am Gesetzesprojet presentéieren.

D'Kontribution vum Lëtzebuerg ass effektiv 61 Milliounen ronn, an dat ass eng Augmentatioun vum 4,5 Milliounen, déi mer dann där Agence zur Verfügung stellen, vun där 76 Länner beneficiéieren. Dat sinn déi ärmste Länner vun der Welt. E Land wéi Nigeria, wat virdu genannt ginn ass, ass zum Beispill net an de Beneficiairen, vun deenen hei geschwat gëtt, vun deene 76 ärmste Länner.

Wat vläicht wichtig ass ze ennersträchen, dat ass, dass d'AID och decidéiert huet, eng Procédure d'urgence ze maachen, fir deene Länner entgéintzekommen, déi Konsequenze vun der Pandemie Covid hunn. A si hunn dann do eng Fast-Track-Approach ugeholl, wat eng gutt Noriicht ass, well da kann een deene Länner séier hëlfe.

Déi Hëllef, déi dann an deem Kontext gemaach gëtt, ass nëmmen eng bei deene ville Katastrophen an anere Problemer, déi déi Länner hunn. An ech géif gären dem André Bauler Merci soe fir säi schréfflechen a mëndleche Bericht, wou dann eng Rëtsch vun deenen opgezielt sinn, wou et der leider ganz vill ginn, déi ëmmer derbäikommen, nieft deene villen, déi scho souwisou bestinn.

Ech wëll awer e bëssen drop agoen, wat de Rôle vum Lëtzebuerg an der Banque mondiale ass, well hei och gefrot ginn ass, wat dann de Poids vum Lëtzebuerg ass, firwat mir méi bezuehlen als Prozentsaz un d'Banque mondiale wéi zum Beispill Brasilien oder den Iran.

Fir d'éischt muss ech emol soen, dass et do Kritäre gëtt, déi den FMI an d'Banque mondiale säit laanger Zäit applizéieren. An et ass esou, dass Lëtzebuerg effektiv en Undeel huet, och stëmrechtméisseg, am FMI an an der Banque mondiale, deen un e Schlëssel ugegledert ass. An dee Schlëssel, deen huet eng Rëtsch Variablen a sech an dee gëtt all Joers nei gerechent.

An dee Schlëssel vum Lëtzebuerg, dee geet relativ reegelméisseg erop, aus zwee Grënn: éischstens well mer vill Wuessstum hunn an zweetens well eise Bäitrag zum Commerce international reegelméisseg klëmmt.

Dat erkläert, firwat mer nach virun e puer Joer op 0,18 % waren an haut si mer op 0,21 %. Elo reng vum Wirtschaftlechen oder vum Image aus gekuckt, kann ee sech jo wierklech driwwer freeën, dass eis Kontribution jo an d'Luucht geet. Dat ass nämlech e Spiegelbild vun eiser gudder wirtschaftlecher Gesondheet.

Mee driwwer ewech, mengen ech, muss ee sech awer och bewusst sinn, dass dat heiten en Deel vun eiser Entwécklungshëllef ass. An eis

Entwécklungshëllef, wéi Der alleguerte wësst, ass eng vun deenen héchsten am Prozentsaz op der Welt, iwwer 1 % vun eisem PI. An des 61 Milliounen, op néng Joer opgegliddert, sinn natierlech hei mat gezielt, soudass mer hei e multilateralen Effort maache mat deenen 61 Milliounen, fir eist Zil vun 1 %, wat, ech mengen, och keen heibannen a Fro stellt, ze errechen.

An ech mengen, et ass och wichtig, dass mer eng Opdeelung hunn zwëschen deem, wat mer bilateral maachen, an deem, wat mer multilateral maachen. An dofir geet et net duer, a mengen Aen, dee Prozentsaz vun 0,21 elo an d'A ze faassen. Et muss ee sech bewusst sinn, dass dat do en Deel vun engem Ganzen ass, vun eiser ganzer Entwécklungshëllef, déi zum groussen Deel am Ministère de la Coopération au développement gemaach gëtt, mee wou vun deem Effort awer zu 15 % vum Finanzministère gemaach ginn, an haaptsächlech iwwer multilateral Hëlfe.

Et geet also drëms, hei och ze gesinn, dass Lëtzebuerg e responsabelt Land ass, wat seng international Roll seriö hëlt. An dofir mengen ech, ass et begrëssenswäert, dass mir alleguerten, dass Dir alleguerten deen heite Projet ennerstëtzt, à tout le moins ennerstëtzt oder neutral bewäert. Dat hei ass fir eisen Image immens wichtig. An ech mengen, doriwwer wäert keen zweifelen, dass et en fait fir eist Land en Aushängeschield ass, dass mer generéis sinn. Dat dréit zum Rayonnement vun eisem Land bäi.

Ech soen lech Merci, an ech soen net Amen.

(Hilarité)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 7610. Den Text steet am Document parlementaire 7610.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7610 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno maachen ech den Appel nominal fir d'Votes par procuration. Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass domadder ofgeschloss. De Projet de loi 7610 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Paul Galles), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M.

Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7.7427 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7427 iwwer den E-Commerce. An ech géif direkt d'Wuert un d'Rapporteuse vun deem Projet de loi ginn, déi honoraibel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapporteuse.** - Merci, Här President. An deene leschte Woche konnte mer schon oft hei enner Beweis stellen, dass zu Lëtzebuerg d'Informatiouns- an d'Kommunikationstechnologien zu de strategesche Secteure gehéieren, déi mir virrangeg hei bei eis entwéckele wëllen, och fir dass mer e gesonden an diversifizéierten Tissu économique kënnen behalen.

Den Haaptobjekt vun deem Gesetzesprojet betrëfft eis Beméiung, fir déi bestoend Legislatioun, déi vun 2000 ass, konform ze setze mat europäesche Reglementer am Beräich vun den elektronischen Transaktiounen, Stéchwuert elektronesch Identifikatioun a Service-de-confiancen, em déi et hei geet.

Schonn an hirer Kommunikatioun vum 26. August 2010 ënnert dem Titel „Une stratégie numérique pour l'Europe“ hat d'EU-Kommission d'Fragmentatioun vum Marché numérique, déi feelend Interoperabilitéit vun de Systemer a virun allem och de wuessende Problem vun der Cyberkriminalitéit als déi gréisste Bremse vun engem digitaliséierter Economie an Europa ausgewisen.

D'Ambitioun vum europäesche Legislatuer ass et natierlech, an dat kënnen mir gutt novollzéien heibannen, fir e juristesche Kader unzëbiden, dee méiglechst komplett ass, dëst fir an engem harmoniséierter Bannemaart eng Interoperabilitéit tëscht de verschiddene Systemer ze assureieren, déi am Idealfall an de 27 Memberstaaten en place gesat géif ginn.

D'Potenzial vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien konsequent ze nutzen, setzt natierlech voraus, dass de Bierger Vertrauen an déi Technologien huet. D'Vertrauen, d'Verlässelecheit an d'Veracitéit vun den elektronischen Transaktiounen sinn eebe ganz einfach eng Grondvoraussetzung, fir dass sech dee Secteur laangfristeg a positiv entwéckele kann.

Et ass genee an där Optik, wou d'europäescht Reglement Exigence festleest: fir d'Services de confiance bei enger elektronischer Ennerschrëft, engem elektronische Stempel, bei Zäitstempelen, beim Verschëcke vun engem elektronische Recommandé oder och bei der Authentifikatioun op enger Internetsäit, wat mer alleguerte ganz heefeg maachen.

Dat europäescht Reglement 910/2014 ass nämlech d'Grondlag vun deem heite Gesetz oder vun der Ännerung an ennerscheet tëscht de Services de confiance qualifiés an de Services de confiance non qualifiés. Parallell dozou mécht d'Reglement och par analogie en Ennerscheet tëscht engem Prestataire de services de confiance qualifiés an engem Prestataire de services de confiance non qualifiés.

Am Fall vun engem Service de confiance qualifié ennerleien de Prestataire an den ugebuede Service vill méi strenge Kritären, wat natierlech dann och d'Sécherheet an d'Fiabilitéit eropsetzt. Well bei engem Service de confiance qualifié eebe grad méi héich Standards d'Reegel sinn, genéisse si doduerch eng Preemption d'intégritéit et d'exactitude.

Konkreet huet dëst virun allem zur Konsequenz, an dat interesséiert d'Konsumenten oder d'Utilisateuren, dass den Utilisateur eebe grad vun der Charge de la preuve fräigesprach ass am Fall vun engem Contestatioun.

D'Services de confiance non qualifiés profitéieren natierlech vun engem Clause de non-discrimination, well se eebe awer och gepréift ginn. Mee dat heescht just, dass hire juristeschen Effekt an hir Recevabilitéit als Puer viru Geriicht net einfach mam Argument kënnen verworf ginn, dass se eebe „jus“ elektronischer

Natur sinn. Du hues also scho gewësse Rechter, allerdéngs muss de Benotzer vum Service gegebenefalls viru Geriicht enner Beweis stellen, dass d'Fiabilitéit vum Service garantiert ka ginn.

Ech hat virdu vum Vertraue geschwat, dat d'Bierger an déi Servicer mussen hunn, grad wéi an de Prestataire vum Service muss kënnen hunn. Ouni dat geet et eebe ganz einfach net. An d'Vertrauen an e Prestataire, dat ergëtt sech natierlech aus den Obligatiounen, déi de Prestataire kritt, déi d'Sécherheet vun all deenen Transaktiounen, vun deenen ech grad geschwat hunn, erméiglechen.

D'Obligatiounen aus dem Reglement si ganz, ganz villfältiger Natur an och ganz komplex. Ech ginn do wierklech net op all Detail an. Mee sou gëtt et zum Beispill d'Obligatioun vun der Informatioun vum Titulaire vum Certificat. All Titulaire muss op d'mannst ee Mount, ier säi Certificat effektiv ofleest, doriwwer informéiert ginn. An all Prestataire muss och direkt de Certificat vum Titulaire revoquéieren, wann deen dat géif froen.

Dat si just zwou Dispositiounen als Illustratioun a fir ze ennersträchen, wéi wichtig dëst Reglement am Alldag ka sinn, wichtig virun allem, wat déi legitimm Rechter vum Titulaire ubelaangt, a fir déi och ze assureieren, dat emsou méi, wann ee weess, dass elektronesch Applikatiounen ëmmer méi den Alldag vun eis alleguerten elo scho prägen an och an Zukunft wäerten nach verstärkt bestëmmen.

Eng fundamental Obligatioun ass natierlech, dass de Prestataire bis an dee leschte Wénkel konform muss sinn zu den héijen Exigence vun europäeschen Dateschutz. Emmer erëm kënt dat Stéchwuert erëm. De Prestataire kann deemno a kengem Fall mat Hëllef vun Drëttpersounen Donnéeën iwwer den Titulaire sammeln, ouni dass den Titulaire him virdrun au préalable den Accord dozou ginn hätt. Déi perséinlech Donnéeën, déi gesammelt ginn, déi dierfen dat och just zum eenzegen Zweck vun der Delivrance a vun der Conservatioun vum Certificat. Do muss ee ganz gutt drop oppassen.

Dese Gesetzesprojet ass doriwwer eraus awer och wichtig, fir verschidde Froen am Kontext vun elektronische Servicer ze klären, notament de Regimm vun den administrativen a penale Sanktiounen - do hu mer relativ laang an der Kommissioun driwwer geschwat - oder och d'Bestëmmen vun engem nationale Kontrollorgan, grad wéi de Rôle vun deem Gremium am Gesamtkontext. Dir wësst et heibannen, do ass als nationaal Kontrollorgan bei eis d'ILNAS, also d'Lëtzebuurger Institut fir d'Normalisatioun, d'Akkreditatioun, d'Sécherheet an d'Qualitéit vun de Produiten an de Servicer, festgehalte ginn.

Ech wëll hei, fir komplett ze sinn, ervirsträchen, dass Lëtzebuerg sech duerch eng ganz besonnesch Situatioun kennzeechent. Si ass e bëssen aneschters wéi an anere Länner, mee mir si jo och e bëssen aneschters wéi aner Länner. Am Moment ziele mir nämlech am Grand-Duché grad emol zwee Prestataires de services de confiance qualifiés, déi op där berüümter vun der Europäescher Kommissioun gefouert Trusted List repertoriéiert sinn. Just een dovunner traitéiert d'Authentifikatioun op Internetsäiten an Zäitstempelen.

Elo zum Staatsrot. Deen huet sengersäits a sengem éischten Avis, well et ginn der e puer, véier Opposition-formellé gemaach, déi awer iwwer d'Amendementen vun der Ekonomieskommissioun aus dem Wee konnte geraumt ginn. An dat huet da relativ schnell derzou gefouert, dass de Staatsrot seng Opposition-formellé schon am éischten Avis complémentaire konnt ophiewen. Et ass dobäi notament em d'Présisiere vun der Natur vun der Sanktioun duerch d'ILNAS gaangen - ech hu gesot, do hu mer e bësse méi doriwwer geschwat -, am Fall, wou e Prestataire eng Identifikatiounsmethod, déi net méi konform ass, géif weiderhi benotzen. Dat ka jo virkommen.

Op d'Prozedur, déi am Fall, wou e Prestataire seng Aktivitéiten astellt, ouni dass et en anere Prestataire iwwerhëlt, ze respektéieren ass, huet de Staatsrot a sengem Avis higewisen. En huet nämlech gesot, dass déi Dispositiounen do ronderëm méi enk gefaasst an och méi prezis misste gehandhaabt ginn. An d'ILNAS huet och an där Situatioun keen Derogatiounsrecht méi.

Am zweete grad wéi och am drëtten Avis complémentaire huet sech de Staatsrot an der Haaptsaach mat de penale Sanktiounen beschtegt, déi sech an engem neien Artikel, deem berüümte 45bis, erëmfinden. Déi nei Dispositiounen kéimen eebe grad zum Droen, wann

d'Konditiounen vun engem Transfert vun den Aktivitéiten vun engem Prestataire de services qualifié op en anere Prestataire de services qualifié net géife respektéiert ginn.

De Staatsrot huet du gemengt, dass am Gesetzesprojet ni engem Renvoi op déi pertinent Dispositioun aus dem europäesche Règlement weider Präzisierungen eisichter zur Konfusioun géife féieren. Dat hu mir och esou gesinn. De Parquet général grad wéi de Parquet vu Lëtzebuerg a vun Dikrech hu sech hirersäits an hirem Avis eng méiglechste Präzis Formulatioun gewünscht, déi iwwer en einfache Renvoi erausgeet.

Och hei ass eng Léisung fonnt ginn, soudass den Text, esou wéi en haut zum Vott steet, a mengen Aen e ganz equilibrierten ass. Dat huet d'Kommissioun och esou gesinn an déi néideg Rechtssécherheet an allen Dispositiounen ass dann och garantéiert, sou wéi mir et alleguete gären hätten. An et ass jo grad dat, wat sech och d'Ubidders an och mir als Konsumenten am meeschte wënschen.

Dëst gesot, wëll ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun mat op de Wee ginn an op alle Fall och Merci fir d'Opmerksamkeet soen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, der Rapportrice, der Madamm Lydia Mutsch. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm agedroen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Diane Aehm (CSV).** - Villmools merci, Här President. Fir d'éischt wëllt ech och der Madamm Mutsch villmools Merci soe fir hiren ausféierleche méndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass e Projet de loi, deen effektiv immens technesch ass. Et ass awer e Projet de loi, deen eis als Bierger vun deem Land alleguerten immens vill bréngen wäert, well en eebe wirklech de Commerce électronique weesentlech vereinfacht wäert op verschidden Aart a Weisen.

Ech hätt eigentlech e puer Froen dozou ze stellen.

Déi éischt, dat ass: Mir kréien hei iwwert de Wee vun europäesche Règlement eng Definitioun vun der Signature électronique. An do ass meng Fro un de Minister, ob an deem Kader déi Definitioun, wéi mir se de Moment am Code civil hu vun der Signature électronique, ob déi nach ëmmer déi richteg ass oder ob déi eventuell muss ugepasst ginn am Kader vun deem Gesetzesprojet, dee mer haut stëmme wäerten. Et ass den Artikel 1322, d'Signature électronique am Code civil? Dat ass déi éischt Fro.

An déi zweet Fro, déi ech och un den Här Minister hätt, dat ass: Am Kader vun dem Courrier électronique sécurisé ass an der Kommissioun driwwer geschwat ginn, wéi den Här Minister selwer nach President vun der Kommissioun war, also wéi en nach Deputéierte war, dass, wa mer elo méi Prestataire hätten, déi Courrier électronique sécurisé géifen ubidden, dass hie sech do virstelle kéint, dass een e gewëssent Clearinghouse kéint en place setzen. Dat wier dann eng Plattform, wou een déi verschidde Clienten a Prestaire vun engem Courrier électronique sécurisé géif zesummebréngen.

An dofir meng Fro un de jëtzege Minister, ob en da gedenkt, dat an Zukunft als Minister ëmzesetzen, wat en a senger Funktioun als President vun der Kommissioun selwer an d'Spill bruecht huet.

A ganz zum Schluss géif ech nach eng Bemierkung maachen. Dat ass: Selbstverständlech gi mir dovunner aus, dass den Dateschutz bei deem Gesetz respektéiert gëtt. An ech géif och ofschléissend den Accord vun der CSV zu deem Gesetzesprojet ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Aehm. Da wier et um honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Guy Arendt (DP).** - Merci, Här President. Ech wëllt och virop der Rapportrice e grouse Merci soe fir dee schrëftlechen a méndleche Rapport. Hautdesdaags verleeft den Echange tëscht de Bierger an den Entrepreneuren an den effentlechen Institutiounen ëmmer ëfters iwwert den elektronische Wee. Vill Servicer, fir déi ee sech fréier huet missen deplacéieren, kënnen haut bequem vun doheem aus erleeedert ginn. Fir déi meescht Transaktiounen ass den direkte Kontakt tëschent zwou Personnen oft net méi noutwendeg.

An Zukunft wäerten ëmmer méi Onlineservicer opdrauchen, déi sensibel Donnéeën iwwert den elektronische Wee echangéieren. Dofir ass et besonnesch wichteg, d'Sécherheet (veuillez lire: d'Sécherheet ze assuréieren) an den Zougang zu diesen Donnéeën ze begrenzen.

D'Digitaliséierung vun den Dénegschtleeschungen erfuerdert nei Methoden, fir déi betraffe Parteien ze identifizéieren. Op dieser Plaz kommen dann déi sougenannte Services de confiance an d'Spill. D'Roll vun dese Servicer ass, d'Identitéit vun den Onlinenotzer an och vun den Internetsäiten ze iwwerpräieren an ze validéieren. D'Prestataire vun dese Services de confiance erstellen dowéinst virtuell Ennerschrëften a Certificaten, mat deenen hir Clienten sech kënnen ausweisen.

An de leschte Jore gouf et gréisser Problemer, well Servicer vun deene verschiddene Firmen net matenee kompatibel waren. D'Onlinenotzer sinn ëmmer nees op technesch Barrière gestouss. Genee dese Problem huet d'Europäesch Unioun am Kader vun eIDAS-Règlement probéiert ze léisen. D'EU huet nämlech e System agefouert, deen eng géigesäitig Unerkennung vun de Prestataire erméiglecht a soumat d'Kompatibilitéit vun hire Servicer erlaabt.

Här President, am Numm vun der Demokratescher Partei kann ech dese Projet de loi nëmme guttheeschen. D'Regierung huet sech engagéiert, d'Attraktivitéit vun Lëtzebuergere ICT-Secteur auszebauen. Dese Projet de loi entsprécht also kloer deenen Iddien vun der Demokratescher Partei.

Éischtens stärke mir d'Veutraue vun den Notzer an d'Servicer vun der digitaler Identifizierung.

Zweetens ginn déi elektronesch Transaktiounen duerch d'Interaktioun vun de Provider vill méi benutzerfrëndlech. Dëst vereinfacht zemoos den Echange tëschent de verschiddenen EU-Memberstaaten.

Des Weideren hu mir eis fir d'Schafung vun engem digitale Bannemaart fir Europa agesat.

Mat deem Règlement huet d'Europäesch Unioun ee wichtige Schratt an des Richtung gemaach, an als liberalen Deputéierte kann ech d'Transpositioun vun europäeschen Text nëmmen ënnerstëtzen, a mir sinn iwwerzeugt, dat eist Land dovunner wäert profitéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe Merci fir d'Nolauscheren a ginn op alle Fall den Accord vun der DP zu deem Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Arendt. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, merci der Kollegin Lydia Mutsch fir de gudden méndlechen a schrëftleche Rapport: komplizéiert Matière, exzellent duergestallt!

Bei deem Projet geet et eeben net just, wéi den Titel et seet, ëm de Commerce électronique. Et geet méi wäit. Et geet, wann een en an de Kontext setzt, virun allem ëm den digitale Volet vun engem vun de wichtigsten Trëmp a Stärkte vun eiser Europäescher Unioun: dem europäesche Marché unique, dem sougenannte Bannemaart.

Et ass, wéi gesot, eng vun de gréissten Errungenschaften, déi mer an der Europäescher Unioun hunn. Net nëmmen huet en e groussen Undeel dorun, dass mir mëttlerweil 75 Joer Friden an der EU hunn. Lëtzebuerg huet och e ganz groussen Deel vu sengem haitege Wuelfstand deem oppene Maart ze verdanken. Ouni déi oppe Grenzen an déi staark wirtschaftlech Zesummenaarbecht mat eisen europäesche Partner hätt eis Wirtschaft sech an deene leschte Jorzéngte wuel kaum esou positiv entwéckelt.

Fir dass dese Marché unique och an Zukunft weider eng Tromp bleift fir eist Land a fir déi ganz EU, muss en un déi nei wirtschaftlech Realitéiten ugepasst ginn. Eng dovunner ass kloer d'Digitaliséierung, déi ni hire potenziellen negativen Effekter och eeben eng Chance ass, eis Economie méi nohalte opzestellen.

Wa mer als Europäesch Unioun wirtschaftlech attraktiv bliwen an d'Chancé vun der Digitaliséierung notze wëllen, da komme mer net derlaanscht, aus dem Marché unique, wéi mäi Virriedner et elo grad gesot huet, och en digitale Marché ze maachen. D'eIDAS-Règlement war an ass dofir e wichtegt Instrument. Dovu profitéieren d'Betriben zum Beispill am Finanzsektor an an der Logistikbranche, wou déi digital elektronesch Authentifizierung eng ëmmer méi grouss Roll spillt. Mee mir hëlfefen awer och de Konsumenten, vun deene sech der haut vill eng Welt ouni mobilen Token oder e Smartphone, mat deem ee seng Bankgeschäfte online erleeedeg kann, net méi virstelle kënnen.

An och d'Zäiten, an deenen all Prozedure bei enger staatlecher Verwaltung hu missen iwwert de Pabeier erleeedert ginn, sinn zimmlech eriwuer. Hei si mer an de leschte Jore schonn e wäite Wee gaangen an dee sollte mer och weidergoen.

E weidert Beispill vun engem Beräich, wou d'Konsumenten, d'Leit vum Ausbau vun digitale Marché profitéieren kënnen, ass d'Ofschafung vum Geoblocking. Virun engem gudden Joer, et war de Gesetzesprojet 7366 zum Geoblocking, hu mir als Chamber e Règlement an eis national Gesetzgebung emgesat, deen de Geoblocking am Onlinehandel zu engem groussen Deel ofschafft. Zum Beispill dierf een eng Kreditkaart aus dem EU-Ausland net méi refuséiert kréien.

Dee fir de Konsument am Alldag wichtigste Geoblocking am Online Commerce, an dat weisen d'Emfreen, ass awer dee vun der Musek a vum Videostreaming vun all deene Plattformen, déi net an der EU egal wéi an all Land d'selwecht disponibel sinn. Dese Geoblocking ass nach ëmmer eng Realitéit. D'EU-Kommissioun sollt dës Joer eng Revisioun vun deene Reegele presentéieren a mir hoffen, dass des am Sënn vum Konsument ausfalle wäert.

De Gesetzesprojet, dee mer haut stëmme, ass also en Deel vun Wee an d'Richtung vun engem harmoniséierten europawäiten digitale Marché, dee Konsumenten a Betriben, wéi gesot, zeguttkennt.

Souwäit des puer Iwwerleeungen zu deem Gesetzesprojet, zu deem ech natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Margue. Da wier et um honorabelen Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un d'Kolleegin Lydia Mutsch als Rapportrice, déi et verstanen huet, desen dach komplizéierte Projet ze erklären, dat déi meescht vun eis, géif ech mengen, e verstanen hunn. An nodeems dat meng Virriedner nach op eng Rei vu Punkten agaange sinn, weess ech wirklech net méi, wat ech nach kéint vun Intelligentem bei dese Projet bäibréngen ausser der Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gibéryen. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Merci och der Rapportrice, dem Lydia Mutsch fir den ausféierlechen an och exzellente schrëftlechen a méndleche Rapport. Et ass keng einfach Matière, dat heiten. Et ass eng Matière, déi vill technesch Wësse voraussetzt an et ass virun allem eng Matière, déi, wann ee sech e bësse méi intensiv domadder auserneeetzt, awer eng ganz Rëtsch oppe Froe mat sech bréngt.

D'eIDAS-Reegele si gutt. Op den éischte Bléck alles super: Mir kréien en europäesche Kader.

Et ass op den zweete Bléck, wou et grad hei zu Lëtzebuerg dach awer eng Rëtsch oppe Froe bei deem Projet ginn. Sou ass et haut leider esou, an e puer vu mengem Virriedner hunn et gesot, dat mir am Moment just zwee Acteuren hunn, déi zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn, fir qualifizéiert Servicer ze offéieren. An dovunner ass u sech just een, deen dat un Endnotzer verkeeft, dat heescht un lech alleguerten. A mir wäerten alleguete quasi esou en Token vun deenen an der Täschen hunn, well d'Banken eis déi geschenkt hunn, wéi mer e Kont opgemaach hunn, respektiv hunn eis imploréiert, esou een ze huelen, fir eng besser Sécherheet ze hunn.

Elo huet jiddwereen deen Token ëmmer mat méi Sécherheet fir de Webbanking a Verbindung bruecht respektiv nach à la limite, fir sech domadder beim guichet.lu kënnen anzuelogen. Datt do derhannert e kryptografesche Schlüssel steet, deen eis erlaabt, och online Saachen ze ënnerschreiwene, ass deene wéinegste bewosst.

De Problem, dee sech elo stellt mat den eIDAS-Regelungen ass deen, dat mer e Quasimonopol zu Lëtzebuerg hunn. Wien haut probéiert, sech op guichet.lu mat engem däitschen oder franséische Certificat anzuelogen oder e PDF vun der Steierverwaltung mat engem franséische Certificat ze ënnerschreiwene, ma dee scheitert ganz einfach dorunner, well - A, Lëtzebuerg oblige! - mir hu leider just e Support fir den Token, deen d'Lëtzebuergere kennen, wou de Staat och nach deels Aktionär mat dran ass, wat déi ganz Situatioun net manner kokass mécht.

Dat heescht, et muss ee sech d'Fro stellen: Bréngt dat heite Gesetz wirklech déi Annerungen, déi mer eis erhoffen? Maache mer et wirklech Startuppen, kleng Betriben méi ein-

fach, fir Dokumenter ze ënnerschreiwene, fir Dokumenter ze echangéieren? Am B2B, also zwëschen zwee Betriben, sécherlech.

Am B2B ass et nämlech egal, ob et eng qualifizéiert Ennerschrëft ass oder eng avancéiert Ennerschrëft. Fir eng avancéiert Ennerschrëft brauch ech kee Certificat vum Staat, kee Stempel, dee seet: „Dat doten ass eng offiziell Ennerschrëft.“ Do kann ech relativ maachen, wat ech wëll. Do geet et duer, wann ech an engem PDF main Numm dropsetzen. Dat ass schonn eng einfach elektronesch Ennerschrëft.

Et geet awer vill méi wäit. Spéitstens wa mer mam Staat kommunizéieren, mat de Verwaltungen, hu mer zu Lëtzebuerg dach dee Quasimonopol. An ech mengen, dat et wichteg ass, dat mer deen och opbréchen an et heimad der kleng Betriben méi einfach maachen, fir ouni onnëtz Käschten och déi heiten Dokumenter kënnen beim Staat ze deposéieren.

Dat heescht: Ass et geplangt - an dat ass eng ganz konkret Fro un d'Regierung -, dat de guichet.lu respektiv de MyGuichet PDFen, déi mat anere Certificate wéi engem lëtzebuergeschen ënnerschriwwene sinn, akzeptéiert?

An dann dat Zweet: Sinn eis Verwaltungen, wa mir dat heite stëmme, muer prett, fir en Envoi recommandé électronique unzehuelen, esou wéi en hei am Gesetz steet?

Well, an dat muss mer eis bewosst sinn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass e risege Sprong no vir! Déi éischte Kéier, wou mer et wirklech obligatoresch maachen, dat ee kann e Recommandé mat Accusé de réception verschécken, ouni aus dem Haus erauszegoen! Et kann ee vun engem Computer op en anere Computer eng E-Mail verschécken, déi déi nämleche Rechtskraaft huet wéi en Envoi recommandé mat Accusé de réception. Dat ass phenomenal, wann et fonctionéiert! An ech hoffen, dat mer a kierzester Zäit eis Verwaltungen esou wäit kréien, dat se dat heiten akzeptéieren.

Dat gesot, de Projet ass gutt. Un der Ëmsetzung muss e gemooss ginn. Ech ginn den Accord vun de Piraten.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Léif Deputéierten, mam Vott haut an der Chamber vun deem Gesetz ass Lëtzebuerg elo komplett eIDAS-compliant a kompatibel mat alle Servicer ronderëm déi elektronesch Identitéite wéi der Signature oder dem elektronische Stempel.

D'Leit dobaussen, an dat ass och scho vu verschiddene Riedner gesot ginn, dierft interesséieren, dat mer mat deem Gesetzesprojet och dem elektronische Recommandé eng legal Basis hei zu Lëtzebuerg ginn. D'Lëtzebuergere Post schafft dorunner, fir hire Clienten et ze erméiglechen, den ageschriwwene Brief iwwert den elektronische Wee ze verschécken.

An och dat ass gesot ginn: Mir hunn alleguete gesinn, wéi wichteg et ass an Zäite vu Covid, fir esou vill wéi méiglech kënnen online ze maachen. Dat hei ass also eng Facilitéit méi, ee Service méi, deen iwwert dee Wee elo méiglech gëtt. Wann en Destinataire de Recommandé op sengem Computer net unhëlt, da gëtt de Courier als normale Recommandé iwwert de Postwee zougestallt.

eIDAS steet fir eng uniform Legislatioun ronderëm esou elektronesch Servicer bannent der EU, déi vun all de Memberstaate gläichermoossen unerkannt an transposéiert gëtt. Dat ass, och dat ass schonn e puermol elo gesot ginn, eng ganz wichteg Viraussetzung fir den Erfolleg vun engem digitale Bannemaart. A mir wëssen alleguerten, dass dat eng vun de Prioritéiten ass, net nëmme vun deser Regierung, mee och vun der Europäescher Kommissioun. Mir hunn dat och geschéit vum Thierry Breton héieren, dee jo och hei an der Chamber war a mat deem ech och geschéit Nomëtten e Gespräch hat.

Zur Erënnerung sief gesot, dass Lëtzebuerg am Beräich vun elektronischer Ennerschrëft an all de Servicer, déi dorunnerhängen, mat LuxTrust schonn e relativ laangen Historique huet an och e Prestataire, deen d'Veutraue vun de Leit genéisst. Et ass als national Certificatiounsinfrastruktur, wou LuxTrust 2005 gegrént gouf. Wéi a villen anere Beräicher war dat e Public-private-Partnership. Via Partenariat vum Lëtzebuergere Staat mat diverse grouse Privatbanke koom dat deemools zustan, ganz besonnesch, fir den E-Banking awer och deen E-Government deemools definitiv am Grand-Duché ze lancéieren.

Scho wéi LuxTrust viru 15 Joer gegrént gouf, war et awer kloer, dass dat e Service wier, deen



net just fir Lëtzebuerg, net nëmme fir den nationale Marché sollt limitéiert ginn, mee deen och doriwwer eraus sollt ausgebaut ginn. Schonn deemools war gewosst, dass ee sech mëttelfristeg och iwwert d'Grenzen eraus misst hei eng Clientèle opbauen, an dat ass och an deene leschte Jore mat Succès geschitt.

Fir sech am Ausland géint d'Konkurrenz an engem internationale Kontext ze behapten, och an engem liberaliséierte Marché, brauch een awer e staarken industriellen an e staarken technologesche Partner. An déi Partnerschaft huet LuxTrust virun zwee Joer gemaach mat der italienescher Firma InfoCert. Dat war deemools och eng logesch Suite vun der Entwécklung, fir an der Europäescher Unioun e gewëssene Poids ze kréien, mat Aktivitéiten a grouse Länner wéi Frankräich.

An der Tëschenzäit huet LuxTrust dann och eng Nidderloosung zu Paräis, mee de Sëtz vun der Firma ass nach ëmmer am Grand-Duché op der Cap. Et ass dofir wichteg, dass mer haut hei an der Chamber dëse Projet approvouéieren, deen hëlleft, Lëtzebuerg weiderhin als Standuert fir elektronesch Servicer an als Standuert vun der Informatiounssécherheet ze positionéieren.

Här President, ech géif och nach gären op déi puer Observatiounen a Froen agoen, déi vu verschiddenen Deputéierte gemaach goufen. D'Diane Adehm huet eng Fro gestallt par rapport zum Artikel 1322 vum Code civil fir ze wëssen, ob déi Definitioun vun der Signature électronique nach ëmmer à jour wär, ob déi nach ëmmer konform wär.

D'Äntwert ass Jo. Dat ass eng Definitioun, déi jo, wéi Der wësst, am Kapitel iwwert d'Preuve ass. Déi verankert d'Valeur probatoire vun der Signature électronique an eisem Droit civil. Dat ass jo wichteg. D'Lydia Mutsch huet och beschriwwen, wéi dat fonctionéiert mat de Presomptiounen, déi ëmgedréit ginn. An dat ass nach wie vor eng valabel Definitioun, déi och dowéinst vun dësem Projet net huet missen ofgeännert ginn.

Dann ass d'Fro vun deem Clearing vun deene Courriers électroniques sécurisés, an der Hypothese, wou et méi Prestatairé géif ginn, déi esou e Service géifen ubidden. Do ass et esou, dass ee muss eng Distinction maachen zwëschen der nationaler an der internationaler Dimension. Am nationale Kontext ass et zimmlech kloer, dass dee Clearing bei der Post soll geschéien. Well, wéi ech gesot hunn, an all deene Fäll, wou den Destinataire de Recommandé net akzeptéiert, gëtt et eng Pabeierform, déi erausgeet, an dat kann nëmme bei der Post zesummelafen. Also aus ganz praktesche Grënn ass dat bei der Post.

Am internationale Kontext ass dat e bësse méi komplex, dat ass méiglech, mee do hänken eng Partie technesch Begebenheeten drun, déi fir de Moment menges Wëssens nach net gekläert sinn an déi och nach mussen vu menge Leit am Ministère gekuckt ginn. Dofir sinn ech fir de Moment einfach nach net capabel, lech eng Äntwert dozou ze ginn.

Beim Geoblocking, deen de Charles Margue opgeworf huet: Jo, mir wëssen, dass dat en Dauerbrenner ass. Dat ass eppes, wat schonn x-mol hei evoquéiert ginn ass och an der Chamber. Ech hunn dat och nach eng Kéier gëscht am Gespréich mam Thierry Breton opgeworf, fir ze kucken, dass mer wierklech elo endlech do derhannertkommen, well mer effektiv haaptsächlech och als klenge Land dorënner leiden, wéi Der gesot hutt, haaptsächlech am Beräich vum Film a vun der Musek, vum Video, wou mer oft keen Accès hunn. An den Thierry Breton huet mer nach eng Kéier gesot, dass d'Kommissioun amgang wär, dat ze kucken. Do kënn eng Revisioun vun deene Reegelen. An en huet dat do matgeholl als eng Suerg an als eng Doleance, déi mer als Lëtzebuerg zu deem Punkt do hunn.

De Sven Clement huet eng Partie Punkten opgeworf an haaptsächlech bemängelt, dass et e Manque vu Reconnaissance gëtt international vu LuxTrust oder vun deem Token, dee mer iwwer LuxTrust hunn, an d'Fro, ob et geplangt ass, dass déi Identifikatioun, déi iwwer MyGüichet geschitt, och kann am internationale Beräich da geschéien.

Ech mengen, dass dat misst eng logesch Konsequenz sinn, wann deen Dispositiv hei vun eIDAS wierklech richteg fonctionéiert, dass et déi europäesch Interoperabilitéit och soll ginn. Dat hänt, mengen ech, och vun enger Interoperabilitéit mat dem auslännesche Service of, wou dat da muss unerkannt ginn. Ech mengen, dass dat muss „at the end of the day“ wierklech d'Zil si vun esou engem Text.

Fir de Moment, wéi Der gesot hutt, ass dat nach net esou a Realitéit. Mee ech mengen, dass dat misst d'Zilsetzung sinn, wou mer mussen drop hischaffen, zesumme mat eisen Operateu-

Sommaire des séances publiques n^{os} 49, 50 et 51

49^e séance

Ouverture de la séance publique p. 737

Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet du racisme et

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la situation de discrimination et de racisme au Luxembourg p. 737-746

7216B - Projet de loi portant transposition de l'article 31 de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n° 648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission, tel que modifié par la directive (UE) 2018/843 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive (UE) 2015/849 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme ainsi que les directives 2009/138/CE et 2013/36/UE p. 746-748

7567 - Projet de loi relative aux garanties professionnelles de paiement p. 748-749

Question élargie n° 43 de M. Laurent Mosar relative aux négociations post-Brexit p. 749-750

Question élargie n° 47 de M. Laurent Mosar relative à la zone franche opérée au Luxembourg p. 750-751

50^e séance

Ouverture de la séance publique p. 752

Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser p. 752

Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler p. 752

Dépôt d'une motion par M. David Wagner p. 752-753

Question élargie n° 42 de M. Claude Wiseler relative aux négociations post-Brexit p. 753-754

Résolution de M. Yves Cruchten au sujet du soutien de toutes les initiatives de l'UE visant à répondre par des mesures efficaces et proportionnelles au cas où Israël procéderait à l'annexion d'une partie du Territoire palestinien occupé depuis 1967 p. 754-755

Ordre du jour p. 755-756

Motion de M. David Wagner au sujet des initiatives avec des pays tiers, aux niveaux européen et multilatéral, afin de prévenir l'annexion de territoires palestiniens par l'État d'Israël p. 755

Motion de M. Claude Wiseler relative au soutien de toutes les initiatives diplomatiques de l'UE et des pays européens pour convaincre Israël de ne pas annexer la vallée du Jourdain p. 756

Question urgente n° 2462 de Mme Martine Hansen concernant l'organisation scolaire dans le cadre de la crise de la Covid-19 p. 756-758

Question élargie n° 30 de Mme Martine Hansen relative aux élèves à besoins spécifiques (EBS) p. 758

Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen p. 758-759

7599 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures p. 759-760

Motion de Mme Martine Hansen au sujet de la mise en place au sein de l'enseignement fondamental de services ou structures d'accompagnement et d'encadrement des élèves à l'instar du SePAS p. 760-761

Question urgente n° 2465 de M. Marc Spautz concernant la détection de la Covid-19 au sein de l'armée p. 761-762

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle deuxième vague de l'épidémie Covid-19 p. 762-765

Dépôt d'un projet de loi par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé p. 765

7619 - Projet de loi portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles p. 766

51^e séance p. 767

Ouverture de la séance publique p. 767

Communications p. 767

Ordre du jour p. 767

Question élargie n° 48 de M. Marc Hansen relative à la stratégie de l'Union européenne concernant les vaccins contre le Covid-19 p. 767-768

Interpellation de M. Marc Spautz au sujet de l'évolution du secteur de la santé et du secteur socio-éducatif en termes de personnel p. 768-775

7610 - Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la dix-neuvième reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement p. 775-777

7427 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique p. 777-779

ren, och zesumme mat LuxTrust, awer och am Dialog an an der Diskussioun mat deenen anere Länner, déi dann och déi Certificatioun do mussen akzeptéieren.

Voilà! Dat gesot, géif ech gären der Rapportrice e grouse Merci soe fir hire ganz detailléierten a ganz gudde Rapport zu dësem Projet de loi an och der Kommissioun Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an lech Merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7427. Den Text steet am Document parlementaire 7427¹⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7427 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien ee Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet 7427 eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marc Spautz), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Paul Galle), Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gilles Baum), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy (par M. Charles

Margue), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Et ass also domat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. D'Chamber kënn muer Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.10 heures.)



QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU N° 21 • SESSION ORDINAIRE 2019-2020

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
2185 urgente	Jeff Engelen	Indemnité pécuniaire en cas d'incapacité de travail
2203 urgente	Claude Wiseler	Produit désinfectant nommé Lionser Medical Disinfectant
2231 urgente	Stéphanie Empain	Reprise dans le secteur du tourisme
2244 urgente	Fernand Kartheiser	Reprise des cours dans l'enseignement fondamental, système de l'école en alternance et situation des structures d'accueil en général
1. Här Minister, kéint Dir an dësem Kontext och op all d'Froen aus menger Question parlementaire N° 2148 äntweren?

2. Kann den Här Minister dës Uerder confirméieren?

3. Madamm Ministesch, stellt d'Suppriméiere vun dësen Donnéeën eng Entrave à la justice duer?

Réponse commune (26.05.2020) de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, et de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice :

D'Froen aus der Question parlementaire N° 2148 vum honorabelen Deputéierten, si mat den Äntwerten op d'Fro N° 2074 vum 22. Abrëll 2020 vum honorabelen Deputéierte Léon Gloden an d'Fro N° 2148 vum 6. Mee 2020 vum honorabelen Deputéierten selwer beäntwert.

D'Informatiounen vum Deputéierte sinn net ganz richtig. D'Direktioun vun der Douane huet den 20. Mee den Uerder ginn, déi perséinlech Donnéeën ze läschen, sou wéi dat vum RGPD virgesinn ass, net awer d'Statistiken, déi iwwerregens och an der Äntwert op d'Fro N° 2074 vum 22. Abrëll 2020 vum honorabelen Deputéierte Léon Gloden genannt ginn.

Wat d'Fro no der „entrave à la justice“ betrëfft, sou ass ervirzehiewen, dass d'Appreciatioun, ob d'Suppriméiere vun de betraffenen Donnéeën an dësem Fall eng „entrave à la justice“ am Sënn vum Artikel 141 vum Code pénal duerstellt oder net, ganz eleng an der Zoustännegkeet vun den Geriichter läit. Opgronn vun der Gewaltentrennung (séparation des pouvoirs) géif dowéinst all Äschätzung zu där Fro vusäite vun der Justizministesch eng onzouläseg Amëschung hirersäits an d'Aarbecht vun de Geriichter duerstellen.

Question 2260 (25.05.2020) de M. Sven Clement (Piraten) concernant la plateforme SPAMBEE :

An der parlamentarescher Fro N° 0542 hat de Minister mir Informatiounen zu der Plattform SPAMBEE ginn. Op der Website si weeder en Impressum nach eng GDPR-Erklärung ze fannen, wuel wëssend, dass hei manifestement Benotzerdonnéeën gespäichert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir Digitalisatioun an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Fro stellen:

1. Kënnen d'Ministeren erklären, firwat keen Impressum a keng GDPR-Erklärung op der SPAMBEE-Website sichtbar ass?

2. Wéi oft ass de SPAMBEE-Plug-in bis elo installéiert ginn?

3. Wéi vill aktiv Useren huet SPAMBEE bis ewell?

4. Wou ginn déi Benotzerdonnéeën de Moment gespäichert?

5. Wéi vill huet d'Entwécklung vum SPAMBEE insgesamt kascht a wat sinn d'operativ Käschte pro Joer?

Réponse (29.06.2020) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie :

SPAM, Phishing a vill weider Zorte vu Cyberattacken notzen den E-Mail als Infektionsmedium. Dës gesäit een och an de rezente Statistiken vum CIRCL (<https://www.circl.lu/open-data/statistics/>). Zanter 2018 ass Phishing ee vun den Haaptgrënn vun Incidenten an der IT-Sécherheet, dës net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee och weltwäit. Wéinst dësem verbreete Phenomeen goufen an de leschte Joren eng ganz Rei vun Outilen, Servicer an Aktiounen entwéckelt an ëmgesat.¹

Ganz am Ufank vum komplexen Zyklus, deem eng Phishing-Attack ausmécht, steet den Internetbenotzer. Genau do setzt SPAMBEE un, fir et dem Benotzer mat e puer Klicker ze erméiglechen, eng suspekt E-Mail ze mellen.

SPAMBEE ass e gemeinsame Projet vu BEE SECURE, der CNPD an dem C3 Cybersecurity Competence Center, fir dem User d'Notifikatioun vun net sollicitéierte Mailen ze vereinfachen, an zwar mat engem Plug-in-System. De Site www.spambee.lu ass eng „Landing Page“, een Internetsite, wou een déi verschidde Plug-ins fir déi verschidde Plattformen kann erfleeden. D'Kontaktdateen an d'Privacy Policy sinn op de respektiven AppStores an Delivery-Plattformen visibel, well déi Informatiounen spezifesch zu de verschiddene Plattformen sinn. Fir et dem User méi einfach a verständlech ze maachen, gouf elo och en Impressum, eng „Legal Notice“ an d'„Privacy Policy“ vun de Plug-ins, um Site www.spambee.lu publizéiert.

Zanter Mëtt 2019 ass de Site www.spambee.lu online. Well den Dateschutz am Projet SPAMBEE eng absolutt Prioritéit ass, ginn et keng detailléiert Statistiken, oder soss Donnéeën, iwwert d'Installatiounen oder d'Notzung vun de

Plug-ins. Erfolgeuede goufen déi verschidde Plug-ins ronn 200-mol. Op Basis dovunner kann een d'Zuel vu Benotzer op ongeféier 100 schätzen.

Nieft de Plug-ins ginn och folgend Webmail-Plattformen ënnerstëtzt: Gmail, outlook.live.com an outlook.office.com souwéi Yahoo! Mail. Eng Diskussioun mat Lëtzebuurger Webmail-Providere ass amgaangen. Wann dës bis ënnerstëtzt kënnen ginn, ass unzehuelen, dass d'Benotzerzuele vu SPAMBEE staark klamme wäerten. D'Zuel vun Notifikatiounen, déi SPAMBEE bis ewell krut, läit bei 2.317. Dovu gouf ronn d'Hallschent als Phishing identifizéiert (Stand: 12. Juni 2020).

SPAMBEE setzt e „Privacy by Design“-Konzept ëm. D'Donnéeën vun de Benotzer ginn exklusiv lokal am Plug-in gespäichert. De Benotzer huet en Dashboard, wou e gesäit, wéi eng Mailen en notifiéiert huet a wat de Feedback vu SPAMBEE ass. D'IT-Infrastruktur vu SPAMBEE gëtt vum C3 Cybersecurity Competence Center gëriert, do ginn nëmmen Header-Informatiounen an URLe vun den notifiéierten E-Mailen gespäichert, an zwar anonym, ouni Unhaltspunkt, vu wéi engem Benotzer d'Informatioun kënn.

Déi sechs Plug-ins a véier Webmail-Interfacen, souwéi d'Käschte vun Design a Marketing, stellen en Investissement vu 25.000 Euro duer. Déi operativ Käschte gi geschätzt op 10.000 Euro.

Question urgente 2261 (25.05.2020) de M. Marc Goergen (Piraten) concernant la demande de congé pour raisons familiales :

Den 20. Mee 2020 koum owes de Formulaire eraus, fir eng Verlängerung vum „congé pour raison familiales lié à la pandémie Covid-19“ ufroen ze kënnen. Den 21. Mee war e gesetzleche Feiertag, soudass nëmmen nach de Freiden als Wochendag iwwreg bleift, fir de Formulaire virum Ausläfe vum ale Congé auszufüllen an ofzeschécken. Op guichet.lu steet des Weidere geschriwwen:

« Une nouvelle demande du congé pour raisons familiales est à introduire même si vous avez déjà effectué une demande avec le formulaire qui a été mis en ligne le 30 mars 2020. »

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Aarbechtsminister dës Fro stellen:

1. Wéi kann eng Person zäitlech, an nëmmen engem Schaffdag, ee Formulaire ausfüllen, ofschécken an eng Äntwert erwaarden?

2. Falls Persone bis de Méinden, de 25. Mee, keen Accord vum Ministère op hir Congédemandé kréien an duerch hir Kanner doheem bleiwe mussen, kéint dës als Refus de travail considéiert ginn oder sinn d'Salariéen hei op iergend eng Weis geschützt?

3. Op guichet.lu steet:

« Le parent qui a recours au congé pour raisons familiales doit informer son employeur au plus vite de manière orale ou écrite en indiquant le début et la fin du congé. »

Esou munch Betriber hunn de Bréckendag am Mee allerdéngs genotzt fir net ze schaffen.

- Wéi kënnen dës Saliarié virum 25. Mee de Patron iwwert dës Formulaire informéieren?

- Wéi soll e Patron seng Schichtpläng vum 25. Mee richteg opstelle kënnen, wann hie fréistens den Dag selwer eng Äntwert vu sengem Saliarié kritt?

4. Kann e Patron vu sengen Ugestellte verlaangen, während dem Congé pour raisons familiales iwwer PC oder Handy disponibel ze sinn oder verschidden Aufgaben ze iwwerhuelen?

- Falls nee, wéi stellt de Minister sécher, dass sech och doru gehale gëtt?

Réponse (26.05.2020) de M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

ad 1. + 2. Et sief dorop higewisen, dass de Saliarié fir d'éischt emol obligéiert ass sengem Patron Bescheid ze ginn, ob mëndlech oder schrëftlech, ab wéini a bis wéini hien op de Congé pour raisons familiales zrëckgräife muss. Et ass kloer, dass all déi vum honorabelen Deputéierten opgezielten administrativ Demarchen net ëmmer an engem Dag kënnen gemaach gin, dofir ass et och méiglech de Certificat, beziungswies d'Pëcen, déi dozou gehéieren, nozereechen, fir den Dossier ze kompletéieren.

De Certificat, deem de Patron spéider geschéckt kritt, ass par contre unzegeséi wéi e Krankeschäin am Sënn vun den Artikelen L.234-53 an L.234-54 vum Code du travail, soudass de Saliarié vun engem méigleche Licenciement während der Zäit wou hien am Congé pour raisons familiales ass, geschützt ass. De Saliarié huet also déi selwecht Rechter, mee och Flichten ewéi an der Situatioun vun engem Krankschreiwung.

ad 3. De Saliarié huet, wéi uewe schonns erwänt, d'Obligatioun sengem Patron Bescheid ze ginn ab wéini an bis wéini hien op de Congé pour raisons familiales zrëckgräife muss. Déi administrativ Demarchen, also de Formulaire ausfüllen, ënnerschreiwen an un den Patron an d'Gesondheetskees schécken, mussen da schnellstméiglech gemaach ginn, ouni dass elo e konkreeten Delai virgeschriwwen ass.

Et ass kloer, dass all déi néideg Mesuren, déi vun der Regierung an de leschte Wochen a Méint wéinst dem État de crise geholl goufen, net nëmmen en Impakt op den Alldag, mee och op d'Aarbechtswelt allgemeng hunn. Sou stelle sech natierlech och fir de Patron eng Rei organisatoresch Defie wa seng Saliarié kuerzfristeg de Congé pour raisons familiales huele mussen. An dëser schwiereger Zäit fir ons all, mussen also souwuel d'Salariéen ewéi och d'Patrone pragmatesch virgoen, fir eng Léisung ze fannen.

ad 4. Wéi schonns uewe beschriwwen, gëtt de Certificat de congé pour raisons familiales am Kontext vun der Pandemie Covid-19 als e Krankeschäin am Sënn vun den Artikelen L.234-53 an L.234-54 vum Code du travail ugesin. Dat heescht also och, dass de Saliarié vun der Aarbecht fräigestallt ass, fir dass hien op seng Kanner opasse kann. Deemo kann de Patron och net vu sengem Saliarié verlaangen, dass hie während der Zäit wou hien am Congé pour raisons familiales ass, weiderhin disponibel soll sinn oder schaffe muss.

Bei Mëssbrauchsfäll kënnen d'Salariéen natierlech d'ITM kontaktéieren.

Question urgente 2262 (25.05.2020) de M. Marc Goergen (Piraten) concernant le congé pour raisons familiales dans la fonction publique :

Den 20. Mee 2020 koum owes de Formulaire eraus, fir eng Verlängerung vum „congé pour raison familiales lié à la pandémie Covid-19“ ufroen ze kënnen. Den 21. Mee war e gesetzleche Feiertag, soudass nëmmen nach de Freiden als Wochendag iwwreg bleift, fir de Formulaire virum Ausläfe vum ale Congé auszufüllen an ofzeschécken. Op guichet.lu steet des Weidere geschriwwen:

« Une nouvelle demande du congé pour raisons familiales est à introduire même si vous avez déjà effectué une demande avec le formulaire qui a été mis en ligne le 30 mars 2020. »

De 25. Mee, also dës Méinden, muss déi komplett Schoulorganisatioun stoen. De Formulaire selwer kann awer eréischt freides den 22. Mee ausgefüllt an ofgeschéckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Bildung an Effentlechen Déngscht dës Fro stellen:

1. Wiesou gouf et vusäiten der Regierung kee Formulaire, mat deem d'Staatsbeamten a Staatsugestellten d'Demande fir de Congé mat enger längerer Virzäit hätte maache kënnen?

2. Falls Beamte bis de Méinden keen Accord op hir Congédemandé kréien an duerch hir Kanner doheem bleiwe mussen, stellt dës e Refus de travail duer oder sinn d'Beamten an dësem Fall geschützt?

3. Kann de Staat vu sengen Ugestellte verlaangen, während dem Congé pour raisons familiales iwwer PC oder Handy disponibel ze sinn oder verschidden Aufgaben ze iwwerhuelen?

- Falls nee, wéi stellen d'Ministere sécher, dass sech och doru gehale gëtt?

4. Wéi kann d'Schoulorganisatioun, ugesiichts der Ongewësseheit vun de Presenze beim Schoulpersonal, fir d'nächst Woch séchergestallt ginn?

Réponse commune (26.05.2020) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, et de M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique :

D'Modalitéit fir de Congé pour raisons familiales (CRF) gesinn zwou nei Méiglechkeete vir. Déi éischt Méiglechkeet besteet doran, datt d'Eltere vu Kanner, déi no dem 1. September 2015 gebuer sinn, vun engem CRF kënnen profitéieren. Déi zweet Méiglechkeet besteet fir Eltere vu Kanner, déi ënnert den aktuelle sanitaire Konditiounen keng Betreibungsplaz an enger Maisons relais oder engem Schoulfoyer kritt hunn.

Dës nei Konditiounen sinn de 5. Mee op enger Pressekonferenz dem breede Public virgestallt ginn. D'Informatiounen sinn duerno op dem Internetsite vum Educatiounsministère iwwerholl ginn. D'Agenten, déi d'Helpline vum Educatiounsministère bedriewen, sinn informéiert ginn an hunn dës Informatiounen och un d'Eltere weiderginn, déi Froen zum CRF haten.

Dat groussherzoglecht Reglement, wat deem aussergewéinleche Congé pour raisons familiales

(CRF) elo nei reegelt, ass den 20. Mee owes am Journal officiel publizéiert ginn. Freides, den 22. Mee, ass ëm Mëtteg eng Informatioun un d'Personalbüro vum de staatleche Verwaltung geschéckt ginn, an där déi nei Konditiounen ënnert deenen een de CRF kritt an déi jeeeweileg Linken op de Site guichet.lu drastoungen, a mat der Demande, datt dës Informatiounen un d'Agente vum hirer Verwaltung soll weidergeleest ginn.

Déi Demarchen, déi d'Agente mussen bei hirem Personalbüro maachen, sinn déi selwecht bliwwen wéi fir déi sougenannten CRF-1 an CRF-2.

Wann eng Persoun d'Konditiounen erfëllt, fir den CRF kënnen ze huelen, brauch si net den Accord vum hirer Verwaltung ze froen, mee si muss der Verwaltung, spëtstens um Ufank vum Dag selwer, Bescheid soen, datt si den CRF hëlt.

Den CRF ass gläichzestell mat enger Krankmeldung. Dat bedeit och, datt en Agent dee Moment net ka gezwonge ginn ze schaffen.

Et ass evident, datt bei bal 30.000 Agenten, d'Ministère net kënnen garantéieren, datt jiddwereen sech un all d'Reegelen hält, mee et gëtt en allgemengt Reklamatiounsrecht fir all Agent, dee mat enger Decisioun vum sengem Supérieur hiéerarchique net averstanen ass, wat bis dozou féiere kann, datt den zoustännegen Minister domat befaasst gëtt.

Déi eenzel Membere vum der Schoulcommunitéit, dorënner d'Schoulpresidenten, d'Léierpersonal, d'Gemengeresponsabel an d'Regionaldirektiounen, hunn an de leschte Wochen an Deeg a Collaboratioun mat de Servicer vum Educatiounsministère intensiv dru geschafft, fir sécherzestellen, datt den Enseignement en alternance kéint vum 25. Mee 2020 un a sämtlechen öffentleche Grandschoulen ëmgesat ginn. Bei der Organisatioun vum Enseignement en alternance gouf op där enger Säit bei den Elteren eng Enquête gemaach, fir de Besoin a puncto Prise en charge vum de Kanner während an ausserhalb vun den nei definéierte Schoulzäiten ze erfassen. Dobäi hunn d'Schoulen d'Resultater vun där um nationalen Niveau realiséierter Enquête an enke Kontakt mat den Eltere permanent à jour gehalen respektiv gegebenefalls ergänzt. Dës huet et erméiglecht, fir d'Opdeeling vun de Kanner an déi eenzel Gruppe sécherzestellen an eventuell zousätzlech Besoinen a puncto Personalressourcë fréi ze erkennen an entsprechend weider Persounen fir den Encadrement vun den eenzelne Gruppen anzustellen.

Op där anerer Säit goufen och dem Schoulpersonal seng Disponibilitéit mat Hibleck op déi nei Contrainté vun den Direktiounen ermëttelt. Eng sëllechen Enseignanten hunn sech bereet erkläert, fir kuerzfristeg méi Stonnen ze prestéieren, esoudatt si eleng ee Grupp konnten iwwerhuelen, fir d'Unzuel vun den Intervenanten an den eenzelne Gruppen esou geréng wéi méiglech ze halen.

Fir de Remplacement vum Léierpersonal bis zum Schluss vum Schouljoer ze assuréieren, gouf d'Unzuel vun de Remplaçant-permanente erhéicht. Dës zousätzlech Ressourcen erlaben et den Direktiounen, op kuerzfristeg Besoinen ze reagéieren an esou sécherzestellen, datt Enseignanten, déi krankheetsbedéngt ausfallen oder vum engem Congé, dorënner och de CRF, profitéieren, kënnen ersat ginn an deem entsprechend d'Prise en charge vum den eenzelne Gruppe garantéiert ass.

Question 2263 (25.05.2020) de M. Marc Spautz (CSV) concernant les tests de dépistage du coronavirus des secteurs non concernés par le confinement :

Laut dem 2. Paragraf vum Artikel 3, groussherzoglecht Reglement vum 18. März 2020, dat eng Rei vu Mesuren am Kader vum Kampf géint de Covid-19 agefouert huet, ware follgend Secteuren net vun der Limitatioun vum wirtschaftlechen Aktivitéit betraff:

- « [...] - les enseignes commerciales qui vendent principalement des produits alimentaires,
- les pharmacies,
- les opticiens,
- les commerces qui vendent principalement des aliments pour animaux,
- les commerces de services de télécommunication,
- les commerces qui vendent principalement des produits d'hygiène, de lavage et de matériel sanitaire,
- les services de vente de carburants et de stations d'essence,
- les activités de transport de personnes,
- les distributeurs et les commerces spécialisés en matériel médico-sanitaire,
- la pédicure médicale limitée aux soins médicaux et non esthétiques,

- les commerces de distribution de la presse,
- les institutions financières et d'assurance,
- les services postaux,
- les services de pressing et de nettoyage de vêtements,
- les services funéraires,
- les activités de dépannage, de réparation, de dépollution et d'entretien nécessaires pour des raisons de sécurité. »

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister stellen:

- Goufen dës Secteure systematesch getest?

- Wa jo, wéi vill Tester goufen gemaach a wéi vill dovun ware positiv?

Réponse (29.06.2020) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé :

Virum, während an dem Deconfinement gi verschidden Aktivitéitssecteuren getest, initial an enger Approche vu Cluster-Prevalenztesting (Méint Abrëll/Mee), a méi rezent am Kontext vum Large-Scale-Testing.

Follgend Secteure goufen als Cluster-Prevalenz getest:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Déi aner Secteure ginn elo am Kader vum Large-Scale-Testing evaluéiert. Do ënnerscheet een dräi Gruppe vu Leit:

Grupp 1: Personal aus essenzielle Secteuren oder Risikosecteuren. Dës gi systematesch all zwou Woche fir een Test agelueden. Et handelt sech hei ëm follgend Kategorien: Soins à la personne, Police, Personal aus Crèches oder Maisons relais, Gesondheitspersonal, Personal aus Apdikten an den Horeca-Beräich.

Grupp 2: Sougenannten Tester a Contingenten. Hei handelt et sech ëm Commercen, Schoulen, d'Konstruktioun an dozou gehéierend Betriber, d'Industrie an de Finanzsecteur. Wann eng héich Prevalenz vu Covid-19 an engem bestëmmte Secteur géif entdeckt ginn, gëtt de ganze Contingent méi schnell duerchgetest.

Grupp 3: All aner Leit.

Mat dëser Strategie gëtt déi ganz Populatioun getest, souwäit d'Persounen net vun de Gruppen 1 an 2 erfaasst goufen.

All déi Secteuren, déi den honorablen Deputéierte mentionéiert huet, sinn domat ofgedeckt.

Genau Resultater fir déi eenzel Secteure leien dem Gesondheitsministère am Moment nach net vir, déi detailléiert Analys ass nach amgaangen. Am Allgemenge kann een awer soen, dass bis elo d'Inzidenz vun der Infektioun an der Bevëlkerung an an den eenzelnen Aktivitéitssecteuren niddereg ass, am selwechten Ordre de grandeur wéi an de Cluster-Prevalenztester.

Question 2268 (26.05.2020) de MM. Marc Lies et Georges Mischo (CSV) concernant la collaboration entre l'État et les communes dans le cadre de la pandémie du coronavirus :

Während dem État de crise huet op ville Plazen am Land d'Zesammenarbecht tëschent de Gemengen an dem Staat gutt a konstruktiv funktionéiert. Op zwou konkrete Plazen, zu Hesper um „P&R Sud“ an zu Esch-Uelzecht um „P&R Raemerich“, sinn awer grouss Gemengeflächen als „lieu de distribution“ fir Masken, respektiv sollen als Plaz fir Covid-19-Tester genotzt ginn, ouni dass d'Gemengeresponsabel virdrun doriwwe a Kenntnis gesat oder gefrot gi sinn.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister stellen:

- Kënnen d'Madamm Ministeren dës Informatiounen confirméieren? Wa jo, ass et normal, dass d'Regierung esou Decisiounen hëlt, ouni se virdu mat de concernéierte Gemengeresponsablen ofzeschwätzen? Gëtt de finanziellen Impakt op de Budget vun de concernéierte Gemenge kompenséiert?

- Wéi gesäit et par rapport zu dësen Decisiounen mat der Autonomie communale aus? Gëllt déi och am État de crise?

Réponse commune (29.06.2020) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, et de M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

Beim Projet vum Large-Scale-Testing gouf de logisteschen Deel vum Luxembourg Institute of Health un d'Firma Ecolog sous-traitéiert. Dozou gehéiert och d'Auswiel vun de Plazen, op

deenen d'Covid-19-Teststationen installéiert gi sinn.

Dës Standuerte goufe vum Ecolog an der Administration des ponts et chaussées ausgewielt, mam Zil, iwwert d'ganz Land e flächendeckenden an einfachen Zougang zu den Teststationen ze erméiglechen. D'Servicer vu Ponts et chaussées ware vun enger grousser Hëllef, well ongeféier 70 % vun de Standuerter dem Staat gehéieren. Dës Aarbechte sinn an enger „situation d'urgence“ duerchgefouert ginn. Et koum am Kontext vun dësen Aarbechte fir d'Statione „P&R Raemerich“ a „P&R Sud“ zu engem Decalage tëschent dem Ufank vun den operativen Aarbechte vum Sous-traitant fir d'Logistik an dem Erhale vun den noutwendegen Autorisatiounen.

Bei verschiddenen envisagéierten Emplacementer gouf et zäitgläich och en Interessi vun der Arméi an de Gemengenautoritéiten, fir dës Plaze fir d'Verdeele vu Masken ze benotzen. No Gespéicher mat de Gemengenautoritéite konnt awer an all deene Fäll en Accord fonnt ginn an esou evitéiert ginn, dass d'Verdeele vu Masken duerch d'Teststationen vum Large-Scale-Testing beeinträchtigt hätt kënnen ginn.

Question 2271 (26.05.2020) de M. Gusty Graas (DP) concernant les jardins de graviers :

À la mode depuis un certain moment, les jardins de graviers ont cependant un impact écologique néfaste et des désavantages considérables par rapport aux jardins traditionnels.

Ces jardins nuisent non seulement à la biodiversité en raison d'absence d'espace pour la flore locale et de l'emploi courant d'herbicides lié à ce type de jardins, mais ils n'offrent également ni d'habitat, ni de la nourriture pour la faune indigène, tels que les insectes ; ils absorbent la chaleur en été et chauffent de cette manière les environs de l'immeuble ; ils rendent le sol imperméable et détruisent les cultures microbiologiques en dessous, etc.

Dans ce contexte, le « Mouvement écologique » et l'« Oekozer Pafendall » viennent de lancer une campagne de sensibilisation pour convaincre les citoyens à opter pour un jardin traditionnel. La commune de Bettembourg, quant à elle, vient de modifier son règlement sur les bâtisses dans le sens que, pour toutes nouvelles constructions et dans le cadre du réaménagement d'une marge de reculement avant d'un immeuble existant, un minimum de 50 % de la marge de reculement doit être aménagé sous forme d'espace vert végétalisé.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Madame la Ministre de l'Intérieur entend-elle encourager les communes à limiter ce type de jardins ?

2) Madame la Ministre entend-elle encourager les communes à renoncer à ces jardins sur les lieux publics et à opter plutôt pour des plantations avec des espèces indigènes ?

3) Madame la Ministre de l'Environnement prévoit-elle de soutenir la campagne précitée et de sensibiliser les citoyens à ce sujet ?

Réponse commune (30.06.2020) de Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, et de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur :

ad 1) Il est vrai que les jardins de graviers dans les reculs avants des immeubles ont un impact écologique négatif par rapport aux jardins traditionnels. De plus, l'usage fréquent de ce type d'aménagements contribue généralement aussi à une réduction de la qualité paysagère de l'espace public.

Or, la qualité de vie des habitants d'un quartier résidentiel est tributaire, non seulement de la qualité des bâtisses et des aménagements extérieurs privés, mais aussi de la qualité de séjour dans l'espace public limitrophe. Ceci dit, il est évident que les qualités écologique et paysagère des abords de l'espace public sont d'intérêt général, et partant méritent une attention particulière lors de l'établissement des prescriptions en matière d'aménagement communal et de développement urbain.

D'autre part, il semble que le recours de plus en plus fréquent aux jardins de graviers est généralement favorisé par le fait que ces aménagements nécessitent peu d'entretien. Il importe ainsi de configurer, en particulier lors de la planification de nouveaux quartiers d'habitation, les terrains à bâtir de sorte à permettre l'entretien aisé des jardins avants et arrières, sans

pour autant devoir y prendre recours à des aménagements de type minéral.

Lors de l'élaboration des projets d'aménagement particulier, la Ministre de l'Intérieur, et notamment la cellule d'évaluation des plans d'aménagement particulier, encouragent les acteurs du domaine de la construction, dont les communes, à réduire, en fonction des projets et des sites concernés, le scellement du sol dans les projets au stricte nécessaire et ceci en faveur de la création d'espaces verts. Cependant, conformément au principe de l'autonomie communale, il appartient aux communes de juger l'utilité de prescriptions réglementaires au niveau des plans d'aménagement et du règlement sur les bâtisses, permettant de limiter l'aménagement de jardins de graviers sur leur territoire.

ad 2) Dans le cadre du développement de nouveaux quartiers d'habitation, de zones d'activités économiques ou encore de nouvelles zones d'équipements publics, tels que des campus scolaires, le Ministère de l'Intérieur est en charge d'accompagner les communes lors des procédures d'adoption des plans d'aménagement particulier respectif.

C'est ainsi que le Ministère de l'Intérieur veille avec les communes à une utilisation rationnelle du sol et un développement harmonieux des sites, ce qui implique aussi la création d'espaces verts publics généreux, permettant d'accueillir des plantations d'espèces indigènes.

Finalement, les conseils et discussions réguliers en matière de planification de nouveaux quartiers entre les acteurs étatiques et les acteurs communaux permettent d'atteindre une sensibilisation constante en matière écologique et d'avoir des retours fructueux de la part des communes permettant d'évaluer l'efficacité de certaines mesures réglementaires.

Dans ce contexte, il y a lieu de noter que le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable (MECDD) entend encourager les communes à privilégier la plantation avec des espèces indigènes et à inclure des dispositions favorables à l'environnement dans leurs règlements communaux dans le cadre du futur « Pacte Nature ».

ad 3) Par le biais de sa convention avec le Mouvement écologique, le MECDD soutient de manière générale les activités de l'association, y compris les campagnes de sensibilisation.

La campagne du Mouvement écologique rend attentive aux nombreux problèmes liés aux jardins de graviers et leurs impacts négatifs aussi bien sur la faune et la flore que sur le bien-être des hommes. Lors d'une conférence de presse en 2018, la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, ensemble avec d'autres partenaires, avait déjà rendu attentif à la disparition des insectes et à la problématique des jardins de graviers dans ce contexte.

La Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable prévoit de sensibiliser davantage les citoyens à ce sujet lors d'une campagne de sensibilisation du public prévue dans le cadre du plan d'action en faveur des insectes pollinisateurs 2021-2025.

Question 2283 (27.05.2020) de Mme Josée Lorsché et M. Marc Hansen (déi gréng) concernant le soutien psychologique dans le cadre de la crise de Covid-19 :

La crise de Covid-19 a le potentiel d'impacter la santé mentale de la société à plusieurs niveaux. Aux facteurs de stress tels que la perte de revenus, les mauvaises nouvelles, les incertitudes et peurs quotidiennes s'ajoutent celles de l'isolement social, pour n'en citer que quelques-uns.

Les conséquences sur la population peuvent se révéler à court terme, par l'augmentation des dépressions, des dépendances ou des troubles obsessionnels compulsifs par exemple. Sur le long terme, les spécialistes estiment que notamment les professionnels de la santé sont à risque pour développer des troubles de stress posttraumatiques dans les années à venir.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Les besoins en accompagnement et soins psychologiques ont-ils augmenté depuis le début de la crise de Covid-19 ? Madame la Ministre estime-t-elle que les besoins en aide psychologique vont augmenter à l'avenir ?

2) Combien de personnes ont fait appel à la hotline de soutien psychologique pendant la



période de confinement ? Quel est le bilan provisoire des autres hotlines nationales ?

3) Les données disponibles permettent-elles d'identifier les segments de population les plus à risque (enfants, seniors, personnel essentiel) ?

4) De quelle manière les séquelles de la crise de Covid-19 seront-elles prises en compte dans l'élaboration du plan national de santé mentale prévue dans l'accord de coalition 2018-2023 ?

5) Est-ce que, dans ce contexte, il est prévu d'accorder aux psychologues le statut de profession de santé réglementée, l'accord de coalition prévoyant également de réviser « la liste des professions pouvant faire l'objet d'une réglementation sous le statut de profession de santé » ?

Réponse commune (29.06.2020) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, et de M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

ad 1) Afin de pouvoir répondre à la question, il faut d'abord clarifier ce qu'on entend par accompagnement/soutien/aide psychologique et soins psychologiques.

L'aide, le soutien ou encore l'accompagnement psychologique n'est pas une thérapie à proprement parler, il s'agit d'une écoute et de conseils. Le soutien/l'aide ou l'accompagnement psychologique est en principe une des missions quotidiennes de tous les professionnels de santé, des psychologues et médecins psychiatres inclus.

Les soins psychologiques sont en lien avec la formation de psychothérapeute du psychologue. La profession de psychothérapeute peut être exercée par des psychologues ou des médecins ayant été formés à la psychothérapie selon les critères de la loi du 14 juillet 2015.

Les psychologues de niveau master sans formation psychothérapeutique selon la loi du 14 juillet 2015 sont des professionnels qui peuvent exercer entre autres comme psychologues du travail (e.a. recrutements, services psychosociaux de prévention) ou encore comme psychologues dans les écoles, dans de nombreux domaines de la santé, du sport et autres.

Si la question des honorables Députés vise aussi bien l'accompagnement/l'aide/le soutien psychologique que la prise en charge psychothérapeutique, nous devons admettre que nous n'avons pas de chiffres à l'heure actuelle pouvant donner une image objective nationale.

La situation semble néanmoins se normaliser, c'est-à-dire ni les différents secteurs hospitaliers, ni les structures conventionnées avec le Ministère de la Santé et intervenant dans la prise en charge de la psychiatrie extrahospitalière ou offrant des prestations psychologiques constatent sur les dernières semaines une augmentation significative des demandes en lien avec une souffrance psychique due au Covid-19. Le secteur conventionné intervenant dans la psychiatrie extrahospitalière ne dénote aucune décompensation psychiatrique aigue parmi leurs patients connus, le secteur hospitalier dénote néanmoins ponctuellement une augmentation de patients psychiatriques décompensés n'ayant pas consulté ou trouvé accès à leur médecin, psychiatre, psychologue ou psychothérapeute traitant pour différentes raisons.

L'augmentation générale d'utilisation de services psychologiques qu'on constate au fil des années peut être dû à plusieurs facteurs : aggravation des risques psychosociaux dans notre société (p.ex. isolement social), mais également une prise de conscience et une volonté d'utiliser une offre psychothérapeutique. On peut anticiper que suite à la crise économique post-Covid-19 qui est en train de s'annoncer, les besoins de prise en charge psychothérapeutiques ne feront qu'augmenter.

ad 2) La hotline Covid-19 pour le soutien psychologique a eu en tout 989 appels, dont une dizaine de personnes qui ont régulièrement rappelé, parfois tous les jours. Sur les mois d'avril et mai, les appels correspondaient à environ 700 personnes différentes.

En total, la hotline Covid-19 8002 80 80 a traité 80.000 appels pendant 104 jours, soit en moyenne 770 appels par jour, avec un pic de 4.000 appels journaliers.

ad 3) En ce qui concerne la question des personnes à risque, il faudrait préciser de quel risque on parle dans cette situation. Il y a évidemment le risque de développer une maladie psychique, mais beaucoup de personnes rencontrent des problèmes ou sont soumis à des pressions sans développer de maladie. Cette situation constitue certainement un bon moment pour initier des projets de prévention.

Même en dehors d'une crise comme le Covid-19, nous connaissons les groupes de personnes qui ont le plus grand risque pour des troubles psychiques, à savoir ceux qui ont des facteurs de risques particuliers. Ceci inclut notamment les personnes âgées et isolées dans des structures d'accueil, les demandeurs de protection internationale, les personnes souffrant de dépendances, les personnes soumis à des situations de conflit ou de violence ou présentant des troubles préexistants (p.ex. crises d'anxiété ou troubles posttraumatiques). Sans surprise, ces mêmes personnes étaient le plus touchées pendant la pandémie.

ad 4) Selon les publications de l'OMS déjà au début de la pandémie, les séquelles de la crise de Covid-19 sur la santé mentale peuvent être nombreuses. L'OMS a en conséquence déjà très tôt publié de nombreuses recommandations comment contrecarrer des potentielles conséquences ou séquelles en lien avec la pandémie ou le confinement, dont entre autres la mise en place d'une hotline psychologique.

De plus, comparé à de nombreux pays européens, nous disposons d'un système de santé/santé publique assez performant proposant des soins accessibles pour tous. Le système hospitalier ou le secteur conventionné ou le secteur des soins primaires intervenants dans les prises en charge de type psychologique, psychothérapeutique ou psychiatrique ont proposé via téléconsultations ou soins à domicile psychiatrique à domicile leurs prestations selon les besoins urgents des demandeurs et ont repris leurs activités à 100 % dès le premier pas de déconfinement et n'ont donc pas attendu l'élaboration du plan national de santé mentale afin de prendre en charge les séquelles de la crise de Covid-19 sur la santé mentale.

En revanche le plan pourrait définir, évaluer les nécessités (e.a. selon les secteurs de vie, de travail, l'âge, les prédispositions) et prévoir les actions (e.a. dépistage, prise en charge [psycho]thérapeutique ou réhabilitatif) nécessaires au regard des séquelles à long terme d'ordre psychologique ou psychiatrique ou neuropsychiatrique du Covid-19.

ad 5) À l'heure actuelle, le psychologue ne figure pas parmi les professions de santé réglementées au sens de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé nécessitant une autorisation d'exercer du Ministère de la Santé.

Pourtant, une adaptation du cadre légal et réglementaire national des professions de santé s'avère indispensable dans un futur proche. Dans ce contexte, la liste des professions pouvant faire l'objet d'une réglementation, réglementée sous le statut de profession de santé, sera révisée, tel que prévu dans l'accord de coalition.

La profession de psychologue n'est pas exclusivement une profession de santé réglementée au sens de la loi, mais trouve au contraire des applications dans des domaines très variés.

Ainsi, une concertation interministérielle avec les départements prioritairement concernés, à savoir le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, ainsi que le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, s'impose avant tout progrès en cours.

Question 2288 (28.05.2020) de M. Gusty Graas (DP) concernant la réutilisation d'eaux usées dans le secteur agricole :

Vu le risque élevé d'une accentuation de périodes de sécheresse et de pénuries d'eau liées au changement climatique, le Parlement et le Conseil européen viennent d'adopter un règlement établissant des critères de qualité minimaux pour la réutilisation d'eaux usées dans l'agriculture. De cette manière le législateur européen vise à encourager les États membres à économiser davantage de l'eau potable et à promouvoir l'économie circulaire dans ce domaine.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

- 1) Les agriculteurs utilisent-ils à l'heure actuelle déjà des eaux usées pour des fins d'irrigation ?
- 2) Dans l'affirmative, combien de mètres cubes d'eau sont utilisés de cette manière par an par rapport à la quantité totale d'eaux usées versées dans des cours d'eau ?
- 3) Quelle quantité d'eau pourrait potentiellement être réutilisée de cette manière au Luxembourg par an ?
- 4) Dans la négative, Madame et Monsieur les Ministres entendent-ils encourager la réutilisa-

tion d'eaux usées dans le secteur agricole à l'avenir ? Quelles mesures sont prévues à cette fin ?

5) Des modifications au niveau des installations techniques seront-elles nécessaires afin de parvenir à une meilleure réutilisation d'eaux usées ?

6) Dans l'affirmative, Madame la Ministre peut-elle fournir des précisions à ce sujet ?

7) Dans quels autres domaines la réutilisation d'eaux usées est-elle envisageable ?

Réponse commune (30.06.2020) de Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, et de M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

ad 1) + 2) L'irrigation des cultures au Luxembourg se limite en général à une partie des terres utilisées pour la production de fruits, légumes ou autres cultures horticoles, ainsi que pour les pommes de terre. L'eau d'irrigation provient alors en général soit du réseau de distribution de l'eau potable, de forages dans les nappes phréatiques ou de réservoirs de récupération d'eau de pluie.

Les ministres ne disposent pas d'informations selon lesquelles des eaux usées épurées seraient utilisées à des fins d'irrigation. En cas d'utilisation de ces eaux, de tels prélèvements devraient être autorisés conformément à la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau.

ad 3) Le règlement du Parlement européen et du conseil relatif aux exigences minimales applicables à la réutilisation de l'eau (15301/19 ; 2018/0169) propose des exigences minimales de qualité et de surveillance de l'eau et des dispositions en matière de gestion des risques, pour une utilisation de l'eau de récupération dans le cadre d'une gestion intégrée de l'eau. Dépendant de sa qualité, l'eau tombe dans une de quatre classes, qui peuvent être utilisées pour quatre sortes de combinaisons selon la culture réceptrice et le système d'irrigation. Actuellement, les eaux rejetées des stations d'épuration ne sont pas analysées sur les paramètres bactériologiques et le besoin d'eau d'irrigation dans l'agriculture en tenant compte des combinaisons de culture et de système d'irrigation n'est pas connu. Aucune déclaration quant à la quantité d'eau potentiellement utilisable ne peut être faite. Notons d'ailleurs que selon la proposition du règlement du Parlement européen des technologies telles que la filtration et la désinfection seraient nécessaires pour certaines classes de qualité. À ce stade, aucune station d'épuration au Luxembourg n'utilise de telles technologies.

Cependant, avec l'équipement d'une 4^{ème} étape de traitement des eaux résiduaires sur les grandes stations d'épuration, les qualités chimiques et surtout microbiologiques des eaux rejetées seront améliorées et pourraient potentiellement devenir intéressantes à une telle utilisation.

ad 4) La réutilisation des eaux usées à des fins d'irrigation dans l'agriculture devrait faire partie d'une stratégie nationale de résilience dans l'agriculture. Du point de vue économie circulaire, la récupération de nutriments, le respect des ressources naturelles et l'utilisation des eaux récupérées à des fins d'irrigation en agriculture pourrait ainsi contribuer à la production alimentaire non seulement pour ce qui concerne le maraîchage et la fruiticulture, mais aussi pour les autres secteurs de la production agricole. Ainsi le recours aux eaux usées épurées, peut être vu comme un élément complémentaire à d'autres mesures, comme par exemple l'utilisation de bassins de rétention d'eaux pluviales, ou encore la promotion de systèmes d'irrigation performants. L'utilisation sera certainement limitée aux zones proches des endroits où de telles eaux sont disponibles et sans préjudice de la qualité environnementale des cours d'eaux récepteurs.

Il va de soi que des normes sanitaires relatives à l'emploi de ces eaux doivent tenir compte de la nature des cultures irriguées. De même les risques éventuels pour l'environnement, en particulier pour les nappes d'eau souterraines et les eaux de surface, peuvent limiter le recours à ces ressources.

À l'heure actuelle, il n'y a pas encore de mesures concrètes envisagées, mais les administrations concernées sont en train d'étudier le potentiel pour l'agriculture nationale.

ad 5) Comme écrit au-dessus, de nouvelles technologies seraient à mettre en place pour pouvoir être conformes aux différentes classes de qualité proposées.

Il est évident que l'utilisation potentielle de l'eau usée est limitée par la qualité chimique et microbiologique de cette eau. Des améliorations techniques pourraient donc favoriser son utilisation. Des installations techniques pour améliorer la qualité pourraient aussi être nécessaires au niveau de l'utilisateur final de cette eau.

ad 6) Des installations de désinfection et, le cas échéant, de filtration seraient nécessaires. Vu qu'elles ne sont pas existantes à ce stade, des études devront déterminer les régions où l'irrigation est nécessaire/utile et prendre en compte la proximité de rejets des stations d'épuration. La technologie installée sur les sites des exploitations agricoles souhaitant utiliser ces eaux devra évidemment être adaptée à leurs besoins. La qualité chimique et microbiologique doit répondre aux normes sanitaires, être adaptée aux cultures et limiter les risques environnementaux.

ad 7) Dans le cadre du volet « économies d'eau potable » de la stratégie nationale pour la sécurisation de l'approvisionnement futur en eau potable du Luxembourg, la réutilisation des eaux grises (eaux usées faiblement chargées issues des douches, baignoires, lavabos, etc., n'étant pas des eaux usées noires issues de toilettes) pour des utilisations ne nécessitant pas une qualité d'eau potable présente une piste prometteuse. Ainsi ces eaux grises sont collectées, traitées et réutilisées pour des fins de chasses d'eau des toilettes ou l'arrosage.

Une réutilisation des eaux usées épurées à des fins de refroidissement, même si celle-ci nécessite un reconditionnement, est également envisageable.

Question 2289 (28.05.2020) de MM. Serge Wilmes et Laurent Mosar (CSV) concernant l'organisation de concerts durant la phase de déconfinement :

D'Madamm Kulturministesch huet gëschter de Plan de relance fir de Kultursecteur virgestallt, deen, wéi scho vill aner Beräicher am Kontext vun der Covid-19-Kris, extrem vill gelidden huet.

An deem Kader géife mir der Madamm Kulturministesch gären dës Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch eis soen, ënner wéi enge Bestëmmungen a Konditioune Concerten oder Festivalle kënnen organiséiert ginn, souwuel fir de Public wéi och fir den Artist selber?

- Kéint een zu dëser Zäit, der Madamm Ministesch no, eng Aart „Autoconcert“ als Alternativ virschloen, esou wéi et och am Ausland scho gemaach gëtt, a wa jo, ënner wéi enge Konditioune kéint een dat organiséieren?

Réponse (19.06.2020) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture :

Mat dem Règlement grand-ducal du 26 mai 2020 portant modification du règlement grand-ducal modifié du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 hat de Regierungsrout vum 25. Mee 2020 schonn d'Suspensiou vun effentleche kulturellen Aktivitéite mat méi wéi 20 Persounen (bannen oder baussen) ab dem 29. Mee opgehewen, ënnert der duebeler Konditioun, datt Sëtzplaze virgesi ginn, an datt dës e Mindestofstand vun op d'mannst zwee Meter vuneneen hunn, ouni datt an dësem Fall de Port du masque obligatoresch wier.

Mat dem Règlement grand-ducal du 10 juin 2020 portant modification du règlement grand-ducal modifié du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 huet de Regierungsrout vum 10. Juni 2020 d'Restriktioun nach eemol gelabbert. Kulturell Aktivitéite mat méi wéi 20 Persounen kënnen ab dem 10. Juni bannen oder bausse stattfannen, ënnert der duebeler Konditioun, datt Sëtzplaze virgesi ginn, an datt dës entweeder e Mindestofstand vun op d'mannst zwee Meter vuneneen hunn oder datt d'Persounen hir Mask unhalen. (D'Obligatioun fir Sëtzplaze bezitt sech net op déi kulturell Acteuren, déi hir Aktivitéiten ausüben).

„Autoconcerten“ oder aner kulturell „drive-in“-Aktivitéite sinn e méiglecht Format am Kontext vun der sanitärer Kris, ënnert der Konditioun, datt déi aktuell sanitär Rekommandatioune respektéiert ginn. Divers Gemengen a privat Acteuren hunn och schonn hei am Land d'Initiativ ergraff, fir op esou Formater zrëckzegräifen, genee wéi dat och am Ausland de Fall ass.

Question 2291 (28.05.2020) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) concernant l'externalisation de certaines prestations :

Par le biais de la question parlementaire n° 1771, le soussigné s'était adressé à Monsieur le Ministre de la Fonction publique pour avoir des informations sur les domaines pour lesquels l'État recourt à l'externalisation de certaines prestations vers des prestataires privés notamment dans les domaines du nettoyage, du gardiennage, etc.



En outre, je voulais savoir quel est le volume de ces contrats d'externalisation et si l'État invoquait des clauses sociales dans ses soumissions, ceci dans l'intérêt des salariés du secteur privé qui travaillent pour le compte de l'État et qui souvent ne disposent que de salaires très modestes.

Monsieur le Ministre de la Fonction publique m'avait répondu que chaque ministère est autonome dans la gestion des marchés publics et que sa réponse ne pouvait porter que sur les activités de son seul ministère.

Ceci m'amène à revenir à la charge pour poser à Monsieur le Ministre des Finances, attribuant les budgets aux différents départements ministériels, et à Monsieur le Ministre responsable pour le Département des bâtiments publics pour leur demander quelle est l'étendue des contrats de sous-traitance dans les différents services de l'État.

- Quels sont les domaines qui sont prioritairement touchés par l'externalisation ?

- L'État formule-t-il systématiquement des clauses sociales dans ses soumissions ? Le cas échéant, comment les pouvoirs adjudicateurs mesurent-ils le critère d'attribution « caractéristiques sociales » figurant à l'article 35 (2) de la loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics ?

D'Regierung hat am Koalitionsaccord ugekënnegt, ab dem 31. Dezember 2020 kee Glyphosat méi zu Lëtzebuerg zouzeloossen.

Ab dem 1. Juli 2020 ass de Verkauf vu glyphosathaltege Spréitzmëttel verbueden, d'Benotze vun deene Spréitzmëttel ass ab dem 1. Januar 2021 verbueden.

Question 2303 (29.05.2020) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les cours de luxembourgeois :

An der Lescht héiert een ëmmer méi Reklamatiounen iwwert d'Zertifikatioun vun de Sproochekennntesser duerch den INL. Leit, déi Zertifikater bis zu engem B1 an der Lëtzebuergescher Sprooch kruten, presentéiere sech fir Virstellungsgesprécher, wou sech dann erausstellt, dass si keen eenzege Saz Lëtzebuergesch kënnen schwätzen.



An deem Zesammenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär déi follgend Froe stellen:

1. Wéi beurteelt d'Regierung d'Seriositéit vum Unterrecht um INL?
2. Wéi beurteelt d'Regierung d'Zouverlässigkeet vun den Zertifikatiounen, déi vum INL ausgestellt ginn?
3. Anscheinend gëtt um INL e grouss Gewiicht op „spillerescht“ Léiere geluecht. Hält d'Regierung et fir ubruecht, nees méi Wäert op eng systematesch Vermëttlung vun der Sprooch ze leeën, inklusiv vun der Grammatik?
4. Wann déi Zertifikater vum INL keen zouverlässig Bild vum Sproochniveau méi bidde kënnen, missten dann net och d'Sproochexamen, fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien, op eng aner Manéier organiséiert a kontrolléiert ginn?

Réponse (29.06.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. Den INL ass d'Referenzinstanz vum Sproochunterrecht am Generellen a vum Lëtzebuergeschunterrecht am Speziellen zu Lëtzebuerg. Den Unterrecht um INL huet mat Sécherheet e gudden Niveau an entsprécht de Besoine vun senger grousser Clientèle.

All Enseignant aus dem INL huet entweder e Bachelor oder e Master an enger Sprooch a suivéiert vum Moment vu senger Astellung entweder de Stage fir d'Fonctionnairen oder dee fir d'Employéen aus dem Enseignement, wéi dat am Gesetz virgesinn ass. Ausserdem hunn all d'Enseignantinnen aus dem INL, wéi déi aner Enseignantinnen och, d'Flicht, sech am Laf vun hirem ganzen Aarbechtsweg permanent weiderzubilden, 48 Stonnen an dräi Joer.

Den INL organiséiert och zweemol am Joer eng ganz Partie intern Formatiounen an an deenen eenzelnen Departementer gëtt d'Kollaboratioun tëschent den Enseignantinnen encouragéiert. Bei bal 17.000 Apprenanté pro Joer, a bal 3.000 Zertifikatiounen, kommen extrem wéineg Reklamatiounen.

Generell sinn d'Apprenanté ganz zefridde mat de Services vum INL am Allgemengen a speziell mat de Coursen. Bei der Enquête satisfaction vum Hierschsemester 2019, bei där ongeféier 20 Prozent vun den Apprenanté matgemaach hunn, konnt den INL een Taux de satisfaction vun 8,5 op enger Skala vun 10 erreechen. D'Resultater fénnen een um Site vum INL ënnert deem heite Link:

http://www.inll.lu/wpcontent/uploads/2014/1-2/enqueteapprenantsautomne2019_siteweb.pdf

ad 2. Wat d'Zertifikatioun vum INL ugeet, muss een tëschent zwee verschiddenen Dokumenter ënnerscheiden: de Bilan des compétences, deen een no all Semester kritt an deen ausseet, ob ee prett ass fir an den nächsten Niveau am INL ze goen, an déi offiziell Zertifikatioun am Lëtzebuergesch, „Lëtzebuergesch als Friemsprouch (LaF)“, wou d'Examen am INL ofgehaleen an och ausgeschafft ginn.

Déi involvéiert Enseignanté ginn dofir an internen an externe Formatiounen geschoult an e Comité de relecture iwwerwaacht de Contenu vun LaF.

Jidder Certificat ka just eng Momentopnam sinn. Wann ee Kandidat haut e B1 zertifiéiert kritt, heescht dat net, dat hien a fénnef Joer nach ëmmer en Niveau B1 an där Sprooch huet, wa se net trainéiert a gebraucht ginn ass.

ad 3. D'Methodik vum INL orientéiert sech um Europäesche Referenzkader fir Sprooch vum Conseil de l'Europe an un den neisten Erkenntnisser aus der Andragogik. Och an deem Beräich ginn d'Enseignanté reegelméisseg forméiert.

D'Grammaire gëtt am INL net als Selbstzweck enseignéiert, mee ëmmer an engem authentische Kontext vu kommunikativen Alltagssituatiounen. Andeems den erwuesenen Apprenant de Sënn an Zweck gesäit, firwat des oder déi Reegel a senger alldeeglecher Kommunikatioun wichteg ass, léiert a behält e se besser.

Generell kann ee soen, dat d'Methodik kommunikativ, funktionell, kontextgebonden an handlungsorientéiert ass. Am Unterrecht Situatiounen simuléieren, gehéiert zu de Prinzipien vun der Pädagogik esouwuel wéi der Andragogik.

ad 4. Wéi et am Gesetz vum 8. März 2017 iwwert d'Lëtzebuurger Nationalitéit festgehalten ass, ginn am Sproochentest zwou Kompetenze

getest: Schwätzen a mëndlecht Verstoen. Déi zwee Resultater ginn, laut Gesetz, matenee vererechent, soudatt et méiglech ass, an och geschitt, dat eng Persoun, déi den Test packt, e gudd Resultat am Verstoen huet an e schlecht Resultat am Schwätzen, oder ëmgedréint.

Den INL féiert de sougenannte Sproochentest, fir d'Nationalitéit ze kréien, mat enger grousser Kompetenz a Professionalitéit duerch. All Präiwer vum Sproochentest muss all zwee Joer eng spezifesch Formatioun matmaachen. Och aner Formatiounen am Beräich Testing gi reegelméisseg intern am INL fir d'Enseignantinnen uegebueden.

D'Resultater vum Sproochentest gi reegelméisseg vun externen Experten analyséiert, fir ze garantéieren, dat déi verschiddenen Itemen dem richtegen Niveau entsprechen.

Question 2304 (29.05.2020) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la **rentrée scolaire dans l'enseignement fondamental** :

Dës Woch war d'Nees-Rentrée an de Grondschoulen. Och wann an de Medien dës Operatioun in globo als en Erfolleg duergestallt gouf, kritt een awer vum Terrain vill méi differenzéiert Echoen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Den Direkter vun der Santé huet dës Woch op RTL nach emol op d'Méiglechkeet vun enger Ustiechung duerch Aerosolen higewisen. Dowéinst wär d'Lëften esou wichteg. A verschiddene Schoulgebäier schéngt d'Léierpersonal awer nach net ëmmer an op eng systematesch Manéier, déi néideg Schlüsselen ze kréien, fir d'Fënstere kënnen opzemaachen. Intervenéiert de Staat bei deenen zoustännegen Instanzen, inklusiv dem Syvicol, fir dat iwwerall an allzäit d'Méiglechkeet besteet, fir d'Schoul an d'Openthaltstraum systematesch ze lëften?

2. Op ville Plaze sinn d'Raimlechkeete ganz genee vermooss ginn, fir dat si deenen aktuellen Noutwennegkeete kënnen gerecht ginn. Gläichzäitig sinn awer eng Rei vu Schoule mat där Tatsaach konfrontéiert, dat nei Schüler bäikommen, dorënner och Primo-arrivants. An esou engem Fall kënnen d'Sécherheetsofstänn eventuell net méi agehale ginn. Gëtt et an deem Kontext Instruktiounen fir d'Schoulen an aner Infrastrukturen, wéi si solle mat Variatiounen an der Schülerzuel bis zur grousser Vakanz ëmgoen?

3. Well d'Schoulmedezinn nëmme nach ageschränkt fonctionéiert, stellt sech och d'Fro no der medezinnescher Kontroll vun de Primo-arrivants. Ginn déi Kanner nach systematesch vun engem Schouldokter ënnersicht, ier si ageschoult ginn?

Réponse (30.06.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. Wéi den honorabelen Deputéierte schonns a senger Froestellung undeit, ënnerläit d'Geschiicht vun de Schoulhaiser am Fondamental de Gemengenautoritéiten. Am Austausch mat de Gemengen a besonnesch mam Syvicol gouf ëmmer d'Wichtigkeet vun de Lëften ënnerstrach. D'Gemengenautoritéite si sech däreer bewosst a wäerten hir technesch Dëngschter ugewisen hunn, fir reegelméisseg Lëften ze suergen. Dat bedeit awer net onbedéngt, dat d'Léierpersonal alleguer d'Schlüssele kritt, fir jiddwer Fënster opzemaachen. D'reegelméisseg Lëften an dat allgemengt Sécherheetskonzept vun der Schoul müssen ënner een Hutt bruecht ginn.

ad 2. Dat, wat den honorabelen Deputéierte beschreift, war déi grouss Erausforderung bei der Organisatioun vun der Reouverture vun de Schoulhaiser de leschte 25. Mee. Am Verglach zu dem Defi deen Ament ass déi Situatioun vun engem zousätzleche Kand liicht duerch eng gudd Zesummenaarbecht Gemeng-Schoul-Schouldirektioun ze léisen. An deem Kontext ass et egal, ob déi nei Schülerin oder deen nei Schüler innerhalb vu Lëtzebuerg geplënnert ass oder aus dem Ausland kënnert.

ad 3. D'Divisioun vun der Schoulmedezinn vun der Gesondheidsdirektioun ass virbereet op déi nächst Rentrée scolaire. Wann d'Evolutioun vun der Covid-19-Pandemie weiderhi favorabel bleift, da kënnen d'Aktivitéite vun der Schoulmedezinn nees gemaach ginn am selwechten Émfang wéi virun der Pandemie. Am Fall vun engem Zouhuele vun de Covid-19-Infektiounen wäert d'Schoulmedezinn hir Aktivitéiten upassen un d'Ufuerderunge vun Infektiounsschutz. An deem Fall wäerten d'Aktivitéiten awer ageschränkt sinn. Déi Kanner, déi als Primo-arrivants opgeholl ginn, wäerten awer op jiddwer Fall kënnen systematesch vun engem Schouldokter ënnersicht ginn, ier si ageschoult ginn.

Question 2305 (29.05.2020) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la « **Tracing-app** » :

Mat enger Tracingapp sollen d'Kontakter vun engem groussen Deel vun der Bevëlkerung kënnen retracéiert ginn. Esou soll méiglech seier erausfonnt ginn, wou eng Persoun sech eventuell mam Coronavirus ugestach huet a mat wéi dem Persoun duerno Kontakt hat, déi si da méiglecherweis och kéint infizéiert hunn. De Konzept vun enger Tracingapp ass ëmstridden. Vill Fuerscher hu schonn hir Bedenke mat Nodrock ëffentlech gemaach a virun esou Applikatiounen, besonnesch wat d'perséinlech Fräiheeten an d'Datesécherheet ugeet, gewarnt. Haaptkritikpunkten, wéi si och bei den Online-dëngschter vu „Focus“ a „Spektrum der Wissenschaft“ ze liese waren, sinn d'Konsequenzen op d'perséinlech Fräiheeten a Rechter an d'wëssenschaftlech Notzbarkeet vun esou enger App.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister an der Madamm Justizminister gär déi follgend Froe stellen:

1. Wat d'Fräiwëllegkeet ugeet, fir dës App ze notzen, déi d'Regierung jo ënnersträicht:

a. Gesinn d'Ministere Restriktiounen op Lëtzebuurger oder europäeschem Niveau, déi e Bierger, deen d'App net installéiert wëllt, vu gewëssenen Aktivitéite kéinten ausschléissen? Wéi eng Restriktiounen wieren an den Ae vun der Lëtzebuurger Regierung akzeptabel?

b. Ass d'Regierung der Meenung, dat een nach vu „fräiwëlleg“ schwätze kann, wann d'Notze vun esou enger Applikatioun d'Konditioun ass, fir u verschiddenen Evenementer deelzehuelen oder fir Aktivitéiten dierfen ze maachen?

c. Wéi steet d'Regierung zum Beispill zu Iwwerleeungen op europäeschem Niveau, fir d'Reesfräiheet oder Deplacementer un d'Installéiere vun enger Tracingapp ze bannen? Wat géif d'Lëtzebuurger Regierung op europäeschem Niveau maachen, wann d'Regierung vun den aneren EU-Länner esou Restriktiounen an d'Gespréich bréngen? Wéi wëllt d'Regierung d'Fräiheet a besonnesch d'Reesfräiheet an Europa schützen an duerchsetzen, wann aner Länner op nationalem Niveau d'Notze vun enger App wëlle virschreiwene?

2. Och d'Genaukeet vun der App a praktesch Ufuerderunge si problematesch.

a. Ass et richtig, wéi PEPP-PT ermëttelt huet, dat 10 bis 30 Prozent vun de Kontakter net erkannt ginn oder e Feelalarm sinn, well zum Beispill d'Distanz vun der GPS-Funktioun falsch ageschat gouf?

b. Wéi vill Lëtzebuurger hunn e Mobiltelefon, op deen esou eng App kann installéiert ginn (an Däitschland schwätzt d'Press vun 30 Prozent vun de Leit, déi net an deem Fall sinn)?

c. Sinn dës technesch Problemer e Grond fir de Choix vun eiser Regierung, keng App ze recommandéieren? Wéi géif eng eventuell europäesch Decisioun fir esou eng App dës technologesch Problemer aus der Welt schafen?

3. D'Date vun enger Tracingapp müssen entweder zentral oder dezentral gespäichert ginn. Béid Späicher méiglechkeeten droen de Risiko vun engem Leak oder vu Mëssbrauch: Wéi géif d'Regierung, am Fall vun enger europäescher App, de Schutz vun den Daten an der Privatsphär als Grondvoraussetzung vun Dateschutz garantéieren?

a. Ass d'Regierung der Meenung, dat den Dateschutz an d'Privatsphär elementar Grondrechter sinn an och an enger Krisenzäit net dierfe vergiess an/oder geaffert ginn? Ass d'Regierung der Meenung, dat och an enger Krisenzäit de Staat kee Recht op eng total Iwwerwaachung a Kontroll vun der Gesellschaft als Ganzt dierf hunn?

b. Et ass public, dat Google an Apple dat dezentraalt Konzept ënnerstëtzen an déi entsprecheend Infrastruktur an hir Betriebssystemer abauen. Dat bréngt eng grouss Ofhängegkeet vun zwee Konzernrise mat sech, wat zu weidere Problemer a Risike féiere kann. Wéi steet d'Regierung dozou, a wat fir méiglech Problemer gesäit si domat verbonnen?

c. Am Fall vun dezentraliséierter Späicherung wéi bei Google an Apple wieren enger Kommerzialiséierung vun de gesammelten Donnéeen jo kaum Grenze gesat. Wéi wëllt d'Regierung esou e Mëssbrauch verhënneren?

4. Ass bei all deene Bedenken eng eventuell europäesch Decisioun fir eng App ze akzeptéieren oder géif d'Regierung fir esou eng europäesch Decisioun Eestëmmegkeet verlaangen an dës mat engem Veto blockéieren?

5. Wéi ginn d'Rechter vun de Bierger protegéiert, wann an deenen enge Länner d'Daten zentral gespäichert géife ginn an an aneren dezentral?

tral? Ass eng Kompatibilitéit vun esou ënnerschiedleche Systemer denkbar a wéi géif déi konkret ausgesinn?

Réponse commune (29.06.2020) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

D'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 2026, N° 2123 an N° 2228, op déi mir den honorabelen Deputéierten invitéiere sech ze bezéien, beschreiwene d'Moossnamen, déi zur Benotzung vun neien Technologien an der Geschiicht vun der Gesondheetskris geholl goufen, a ginn un, dat d'Regierung fir de Moment keng Tracingapplikatioun benotzt oder virgesäit. D'Regierung setzt weiderhin op d'Verstärkung vun de Ressourcen, fir d'Qualitéit vun dem manuellen Tracking ze garantéieren.

Dës Approche ass op kee Fall inkompatibel mat dem technologeschen a juristeschen „Monitoring“ vun nationalen, europäeschen an internationalen Entwécklungen. Zu de rezentsten Entwécklungen zielt, dat den eHealth-Netzwerk, deen aus Verrieder vun de Memberstaaten an der Europäescher Kommissioun zesummegeat ass, technesch Spezifikatiounen fir d'Interoperabilitéit vu Kontakt-Tracingapplikatiounen ginn huet.² Dës sinn un d'Entwéckler vun Applikatiounen an un d'Memberstaaten adresséiert, déi eng Tracingapplikatioun virgesinn. Doriwwer eras huet d'Europäesch Unioun en interaktiv Outil publizéiert, fir de Bierger ze hëllefen, intern europäesch Reesen ze plangen.³

Eis sinn op EU-Niveau keng Restriktiounen bekannt fir Leit, déi keng Tracingapp benotzen.

Question 2308 (29.05.2020) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant l'**engagement du personnel dans le cadre des tests du coronavirus** :

Am Kader vun de flächendeckenden Tester an de Covid-19-Testzentren am Land, gëtt op international Personal zréckgegraff, dat iwwer zäitlech begrenzte Vollzäitkontrakter. Dës Aarbechtsplaze sinn ënner anerem vun Interimsagencen ausgeschriwwen ginn. D'Personal gëtt an de Beräicher Gesondheets- a Krankefleg, Dateveraarbechtung, Labortechnik a Sécherheet beschäftegt.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir d'Recherche gär follgend Froe stellen:

1. Firwat ass keen Opruff un déi Leit gemaach ginn, déi sech am Kader vun engem CDD-Kontrakt vun dem Covid-19-Programm, am Abrëll a Mee, beim Staat gemellt haten?

2. Firwat sinn d'Kontrakter vun deene Leit, déi am „centre de soins avancés“ um Kierchbierg ugestallt goufen, net zurzäit verlängert ginn, iwwert de 29. Mee 2020 eras?

3. An Däitschland huet sech erausgestallt, dat eng Rei Betriber, déi mat internationalem Personal vun Interimsagencen geschafft hunn, sougenannte „Corona-Hotspots“ sinn. Wat fir eng Sécherheetsmesur sinn ergraff gi bei deenen Interimsaarbechter am Kader vun der nationaler Covid-19-Campagne?

Réponse (30.06.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

Generell gouf d'Personal fir flächendeckend Covid-19-Tester, souwäit et méiglech war, aus Lëtzebuerg an der Groussregioun rekrutéiert an et gouf op eng Zesummenaarbecht mat der Réserve sanitaire zréckgegraff. Konkreet gouf en Opruff u Leit vun der Réserve sanitaire gemaach, deenen hire Berufsprofill et erlaabt, fir Ofstrécher am Hals ze maachen. E groussen Deel vu Mataarbechter konnt esou fir dës Aufgab op den Teststatiounen gewonne ginn.

² https://ec.europa.eu/health/ehealth/key_documents_fr

³ <https://reopen.europa.eu>

Le saviez-VOUS ?

DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.



D'Firma Ecolog huet Leit vun der Réserve sanitaire kontraktlech gebonnen an dowéinst sinn déi Kontrakter mam Staat net iwwert den 29. Mee 2020 erausgaangen.

D'Mataarbechter, déi Ofstrécher am Hals vun de Participanté vun de flächendeckende Covid-19-Tester maachen, benotze fir déi Ausféierung dat néidegt Schutzmaterial (Masken, Händschen, Plexiglasgesichtsschiermer, speziell Overallen an Desinfektionsmëttel). D'Leit an de Laboe si mat Masken, Händschen an enger Schipp ekipéiert (och mat Gesichtsschiermer, wann néideg).

Question 2310 (29.05.2020) de **MM. Gusty Grass** et **André Bauler** (DP) concernant la réforme de la politique agricole commune :

Les discussions sur la réforme de la politique agricole commune (PAC) pour l'après-2020 sont en cours. Or, étant donné que les négociations ont pris un certain retard, les dispositions de la nouvelle PAC ne pourront pas s'appliquer, comme prévu, à partir du 1^{er} janvier 2021. Comme pour la dernière réforme de la PAC, une période transitoire devra être mise en place.

Actuellement, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural peut accorder aux entreprises agricoles des aides en faveur de l'investissement en biens meubles et immeubles conformément aux dispositions de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales. Ces régimes d'aides sont applicables pour la période du 10 novembre 2016 au 31 décembre 2020.

Pour les agriculteurs qui sont en train d'investir ou qui souhaitent investir très prochainement, il est important de connaître les répercussions d'une phase transitoire sur leurs projets et les aides auxquelles ils auront droit.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

- 1) Quelle sera la durée probable de la phase transitoire qui devra débiter le 1^{er} janvier 2021 ?
- 2) Quels changements y aura-t-il pour les aides d'investissements en biens meubles et immeubles ? Est-ce que les taux d'aides seront adaptés ? Est-ce que les plafonds des aides seront augmentés ?
- 3) Qu'en est-il des exploitations agricoles qui ont atteint le plafond du subside auquel ils avaient droit pendant la période actuelle ? Est-ce qu'elles pourront réinvestir lors de la phase transitoire ou devront-elles attendre la mise en place d'un nouveau régime ?
- 4) À quel moment Monsieur le Ministre compte-t-il communiquer sur les détails des aides qui seront en vigueur après le 1^{er} janvier 2021 ?

Réponse (19.06.2020) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

Les questions sont relatives à la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales.

ad 1) Selon les prévisions actuelles, il faut s'attendre à ce que le cadre juridique de la nouvelle politique agricole commune ne sera adopté au niveau européen qu'au cours du premier semestre de l'année 2021, de sorte que la réglementation nationale de mise en œuvre entrera en vigueur avec un décalage de deux ans.

ad 2) Le Conseil de Gouvernement vient d'adopter en sa séance du 29 mai 2020 un projet de loi et un projet de règlement grand-ducal prévoyant les dispositions nécessaires pour assurer la continuité du soutien financier au secteur agricole après le 31 décembre 2020.

Ainsi, le projet de loi prévoit : une augmentation du plafond d'investissement pour les investissements en biens immeubles, une majoration du plafond d'investissement pour des investissements en biens meubles déterminés et une majoration du taux d'aide pour des investissements déterminés.

ad 3) Les plafonds prévus pour la période 2014-2020 viennent à expiration le 31 décembre 2020. Au vœu du projet de loi les nouveaux plafonds pour la période 2021-2027 s'appliqueront à partir du 1^{er} janvier 2021, avec perte des plafonds non épuisés de la période précédente.

ad 4) Le projet de loi sera prochainement discuté par la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural de la Chambre des Députés et a été abordé à l'occasion d'une conférence de presse le 16 juin 2020.

Question 2311 (02.06.2020) de **M. André Bauler** et **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant la préretraite solidarité :

Le 1^{er} juillet 2018, la préretraite solidarité a été abrogée. Pourtant, des dispositions dérogatoires ont été fixées pour les entreprises couvertes par une convention collective ou par une convention avec le Ministère du Travail.

Conformément à l'accord entre le Gouvernement et les syndicats du 28 novembre 2014, la préretraite solidarité reste transitoirement d'application après le 30 juin 2018 pour les entreprises dans lesquelles une Convention collective de travail (CCT) a été conclue avant le 1^{er} juillet 2018 (jusqu'à la date d'échéance de la CCT) et dans les entreprises couvertes par une convention en matière de préretraite solidarité signée avant le 1^{er} juillet 2018 avec le Ministre du Travail.

La préretraite solidarité sera définitivement abolie lorsque les conventions précitées seront arrivées à échéance.

Il nous revient maintenant que le Ministère du Travail a suspendu, suite à la crise sanitaire, les demandes à la préretraite solidarité dans le secteur hospitalier introduites durant l'état de crise.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

- 1) Monsieur le Ministre peut-il nous renseigner sur le cadre juridique de cette mesure et sur les lois ou règlements par lesquels cette mesure est justifiée ?
- 2) Monsieur le Ministre peut-il nous fournir des informations sur l'application de cette mesure durant la phase de déconfinement en précisant les dates et le cadre réglementaire y relatif ?
- 3) Le droit à la préretraite solidarité pour toutes les demandes en cours sera-t-il garanti après la fin de l'état de crise ?

Réponse (02.07.2020) de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1) + 2) Vu que le développement de la crise sanitaire n'était pas prévisible à cette époque et étant donné qu'il était impossible d'évaluer de manière exacte l'impact de cette crise pour le système de santé publique au Luxembourg, le Ministère du Travail a pris la décision de suspendre les demandes à la préretraite solidarité dans le secteur hospitalier introduites durant l'état de crise.

Cette mesure préventive a eu comme but principal d'éviter une pénurie de personnel qualifié et expérimenté dans les hôpitaux luxembourgeois au cas où la crise sanitaire devrait atteindre son point culminant et de sauvegarder ainsi l'intérêt général de la population.

ad 3) Les décisions ministérielles d'admission à la préretraite solidarité pour les dossiers complets tenus en suspens en raison de l'état de crise ont été préparées récemment et les employeurs concernés en ont été informés.

Resteront en suspens les dossiers pour lesquels l'embauche de compensation fait encore défaut. En application de l'article L.581-7, paragraphe (2), du Code du travail une décision d'admission à la préretraite ne peut être prise que sur le vu d'un avis favorable de l'ADEM au sujet de cette embauche.

À noter que l'admission à la préretraite solidarité ne constitue pas un droit acquis pour les salarié(e)s concerné(e)s. L'article L.581-2 du Code du travail dispose en effet que le salarié désirant bénéficier de la préretraite solidarité « peut [...] demander à l'employeur de consentir, dans le cadre d'une convention spéciale, à la résiliation du contrat de travail et au versement de l'indemnité de préretraite [...] ». Un départ en préretraite solidarité n'est donc possible qu'avec l'accord de l'employeur.

Enfin, au vu du fait que la convention collective de travail applicable au secteur hospitalier a été dénoncée au 31 mars 2020 et qu'en application de l'article L.162-10 (1) du Code du travail elle ne cessera ses effets qu'à partir de l'entrée en vigueur d'une nouvelle convention et au plus tard le premier jour du douzième mois de sa dénonciation, des départs en préretraite solidarité peuvent se faire jusqu'à la fin du mois de mars 2021, à moins qu'une nouvelle convention collective de travail entre en vigueur avant cette date.

Question 2313 (02.06.2020) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant la diminution des populations d'oiseaux :

Déi lescht Jore muss ee leider feststellen, dass esou munch Aarten aus eiser Vullewelt vum

Ausstierwe bedreet si respektiv d'Populatioun staark zrëckgeet. Dësen Émstand ass awer net eleng op déi intensiv Landwirtschaft mat hirem Gebrauch vu Pestiziden zrëckzeféieren. Speziell d'Buedembréier sinn heivun am meeschte befraff. Et muss een och feststellen, dass d'Allesfriesser an déi sougenannte Raubdéier ëmmer méi zouhuelen.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Émweltministesch:

1. Goufe bis dato ewell Analysen duerchgefouert, op wat fir eng Émstänn dëse Réckgang vu Vullenaarten zrëckzeféieren ass?
2. Wa jo: Wéi gesinn dës Analysen aus a si Géigemoosname geplangt? Wéi sollen dës Géigemoosname konkret ausgesinn?
3. Wann nee: Wär de Ministère bereet, esou Analysen duerchzeféieren?

Réponse (02.07.2020) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

Et ass fachlech unerkannt, dass d'Zerstéierung, d'Veeraarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim souwéi d'Aféiere vun net heemeschen Aarten déi véier Haaptgrënn fir de Biodiversitéitsverloscht sinn.

Lëtzebuerg ass do keng Ausnam. Den Asaz vu Pestiziden an Dünger, d'Drècheleë vu Fiichtgebiddere an d'Eliminatoire vum natierleche Strukturren an der Landschaft souwéi d'Bebauung hunn zu enger dramatescher Veeraarmung, Verännerung an Zerschneidung vun den natierleche Liewensraim gefouert, bis hin zu hirer Zerstéierung, wat zum Bestandsréckgang a souguer Ausstierwe vu villen Aarte gefouert huet.

Ech kann net confirméieren, dass déi „sougenannt Raubdéieren ëmmer méi zouhuelen“, wéi vum honorabelen Deputéierten enoncéiert. Am Contraire: Vill vun den natierlech zu Lëtzebuerg virkommende Gräifvullen a fleeschfriesende Mammendéieren si seelen, bedrot oder säit Längerem ausgestuerwen. Dëst aus dem einfache Grond, dass och si ënnert den uewen ernimmte Problemer leiden.

Och beim an dësem Zesammenhang heefeg zitëierte Fuuss ginn et keng Indizien, déi op eng Hausse vun der Populatioun hiweisen. Domat soll net ugedeit ginn, dass de Fuuss zu Lëtzebuerg seelen oder bedrot wier. Déi disponibel Zuelen, notament unhand vun de systemateschen Opname mat Wëldkameraen, deiten op ee gläichbleiwenden, stabile Bestand hin. Och d'Populatioun beim Steemarder ass stabil ze gesinn. Och hei gëtt et keng Indizien, dass déi géif zouhuelen.

ad 1. Jo. Lëtzebuerg huet wéi all EU-Memberstaaten d'Obligatioun, all sechs Joer am Kader vun engem sougenannte „Reporting“ d'Situatioun vun der Natur, an domat och allen zu Lëtzebuerg wëll virkommende Vullenaarten, op Brëssel ze mellen. Dës Analys ass ënnert der Opsicht vum Ministère fir Émwelt, Klima an nohalteg Entwécklung vum Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST) an Zesammenarbecht mat de jeeweilegen Experten, wéi dem Naturmusée an der Centrale ornithologique, duerchgefouert ginn an am Joer 2019 op Brëssel kommunizéiert ginn. D'Analys beinhalt gläichfalls och d'Zesummstellung vun den Ursaache vum Réckgang bei der jeeweileger Aart.

Weider huet zu Lëtzebuerg notament den Observatoire de l'environnement naturel de Rôle, den Zoustand vun der natierlecher Émwelt ze iwwerwaachen, a mécht a senger Rapportee reegelméisseg dorop opmierksam.

ad 2. D'Analys aus dem Reporting vun 2019 ergëtt follgend Zuelen: Bei 39 Vullenaarten ass an der Landwirtschaft eng vun den Haaptursaache vum Réckgang ze sichen; bei 20 Vullenaarten ass et d'Bebauung, a bei 10 Vullenaarten sinn et d'Liewensraumverännerungen etc.

Am Kontext mat der Fro vum honorabelen Deputéierten ass ze ënnersträichen, dass fir nëmmen dräi Vullenaarten aner Aarten duerch Konkurrenz oder Predatioun als Ursaach identifizéiert gi sinn, allerdéngs net mat héchster Prioritéit.

Iwwer follgende Link kënnen déi Informatiounen ofgeruff ginn:

<https://www.eea.europa.eu/themes/biodiversity/state-of-nature-in-the-eu/article-12-national-summary-dashboards/main-pressures-and-threats>

Géigemoosnamen, déi geplangt respektiv ergraff gi sinn:

- legale Schutz vun alle wëllen, zu Lëtzebuerg virkommende Vullenaarten, hiren Näschter, wéi Duerchzuch- an Iwwerwanterungsgebiddere, duerch d'Naturschutzgesetz a seng Reglementer;

- legale Schutz vun den Narungsliewensraim vun de Vullenaarten duerch d'Naturschutzgesetz a seng Reglementer;

- Aféierung vum Ökopunktesystem am neien Naturschutzgesetz an dem staatlech organiséierte Kompensatiounspool;

- systematesch Ausweisung vun nationalen Naturschutz- an europäeschen Natura-2000-Gebiddere;

- Entwécklung an Ëmsetzung vun de Gestionspläng an de Schutzgebiddere an Entwécklung vun Aarteschutzpläng fir déi bedrotteste Vullenaarten;

- Weiderféierung an Ausbau vun der naturnoer Bëschbewirtschaftung vun den öffentleche Bëschere, déi de jëtzege relativ gudden Zoustand vun de Bëschvullenaarten erkläert;

- Ausschaffung respektiv Verbesserung vun de Subventiounsregimere fir d'Bewirtschaftere vu Forstbau a Landwirtschaft, wéi notament déi erfollegräich Biodiversitéitsprogrammere;

- Promotioun vun der biologescher Landwirtschaft;

- ...

D'Detailer sinn am nationalen Naturschutzplang (PNPN), deen den 13. Januar 2017 vum Regierungsrat approvéiert ginn ass, souwéi an den eenzele Gestions- oder Aktiounspläng nozeliesen.

ad 3. De Ministère fir Émwelt, Klima an nohalteg Entwécklung wäert weiderhi verdéierend Analyse virundreiwene.

Question 2326 (03.06.2020) de **M. Serge Wilmes** (CSV) concernant les véhicules de fonction et de société :

Dans le cadre d'une conférence de presse au sujet des aides à la rénovation de l'habitat le 29 mai 2020, le Ministre de l'Énergie a annoncé entre autres que les véhicules de fonction et de société devront être électriques à 100 %.

C'est à ce sujet que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre d'État et à Monsieur le Ministre des Finances :

- Messieurs les Ministres partagent-ils l'annonce faite par Monsieur le Ministre de l'Énergie en ce qui concerne les véhicules de fonction et de société ?

- Alors que le secteur automobile luxembourgeois n'a pas été épargné par la crise sanitaire, Messieurs les Ministres estiment-ils opportun de faire une telle annonce qui risque de toucher davantage le secteur visé, qui engage actuellement environ 5.000 salariés ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils me dire si des discussions concrètes ont déjà été menées à ce sujet et si ces dernières ont, le cas échéant, été menées conjointement avec les représentants du secteur automobile concerné ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils me renseigner sur l'échéance d'une telle mesure et me fournir de plus amples détails concernant le régime fiscal lié aux véhicules de fonction et de société ? Messieurs les Ministres envisagent-ils une période transitoire afin que le secteur puisse se préparer de manière adéquate ?

Réponse commune (01.07.2020) de **M. Pierre Gramagna**, *Ministre des Finances*, de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

L'annonce du Ministre de l'Énergie Claude Turmes reflète les objectifs exprimés dans le cadre du Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (2021-2030) (PNEC) et du programme gouvernemental qui prévoit une nouvelle révision de l'avantage en nature des véhicules de fonction, afin de promouvoir davantage l'électromobilité.

Le Gouvernement préparera en automne 2020 une réforme des critères environnementaux du secteur du leasing traditionnel. Cette réforme traduira les objectifs ambitieux du PNEC en matière de mobilité sans émissions, afin de rendre l'utilisation des véhicules 100 % électriques plus attractive. Dans ce cadre, des discussions seront menées avec le secteur concerné et une période de transition est prévue.

Concernant la question de l'honorable Député sur le régime fiscal lié aux véhicules de fonction et de société, il est à préciser que la mise à la disposition à titre gratuit ou à prix réduit d'une voiture au salarié pour utilisation privée, constitue un avantage en nature qui est à soumettre à la retenue d'impôt à la source sur les salaires. Les modalités d'imposition concernant les



avantages en nature sont régies par l'article 104 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (LIR) et le règlement grand-ducal du 23 décembre 2016 portant exécution de l'article 104, alinéa 3, de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu.

De manière générale, la loi distingue entre deux cas de figure, à savoir les avantages qui sont évalués au prix moyen usuel du lieu de consommation ou d'usage et de l'époque de la mise à la disposition (alinéa 2 de l'article 104 LIR) et les avantages qui sont évalués forfaitairement si l'application rigoureuse des règles d'évaluation de l'alinéa 2 de l'article 104 LIR pose des problèmes sur le plan de l'exécution pratique des dispositions en question (alinéa 3 de l'article 104 LIR). En matière de l'évaluation forfaitaire, la réforme fiscale de 2017 a introduit divers taux pour déterminer l'avantage en nature forfaitaire à déclarer par le bénéficiaire en remplacement de l'ancien taux unique de 1,5 pour cent, et ce en distinguant en fonction de la hauteur des émissions de CO₂ émises par les véhicules. L'avantage en nature est évalué forfaitairement depuis l'année d'imposition 2017 entre 0,5 et 1,8 pour cent par mois de la valeur du véhicule neuf.

Il faut noter qu'environ 40 % des voitures immatriculées au Grand-Duché de Luxembourg profitent de l'avantage fiscal du leasing opérationnel. Ce régime présente un levier important dans le domaine de l'électrification du parc automobile et doit également, et en contrepartie de l'avantage fiscal accordé, participer activement à l'effort collectif dans le domaine de la protection du climat.

En ce qui concerne le soutien au secteur automobile luxembourgeois dans le cadre de la crise du Covid-19, il faut relever le fait que le secteur peut profiter d'une large panoplie d'aides mises en place par le Gouvernement, comme par exemple le régime du chômage partiel, le régime d'aides remboursables et non remboursables pour petites et moyennes entreprises et indépendants en difficulté ou encore le régime d'aides temporaires pour le commerce de détail en magasin.

Par ailleurs, le Gouvernement vient de décider d'augmenter la prime à l'achat d'une voiture 100 % électrique qui s'élève dorénavant à 8.000 euros.

Question 2327 (04.06.2020) de **M. André Bauler** (DP) concernant les **demandes de classement comme monument national** :

Il me revient que des immeubles sis à Wahlhausen sur le territoire de la commune de Parc Hosingen, appelés « Schwäizer Buden », érigés directement après la Deuxième Guerre mondiale pour héberger provisoirement les habitants sinistrés de ce village ardennais, pourraient faire l'objet d'un classement comme monument national ou être inscrits à l'inventaire supplémentaire.

De même, une barrière pour blindés, nommée couramment « Panzersperre », mise en place par les autorités luxembourgeoises quelques jours seulement avant l'invasion allemande du 10 mai 1940 sur la route entre Rodershausen et Hosingen, pourrait également être classée. En effet, je viens d'apprendre qu'une demande en la matière vient d'être introduite auprès de l'Administration des sites et monuments nationaux. Depuis des décennies ladite « Panzersperre » se trouve dans un ravin difficilement accessible d'une forêt privée.

Or, il me revient aussi que les édiles communaux de Parc Hosingen aimeraient placer cette « Panzersperre » en un endroit bien accessible et visible de leur commune afin de la valoriser et d'informer les personnes intéressées des événements du 10 mai 1940 - en particulier dans le canton de Clervaux - dans de bonnes conditions.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture :

- Madame la Ministre peut-elle fournir des précisions relatives aux suites réservées à ces demandes de classement ?

- Le Ministère de la Culture a-t-il déjà organisé un/des échange(s) de vue avec la commune de Parc Hosingen afin d'élucider les questions diverses qui se posent dans ce contexte ?

- Madame la Ministre est-elle disposée à soutenir la valorisation et la conservation de ladite barrière en un autre endroit de la commune, plus abordable et plus perceptible ?

Réponse (30.06.2020) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

En date du 6 février 2019, la Commission des sites et monuments nationaux a rendu un avis favorable quant à l'inscription à l'inventaire supplémentaire de quatre anciennes habitations de fortune du Don Suisse situées à Hosingen et à Wahlhausen sur le territoire de la commune de Parc Hosingen. Conformément aux dispositions de l'article 4 de la loi modifiée du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux, les propriétaires ainsi que la commune de Parc Hosingen ont été entendus en leurs avis.

L'intérêt historique et architectural, tel que retenu notamment par des experts du Service des sites et monuments nationaux et de la Commission des sites et monuments nationaux, est motivé comme suit :

« Les anciennes habitations de fortune (Notbehäusungen) du Don Suisse sont situées hors des villages dans la commune de Parc Hosingen. Ces bâtisses sont des témoins des énormes destructions et de la reconstruction suite à la Seconde Guerre mondiale et surtout à la Bataille des Ardennes. Les anciennes habitations de fortune sont un témoin de l'histoire rurale de la commune de Parc Hosingen. Elles sont importantes non seulement pour sa situation et le paysage mais aussi pour son appartenance à un type et un style architectural particulier. Sur ces critères, elles présentent au point de vue historique, architectural et esthétique un intérêt public à être protégé. »

En date du 4 décembre 2019, la Commission des sites et monuments nationaux a rendu un avis favorable quant au classement comme monument national de ladite « Panzersperre » faisant partie de la ligne Schuster. Conformément aux dispositions de l'article 4 de la loi modifiée du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux, les avis de la commune de Parc Hosingen ainsi que du propriétaire de la forêt privée où se situe l'objet en question ont été demandés, qui devront me parvenir sous peu.

L'intérêt historique et archéologique, tel que retenu notamment par des experts du Centre national de recherche archéologique et de la Commission des sites et monuments nationaux, est motivé comme suit :

« Les conditions de la création et de la destruction de ces vestiges sont des moments de l'histoire du monde qui font de la Schuster-Linn un témoignage vivant d'événements historiques d'une importance particulière. Ces vestiges architecturaux et superficiels témoignent de l'évolution des techniques de construction de défense et de fortification dans la première moitié du XX^e siècle, ainsi que de ses motivations idéologiques. En raison de la connotation hautement historique de la Schuster-Linn dans la mémoire collective luxembourgeoise, le site doit être qualifié de monument national. Sur ces critères, la conservation et la protection de ce site nous semble d'intérêt public. »

En date du 10 février 2020, une réunion a été organisée entre des agents du Service des sites et monuments nationaux et des représentants de la commune de Parc Hosingen afin d'élucider diverses questions concernant les anciennes habitations de fortune du Don Suisse. La commune de Parc Hosingen a proposé de procéder à des analyses desdits immeubles. L'achèvement de la protection nationale dépendra de ces analyses.

Comme précisé ci-dessus, j'ai notifié la proposition de classement comme monument national à l'administration communale du Parc Hosingen concernant les vestiges de la ligne Schuster, ceci en date du 21 avril 2020. A ce jour, il n'y a pas encore eu d'autres échanges avec l'administration communale de Parc Hosingen afin d'élucider les questions diverses qui se posent dans ce contexte.

La question sur un éventuel déplacement de la barrière devra être discutée au niveau scientifique, notamment en ce qui concerne l'incidence qu'aurait un tel déplacement de la barrière hors de son cadre géographique et historique sur la perception et la contextualisation du monument.

Question urgente 3204 (26.11.2020) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **société de gardiennage privée dans le quartier de la gare et au centre-ville** :

An engem „RTL“-Artikel vum 25. November war ze liesen:

„RTL“-Informationen no iwwerhëlt eng privat Sécherheetsfirma d'Surveillance am Garer Quartier, mee och an der Uewerstad bis Enn

Januar, dat op Basis vun enger Decisioun vum Stater Schäfferot.

[...]

Ennerwee sinn also während dem Dezember a Januar Ekippe vu Sécherheetsleit mat Hënn, eng Aktioun, déi Visibilitéit um Terrain soll markéieren an och mat der Police an dem Stater Geschäftsverband ofgeschwat gouf. D'Police-Presenz um Terrain soll deemno vu private Security-Leit ënnerstëtzt ginn.“

An deem Zesummenhang wëllt mir dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Kann de Minister d'Informationen aus dem Artikel konfirméieren?
2. Wéi eng Kompetenze kréien d'Employéë vun der privater Sécherheetsfirma? Woura wäert hir Aufgab bestoen?
3. Firwat goufen Aufgabe vun der Police un eng privat Sécherheetsfirma ofginn?

Réponse (01.12.2020) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Et ass eng Decisioun, déi d' Stad Lëtzebuerg an engem Schäfferot geholl huet. De Ministère selwer ass de 24. November 2020 an eng Reünion de travail vun dëser Initiativ informéiert ginn a war net am Decisionsprozess matagebonnen.

ad 2. + 3. D'Police huet keng Aufgab un eng Sécherheetsfirma ofginn an et ass eleng d'Gemeng déi hei zoustänneg ass.

Question urgente 3214 (27.11.2020) de **MM. Jeff Engelen** et **Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **tests PCR** :

D'Fallzuelen, déi d'Santé a Bezuch op Covid-19 erausgëtt, waren an der Lescht geklommen. D'ropshin hat d'Regierung schonn Enn Oktober, iwwert en neit Covidgesetz, d'Restriktionen erëm verschäerft an erweidert. Fir hir Politik an hir Moosnamen ze begrënnen a Restriktionen ëmsetzen, stëtzt d'Regierung sech zënter Méint op d'Fallzuelen, ermëttelt duerch de sougenannte PCR-Test vu Fast Track Diagnostics. Dëst werft e puer drénglech Froen op, ënner anerem, well déi bestoend Restriktionen elo schonn erëm mat engem neie Covidgesetz verlängert an erweidert goufen, an och e partielle Lockdown verhaange gouf.

An deem Kontext wëllt mir der Madamm Gesondheitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister eis soen, wéi et aktuell ëm d'Feelerhaftegkeet vun de Lëtzebuerg PCR-Testresultater steet? Gëtt d'Feelerhaftegkeet vun de Lëtzebuerg Testresultater an engem Suivi reegelméisseg kontrolléiert? Wa jo, wéi gëtt dëst kontrolléiert a vu wéi?

2. Kann d'Madamm Minister eis soen, wéi et mat der Qualitéit vun deem zu Lëtzebuerg genotzte PCR-Test vu Fast Track Diagnostics ausgesäit, also wéi vill Prozent Sensitivitéit a wéi vill Prozent Spezifisitéit huet dësen Test?

3. Stëmmt et, datt de PCR-Test vun der Food and Drug Administration (FDA) net getest a gepreift gouf - net ewéi et bei dëser Zort vu medezinneschem Produkt an der Reegel gemaach gëtt, woufir schliisslech och e puer Joer gebraucht ginn - an net fir d'Laboer generell zougehoos gouf, well en nëmme eng Noutfallgeneemegung (Emergency Use Authorization - EUA) vun der amerikanescher Aggregatioun FDA am Kader vun engem Schnellverfuere kritt huet? Ass et richtig, datt de PCR-Test och just a Laboer duerf genotzt ginn, déi ënner de Clinical Laboratory Improvement Amendments (CLIA, 1988; 42 U.S.C. § 263a) zertifizéiert sinn, fir héich komplex Tester duerchzuführen? Wat heescht dëst fir d'Lëtzebuerg Laboer? Den Test soll och nëmme vu geschoultem Labopersonal gemaach ginn, dat mat der Duerchführung vun dësem vertraut an duerch d'prakteschen Erfarung geübt doran ass.⁴ War dëst zu Lëtzebuerg bis haut garantéiert?

4. Den zu Lëtzebuerg genotzte PCR-Test vu Fast Track Diagnostics dréit eng CE-Zeechnung. Et ass den Hiersteller selwer, dee säi Produkt mat dësem Logo kennzeechent, fir ze soen, datt hien déi fir säi Produkt relevant EU-Richtlinien agehalen huet. Et handelt sech dobäi nëmme ëm e „Verwaltungszechen“ an net ëm eng Qualitéitskennzeechnung („Gütesiegel“). Fir bestëmmte Medezinprodukte, wéi In-vitro-Diagnostika, muss awer eng sougenannte „Benannte Stelle“ ageschalt ginn. Do gëtt d'Erfülle vun allen Ufuerderungen - a Bezuch op d'Sécherheet, d'Leeschtungsfaegkeet

an den Notzen, ewéi och d'Iwwerwaache während dem gesamte Produktlebenszyklus - an engem Konformitéitsbewäertungsverfuere nogewisen. Déi bedeelegt Institutioon léisst sech dann iwwer eng véierstellig Kennnummer hannert dem CE-Zeechen identifizéieren.

- Kann d'Madamm Minister soen, ob deen zu Lëtzebuerg genotzte PCR-Test esou e Konformitéitsbewäertungsverfuere duerchlaf huet? Wa jo, wat fir eng Kennnummer dréit dëst Produkt dann hannert dem CE-Zeechen an ëm wat fir eng Institutioon handelt et sech dobäi?

5. Et gouf op verschiddene Plaze behaupt, ewéi och de 5. August 2020 op RTL vum Prof. Dr. Ulf Nehrbass, Generaldirekter vum Luxembourg Institute of Health (LIH) a Coordinateur vun der Covid-19-Taskforce, datt et am Kader vun der éischter Large-Scale-Test-Campagne zu Lëtzebuerg keng falsch Negativ-Tester an och keng falsch Positiv-Tester goufen.

- Kann d'Madamm Minister erklären, wéi dëst konkreet kontrolléiert gouf an op wat fir Fakten a Beweiser sech fir dës Behauptung gestëtzt gëtt? Ass et net esou, datt esou eng staark Behauptung fir dëst Testverfuere u sech guer net méiglech ass, well dofir bei all einzeler Testperson och eng Rei „Notestungen“ hätte misse gemaach ginn, esou wéi nach weider Faktoren hätte misse berücksichtegt ginn - grad ewéi de Fakt, datt et keng perfekt Echantillone gëtt, wéi d'Madamm Gesondheitsminister dat jo selwer schonn erkläert huet?

6. Bei der „Polymerase Chain Reaction“ (PCR) hu mer et mat enger Testmethod ze dinn, déi esou héichempfindlech ass, datt si esouguer en einzelt Erbmolekül vum Virus nowiese kann. Wann da groussflächeg mat der PCR-Method op den Erreger (Virus) getest gëtt, bréngt dat mat sech, datt duuss Fäll an esouguer kargesond Menschen an engem Meldestatistik vu wierklech betreffenen an doudkranke Menschen opgeholl ginn, wouduerch d'Statistik extreem héich gëtt an déi sougenannte „Fallzuelen“ explodéieren. Et sollt méi staark ënnerscheet ginn, tëscht medezinnesch noutwendeger Diagnostik a wëssenschaftlech Interesse (wéi Fuerschungszwecker). Dëst ass eng Erklärung, déi de Chefvirolog vun der Berliner Charité, Prof. Dr. Christian Drosten, schonn 2014, am Kader vun enger Teststrategie mat intensivem PCR-Testen a Bezuch op eng fréier Coronavirus-Erkrankung, an engem Interview mat der WirtschaftsWoche ginn huet.

- Deelt d'Madamm Minister dës Aussoe vum bekannte Virolog Prof. Dr. Drosten, oder gesäit si dëst anescht? Wéi begrënn si dat? Erkennt d'Madamm Minister dee vum Här Prof. Dr. Drosten erkläert Problem, dee sech ergëtt aus där Teststrategie, no där och d'Lëtzebuerg Regierung verfiert?

7. Allgemeng gëtt d'Strategie vum groussflächegen Testen zënter Méint ëmmer méi a Fro gestallt, esou zum Beispill och duerch den „ALM-Verbandsvorsitzenden“ (Verband der Akkreditierten Labore in der Medizin). Esou zitéiert d'„Arzteblatt“ online den 8. Juli 2020 de Verbandsvorsitzende Michael Müller, dee sot, d'Flächenteste vun alle Bierger wier „weder medizinsch angemessen noch epidemiologisch effektiv, sondern letztendlich eine nicht notwendige Verschwendung von Finanzmitteln“ a warnt: „Wir haben immer auch die begrenzten Ressourcen unseres Gesundheitssystems im Blick zu behalten.“ An deem Kontext warnt och de Jan Kramer aus dem ALM-Virstand: „Ein PCR-Test, der bei asymptomatischen Personen ohne Anlass eingesetzt wird, birgt immer die Gefahr, dass das Ergebnis falsch interpretiert wird.“

- Wéi steet d'Madamm Minister zu dësen Aussoen? Denkt d'Madamm Minister, datt zu Lëtzebuerg, grad mam Large-Scale-Testing, net eventuell och e ganzen Deel falsch interpretéiert Testresultater an de verfeentlechten Zuelen a Statistiken opgeholl goufen? Wëllt d'Regierung trotz dëse Risike weider un hirer Teststrategie festhalten? Wat ass d'Begrënnung fir dës Entscheidung?

8. D'PCR-Method gouf entwéckelt fir eng „qualitativ“ Identifikatioun, dat heescht, fir d'Presenz vun enger bestëmmter geneetescher Sequenz feststellen, awer net fir „quantitativ“ Identifikatiounen, dat heescht, net fir d'Unzuel oder d'Laascht vun enger geneetescher Sequenz ze bestëmmen. Dat huet och schonn den Dr. Kary B. Mullis, den Erfinder vun der PCR-Method, selwer gesot, wéi hien duerch higewisen huet, datt eng „quantitativ“ Identifikatioun iwwer PCR e Widersproch a sech ass: „Quantitative PCR is an oxymoron.“ (The Ebola Test: Let the Test's Inventor Speak - Global Research - Centre for Research on Globalization) Fir eng viral Aktivitéit ze detektéieren, ass d'Bestëmmung vun der Virelaascht awer noutwendeg. Doraus kann ee schléissen, datt de PCR-Test eleng:

- net fir d'Diagnos vun enger klinischer Infektioun virgesinn ass;

- net erkennt, ob een eng aktiv Infektioun huet respektiv ob ee krank ass;

⁴ (Centers for Disease Control and Prevention: CDC 2019-Novel Coronavirus [2019-nCoV] Real-Time RT-PCR Diagnostic Panel, For Emergency Use Only; Instructions for Use; Catalog # 2019-nCoV-EUA-01 1000 reactions; For In-vitro Diagnostic [IVD] Use; Effective: 07/13/2020)



- net erkennt, ob déi detektiert Virusspuer leeft oder ofgestuerwen ass, respektiv ob een eventuell nach krank gi kéint;

- net feststelle kann ob een infektiös, also ustiechend ass.

- Kann d'Madamm Gesondheitsminister dëst bestätegen? Ass d'Madamm Minister der Meinung, dass déi sougenannte positiv Fallzuelen domat eigentlech e falscht Bild vermëttelen an zu enger Iwwerschätzung (overestimation) vun der viraler Aktivitéit féieren? Wann nee, firwat net?

9. Och d'Centers for Disease Control and Prevention (CDC) weist an hirem Katalog zur Gebrauchsuweisung⁵ op d'Limite vum PCR-Test hin. Esou schreibe si hei, dass d'Detektioun vum viralen Erbmolekül (RNA) net ugëtt, dass en infektiöse Virus present ass oder dass 2019-nCoV de verursaachenden Agent fir d'klinesch Symptomer vun der Testpersoun ass, an dass diesen Test net ausschléisse kann, dass een net duerch aner bakterieell oder viral Pathogene ervergeruffe Krankheeten huet.

- Kann d'Madamm Minister soen, ob séchergestallt gëtt, dass Leit, déi mat Symptomer op Covid getest ginn, dës Symptomer opgrond vum Covidvirus hunn an net opgrond vun engem anere Virus/Gripp? Wa jo, wéi gëtt dat séchergestallt? Wann nee, wouhier kann een da wëssen, dass déi enger Gripp änlech Symptomer net en aneren Ausléiser hunn?

10. D'PCR-Method selektéiert eng „onsichtbar“ geneetesche Sequenz a multiplizéiert dës iwwer Vermehrungszyklen enorm, esou wäit bis déi selektéiert geneetesche Sequenz „sichtbar“ gëtt, respektiv kann detektiert ginn. D'Unzuel vun den dofir ugewannte Vermehrungszyklen erginn de sougenannten „Ct-Wäert“ (cycle threshold). Den Ct-Wäert weist also un, wéi dacks d'Virusbgut aus der Proef huet misse vermehrt ginn, fir d'Presenz nowiesen ze kënnen. Wat manner Vire present sinn, desto méi héich ass den Ct-Wäert, well méi Zyklen néideg sinn, fir d'Presenz vum Erbgut nowiesen ze kënnen.

D'Tagesschau huet de 6. September 2020 online bericht, dass och den RKI gesot huet, den Ct-Wäert wier en analyteschen Detail, deen d'Interpretatioun vun den Testresultater géif ënnerstëtzen. Bei enger echter Virusinfektioun, also engem tatsächlech a wierkech positive Fall, besteet nämlech eng massiv Presenz vum Virus (Viruslaascht). An deem Sënn huet och d'„Süddeutsche Zeitung“ den nämmlechen Dag online bericht, dass Labomedezinner soen, dass den Test bei Patiente mat ville Viren am Kierper heefeg schonn no 10 bis 15 Zyklen uschlëit.

- Wou läit den Ct-Wäert bei de PCR-Tester, déi zu Lëtzebuerg gemaach ginn? Ass den Ct-Wäert hei am Land eenheetlech gereegelt? Sinn d'Laboen zu Lëtzebuerg verpflichtet, sech un dee Wäert ze halen oder ass et just eng Richtlinn? Ginn et Ausnahmefäll? Wat fir eng? Kritt d'Santé den Ct-Wäert vun all eenzelem Test mam Resultat matgedeeelt? Wa jo, zënter wéini? Gëtt den Ct-Wäert fir d'Interpretatioun vun all eenzelen Testresultater berücksichtegt? Wa jo, zënter wéini? Wann nee, firwat net?

11. Fënn d'Madamm Minister et richteg, déi esou ermëttelt positiv Resultater, mat alle méigleche Risiko fir falsch Interpretatiounen vum Test (referéiert op d'Froe 6 bis 10), ondifferenziert als nei Fallzuelen ze vermëttelen an ze behandelen? Wa jo, firwat? Firwat gëtt bei den dagdeeglech publizierten neie „Fallzuelen“ net weinstens d'Differenz tëscht symptomateschen an asymptomasche Fäll gemaach a vermëttelt? Ass et an der Madamm Minister hiren Aen opportun, fir esou déif gräifend Moosnamen ze verhängen an d'Wirtschaft esou staark ze beanträchtegen, wann déi Tester an déi domat erhuewe „Fallzuelen“ net méi aussoen an esou liicht falsch kënnen interpretéiert ginn?

12. Research Luxembourg (LIH, LISER, LIST, LNS, Luxinnovation, Universität Luxemburg an FNR, ënnert der Koordination vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung) huet d'Covid-19-Taskforce ageriicht. Hir Missioun ass, Konzepter a Recommendationen aus wëssenschaftlecher Siicht ze erstellen, déi an d'politesch Entscheidungsprozess vun der Regierung afléissen. Um Internetsite vu Research Luxembourg gëtt een ënnert der Rubrik „Covid-19 Task Force“ iwwert de Large-Scale-Testing informéiert (<https://researchluxembourg.lu/covid-19-taskforce/testing-strategy/#faq-testing>). Do ginn da folgend Informatiounen, zesumme mam Logo vum Gesondheitsministère an dem Ministère fir Héichschoul a Fuerschung, vermëttelt:

- De Covid-19-PCR-Test determinéiert ob eng Persoun ustiechend ass.

(“The Covid-19 PCR test determines whether a person is contagious.”)

- ..., den Test fënn natierlech eraus, wat däi Gesondheitszoustand ass ...

(“... the test will of course find out what your own health status is ...”)

- ... - si wëssen net, dass si positiv an dowéinst ustiechend sinn.

(“... - so they do not even know that they are positive and therefore contagious.”)

- De PCR-Test verwennt en Ofstréch aus der Strass a molekularbiologesch Techniken, fir feststellen, ob eng aktuell aktiv Sars-CoV-2-Infektioun virläit, ...

(“The PCR test uses a throat swab and molecular biological techniques to determine whether a current, active Sars-CoV-2 infection is present. ...”)

- Deen am Large-Scale-Testing genotzte PCR-Test huet eng Sensitivitéit vun 100 %, ...

(“The PCR test used in the Large Scale Testing has a sensitivity of 100 %, ...”)

- De Covid-19-PCR-Test seet dir, ob s du ustiechend fir anerer bass.

(“The Covid-19 PCR test tells you if you are contagious to others.”)

- Wéi positionéiert d'Regierung sech zu dësen eendeitege Behauptungen, déi vu Research Luxembourg als Informatiounen mat wëssenschaftlecher Grondlag vermëttelt ginn? Ënnerstëtzt d'Regierung dës Aussoen? Oder distanzéiert sech d'Regierung vun dësen Aussoen?

13. An enger Äntwert op eis Fro am Juni 2020 (N° 2425) huet d'Madamm Minister geäntwert: „D'Testmaterial gëtt bannent enger Woch zerstéiert, an et ass net virgesinn, fir weider Tester domat ze maache wéi déi, déi fir de PCR-Test erfuerderlech sinn.“ Huet sech zënterhier an deem Kontext eppes geännert? Ass ëmmer nach garantéiert, dass d'Testofstrécher bannent enger Woch zerstéiert ginn? An ass garantéiert, dass déi Testprouwen net zu aneren Zwecker kënnen genotzt ginn oder ass dëst just „net virgesinn“, wéi d'Madamm Minister jo geäntwert hat, esou dass dëst eigentlech net kann ausgeschloss ginn?

14. Bei Tester vu medezinesche Parameter, gi sougenannte „Ringtester“ gemaach - als Deel vun engem externe Qualitéitssicherungsprogramm - woubäi e Referenzinstitut identesch Prouwen, déi op speziell medezinesche Parameter analyséiert ginn, un ënnerschiddlech Laboe schéckt. Dës mussen hir Analysresultater dann an engem bestëmmten Delai zrëckschécken. D'statistesch Auswärtung an d'Interpretatioun vun de Laboresultater ermëglecht de Laboen, d'Qualitéit vun hiren Analysen am Verglach zu anere Laboen ze beurteilen. Fir akkreditéiert Laboen ass et eng Obligatioun un esou Ringtester deelzehuelen.

- Kann d'Madamm Minister eis soen, ob Lëtzebuerg am Kader vu Covid-19 un esou engem Ringtest deelgeholl huet? Wann nee, firwat net? Wa jo, wat war do d'Referenzinstitut a wat fir Laboen zu Lëtzebuerg hunn un deem Test deelgeholl? Héilt Lëtzebuerg am Kader vu Covid-19 reegelméisseg un Ringtester deel? Geschitt dëst op europäeschem Niveau? Gëtt hei tëscht privatem a staatlechtem Labo differenziert?

Réponse (02.12.2020) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé :

Als éischt sief gesot, dass de PCR-Test vu Fast Track Diagnostics (FTD), enger Firma, déi der däitscher Firma Siemens gehéiert, net déi eenzeg PCR-Tester sinn, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Bis dato huet den Direkter vun der Santé en Total vun eelef PCR-Tester vu verschiddene Firmen hei zu Lëtzebuerg autoriséiert.

Wat d'Feelerhaftkeet vun de PCR-Tester betrëfft, ginn natierlech all Resultater vun de Laboratoire iwwerpréift, esou wéi dat an den ISO-Norme virgeschriwwen ass. D'Direktioun vun der Santé kontrolléiert och all Dag d'Inzidenz vun de positiven Zuele bei all Laboratoire fir eventuell, onerklärten Ënnerscheeder zwëschen de Laboratoiren ze hannerfroen. D'Direktioun vun der Santé mécht reegelméisseg Auditer bei de Laboratoiren, fir hir Arbechtsweis ze iwwerpréieren. Donieft geet d'Direktioun all Nofro vun Dokter oder Patienten no, falls et do Onkloerheete gëtt.

Den Test vun FTD huet eng ganz héich Sensitivitéit a Spezifisitéit, wéi d'Firma selwer ugëtt, an déi och am Laboratoire a vum Luxembourg Institute of Health onofhängeg iwwerpréift ginn ass. D'Detailer vun dëser onofhängeger Evaluatioun sollten deemnächst an enger internationaler Fachzäitschrëft publizéiert ginn.

An den offiziellen Deklaratiounen vun der Firma FTD steet:

„The results showed an overall diagnostic sensitivity of 100 % (95 % Confidence Interval: 91.78-100) and an overall diagnostic specificity of 100 % (95 % Confidence Interval: 93.84-100) for the detection of Sars-CoV-2 in both matrices using FTD Sars-CoV-2.

(Source: FTD™ Sars-CoV-2, Fast Track Diagnostics 2020)“

An Amerika ass den Test vun FTD, wéi och all déi aner diagnostesch PCR-Tester fir Covid-19, ënner enger „Emergency Use Authorization (EUA)“ zougelooos ginn, wat eng méi schnell Prozedur ass, well de Besoin un esou engem Test am Ufank vun der Pandemie grouss war. Dat heescht awer och, dass de Produzent Date muss virleeën, déi beweisen, dass säin Test e Minimum u Spezifisitéit a Sensitivitéit opweise kann. Ass dat net ginn, kritt den Test och keng Zouloosung vun der Food and Drug Administration (FDA).

D'Zertifikatioun CLIA betrëfft amerikanesch Laboratoiren an ass net an Europa applikabel. Den Test gëtt hei zu Lëtzebuerg an agreéierte Laboratoire ënnert ISO-Norme realiséiert. Dës Laboratoire mussen natierlech Kompetenz an der Ausféierung vu molekularbiologeschen Tester hunn an nowise kënnen.

De Produzent vun FTD-Test huet sech un déi national an europäesch Bestëmmunge gehalen a säi Produkt mat dem CE-Label gekennzeechent, esou wéi dat virgeschriwwen ass. Fir dat ze maachen, huet hien den Test an der Europäescher Databas EUDAMED enregistriert do-duerch, dass hien den 23. Abrëll 2020 laut dem Artikel 8 vum Règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2001 relativ aux dispositifs médicaux de diagnostic in vitro aux Numéros d'enregistrement national et européen, no Iwwerpréierung vun der Konformitéit, vun der Direktioun vun der Santé kritt huet.

Wat d'Feelerquot vun der éischter Phas vum Large-Scale-Testing (LST) betrëfft, muss ee soen, dass bei engem molekularbiologeschen Test, wéi bei all Laboratoirestest, et an der praktescher Applikatioun keng 100%eg Sécherheet gëtt, och wann ee ganz no dobäi läit. Bei all Analys an engem Laboratoire, dee zertiféiert ass, gi positiv an negativ Kontrolleantillone mat getest fir ze iwwerpréieren, dass de PCR-Test selwer korrekt ausgefouert gouf. D'Resultater gi vun engem Biologst iwwerpréift, dee sech déi Wäerter genau ugekuckt huet, ier en d'Resultat validéiert. Bei Fäll wou een op der Grenz vun der Erkennung (schwaach positiv) ass, gëtt dann en zweeten Test op engem neien Echantillon gefrot, fir d'Situatioun vun esou Patienten ze klären. E schwaach positiv Resultat fënn een zum Beispill bei Persoune ganz am Ufank oder um Enn vun enger Infektioun.

PCR-Tester sinn eng indirekt Method, fir Virus nozeweisen a kënnen schonns geréng Menge vu viralem Ierfmaterial detektierten. Dat heescht net onbedéngt, dass de Patient nach infektiöse Virus produzéiert oder klinesch krank ass. D'PCR ass net do fir enger Persoun ze soen, dass si krank ass, mee fir ze identifzéieren, ob een an deem Moment mam Virus infizéiert ass. Beim Sars-CoV-2 ass et esou, dass eng ganz Rei vu Leit keng oder quasi keng Symptomer hunn, mee déi Leit kënnen awer nach Leit ustiechen. Dëst mécht et esou schwéier, fir dës Pandemie ënner Kontroll ze kréien an ze behalen.

Lëtzebuerg huet sech mam LST a mat de breeden diagnosteschen Tester (z. B. all Patient mat lichte Symptomer soll mat enger Ordonnance vum Dokter getest ginn) eng Teststrategie ginn, déi et eis besser wéi anere Länner ermëglecht, fir d'Propagatioun vum Virus ze ënnerbriechen. Dat huet eis déi lescht Méint gehollef, fir d'Zuele vun den Nei-Infektiounen méi stabil ze halen.

E positiven Test bei enger asymptomascher Persoun heescht, dass en Infektiounsketten hei ënnerbrach huet, wann déi Persoun an den Isolement geet. Dat wier net geschitt, wann ee keen LST géif maachen, well dës Persoun jo ni op d'Iddi komm wier, dass si infektiös wier. Wann een dat elo op déi dausende Leit héich-rechent, déi am LST schonn identifzéiert gi sinn, heescht dat, dass mir domat de Virus besser ënner Kontroll hale konnten.

Duerch den LST ginn net nëmmen Infektiounskette gebrach, mee et ass och méiglech preventiv vill ze bewierken, wéi zum Beispill an Altersheimer. Zudeem ermëglecht et eng ganz gutt Vue op d'Entwécklung vum Virus an der Populatioun. Esou huet déi zweet Well schonns fréi am Summer konnten erkannt ginn.

Laut Aussoe vun de meeschten Experten, bleift de PCR-Test de „golden standard“ fir d'Detektioun vu viralen Infekter wéi de Sars-CoV-2. Dëst ass déi beschte Method fir fiabel ze identifzéieren, ob eng Persoun infizéiert ass oder net. Ouni dës Detektioun ass kee Contacttracing an domat och keng direkt Kontroll vun der Pandemie méiglech.

De PCR-Test ass, obwuel et eng indirekt Method ass, eng fiabel Method, fir de Virus nozeweisen. Den Test erkennt awer net, ob ee krank ass a Symptomer opweist, dofir ass nach ëmmer d'Consultatioun beim Dokter wichteg.

Den Test weist effektiv kee „liewege“ Virus no. D'Iddi vum „liewege“ Virus ass souwisou net wëssenschaftlech korrekt, de Virolog schwätzt

méi korrekt vun engem infektiöse Virus. Infektiöse Virus am Laboratoire nozeweisen, ass technesch komplizéiert, deier, lues an dofir net a grouse Serië vun Tester ze maachen.

De CDC an Amerika weist zu Recht op d'Limite vun den Tester hin, an all Responsable vun engem Laboratoire an all Dokter ass sech dës Limite bewosst. Sait e puer Méint ginn et och Multiplex-PCR-Tester, déi bis zu 15 verschidde Krankheete mateneen teste kënnen. Dëst hëlleft a komplizéierte Situatiounen, déi diagnostesch Onsicherheit ze reduzieren.

Den Ct-Wäert ass eng indirekt Indikatioun, wéi vill Ierfmaterial an enger Proef fonnt ginn ass. D'Quantitéit vum Virus an enger Proef hänkt effektiv vun der Infektioun of, mee och vun der Qualitéit vum Prélèvement. Jidder Produzent vu PCR-Tester gëtt am „mode d'emploi“ vum Test un, wéi vill PCR-Zyklen ee fuere soll a wat d'Resultat dann ausseet. De Laboratoire ass duerch d'ISO-Norm gehalen, de „mode d'emploi“ vum Produzent ze respektéieren. Baséiert op engem grousser Evaluatioun vun der „Société française de microbiologie“ gëtt allgemeng akzeptéiert, dass Wäerter iwwer 34 als schwaach positiv anzeschätze sinn, an am Beschten op engem neien Echantillon sollte kontrolléiert ginn. D'Direktioun vun der Santé, esou wéi all Dokter, deen en Test gefrot huet, kann op Nofro bei de Laboratoire d'Detailer vun all Test kréien a soumat och d'Ct-Valeuren an d'Interpretatioun vun der klinischer Bedeitung vum Test afléisse loosse.

Et ginn awer och Sars-CoV-2-PCR-Tester déi anescht funktionéieren a keen Ct-Wäert produzéieren, well si op enger anerer technologescher Léisung baséieren, fir d'Resultat ze quantifizéieren.

Kloer tëschent symptomateschen an asymptomasche Leit ze ënnerscheiden ass oft schwéier, well d'Leit heiansdo nëmmen atypesch a wéineg Symptomer hunn, a sech dat och iwwert d'Zäit vun de puer Deeg vun Infektioun ännere kann. Et misst een also quasi all positiv geteste Persoun reegelméisseg no Symptomer offroen, an dat iwwer eng gewëssen Zäitdauer. Am Allgemengen, fir d'Besoin vun der Statistik, gi mir dovun aus, dass d'Leit, déi een Test maache mat enger Ordonnance vun hirem Dokter, éischer Symptomer hunn (soss wäire si net bei hiren Dokter gaangen), an d'Leit, déi sech am LST teste loosse, éischer keng Symptomer hunn. Mir sinn eis natierlech bewosst, dass dëst nëmmen eng Approximatioun ass, déi fir statistesch Zwecker ka benotzt ginn.

Research Luxembourg ass eng onofhängeg Taskforce déi Fuerschung mécht a Recommendationen aus wëssenschaftlecher Siicht zesummendréit an der Regierung zur Verfügung stellt. D'Regierung kann dës Informatiounen benotzen, fir hir Politik ze orientéieren. D'Regierung kommentéiert a kontrolléiert awer net d'Aussoe vun de Wëssenschaftler, déi fräi sinn hir Meinung ze äusseren (liberté académique).

D'Testmaterial vun den negativen Analyse gëtt ëmmer bannent enger Woch zerstéiert. D'Testmaterial vun de positiven Analyse kann eventuell méi laang gehale ginn, an de Limite vum legale Kader, fir a bestëmmte Fäll Resultater iwwerpréieren ze kënnen. D'Material kann net fir eng Finalitéit benotzt ginn, déi net vum Gesetz erlaabt wär.

All Lëtzebuurger Laboratoire, dee Covid-19-PCR-Tester mécht, huet, esou wéi et vun der Weltgesundheitsorganisatioun virgesinn ass, an enger externer Qualitéitskontroll deelgeholl an huet déi éischt Tester, déi gemaach goufe vun engem externe Laboratoire, entweder an Däitschland oder an Holland iwwerpréiere gelooss. Souwuel déi privat wéi déi öffentlech Laboratoire wäerten och an Zukunft un externer Qualitéitskontrollen deelzehuelen, wéi si dat iwwregens fir all hir Analyse maachen.

Question urgente 3221 (30.11.2020) de Mme Martine Hansen et M. Marc Spautz (CSV) concernant la chasse dans le cadre de la pandémie Covid-19 :

Wéi d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klimaschutz an nohalteg Entwécklung an hirem Äntwert op déi drénglech parlamentaresch Fro mat der Nummer 3210 nach emol betount, ass aus hirem Siicht d'Juegd eng „activité récréative“. Och wann, wéi si selwer seet, d'Juegdgesetz vum 25. Mee 2011 am Artikel 2 seet: « L'exercice de la chasse doit répondre à l'intérêt général. » Si verweist an hirem Äntwert och op de Kommentar vum genannten Artikel am Gesetz.

⁵ (Centers for Disease Control and Prevention: CDC 2019-Novel Coronavirus [2019-nCoV] Real-Time RT-PCR Diagnostic Panel, For Emergency Use Only; Instructions for Use; Catalog # 2019-nCoV-EUA-01 1000 reactions; For In-vitro Diagnostic [IVD] Use; Effective: 07/13/2020)

D'Lëtzebuurger Jeeërfederatioun FSHCL bedauert hirersäits an engem Communiqué vum 28. November 2020, datt d'Madamm Minister un hirer „fixer Iddi“ vum Verbuet vum der Klappjuegd bis de 15. Dezember festhält.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. No wéi engen objektive Krittären definéiert d'Regierung d'Fräizäitaktivitéiten no Artikel 3sexies vum modifizéierte Covidgesetz? Wat gehéiert der Regierung no zu de Fräizäitaktivitéiten? Ass eng entsprecheend Oplëschung disponibel?

2. Laut Artikel 2 vum Juegdgesetz vum 2011 verfollegt d'Juegd en „intéret général“ an dëst am Géigesaz zu engem „intéret particulier“. Op wéi enger Basis huet d'Madamm Minister fir Ëmwelt trotzdeem decidéiert, datt d'Juegd eng Fräizäitaktivitéit wär? Deelt d'Madamm Gesundheitsministesch dës Vue?

3. Laut Artikel 1 vum modifizéierte Covidgesetz vum 17. Juli ass e „rassemblement“ eng „réunion de personnes dans un même lieu sur la voie publique, dans un lieu accessible au public ou dans un lieu privé“. No wéi enge Krittären definéiert d'Regierung d'Aktivitéiten, déi ënnert déi allgemeng Bestëmmunge vum de Rassemblementen falen?

4. Wéinst wéi engen objektive Grënn kann déi bestoend Reegel vum de Rassemblement net fir d'Klappjuegd am Sënn vum Artikel 4(3) vum modifizéierte Covidgesetz vum 17. Juli mat also enger Maskpflicht bei Rassemblementen tëschent véier an zéng Leit mat zousätzlech enger physischer Distanz vun zwee Meter ugewann ginn?

5. Laut eisen Informatiounen huet d'Jeeërfederatioun der Regierung e Konzept op Basis vu Modeller aus dem Ausland ënnerbreet, fir kënnen Klappjuegten ënner Berécksichtigung vun de sanitäre Sécherheetsvirschrëften duerchzuführen an esou hirer Missioun, wéi se am Juegdgesetz vum 25. Mee 2011 definéiert ass, kënnen gerecht ze ginn. Stëmmt dës Informatioun a firwat ass d'Regierung net op dës Proposition vum der Jeeërfederatioun agaangen?

6. D'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klimaschutz an nohalteg Entwécklung seet weider an där uewen zitierter Antwort op déi drénglech parlamentaresch Fro N° 3210, datt, obwuel si d'Klappjuegte verbitt, d'Jeeë misste fir de Wëltschued no Artikel 36 vum Juegdgesetz opkommen. Den Artikel 44 vum Juegdgesetz gesäit awer vir, datt wann d'Juegd iwwer eng reglementaresch Disposition no Artikel 7(3) vum Juegdgesetz („pour des raisons d'intéret général“) verbueden oder ageschränkt ass, datt dann de Staat fir dee ganze Schued opkënn, deen d'Resultat vun esou engem Verbuet oder vun esou enger Limitatioun ass. Firwat applizéiert d'Regierung dësen Artikel net och an dësem Fall?

Réponse commune (01.12.2020) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Eng Fräizäitaktivitéit ass, wéi den Numm et seet, eng Aktivitéit, déi an der Fräizäit ausgeübt ka ginn. Dëst als Géigendeel zu beruflechen Aktivitéiten, zu deenen hei am Land weeder d'Juegd nach d'Fëscherei zielen.

Mir sinn der Meenung, dass de Begrëff deemno kloer ass. Doriwwer eraus, riskéiert eng Oplëschung ni ganz komplett ze sinn, esou dass se am Endeffekt just fir Verwirrung suergt.

Et ass nach ervirzehiewen, dass et zu Lëtzebuerg keng professionell Juegd gëtt.

ad 2. Den Artikel 2 vum Juegdgesetz gesäit net vir, dass d'Juegd en „intéret général“ verfollegt, mee dass se, wéi schonns an der Antwort op d'parlamentaresch Fro N° 3210 prezisiéiert, nëmme da kann ausgeübt ginn, wa se am „intéret général“ ausgefouert gëtt. Dëst ass e fundamentalen Ennerscheid.

ad 3. D'Moosnamen, déi d'Regierung geholl huet, hunn als Zil déi sozial Kontakter ze reduzéieren, fir d'Verbreedung vum Virus Sars-CoV-2 ze limitéieren. Dofir sinn allgemeng Reegelen fir d'Rassemblementer vu Leit geholl ginn. Datt sinn d'Bestëmmunge vum Artikel 4 vum Gesetz. Dës Bestëmmunge viséieren d'Rassemblementer vu Leit, net spezifesche Aktivitéiten.

Wat d'Fräizäitaktivitéiten ugeet, déi si spezifesche gereegelt. Den Artikel 3sexies applizéiert sech hei. D'Zil ass dat selwecht wéi fir déi generell Bestëmmungen. Et géllt, d'Verbreedung

vum Virus Sars-CoV-2 ze ënnerbannen, andeems ee kuckt, dass net vill Leit zesummen enger Fräizäitaktivitéit noginn. Am Allgemeng géllt iwwregens d'Recommandatioun, seng Kontakter ze limitéieren an och eebe seng Fräizäit deementspreechend ze gestalten.

ad 4. Wéi schonns an der Antwort op d'Fro 1 gesot, gëtt et keng professionell Juegd zu Lëtzebuerg. D'Juegd fällt also ënnert déi speziell Bestëmmunge vum Artikel 3sexies. D'Bestëmmunge vum Artikel 4(3) géllen fir Rassemblementer, net fir spezifesche Aktivitéiten. Sport- a Fräizäitaktivitéiten ënnerleie spezifesche Reegelen, well et grad bei deenen Aktivitéiten schweier ass d'„gestes barrières“ anzehalen.

ad 5. D'Fédération Saint-Hubert des chasseurs du Luxembourg huet de 25. November 2020 e Brëif un den Direkter vum der Santé geschéckt, an deem d'Virgoensweis fir Klappjuegten detailléiert ginn ass, déi awer net am Kader vun enger Fräizäitaktivitéit méiglech ass. Deemno huet weeder den Ëmweltministère nach d'Naturverwaltung vum der Jeeërfederatioun e sanitäert Konzept virgeluecht kritt.

ad 6. Den Artikel 36 vum Juegdgesetz beschreift déi allgemeng Reegel vum der Responsabilitéit vum Juegdpiichter:

« [...] Dès l'approbation du contrat de location, la chasse est louée aux risques et périls du locataire. Ce dernier ne pourra présenter aucune réclamation ni faire valoir aucun droit vis-à-vis du syndicat tendant à obtenir une réduction du loyer ou une allocation de dommages et intérêts pour cause d'entrave ou d'empêchement à l'exercice de la chasse, alors même que ces entraves ou empêchements sont dus à des cas fortuits. »

Den Artikel 44, 3. Abschnitt gesäit vir, dass wann opgrond vun engem groussherzogleche Reglement en allgemengt Verbuet vum der Juegd ausgesprach gëtt, de Staat de Schued muss iwwerhuelen, wann de Schued duerch dëst Verbuet entstanen ass.

D'Verbuet vum der Klappjuegd duerch dat modifizéiert Covidgesetz vum 17. Juli 2020, an net duerch e groussherzoglecht Reglement, erfëllt deemno d'Konditiounen vum Artikel 44 net. Et bleift nach ze soen, dass d'Pirsch- an d'Usätzjuegd weiderhin erlaabt sinn.

Question urgente 3230 (01.12.2020) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant l'organisation des classes BTS :

Et héiert een, datt d'BTS-Klassen am ongewësse sinn, wat d'Coronamoosnamen ugeet. Et gëtt anscheinend Lycéeën, déi sech fir d'Sécherheetsmoosnamen an d'Organisatioun vum de BTS-Klassen net zoustänneg spieren. Déi BTS-Klasse ginn op Impuls vun der Wirtschaft, an Zesummenaarbecht mam Héichschoulministère a Lycéeën vum Sekundarunterrecht organiséiert.

Duerfir wëll ech dem Här Schoulminister dës Fro stellen:

- Ass de Lycée, an deem eng BTS-Klass um Programm steet, responsabel fir d'Organisatioun vun dëser Klass a fir d'Ëmsetze vun de Sécherheetsmoosnamen, déi am Fall vun engem sanitären Noutfall vum der Regierung decidéiert ginn?

Réponse (02.12.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

De Brevet de technicien supérieur (BTS) ass wuel en Héichschouldiplom, deen en „enseignement supérieur de type court“ sanctionéiert, esou wéi et am Héichschoulgesetz virgesinn ass (loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur).

Am Artikel 4 vum deem selwechte Gesetz gëtt awer och ausdrécklech prezisiéiert: « Le brevet de technicien supérieur est préparé [...] dans les lycées d'enseignement secondaire et les lycées d'enseignement secondaire technique, publics ou privés reconnus par l'État [...] »

Et ass deemno schweier virstellbar, datt Lycéeën - déi d'Initiativ huelen, fir eng Akkreditatiounsprozedur anzeleeden - sech „anscheinend“ net solle fir d'Sécherheetsmoosnamen an esouger fir d'Organisatioun vum de BTS-Klassen zoustänneg spieren, esou wéi den honorabelen Deputéierten et wëllt „héieren“ hunn.

D'Sécherheetsmoosname bezéie sech op ganz Schoulgebaier an net selektiv op eenzel Klassen oder Formatiounen. Dat wëssen d'Lycéeën an deementspreechend setze si déi sanitär Reegelen ëm. Sollt den honorabelen Deputéierten mir awer konkret Beispiller nenne kënnen, wou dat net geschitt, sinn ech gäre bereet meng Servicer ze chargéieren, där Saach op de Grond ze goen.

Question urgente 3236 (02.12.2020) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la situation d'un médecin irano-suédois condamné à mort en Iran :

En iranesch-schweedeschen Dokter a Wëssenschaftler, den Dr. Ahmadreza Djalali, hätt den 1. Dezember sollen am Iran, wéinst Spionage oder „Verduerwenheet“ (d'Quelle ginn auserseen) higericht ginn. Anscheinend ass dat, laut Amnesty International (AI), nach net geschitt.

Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Wat ass déi aktuell Situatioun vum iranesch-schweedeschen Wëssenschaftler? Wat genee sinn d'Faiten, déi zu senger Verurteilung gefouert hunn? Sollt seng Hirrichtung net ausgefouert gi sinn (wéi AI mell), riskéiert hien nach ëmmer d'Doudesstrof?

2. Wat huet den Här Minister ënnerholl, fir deem Mann seng Situatioun ze erliichteren an, wann hien no eiser Rechtspfafsung kee Verbrieche begaangen huet, seng Fräiheet erëmze ginn? Wann hien dat nach net gemaach huet, ass den Här Minister bereet fir ze intervenéieren an dem Mann a senger Famill eventuell Asyl zu Lëtzebuerg ze ginn, wann hien an den Iran mat esou enger Léisung d'accord wären?

3. Wat ass d'Roll vu Schweden an deem Kontext? Wat huet d'EU ënnerholl, fir e Mann mat schweedeschen Originen aus dem iranesche Prinsong ze huelen?

4. Wéi steet den Här Bausseminister zu Länner mat engem Rechtssystem, dat net op weltlecht mee op reliéist Recht opgebaut ass? Wéi dréckt dat sech an de Relatiounen mat esou Länner aus?

5. Sinn dëst Punkten, déi an eventuell zukünftige Verhandlungen mam Iran mat dem nächsten US-Präsident afléissen an déi wirtschaftlech Sanktiounen fir sech eleng scho géife rechtfäerdigen?

Réponse (03.12.2020) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Den Dr. Ahmadreza Djalali, deen déi schweedesch an iranesch Nationalitéit huet, sëtzt aktuell am Iran am Prinsong, wou hien d'Doudesstrof riskéiert. Eisen Informatiounen no sollt hie gëschter an de Rajai-Shah-Prinsong verluecht ginn, wou d'Hirrichtung sollt stattfannen. Dëst gouf awer a leschter Minutt ofgesot, soudass hie sech momentan weider am Prinsong vun Evin zu Teheran befënn. D'Gefor vu senger Hirrichtung ass allerdingen weiderhin akut.

ad 2. Lëtzebuerg setzt sech konsequent a fir d'Fräilassung vun all de politesche Gefaangenen am Iran, an notament vum de Leit mat duebeler Nationalitéit. Esou huet déi drëtt Kommissioun vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen - d'Kommissioun, déi sech ëm Mënscherechts- a sozial Froe këmmert - ënner Lëtzebuurger Presidence de 14. November 2019 eng Resolution adoptéiert, an där den Iran exhortéiert gëtt, « à mettre fin au recours généralisé et systématique aux arrestations et à la détention arbitraire, notamment contre des personnes ayant une double nationalité ou des ressortissants étrangers, à libérer les personnes détenues arbitrairement et à faire respecter, en droit et dans la pratique, les garanties de procédure permettant d'assurer un procès équitable [...] ». Dës Resolution gouf den 18. Dezember 2019 ënnert der Referenz 74/167 vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen adoptéiert. Och dëst Joer huet Lëtzebuerg erëm fir dës Resolution iwwert d'Situatioun vun de Mënscherechter am Iran gestëmmt, an där d'Land ausserdeem opgefuerdert gëtt, e Moratoire op d'Doudesstrof ze setzen.

ad 3. Déi schweedesch Ausseministesche Ann Linde huet de 24. November 2020 annoncéiert, dass si mam iraneschen Ausseminister Javad Zarif iwwert de Fall vum Dr. Djalali geschwat huet. Si huet ënnerstrach, dass Schweden alles drusetzt, fir dass d'Doudesstrof géint den Dr. Djalali net ausgefouert gëtt. Och den Aussepolitischen Déngscht vun der EU engagéiert sech géint d'arbiträr Verhaftung vu Leit mat duebeler Nationalitéit am Iran, wéi den Héije Vertrieeder vun der Union fir Aussen- a Sécherheetspolitik a Vizepresident vun der Kommissioun, Josep Borrell, de 7. Oktober 2020 beim Debat am Europaparlament iwwert d'Situatioun am Iran nach emol confirméiert huet.

ad 4. Lëtzebuerg setzt sech konsequent fir de Respekt vun de Mënscherechter an, esouwuel a weltleche wéi a reliése Staaten.

ad 5. D'Situatioun vun de Mënscherechter ass sécherlech ee wichtege Aspekt, deen d'Relatioun tëscht dem Iran an den USA, respektiv der EU, beaflosst. Op EU-Niveau ginn et zanter 2011 cibléiert Sanktiounen géint déi Responsabel vu schwéiere Mënscherechtsverletzungen am Iran. Wat d'wirtschaftlech Sanktiounen betrëfft, ass ze bedenken, dass een doduerch déi ganz iranesch

Bevëlkerung bestrooft fir d'Verbrieche vun enger klenger Minoritéit. Ausserdeem riskéiert een esou, d'Roll vun de sougenannten „Hardliner“ am Iran ze stäerken.

Question urgente 3273 (10.12.2020) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant les capacités des hôpitaux :

Mengen Informatiounen no goufen elo am Centre Hospitalier du Nord (CHdN) all geplangten Operatiounen ofgesot. D'Leit mussen waarde bis si akut Symptomer hu wéi Féiwer oder Infektiounen an da gi si iwwert d'Urgence en charge geholl. Sollt an deem Moment nach eng Covid-infektioun derbäikommen, gëtt de Risiko vun engem schwéiere Krankheitsverlaf méi grouss.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatiounen bestätegen?

2. Wéi ass d'Situatioun an den anere Spideeler am Land?

3. Wéi vill Retarde bei Operatiounen ginn et säit Mäerz an eise Spideeler? Wéi vill Operatiounen goufen an Tëschenzäit nogeholl a wéi vill stinn der nach aus?

4. Firwat ginn dës Operatiounen elo ofgesot? Ass dat op e Bettmangel an de Spideeler zréckzuführen oder op eng Penurie vu Personal?

5. Wéi vill Personal aus de Spideeler ass am Moment selwer krank a wéi vill Ausfäll gëtt et dowéinst? Ass gewosst wou si sech infizéiert hunn, am Privaten oder op der Aarbecht?

Réponse (15.12.2020) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De Groupe de travail „hospitalier“ vun der Cellule de crise ass dagdeeglech am Kontakt mat den Direktiounen vun de jeeweilige Spideeler. An deem Kader sinn ech och informéiert ginn, dass de CHdN vun haut un aus temporäre Mesurë seng chirurgesch Aktivitéit géif fir e puer Wochen (bis Ufank vum Joer 2021 am Prinzip) op déi urgent an net deprogrammabel Chirurgie konzentréieren, fir justement dat néidegt Fleegepersonal zur Verfügung ze hunn notament an de Soins intensifs, mee awer och, fir engem Deel vun dem Fleegepersonal et ze erméigleche sech ze erhuelen no Wochen intensiver Aarbechtslaascht.

Dës Mesur ass zwëschen der Direktioun an dem Conseil médical vum CHdN ofgeschwat an ass wéi gesot eng temporär Mesur.

Allgemeng befannen d'Spideeler sech an der Phas 4 vum Plan de montée en charge, deen eng Deprogrammatioun vun Aktivitéiten mat sech bréngt, déi souwuel op intern wéi extern Grënn zréckzuführen ass.

D'Entscheidung, ob eng Operatioun stattfënn oder verréckelt gëtt, gëtt vum Dokter, no Récksprouch mam Patient, geholl an et leien de Spideeler dofir keng detailléiert systematesch Donnéeën dozou vir. Et ass awer gewosst, dass et eng Diminutioun vun der chirurgescher Aktivitéit gëtt, déi zwësche 14,5 % a 50 % läit, wann een d'Woch vum 2. bis 8. Dezember 2019 mat der Woch vum 30. November bis 6. Dezember 2020 vergläicht.

Déi intern Grënn fir eng Deprogrammatioun vun der chirurgescher Aktivitéit kënnen villfälteg sinn: e Manktem vu qualifiziertem Personal (Krankheet, Isolement, Quarantän), eng Restrukturatioun a Reaffektatioun vun den Unités de soins, vun den Aktivitéiten a vum Personal wann eng classesch Unitéit an eng Covidunitéit verwandelt gëtt, eng „sanctuarisation“ vun engem Spidolsite deen ee covidfräi hale wëllt.

Déi extern Grënn fir eng Deprogrammatioun sinn ënner anerem, dass an de Waardezëmmeren an an de Salles d'examen Distanciatioun a generell am Spidol déi vun der Pandemie gefuerdert méi streng Hygiènesreegele mussen respektéiert ginn (Desinfizéieren vun de Raim, den Ekipementen etc.). Et muss och bemierkt ginn, dass eng Rëtsch Patienten aus diverse Grënn (Angschtgefill, well si a Quarantän sinn etc.) selwer hir Operatioun ofsoen.

Op den 8. Dezember 2020 hu 586 Persounen vum ganze Personal (Dokteren, Professionnels de santé an anert Personal) am Spidolsite gefeelt aus diverse Grënn (Krankheet, Quarantän, Isolement, Dispense de travail opgrond vun enger Schwangerschaft, Congé pour raisons familiales, Dispenses de travail pour personnes vulnérables).

Wéi aus de Wocheretrospektive vun de leschte Méint ervirgeet, ass et mëttlerweil an de meeschte Fäll schweier genau nozevollzéien, wéi a wou d'Leit sech ugestach hunn. Dëst géllt och fir d'Personal aus dem Spidolsite, dëst ëmsou méi wéi d'Datebank et net erlaabt en Ennerscheid ze maachen tëscht



Personal wat am Spidol schafft a Personal wat am Secteur extrahospitalier schafft.

Question urgente 3286 (11.12.2020) de **Mmes Simone Asselborn-Bintz** et **Francine Cloeser** (LSAP) concernant la **mise à disposition aux services d'éducation et d'accueil de détecteurs de CO₂** :

An der Chamberssëtzung vum 10. Dezember 2020 huet den Educatiounsminister annoncëiert, d'Grondschoulen, d'Lycëen an d'Kompetenzzentren ab Januar mat engen 12.000 CO₂-Detekteren ze ekipéieren. Esou kann d'Personal einfach feststellen, wéini geléift muss ginn. Mat där Moosnam soll d'Iwwerdroe vum Covid-19 an eise Strukture besser kënnen verhënnert ginn.

An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Sinn esou Apparater och an de Services d'éducation et d'accueil (SEA) virgesinn? Wann nee, firwat soll d'Loftqualitéit hei net gepréift kënnen ginn?

- Wéi vill Detektere géifen an eise Crèchen, Maison-relais an änleche Strukture gebraucht ginn?

Réponse (15.12.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

Wéi déi honorabel Deputéiert wëssen, ass de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend fir de ganze Bildungsberäich zoustänneg, deemno och fir déi nonformale Bildung. Et ass deemno selbstverständlech, datt d'Maisons relais an déi konventionéiert Strukturen (SEA) och wäerte vun esou Apparater, fir d'Loftqualitéit ze moossen, profitéiere kënnen.

Wéi déi honorabel Deputéiert och wëssen, ënnerläit den nonformale Bildungsberäich engem anere Fonctionnement wéi déi formal Bildung an deemno ass de Finanzement vun dësen Aktivitéiten och anescht organiséiert.

Am Géigesaz zu der Schoul, wou d'Aktivitéit dem Staat selwer ënnersteet, leeft d'Aktivitéit am nonformale Bildungsberäich ënner der Responsabilitéit vun engem externe Bedreiw. D'Fraise vun den Apparater, fir d'Loftqualitéit am nonformale Bildungsberäich ze moossen, ginn iwwert d'Konvention mam Staat ofgedeckt. Eng Kommunikatioun dozou geet nach dës Woch eraus.

Laut enger graffer Aschätzung bräicht een eng 12.000 Detektere fir all Raum, deen de Kanner am SEA (Crèche, Maison relais, Foyer scolaire etc.) zur Verfügung steet, kënnen ofzedecken.

Question urgente 3292 (11.12.2020) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant la **commande du médicament Remdesivir** :

Ewéi de Gesondheitsministère géintwuer der Onlinezeitung „Reporter“ bestätegt huet, huet Lëtzebuerg e Vertrag mam US-Pharmakonzern Gilead ofgeschloss, fir eng bestëmmten Unzuel un Dose Remdesivir ze bestellen, e Medikament, dat géint Covid-19 hëllef sollt. Dem „Reporter“ no soll eng Dosis vun deem Medikament 1.900 Euro kaschten.

Opgrond vun enger grouss ugeluechter Studie duerch d'Weltgesundheitsorganisation (WHO), mam Numm „Solidarity“, hat d'WHO offiziell vum Gebrauch vu Remdesivir géint Covid-19 ofgeroden, wat sech och bis haut nach net geännert huet. Laut der WHO hätt sech erausgestallt, datt Remdesivir de Verlaf vun der Krankheet oder d'Iwwerlieweschancen net verbessere géif. An deem Zesummenhang sief och gesot, datt esouwuel de Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) ewéi och d'Hôpitaux Robert Schumann (HRS) un der Discovery-Studie deelhuele, bei där och d'Medikament Remdesivir Géigestand vun der Studie ass, an där hir Tëscheresultater an déi virdu genannte grouss ugeluechte Studie vun der WHO agefloss sinn.

Och an engem Artikel vum „Tageblatt“ konnt een den 10. Dezember 2020 liesen, datt d'Regierung dat Medikament bei zwou Geleeënheete bestallt huet. Opgrond vun enger Klausel am Vertrag mam amerikaneschen Hiertsteller Gilead, dierft d'Regierung d'Unzuel vun den Dosen, déi Lëtzebuerg kaf huet, awer net öffentlech maachen. Aner Staaten dogéint géifen awer kee Geheimnis aus dëser Informatioun maachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Wéi vill Dose Remdesivir huet Lëtzebuerg bestallt an zu wat fir engem Gesamtpreis?

2. Stëmmt et, datt esou eng Vertragsklausel besteet, déi der Regierung verbit, d'Unzuel vun de gekaaften Dose matzedeelen? Wa jo, wat ass de Grond, datt esou eng Klausel opgesat ginn ass? Erlaabt dës Klausel der Regierung, déi betreffend Informatioun un d'Chamber ze ginn? Wann nee, wéi ass dës ze rechtfäerdigen, wou d'Chamber jo d'Recht huet, d'Regierung ze kontrolléieren?

3. War der Regierung dee Moment, wou si Remdesivir bestallt huet, bekannt, datt d'WHO vum Gebrauch vun deem Medikament ofréit? Wa jo, firwat huet d'Regierung dës Medikament trotzdem bestallt? Wann nee, wéi gedenkt d'Regierung, elo op d'Recommandatiounen vun der WHO ze reagieren?

4. Duerch d'Deelhuele un der Discovery-Studie konnten de Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) ewéi och d'Hôpitaux Robert Schumann (HRS) schonn éischt Erfarungen a Kenntneser iwwert d'Wierksamkeit oder d'Onwierksamkeit vun deem Medikament sammelen. Stoung d'Regierung an dësem Kontext am Kontakt mat de Spideeler CHL an HRS, fir éischt Erfarungen a Constate betreffend d'Notzen an d'Wierksamkeit vu Remdesivir gewuer ze ginn? Wann nee, firwat net?

5. Wat fir Krittären applizéiert d'Regierung, fir eng Decisioun mat wëssenschaftlecher Grondlag ze huelen, wann et kontradiktöresch Aussoe vun unerkannten Autoritéiten am Medezinnberäich wéi der WHO an dem Robert Koch-Institut (RKI) gëtt, wéi et zum Beispill och am konkreete Fall vum Medikament Remdesivir zoutreff?

Réponse (15.12.2020) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Medikament Remdesivir ass vun der Europäescher Medikamentenagence (EMA) am Juli 2020 fir d'Behandlung vu Covid-19-Erkrankunge vun Erwuessener a Kanner vun 12 Joer un, autoriséiert ginn ënner dem kommerzielle Numm Veklury, an op Basis vun der klinischer Etüd NIAID-ACTT-1.

Déi provisoresch Resultater vun der Etüd Solidarity goufen de 15. Oktober 2020 presentéiert an hunn d'Effikasitéit vum Medikament a Fro gestallt. Doropshin huet d'Weltgesundheitsbehörde (OMS) eng Analys vu véier groussen Etüde gemaach (y compris NIAID-ACTT-1 a Solidarity) an huet den 20. November 2020 eng conditionnell Empfehlung erausgi géint d'Benotzung vun Remdesivir. Et ass wichteg ze verstoen, dass an der Terminologie vun der OMS eng conditionnell Empfehlung ass, wou den Expertengrupp vun der OMS mengt, dass déi desirabel Effekter der Recommendatioun nozekomme warscheinlech méi grouss si wéi déi net desirabel Effekter, ouni dass sech d'Experten awer doriwier sécher sinn.

D'EMA huet entre-temps och de kompletten Datasaz vun der Etüd Solidarity bei der OMS a bei Gilead ugefrot an huet dono den 10. Dezember 2020 en Avis favorable ginn, fir d'Weiderfëiere vun der „autorisation de mise sur le marché“ mat enger klenger Präzisioun an der Indikatioun, fir d'Medikament ze verschreiwen.

Zu Lëtzebuerg war dës Medikament relativ fréi disponibel a gouf eng éischte Kéier iwwert d'Apdik vum engem Spidol bestallt. Domat hat d'Lëtzebuurger Regierung näischt direkt ze dinn.

Lëtzebuerg huet effektiv och dës Medikament eemol iwwert de sougenannte Mechanismus vum „joint procurement“ vun Europa bestallt. Lëtzebuerg huet dobäi e „confidentiality agreement“ mat Gilead ënnerschriwwen, dat eis am Prinzip net erlaabt Informatiounen iwwert dës Akafskontrakt public ze maachen. Op Nofro vun der Direktioun vun der Santé huet Gilead awer de 14. Dezember dës Clause de confidentialité opgehuewen, fir kënnen op d'parlamentaresch Fro ze äntwerten.

D'Europäesch Kommissioun huet de 7. Oktober 2020 den Akafskontrakt mat Gilead ënnerschriwwen, also ier déi provisoresch Resultater vu Solidarity public waren, a laang ier d'OMS hir conditionnell Recommendatioun gemaach huet.

Lëtzebuerg huet 115 Dosen Remdesivir bestallt zu 345 Euro pro Dosis (dat heescht en Total vun 39.675 Euro), bis elo goufen 79 Dose geliwert.

Betreffend d'Etüd Discovery, déi och zu Lëtzebuerg gelaf ass, muss ee preziséieren, dass et sech hei ëm eng Etüd an „double blinde“ gehandelt huet, woubäi weeder den Dokter nach de Patient weess, wat fir e Medikament de Patient am Kader vun der Etüd kritt (et goufe véier Optiounen an dëser Etüd). Fir Aussoen iwwert d'Wierksamkeit ze maachen, muss ee waarde bis d'Etüd ofgeschloss an ausgewäert ass.

Als Member vun der Europäescher Unioun baséiert d'Regierung sech natierlech op den Avis vun der offizieller Europäescher Instanz déi do kompetent ass, an dësem Fall d'EMA.

Question urgente 3294 (14.12.2020) de **M. Léon Gloden** (CSV) concernant l'**eau potable** :

De regionalen Drénkwaassersyndikat SIDERE huet den 11. Dezember géint 19.00 Auer an engem Communiqué matgedeelt, dass d'Biergerinnen a Bierger aus verschiddenen Dierfer aus insgesamt aacht Ost-Gemenge keen Drénkwaasser méi sollte consommeieren. Freides sinn, laut mengen Informatiounen, éischt Prouwe geholl ginn an dozou sinn och nach komplementar Prouwe bei engem private Laboratoire an Opdrag gi ginn. Wéi et schéngt, dauert et bis e Méindeg, bis definitiv Analysen do sinn.

Well d'Leit am Land vill Waasser vum Krupp drénken an dat och vun der Regierung erwünscht ass, géif ech gärde folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltig Entwécklung stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch dës Informatiounen confirméieren?

2. Ginn et national Noutfallpläng am Fall vun esou Incidente mam Waasser?

3. Wier et fir d'Madamm Ministesch net ubruecht, fir eng zentral, staatlech Ulafstell ze schafen, wou all d'Analyse vum Drénkwaasser kéinte gemaach ginn, och en urgence iwwert de Weekend?

4. Wa jo, wéi sollt esou e Projet ëmgesat ginn?

Réponse (15.12.2020) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. De Freideg de Moien, 11. Dezember 2020, huet den Drénkwaassersyndikat SIDERE bei enger Routinebegehung een onbekannten, net identifizéierte Waasserfilm an zwee vu senge regionalen Drénkwaasserbehälter observéiert. Nodeem weeder d'Natur nach d'Originn vun deem Film festgestallt konnte ginn, ass d'Waasserverwaltung am spéiden Nomëtteg kontaktéiert ginn, fir em Hëllef ze froen, esou wéi et den Artikel 10 vum Drénkwaasserreglement (règlement grand-ducal modifié du 7 octobre 2002 relatif à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine) virgesäit.

Freides moies si bakteriologesch Prouwe vum interkomunalen Drénkwaassersversuenger SIDERE an e privaten, akkreditéierte Labo gefouert ginn. Fir komplett Resultater vun der mikrobiologescher Waasserqualitéit no enger akkreditierter Moossmethod ze kréien, sinn 48 Stonnen noutwendig, onofhängeg vum Laboratoire, well do Kulture mussen op Petrischuelen inkubéiert ginn.

Fir d'Natur an d'Beschafenheet vum Film ze identifizéieren, huet d'Waasserverwaltung ordonnéiert, dass sollen zousätzlech Waasserprouwe geholl ginn. Nodeems déi Prouwe freides owes geholl gi sinn, hu Mataarbechter vun der Waasserverwaltung op fräiwëlleger Initiativ iwwert d'Nuecht déi Prouwen analyséiert. Resultater ware samschdes moies disponibel a sinn dem Drénkwaassersversuenger direkt esou matgedeelt ginn. Et huet sech erausgestallt, dass de Film aus engem Eisen/Mangan-Geméisch bestoung, dee keen Gefor fir déi mënschlech Gesondheet duerstellt.

Den Drénkwaassersversuenger huet doropshin eng éischt Entwarnung un déi concernéiert Populatioun geschéckt.

Fir awer eng Garantie ze hunn, dass absolut kee Gesondheitsrisiko besteet, huet d'Waasserverwaltung gefrot, dass d'Resultater vun de bakteriologeschen Analyse virleie sollen, ier et eng komplett Entwarnung géif ginn. Déi Resultater waren 48 Stonnen nom Start vun den akkreditéierte Moossunge bei dem private Laboratoire disponibel. Duerch déi komplett Resultater (cheemesch a mikrobiologesch Parameter) konnt mat Sécherheet ausgeschloss ginn, dass kee Gesondheitsrisiko méi bestanen hätt.

Deementspreechend ass déi concernéiert Populatioun duerch den Drénkwaassersversuenger no Récksprooch mat der Waasserverwaltung informéiert ginn. Et läit an der Verantwortung vum Drénkwaassersversuenger laut dem uewen zitéierten Drénkwaasserreglement vum 7. Oktober 2002, fir eng Enquête ze maachen, wou d'Originne vun dësem Virfall leien.

ad 2. Wann e gréisseren Deel vun der Populatioun op engem iwwerregionalen Niveau vun engem Incident betraff ass, kann de „Plan d'intervention urgence eau potable“, dee vum Haut-Commissariat de la protection nationale (HCPN) opgestallt an an Zesummenaarbecht mat der Waasserverwaltung an de regionalen Drénkwaassersversuenger ausgeschafft ginn ass, duerch den HCPN declenchéiert ginn an eng Cellule de crise aberuff ginn.

Des Weidere sinn national a regional Drénkwaasserinfrastrukturen als „infrastructures cri-

tiques“ designéiert an déi concernéiert Drénkwaassersversuenger, dorënner och de Gemengesyndikat SIDERE, sinn obligéiert e „plan de continuité des activités“ opzestellen.

ad 3. Laut dem Artikel 10 vum uewen zitéierten Drénkwaasserreglement vum 7. Oktober 2002 ass den Drénkwaassersversuenger responsabel fir d'Versuergung vum Drénkwaasser an och dofir, déi néideg Mesuren ze ergräifen, wann d'Drénkwaasserqualitéit net méi ka garantéiert ginn.

Dozou gehéiert och d'Obligatioun, fir ze garantéieren, dass d'Waasserqualitéitsdonnéee kënnen analyséiert an och kommunizéiert ginn.

Wat eng potenziell Ulafstell betrëfft, do huet de Laboratoire vun der Waasserverwaltung déi néideg Infrastrukturen, fir déi reglementéiert Analyse vum Drénkwaasser ze maachen. De Laboratoire huet awer bis elo net d'Missioun an d'Resourcen, esou Analysen an urgence Pollutiounsfäll am Drénkwaasserberäich ze maachen. Am spezifeschen Tëscheffall huet d'Waasserverwaltung Ressourcen an den Déngscht vum Bierger gestallt an onbürokratesch agéiert.

ad 4. Am Kader vun der Ëmsetzung vun der neier europäescher Drénkwaasserdirektiv, déi weider Fuerderungen un de Suivi an d'Gestioun vum Drénkwaasser stellt, kéint esou e Projet ëmgesat ginn. Dee Moment soll och iwwert déi aktuell Organisatioun vun de Strukturen an der Drénkwaassersversuergung an iwwert d'Zesummenaarbecht mam Staat nogeduecht ginn.

Question urgente 3303 (14.12.2020) de **M. David Wagner** (déi Lénk) concernant les **notes ministérielles de juillet 2020 réglementant les conditions de travail du personnel éducatif et psychosocial** :

Le 8 décembre 2020, les cinq syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial de l'enseignement ont réagi par une lettre ouverte à l'annulation par le Ministre de l'Éducation nationale d'une entrevue apparemment attendue depuis longtemps.

Dans ce document, les syndicats et délégations en question exhortent également le ministre à retirer jusqu'au 15 décembre 2020, les notes ministérielles de juillet 2020 relatives à la réglementation des conditions de travail du personnel éducatif et psychosocial dans le contexte de la crise sanitaire. Ces notes prévoient notamment 44 heures hebdomadaires obligatoires à assurer par le personnel en question. Un avis juridique commandité par les représentations du personnel éducatif et psychosocial indique la non-conformité de cette mesure avec le droit du travail luxembourgeois et le statut du personnel enseignant en question.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale :

1) Monsieur le Ministre est-il prêt à considérer l'avis juridique commandité par les syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial ?

2) Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre est-il prêt à retirer les notes susmentionnées conformément à la demande des syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial ?

3) Dans la négative, Monsieur le Ministre a-t-il l'intention de faire part de sa décision aux syndicats et délégations concernés dans les meilleurs délais ?

4) Monsieur le Ministre leur a-t-il entre-temps communiqué une nouvelle date d'entrevue ?

Réponse (15.12.2020) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1) Sur demande du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) lors de la réunion du 6 octobre 2020, l'avis juridique commandité par les syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial nous a été transmis. Par la suite, le fond dudit avis a été considéré et analysé par les services juridiques du MENJE à la lumière de la législation en vigueur dans le domaine de l'éducation nationale. La présentation et la discussion des résultats de cette analyse figureront à l'ordre du jour de la prochaine réunion avec les syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial en vue d'arriver à une compréhension commune des dispositions légales en vigueur.

ad 2) Les notes susmentionnées ont été publiées par le MENJE en juillet 2020. Suite aux réactions

de la part des syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial par rapport aux notes en question, le MENJE a publié en date du 15 septembre 2020 des précisions dans le cadre d'un communiqué de presse officiel prenant en compte les difficultés relevées par les acteurs. Les dispositions dudît communiqué de presse sont les plus actuelles et les plus récentes. Jusqu'à ce jour, le MENJE n'a pas encore reçu un positionnement formel de la part des syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial suite à la publication des dispositions du 15 septembre 2020.

ad 3) Le MENJE reste dans l'attente d'un positionnement des syndicats et délégations du personnel éducatif et psychosocial quant aux dispositions du communiqué de presse du 15 septembre 2020 concernant le maintien des conditions de travail d'un chacun et une flexibilité accrue de la tâche, adaptée en fonction des prestations offertes.

ad 4) La date de la prochaine entrevue a été fixée au 14 janvier 2021.

Question urgente 3311 (15.12.2020) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) concernant les feux d'artifice :

Mat de Covidgesetz ass enner anrem de Cuvre-feu vun 23.00 bis 6.00 Auer verlängert ginn. Doriwwer eraus sot d'Madamm Gesundheitsminister bei der Debatt iwwert d'Verlängerung vum Covidgesetz: „Et ass elo net Zäit fir ze feieren.“

An deem Zusammenhang wollt ech dem Här Staatsminister an der Madamm Inneminister des Froe stellen:

- Ass mam Cuvre-feu och automatesch kloer, datt e Freedefeier op öffentlechen a privaten Terrainen duerch dese Cuvre-feu verbueden ass?

- Wéi steet d'Regierung zu de Freedefeier op Silvester dëst Joer?

- Wéi sollen d'Leit hir Responsabilitéit wouerhuelen, wann ee Feierwierkskörper ausserhalb vum Privatterrain ukënn?

- Ass an deem Sënn eng eenheetlech Position, Kommunikatioun a Recommandatioun vun der Regierung un d'Gemenge geplangt, vu datt emmer méi Gemengen op hirem Territoire spezifesch elo um Joresenn d'Ofschësse vu Feierwierkskörper verbidden, dëst aus Grënn vu Sécherheet a Salubritéit, Déieren- an Ëmweltschutz?

Réponse commune (16.12.2020) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, et de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur :

D'Covidgesetz ass mam Gesetz vum 15. Dezember ofgeännert a bis de 15. Januar 2021 verlängert ginn, a soumat och d'Ausgangspär vun 23.00 bis 6.00 Auer. Dat heescht, dass et während där Zäit verbueden ass op der Voie publique ze zirkuléieren, wat als Konsequenz huet, dass ee während där selwechter Zäit kee Freedefeier am öffentleche Raum ka schëssen.

Et ginn awer doriwwer eraus och nach speziell legal Dispositionen iwwert d'Freedefeier.

Den Artikel 553-1 vum Code pénal bestrooft déi Leit, déi sech net un e Verbuet hale fir Freedefeier ze schëssen, mat enger Amende vu 25 bis 250 Euro. Et ass wichteg ze prezisieren, dass dësen Artikel d'Schësse vu Freedefeier net verbitt, mee voraussetzt, dass de Verbuet vun enger anerer Norm virgesinn ass, wéi zum Beispill vun engem Gemengereglement.

D'Gemengenauteuritéit kënnen, op Basis vun den Dekreter vu 1789 a 1790 souwéi den Artikelen 29, 58 a 67 vum ofgeännerte Gemengesetz vum 13. Dezember 1988, déi noutwendeg Mesuren huelen, fir d'öffentlech Sécherheet an d'Rou vun de Biergerinnen a Bierger ze garantieren. Duerch d'Gemengenautonomie kënnen déi Mesurë vu Gemeng zu Gemeng verschide sinn.

D'Schësse vu Freedefeier ass a ville Gemengen an deene meeschte Fäll verbueden a just ausnamsweis enner verschiddenen Ëmstänn a Konditiounen erlaabt. Verschide Gemengen hunn uefangaangen, Alternativen ze erlaben, fir bei feierlechen Evenementer d'Schësse vu Freedefeier zum Beispill duerch „light shows“ a „light painting“ ze ersetzen.

D'Regierung huet keng Pläng, fir d'Schësse vu Freedefeier anescht ze reegelen oder ze adaptieren. Vu dass de legale Kader de Gemenge

bekannt ass a vill vun hinnen entsprechend Reglementer hunn, ass et de Moment net néideg, fir Recommandatiounen un d'Gemengen ze ginn.

Question urgente 3349 (21.12.2020) de MM. Sven Clement et Marc Goergen (Piraten) concernant la nouvelle souche de la Covid-19 en Grande-Bretagne :

Wéi an der nationaler an internationaler Press haut iwwerall ze liesen ass, goufen et an England - virun allem am Südoste vum Land an zu London - Infektiounen mat enger mutierter Variante vum Coronavirus. Dem brittesche Gesundheitsminister no ass d'Situatioun ganz escht ze huelen. Déi brittesch Regierung huet dofir ee strenge Lockdown bis zum Enn vum Joer ugeuerdent.

Vereenzelt EU-Länner, wéi d'Belsch, Holland an Italien, hunn als Virsichtsmaassnam sämtlech Passagéierverbindungen iwwer Loft a Schinn aus dem Vereenegte Kinnekräich suspendéiert. Och Regierungen aus anere Länner envisagéieren - Stand haut - dat nammlecht ze maachen.

An deem Zusammenhang wéilt mir dem Premierminister an de Ministere fir Mobilitéit a fir Gesondheet des Froe stellen:

1. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Situatioun em déi mutéiert Variant vum Coronavirus am Vereenegte Kinnekräich?

2. Wäert d'Regierung, esou wéi eis Nopeschlänner, Passagéierfluchverbindungen tëscht Lëtzebuerg an dem Vereenegte Kinnekräich bis op Weideres strächen?

Réponse commune (23.12.2020) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, et de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé :

ad 1. Déi Variant B.1.1.7, déi lo a Groussbritannien vermeert opgetrueden ass an a verschiddene Regiounen méi dominant virzefannen ass, ennerscheet sech am Wesentlechen duerch eng méi héich Ustiechungsrate. Et gëtt am Moment keng Hiwäiser, dass dës Variant en Afloss op de Krankheitsverlaf oder souguer eng Stierwesrate huet. Laut Experten aus Groussbritannien ass d'Transmissioun 70 % méi héich wéi bei anere Varianten, wat de Reproduktionsfaktor Reff em 0,4 an d'Luucht dréckt.

Et ass méiglech, dass verschidden Antikörper duerch déi Virusmutatiounen des Variant vum Virus net méi esou gutt erkenne kënnen. Bis elo schéngt dat nach net wierkelech e Problem gewiescht ze sinn a weider Etüde wäerten do Op-schloss ginn. Op de Vaccin schéngt dës Variant och keen direkten Impact ze hunn, mee och hei si weider Etüden néideg.

Déi Mutatioun ass an deem Deel vum virale Genom, wou verschide PCR-Tester usetzen. Déi PCR-Tester, déi zu Lëtzebuerg am Gebrauch sinn, erlaben et, op d'mannst zwee bis dräi verschide Geenen ze kucken, soudatt de Risiko vu falsch negativer Resultater geréng ass. D'Gesondheitsdirektioun an den LNS hu säit Ufank vun der Kris eng 5 bis 10 % vun de positiven Tester sequenziéiert, woubäi een e puer Honnert Mutatiounen a siwe verschide Varianten entdeckt huet. Déi B.1.1.7-Variant aus Groussbritannien war bis elo nach net derbäi.

De Virus ass och schonn um europäesche Festland (Holland, Italien, Dänemark a warscheinlech och schonn an der Belsch) a Lëtzebuerg muss sech dorop astellen, dass dës Variant, wa si sech da weider esou séier ausbreit wéi a verschiddene Geigenden a Groussbritannien, och fréier oder spéider bei eis optauche wäert.

ad 2. Zurzäit ginn et véier Fluchgesellschaften, déi Lëtzebuerg vum Vereenegte Kinnekräich aus ufléien: d'Luxair, Ryanair, Easyjet a British Airways. Dofir war et wichteg, eng generell Decisioun ze huelen.

Am Laf vum Sonndeg 20. Dezember 2020 hunn d'Gesondheitsminister, de Mobilitéitsminister an den Aussen- an Europaminister sech concertéiert an hunn decidéiert, direkt ze handeln. Et hunn och Concertatiounen mat den Nopeschlänner an op EU-Niveau stattfonnt.

D'Regierung huet doropshin den 20. Dezember am Nomëtteg annonciéiert, datt vu Mëtternuecht un all Passagéiervollen, déi aus Groussbritannien kommen, fir op d'mannst emol 24 Stonne suspendéiert ginn. Dës Mesure ass och der EU-Kommissioun notifizéiert ginn.

Den 21. Dezember huet d'Regierung decidéiert, d'Fluchverbuet vu Groussbritannien op Lëtzebuerg provisoersch bis den 3. Januar mat abegraff ze verlängeren.

En vue vun der Evolutioun kënnen opgrond vun den Erkenntnissen zu all Moment nei Mesuren decidéiert ginn.

Question urgente 3350 (21.12.2020) de M. Gilles Roth (CSV) concernant le cumul des pensions de vieillesse et de survie pour le calcul de la retenue d'impôt et de cotisation sociale :

Par courrier du 17 décembre 2020 sous signature du directeur du Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État, des agents de l'État retraités bénéficiant d'une pension de vieillesse personnelle et d'une pension de survie d'un agent de l'État décédé viennent d'être informés que les deux pensions ne seraient à partir de l'année 2021 plus traitées séparément pour le calcul des impôts et cotisations sociales.

Dorénavant ces deux pensions seraient en revanche « liées informatiquement » pour ne plus être considérées comme une seule pour définir les montants d'impôts et de cotisations.

Il s'ensuit que les mensuels nets seront notamment moins élevés que dans le passé. Il revient aux agents retraités, dont certains d'un âge avancé, de solliciter d'éventuelles réductions au titre des avances à payer trimestriellement sur l'impôt.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Fonction publique :

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut confirmer ce changement de traitement au niveau du cumul des pensions pour déterminer le montant de l'impôt applicable ? Combien d'agents retraités en sont concernés ?

- Quels sont les motifs de ce changement ? Quelle en est la base légale, une « liaison informatique » d'une pension de vieillesse et d'une pension de survie, de sources totalement différentes, ne pouvant justifier à elle seule ce changement de pratique administrative pourtant opérée pendant de longues années ?

- À défaut de base légale, est-ce que Monsieur le Ministre a cautionné ce changement ? Si oui, pour quelles raisons ?

- S'agissant d'une décision à effets dommageables pour les agents concernés pris individuellement et, à défaut d'une base légale à portée générale éventuelle, est-ce que Monsieur le Ministre n'estime pas que par application de la réglementation relative à la procédure administrative non contentieuse, il eut fallu en avertir les intéressés individuellement à l'avance et les inviter à faire valoir leurs observations ?

- Est-ce que Monsieur le Ministre n'est pas d'avis que ce changement de traitement est contraire aux principes de sécurité juridique et de confiance légitime qui doivent guider l'action des autorités publiques ?

- Est-ce que Monsieur le Ministre n'est pas d'avis que ce changement de traitement contrevient au principe d'égalité de traitement dans la mesure où un agent cumulant une pension de vieillesse du secteur privé et une pension de survie du secteur public ne se voit a priori pas appliquer un tel cumul pour déterminer la charge d'impôt ?

- Est-ce que Monsieur le Ministre n'estime pas que ce changement de traitement est contraire à l'objectif affiché dans le programme gouvernemental d'apporter des allègements fiscaux entre autres aux veufs et veuves ?

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut exclure que ce changement de traitement a été opéré pour parer à d'éventuels manques de liquidités des caisses de l'État ? Si non, Monsieur le Ministre peut-il chiffrer le montant à déboursier mensuellement en moins par la Trésorerie de l'État en raison de cette mesure, toute chose restant égale par ailleurs et sans tenir compte d'une revalorisation des pensions ?

- Est-ce que pour les motifs légaux sus-indiqués, Monsieur le Ministre n'entend pas se départir de ce changement de traitement ?

Réponse (23.12.2020) de M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique :

Le Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) compte actuellement plus que 12.600 pensions courantes. Il s'agit de pensions personnelles (pensions de vieillesse, pensions de vieillesse anticipée et pensions d'invalidité), de pensions de survie et de pensions d'orphelins.

En tout, 267 personnes bénéficient simultanément de deux pensions (personnelle et survie) de la part du CGPO. Vu que deux prestations de la même nature sont payées par le même organisme de pension, le CGPO applique la retenue d'impôt sur l'ensemble des deux pensions, ce qui est tout à fait conforme à l'article 96.1. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu.

L'imposition commune de deux pensions s'applique depuis le 1^{er} janvier 2017 au CGPO. Elle

est le résultat d'un projet informatique dont une première étude de faisabilité a été réalisée en 2012. En 2016, des workshops avaient lieu avec la participation de représentants de l'Administration des contributions directes. Par courrier du 22 juillet 2016, le directeur du CGPO a informé le directeur de l'Administration des contributions directes que l'implémentation de la nouvelle approche aura lieu avec le début de l'exercice 2017.

À partir de la tranche de paiement du mois de janvier 2017, le CGPO avait appliqué la retenue d'impôt sur l'ensemble de deux pensions pour quelque 200 personnes et avait notifié les personnes concernées par courrier. Depuis quatre années donc, la retenue d'impôt sur l'ensemble de deux pensions est la pratique commune au CGPO et la même approche est aussi appliquée par les autres organismes de pension du Luxembourg.

Au cours de l'année 2020, le CGPO a remarqué que les systèmes informatiques n'avaient pas correctement lié les deux formes de pension pour certains bénéficiaires et qu'en conséquence, la retenue d'impôt ne s'appliquait pas correctement sur l'ensemble des deux pensions. Pour la tranche de paiement de la pension du mois de janvier 2021, le CGPO a procédé à la liaison de leurs deux pensions pour 58 bénéficiaires et en a informé les personnes concernées par courrier du 17 décembre 2020.

Pour les personnes concernées, l'application de la retenue d'impôt sur l'ensemble des deux pensions a généralement pour effet que le bénéficiaire doit payer une retenue d'impôt plus élevée sur ses pensions mensuelles. En contrepartie, la régularisation nécessaire après la déclaration pour l'impôt sur le revenu ainsi que les avances trimestrielles à payer deviennent moins élevées pour la personne. En fin de compte, après traitement de la déclaration pour l'impôt sur le revenu, la personne a donc payé exactement la même somme d'impôts sur ses pensions.

Vu que la retenue d'impôt sur l'ensemble de deux pensions est conforme à la législation en vigueur et qu'elle ne constitue, après déclaration pour l'impôt sur le revenu, pas une augmentation d'impôts réelle pour les personnes concernées, je peux confirmer que cette approche n'est pas contraire aux principes de sécurité juridique et de confiance légitime qui doivent guider l'action des autorités publiques et qu'elle n'est pas contraire à l'objectif affiché dans le programme gouvernemental d'apporter des allègements fiscaux aux veuves et veufs.

Pour les personnes qui sont bénéficiaires d'une pension personnelle d'un organisme et d'une pension de survie d'un autre organisme, la retenue d'impôt sur l'ensemble des deux pensions ne peut évidemment pas être appliquée lors des paiements mensuels. Vu que les dossiers de ces personnes sont régularisés après déclaration pour l'impôt sur le revenu, on peut constater qu'il y a tout à fait égalité de traitement par rapport aux personnes bénéficiant de deux pensions d'un seul organisme.

Vu que l'État ne perçoit pas un euro de plus, après déclaration pour l'impôt sur le revenu, par l'imposition commune de deux pensions, je peux exclure catégoriquement les propos de l'honorable Député que cette approche aurait été implémentée pour parer à d'éventuels manques de liquidités des caisses de l'État.

Question urgente 3351 (21.12.2020) de Mme Martine Hansen, MM. Jean-Paul Schaaf et Claude Wiseler (CSV) concernant la commande de vaccins contre la Covid-19 par l'Union européenne :

An engem rezenten Artikel am „Spiegel“ war gewuer ze ginn, datt d'EU wuel net genuch Impfdosisse bei deene Pharmakonzerner bestallt huet, déi déi héchsten Effikasitéit virweisen an déi och am séierste kéinte geliwwert ginn, nämlech nach dëst Joer. Aner Länner wéi d'USA hu sech des Vaccinen awer geséchert a kéinten domat e grouse Virsprong hunn, wat d'Impfen ugeet par rapport zu den EU-Memberstaaten. Dëst kéint natierlech nieft dem Effekt op d'öffentlech Gesondheet och e grou-



sen Impakt op d'Ekonomie hunn, wann Europa nach an engem Zenario vu Lockdowns wier an aner Länner schon erëm normal kéinte funktionéieren

Eisen Informatiounen no sinn eis Nopeschlänner amgaangen ze probéieren, Impfdosisse vun dese Firmen nozebestellen.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung des Informatiounen bestätegen?
2. Wa jo, probéiert d'Regierung, och nach zousätzlech Impfdosisse vun dese Firmen ze bestellen?
3. Wann nee, aus wéi enge Grënn?
4. Ginn et Demarchen op EU-Niveau, fir sech nach kuerzfristeg Vaccine vun de concernéierte Firmen ze sécheren?

Réponse (23.12.2020) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. D'Regierung ass des Informatiounen iwwert d'Press gewuer ginn.

Et sief bemierkt, datt d'Europäesch Kommissioun an de leschte Méint mat sechs verschiddene Laboratoire Kontrakter fir en Total vun 1,895 Milliarden Impfdosen ofgeschloss huet.

Soumat ass derfir gesuergt, datt all Memberstaate genuch Impfdose bestelle kënnen, fir eng Impfcouverture vun hirer Bevëlkerung ze erméiglechen.

ad 2. D'Regierung huet sech positionéiert, fir déi zousätzlech optionell Impfdose bestellen ze kënnen, déi an de Kontrakter, déi d'Europäesch Kommissioun ausgehandelt huet, virgesi sinn. Parallell ass och direkte Kontakt mat deene verschiddene pharmazeutesche Laboratoiren opgeholl ginn.

ad 4. Déi verschiddene Laboratoiren hu sech dozou verflucht, d'Produktioun vun Impfdosen ze beschleunegen, mee an engem och d'Reegelen de bonnes pratiques fir d'Produktioun vu Vaccinen ze respektéieren. Si si gehalen, Liwwerungskalenderen ze respektéieren. E Comité de pilotage op Niveau vun der Europäescher Kommissioun, an deem all Memberlänner, ënner anerem och Lëtzebuerg, vertrauede sinn, kontrolléiert all Woch, ob dee Liwwerungskalender respektéiert gëtt. Doduerch datt parallell Kontrakter mat verschiddene Firmen ofgeschloss gi sinn, kann e kontinuierleche Flux vun Impfdose garantéiert ginn, wann déi éischt Vaccine vun der Europäescher Medikamenten-agence bis autoriséiert sinn.

Question urgente 3357 (21.12.2020) de **M. Georges Mischo** (CSV) concernant la **vaccination du personnel soignant** :

De 17. Dezember 2020 hätt d'Madamm Gesondheitsministesch laut eisen Informatiounen de Spidolsdirektore matgedeelt, datt si den 28. an den 29. Dezember jee weils 200 Leit pro Spidol an d'Stad schécke sollen, fir dass dës Personal geimpft ka ginn. Tatsächlech géifen dann em déi 800 Leit an d'Victor-Hugo-Halen um Lampertsbiereg zitéiert ginn. Op de Spidolsdirektoren hir Propos hin, d'Personal emol fir den Ufank an de jee weilege Spideeler ze impfen, anstatt des Mass vu Leit an d'Stad kommen ze loosse, déi dann no dräi Wochen erëm mussen an d'Ausstellungshale pilgeren, huet d'Madamm Gesondheitsministesch keng Suite favorable ginn.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung bestätegen, datt 200 Employéë pro Spidol an de Victor Hugo musse komme fir geimpft kënnen ze ginn an datt des Leit d'Impfung net kënnen an de jee weilege Klinicke kréien?

- Aus wéi engem Grond sollen 800 Leit aus de Spideeler an d'Victor-Hugo-Hale goe fir hir Impfung, wëssend dass d'Personal dréngend a sengen Haiser gebraucht gëtt?

- Firwat kënnen déi 800 Leit net am jee weilege Spidol geimpft ginn? Firwat muss d'Personal seng Fräizäit afferen an hin- an hierfuere, wann dee selwechten Exerce am Spidol gemaach gëtt?

- Ass d'Regierung net och der Meenung, datt et méi einfach fir dat jee weilege Spidolspersonal wier, fir am Spidol selwer geimpft ze ginn, esou wéi et och vun de Spidolsdirektore proposéiert ginn ass?

- Vu datt d'Impfung op fräiwëlleger Basis berout, wëssen déi eenzel Spideeler bis dato nach net, ob si 200 Leit zesumme kréien, déi sech impfe loosse.

Huet d'Regierung sech schon domat auserneegesat? Wat geschitt, wann ee Spidol des 200 Leit net zesumme kritt?

Réponse commune (23.12.2020) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Mir kënnen dem honorablen Deputéierte bestätegen, datt den 28. an den 29. Dezember jee weils 430 Membere vun Personal vun de véier Akutspideeler hei am Land an dem Impfzenter an der Victor-Hugo-Hal um Kierchbiereg geimpft ginn. Ausserdeem wäerten den 30. Dezember 430 Salariéen aus dem Fleege- a Betreuungssektor op där selwechter Plaz geimpft ginn.

D'Regierung huet domadder op eng éischt Liwwerung vun Impfstoff vun Produzent Biontech/Pfizer, déi fir de 26. Dezember ugekënnegt ass, reagéiert. Et ass der Regierung wichtig, schnell mat der Impfcampagne zu Lëtzebuerg unzokommen. D'Personal, dat an d'Victor-Hugo-Hal geruff gëtt, entsprécht deene Kategorien, déi an der nationaler Impfstrategie als prioritär agestuift ginn.

Well de Produzent den Impfstoff bei deser éischer Liwwerung aus logistesche Grënn just op eng Plaz liwwere konnt a well desen Impfstoff bei minus 75 Grad stockéiert muss ginn, war et net méiglech, den Impfstoff a verschidde Spideeler ze liwweren.

Am Laf vun deenen éischte Wochen am Januar wäert de Produzent d'Spideeler direkt beliwwere kënnen, esou datt dann d'Personal aus de Spideeler - dat heescht all d'Salariéen, all d'Dokteren an all d'Salariéen vun de Sous-traitanten, déi an de Spideeler intervenéieren - um Site vun de Spideeler d'Impfung proposéiert kréien.

Dës éischt Impfcampagne ass zesumme mat der Ennerstëtzung vun der Fédération des hôpitaux, de Spidolsdirektiounen an der COPAS organiséiert ginn. D'Regierung ass zouversichtlech, datt eng breet Majoritéit vun Dokteren a Soignanté sech wäert impfe loosse.

Question urgente 3364 (23.12.2020) de **MM. Laurent Mosar** et **Claude Wiseler** (CSV) concernant la **campagne de vaccination contre la Covid-19** :

D'Impfcampagne géint de Coronavirus wäert zu Lëtzebuerg méi lues ufänke wéi bis elo ugeholl. Laut eisen Informatiounen wäert den Impfzenter um Lampertsbiereg den 28., den 29. an den 30. Dezember seng Dieren opmaachen a wier dann awer nees vom 31. Dezember bis den 18. Januar zou opgrond dovun, datt net genuch Impfstoff disponibel ass. Deemo wieren eisen Informatiounen no anscheinend just em déi 9.000 Echantillone geliwwert ginn.

Laut dem Radio 100,7 wier virgesinn, em déi 1.300 Leit ze impfen, zwee Drëttel vun den Invitatiounen sollen un d'Spidolspersonal goen an een Drëttel un d'Personal aus den Alters- a Fleegeheemer. Déi definitiv Confirmatioun hätt een awer nach net laut dem Här Feller, Haut-Commissaire à la protection nationale.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung bestätegen, datt just em déi 9.000 Echantillone geliwwert gi sinn?

- Kann d'Regierung zudeem matdeelen, fir wéi vill Leit des Unzuel un Echantillonen duerheet?

- Kann d'Regierung och confirméieren, datt den Impfzenter ab dem 31. Dezember 2020 bis den 18. Januar 2021 zou ass, an dës opgrond dovun, datt net genuch Impfstoff disponibel ass? Wéi gesäit et mam Oflaf nom 18. Januar ass?

- Laut dem Haut-Commissaire à la protection nationale hätt een nach keng genau Confirmatiounen, wéi vill Invitatiounen un d'Spidolspersonal ginn a wéi vill un d'Personal aus den Alters- a Fleegeheemer. Kann d'Regierung eis méi Detailer doriwuer ginn?

- Wat geschitt mat den Echantillonen, déi sech jo net éiweg halen, am Fall wou Leit, déi sollte geimpft ginn, da schlussendlech awer net opdauchen?

- Weess d'Regierung, wéi et weidergeet mam Delai vun de Vaccinsliwwerungen? Wa jo, kéint se eis méi Informatiounen doriwuer ginn? Wéini wäerten déi nächst Liwwerunge kommen a wéi vill Vaccin wäerte mir am Januar hei zu Lëtzebuerg hunn?

Réponse (24.12.2020) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Mir kënnen den honorablen Deputéierte bestätegen, datt Lëtzebuerg an enger éischer Allocatioun a laut der leschter Confirmatioun, déi de Produzent Pfizer/Biontech eis den Dënschdeg de Moie geschéckt huet, ronn 9.700 Vaccinen zougestallt kritt. Well all Persoun zweemol mat dem Produit muss geimpft ginn, kënnen

ronn 4.850 Leit mat deser éischer Allocatioun geimpft ginn.

Den Datum vu weidere Liwwerungen am Januar ass nach net definitiv confirméiert. Déi nächst Liwwerunge sollen un éischer Stell direkt un d'Spideeler goen, déi hiert Personal an d'Personal vun hire Sous-traitanten op hirem Site impfen. Déi éischt Liwwerung konnt net tèschent de Spideeler opgedeelt ginn, well de Fabrikant des éischt Liwwerung aus Enkpäss um Niveau vun der Logistik just op eng zentral Plaz féiere konnt.

D'Regierung envisagéiert, den Impfzenter an der Woch vom 18. Januar nees opzemaachen, fir de Leit, déi den 28., 29. an 30. Dezember geimpft ginn, d'Méiglechkeet ze ginn, hir zweet Allocatioun ze kréien. Wéi vill weider Leit eng Invitatioun geschéckt kënnen kréien, fir sech dann e Rendez-vous iwwert de guichet.lu ze huelen, hântk vun de Liwwerungen of, déi mir am Laf vun Januar kréien. Am Moment waarde mir nach op eng endgültig Confirmatioun fir des Datumer.

Ewéi an der Äntwert op d'Fro N° 3357 vun honorablen Deputéierte Georges Mischo beschriwwen, wäerten déi éischt Deeg am Impfzenter all Dag ronn 430 Leit aus dem Spidols-, Fleege- a Betreuungssektor invitéiert ginn. Des Leit huele sech e Rendez-vous, soudatt den Dag virdru gewosst ass, wéi vill Leit sech impfe loosse.

Question urgente 3368 (28.12.2020) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**incidence du couvre-feu sur le service de livraison de repas à domicile** :

Zënter bal engem Mount sinn d'Restauranten an d'Caféen hei zu Lëtzebuerg coronabedéngt zou. Den Takeaway an d'Liwwerung vun lesse bleiwen awer nach erlaabt. Konsequenterweis hu vill Restaurateure sech an der zweeter Coronawell alt nees emgestallt an hiert Geschäft op Liwwerungen an Takeaway spezialiséiert.

Mam neie Covidgesetz, dat zënter dem 26. Dezember a Kraaft ass, gouf elo och nach d'Ausgangsspar op 21.00 Auer erofgesat. Dës stellt vill Restaurateuren hei am Land virun Onkloerheeten, well si net wëssen, ob si no 21.00 Auer nach dierfe Liwwerungen ausféieren oder ob d'Kichen zu där Auerzäit zou muss sinn. Verschidde Restaurateuren, déi d'Police kontaktéiert hunn, fir sech iwwert d'Bestëmmungen ze informéieren, krute gesot, datt d'Ausgangsspar ze respektéieren wier a si hir Aktivitéiten net no 21.00 Auer kéinten duerchféieren.

D'Ministere fir Mëtzelstand a Gesondheet haten der Chamber awer verséichert, datt d'Restaurateuren och während der Ausgangsspar normal weiderschaffe kéinten. Och d'Horesca informéiert d'Restaurateuren, datt si während der Ausgangsspar kënnen weider liwweren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a fir Mëtzelstand des Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministère erklären, wéi d'Ausgangsspar sech op d'Restauratiounsbetribere auswierkt, déi hiert lesse liwwere loosse? Däerfen d'Restaurateuren nach no 21.00 Auer lessen heem liwweren oder net?

2. Plangen d'Ministère, d'Effentlechkeet geziilt iwwert déi aktuell Bestëmmungen ze informéieren, fir Widerspréchlechkeeten ze vermeiden?

Réponse commune (29.12.2020) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes* :

ad 1. Beim Impakt vun der Ausgangsspar op d'Restauratiounsbetribere muss een tèschent Takeaway a Liwwerservice differenzéieren:

- Beim Takeaway hëlt de Client seng Bestellung beim Restaurateur selwer of. Well Deplacementer am effentleche Raum tèschent 21.00 Auer a 6.00 Auer verbuede sinn an den Takeaway net als valabele Grond fir en Deplacement géllt, däerf de Client no 21.00 Auer net méi op d'Méiglechkeet vun Takeaway zrëckgräifen.

- Beim Liwwerservice kritt de Client seng Bestellung vun Restaurateur heem geliwwert. De Restaurateur liwwert also am Kader vu senger beruflecher Aktivitéit aus. Deemo ass de Liwwerservice och nach no 21.00 Auer méiglech.

ad 2. D'Generaldirektioun fir Mëtzelstand huet am Kader vun Couver-feu de Secteur iwwert des Mesuren an hiren Impakt an d'Bild gesat. No Ofsprooch mam Ministère huet d'Horesca am deem Zesammenhang och un de Secteur kommunizéiert.

Question urgente 3369 (29.12.2020) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant les **promotions pour des articles et des marchandises non essentiels** :

L'article 3bis, paragraphe 3, alinéa 1^{er} point 8^o de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 interdit la vente au détail de produits et de marchandises - tout en prévoyant à l'alinéa 2 une série de dérogations pour les produits considérés comme essentiels.

Or, depuis quelques jours, les ménages trouvent dans leurs boîtes aux lettres des dépliant de publicité des grandes surfaces contenant des promotions pour toutes sortes d'articles et de marchandises non essentiels, concernant notamment des produits du domaine hifi, de l'électroménager, des bijoux ou de l'équipement pour les sports et loisirs. Ces publicités ne font aucune mention de l'interdiction prévue par la loi précitée et ne portent aucune précision concernant les modalités d'une éventuelle livraison à domicile, d'une vente au volant ou d'un retrait de commandes en plein air, qui restent autorisés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Classes moyennes :

- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer que ces publicités et promotions ne sont pas conformes à la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ? Peut-il me dire si éventuellement la conception et l'impression des dépliant en question ont été effectuées avant la dernière modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ?

- Monsieur le Ministre n'estime-t-il pas que la distribution de ces dépliant de publicité risque de créer des malentendus, voire d'être perçue comme une invitation aux consommateurs de se mettre en non-conformité par rapport aux dispositions précitées ?

- Monsieur le Ministre entend-il inviter les responsables des grandes surfaces à communiquer de façon claire sur les restrictions en vigueur ? En effet, des précisions sur la validité ou la caducité d'une partie des promotions annoncées s'impose afin d'éviter d'induire en erreur les consommateurs.

Réponse (29.12.2020) de **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes* :

Dès que j'ai pris connaissance de la question parlementaire de l'honorable Député Di Bartolomeo, j'ai contacté personnellement plusieurs grandes surfaces. Ces entreprises m'ont toutes confirmé qu'une campagne de communication basée sur l'envoi de dépliant de publicité de type « i-mail » distribués par POST Luxembourg se doit d'être préparée de longue date et que sa logistique s'avère relativement lourde.

En effet, après leur conception, il y a lieu d'imprimer les dépliant, de les assembler avec les dépliant des autres annonceurs, de les emballer dans des blisters pour finalement procéder à leur expédition.

Ainsi, avec l'entrée en vigueur des récentes mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, certaines de ces publicités et promotions n'étaient plus conformes avec les nouvelles dispositions légales.

S'il est vrai que ces publicités contiennent pour partie des annonces pour des produits dits « non essentiels », il convient cependant de savoir que l'envoi était à un stade logistique tellement avancé qu'il n'était plus possible de retirer les annonces en question : les dépliant étaient imprimés, assemblés avec les dépliant des autres annonceurs, emballés et prêts pour l'expédition.

Je tiens également à préciser que les entreprises concernées m'ont toutes affirmé qu'elles ont mis en œuvre tous les moyens à leur disposition pour éviter au maximum la diffusion d'informations « erronées » et que toute communication ayant pu être arrêtée a été suspendue.

Elles m'ont confirmé avoir réagi en parallèle par le biais des différents canaux digitaux leur permettant de réagir à très court terme et d'entrer en contact direct avec le consommateur final.

À titre d'exemple, on peut citer :

- l'envoi d'une « newsletter » à leur clientèle l'informant que suite à l'entrée en vigueur des nouvelles mesures, uniquement les produits dits « essentiels » pourraient être vendus en magasin ;
- des annonces sur leurs sites Internet respectifs ;
- des annonces sur les différents réseaux sociaux, - etc.